

New Testament

Luxembourgish Language

Luxembourgish - Bible - New Testamen

Mattias	3	
Marc	74	
Luc	124	
Jean	203	
Apostelgeschicht	261	
Réimer	335	
1. Korinther	366	
2. Korinther	396	
Galater	416	
Epheser	427	
Philipper	438	
Kolosser	446	
1. Thessaloniker	453	
2. Thessaloniker	460	
1. Timothée	464	
2. Timothée	473	
Titus	479	
Philemon	483	
Hebräer	485	
Jacques	507	
1. Péitrus	5125	
2. Péitrus	523	
1. Jean	528	
2. Jean	536	
3. Jean	537	
Judas	539	
Offenbarung	541	

Luxembourgish - Bible - New Testament

Mattias

Mattias 1

De Stammbam vum Jesus

Luc 3,23-38

- 1 Dat hei ass de Stammbam vum Jesus, dem Messias, dem Jong vum David, dem Jong vum Abraham.
- 2 Den Abraham war de Papp vum Isaak, den Isaak war de Papp vum Jakob, de Jakob war de Papp vum Juda a vu senger Bridder,
- 3 de Juda war de Papp vum Peretz a vum Serach (hir Mamm war d'Tamar), de Peretz war de Papp vum Hetzron, den Hetzron war de Papp vum Ram,
- 4 de Ram war de Papp vum Amminadab, den Amminadab war de Papp vum Nachschonn, den Nachschonn war de Papp vum Salmon,
- 5 de Salmon war de Papp vum Boas (senger Mamm war d'Rachab), de Boas war de Papp vum Oved (senger Mamm war d'Rut), den Oved war de Papp vum Ischai,
- 6 den Ischai war de Papp vum David, dem Kinnek. De Kinnek David war de Papp vum Salomon (senger Mamm war d'Fra vum Uria),
- 7 de Salomon war de Papp vum Rechabeam, de Rechabeam war de Papp vum Abiya, den Abiya war de Papp vum Assa,
- 8 den Assa war de Papp vum Yehoschafat, de Yehoschafat war de Papp vum Yoram, de Yoram war de Papp vum Usia,
- 9 den Usia war de Papp vum Yotam, de Yotam war de Papp vum Achas, den Achas war de Papp vum Ihsikia,
- 10 den Ihsikia war de Papp vum Mennasse, de Mennasse war de Papp vum Amon, den Amon war de Papp vum Yosia.
- 11 De Yosia war de Papp vum Yechonia a vu senger Bridder an der Zäit vun der Deportatioun op Babylon.
- 12 No der Deportatioun op Babylon: De Yechonia war de Papp vum Schealtiel, de Schealtiel war de Papp vum Serubabel,

13 de Serubabel war de Papp vum Abihud, den Abihud war de Papp vum Eliakim, den Eliakim war de Papp vum Asur,

14 den Asur war de Papp vum Zadok, den Zadok war de Papp vum Yachin, de Yachin war de Papp vum Elihud,

15 den Elihud war de Papp vum Elasar, den Elasar war de Papp vum Matan, de Matan war de Papp vum Jakob,

16 de Jakob war de Papp vum Jousef, dem Maria säi Mann. D'Maria huet de Jesus op d'Welt bruecht, deen de Messias genannt gëtt.

17 Deemno sinn et véierzéng Generatioune vum Abraham bis bei den David, véierzéng Generatioune vum David bis bei d'Deportatioun op Babylon a véierzéng Generatioune vun der Deportatioun op Babylon bis bei de Messias.

D'Gebuert vum Messias

Luc 1,26-39; 2,1-7; Jean 1,1-2.14

18 Dat hei ass d'Geschicht vun der Gebuert vum Jesus, dem Messias: Wéi seng Mamm Maria mam Jousef verloobt war, huet et sech erausgestallt, datt si duerch den hellege Geesch schwanger gi war, éier si zesummekomm waren.

19 Säi Mann, de Jousef, dee gerecht war an hatt net ëffentlech entéiere wollt, huet sech iwweiluecht, fir sech heemlech vun him scheeden ze loossen.

20 Iwwerdeems hien doriwwer nogeduecht huet, ass enEngel vum Här him am Dram erschéngen a sot: „Jousef, Jong vum David, hief keng Angscht, fir d'Maria als deng Fra bei dech ze huelen, well d'Kand, dat hatt erwaart, ass vum hellege Geesch.

21 Hatt bréngt e Jong op d'Welt. Du solls hie Jesus nennen, well hie säi Vollek vu senge Sënne rett.“

22 All dat ass geschitt, fir datt dat, wat den Här duerch de Prophét gesot hat, sech erfëlle géif:

23 „Kuck! D'Jongfra gëtt schwanger a bréngt e Jong op d'Welt. Hie gëtt Immanuel genannt.“ Iwwersat heescht dat: „Gott ass mat eis“.

24 Wéi de Jousef aus sengem Schlof erwächt ass, huet hien dat gemaach, wat den Engel vum Här him opgedroen hat. Hien huet d'Maria als seng Fra bei sech geholl.

25 Hien huet awer net mat him geschlof, bis hatt säi Jong, säin Éischtgebuerenen, op d'Welt bruecht hat. De Jousef huet hie Jesus genannt.

Mattias 2

D'Astronome besichen de Jesus

- 1 Nodeems de Jesus zu Betlehem a Judea zur Zäit vum Kinnek Herodes gebuer gouf, koume weis Astronomen aus dem Osten op Jerusalem.
- 2 Si froten: „Wou ass den neigebuerene Kinnek vun de Judden? Mir hu säi Stär am Oste gesinn a si komm, fir hien unzebidden.“
- 3 Wéi de Kinnek Herodes dat héieren huet, war hie ganz opgewullt a ganz Jerusalem mat him.
- 4 Hien huet all d'ieweschte Priister an all d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz aus dem Vollek aberuff a si gefrot, wou deMessias gebuer sollt ginn.
- 5 „Zu Betlehem a Judea“, hu si him geäntwert. „Esou gouf et nämlech duerch de Prophéit geschriwwen:
- 6 ‚Du Betlehem am Land Juda bass op kee Fall déi onwichtigst Stad ënnert den Herrscher aus Juda. Aus dir geet nämlech en Herrscher ervir, dee mäi Vollek Israel hitt.‘“
- 7 Dunn huet den Herodes déi weis Astronomen heemlech bei sech ruffe gelooss an ass vun hinne gewuer ginn, wéini genee de Stär erschéng war.
- 8 Hien huet si mat dëser Uweisung op Betlehem geschéckt: „Gitt a sicht genee nom Kand! Esou bal dir et fonnt hutt, da sot mir Bescheed, fir datt och ech kann dohikommen, fir et unzebidden.“
- 9 Nodeems si dem Kinnek nogelauschtert haten, hu si sech op de Wee gemaach. Grad dunn gong de Stär, dee si am Oste gesinn haten, hinne viraus, bis en iwwert där Plaz stoe bliwwen ass, wou d'Kand war.
- 10 Wéi si de Stär gesinn hunn, ware si ausser sech vu Freed.
- 11 Si gongen an d'Haus eran an hunn d'Kand mat senger Mamm Maria gesinn. Si sinn dunn niddergefall an hunn et ugebiet. Si hunn hir Schatztruhen opgemaach an him Kaddoe geschenkt: Gold, Weirauch a Myrrhe .
- 12 An engem Dram goufe si gewarnt, net bei den Herodes zeréckzagoen. Dofir si si op engem anere Wee an hiert Land heemgaangen.

D'Flucht an Ägypten

- 13 Nodeems si fort waren, ass enEngel vum Här dem Jousef am Dram erschéngen a sot: „Stéi op! Huel d'Kand a seng Mamm a flücht an Ägypten. Bleif do bis ech der soen, zeréckzekommen, well den Herodes sicht gläich nom Kand, fir et ëmzebréngen.“
- 14 Dunn ass de Jousef an der Nuecht opgestanen, huet d'Kand a seng Mamm geholl an ass an Ägypten geflücht.

15 Hie blouf do bis nom Doud vum Herodes. Dat ass geschitt, fir datt dat, wat den Här duerch de Prophéit gesot huet, sech erfëlle géif: „Aus Ägypten hunn ech mäi Jong geruff.“

16 Wéi den Herodes gemierkt huet, datt déi weis Astronomen hien erageluecht haten, gouf hie kloerrosen. Hien huet Leit fortgeschéckt, fir all d'Bouwen zu Betlehem an an der Ëmgéigend ëmzebréngen, déi zwee Joer al waren oder manner. Dat huet der Zäit entsprach, déi hie vun de weisen Astronomen erausfonnt hat.

17 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophéit Yeremia gesot gouf:

18 „Eng Stëmm war a Rama ze héieren, Trauerlidder, Kräischen an eng grouss Trauer. D'Rachel huet ëm seng Kanner gekrasch. Hatt huet sech net tréischte gelooss, well si net méi do waren.“

Hannescht op Nazaret

Luc 2,39-40

19 Nodeems den Herodes gestuerwe war, ass en Engel vum Här dem Jousef an Ägypten am Dram erschéngen:

20 „Stéi op, huel d'Kand a seng Mamm a maach dech op de Wee an d'Land Israel. Déijéineg, déi d'Kand ëmbréngen wollten, sinn nämlech gestuerwen.“

21 De Jousef ass dunn opgestanen an huet sech zesumme mam Kand a mat deem senger Mamm op de Wee an Israel gemaach.

22 Wéi hien awer héieren huet, datt den Archelaos aplaz vu sengem Papp Herodes iwwert Judea regéiere géif, hat hien Angscht, fir dohinner zeréckzegaen. Nodeems hien am Dram gewarnt gouf, gong hien an d'Regioun vu Galilea.

23 Hie koum an eng Stad, déi Nazaret geheescht huet, an huet do gewunnt. Esou huet sech dat, wat duerch d'Prophéite gesot gouf, erfëllt, datt hien en Nazarener genannt gëtt.

Mattias 3

De Jean den Deefere preparéiert de Wee fir de Jesus

Marc 1,1-8; Luc 3,1-20; Jean 1,6-8.15-36

1 Zu där Zäit ass de Jean den Deefere ëffentlech opgetrueden an huet an der Wüst vu Judea gepriedegt:

2 „Kéiert ëm|ëm|kéisieren, well d'Kinnekräich vum Himmel ass nobäi!“

3 De Jean ass nämlech deen, vun deem de Prophéit Yesaia geschriwwen huet: „Eng Stëmm ríft an der Wüst: ‚Preparéiert de Wee fir den Här, maacht seng Weeër fräi!‘“

- 4 Dem Jean seng Kleeder waren aus Kaméilhoer an hien hat e Liederrimm em seng Taille. Hien huet Heesprénger a wëllen Hunneg giess.
- 5 Zu där Zäit gounge d'Leit vu Jerusalem, ganz Judea an och der ganzer Ëmgéigend vum Jordan bei hien.
- 6 Si hunn hir Sënne bekannt a goufen am Jordan vun him gedeeft.
- 7 Hien huet e sëllege Pharisäer an Zaddukiter op seng Daf gesi kommen a sot zu hinnen: „Dir Hickecht Viperen! Wien huet iech da gewarnt, fir virun der zukünftiger Roserei ze flüchten?“
- 8 Bréngt Friichten ervir, déi der Ëmkéierentspriechen!
- 9 Mengt och net, datt dir zu iech selwer soe kéint: „Den Abraham ass eise Papp!“ Ech soen iech nämlech, datt Gott aus dëse Steng Kanner fir den Abraham schloe kann.
- 10 D'Aaxt gouf schonn un d'Wuerzel vun de Beem geluecht. All Bam, dee keng gutt Friichten dréit, gëtt emgehaen an an d'Feier gehäit.
- 11 Ech deefen iech mat Waasser als Zeeche vun der Ëmkéier, mee deen, deen no mir kënnt, ass méi mächtig wéi ech, an ech sinn et net wäert, fir seng Sandalen ze droen. Hien deeft iech mam hellege Geesch.
- 12 Hien huet säi Wann am Grapp, fir seng Genn grëndlech ze botzen a féiert säi Weess an d'Scheier eran, mee de Kuef verbrennt hien an engem Feier, dat ni ausheet.“

De Jean deeft de Jesus

Marc 1,9-11; Luc 3,21-22; Jean 1,31-34

- 13 Du koom de Jesus vu Galilea bei de Jean, dee beim Jordan war, fir vun him gedeeft ze ginn.
- 14 Mee de Jean wollt hien dovunner ofhalen: „Ech misst vun dir gedeeft ginn an dach kënns du bei mech?“
- 15 „Looss et elo zou! Et ass nämlech ubruecht, datt mir esou all Gerechtegkeet erfëllen“, huet de Jesus him geäntwert. Dunn huet de Jean et zougelooss.
- 16 Esoubal de Jesus gedeeft gi war, koom hien aus dem Waasser eraus. Du gouf den Himmel fir hien opgemaach an hien huet de Geesch vu Gott gesi wéi eng Dauf erofkommen an op him bleiwen.
- 17 Eng Stëmm koom aus dem Himmel: „Dat hei ass mäi Jong, deen ech gär hunn. Un him hunn ech Gefale fonnt.“

Mattias 4

De Jesus gëtt vum Däiwel op d'Prouf gestallt

Marc 1,12-13; Luc 4,1-13

- 1 Duerno gouf de Jesus vum Geescht an d'Wüst geféiert, fir do vum Däiwel op d'Prouf gestallt ze ginn.
- 2 Nodeems hie véierzeg Deeg a véierzeg Nuechte gefaascht hat, hat hien Hunger.
- 3 Dunn ass de Verféierer bei hie komm a sot: „Wann s du de Jong vu Gott bass, da so zu dëse Steng, datt si zu Brout solle ginn.“
- 4 De Jesus huet geäntwert: „Et steet geschriwwen: ‚De Mënsch leeft net eleng vum Brout, mee vu jidder Wuert, dat aus dem Mond vu Gott kënnt.‘“
- 5 Dunn huet den Däiwel hien an d'helleg Stad geféiert an huet hien op den héchste Punkt vun der Mauer vum Tempel gestallt.
- 6 „Wann s du de Jong vu Gott bass, da gehei dech erof“, sot hien zu him. „Et steet jo geschriwwen: ‚Wéinst denger befeelt hie sengen Engelen|Engel. Si droen dech op hiren Hänn, fir datt s du däi Fouss net un engem Stee stéiss.‘“
- 7 „Et steet awer och geschriwwen: ‚Stell den Här, däi Gott, net op d'Prouf“, huet de Jesus him geäntwert.
- 8 Dunn huet den Däiwel de Jesus op en héije Bierg geféiert an huet him d'Kinnekräicher vun der ganzer Welt an hir Herrlechkeet gewisen.
- 9 „All dat hei ginn ech dir, wann s du dech viru mir vernäips a mech ubiets“, sot den Däiwel zu him.
- 10 „Géi fort vu mir, Satan!“, huet de Jesus him geäntwert. „Et steet nämlech geschriwwen: ‚Biet den Här, däi Gott, un an déng eleng him.‘“
- 11 Doropshin huet den Däiwel hie verlooss an Engele koumen an hunn dem Jesus gedéngt.

De Jesus fänkt säin Déngscht un

Marc 1,14-15; Luc 4,14-15

- 12 Wéi de Jesus héieren huet, datt de Jean an de Prisong gehäit gi war, gong hien zeréck a Galilea.
- 13 Hien huet Nazaret verlooss, fir op Kapernaum wunnen ze goen, dat beim Séi läit am Gebitt vu Sebulun an Naftali.
- 14 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophéit Yesaia gesot gouf:
- 15 „Land vu Sebulun a Land vun Naftali, nieft dem Séi an déisäit dem Jordan, Galilea vun den Natiounen,
- 16 d'Vollek, dat an der Däischtert souz, huet e grousst Liicht gesinn; deenen, déi am Gebitt an am Schiet vum Doud souzen, ass e Liicht erschéngen.“

17 Vun do un huet de Jesus ugefaangen ze priedegen. Hie sot: „Kéiert ëm, well d’Kinnekräich vum Himmel ass nobäi!“

De Jesus rífft seng éischt Jénger

Marc 1,16-20; Luc 5,1-11; Jean 1,35-51

18 Wéi de Jesus laanscht de Séi vu Galilea gong, huet hien zwee Bridder erbléckst, de Schimon, dee Péitrus genannt gouf, a säi Brudder Andreas. Si hate grad d’Netz an d’Waasser ausgeworf, well si Fëscher waren.

19 „Kommt a gitt mir no“, sot de Jesus zu hinnen. „Ech maachen iech zu Fëscher vu Mënschen.“

20 Eenzock hu si d’Netzer verlooss a gongen him no.

21 Wéi hie vun do aus weidergong, huet hien zwee aner Bridder erbléckst, de Jacques, deen de Jong vum Sabdai war, a säi Brudder, de Jean. Si waren an engem Naache|Naachen mat hirem Papp, dem Sabdai, an hunn hir Netzer gefléckt. Dunn huet de Jesus si geruff.

22 Eenzock hu si den Naachen an hire Papp verlooss a gongen him no.

De Jesus heelt déi Krank

23 De Jesus ass uechter ganz Galilea gezunn. Hien huet an hire Synagogen|Synagog enseignéiert, d’gutt Noriicht vum Kinnekräich gepriedegt an ënnert dem Vollek all Krankheet an all Daierlechkeet geheelt.

24 Säi Ruff huet sech uechter ganz Syrien verbreet. D’Leit hunn him déi Krank bruecht, déi mat verschiddene Krankheeten a mat Péng geplot waren, déi vun Dämone besuess waren, déi an d’Kränkt gefall sinn an déi gelähmt waren, an hien huet si geheelt.

25 Eng grouss Mass Leit aus Galilea, der Dekapolis, Jerusalem, Judea an aus der Géigend vun der anerer Säit vum Jordan gong him no.

Mattias 5

D’Priedegt um Bierg

Luc 6,20-26

1 Wéi de Jesus déi vill Leit gesinn huet, gong hien de Bierg erop. Nodeems hie sech niddergesat hat, koume seng Jénger bei hien.

2 Hien huet ugefaangen ze schwätzen an huet si geléiert:

3 „Geseent sinn déi, déi geeschlech aarm sinn, well aus deene besteet d’Kinnekräich vum Himmel.

4 Geseent sinn déi, déi trauerer, well si gi getréischt.

5 Geseent sinn déi, déi duuss sinn, well si ierwen d’Land.

- ⁶ Geseent sinn déi, déi hongereg an duuschtereg no der Gerechtegkeet sinn, well si gi gesiedegt.
- ⁷ Geseent sinn déi, déi baarmhärzeg sinn, well si kréie Baarmhärzegkeet erweisen.
- ⁸ Geseent sinn déi, déi e rengt Häerz hunn, well si gesi Gott.
- ⁹ Geseent sinn déi, déi Fridde stëften, well si gi Kanner vu Gott genannt.
- ¹⁰ Geseent sinn déi, déi wéinst der Gerechtegkeet verfollegt ginn, well aus deene besteet d'Kinnekräich vum Himmel.
- ¹¹ Geseent sidd dir, wann dir wéinst menger beleidegt a verfollegt gitt, an allméiglech béis Ligen iwwert iech verzielt ginn.
- ¹² Freet iech a sidd onmoosseg frou, well är Belounung am Himmel ass grouss. Op dës Manéier hu si nämlech och d'Prophéite verfollegt, déi virun iech gelieft hunn.

Salz a Liicht

Marc 4,21-23; 9,50; Luc 8,16-18; 11,33-36; 14,33-35

- ¹³ Dir sidd Salz fir d'Äerd. Wann d'Salz awer fad gött, mat wat kann een et dann nees salzen? Et ass da fir näischt méi ze gebrauchen, gött ewechgehät a vun de Leit zertrëppelt.
- ¹⁴ Dir sidd d'Liicht fir d'Welt. Eng Stad, déi op engem Bierg läit, kann net verstoppt ginn.
- ¹⁵ Et gött och keen, deen eng Luucht ufänkt a se dann ënnert e Sieschterkuerf stellt, mee hie stellt se op e Liichter. Esou beliicht se all déi, déi am Haus sinn.
- ¹⁶ Esou soll och äert Liicht virun de Mënsche liichten, fir datt si är gutt Dote gesinn an äre Papp, deen am Himmel ass, verherrlechen.

De Jesus ass net komm, fir d'Gesetz z'annuléieren

- ¹⁷ Mengt net, datt ech komm sinn, fir d'Gesetz oder d'Prophéiten z'annuléieren. Ech sinn net komm, fir si z'annuléieren, mee fir si z'erfëllen.
- ¹⁸ Ech soen iech nämlech d'Wourecht: Bis Himmel an Äerd verschwannen, verschwënnt op kee Fall de klengste Buschtaf an och net de klengsten Deel vun engem Buschtaf aus dem Gesetz, bis alles geschitt ass.
- ¹⁹ Wien ee vun dëse klengste Geboter ophieft an aner Mënschen datselwecht léiert, dee gött am Kinnekräich vum Himmel dee Klengste genannt. Mee wie si anhält a si och léiert, dee gött am Kinnekräich vum Himmel dichteg genannt.
- ²⁰ Ech soen iech nämlech: Wann är Gerechtegkeet déi vun de Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz a vun

dePharisäernet iwwertrëfft, da kommt dir bestëmmt net an d'Kinnekräich vum Himmel eran.

Mord

21 Dir hutt héieren, datt zu eise Virfuere gesot gouf: ‚Ermort keen‘, mee wien ermort, ass dem Geriicht ausgesat.

22 Ech awer soen iech: Jiddereen, deen ouni Grond mat sengem Brudder rosen ass, ass dem Geriicht ausgesat. Wien zu sengem Brudder seet: ‚Du Hännel!‘, deen ass dem Sanhedrin ausgesat. Mee wien zu sengem Brudder seet: ‚Du Topert!‘, deen ass dem Feier an der Gehenna ausgesat.

23 Wann s du däin Affer bei den Altor bréngs an dech do drun erënners, datt däi Brudder eppes géint dech huet,

24 da looss däin Affer do virum Altor leien. Géi vun do fort a versöhn dech fir d'éischt mat dengem Brudder. Komm duerno eréischt zeréck, fir dann däin Affer ze bréngen.

25 Schléiss séier mat deem, deen dech uklot, Fridden, esoulaang s du nach mat him ënnerwee bass, fir datt hien dech net un de Riichter ausliwwert, de Riichter dech un en Offizéier iwwergëtt an du an de Prisong gehäit gëss.

26 Ech soen dir d'Wourecht: Du kënns do net eraus, bis du de leschten Zantim ofbezuelt hues.

D'Bestietnes brieche

27 Dir hutt héieren, datt gesot gouf: ‚Brieche d'Bestietnes net, andeems du friemgees.‘

28 Ech awer soen iech: Wien eng Fra ukuckt, fir si ze begieren, ass a sengem Häerz scho mat hir friemgaangen.

29 Wann däi rietst A dech dozou bréngt, fir ze sënnegen, da rapp et eraus a gehei et ewech. Et ass nämlech besser fir dech, datt s du ee Glidd verléiers, wéi datt däi ganze Kierper an d'Gehenna gehäit gëtt.

30 Wann deng riets Hand dech dozou bréngt, fir ze sënnegen, dann ha se of a gehei se ewech. Et ass nämlech besser fir dech, datt s du ee Glidd verléiers, wéi datt däi ganze Kierper an d'Gehenna gehäit gëtt.

Scheidung

Mattias 19,3-10; Marc 10,2-12; Luc 16,18

31 Et gouf gesot: ‚Wie sech vu senger Fra scheede léisst, muss hir e Scheedungsattest ginn.‘

32 Ech awer soen iech: Wie sech vu senger Fra scheede léisst, ausser wéinst onerlaabtem Sex, dee bréngt si dozou, friemzegen an d'Bestietnes ze brieche. Wien eng gescheete Fra bestit, brécht d'Bestietnes, well hie friemgeet.

Eeden

- 33 Dir hutt héieren, datt zu äre Virfuere gesot gouf: ‚Leescht kee falschen Eed! Hal deng Eeden un den Här an!‘
- 34 Ech awer soen iech: Leescht iwverhaapt keen Eed, weder op den Himmel, well en den Troun vu Gott ass,
- 35 nach op d'Äerd, well si seng Foussbänk ass, nach op Jerusalem, well se d'Stad vum grouse Kinnek ass,
- 36 nach op däi Kapp, well s du keen eenzegt Hoer wäiss oder schwaarz maache kanns.
- 37 Äre ‚Jo‘ soll einfach e ‚Jo‘ sinn an ären ‚Neen‘ en ‚Neen‘. Wat doriwver erausgeet, kënnt vum Béisen.

A fir A

Luc 6,29-30

- 38 Dir hutt héieren, datt gesot gouf: ‚En A fir en A, en Zant fir en Zant.‘
- 39 Ech awer soen iech: Rächt iech net un deem, deen iech Béises deet. Am Géigendeel, du solls deem, deen dech op de rietse Bak schléit, deen aneren och dohinner halen.
- 40 Wien dech viru Geriicht brénge wëllt, fir dir deng Tunique ewechzehuelen, deem looss och däi Mantel.
- 41 Wien dech dozou forcéiert, fir eng Meil mat him ze goen, mat deem géi der zwou mat!
- 42 Géff deem, deen dech ëm eppes freet. Weis deen net of, dee vun dir léine wëllt.

Hutt är Feinde gär

Luc 6,27-36

- 43 Dir hutt héieren, datt gesot gouf: ‚Hief däin Nächste gär‘, an: ‚Haass däi Feind.‘
- 44 Ech awer soen iech: Hutt är Feinde gär! Seent déi, déi iech verfluchen! Ditt deene Guddes, déi iech haassen! Biet fir déi, déi iech mësshandelen a verfollegen!
- 45 Andeems dir dat maacht, gitt dir Kanner vun ärem Papp, deen am Himmel ass. Seng Sonn léisst hien nämlech iwwert déi Béis an déi Gutt opgoen an hie léisst et op déi Gerecht an op déi Ongerecht reenen.
- 46 Wann dir nämlech déi gär hutt, déi iech gär hunn, wat fir eng Belounung kritt dir dann? Maachen net d'Steierandreiwer datselwecht?
- 47 Wann dir nëmme är Frënn begréisst, maacht dir dann eppes Besonnesches? Maachen d'Steierandreiwer et net genesou?

48 Sidd also vollkommen, esou wéi äre Papp am Himmel vollkommen ass.

Mattias 6

Gëff Almosen

- 1 Gitt drop uecht, datt dir är Almosen net virun de Mënsche gitt, fir vun hinne gesinn ze ginn. Soss kritt dir keng Belounung vun ärem Papp am Himmel.
- 2 All Kéiers wann s du Almoose gëss, da posaun et net virun dir eraus, esou wéi d'Heuchler dat an de Synagogen|Synagog an op de Stroosse maachen, fir datt si vun de Mënsche gelueft ginn. Ech soen iech d'Wourecht: Si krute schonn hir Belounung.
- 3 Wann s du awer Almoose gëss, da looss deng lénks Hand net wëssen, wat deng riets Hand mécht,
- 4 fir datt s du deng Almosen heemlech kanns ginn. Däi Papp selwer, dee gesäit, wat s du heemlech méchs, belount dech ëffentlech.

D'Gebiet

Luc 11,1-4

- 5 All Kéier wann s du biets, da sief net ewéi d'Heuchler. Fir ze bieden, sti si nämlech gär an de Synagogen an op de Stroossenecker, fir datt d'Mënsche si gesinn. Ech soen iech d'Wourecht: Si krute schonn hir Belounung.
- 6 Mee du, wann s du biets, géi du an deng Kabaischen, maach deng Dier zou a biet heemlech zu dengem Papp. Däi Papp, dee gesäit, wat s du heemlech méchs, belount dech ëffentlech.
- 7 Wann dir biet, da babbelt net an engem Stéck dat nämmecht, esou wéi d'Net-Judden dat maachen. Si mengen nämlech, datt si erhéiert ginn, well si vill geschwat hunn.
- 8 Macht et net esou wéi si! Äre Papp weess jo, wat dir braucht, éier dir hie frot.
- 9 Esou sollt dir bieden: Eise Papp am Himmel, gehellegt sief däin Numm.
- 10 Däi Kinnekräich soll kommen. Däi Wëlle soll geschéien, wéi am Himmel esou och op der Äerd.
- 11 Gëff eis haut eist deeglecht Brout.
- 12 Erlooss eis eis Schold, esou wéi mir och deenen dat erloossen, wat si eis schëlleg sinn.
- 13 Féier eis net an d'Versuchung, mee erléis eis vum Béisen. Dir gehéiert nämlech d'Kinnekräich, d'Muecht an d'Herrlechkeet fir ëmmer. Amen.

14 Wann dir nämlech de Mënschen hir Iwwerriedunge verzeit, da verzeit ären himmlesche Papp och iech.

15 Wann dir de Mënschen hir Iwwerriedungen awer net verzeit, da verzeit äre Papp iech är Iwwerriedungen och net.

D'Faaschten

16 All Kéier wann dir faascht, da maacht dat net ewéi d'Heuchler, déi eng traureg Minn maachen. Si verstellen nämlech hir Gesiichter, fir datt d'Leit solle gesinn, datt si faaschten. Ech soen iech d'Wourecht: Si krute schonn hir Belounung.

17 Mee du, wann s du faaschts, parfuméier däi Kapp a wäsch däi Gesiicht,

18 fir datt kee Mënsch mierkt, datt s du faaschts, ausser däi Papp am Himmel, deen dat Heemlecht gesäit. Däi Papp, dee gesäit, wat s du heemlech méchs, belount dech öffentlech.

Schätz am Himmel

Luc 12,33-36

19 Sammelt keng Schätz hei op der Äerd, wou Matt a Wuerm se zerstéieren a wou Déif abrieche a se klauen.

20 Sammelt villméi Schätz am Himmel, wou Matt a Wuerm se net zerstéieren a wou Déif net abrieche a se klauen.

21 Do, wou äre Schatz ass, do ass och äert Häerz.

22 D'Luucht vum Kierper ass d'A. Wann däin A gutt ass, dann ass däi ganze Kierper voller Liicht.

23 Mee wann däin A béis ass, ass däi ganze Kierper voller Däischtert. Wann d'Liicht, dat an dir ass, Däischtert ass, wéi grouss ass dann déi Däischtert!

24 Kee kann zwee Meeschteren déngen. Entweder haasst hien deen een an huet deen anere gär oder hien ass deem enge loyal a veruecht deen aneren. Dir kënnt net Gott an dem Räichtum déngen.

Maacht iech keng Suergen

Luc 12,22-31

25 Dofir soen ech iech: Maacht iech keng Suergen iwwert äert Liewen, iwwert dat, wat dir iessen oder drénke sollt, an och net iwwert äre Kierper, iwwert dat, wat dir undoe sollt. Besteet d'Liewen net aus méi wéi aus lessen an de Kierper aus méi wéi aus Kleeder?

26 Kuckt emol d'Vigel am Himmel. Si séien net, ginn och net an de Karschnatz an huelen och keng Kären an d'Scheier; an dach fiddert ären himmlesche Papp si. Sidd dir net vill méi wäert wéi si?

- 27 A wie vun iech ka säi Liewen ëm een Abléck verlängeren, andeems hie sech Suerge mécht?
- 28 Firwat maacht dir iech ëm Kleeder Suergen? Betruecht emol d'Lilien op der Gewan, wéi si wuessen: Si schaffen net a si spannen net.
- 29 An dach soen ech iech, datt esouguer de Salomon a senger ganzer Herrlechkeet, net esou gekleet war wéi eng vun dese Blummen.
- 30 Wa Gott d'Gras esou kleet, dat haut op der Gewan steet a muer an den Uewe gehäit gött, ëm wéi vill méi kleet hien iech dann, dir Klenggleeweg?
- 31 Maacht iech dofir keng Suergen, andeems dir iech frot: Wat solle mir iessen? Wat solle mir drénken? Wat solle mir undoen?
- 32 D'Natioune striewen no all deem. Ären himmlesche Papp weess awer, datt dir dat alles braucht.
- 33 Strieft fir d'éischt nom Kinnekräich vu Gott an no senger Gerechtegkeet, da gött iech all dat bäigefügt.
- 34 Maacht iech also keng Suerge fir muer. Muer bréngt seng eege Suergen! All Dag bréngt ewell genuch Suergen.

Mattias 7

Iwwert d'Riichten

Luc 6,37-42

- 1 Riicht net, fir datt dir net geriicht gitt.
- 2 Esou wéi dir nämlech iwwert anerer riicht, esou gött och iwwert iech geriicht. Dir gitt mat därselwechter Mooss gemooss, déi dir och gebraucht, fir ze moossen.
- 3 Firwat gesäis du d'Spläiter an dengem Brudder sengem A, awer d'Dunn an dengem eegenen A mierks du net?
- 4 Wéi kanns du zu dengem Brudder soen: ‚Looss mech d'Spläiter aus dengem A eraushuelen!‘, wann s du eng Dunn an dengem eegenen A hues?
- 5 Du Heuchler! Huel fir d'éischt d'Dunn aus dengem A eraus, da gesäis du kloer, fir dengem Brudder d'Spläiter aus sengem A erauszehuelen.
- 6 Gitt dat Hellegt net den Hënn a werft är Pärelen net virun d'Schwäin, fir datt si se net mat hire Féiss zerdämmelen an d'Hënn sech ëmdrëien an iech zerräissen.

Frot, sicht a klappt un

Luc 11,9-13

- 7 Frot an da kritt dir; sicht an da fannt dir; klappt un an et gëtt iech opgemaach;
- 8 well jiddereen, dee freet, kritt a jiddereen, dee sicht, fënnt an deem, deen uklappt, gëtt opgemaach.
- 9 Wéi e Papp ënnert iech géif sengem Jong e Stee ginn, wann deen ëm Brout freet?
- 10 Oder wann de Jong ëm e Fësch freet, géif de Papp him éieren eng Schlaang ginn?
- 11 Wann dir schonn, déi dir béis sidd, wësst äre Kanner gutt Kaddoen ze maachen, wéi vill méi mécht äre Papp, deen am Himmel ass, deene gutt Kaddoen, déi hien dorëm froen?
- 12 Alles, wat dir wëllt, datt d'Leit iech dinn, dat sollt dir hinnen och doen. Dat resuméiert nämlech d'Gesetz an d'Prophéiten.

Déi schmuel an déi breet Paart

Luc 13,24

- 13 Gitt duerch déi schmuel Paart eran. D'Paart ass nämlech breet an de Wee geraimeg, déi an d'Zerstéierung féieren, an et gëtt der vill, déi op deem Wee ginn.
- 14 Wéi schmuel ass d'Paart a wéi schwéier ass de Wee, déi an d'Liewe féieren, an et gëtt der wéineg, déi dee Wee fannen.

E Bam a seng Friichten

Luc 6,43-45

- 15 Gitt op déi falsch Prophéiten uecht! Si komme wéi Schof gekleet bei iech, mee bannendra si si wéischt Wëllef.
- 16 Dir erkennt si un hire Friichten. Ginn éieren Drauwe vun Därenhecken oder Fige vun Dëschtele gepléckt?
- 17 Geneesou dréit all gudde Bam gutt Friichten, mee de faule Bam dréit faul Friichten.
- 18 E gudde Bam ka keng faul Friichten droen an e faule Bam ka keng gutt Friichten droen.
- 19 All Bam, dee keng gutt Friichten dréit, gëtt ëmgehaen an an d'Feier gehäit.
- 20 Dir erkennt si deemno un hire Friichten.
- 21 Net jiddereen, deen zu mir seet: ‚Här, Här!‘, kënnt an d'Kinnekräich vum Himmel. Mee et kënnt nëmmen deen eran, deen de Wëlle vu mengem Papp am Himmel mécht.

22 Op deem Dag soen der vill zu mir: ‚Här, Här! Hu mir net an dengem Numm prophezeit? Hu mir net an dengem Numm Dämonen ausgedriwwen? Hu mir net an dengem Numm vill mächtig Dote gemaach?‘

23 Da soen ech kloer zu hinnen: ‚Ech hunn iech ni kannt. Gitt ewech vu mir, dir Iwwertrieder vum Gesetz!‘

De Weisen an den Topert

Luc 6,47-49

24 Wie meng Wierder héiert an no hinnen handelt, deen ass mat engem Weisen ze vergläichen, dee säin Haus op Fiels gebaut huet.

25 De Reen ass gefall, d’Héichwaasser koum, de Wand huet geblosen an d’Haus gerëselt, mee et ass net an e Koup gefall, well et op Fiels gebaut gi war.

26 Mee jiddereen, dee meng Wierder héiert an net no hinnen handelt, ass mat engem Topert ze vergläichen, dee säin Haus op Sand gebaut huet.

27 De Reen ass gefall, d’Héichwaasser koum, de Wand huet geblosen an d’Haus gerëselt. Et ass an e Koup gefall a war ganz futti!“

28 Wéi de Jesus dës Ried ofgeschloss hat, waren d’Leit iwwert seng Léier verwonnert,

29 well hie si wéi ee geléiert huet, deen Autoritéit huet, an net esou wéi d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz.

Mattias 8

De Jesus heelt e Mann mat Aussaz

Marc 1,40-45; Luc 5,12-16

1 Nodeems de Jesus vum Bierg erofkomm war, gounge vill Leit him no.

2 Du koum e Mann mat Aussaz bei hien an huet sech virun him niddergehäit a sot: „Här, wann s du wëlls, kanns du mech rengen.“

3 De Jesus huet seng Hand ausgestreckt, huet hie beréiert a sot: „Ech wëll. Sief gerengt!“ Hie gouf direkt vu sengem Aussaz gerengt.

4 Du sot de Jesus zu him: „Maach, datt s du kengem eppes sees! Mee géi a weis dech dem Priister. Bréng d’Affer, dat de Moses virgeschriwwen huet. Maach dat als Zeeche fir si.“

De Glawe vun engem réimeschen Offizéier

Luc 7,1-10; Jean 4,43-54

5 Wéi de Jesus a Kapernaum erakoum, koum eréimeschen Offizéier|Offizéier, réimeschen him entgéint an huet hie gebieden:

- 6 „Här, mäin Dénger läit gelähmt doheem an huet schrecklech Péng.“
- 7 „Ech kommen, fir hien ze heelen“, sot de Jesus zu him.
- 8 De réimeschen Offizéier huet geäntwert: „Här, ech sinn et net wäert, datt s du ënnert mäin Daach kënns. So dach nëmme e Wuert, da gëtt mäin Dénger geheelt.“
- 9 Ech sinn och e Mann, deen ënnert der Autoritéit vun anere steet, an hunn Zaldoten ënnert mir. Soen ech zu engem: ‚Géi!‘, da geet hien oder zu engem aneren: ‚Komm!‘, da kënnt hien. Soen ech zu mengem Sklav: ‚Maach dat!‘, da mécht hien et.“
- 10 Wéi de Jesus dat héieren huet, huet hien doriwwer gestaunt. Hie sot zu deenen, déi him nogoungen: „Ech soen iech d’Wourecht! Net emol an Israel hunn ech esou e grouse Glawe fonnt.“
- 11 Ech soen iech, et kommen der vill vum Osten a vum Westen an huelen am Kinnekräich vum Himmel zesumme mam Abraham, mam Jakob a mam Isaak bei Dësch Plaz.
- 12 Mee d’Kanner vum Kinnekräich ginn an déi baussecht Däischtert gehäit. Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.“
- 13 De Jesus sot dunn zum Offizéier: „Géi heem. Et soll esou geschéien, wéi s du gegleeft hues.“ Den Dénger gouf nach an där Stonn geheelt.

De Jesus heelt vill Leit

Marc 1,29-34; Luc 4,38-41

- 14 Wéi de Jesus an dem Péitrus säin Haus koom, huet hien deem seng Schwéiermamm gesi mat Féiwer am Bett leien.
- 15 Hien huet hir Hand beréiert an d’Féiwer war fort. Si ass opgestanen an huet hinne gedéngt.
- 16 Géint der Owend hu si vill Leit, déi vun Dämone besiess waren, bei hie bruecht. Hien huet d’Geeschter mat engem Wuert ausgedriwwen an all déi Krank geheelt.
- 17 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophéit Yesaia gesot gouf: „Hien huet eis Schwächlechkeet op sech geholl an eis Krankheete gedroen.“

Dem Jesus nogoen, kascht

Luc 9,57-62

- 18 Wéi de Jesus déi grouss Mass vu Leit ëm sech gesinn huet, huet hien den Uerder ginn, fir op den aneren Uwänner ze fueren.
- 19 Du koom e Léiermeeschter vum Gesetz bei hien a sot zu him: „Léiermeeschter, ech ginn dir iwwerall no, wou s du higees.“

20 „De Fuuss huet e Bau an de Vull huet en Nascht, mee deJong vum Mënschhuet néierens eng Plaz, fir säi Kapp nidderzeleeën“, huet de Jesus him geäntwert.

21 En anere vu sengeJénger sot zu him: „Här, looss mech fir d'éischt fortgoen, bis ech mäi Papp begruewe kann.“

22 De Jesus huet him geäntwert: „Komm mir no. Looss déi Doudeg hir Doudeg begruewen.“

De Wand an d'Welle follegen dem Jesus

Marc 4,35-41; Luc 8,22-25

23 Wéi de Jesus an denNaache|Naachen geklommen ass, gounge seng Jénger him no.

24 Op eemol ass e grouse Stuerm um Séi opkomm, esou datt den Naache vun de Wellen iwwerschwemmt gouf. De Jesus awer huet geschlof.

25 Seng Jénger koume bei hien an hunn hie waakreg gemaach: „Här, rett eis! Mir ginn ënner!“

26 Mee hie sot zu hinnen: „Firwat hutt dir Angscht, dir Klenggleeweg?“ Dunn ass hien opgestanen an huet dem Wand an dem Séi gedreet. 't ass alles ganz stëll ginn.

27 D'Männer ware verwonnert a soten: „Wien ass hien, datt esouguer de Wand an de Séi him follegen?“

De Jesus heelt zwee Männer, déi vun Dämone besuess sinn

Marc 5,1-20; Luc 8,26-39

28 Wéi hien um aneren Uwänner an der Géigend vun de Gergesener ugeluecht huet, koumen him der zwee entgéint, déi vun Dämone besuess waren. Si koumen tëschent de Griewer eraus a waren esou geféierlech, datt keen de Wee benotze konnt, dee laanscht si geféiert huet.

29 Déi zwee hu gejaut: „Wat wëlls du vun eis, Jong vu Gott? Bass du heihinner komm, fir eis virun der Zäit ze péngegen?“

30 Net all ze wäit ewech stoung eng grouss Schwéngshäerd ze weeden.

31 D'Dämonen hunn de Jesus ugebiedelt: „Wann s du eis ausdreifs, dann erlab eis, an d'Schwéngshäerd ze fueren.“

32 Hien huet hinne geäntwert: „Gitt!“ Wéi si erausgefuer sinn, si si an d'Schwéngshäerd gefuer. Stënterlech huet déi ganz Schwéngshäerd sech den Hang erof an de Séi gestierzt an ass am Waasser ersoff.

33 D'Schwéngshierte si fortgelaf a gongen an d'Stad. Do hu si alles verzielt, och dat, wat mat de Männer geschitt war, déi vun Dämone besuess waren.

34 Du kouw d'ganz Stad eraus, fir dem Jesus entgéintzuegoen. Wéi si hie gesinn hunn, hu si hien ugebiedelt, fir hir Géigend ze verlossen.

Mattias 9

De Jesus heelt e Gelähmten

Marc 2,1-12; Luc 5,17-26

- 1** De Jesus ass an enNaache|Naachen geklommen, ass iwwert de Séi gefuer a kouw a seng eege Stad.
- 2** Dunn hu Leit e Mann bei hie bruecht, dee gelähmt op enger Brëtsch louch. Wéi de Jesus hire Glawe gesinn huet, sot hien zum Gelähmten: „Hief Courage, Kand! Deng Sënne sinn dir verzien.“
- 3** En etlechLéiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz hunn énnert sech gesot: „Dëse Mann lästert iwwert Gott!“
- 4** De Jesus, deen hir Gedanke kann huet, sot awer: „Firwat denkt dir Béises an ären Häerzer?“
- 5** Wat ass méi einfach ze soen: ‚Deng Sënne sinn dir verzien‘, oder: ‚Stéi op a géi‘?
- 6** Fir datt dir awer wësst, datt deJong vum Mënsch d'Autoritéit huet, fir op der Äerd Sënnen ze verzeien“, sot hien zum Gelähmten: „Stéi op, huel deng Brëtsch a géi heem.“
- 7** Du stoung de Mann op a goung heem.
- 8** Wéi déi vill Leit dat gesinn hunn, ware si verwonnert an hu Gott gelueft, dee Mënschen esou eng Autoritéit ginn huet.

De Jesus ríft de Mattias

Marc 2,13-17; Luc 5,27-32

- 9** De Jesus goung fort vun do an huet e Mann gesinn am Steierbüro sëtzen, dee Mattias geheescht huet. De Jesus sot zu him: „Komm mir no!“ Dee stoung op a goung dem Jesus no.
- 10** De Jesus huet beim Mattias doheem giess. Et koume villSteierandriewer a Sënner dohin an hunn zesumme mam Jesus a mat sengeJénger giess.
- 11** Wéi d'Pharisäer dat gesinn hunn, frote si seng Jénger: „Firwat ësst äre Léiermeeschter mat Steierandriewer a Sënner?“
- 12** Wéi de Jesus dat héieren huet, huet hien hinne geäntwert: „Déi Gesond brauche keen Dokter, wuel awer déi Krank.“

13 Gitt a léiert, wat et heescht: ‚Ech wëll Baarmhärzegkeet an net Affer.‘ Ech sinn nämlech net komm, fir déi Gerecht, mee fir d’Sënner zur Ëmkéier opzeruffen.“

Eng Fro iwwert d’Faaschten

Marc 2,18-22; Luc 5,33-39

14 Du koumen dem Jean seng Jénger bei hien a froten hien: „Firwat faaschte mir an d’Pharisäer esou dacks, mee deng Jénger faaschten net?“

15 De Jesus huet hinne geäntwert: „Kënnen dem Bräitchemann seng Gäscht éieren trauerer, soulaang de Bräitchemann bei hinnen ass? D’Zäit kënnt awer, an där hinnen de Bräitchemann ewechgeholl gëtt an da faaschte si.

16 Et bitzt keen e Stéck Stoff, wat nach net agaangen ass, op en aalt Stéck Gezei; soss rässt dat neit Stéck vum ale Gezei an de Rass gëtt doduerch méi schlëmm.

17 Et fëllt och keen neie Wäin an al Schläich; soss baschten déi al Schläich an de Wäin leeft aus; da sinn d’Schläich fir näischt méi ze gebrauchen. Neen, neie Wäin gëtt an nei Schläich gefëllt an esou hale se sech allebéid.“

Eng krank Fra an en doudegt Meedchen

Marc 5,21-43; Luc 8,40-56

18 Während de Jesus hinnen dat verzielt huet, kum en Haapteelste bei hien an huet sech virun hien niddergehäit. „Meng Duechter ass grad gestuerwen, mee komm a lee deng Hand op hatt, da gëtt hatt nees lieweg“, sot hien.

19 De Jesus stoung op an gong him zesumme mat senge Jénger no.

20 Du kum eng Fra, déi schonn zwielef Joer laang Bluddungen hat, vun hannen un hien erun an huet d’Zizit vu sengem Tallit beréiert.

21 Si hat sech nämlech geduecht: „Wann ech nëmme säin Tallit beréieren, da ginn ech geheelt.“

22 De Jesus huet sech ëmgedréit an huet si gesinn. „Duechter, hief Courage! Däi Glawen huet dech geheelt“, sot hien. Nach an deem Moment gouf d’Fra geheelt.

23 Wéi de Jesus bei den Haapteelsten an d’Haus kum an d’Flüttisten an d’Leit, déi lamentéiert hunn, gesinn huet,

24 sot hien: „Eraus hei! D’Meedchen ass net dout, hatt schléift just.“ Si hunn hien ausgelaacht.

25 Nodeems d’Leit virun d’Dier gesat goufen, gong de Jesus eran, huet d’Meedche mat der Hand geholl an hatt ass opgestanen.

26 D’Noriicht doriwwer huet sech uechter d’ganz Ëmgéigend verbreet.

De Jesus heelt zwee Blanner an e Stommen

- 27 Wéi de Jesus vun do fortgoung, goungen zwee Blanner him no. Si hu geruff: „Erbaarm dech eiser, Jong vum David!“
- 28 De Jesus gong an en Haus an déi zwee Blanner koumen him no. De Jesus sot zu hinnen: „Gleeft dir, datt ech dat maache kann?“ „Jo, Här“, hu si him geäntwert.
- 29 Dunn huet hien hir Ae beréiert a sot: „Esou wéi dir gleeft, esou soll et iech geschéien!“
- 30 D’Ae goufen hinnen opgemaach. De Jesus huet si seriö gewarnt: „Kuckt, datt keen eppes heivunner gewuer gött!“
- 31 Nodeems si hie verlooss haten, hu si awer an der ganzer Ëmgéigend iwwert hie geschwat.
- 32 Wéi si fortgaange waren, hunn d’Leit e Stommen, dee vun engem Dämon besiess war, bei hie bruecht.
- 33 Soubal den Dämon ausgedriwwe war, huet de Stomme geschwat. D’Leit ware verwonnert. „Esou eppes ass nach ni an Israel gesi ginn!“, sote si.
- 34 D’Pharisäer soten awer: „Duerch de Pränz vun den Dämonen dreift hien d’Dämonen aus.“

Et gött wéineg Aarbechter

- 35 De Jesus gong duerch all d’Stied an duerch all d’Dierfer. Hien huet an hire Synagogen|Synagog enseignéiert an huet d’gutt Noriicht vum Kinnekräich verkënnegt. Hien huet och all Krankheet an all Daierlechkeet ënnert dem Vollek geheelt.
- 36 Wéi de Jesus d’Leit gesinn huet, hat hie Matleed mat hinnen, well si midd a verschotert waren, ewéi Schof ouni Hiert.
- 37 Du sot hien zu senge Jénger: „De Karschnatz ass grouss, mee et gött wéineg Aarbechter.
- 38 Biet also zum Här vum Karschnatz, datt hien Aarbechter schéckt, fir säi Karschnatz eranzehuelen.“

Mattias 10

De Jesus schéckt déi zwielef Jénger aus

Marc 3,13-19; 6,7-13; Luc 6,12-16; 9,1-6

- 1 De Jesus huet seng zwielef Jénger bei sech geruff an huet hinnen Autoritéit ginn, fir onreng Geeschter auszedreiwten a jidder Krankheet a jidder Daierlechkeet ze heelen.

- ² Dat hei sinn d’Nimm vun den zwielef Apostelen|Apostel : fir d’éischt de Schimon, deen och Péitrus genannt gouf, a säi Brudder Andreas; de Jacques, deen de Jong vum Sabdai war, a säi Brudder Jean;
- ³ de Philippe an de Bar-Talmi; den Thomas an de Mattias, de Steierandriewer ; de Jacques, deen de Jong vum Alfai war, an de Labbai, deen Taddai genannt gouf;
- ⁴ de Schimon, de Kanaaniter, an de Judas Ischkariot, deen hie verroden huet.
- ⁵ De Jesus huet déi Zwielef mat der Uweisung erausgeschéckt: „Gitt net bei d’Net-Judden a gitt a keng Stad vun de Samariter.
- ⁶ Gitt vill méi bei déi verluere Schof aus dem Haus Israel.
- ⁷ Gitt a verkënnegt: ‚D’Kinnekräich vum Himmel ass nobäi.‘
- ⁸ Heelt déi Krank, rengt déi Aussätzeg, bréngt déi Doudeg nees zum Liewen zeréck an dreift Dämonen aus! Fir näischt krut dir, dofir gitt och fir näischt weider!
- ⁹ Huet kee Gold, kee Sëlwer a keng Kofferménzen an ärem Rimm mat.
- ¹⁰ Huet keng Posch mat op är Rees, keng zwou Tunique, keng Sandalen a keng Stief. En Aarbechter huet nämlech säin lesse verdéngt.
- ¹¹ Wéini och ëmmer dir an eng Stad oder en Duerf eragitt, do sicht, wie wierdeg ass, a bleift bei deem, bis dir déi Uertschaft verlosst.
- ¹² Wann dir an d’Haus eragitt, da begréisst déi, déi do wunnen.
- ¹³ Wann de Stot wierdeg ass, da loosst äre Fridden op em rouen; mee wann en net wierdeg ass, da loosst äre Fridde bei iech zeréckkommen.
- ¹⁴ Wann een iech net ophëlt oder iech net nolauschtert, wann dir dee Stot oder déi Stad verlosst, da rëselt de Stébs ënnert äre Féiss of.
- ¹⁵ Ech soen iech d’Wourecht: Fir Sodom a Gomorra ass et um Dag vum Geriicht besser auszehale wéi fir dës Stad.

Dir gitt verfollegt

Marc 13,9-13; Luc 21,12-17

- ¹⁶ Gitt uecht, ech schécken iech wéi Schof ënner Wëllef eraus. Sidd dofir esou lous ewéi Schlaangen, mee esou harmlos ewéi Dauwen.
- ¹⁷ Huet iech an uecht virun de Mënschen, well si iech un déi lokal Sanhedrinen|Sanhedrin ausliwweren an iech an hire Synagoge|Synagogäisselen.
- ¹⁸ Dir gitt wéinst menger viru Gouverneuren a Kinneke bruecht, fir virun hinnen an den Net-Judden auszesoen.

- 19 Wa si iech riichten, da maacht iech keng Suergen doriwwer, wéi oder wat dir soe sollt. Dee Moment gëtt iech aginn, wat dir soe sollt.
- 20 Net dir schwätzt dann, mee de Geescht vun ärem Papp schwätzt duerch iech.
- 21 Et liwwert och ee Brudder deen aneren dem Doud aus an de Papp säi Kand. Kanner rebelléiere géint hir Elteren a loosse si ëmbréngen.
- 22 Wéinst mengem Numm gitt dir vu jidderengem gehaasst. Mee wie bis un d'Enn aushält, gëtt gerett.
- 23 Wa si iech an enger Stad verfollegen, da flücht an eng aner. Ech soen iech nämlech d'Wourecht: Dir gitt net duerch all d'Stied vun Israel, éier deJong vum Mënsch kënnt.
- 24 E Léierbouf steet net iwwert sengem Léiermeeschter an en Dénger och net iwwert sengem Meeschter.
- 25 Et geet duer, datt e Léierbouf wéi säi Léiermeeschter gëtt an en Dénger wéi säi Meeschter. Wa si den Haushär ‚Beelsebul‘ genannt hunn, ëm wéi vill méi dann déi aus sengem Stot!
- 26 Hutt dofir keng Angscht virun hinnen. Et gëtt nämlech näischt, wat verdeckt ass, wat net opgedeckt gëtt, an näischt, wat verstoppt ass, wat net bekannt gëtt.
- 27 Wat ech iech am Däischtere soen, dat sot am Liicht; wat dir an d'Ouer gepëspert kritt, dat verkënnegt op den Diech.

Fäert Gott an net d'Mënschen

Luc 12,2-9

- 28 Hutt keng Angscht virun deenen, déi de Kierper ëmbréngen, d'Séil awer net ëmbréngen kënnen. Hutt vill méi Angscht virun deem, deen d'Séil an de Kierper an derGehenna zerstéiere kann.
- 29 Ginn net zwee Spatze fir eng Koffermënz verkaf? An dach fält kee vun hinnen op de Buedem, ouni datt äre Papp et weess.
- 30 Bei iech sinn esouguer all d'Hoer op ärem Kapp gezielt.
- 31 Hutt dofir keng Angscht! Dir sidd méi wäert wéi vill Spatzen.
- 32 Wie sech virun de Mënschen zu mir bekennt, zu deem bekennen och ech mech viru mengem Papp am Himmel.
- 33 Mee wie mech virun de Mënsche verleegent, dee verleegnen och ech viru mengem Papp am Himmel.

De Jesus ass komm, fir d'Schwäert ze bréngen

Luc 12,51-53; 14,26-27

34 Mengt net, datt ech komm sinn, fir Fridden op d'Äerd ze bréngen. Ech sinn net komm, fir Fridden ze bréngen, mee d'Schwäert.

35 Ech sinn nämlech komm, fir ,e Mann géint säi Papp, d'Duechter géint hir Mamm, an d'Schnauer géint hir Schwéiermamm' opzebréngen.

36 ,Engem Mann seng Feinde si Memberen aus sengem eegene Stot.'

37 Wie Papp oder Mamm léiwer huet wéi mech, ass menger net wäert; wie Jong oder Duechter léiwer huet wéi mech, ass menger net wäert.

38 Wie säi Kräiz net op sech hält a mir nogeet, ass menger net wäert.

39 Wie säi Liewe fénnt, verléiert et, a wie säi Liewe wéinst menger verléiert, fénnt et.

Wien d'Jénger ophëlt, hält de Jesus op

Marc 9,41

40 Wien iech ophëlt, hält mech op, a wie mech ophëlt, hält deen op, dee mech geschéckt huet.

41 Wien e Prophéit ophëlt, well hien e Prophéit ass, kritt de Loun vun engem Prophéit. Wien e Gerechten ophëlt, well hien e Gerechten ass, kritt de Loun vun engem Gerechten.

42 Wien engem vun dëse Klengen och nëmmen e Becher kaalt Waasser ze drénke gëtt, well hie mäi Jénger ass, ech soen iech d'Wourecht, dee kritt op alle Fall säi Loun.“

Mattias 11

De Jesus schwätzt iwwert de Jean den Deefer

Luc 7,18-35

1 Wéi de Jesus fäerdeg war, fir sengen zwielef Jénger Uweisungen ze ginn, gong hie vun do fort, fir an hire Stied z'enseignéieren an ze priedegen.

2 Wéi de Jean am Prisong vum Messias senge Wierker héieren huet, huet hien zwee vu senge Jénger bei hie geschéckt,

3 fir hien ze froen: „Bass du deen, dee komme soll, oder solle mir op en anere waarden?“

4 De Jesus huet hinne geäntwert: „Gitt bei de Jean a verzielt him vun deem, wat dir héiert a gesitt:

5 Déi Blann gesinn, déi Schlamm ginn, déi Aussätzeg gi gerengegt, déi Daf héieren, déi Doudeg ginn nees liweg an déi Aarm kréien d'gutt Noriicht gepriedegt.

6 Geseent ass deen, dee keen Ustouss u mir hält.“

- 7 Wéi déi zwee fortgoungen, huet de Jesus ugefaangen, mat de Leit iwwert de Jean ze schwätzen: „Wat sidd dir an d'Wüst kucke gaangen? Eng Lëtsch, déi vum Wand hin an hier geblose gëtt?
- 8 Oder wat sidd dir soss kucke gaangen? E Mann mat deiere Kleeder? Nee! Déi, déi deier Kleeder droen, wunnen an Haiser vu Kinneken!
- 9 Oder wat sidd dir soss kucke gaangen? E Prophét? Jo, ech soen iech, een, dee vill méi ass wéi e Prophét.
- 10 Hien ass deen, iwwert dee geschriwwe steet: ‚Kuck, ech schécke mäi Buet virun dir hier, deen dir däi Wee virbereet.‘
- 11 Ech soen iech d'Wourecht: Vun all deenen, déi vu Frae gebuer goufen, gëtt et kee méi e Wichtegen, wéi de Jean den Deefer! Mee deen Onwichtigsten am Kinnekräich vum Himmel ass méi wichtig wéi hien.
- 12 Zënter der Zäit vum Jean dem Deefer bis elo, drécken d'Leit sech an d'Kinnekräich vum Himmel eran an déi, déi sech erandrücken, ergräifen et.
- 13 All d'Prophéiten an d'Gesetz hu bis hin zum Jean propheet.
- 14 Wann dir et unhuele wëllt: Hien ass den Elia, dee komme soll.
- 15 Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!
- 16 Mat wiem soll ech dës Generatioun vergläichen? Si ass ewéi Kanner, déi op de Maartplaze setzen an een deem aneren zouruffen:
- 17 ‚Mir hu fir iech Flütt gespilt an dir hutt net gedantz; mir hu fir iech Trauerlidd gesongen an dir hutt net getrauert.‘
- 18 De Jean koom an huet weder giess nach gedronk a si soen: ‚Hien huet en Dämon a sech!‘
- 19 De Jong vum Mënsch koom an huet giess a gedronk a si soen: ‚Kuckt iech deen emol un! E Fréisser an e Sëffer, e Frënd vu Steierandriwer a vu Sënner!‘ Mee alleguer déi, déi der Wäisheet noginn, weisen, datt si richtig ass.“

De Jesus weist Stied zurecht

- 20 Dunn huet hien ugefaangen, déi Stied zurechtzewisen, wou déi Meescht vu senge mächtigen Dote gemaach goufen, well si net emgekéiert sinn.
- 21 „Wéi schrecklech ass et fir dech, Korasin! Wéi schrecklech ass et fir dech, Betsaida! Wann déi mächtig Doten, déi bei dir gemaach goufen, zu Tyr an zu Zidon gemaach gi wieren, da wiere si scho laang a Säck an Äschen emgekéiert.
- 22 Ech soen iech, fir Tyr an Zidon ass et um Dag vum Geriicht besser auszehale wéi fir iech.

²³ Du, Kapernaum, dat s du bis an den Himmel gehuewe goufs, gëss bis an den Hades erofgestouss. Wann déi mächtig Doten, déi bei dir gemaach goufen, zu Sodom gemaach gi wieren, da géif Sodom haut nach bestoen.

²⁴ Ech soen iech, fir d'Land Sodom ass et um Dag vum Geriicht besser auszehale wéi fir dech.“

De Jesus schenkt Rou

²⁵ Zu där Zäit sot de Jesus: „Ech luewen dech Papp, Här vun Himmel an Äerd, well s du dat alles virun de Weisen a Gescheite verstoppt hues an et klenge Kanner gewisen hues.

²⁶ Jo, Papp, esou huet et dir gefall.

²⁷ Mäi Papp huet mir alles iwwerginn. Et kennt keen de Jong, ausser dem Papp, an et kennt och keen de Papp, ausser dem Jong an deem, deem de Jong de Papp weise wëllt.

²⁸ Kommt bei mech, all dir, déi dir iech plot a schwéier Laaschten drot! Ech ginn iech Rou.

²⁹ Huelt mäi Jach op iech a léiert vu mir, well ech vun Häerzen duuss andamiddeg sinn. Da fannt dir Rou fir är Séilen.

³⁰ Mäi Jach ass nämlech einfach ze droen a meng Laascht ass liicht ze zéien.“

Mattias 12

De Jong vum Mënsch ass Här iwwert de Sabbat

Marc 2,23—3,6; Luc 6,1-11

¹ Zu där Zäit gong de Jesus um Sabbat duerch Weessefelder. Seng Jénger haten Hunger an hunn ugefaangen, d'Éien ze plécken an z'iessen.

² Wéi d'Pharisäer dat gesinn hunn, sote si zum Jesus: „Kuck! Deng Jénger maachen eppes, wat um Sabbat net erlaabt ass!“

³ „Hutt dir net gelies, wat den David gemaach hat, wéi hien a seng Komeroden hongereg waren?“, huet de Jesus hinne geäntwert.

⁴ „Hie gong an d'Haus vu Gott an huet d'Ausstellungsbrout giess, wat weder him nach senge Komeroden erlaabt war, mee nëmmen de Priister.

⁵ Oder hutt dir net am Gesetz gelies, datt d'Priister op de Sabbaten de Sabbat profanéiert hunn an dach onschëlleg waren?

⁶ Ech soen iech, et ass een hei, dee méi wichteg wéi den Tempelass.

- 7 Wann dir gewosst hätt, wat: ‚Ech wëll Baarmhärzegkeet an net Affer‘, bedeite géif, dann hätt dir déi Onschëlleg net veruerteelt.
- 8 DeJong vum Mënschass Här iwwert de Sabbat.“
- 9 De Jesus gong vun där Plaz fort a gong an hirSynagog.
- 10 Do war e Mann mat enger verkrëppelter Hand. „Ass et erlaabt, um Sabbat ze heelen?“, frote si de Jesus. Dat hu si gemaach, fir hie kënnen unzekloen.
- 11 De Jesus huet hinne geäntwert: „Huel un, et hätt ee vun iech e Schof. Wann et um Sabbat an e Gruet fale géif, wie vun iech géif et dann net eraushuelen?“
- 12 E Mënsch ass dach vill méi wäert ewéi e Schof! Dofir ass et erlaabt, um Sabbat Guddes ze doen.“
- 13 Du sot hien zum Mann: „Streck deng Hand aus!“ Hien huet se ausgestreckt a seng Hand gouf gesond, esou gesond wéi déi aner.
- 14 Du gongen d’Pharisäer vun do fort an hu sech ënnertenee beroden, wéi si hie kéinten ëmbréngen.

Den Dénger, dee Gott auserwilt huet

- 15 De Jesus war sech däers bewosst an huet sech dofir vun do zeréckgezunn. E sëlliche Leit gongen him no an hien huet si all geheelt.
- 16 Hien huet de Leit awer befuel, hien net bekanntzemaachen.
- 17 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophét Yesaia gesot gouf:
- 18 „Kuck! Mäin Dénger, deen ech auserwilt hunn; deen, deen ech gär hunn an un deem sech meng Séil erfreet. Ech leeë mäi Geescht op hien an hie verkënnegt den Natioune Gerechtegkeet.
- 19 Hie streit net a jäizt net. Et héiert kee seng Stëmm an de Stroossen.
- 20 D’Lëtsch, déi geknéckst ass, mécht hien net futti an d’Wick, déi gloust, dréckt hien net aus, bis hien d’Gerechtegkeet an den Triumph féiert.
- 21 Op säin Numm hoffen d’Natioune.“

De Jesus an de Beelsebul

Marc 3,20-30; Luc 11,14-26

- 22 Du gouf e Mann bei hie bruecht, dee vun engem Dämon besess war a blann a stomm war. De Jesus huet hie geheelt, esou datt dee blanne Stommen nees schwätzen a gesi konnt.
- 23 All d’Leit ware verwonnert a soten: „Kéint deen de Jong vum David sinn?“
- 24 Mee wéi d’Pharisäer dovunner héieren hunn, sote si: „Hien dreift dach Dämonen nëmmen duerch deBeelsebul aus, de Pränz vun den Dämonen!“

- 25 De Jesus huet hir Gedanke kannt a sot zu hinnen: „All Kinnekräich, wat a sech selwer gespléckt ass, geet zu Grond an all Stad oder Famill, déi a sech selwer gespléckt ass, bleift net bestoen.
- 26 Wann de Satan de Satan ausdreift, dann ass hien a sech selwer gespléckt. Wéi ka säi Kinnekräich da bestoe bleiwen?
- 27 Wann ech duerch de Beelsebul Dämonen ausdriewen, duerch wien driewen dann är Kanner se aus? Dofir gi si zu äre Riichterem.
- 28 Wann ech awer Dämonen duerch de Geesch vu Gott ausdriewen, dann ass effektiv d’Kinnekräich vu Gott bei iech komm.
- 29 Wéi kann een an d’Haus vun engem staarke Mann abrieche a säi Besët klauen, wann en net fir d’éischt de staarke Mann fesselt? Eréischt da kann en d’Haus plëmmen.
- 30 Wien net mat mir ass, ass géint mech a wien net mat mir sammelt, dee verspreecht.
- 31 Dofir soen ech iech, datt all Sënn a Lästerung de Mënsche verzie gött, mee d’Lästerung géint de Geesch gött de Mënschen net verzie.
- 32 Wien e Wuert géint de Jong vum Mënsch seet, dee kritt verzie; mee wie géint den hellege Geesch schwätzt, dee kritt net verzie, weder an dësem Zäitalter nach an dem zukünftegen Zäitalter.
- 33 Entweder dir hutt e gudde Bam a seng Friichte si gutt oder dir hutt e faule Bam a seng Friichte si faul. E Bam gött nämlech u senge Friichten erkannt.
- 34 Dir Hickecht Viperem! Wéi kënt dir, déi dir béis sidd, Guddes soen? Vun deem d’Häerz voll ass, dovu leeft de Mond iwwer.
- 35 De gudde Mënsch bréngt Guddes aus dem Gudden ervir, wat hien a sech huet, an de béise Mënsch bréngt Béises aus dem Béisen ervir, wat hien a sech huet.
- 36 Ech soen iech awer, datt d’Mënschen iwwert all onnëtz Wuert, dat si gesot hunn, um Dag vum Geriicht Rechenschaft ofleeë müssen.
- 37 Opgrond vun denge Wieder göss du nämlech fräigesprach an opgrond vun denge Wieder göss du veruerteelt.“

D’Zeeche vum Yona

Luc 11,29-32

- 38 En etlech Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz a Pharisäer soten zu him: „Léiermeeschter, mir wëllen en Zeeche vun dir gesinn.“
- 39 Hien huet geäntwert: „Eng béis an ontrei Generatioun sicht no engem Zeechen, mee si kritt keen Zeechen, ausser dem Zeeche vum Prophét Yona.

40 Esou wéi de Yona dräi Deeg an dräi Nuechten am Bauch vum risege Fësch war, ass de Jong vum Mënsch dräi Deeg an dräi Nuechten an der Déift vun der Äerd.

41 D'Männer aus Nineve stinn um Geriicht zesumme mat dëser Generatioun op a veruerteete si, well si ëmgekéiert waren, wéi de Yona hinne gepriedegt hat. Kuckt, et ass een hei, dee méi dichteg ass wéi de Yona.

42 D'Kinnigin vum Süde steet um Geriicht zesumme mat dëser Generatioun op a veruerteelt si. Si koum nämlech vum Enn vun der Äerd fir dem Salomon seng Wäisheet ze héieren. Kuckt, et ass een hei, dee méi wichteg ass wéi de Salomon.

43 Wann en onrenge Geescht aus engem Mënsch fiert, zitt en duerch dier Plazen, fir Rou ze sichen, mee e fënnt keng.

44 Da seet en: ‚Ech ginn hannescht a mäin Heem, vu wou ech koum.‘ Wann hien heemkënnt, fënnt hien et eidel, gekiert a geraumt.

45 Da geet hien hin an hält siwen aner Geeschter mat sech, déi méi béis si wéi hien, a si fueren do eran a bleiwen dra wunnen. Esou gëtt de leschten Zoustand vum Mënsch méi schro wéi den éischten. Esou ass et och mat dëser béiser Generatioun.“

Dem Jesus seng Mamm a seng Geschwëster

Marc 3,31-35; Luc 8,19-21

46 Wéi de Jesus nach mat de Leit geschwat huet, stoung seng Mamm a seng Geschwëster dobaussen a wollte mat him schwätzen.

47 Du sot een zu him: „Deng Mamm an deng Geschwëster stinn dobaussen a wëlle mat der schwätzen.“

48 Mee hien huet deem geäntwert, deen him dat gesot hat: „Wien ass meng Mamm? Wie si meng Geschwëster?“

49 Hien huet mat senger Hand op seng Jénger gewisen a sot: „Kuck meng Mamm a meng Geschwëster!“

50 Wien de Wëlle vu mengem Papp am Himmel mécht, deen ass mäi Brudder, meng Schwëster a meng Mamm.“

Mattias 13

D'Gläichnes iwwert de Bauer, de Som an de Buedem

Marc 4,1-20; Luc 8,4-15

1 Nach deen Dag huet de Jesus d'Haus verlooss an huet sech bei de Séi gesat.

- ² Et huet sech awer eng grouss Mass Leit ëm hie versammelt, esou datt hien an enNaache|Naachen geklommen ass a sech dra gesat huet. All d'Leit stoungen um Uwänner.
- ³ Hien huet hinne viles a Gläichnesser verzielt. Hie sot: „Lauschtert! E Bauer goung eraus, fir ze séien.
- ⁴ Wéi hie geséit huet, ass en Deel vum Som nieft de Wee gefall. D'Vigel koumen an hunn de Som opgepickt.
- ⁵ Et ass och en Deel op stengege Grond gefall, wou net vill Buedem war, an d'Planz ass séier ausgeschoss, well de Buedem net déif genuch war.
- ⁶ Mee wéi d'Sonn opgoung, gouf d'Planz verbrannt a si ass verdréchent, well se keng Wuerzelen hat.
- ⁷ Anere Som ass ënnert d'Däre gefall, déi ausgeschoss sinn an de Som erstéckt hunn.
- ⁸ Nach anere Som ass op gudde Buedem gefall an huet Fruucht gedroen, munchen dat honnertfacht, aneren dat siechzefacht an nach aneren dat drëssegfacht.
- ⁹ Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“
- ¹⁰ Du koumen d'Jénger bei hien a froten hien: „Firwat schwätz du a Gläichnesser mat hinnen?“
- ¹¹ De Jesus huet geäntwert: „Iech ass et erméiglecht ginn, fir d'Geheimnisser vum Kinnekräich vum Himmel ze verstoen, hinnen ass et awer net erméiglecht ginn.
- ¹² Wien dëse Verstand huet, kritt méi wéi genuch. Mee wie keen huet, dee kritt esouguer deen, deen hien huet, ewechgeholl.
- ¹³ Dat hei ass de Grond, firwat ech mat hinnen a Gläichnesser schwätzen: Och wa si kucken, gesi si net; och wa si héieren, héiere si net a verstinn och net.
- ¹⁴ Si erfëllen d'Prophezeiung vum Yesaia, déi seet: „Dir héiert ëmmer nees, mee verstitt net; dir gesitt ëmmer nees, mee erkennt net.
- ¹⁵ Dësem Vollek säi Verstand huet nogelooss an et kann näischt méi verstoen; seng Oueren héieren nëmmen nach schwéier an et huet seng Aen zougemaach; soss kéint et mat sengen Ae gesinn, mat sengen Oueren héieren a mat sengem Verstand verstoen a bereien an ech géif si heelen.“
- ¹⁶ Geseent sinn är Aen, well si gesinn, an är Oueren, well si héieren.
- ¹⁷ Ech soen iech nämlech d'Wourecht, datt vill Prophéiten a gerecht Mënschen duerno verlaangert hunn, dat ze gesinn, wat dir gesitt, a si hunn et net gesinn, an dat ze héieren, wat dir héiert, a si hunn et net héieren.

- 18 Lauschtert also, wat d'Gläichnes vum Bauer bedeit:
- 19 Wann e Mënsch d'Botschaft iwwert d'Kinnekräich héiert a se net versteet, da kënnt de Béise bei deen a rappt dat, wat a säin Häerz geséit gouf, eraus. Deen ass wéi de Som, deen nieft dem Wee geséit gouf.
- 20 De Som, deen op stengegem Grond geséit gött, ass ewéi deen, deen d'Wuert héiert an et direkt mat Freed ophëlt.
- 21 Mee hien huet keng Wuerzelen a sech an iwwerlieft dofir nëmme kuerz. Wann Nout oder Verfolgung wéinst dem Wuert opkommen, fält hien direkt of.
- 22 De Som, deen ënnert d'Däre geséit gouf, ass ewéi deen, deen d'Wuert héiert, mee d'Suerge vun dësem Liewen an de Bedruch vum Rächtum erstécken d'Wuert, esou datt e keng Friichten dréit.
- 23 De Som, deen op gudde Buedem geséit gouf, ass ewéi deen, deen d'Wuert héiert, et versteet a Friichten dréit; munch Leit bréngen dat honnertfacht, anerer dat siechzefacht an nach anerer dat drëssegfacht ervir.“

D'Gläichnes iwwert d'Dronkefruucht

- 24 De Jesus huet hinnen en anert Gläichnes verzielt: „D'Kinnekräich vum Himmel ass wéi e Mann, dee gudde Som op säin Aker geséit huet.
- 25 Mee wéi d'Leit geschlof hunn, koum säi Feind dohinner, huet Dronkefruucht ënnert de Weess geséit a goug senger Wee.
- 26 Wéi de Weess ausgeschoss ass an Éien ervirbruecht huet, ass d'Dronkefruucht och ausgeschoss.
- 27 D'Kniechte vum Härebauer koume bei hien a soten: ‚Meeschter, has du net gudde Som op däin Aker geséit? Vu wou kënnt dann déi Dronkefruucht?‘
- 28 ‚E Feind huet dat gemaach‘, huet hie geäntwert. ‚Wëlls du, datt mir dohinner ginn a se erausrappen?‘, froten d'Kniechten hien.
- 29 ‚Nee‘, sot den Härebauer, ‚wann dir d'Dronkefruucht erausrappt, kéint dir an engems och de Weess erausrappen.
- 30 Loosst béides bis de Karschnatz wuessen. Wa Karschnatz ass, soen ech dann zu deenen, déi de Weess eranhuelen, datt si d'Dronkefruucht fir d'éischt erausrappen a se dann a Gaarwe banne sollen, fir se ze verbrennen. De Weess solle si awer a meng Scheier erabréngen.“

D'Gläichnesser iwwert de Moschterkär an den Deessem

Marc 4,30-32; Luc 13,18-21

- 31 De Jesus huet hinnen en anert Gläichnes verzielt: „D'Kinnekräich vum Himmel ass ewéi e Moschterkär, deen e Mënsch kritt huet an op säin Aker geséit huet.

32 De Moschterkär ass dee klengste vun alle Kären, mee wann e bis ausgewuess ass, ass en dee gréisste vun de Gaardekraider a gëtt e Bam, esou datt d'wëll Vigel kommen an hir Näschter a sengen Äscht bauen.“

33 Hien huet hinnen en anert Gläichnes verzielt: „D'Kinnekräich vum Himmel ass ewéiDeessem, deen eng Fra kritt huet an ënner dräi Moosse Weessemiel gemëscht huet, bis dat ganz gesaiert war.“

34 De Jesus huet de Leit dat alles a Gläichnesser verzielt. Hien huet just nach Gläichnesser gebraucht, fir si ze beléieren.

35 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophéit gesot gouf: „Ech maache mäi Mond op a verkënnegen a Gläichnesser dat, wat zënter der Schöpfung vun der Welt verstoppt gouf.“

De Jesus erkläert de Jénger d'Gläichnes iwwert d'Dronkefruucht

36 Dunn huet de Jesus d'Leit verlooss a goug an d'Haus. Seng Jénger koume bei hien a soten: „Erklär eis d'Gläichnes vun der Dronkefruucht um Aker!“

37 Hien huet hinne geäntwert: „Deen, deen de gudde Som séit ass deJong vum Mënsch.

38 Den Aker ass d'Welt. De gudde Som sinn d'Kanner vum Kinnekräich; mee d'Kanner vum Béise sinn d'Dronkefruucht.

39 De Feind, dee se geséit huet, ass den Däiwel. De Karschnatz ass d'Enn vum Zäitalter. Déi, déi de Weess eranhuelen, sinnEngelen|Engel.

40 Esou wéi d'Dronkefruucht erausgerappt an am Feier verbrannt gëtt, esou ass et och um Enn vun dësem Zäitalter.

41 De Jong vum Mënsch schéckt da seng Engelen a si rappen alles aus sengem Kinnekräich eraus, wat d'Leit sënnegen deet, an all déi, déi gesetzlos liewen.

42 D'Engele geheie si an de Feieruewen. Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.

43 Da liichten déi Gerecht wéi d'Sonn am Kinnekräich vun hirem Papp. Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!

D'Gläichnesser iwwert e Schatz an iwwert Pärelen

44 D'Kinnekräich vum Himmel ass ewéi e Schatz, deen an engem Feld verstoppt war. E Mann huet de Schatz fonnt an dann nees verstoppt. Aus e lauter Freed ass hien higaangen, huet säi ganze Besëtz verkaf a mam Erléis dat Feld kaf.

45 D'Kinnekräich vum Himmel ass och ewéi en Händler, dee schéi Pärele gesicht huet.

46 Wéi hien eng ganz wäertvoll Pärel fonnt huet, ass hien higaangen, huet säi ganze Besëtz verkaf an d'Pärel kaf.

D'Gläichnes iwwert d'Netz

47 D'Kinnekräich vum Himmel ass och ewéi en Netz, dat an de Séi ausgeworf gouf, fir all Aarte vu Fësch ze fänken.

48 Wéi d'Netz voll war, hunn d'Fëscher et un d'Uwänner gezunn. Si hu sech gesat an d'Fësch gesënnert. Déi gutt hu si a Fëschkierf gesammelt an déi schlecht ewechgehait.

49 Esou ass et och um Enn vum Zäitalter. D'Engele kommen an trennen déi Béis vun de Gerechten.

50 Da geheie si déi Béis an de Feieruewen. Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.“

51 De Jesus sot zu hinnen: „Hutt dir dat alles verstanen?“ „Jo“, hu si geäntwert.

52 Hie sot dunn zu hinnen: „Dofir ass all Léiermeeschter vum Gesetz, deen zum Jénger vum Kinnekräich vum Himmel gemaach gouf, ewéi en Haushär, deen aus senger Schatzkummer nei an al Saachen eraushëlt.“

De Jesus geet a säin Heemechtsduerf

Marc 6,1-6; Luc 4,16-30

53 Wéi de Jesus dës Gläichneser ofgeschloss hat, gong hie vun do fort

54 a gong a seng Heemecht. Do huet hien d'Leit an hirer Synagog geléiert. Si ware verwonnert a soten: „Vu wou huet dëse Mann dës Wäisheet an dës Wonner hier?

55 Ass hien net dem Zammermann säi Jong? Heescht seng Mamm net Maria? Sinn net de Jacques, de Yosséi, de Schimon an de Judas seng Bridder?

56 Sinn net all seng Schwësteren hei bei eis? Vu wou huet deen dat alles?“

57 Si hunn Ustouss un him geholl. De Jesus sot awer zu hinnen: „E Prophét gëtt néierens esou veruecht, wéi a senger Heemecht an a senger Famill.“

58 Hien huet wéinst hirem Onglawen net vill Wonner do gewierkt.

Mattias 14

Den Herodes léisst de Jean den Deefer kappen

Marc 6,14-29; Luc 9,7-9

1 Zu där Zäit huet den Tetrarch Herodes e Bericht iwwert de Jesus héieren.

- 2 Hie sot zu senge Beroder: „Hien ass bestëmmt de Jean den Deefer! Hien ass vun den Doudegen operstanen! Dofir wierken dës Muechten duerch hien.“
- 3 Den Herodes hat nämlech an der Zäit de Jean verhaften, fesselen an an de Prisong geheie gelooss, wéinst der Herodias, der Fra vu sengem Brudder Philippe.
- 4 De Jean hat nämlech zu him gesot gehat: „Et ass dir net erlaabt, si als Fra ze hunn!“
- 5 Dofir hat den Herodes hie wëllen ëmbréngé loossen, mee hien hat Angscht virum Vollek, well et de Jean fir e Prophét gehalen hat.
- 6 Op dem Herodes senger Gebuertsdaysfeier, hat dem Herodias seng Duechter virun de Gäscht gedantz an dem Herodes esou gutt gefall,
- 7 datt hie mat engem Schwuer versprach hat, him dat ze ginn, wat hatt sech wënsche géif.
- 8 Hatt war vu senger Mamm opgestéppelt ginn, zu him ze soen: „Gëff mir de Kapp vum Jean dem Deefer hei op engem Plateau!“
- 9 Dat hat de Kinnek traureg gemaach, mee well hien et geschwuer hat a wéinst senge Gäscht, hat hie befuel, fir him en ze ginn.
- 10 Hien hat dofir ee geschéckt, fir de Jean am Prisong ze kappen.
- 11 Säi Kapp gouf op engem Plateau erabruecht an dem Meedche ginn, dat e senger Mamm bruecht hat.
- 12 Dem Jean seng Jénger ware komm, fir seng Läich ofzehuelen an ze begruewen. Duerno gounge si bei de Jesus, fir him dovunner ze verzielen.

De Jesus gëtt ongeféier fënnefdausend Männer z'iessen

Marc 6,30-44; Luc 9,10-17; Jean 6,1-15

- 13 Nodeems de Jesus dovunner héieren hat, ass hien an engem Naache|Naachen vun do fortgefuer an huet sech eleng op eng verlosse Plaz zeréckgezunn. Mee wéi d'Leit dovunner Wand kruten, gounge si him aus de Stied zu Fouss no.
- 14 Wéi de Jesus aus dem Naachen erausgeklommen ass an déi immens vill Leit gesinn huet, hat hie Matleed mat hinnen an huet hir Krank geheelt.
- 15 Géint der Owend koume seng Jénger bei hien a soten: „Dat hei ass eng verlosse Plaz an et ass scho spéit. Schéck d'Leit fort, fir datt si an d'Dierfer ginn a sech selwer eppes z'iesse kafe kënnen.“
- 16 De Jesus huet hinne geäntwert: „Si brauchen net fortzegoen. Gitt dir hinnen dach eppes z'iessen.“
- 17 „Mir hunn nëmme fënnef Rueden|Rueden Brout an zwee Fësch“, sote si zu him.

18 „Bréngt se bei mech“, sot hien.

19 Dunn huet de Jesus de Leit befuel, sech an d'Gras ze setzen. Hien huet déi fënnef Ruechte Brout an zwee Fësch geholl, an den Himmel gekuckt an e Segen ausgeschwat. Hien huet d'Brout a Stécker gebrach a se de Jénger ginn, déi se de Leit ginn hunn.

20 Jiddereen huet giess, bis e sat war. D'Jénger hunn d'Broutstécker, déi iwwereg bloufen, agesammelt. Et waren zwielef Kierf voll.

21 D'Zuel vun deenen, déi giess haten, war ongeféier fënnefdausend Männer, oui d'Fraen an d'Kanner matzezielen.

De Jesus geet um Waasser

Marc 6,45-56; Jean 6,16-24

22 Direkt drop huet de Jesus d'Jénger dozou opgefuerdert, an den Naachen ze klammen an him viraus un den aneren Uwänner ze segelen. An der Tëschenzäit wollt hien d'Leit fortschécken.

23 Nodeems hien d'Leit fortgeschéckt hat, giong hien eleng op e Bierg, fir ze bieden. Owes war hien eleng um Bierg.

24 An der Tëschenzäit war den Naache matzen um Séi an hat wéinst de Welle schwéier ze kämpfen, well Géigewand war.

25 Tëschent dräi a sechs Auer mueres koum de Jesus bei si, andeems hien iwwert de Séi gaangen ass.

26 Wéi d'Jénger hien um Séi goe gesinn hunn, si si erféiert a soten: „'t ass e Gespenst!“ Si hunn aus lauter Angscht Kreesch gedoen.

27 De Jesus huet direkt mat hinne geschwat: „Hieft Courage! Ech sinn et; hieft keng Angscht!“

28 De Péitrus huet geäntwert: „Här, wann s du et bass, da géff mir den Uerder, fir iwwert d'Waasser bei dech ze kommen.“

29 „Komm“, sot hien. Dunn ass de Péitrus aus dem Naache geklommen an ass iwwert d'Waasser bei de Jesus gaangen.

30 Wéi hien de staarke Wand gesinn huet, krut hien et mat der Angscht ze dinn an huet ugefaangen ënnerzegoen. Hien huet geruff: „Här, rett mech!“

31 Direkt huet de Jesus seng Hand ausgestreckt, de Péitrus ergraff an zu him gesot: „Du Klengleewegen! Firwat hues du gezweiwelt?“

32 Wéi si an den Naache geklomme sinn, huet de Wand sech geluecht.

33 Déi, déi am Naache waren, hu sech virun him vernäipt a soten: „Du bass wierklech de Jong vu Gott!“

34 Nodeems si eriwwegefuer waren, koume si bei Genneesaret u Land.

35 Wéi d'Awunner vun do hien erkannt hunn, hu si Leit an déi ganz Ëmgéigend erausgeschéckt an hunn him all déi Krank bruecht.

36 Si hunn hien ugebiedelt, fir nëmmen d'Zizit vu sengem Tallit dierfen ze beréieren. Jiddereen, dee se beréiert huet, gouf geheelt.

Mattias 15

Reng an onreng

Marc 7,1-13

1 Duerno koume Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum GesetzaPharisäer vu Jerusalem bei de Jesus a froten:

2 „Firwat verstoussen dengJéngergéint d'Traditioun vun den Eelsten? Si wäsche jo hir Hänn net virum lessen!“

3 De Jesus huet hinne geäntwert: „Firwat verstousst dir géint d'Gebot vu Gott wéinst ärer Traditioun?“

4 Gott sot: ‚Éier däi Papp an deng Mamm‘, oder: ‚Wie säi Papp oder seng Mamm verflucht, muss ganz gewëss stierwen.‘

5 Dir sot awer: ‚Wien zu sengem Papp oder zu senger Mamm seet: ‚Dat, wat s du vu mir zegutt häss, hunn ech Gott als Affer versprach‘,

6 dee brauch da säi Papp oder seng Mamm net méi ze éieren.‘ Esou annulléiert dir d'Gebot vu Gott duerch är Traditioun.

7 Dir Heuchler! De Yesaia huet richteg iwwert iech propheetzeit, wéi hie sot:

8 ‚Dëst Vollek kënnt mat hirem Mond no u mech erun an et éiert mech mat senge Lëpsen, mee säin Häerz ass wäit vu mir ewech.

9 Ëmsoss biede si mech un a si enseignéieren als Léier Geboter vu Mënschen.“

10 De Jesus huet d'Leit bei sech geruff a sot: „Lauschtert no a verstitt dat hei:

11 Et ass net dat, wat an dem Mënsch säi Mond erageet, wat hien onreng mécht, mee dat, wat aus dem Mënsch sengem Mond erauskënnt, mécht hien onreng.“

12 Du koume seng Jénger bei hien a froten hien: „Weess du, datt d'Pharisäer schockéiert waren, wéi si dës Ried héieren hunn?“

13 Hien huet geäntwert: „All Planz, déi mäin himmlesche Papp net gesat huet, gött erausgerappt.

14 Loosst si! Si si Blanner, déi déi Blann féieren! Wann e Blannen e Blanne féiert, fale se allebéid an e Gruef.“

- 15 Doropshi sot de Péitrus zu him: „Erklär eis döst Gläichnes!“
- 16 „Hutt dir dat och nach ëmmer net bekäpft?“, sot de Jesus.
- 17 „Verstitt dir dann net, datt alles, wat duerch de Mond erakënnt, an de Bauch geet an dann op natierlechem Wee ausgescheet gött.
- 18 Mee dat, wat aus dem Mond erauskënnt, kënnt aus dem Häerz an dat mécht de Mënsch onreng.
- 19 Aus dem Häerz kommen nämlech béis Gedanken, fir ze ermorden, d’Bestietnes ze briechen, andeems ee friemgeet, onerlaabte Sex ze hunn, ze klauen, falsch auszesoen an ze lästeren.
- 20 Alles dat mécht de Mënsch onreng. Mat ongewäschen Hänn z’iessen, mécht de Mënsch awer net onreng.“

D’Kanaaniterin gleeft

Marc 7,24-30

- 21 De Jesus giong vun do fort an huet sech an d’Géigend vun Tyr an Zidon zeréckgezunn.
- 22 Du kouv eng Kanaaniterin aus där Regioun bei hien an huet geruff: „Erbaarm dech menger, Här, Jong vum David! Meng Duechter gött schrecklech vun engem Dämon geplot.“
- 23 De Jesus huet awer guer net drop geäntwert. Seng Jénger koume bei hien an hunn hie gebieden: „Schéck si dach fort! Si jäizt hannert eis hier.“
- 24 De Jesus huet geäntwert: „Ech gouf just bei déi verluere Schof aus dem Haus Israel geschéckt.“
- 25 Mee d’Fra kouv bei hien, huet sech virun him vernäipt a sot: „Här, hëllef mir!“
- 26 „Et ass net gutt, de Kanner hiert Brout ewechzehuelen an et bei d’Mippercher ze geheien“, huet hie geäntwert.
- 27 „Jo, Här“, sot si, „mee esouguer d’Mippercher friessen d’Grimmelen, déi vum Dësch vun hirem Meeschter falen!“
- 28 Dunn huet de Jesus hir geäntwert: „Fra, däi Glawen ass grouss! Däi Wunsch soll dir erfëllt ginn.“ An deem Abléck gouf hir Duechter geheelt.

De Jesus gött véierdausend Männer z’iessen

Marc 8,1-10

- 29 De Jesus huet déi Plaz verlooss a giong laanscht de Séi vu Galilea. Du giong hien op e Bierg an huet sech do niddergesat.
- 30 Ganz vill Leit koume bei hien. Si hunn déi Schlamm, déi Blann, déi Stomm, d’Krëppelen an nach vill anerer dem Jesus virun d’Féiss geluecht an hien huet si geheelt.

- 31 D'Leit ware verwonnert, wéi si gesinn hunn, datt déi Stomm geschwat hunn, d'Krëppelen nees gesond waren, déi Schlamm goen an déi Blann gesi konnten. Si hunn de Gott vun Israel gelueft.
- 32 De Jesus huet seng Jénger bei sech geruff a sot: „Ech hu Matleed mat de Leit, well si schonn zënter dräi Deeg bei mir sinn an näischt méi hunn, fir z'iessen. Ech wëll si net hongereg fortschécken, soss brieche si ënnerwee nach zesummen.“
- 33 Seng Jénger froten hien: „Wou kënne mir esou vill Brout op dëser verloosener Plaz hierkréien, fir esou vill Leit sat ze kréien?“
- 34 „Wéi vill Brout hutt dir?“, frof de Jesus si. „SiweRuechten|Ruecht an nach vereenzelt kleng Fësch“, sote si.
- 35 De Jesus huet de Leit befuel, sech op de Buedem ze setzen.
- 36 Hien huet déi siwe Ruechte Brout an d'Fësch geholl, dofir Merci gesot, si a Stécker gedeelt a senge Jénger ginn, fir se un d'Leit ze verdeelen.
- 37 Jiddereen huet giess a gouf sat. Si hu siwe grouss Kierf mat Reschter vun de Stécker agesammelt.
- 38 Et ware véierdausend Männer, déi giess haten, ouni d'Fraen an d'Kanner matzezielen.
- 39 Nodeems de Jesus d'Leit fortgeschéckt hat, ass hien an enNaache|Naachen geklommen an ass an d'Géigend vu Magdala gefuer.

Mattias 16

D'Pharisäer an d'Zaddukiter verlaangen no engem Zeechen

Marc 8,11-13

- 1 D'Pharisäer an d'Zaddukiter koume bei de Jesus, fir hien op d'Prouf ze stellen. Si hunn hie gefrot, fir hinnen en Zeeche vum Himmel ze weisen.
- 2 Hien huet hinnen du geäntwert: „Beim Sonnenënnergang sot dir: ‚D'Wieder gött muer gutt, well den Himmel feierrouf ass.‘
- 3 Mueres sot dir: ‚Haut gött et stiermesch, well den Himmel feierrouf a bedeckt ass.‘ Heuchler! Dir wësst d'Ausgesi vum Himmel ze deiten, mee d'Zeeche vun den Zäite kënnt dir net deiten!
- 4 Eng béis an ontrei Generatioun sicht no engem Zeechen, mee si kritt keen Zeechen, ausser dem Zeeche vum Prophéit Yona.“ De Jesus huet si verlooss a goug vun do fort.

Den Deessem vun de Pharisäer a vun den Zaddukiter

Marc 8,14-21

5 SengJénger koumen um aneren Uwänner un, mee si hate vergiess, fir Brout matzehuelen.

6 „Gitt uecht!“, sot de Jesus zu hinnen. „Hitt iech virumDeessem vun de Pharisäer an den Zaddukiter!“

7 „Hie sot dat, well mir kee Brout matbruecht hunn“, hu si ënnerteneen diskutéiert.

8 De Jesus krut hir Diskussioun mat a sot: „Dir Klenggleeweg! Firwat diskutéiert dir ënnerteneen, datt dir kee Brout hutt?“

9 Verstitt dir nach ëmmer näischt? Erënnert dir iech net un déi fënnefRuechte|Ruecht Brout fir déi fënnefdausend a wéi vill Kierf voll dir duerno agesammelt hat?

10 Oder un déi siwe Brout fir déi véierdausend a wéi vill Kierf voll dir duerno agesammelt hat?

11 Wéi kënnt dir da nëmme mengen, datt ech iech vu Brout geschwat hunn? Hitt iech virum Deessem vun de Pharisäer an den Zaddukiter!“

12 Dunn hu si verstanen, datt hien hinnen net gesot hat, op den Deessem am Brout uecht ze ginn, mee op d’Léier vun de Pharisäer an den Zaddukiter.

De Péitrus seet, de Jesus wier de Messias

Marc 8,27-30; Luc 9,18-21

13 Wéi de Jesus an d’Géigend vun Caesarea Philippi kouw, frot hie seng Jénger: „Wie soen d’Leit, datt ech, deJong vum Mënsch, sinn?“

14 Si hu geäntwert: „Déi eng soen, de Jean den Deefer, anerer den Elia, anerer de Yeremia oder ee vun de Prophéiten.“

15 „An dir, wie sot dir, datt ech sinn?“, frot hie si.

16 De Schimon-Péitrus huet geäntwert: „Du bass deMessias, de Jong vum liewege Gott.“

17 „Schimon Bar Yona , du bass geseent!“, huet de Jesus him geäntwert. „Dat gouf dir nämlech net duerch e Mënsch gewisen, mee duerch mäi Papp am Himmel.“

18 Ech soen dir: Du bass de Péitrus, e Fiels, an op dësem feste Grond bauen ech meng Gemeinschaft. D’Paarte vumHades iwuerwältege se net.

19 Ech ginn dir d’Schlëssele vum Kinnekräich vum Himmel: Wat s du hei op der Äerd verbitts, gött am Himmel verbueden a wat s du hei op der Äerd erlaabs, gött am Himmel erlaabt.“

20 Dunn huet hie senge Jénger opgedroen, kengem z’erzielen, datt hien de Messias wier.

De Jesus seet säin Doud a seng Operstéiung viraus

Marc 8,31—9,1; Luc 9,22-27

- 21 Vun do un huet de Jesus ugefaangen, senge Jénger z'erklären, datt hien op Jerusalem misst goen, vill misst duerch déi Eelst, déi iwwer Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz leiden, datt hien ëmbruecht an um drëtten Dag operwächt géif ginn.
- 22 Dunn huet de Péitrus hien op d'Säit geholl an ugefaangen, hien zurechtzewisen: „Gott soll dech schützen, Här! Dat wäert dir net geschéien!“
- 23 Mee de Jesus huet sech ëmgedréit a sot zum Péitrus: „Géi mir aus den Aen, Satan! Du stees mir am Wee! Du hues nämlech net dat am Sënn, wat Gott wëllt, mee wat de Mënsch wëllt.“
- 24 Du sot de Jesus zu senge Jénger: „Wie mir nogoe wëllt, dee muss sech selwer verleegegen, säi Kräiz op sech huelen a mir nogoen.“
- 25 Wie säi Liewe rette wëllt, verléiert et; mee wie säi Liewe wéinst menger verléiert, fënnt et.
- 26 Wat bréngt et engem Mënsch, d'ganz Welt ze gewannen, mee säi Liewen anzebéissen? Wat kéint e Mënsch als Tosch fir säi Liewe ginn?
- 27 De Jong vum Mënsch kënnt nämlech an der Herrlechkeet vu sengem Papp mat sengen Engelen|Engel. Da bezilt hien all Mënsch opgrond vu sengen Doten zeréck.
- 28 Ech soen iech d'Wourecht: Hei sti verschidde Leit, déi net stierwen, bis si de Jong vum Mënsch a sengem Kinnekräich komme gesinn.“

Mattias 17

De Jesus gött verwandelt

Marc 9,2-13; Luc 9,28-36

- 1 Sechs Deeg drop huet de Jesus de Péitrus, de Jacques an deem säi Brudder Jean eleng mat op en héije Bierg geholl.
- 2 Hie gouf do virun hinne verwandelt. Säi Gesiicht huet ewéi d'Sonn geliicht a seng Kleeder goufe wäiss ewéi d'Liicht.
- 3 Op eemol hu si de Moses an den Elia, déi mam Jesus geschwat hunn, viru sech gesinn.
- 4 „Här, et ass gutt, datt mir hei sinn!“, sot de Péitrus zum Jesus. „Wann s du wëlls, riichte mir dräi Zelter hei op: eent fir dech, eent fir de Moses an eent fir den Elia.“
- 5 Wéi hien nach am Gaang war, ze schwätzen, huet eng hell Wollek hire Schiet op si geworf. Eng Stëmm koum aus der Wollek, déi sot: „Dat hei ass

mäi Jong, deen ech gär hunn an un deem ech Gefalen hunn. Lauschtert op hien!“

⁶ Wéi d'Jénger dat héieren hunn, krute si et mat der Angscht ze dinn an hu sech mam Gesiicht op de Buedem gehäit.

⁷ Mee de Jesus koom bei si an huet si beréiert. „Stitt op!“, sot hien. „Hutt keng Angscht!“

⁸ Wéi si opgekuckt hunn, hu si keen ausser dem Jesus gesinn. Hie war eleng.

⁹ Iwwerdeems si de Bierg erfogongen, huet de Jesus hinnen opgedroen: „Zielt kengem vun dëser Visioun, bis de Jong vum Mënsch vun den Doudegen operstanen ass.“

¹⁰ „Firwat soen d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, datt den Elia fir d'éischt komme muss?“, froten d'Jénger hien.

¹¹ „Den Elia kënnt effektiv fir d'éischt, fir alles nees hierzestellen“, huet de Jesus hinne geäntwert.

¹² „Ech soen iech, datt den Elia scho komm ass a si hunn hien net erkannt. Si hu mat him gemaach, wat si wollten. Geneesou muss de Jong vum Mënsch duerch si leiden.“

¹³ Dunn hunn d'Jénger verstanen, datt hien hinne vum Jean dem Deefer geschwat huet.

De Jesus heelt e Jong mat engem Dämon

Marc 9,14-29; Luc 9,37-43

¹⁴ Si koume bei eng Hellewull Leit an du koom e Mann bei de Jesus, huet sech virun hie geknéit a gesot:

¹⁵ „Här, hief Erbaarme mat mengem Bouf. Mäi Bouf fält nämlech an d'Kränkt a muss fuerchtbar leiden. Hie fält dacks an d'Feier an dacks an d'Waasser.“

¹⁶ Ech hunn hie bei deng Jénger bruecht, mee si konnten hien net heelen.“

¹⁷ „Dir ongleeweg a pervers Generatioun!“, huet de Jesus geäntwert. „Wéi laang soll ech nach bei iech sinn a wéi laang muss ech iech nach erdroen? Bréngt de Jong bei mech!“

¹⁸ Dunn huet de Jesus dem Dämon gedreet an en ass aus dem Jong gefuer. An deem Abléck nach gouf de Jong geheelt.

¹⁹ Duerno koumen d'Jénger bei de Jesus a wéi si eleng waren, frote si hien: „Firwat konnte mir de Geesch net ausdreiwen?“

²⁰ Hien huet geäntwert: „Dat war, well et iech u Glawe gefeelt huet. Ech soen iech d'Wourecht! Wann dir Glawen esou grouss wéi e Moschterkär hätt, da

kéint dir zu dësem Bierg soen: ‚Beweeg dech vun heihinner bis dohinner‘ an e géif sech beweegen. Näischt wäert fir iech onméiglech sinn.

21 Mee dës Zort vu Geescht fiert net eraus, ausser duerch Gebiet a Faaschten.“

22 Wéi si zesammen a Galilea Zäit verbruecht hunn, sot de Jesus zu hinnen: „De Jong vum Mënsch gëtt an d’Hänn vun de Mënschen ausgeliiwert.

23 Si bréngen hien ëm, mee um drëtten Dag gëtt hien nees erwächt.“ Si goufen dowéinst schrecklech traureg.

D’Tempelsteier

24 Wéi si op Kapernaum koumen, koumen déi, déi den hallwe Schekel asammelen, bei de Péitrus a froten hien: „Äre Léiermeeschter bezilt jo d’Tempelsteier, oder net?“

25 „Dach“, sot deen. Wéi hien an d’Haus koum, huet de Jesus fir d’éischt mat him geschwat: „Schimon, wat mengs du? Vu wem huelen déi ierdesch Kinneken Zoll a Steieren an? Huele si déi vun hire Kanner oder vu Friemer?“

26 „Ma vu Friemer“, huet de Péitrus geäntwert. „Da sinn d’Kanner entlaascht“, sot de Jesus zu him.

27 „Mee fir si net ze beleidegen, géi bei de Séi a werf d’Aangel mat engem Kleepchen aus. Huel dann den éischte Fësch, deen s du fänks eraus, a maach him d’Maul op. Do fënns du ee Schekel . Huel deen a géff e fir mech a fir dech of.“

Mattias 18

Dee Wichtegsten am Kinnekräich vum Himmel

Marc 9,33-37; Luc 9,46-48

1 Zu där Zäit koumen d’Jénger bei de Jesus a froten hien: „Wien ass dee Wichtegsten am Kinnekräich vum Himmel?“

2 De Jesus huet e klengt Kand bei sech geruff an et an hir Mëtt gestallt.

3 Hie sot: „Ech soen iech d’Wourecht: Wann dir net ëmkéiert an ewéi klengt Kanner gitt, kommt dir net an d’Kinnekräich vum Himmel eran.

4 Wie sech esou erniddregt wéi dëst klengt Kand, ass dee Wichtegsten am Kinnekräich vum Himmel.

5 Wien esou e Këndchen a mengem Numm ophëlt, hëlt mech op.

6 Wien ee vun dëse Klengen, déi u mech gleewen, sënnegen deet, fir dee wier et besser, datt him e Millesteen ëm den Hals gehaangen an hien am déiwe Mier ersoff géif ginn!

7 Wéi schrecklech gött et fir d'Welt wéinst de Versuchungen! Versuchunge mussen zwar kommen, mee wéi schrecklech fir deen, duerch deen d'Vesuchung kënnt!

8 Wann deng Hand oder däi Fouss dech sënnege deet, dann ha se of a gehei se ewech! Et ass nämlech besser fir dech, schlamm oder als Krëppel an d'Liewen ze goen, wéi zwou Hänn oder zwee Féiss ze hunn an an d'éiweg Feier gehäit ze ginn.

9 Wann däin A dech sënnege deet, da rapp et eraus a gehei et ewech. Et ass besser fir dech, mat engem A an d'Liewen ze goen, wéi mat zwee Aen an d'Feier vun der Gehenna gehäit ze ginn.

D'Gläichnes iwwert d'Schof, dat sech veriert

Luc 15,1-7

10 Passt op, datt dir op kee vun dese Klengen erfokuckt! Ech soen iech nämlech, datt hir Engelen|Engel am Himmel ëmmer an der Präsenz vu mengem Papp sinn, deen am Himmel ass.

11 De Jong vum Mënsch ass nämlech komm, fir dat, wat verluer ass, ze retten.

12 Wat mengt dir? Wann e Mann honnert Schof huet an eent vun hinne veriert sech, léisst hien dann net déi néngannonzeg Schof op de Bierger zeréck, fir dat, wat sech veriert huet, ze sichen?

13 Ech soen iech d'Wourecht: Wann hien d'Schof fënnt, da freet hie sech méi iwwert dat eent Schof, wéi iwwert déi néngannonzeg, déi sech net veriert haten.

14 Esou wëllt äre Papp am Himmel net, datt och nëmmen ee vun dese Klengen verluer geet.

De Brudder, dee géint dech sënnegt

Luc 17,3-4

15 Wann däi Brudder géint dech sënnegt, da géi bei hien a weis him säi Feeler ënner véier Aen. Wann hien op dech lauschtert, dann hues du däi Brudder zeréckgewonnen.

16 Wann hien awer net op dech lauschtert, dann huel nach een oder zwee anerer mat, fir datt duerch d'Ausso vun zwee oder dräi Zeien alles, wat gesot gouf, bestäetgt ka ginn.

17 Wann hien net op si lauschtert, dann ziel der Gemeinschaft et. Wann hien net op d'Gemeinschaft lauschtert, da soll hie wéi en Net-Judd an eSteierandreiwer fir iech sinn.

18 Ech soen iech d'Wourecht! Wat dir hei op der Äerd verbitt, gött am Himmel verbueden; wat dir hei op der Äerd erlaabt, gött am Himmel erlaabt.

19 Ech soen iech nees: Wann der zwee vun iech sech hei op der Äerd eens sinn iwwert dat, wat si froen, da gëtt dat fir si vu mengem Papp am Himmel gemaach.

20 Do, wou nämlech zwee oder dräi Leit a mengem Numm versammelt sinn, sinn ech matzen ënnert hinnen.“

D'Gläichnes iwwert den Dénger, dee keen Erbaarmen hat

21 Du koum de Péitrus bei de Jesus a frot hien: „Här, wéi dacks soll ech mengem Brudder verzeien, dee sech géint mech versënnegt? Bis siwemol?“

22 „Net siwemol“, huet de Jesus him geäntwert, „mee siwenasiwwenzegmol.

23 Dofir kann d'Kinnekräich vum Himmel mat engem Kinnek verglach ginn, dee mat sengen Dénger ofrechne wollt.

24 Wéi hie mat der Ofrechnung ugefaangen huet, gouf en Dénger bei hie bruecht, deen him zéngtausend Talantone schëlleg war.

25 Den Dénger konnt dat net zeréckbezuelen an dofir huet säi Meeschter den Uerder ginn, hien, seng Fra, seng Kanner a säi ganze Besëtz ze verkafen, fir esou d'Schold ofzebezuelen.

26 Den Dénger huet sech dunn op de Buedem virun him niddergeworf a sot: ‚Meeschter, sief gedëlleg mat mir! Ech bezuelen dir alles zeréck.‘

27 De Meeschter hat mam Dénger Erbaarmen; hien huet hie fräigelooß an him seng Schold erlooß.

28 Wéi dësen Dénger fortgoung, huet hien ee vun den Dénger begéint, dee mat him geschafft huet an deen him honnert Denare|Denar schëlleg war. Hien huet deen aneren ergraff, mam Hals geholl a sot: ‚Bezuel mir dat, wat s du mir schëlleg bass!‘

29 Dunn huet deen Dénger sech viru seng Féiss op de Buedem gehäit an huet gebiedelt: ‚Sief gedëlleg mat mir! Ech bezuelen dir alles zeréck.‘

30 Mee den Dénger huet dat net ugeholl. Amplaz dovun ass hien higaangen an huet hien an de Prisong gehäit, bis hien d'Schold bezuele géif.

31 Wéi déi aner Dénger gesinn hunn, wat geschitt war, ware si zudéifst bedréckt. Si gounge bei hire Meeschter an hunn him alles verzielt, wat geschitt war.

32 Doropshin huet de Meeschter den Dénger bei sech geruff a sot zu him: ‚Du béisen Dénger! Ech hunn dir deng ganz Schold erlooß, well s du mech drëm gebiedelt hues.

33 Häss net och du sollen Erbaarme mat dengem Matdénger hunn, esou wéi ech mat dir Erbaarmen hat?‘

34 SÄi Meeschter war rosen an huet hien un d'Foltergiischercher ausgeliiwert, bis hie seng ganz Schold ofbezuelt hätt.

35 Esou geet mäin himmesche Papp mat iech ëm, wann dir ärem Brudder seng Iwwerriedungen net vu ganzem Häerz verzeit.“

Mattias 19

Eng Fro iwwert Scheedung

Mattias 5,31-32; Marc 10,2-12; Luc 16,18

1 Nodeems de Jesus dës Ried ofgeschloss hat, huet hie Galilea verlooss a koum iwwer déi aner Säit vum Jordan an d'Géigend vu Judea.

2 Onmoosseg vill Leit gounge him no an hien huet si do geheelt.

3 Pharisäer koume bei hien, fir hien op d'Prouf ze stellen. Si froten: „Ass et engem Mann erlaabt, fir sech vu senger Fra ‚aus wat fir engem Grund och ëmmer‘ scheeden ze loosser?“

4 De Jesus huet hinne geäntwert: „Hutt dir net gelies, datt de Schöpfer de Mënsch am Ufank als Mann an als Fra erschafen huet

5 an datt hie sot: ‚Dowéinst verlísst e Mann säi Papp a seng Mamm, fir sech u seng Fra ze bannen. Déi Zweek ginn ee Läif?‘

6 Si sinn also net méi zwee, mee ee Läif. Dat, wat Gott zesummebruecht huet, soll de Mënsch net trennen.“

7 D'Pharisäer froten de Jesus: „Firwat huet de Moses eis da virgeschriwwen, der Fra e Scheedungsattest ze ginn a sech esou vun hir scheeden ze loosser?“

8 De Jesus huet hinne geäntwert: „De Moses huet iech erlaabt, fir iech vun äre Frae scheeden ze loosser, well dir esou verbrueten Häerzer hutt. Am Ufank war dat awer net esou.

9 Ech soen iech: Wie sech vu senger Fra scheede léisst an eng aner Fra bestit, et sief dann, et wier wéinst onerlaabtem Sex, dee geet mat där Fra friem a brécht d'Bestietnes. Wien déi gescheete Fra bestit, dee geet da mat där Fra friem a brécht d'Bestietnes.“

10 Du sote sengJénger zu him: „Wann dat esou ëm e Mann mat enger Fra bestallt ass, dann ass et besser, fir sech net ze bestueden!“

11 Mee hie sot zu hinnen: „Net all Mënsch kann dës Ausso unhuelen, ausser deenen, deene se gi gouf.“

12 Männer kënnen aus verschidde Grënn Jonggeselle sinn: Déi eng sinn et, well si zënter der Gebuert kee Bedürfnis hunn, fir sech ze bestueden; anerer

sinn et, well d'Mënsche si kastréiert hunn; an nach anerer si fir d'Kinnekräich vum Himmel Jonggesellen. Wien dat verstoe kann, soll et verstoen!"

De Jesus an déi kleng Kanner

Marc 10,13-16; Luc 18,15-17

13 Du goufe Kanner bei de Jesus bruecht, fir datt hien d'Hänn op si leeën a biede géif. Mee d'Jénger hunn déi, déi d'Kanner bruecht hunn, zurechtgewisen.

14 De Jesus sot awer: „Loosst déi kleng Kanner bei mech kommen an haalt si net dovunner of, fir bei mech ze kommen. D'Kinnekräich vum Himmel besteet nämlech aus Mënschen ewéi hinnen.“

15 Nodeems hien d'Hänn op si geluecht hat, gong hie vun do fort.

E Räiche stellt eng Fro

Marc 10,17-31; Luc 18,18-30

16 Et koum e Mann bei hien, dee frot: „Gudde Léiermeeschter, wat muss ech Guddes maachen, fir éiweg Liewen ze hunn?“

17 „Firwat nenns du mech gutt?“, huet de Jesus him geäntwert. „Et ass kee gutt, ausser Gott eleng. Wann s du awer an d'Liewe goe wëlls, dann hal d'Geboter an.“

18 „Ma wéi eng?“, frot de Mann. De Jesus huet geäntwert: „Ermort keen; Briech d'Bestietnes net, andeems du friemgees; Klau net; Maach keng falsch Zeienausso;

19 Éier däi Papp an deng Mamm.‘ ,Hief däin Nächst gär wéi dech selwer.“

20 „Zënter menger Jugend hunn ech dat alles agehalen“, huet de jonke Mann geäntwert. „Wat feelt mir nach?“

21 De Jesus sot zu him: „Wann s du vollkomme wëlls sinn, da géi a verkaf däi Besëtz a géif en den Aarmen. Da kriss du e Schatz am Himmel. Komm, géi mir no!“

22 Wéi de jonke Mann dat héieren huet, gong hien traureg fort, well hien e grouse Besëtz hat.

23 De Jesus sot zu senger Jénger: „Ech soen iech d'Wourecht! Wéi schwéier ass et fir e Räichen an d'Kinnekräich vum Himmel ze kommen.

24 Ech soen iech nees: Et ass méi einfach, fir e Kaméil duerch d'Lach vun enger Bitznol ze goen, wéi fir e Räichen an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen.“

25 Wéi seng Jénger dat héieren hunn, ware si onmoosseg verwonnert a froten: „Wie kann dann nëmme gerett ginn?“

26 De Jesus huet si ugekuckt a sot: „Fir d’Mënschen ass dat onméiglech, mee fir Gott ass alles méiglech.“

27 Dunn huet de Péitrus him geäntwert: „Kuck, mir hunn alles verlooss a sinn dir nogaangen. Wat kréie mir dann dofir?“

28 De Jesus sot zu hinnen: „Ech soen iech d’Wourecht! Am Zäitalter, an deem alles erneiert gött, sëtzt deJong vum Mënsch op sengem herrlechen Troun. Da sëtzt och dir, déi dir mir nogaange sidd, op zwielef Tréin, fir déi zwielef Stämm vun Israel ze riichten.

29 Jiddereen, deen Haiser, Bridder, Schwëstereen, Papp, Mamm, Fra, Kanner oder Lännereie wéinst menger verléisst, kritt dann dat Honnertfacht zeréck an ierft éiwegt Liewen.

30 Mee vill, déi elo déi Éischt sinn, ginn déi Lescht, an déi Lescht ginn déi Éischt.

Mattias 20

D’Gläichnes iwwert d’Doléiner am Wéngert

1 D’Kinnekräich vum Himmel ass ewéi en Härebauer, dee fréi mueres erausgong, fir Doléiner fir säi Wéngert anzustellen.

2 Den Härebauer huet sech mat hinnen op eenDenar fir den Dag gëeenegt an duerno huet hie si a säi Wéngert geschéckt.

3 Géint néng Auer mueres gong hien nees eraus an huet aner Doléiner op der Maartplaz stoe gesinn, déi näischt ze dinn haten.

4 Hie sot zu hinnen: ‚Gitt och dir a mäi Wéngert schaffen an ech ginn iech dat, wat gerecht ass.‘

5 D’Doléiner sinn doropshi schaffe gaangen. Ëm d’Mëttesstonn a géint dräi Auer am Nomëtteg gong hien och op d’Maartplaz an huet dat nämmlecht gemaach.

6 Géint fënnef Auer am Nomëtteg gong hien op d’Maartplaz an huet anerer do fonnt, déi näischt ze dinn haten. Hien huet si gefrot: ‚Firwat stitt dir de ganzen Dag hei, ouni ze schaffen?‘

7 Si hunn him geäntwert: ‚Et huet keen eis agestatt!‘ Doropshin sot den Härebauer zu hinnen: ‚Gitt och dir an de Wéngert schaffen an dir kritt dat dofir, wat gerecht ass.‘

8 Wéi um sechs Auer Feierowend war, sot de Besëtzer vum Wéngert zu sengem Viraarbechter: ‚Ruff d’Doléiner heihin a bezuel hinnen hire Loun.

Fänk mat deenen un, déi fir d'lescht agestellt goufen, an hal mat deenen éischten op.'

⁹ Déi, déi géint fënnef Auer agestellt goufen, koumen dohin a jidderee krut een Denar.

¹⁰ Wéi déi, déi fir d'éischt agestellt goufen, erbäikoumen, hu si gemengt, si kréiche méi Suen, mee och si kruten een Denar op de Kapp.

¹¹ Wéi si hire Loun kruten, hu si sech beim Härebauer beschwéiert:

¹² ‚Déi, déi fir d'lescht agestellt goufen, hu just eng Stonn geschafft an dach hues du si mat eis gläichgestallt, och wa mir d'Laascht vun der Aarbecht an der praller Sonn erdroen hunn!‘

¹³ Den Härebauer huet engem vun hinne geäntwert: ‚Frënd, ech dinn dir keen Onrecht. Has du net mat mir ofgemaach, fir een Denar ze schaffen?‘

¹⁴ Huel däi Loun a géi. Ech wëll deem leschten Doléiner datselwecht ginn ewéi dir.

¹⁵ Hunn ech net d'Recht, mat mengem Besëtz ze maachen, wat ech wëll? Bass du jalous, well ech generéis sinn?‘

¹⁶ Op dës Manéier ginn déi Lescht déi Éischt an déi Éischt déi Lescht. Et sinn der vill déi beruff sinn, mee wéineg déi auserwielt sinn.“

De Jesus seet säin Doud nees viraus

Marc 10,32-34; Luc 18,31-34

¹⁷ Wéi de Jesus op Jerusalem gong, huet hien déi zwielefJénger op d'Säit geholl an huet ënnerwee zu hinne gesot:

¹⁸ „Passt op! Mir ginn op Jerusalem. DeJong vum Mënsch gëtt do un d'iewescht Priister an un d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz ausgliewert. Do veruerteete si hien zum Doud

¹⁹ a liwweren hien un d'Net-Judden aus, fir datt si de Geck mat him maachen, hie gäisselen a kräizegen. Um drëtten Dag ersteet hie vun den Doudegen op.“

D'Mamm vum Sabdai senge Jongen huet e Wonsch

Marc 10,35-45

²⁰ Du kouv d'Mamm vum Sabdai senge Jonge mat hire Jonge bei de Jesus an huet sech virun him vernäipt, fir hien em eppes ze froen.

²¹ „Wat wëlls du?“, frot de Jesus si. „Befeel, datt meng zwee Jongen an dengem Kinnekräich riets a lénks vun dir sëtzen“, huet si him geäntwert.

²² „Dir wësst jo net, wat dir do verlaangt!“, huet de Jesus geäntwert. „Kënnst dir aus deem Kellech drénken, aus deem ech gläich drénken, oder kënnst dir mat där Daf gedeeft ginn, mat där ech gedeeft ginn?“ „Jo, dat kënn mir“, hu si him geäntwert.

23 Hie sot dunn zu hinnen: „Dir drénkt tatsächlech aus mengem Kellech a gitt mat där Daf gedeeft, mat där ech gedeeft ginn. Mee et steet mir net zou, fir ze bestëmmen, wien zu menger Rietser a wien zu menger Lénker sëtze soll. Déi Plaze si fir déi, fir déi mäi Papp si virbereet huet.“

24 Wéi déi Zéng dat héieren hunn, ware si iwwert déi zwee Bridder entsat.

25 De Jesus huet si bei sech geruff a sot zu hinnen: „Dir wësst jo, datt d’Herrscher vun den Natiounen d’Mënschen tyranniséieren an hir Mächtig si ënnerdrécken.“

26 Mee ënnert iech soll et net esou sinn. Am Géigendeel, wie vun iech dichteg wëllt ginn, soll ären Dénger ginn.

27 Wie vun iech den Éische wëllt sinn, muss ären Dénger ginn.

28 Geneesou ass et mam Jong vum Mënsch. Dee koum net, fir sech bedéngen ze loosse, mee fir ze déngen a fir säi Liewen als Léisegeld fir vill Mënschen ze ginn.“

Zwee Blanner gesinn

29 Wéi si Jericho verlooss hunn, goung ganz vill Leit him no.

30 Et souzen zwee Blanner beim Wee. Wéi si héieren hunn, datt de Jesus laanscht géif goen, hu si geruff: „Erbaarm dech eiser, Här, Jong vum David!“

31 Mee d’Leit hunn déi Zwee ugefuer, roueg ze sinn. Mee si hunn ëmsou méi haart geruff: „Erbaarm dech eiser, Här, Jong vum David!“

32 De Jesus ass stoe bliwwen a frot si: „Wat wëllt dir, datt ech fir iech maache soll?“

33 „Här, maach, datt eis Aen opginn!“, sote si.

34 De Jesus hat Matleed mat hinnen an huet hir Ae beréiert. Nach an deem Abléck konnte si gesinn a gongen him no.

Mattias 21

De Jesus reit op engem leselsfillen a Jerusalem eran

Marc 11,1-10; Luc 19,28-40; Jean 12,12-19

1 Wéi si méi no u Jerusalem koumen, koume si zu Betfage beim Olivebiereg un. De Jesus huet zwee Jénger virausgeschéckt

2 mat dëser Uweisung: „Gitt an d’Duerf, dat virun iech läit. Soubal dir erakommt, fannt dir en lesel, deen ugestréckt ass, mat engem leselsfillen. Bannt se lass a bréngt se bei mech!“

- 3 Wann een eppes zu iech seet, da sot: ‚Den Här brauch si.‘ Dee gëtt iech se dann direkt mat.“
- 4 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophét gesot gouf:
- 5 „So zur Duechter vun Zion: ‚Kuck! Däi Kinnek kënnt bei dech. Hien ass duuss a reit op engem Iesel, op engem Ieselsfillen, d’Fille vun engem Kéizeniesel.‘“
- 6 D’Jénger gongen dohinner an hunn dat gemaach, wat de Jesus hinnen opgedroen hat.
- 7 Si hunn den Iesel an d’Fille bei hie bruecht an hir Mäntel iwwert d’Déiere geluecht. De Jesus huet sech dunn op d’Mäntel gesat.
- 8 Déi meescht vun de Leit hunn hir Mäntel iwwert d’Strooss ausgebreet. Anerer hunn Äscht vun de Beem ofgeschnidden an déi op der Strooss ausgebreet.
- 9 D’Leit, déi virausgongen, an déi, déi hannendru koumen, hu geruff: „Hosanna dem Jong vum David! Geseent ass deen, deen am Numm vum Här kënnt! Hosanna am héchsten Himmel!“
- 10 Wéi de Jesus a Jerusalem erakoum, ass déi ganz Stad an Opreegung geroden an d’Leit froten: „Wien ass hien?“
- 11 Déi vill Leit, déi bei him waren, hu geäntwert: „Hien ass de Jesus, de Prophét vun Nazaret a Galilea.“

De Jesus raumt den Tempel

Marc 11,15-18; Luc 19,45-48

- 12 De Jesus gong an den Tempel vu Gott an huet jiddereen, deen am Tempel kaf a verkaf huet, erausgejot. Hien huet d’Dëscher vun deenen, déi d’Sue gewiesselt hunn, an d’Still vun den Dauwenhändler emgehait.
- 13 Hie sot zu hinnen: „Et steet geschriwwen: ‚Mäin Haus soll en Haus vum Gebiet genannt ginn, ‚mee dir hutt eng Raiberhiel draus gemaach!‘“
- 14 Déi Blann an déi Schlamm koume bei hien an den Tempel an hien huet si geheelt.
- 15 Mee wéi déi iewescht Priister an d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz d’Wonner, déi hie gemaach huet, gesinn hunn an d’Kanner héieren hunn, déi am Tempel geruff hunn: „Hosanna dem Jong vum David!“, ware si ausser sech.
- 16 Si soten zum Jesus: „Héiers du, wat dës Kanner soen?“ „Jo“, sot hien zu hinnen. „Hutt dir ni gelies: ‚Aus dem Mond vu klengen Kanner a Puppelcher hues du dir Luef geschafen?‘“

17 De Jesus huet si verlooss, giong aus der Stad op Betanien an huet do iwwernuecht.

De Jesus verflucht de Figebam

Marc 11,12-14.20-26

18 Wéi hie fréi den nächste Mueren zeréck an d'Stad giong, krut hien Hunger.

19 Laanscht dem Wee huet hien e Figebam gesinn an hie giong bei en, mee huet näischt ausser Blieder dru fonnt. Hie sot zum Bam: „Ni méi soll Uebst un dir wuessen!“ Eenzock ass de Figebam verdréchent.

20 Wéi d'Jénger dat gesinn hunn, ware si verwonnert. „Wéi konnt de Figebam esou séier verdréchnen?“, frote si.

21 „Ech soen iech d'Wourecht!“, huet de Jesus geäntwert. „Wann dir Glawen hutt an net zweiwelt, da maacht dir net nëmmen dat, wat mam Figebam gemaach gouf, mee och wann dir zu dësem Bierg sot: ‚Erhief dech a gehei dech an d'Mier!‘, geschitt et.

22 Alles, wat dir am Gebiet frot, kritt dir, wann dir gleeft.“

De Jesus gött a Fro gestallt

Marc 11,27-33; Luc 20,1-8

23 De Jesus giong an den Tempel a wéi hien am Gaang war, fir d'Leit ze léieren, koumen d'ieweschte Priister an déi Eelst vum Vollek bei hien a frotten hien: „Mat wat fir engem Recht méchs du dat alles? Wien huet dir dat Recht ginn?“

24 „Ma ech stellen iech och eng Fro“, huet de Jesus geäntwert. „Wann dir mir déi beäntwert, da soen och ech iech, mat wat fir engem Recht ech dat alles maachen.

25 Vu wem koum dem Jean seng Daf? War se vum Himmel oder vum Mënsch?“ Si hunn ënnerteneen diskutéiert: „Wa mir soen: ‚vum Himmel‘, da freet hien eis: ‚Firwat hutt dir him dann net gegleeft?‘,

26 mee wa mir soen: ‚vum Mënsch‘, hu mir Angscht virum Vollek, well si all de Jean fir e Prophéit halen.“

27 Dofir hu si dem Jesus geäntwert: „Mir wëssen et net.“ „Ma da soen ech iech och net, mat wat fir engem Recht ech dat alles maachen“, sot hien zu hinnen.

D'Gläichnes iwwert e Mann mat zwee Jongen

28 „Wat mengt dir? E Mann hat zwee Jongen. De Mann giong bei säin éischte Jong a sot zu him: ‚Jong, géi haut a mäi Wéngert schaffen.‘

29 De Jong huet geäntwert: ‚Ech wëll net!‘ Spéider huet hien awer seng Meenung geännert an ass trotzdeem gaangen.

30 De Papp goug bei den zweete Jong a sot him dat nãmmlecht. Deen huet geãntwert: ‚Jo, Hãr, ech ginn!‘, mee ass net gaangen.

31 Wie vun deenen zwee Bridder huet dem Papp sãi Wëlle gedoen?“ „Ma den Éischten“, sote si. Doropshi sot de Jesus zu hinnen: „Ech soen iech d’Wourecht! D’Steierandreiwer an d’Houere gi virun iech an d’Kinnekrãich vu Gott eran!

32 De Jean koum nãmlech um gerechte Wee bei iech an dir hutt him net gegleeft. D’Steierandreiwer an d’Houeren hunn him awer gegleeft. Mee esouguer wéi dir dat gesinn hat, hutt dir ãr Meenung net geãnnert an him gegleeft.

D’Glãichnes iwwert e Besëtzer vun engem Wéngert an d’Wënzer

Marc 12,1-12; Luc 20,9-19

33 Lauschttert nach en anert Glãichnes: Et gouf en Hãrebauer, deen e Wéngert ugeluecht huet. Hien huet en Zonk ronderëm gezunn, e Kelter dra gegruewen an en Tuerm gebaut. Dunn huet hien de Wéngert u Wënzer verpacht a goug an d’Ausland.

34 Wéi d’Zãit vun der Lies méi no koum, huet den Hãrebauer seng Dénger bei d’Wënzer geschéckt, fir sãin Ertrag ze kréien.

35 D’Wënzer hunn awer seng Dénger ergraff, hunn een zerschloen, een aneren ëmbruecht an nach een anere gestengegt.

36 Den Hãrebauer huet dunn aner Dénger geschéckt an zwar méi wéi déi éischte Kéier. D’Wënzer si genesou mat hinne verfuer, wéi mat den éischten.

37 Schlussendlech huet den Hãrebauer sãi Jong geschéckt, well hie sech duecht: ‚Mãi Jong respektéiere si bestëmmt.‘

38 Mee wéi d’Wënzer sãi Jong gesinn hunn, sote si een zum aneren: ‚Deen do ass den Ierwen. Kommt, mir bréngen hien ëm, da kréie mir d’Ierfschaft.‘

39 Dunn hu si hien ergraff, aus dem Wéngert gehãit an ëmbruecht.

40 Wann de Besëtzer vum Wéngert zeréckkënnt, wat mécht hien da wuel mat deene Wënzer?“

41 Si hunn him geãntwert: „Deene Béise mécht hien e béist Enn a sãi Wéngert verpacht hien un aner Wënzer, déi him den Ertrag zur Zãit vun der Lies ofliwweren.“

42 De Jesus sot zu hinnen: „Hutt dir ni an der Schrëft gelies: ‚De Steen, deen d’Steemetzer verworf hunn, ass zum Eckstee ginn. Dat huet den Hãr gemaach an et ass wonnerbar an eisen Aen‘?

43 Dofir soen ech iech, datt d’Kinnekrãich vu Gott iech ewechgeholl gëtt an et gëtt un e Vollek ginn, dat d’Friichte vum Rãich dréit.

44 Wien op dëse Stee fält, zerbrécht; mee op wien dëse Stee fält, gött zersplittert.“

45 Wéi d'iewescht Priister an d'Pharisäer seng Gläichnesser héieren hunn, hu si verstanen, datt hie vun hinne geschwat huet.

46 Si wollten de Jesus festhuelen, mee si haten Angscht virun de Leit, well déi de Jesus fir e Prophéit gehalten hunn.

Mattias 22

D'Gläichnes iwwert d'Hochzäitsfeier

Luc 14,15-24

1 De Jesus huet weider mat hinnen a Gläichnesser geschwat:

2 „D'Kinnekräich vum Himmel ka mat engem Kinnek verglach ginn, deen eng Hochzäitsfeier fir säi Jong ginn huet.

3 De Kinnek huet seng Dénger bei d'Gäscht vun der Hochzäitsfeier geschéckt, mee déi wollten net kommen.

4 Nees huet hien aner Dénger mat der Uweisung erausgeschéckt: „Sot zu den Invitéen: „D'lessen ass scho preparéiert. Meng Ranner a meng gemäschte Kaalwer si geschluecht an et ass alles prett! Kommt dach op d'Hochzäitsfeier!“

5 Mee d'Gäscht hunn näischt drop ginn a sinn hirer Wee gaangen, een op säin Haff an een aneren a säi Geschäft.

6 De Rescht vun de Gäscht hunn d'Dénger ergraff, se mësshandelt an ëmbruecht.

7 Wéi de Kinnek dovunner héieren huet, gouf hie rosen. Doropshin huet hie seng Zaldoten erausgeschéckt an huet d'Mäerder hiriichten an hir Stad verbrenne gelooss.

8 Du sot hien zu sengen Dénger: „D'Hochzäitsfeier ass prett, mee d'Gäscht hunn hir Invitatioun net verdéngt.

9 Gitt op d'Haaptstroossen, déi aus der Stad erausféieren, an invitéiert jiddereen op d'Hochzäitsfeier, deen dir fannt.‘

10 Seng Dénger gounge dunn op d'Stroossen eraus an hunn all d'Leit zesummebruecht, déi si fonnt hunn, souwuel déi Gutt wéi déi Béis. Esou gouf d'Hal fir d'Hochzäitsfeier mat Gäscht geféllt.

11 Wéi de Kinnek erakoum, fir d'Gäscht ze gesinn, huet hien ee Gaascht do gesinn, dee keng Hochzäitskleeder unhat.

12 ‚Frënd, wéi bass du ouni Hochzäitskleeder hei erakomm?‘, huet de Kinnek hie gefrot. De Gaascht wousst net, wat en dorop äntwere sollt.

13 Du sot de Kinnek zu sengen Dénger: ‚Bannt him d’Hänn an d’Féiss, huet hie vun hei fort a geheit hien an déi baussecht Däischtert.‘ Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.

14 Et sinn der nämlech vill beruff, mee wéineg auserwielt.“

Ass et erlaabt, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, oder net

Marc 12,13-17; Luc 20,20-26

15 Du gounge d’Pharisäer vun do fort an hu géint hie konspiréiert, wéi si hie mat sengen eegene Wieder fänke kéinten.

16 Si hunn hirJénger zesumme mat Unhänger vum Herodes bei hie geschéckt. Déi soten: „Léiermeeschter, mir wëssen, datt s du d’Wourecht sees an de Wee vu Gott der Wourecht no léiers. Dem Mënsch seng Meenung beaflosst dech net, well s du onparteiesch bass.

17 So eis deng Meenung: Ass et erlaabt, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, oder net?“

18 De Jesus huet hir Boussecht awer duerchkuckt a sot: „Firwat stellt dir mech op d’Prouf, dir Heuchler?

19 Weist mir d’Mënz, mat där d’Steier bezuelt gëtt!“ Si hunn him enDenar bruecht.

20 De Jesus frot si: „Wiem säi Bild a wéi eng Schrëft ass hei drop?“

21 „Dem Caesar seng“, hu si geäntwert. Doropshi sot hien zu hinnen: „Gitt dofir dem Caesar, wat dem Caesar gehéiert, a Gott, wat Gott gehéiert!“

22 Wéi si seng Äntwert héieren hunn, ware si verwonnert. Dunn hu si hie verlooss a gounge hirer Wee.

D’Zaddukiter stellen eng Fro iwwert d’Operstéiung

Marc 12,18-27; Luc 20,27-39

23 Deen nämmlechten Dag nach koumenZaddukiter (déi soen, datt et keng Operstéiung géif ginn) bei de Jesus a froten hien:

24 „Léiermeeschter, de Moses sot: ‚Wann e Mann ouni Kanner stierft, da soll de Brudder vum Verstuerwenen deem seng Fra bestueden a Kanner fir säi Brudder kréien.‘

25 Et goufe siwe Bridder ënnert eis. Den éischten huet sech bestuet an ass gestuerwen, a well hie keng Nokommen hat, huet hie seng Fra sengem Brudder hannerlooss.

26 Datselwecht ass mam zweete Brudder a mam drëtte bis zum siwente geschitt.

- 27 Fir d'Lescht vun en alleguer ass och d'Fra gestuerwen.
- 28 Elo stellt sech d'Fro: Wiem seng Fra ass si da bei der Operstéiung? Si ware jo alle siwe mat hir bestuet.“
- 29 De Jesus huet hinne geäntwert: „Äre Feeler ass, datt dir weder d'Schrëftnach d'Muecht vu Gott kennt.
- 30 An der Operstéiung bestuede si sech net a ginn och net bestuet, mee si si wéi d'Engele|Engel vu Gott am Himmel.
- 31 Wat elo d'Operstéiung vun den Doudegen ugeet, hutt dir dann net dat gelies, wat vu Gott zu iech gesot gouf:
- 32 „Ech sinn de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob? Gott ass net de Gott vun den Doudegen, mee dee vun de Liewegen.“
- 33 Wéi d'Leit seng Äntwert héieren hunn, ware si iwwert seng Léier verwonnert.

Dat wichtigst Gebot

Marc 12,28-34

- 34 Mee wéi d'Pharisäer héieren hunn, datt de Jesus den Zaddukiter de Mond gestoppt hat, hu si sech zesummegeedoen.
- 35 Dunn huet ee vun hinnen, en Expert am Gesetz, dem Jesus eng Fro gestallt, fir hien op d'Prouf ze stellen:
- 36 „Léiermeeschter, wat ass dat wichtigst Gebot am Gesetz?“
- 37 De Jesus huet geäntwert: „„Hief den Här, däi Gott, gär mat dengem ganzen Häerz, mat denger ganzer Séil a mat dengem ganze Verstand.“
- 38 Dat ass dat éischt an dat wichtigst Gebot.
- 39 Dat zweet ass deem ähnlech: „Hief däin Nächste gär wéi dech selwer.“
- 40 D'ganz Gesetz an d'Prophéiten hänke vun deenen zwee Geboter of.“

Wiem säi Jong ass de Messias

Marc 12,35-37; Luc 20,41-44

- 41 Wéi d'Pharisäer nach versammelt waren, huet de Jesus hinnen eng Fro gestallt:
- 42 „Wat denkt dir iwwert de Messias? Wiem säi Jong ass hien?“ „Ma dem David säi Jong“, hu si geäntwert.
- 43 „Wéi kënnt et dann“, sot de Jesus zu hinnen, „datt den David, erfëllt vum Geescht, hien ‚Här‘ nennt? Den David seet jo:
- 44 „Den Här sot zu mengem Här: „Setz dech zu menger Rietser, bis ech aus denge Feinden eng Foussbänk fir dech maachen.““

45 Wann den David hien ‚Här‘ nennt, wéi kann hien da säi Jong sinn?“

46 Kee konnt him e Wuert drop äntweren. Vun deem Dag un huet och kee méi sech getraut, fir hien eppes ze froen.

Mattias 23

„Wéi schrecklech“

Marc 12,38-40; Luc 20,45-47

1 Dunn huet de Jesus sech un d’Vollek an u sengJéngergeriicht:

2 „D’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an d’Pharisäer sëtzen um Stull vum Moses.

3 Alles, wat si iech soen, dat dir anhale sollt, dat haalt an a maacht. Maacht hinnen dat net no, wat si maachen, well si net dat maachen, wat si soen!

4 Si banne schwéier Laaschten zesummen, déi schwéier ze droe sinn, a leeë se de Mënschen op hir Schëlleren, mee krëmme selwer kee Fanger, fir se ze droen.

5 Alles, wat si maachen, maache si, fir vun de Leit gesinn ze ginn. Si maachen hir Tefillin besonnesch grouss a suergen dofir, datt hir Ziziyot opfälleg sinn.

6 Si hunn d’Éiereplazen op de Fester an déi bescht Plazen an deSynagoge|Synagog gär.

7 Si ginn och gär op de Maartplaze gegréisst an hunn et gär, wann d’Leit si ‚Rabbi! Rabbi!’ nennen.

8 Dir awer sollt iech net Rabbi nenne loossen. Et ass just een äre Léiermeeschter, deMessias. Dir sidd all Geschwëster.

9 Nennt och keen hei op der Äerd ‚Papp’. Et ass just een äre Papp, deen am Himmel ass.

10 Loosst iech och net ‚Léiermeeschter’ nennen. Et ass just een äre Léiermeeschter, de Messias.

11 Den Dichtegsten ënnert iech soll ären Dénger ginn.

12 Wie sech selwer erhieft, gött erniddregt a wie sech selwer erniddregt, gött erhuewen.

13 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir verspæert de Mënschen d’Kinnekräich vum Himmel. Dir selwer gitt net eran an dir erlaabt et deenen net eranzegoen, déi wëllen eragoen.

- 14 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir beduckst d'Witfraen ëm hir Haiser a maacht zum Schäi laang Gebieder. Dir kritt dofir ëmsou méi e strengt Uerteel.
- 15 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir reest iwwer Mier a Land, fir een zum Proselyt ze maachen a wann hie bis e Proselyt ginn ass, maacht dir aus dësem e Kand, dat zweemol méi wéi dir an d'Gehenna gehéiert.
- 16 Wéi schrecklech ass et fir iech, dir blann Leeder! Dir sot: ‚Wien op den Tempel schwiert, ass net u säin Eed gebonnen. Wien awer op d'Gold vum Tempel schwiert, ass u säin Eed gebonnen.‘
- 17 Dir blann Toperten! Wat ass da méi wichteg: d'Gold oder den Tempel, deen d'Gold helleg mécht?
- 18 Dir sot och: ‚Wien op den Altor schwiert, ass net u säin Eed gebonnen. Wien awer op d'Affer um Altor schwiert, deen ass u säin Eed gebonnen.‘
- 19 Dir blann Toperten! Wat ass méi wichteg: d'Affer oder den Altor, deen d'Affer helleg mécht?
- 20 Wien also op den Altor schwiert, schwiert op den Altor an op allem, wat drop ass.
- 21 Wien op den Tempel schwiert, schwiert op den Tempel an op deen, deen dra wunnt.
- 22 Wien op den Himmel schwiert, schwiert op den Troun vu Gott an op deen, deen drop sëtzt.
- 23 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir gitt nämlech en Zéngtel vu Peffermënz, Dëll a Kräizkimmel, mee vernoléissegst dat, wat am Gesetz méi wichteg ass: Gerechtegheet, Erbaarmen an Trei. Dat alles hätt dir maache sollen, ouni dat anert z'ënnerloossen.
- 24 Dir blann Leeder! Dir sift eng Essegméck aus ärem Wäin, mee schléckt e Kaméil of!
- 25 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir maacht de Becher an d'Schossel vu bausse propper, mee bannendra féllt dir se mam Wonsch, fir ze klauen an ongerecht ze sinn.
- 26 Du blanne Pharisäer! Botz fir d'éischt de Becher an d'Schossel vu bannen, fir datt dat Baussenzeget och propper gétt.
- 27 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir sidd ewéi gewäisste Griewer, déi bausse schéin ausgesinn, mee bannendra voller Schanke vun Doudegen an all Zort Knascht sinn.

- 28 Esou kommt och dir no bausse fir d'Mënschen als gerecht eriwwer, mee bannendra sidd dir voller Schäinhellegheet a Gesetzlosegheet.
- 29 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir baut nämlech d'Griewer fir d'Prophéiten, rëscht d'Monumenter fir déi Gerecht
- 30 a sot: ‚Wa mir zur Zäit vun eise Virfuere gelieft hätten, dann hätte mir net um Mord vun de Prophéiten deelgeholl.‘
- 31 Dir gitt also zou, datt dir d'Nokomme vun de Prophéiten hire Mäerder sidd.
- 32 Maacht d'Mooss vun äre Virfuere dach voll!
- 33 Dir Schlaangen! Dir Hickecht Viperen! Wéi wëllt dir dem Uerteel vun der Gehenna entkommen?
- 34 Dofir schécken ech iech Prophéiten, weis Männer a Léiermeeschtere vum Gesetz. En etlech vun hinne bréngt dir ëm a kräizegt si esouguer, anerer gäisselt dir an de Synagogen a verfollegt si vu Stad zu Stad.
- 35 Esou fält d'Schold vun all deem gerechte Blut, dat op der Äerd ausgeschott gouf, op iech, vum Blut vum gerechten Abel bis zum Blut vum Sacharia, dem Jong vum Berechias, deen dir tëschent dem Tempel an dem Altor ermort hutt.
- 36 Ech soen iech d'Wourecht: Alles dat kënnt iwver dës Generatioun!
- 37 Jerusalem! Jerusalem! Du bréngs d'Prophéiten ëm a stengegs déi, déi bei dech geschéckt goufen. Wéi dacks hätt ech gär deng Kanner ëm mech gesammelt, esou wéi eng Kluck hir Jippelcher ënnert hir Filleken hält, mee dir Kanner wollt dat net.
- 38 Kuckt! Äert Haus gëtt iech verlooss iwverlooss!
- 39 Ech soen iech: Vun elo u gesitt dir mech net méi, bis dir sot: ‚Geseent ass deen, deen am Numm vum Här kënnt.‘“

Mattias 24

D'Zeeche vum Enn vum Zäitalter

Marc 13,1-37; Luc 21,5-38

- 1 De Jesus war ënnerwee, fir den Tempel ze verloossen, wéi seng Jénger bei hie koumen, fir hien op d'Gebaier vum Tempel opmierksam ze maachen.
- 2 „Dir gesitt dat alles, gell?“, huet hien hinne geäntwert. „Ma ech soen iech d'Wourecht: Net ee Stee bleift op deem aneren, deen net ofgerappt gëtt.“
- 3 Wéi hien um Olivebiereg souz, koume seng Jénger eleng bei hien a froten hien: „So eis, wéini geschitt dat alles? Wat ass d'Zeeche vun dengem Kommen? Wat ass d'Zeeche vum Enn vun dësem Zäitalter?“

- 4 De Jesus huet hinne geäntwert: „Gitt uecht, datt keen iech irféiert.
- 5 Et kommen der vill a mengem Numm, déi soen: ‚Ech sinn deMessias !‘ Vill Leit ginn irgeféiert.
- 6 Mee wann dir vu Kricher a vu Gerüchter iwwer Kricher héiert, da passt op, datt dir net fäert, well dat alles muss geschéien. D’Enn ass awer nach net do.
- 7 Eng Natioun erhieft sech nämlech géint eng aner Natioun an ee Kinnekräich géint en anert Kinnekräich. Op verschidde Plaze ginn et Hongersnéit, Epidemien an Äerdbiewen.
- 8 Alles dat ass den Ufank vun de Wéien.
- 9 Si liwweren iech aus, fir iech ze quälen an ëmzebréngen. Wéinst mengem Numm gitt dir vun all den Natioune gehaast.
- 10 Zu där Zäit fale vill Leit of. Si verroden een deen aneren an haassen een deen aneren.
- 11 Et erschéngt vill falsch Prophéiten, déi vill Leit irféieren.
- 12 D’Gesetzlosegkeet gëtt ëmmer méi grouss an dowéinst gëtt d’Léift vu ville Leit kal.
- 13 Wien awer bis un d’Enn aushält, gëtt gerett.
- 14 Dës gutt Noriicht iwwert d’Kinnekräich gëtt uechter d’ganz Welt verkënnegt als Zeienausso fir all d’Natiounen. Da kënnt d’Enn.
- 15 Dofir, wann dir den Abscheilechen, deen zerstéiert, vun deem de Prophét Daniel geschwat huet, op der helleger Plaz stoe gesitt (Lieser, verstéi!),
- 16 da sollen déi, déi a Judea sinn an d’Bierger flüchten.
- 17 Wien uewen um Haus ass, soll net erofkommen, fir eppes aus sengem Haus ze huelen.
- 18 Wien um Feld ass, soll net zeréckgoen, fir seng Kleeder sichen ze goen.
- 19 Mee wéi schrecklech gëtt et fir déi Fraen, déi zu där Zäit erwaarden oder nieren.
- 20 Biet, datt är Flucht net am Wanter oder op engemSabbat ass.
- 21 Während deenen Deeg kënnt nämlech eng grouss Nout, esou wéi et se zënter dem Ufank vun der Welt bis elo nach net gouf an och ni méi wäert ginn.
- 22 Wann déi Deeg net verkierzt géife ginn, da géif kee Mënsch gerett ginn; mee wéinst den Auserwielte ginn déi Deeg verkierzt.
- 23 Wann een zu där Zäit zu iech seet: ‚Kuck, hei ass de Messias!‘, oder: ‚Do ass de Messias!‘, da gleeft et net.

24 Et trieden nämlech falsch Messiassen a falsch Prophéiten op a si maache grouss Zeechen a Wonner, fir esouguer déi Auserwielten irzeféieren, wann dat méiglech wier.

25 Passt op! Ech hunn iech am Virus Bescheed gesot.

26 Wann een zu iech seet: ‚Kuck, hien ass an der Wüst!‘, da gitt net dohinner. Wann een zu iech seet: ‚Kuck, hien ass an der Kabaischen!‘, da gleeft him net.

27 Esou wéi de Blëtz aus dem Oste kënnt a bis an de Weste schéngt, esou ass och d’Erschéngge vum Jong vum Mënsch.

28 Iwwerall, wou d’Läich ass, do sammele sech d’Geieren.

29 ‚Direkt no der Nout vun där Zäit, gëtt d’Sonn däischer an de Mound gëtt keng Luucht méi vu sech. D’Stäre fale vum Himmel an d’Kräften am Himmel geroden aus dem Gläichgewicht.‘

30 Dann erschéngt d’Zeeche vum Jong vum Mënsch am Himmel; all d’Stämm vun der Welt trauerer. Si gesinn de Jong vum Mënsch op de Wolleke vum Himmel komme mat Muecht a grousser Herrlechkeet.

31 Da schéckt hie seng Engele|Engel mat engem haarde Schall vum Schofar eraus a si bréngt seng Auserwielten aus de véier Wandrichtungen zesummen, vun engem Enn vum Himmel bis bei dat anert.

32 Léiert aus dem Gläichnes vum Figebam: Wa seng Äscht säfteg ginn a Blieder dreiwel, da wësst dir, datt de Summer gläich do ass.

33 Esou sollt dir och wëssen, wann dir all dat geschéie gesitt, datt d’Enn virun der Dier steet.

34 Ech soen iech d’Wourecht! Déi Generatioun vergeet op kee Fall, bis all dat geschitt ass.

35 Himmel an Äerd verginn, mee meng Wieder verginn ni.

Et weess keen, wéini dësen Dag oder dës Stonn kënnt

36 Et weess keen, wéini dësen Dag oder dës Stonn kënnt, net emol d’Engelen am Himmel, mee just mäi Papp eleng.

37 Esou wéi et zur Zäit vum Noach war, esou ass et och, wann de Jong vum Mënsch kënnt:

38 Zu där Zäit virun der Flut hu si giess, gedronk, hu sech bestuet an hu sech bestuede gelooss bis deem Dag, op deem den Noach an d’Arch gong.

39 Si hunn näischt matkritt, bis d’Flut koum a si all ewechgerappt huet. Esou ass et och, wann de Jong vum Mënsch kënnt.

- 40 Zu där Zäit sinn zwee Männer op engem Aker: Deen ee gëtt geholl an deen anere gëtt zeréckgelooss.
- 41 Zwou Frae muele mat engem Millesteen: Déi eng gëtt geholl an déi aner gëtt zeréckgelooss.
- 42 Gitt dofir uecht! Dir wësst nämlech net zu wéi enger Stonn ären Här kënnt.
- 43 Verstitt dat hei: Wann den Haushär gewosst hätt, um wéi vill Auer an der Nuecht den Déif komme géif, dann hätt hien opgepasst an net zougelooss, datt a säin Haus agebrach géif ginn.
- 44 Dowéinst sollt och dir iech prett halen, well de Jong vum Mënsch zu enger Stonn kënnt, an där dir hien net erwaart.
- 45 Wien ass dann den treien a weisen Dénger, dee säi Meeschter iwwert seng Gesënner gesat huet, fir jidderengem zur richteger Zäit säin lessen ze ginn?
- 46 Geseent ass deen Dénger, deen de Meeschter domat beschäftigt gesäit, wann hien zeréckkënnt.
- 47 Ech soen iech d'Wourecht! De Meeschter mécht hien zum Verwalter vu sengem ganze Besätz.
- 48 Mee wann de béisen Dénger bei sech denkt: ‚Mäi Meeschter kënnt nach esou bal net‘,
- 49 an hie fänkt un, déi aner Dénger ze zerschloen a mat Sëffer z'iessen an ze drénken,
- 50 da kënnt de Meeschter vun deem Dénger op engem Dag zeréck, op deem hien en net erwaart, an zu enger Stonn, déi hien net kennt.
- 51 Als Strof gäisselt säi Meeschter hien a gëtt him säin Undeel bei den Heuchler. Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.

Mattias 25

D'Gläichnes iwwert zéng Jongfraen

- 1 Zu där Zäit ass d'Kinnekräich vum Himmel esou wéi zéng Jongfraen|Jongfra, déi hir Luuchte geholl hunn an erausgongen, fir dem Bräitchemann entgéintzegoen.
- 2 Fënnef vun hinne ware weis a fënnef waren topeg.
- 3 Déi Topeg hunn hir Luuchte matgeholl, mee ouni Ueleg.
- 4 Déi Weis awer hunn Fläsche mat Ueleg zesumme mat hire Luuchte matgeholl.

- ⁵ De Bräitchemann huet awer op sech waarde gelooss an d'Jongfrae sinn all midd ginn a sinn ageschlof.
- ⁶ Ëm Mëtternuecht gouf geruff: ‚Kuckt! De Bräitchemann kënnt! Kommt eraus a gitt him entgéint!‘
- ⁷ Du sinn all d'Jongfraen opgestanen an hunn d'Wicke vun hire Luuchte geschnidden.
- ⁸ Déi Topeg soten zu de Weisen: ‚Gitt eis vun ärem Ueleg mat, well eis Luuchte ausginn.‘
- ⁹ Déi Weis hunn awer geäntwert: ‚Nee, et ass nämlech net genuch fir eis all do. Gitt dir dach bei d'Uelegändler a kaaft iech es selwer.‘
- ¹⁰ Wéi si fort waren, fir Ueleg ze kafen, koum de Bräitchemann un. Déi Jongfraen, déi prett waren, gounge mat him op d'Hochzäitsfeier an d'Dier gouf zougemaach.
- ¹¹ Duerno koumen déi aner Jongfraen un a soten: ‚Här, Här! Maach eis dach d'Dier op!‘
- ¹² De Bräitchemann huet hinnen awer geäntwert: ‚Ech soen iech d'Wourecht! Ech kennen iech net!‘
- ¹³ Gitt also uecht, dir kennt nämlech weder d'Stonn nach den Dag, op deem deJong vum Mënsch kënnt.

D'Gläichnes iwwert d'Talantonen

- ¹⁴ D'Kinnekräich vum Himmel ass ewéi e Mann, deen op eng Rees geet. Deen huet seng Dénger zesummegeruff an huet hinne säi Verméigen uvertraut.
- ¹⁵ Deem engen Dénger huet hie fënnef Talantone ginn, deem aneren der zwee an nach engem just een. Jidderee krut Talantone opgrond vun deem, wat hie maache konnt. Gläich drop ass de Mann op seng Rees gaangen.
- ¹⁶ Dunn huet deen Dénger, dee fënnef Talantone krut, seng Sue schaffe gedoen an huet der nach fënnef dobäi verdéngt.
- ¹⁷ Geneesou huet och deen, deen zwee Talantone krut, der zwee dobäi verdéngt.
- ¹⁸ Mee deen, deen nëmmen een Talanton krut, ass higaangen an huet e Lach an de Buedem gegruewen, fir sengem Meeschter seng Suen dran ze verstoppen.
- ¹⁹ No enger laanger Zäit koum de Meeschter vun den Dénger heem an huet d'Konte mat hinne gemaach.

20 Deen Dénger, dee fënnef Talantone krut, kouw bei de Meeschter an huet fënnef weider Talantone matbruecht. Hie sot: ‚Meeschter, du has mir fënnef Talantonen uvertraut. Kuck! Ech hu fënnef Talantonen dobäi verdéngt.‘

21 Sâi Meeschter huet him geäntwert: ‚Gutt gemaach, du gudden an treien Dénger! Du waars trei mat wéinegem, dofir setzen ech dech iwwert viles. Komm a free dech mat dengem Meeschter!‘

22 Du kouw deen Dénger, deen zwee Talantone krut, bei hien a sot: ‚Meeschter, du has mir zwee Talantonen uvertraut. Kuck! Ech hunn zwee Talantonen dobäi verdéngt.‘

23 Sâi Meeschter huet him geäntwert: ‚Gutt gemaach, du gudden an treien Dénger! Du waars trei mat wéinegem, dofir setzen ech dech iwwert viles. Komm a free dech mat dengem Meeschter!‘

24 Deen Dénger, deen nëmmen een Talanton krut, kouw bei hien a sot: ‚Meeschter, ech wouss, datt s du en haarde Mann bass. Du hëls do eran, wou s du net geséit hues, a sammels do, wou s du net gestreet hues.‘

25 Ech hat Angscht an dowéinst sinn ech higaangen an hunn däin Talanton am Buedem verstoppt. Kuck! Hei ass den Talanton, deen dir gehéiert.‘

26 Sâi Meeschter huet him geäntwert: ‚Du béisen a lidderegen Dénger! Du wouss, datt ech do eranhuelen, wou ech net geséit hunn, an datt ech do sammeln, wou ech net gestreet hunn.‘

27 Du häss wéinstens meng Suen op d’Bank droe kënnen. Wann ech erëmkomm wier, dann hätt ech meng Sue mat Zënse kéinten erëmkreien.

28 Huel him den Talanton ewech a gitt en deem, deen déi zéng Talantonen huet!

29 Jiddereen, deen huet, kritt nach méi. Mee wien net huet, kritt esouguer dat, wat hien huet, ewechgeholl.

30 Geheit deen onnëtzten Dénger an déi bausecht Däischtert. Do gëtt gekrasch a mat den Zänn gegrätscht.‘

D’Schof an d’Geessen

31 Wann de Jong vum Mënsch a senger Herrlechkeet kënnt an all déi hellegEngel|Engel mat him, da sëtzt hien op sengem herrlechen Troun.

32 All d’Vëlker gi virun hie bruecht an hien trennt ee Vollek vun deem aneren, esou wéi e Schéifer d’Schof vun de Geessen trennt.

33 D’Schof stellt hien zu senger Rietser an d’Geessen zu senger Lénker.

34 Da seet de Kinnek zu deenen zu senger Rietser: ‚Kommt! Dir sidd vu mengem Papp geseent. Ierft d’Kinnekräich, dat virun der Grënnung vun der Welt fir iech virbereet gouf.‘

- 35 Ech hat nämlech Honger an dir hutt mir z'iesse ginn. Ech hat Duuscht an dir hutt mir ze drénke ginn. Ech war e Friemen an dir hutt mech bei iech opgeholl.
- 36 Ech hu Gezei gebraucht an dir hutt mir es ginn. Ech war krank an dir hutt no mir gekuckt. Ech war am Prisong an dir hutt mech besicht.'
- 37 Dann äntweren déi Gerecht him: ‚Här, wéini hu mir dech hongereg gesinn an dir z'iesse ginn oder dech duuschtereg gesinn an dir ze drénke ginn?‘
- 38 Wéini hu mir dech als Frieme gesinn an dech bei eis opgeholl oder dech ouni Gezei gesinn an dech gekleet?‘
- 39 Wéini hu mir dech krank oder am Prisong gesinn a mir sinn dech besiche komm?‘
- 40 De Kinnek äntwert hinnen: ‚Ech soen iech d'Wourecht: Dat, wat dir fir dee mannste vu menge Bridder gemaach hutt, hutt dir fir mech gemaach!‘
- 41 Da seet hien zu deenen zu senger Lénker: ‚Verloosst mech! Dir sidd verflucht! Gitt an dat éiweg Feier, dat fir den Däiwel a seng Engele virbereet gouf.‘
- 42 Ech hat nämlech Honger an dir hutt mir näischt z'iesse ginn. Ech hat Duuscht an dir hutt mir näischt ze drénke ginn.
- 43 Ech war e Friemen an dir hutt mech net bei iech opgeholl. Ech hu Gezei gebraucht an dir hutt mir näischt ginn. Ech war krank an am Prisong an dir hutt net no mir gekuckt.'
- 44 Dann äntwere si: ‚Här, wéini hu mir dech hongereg, duuschtereg, als Friemen, ouni Gezei, krank oder am Prisong gesinn a mir hunn net no dir gekuckt?‘
- 45 Zu där Zäit äntwert hien hinnen: ‚Ech soen iech d'Wourecht: Dat, wat dir net fir ee vun de mannste vu menge Bridder gemaach hutt, hutt dir net fir mech gemaach!‘
- 46 Déi zu senger Lénker ginn an déi éiweg Bestrofung, déi Gerecht ginn awer an d'éiweg Liewen.“

Mattias 26

Déi iewescht vum Vollek di sech géint de Jesus zesummen

Marc 14, 1-2; Luc 22, 1-2

- 1 Nodeems de Jesus mat senger Léier fäerdeg war, sot hien zu sengeJénger:
- 2 „Wéi dir wësst, ass an zwee DeegPassa. Da gëtt deJong vum Mënschausgeliwert, fir gekräizegt ze ginn.“

3 Duerno hunn déiiewesch Priister, d'Léiermeeschtere vum Gesetz an déi Eelst vum Vollek sech am Palais vumHaaptpriister, dee Kayafa geheescht huet, versammelt.

4 Si hu sech beroden, fir de Jesus hannerlëschtég festzehuelen an ëmzebréngen.

5 „Mee net während dem Fest“, sote si, „soss kéint et zu enger Oprou ënnert dem Vollek kommen.“

Eng Fra salleft de Jesus

Marc 14,3-9; Jean 12,1-8

6 De Jesus war zu Betanien beim Schimon, deen Aussaz gehat hat, doheem, wéi

7 eng Fra bei hie koum. Si hat engAlabasterfläsch mat ganz deierer Essenz dobäi an huet se dem Jesus iwwert säi Kapp geschott, während hie bei Dësch war.

8 Wéi d'Jénger dat gesinn hunn, ware si ausser sech. „Wat e Verbëtzt!“, sote si.

9 „Dës Essenz hätt kënne fir en deiere Präis verkaf ginn an d'Suen un déi Aarm gespent ginn.“

10 De Jesus, deen awer wusst, wat lass wier, sot zu hinnen: „Firwat kränkt dir dës Fra? Si huet eng gutt Dot fir mech gemaach!

11 Déi Aarm hutt dir ëmmer ëm iech, mech awer hutt dir net ëmmer bei iech.

12 Wéi si dës Essenz iwwert mäi Kierper geschott huet, huet si dat gemaach, fir mech op mäi Begriefnes virzebereeden.

13 Ech soen iech d'Wourecht! Iwwerall, wou op dëser Welt dës gutt Noriicht verkënnegt gëtt, gëtt och vun deem verzielt, wat dës Fra gemaach huet als Erënnerung u si.“

De Judas wëllt de Jesus verrodén

Marc 14,10-11; Luc 22,3-6

14 Du goug ee vun den Zwielf (deen, dee Judas Ischkariot geheescht huet) bei d'iewesch Priister.

15 „Wat wiert dir bereet, mir ze ginn, wann ech de Jesus un iech verrodén?“, frot hie si. Si hunn drësseg Sëlworménzen als Bezuelung mat him ausgemaach.

16 Vun deem Moment un huet de Judas no enger giedlecher Geleeënheet gesicht, fir de Jesus ze verrodén.

Dem Jesus seng lescht Passamoolzecht

Marc 14,12-26; Luc 22,7-23

17 Um éischten Dag vum Fest vum Matzebrout koumen d'Jénger bei de Jesus a froten hien: „Wou wëlls du, datt mir d'Passamoolzecht fir dech virbereeden?“

18 „Gitt an d'Stad bei e Mann“, huet hie geäntwert. „Sot zu him: ‚De Léiermeeschter seet: ‚Meng Zäit ass nobäi. Ech feieren d'Passa mat menge Jénger an dengem Haus.‘““

19 D'Jénger hunn dat gemaach, wat de Jesus hinnen opgedroen hat. Si hunn d'Passamoolzecht virbereet.

20 Owes war de Jesus mat den Zwielef bei Dësch.

21 Während si giess hunn, sot hien: „Ech soen iech d'Wourecht: Ee vun iech verréit mech!“

22 Du goufe si ganz traureg a jiddereen huet ugefaangen, hien ze froen: „Dach net ech, Här?“

23 Hien huet geäntwert: „Deen, dee seng Hand mat mir zesummen an d'Schossel gezappt huet, verréit mech.“

24 De Jong vum Mënsch geet fort, esou wéi et iwwert hie geschriwwen steet, mee wéi schrecklech ass et fir dee Mënsch, duerch deen de Jong vum Mënsch verrode gëtt! Et wier besser fir hie gewiescht, wann hien ni gebuer gi wier.“

25 Du frot de Judas, deen hie verrode géif: „Dach net ech, Rabbi?“ „Dach, du sos et“, sot de Jesus zu him.

26 Während dem lessen, huet de Jesus d'Brout geholl, dofir Merci gesot an et gebrach. Hien huet et de Jénger ginn a sot: „Huelt! lesst! Dat hei ass mäi Läif.“

27 Hien huet de Kellech geholl an nodeems hie Merci gesot hat, huet hien hinnen e ginn. Hie sot: „Drénkt all dovunner!“

28 Dat hei ass mäi Blut, dat vum neie Bond, dat fir vill Leit fir d'Verzeiung vun de Sënnen ausgeschott gëtt.

29 Ech soen iech, datt ech net méi vun de Friichte vum Riefstack drénke bis deen Dag, op deem ech neie Wäin mat iech a mengem Papp sengem Kinnekräich drénken.“

30 Nodeems si Psalme gesongen haten, gounge si op den Oliveberg.

De Jesus seet viraus, datt de Péitrus hie verleegent

Marc 14,27-31; Luc 22,31-34; Jean 13,31-38

31 Du sot de Jesus zu hinnen: „Dës Nuecht verlost dir mech all. Et steet nämlech geschriwwen: ‚Ech schloen de Schéifer an d'Schof aus der Häerd gi verspreet.‘

32 No menger Operstéiung ginn ech iech viraus a Galilea.“

33 „Och wa jiddereen dech verléisst, verloossen ech dech awer ni!“, huet de Péitrus him geäntwert.

34 „Ech soen dir d'Wourecht“, sot de Jesus zu him, „nach dës Nuecht, éier den Hunn kréit, verleegens du mech dräimol.“

35 De Péitrus sot dunn zu him: „A wann ech och mat dir stierwe misst, verleegnen ech dech net.“ All d'Jénger hunn dat nämmlecht gesot.

De Jesus biet eleng a Getsemani

Marc 14,32-42; Luc 22,39-46; Jean 18,1

36 Du goug de Jesus mat hinnen op eng Plaz, déi Getsemani geheescht huet, an hie sot zu de Jénger: „Setzt iech heihin, während ech dohanne biede ginn.“

37 Hien huet de Péitrus an dem Sabdai seng zwee Jonge mat sech geholl. Hie gouf traureg a bedréckt.

38 „Meng Séil ass zu Doud traureg. Bleift hei a waacht mat mir!“, sot de Jesus zu hinnen.

39 Hie goug e bésse méi wäit ewech, huet sech mam Gesiicht dem Buedem zou higestreckt a gebiet: „Mäi Papp, wann et méiglech ass, da looss dëse Kellech u mir erlaanscht goen. Mee net dat, wat ech wëll, mee dat, wat s du wëlls!“

40 Hie koug bei d'Jénger hannescht an huet si am Schlof virfonnt. Zum Péitrus sot hien: „Konnts du mol net eng Stonn mat mir waachen?“

41 Waacht a biet, datt dir net a Versuchung gerot! De Geescht ass wëlleg, mee de Kierper ass schwaach.“

42 Hie goug eng zweete Kéier fort an huet gebiet: „Mäi Papp, wann dëse Kellech net viru mir erlaanscht ka goen, et sief dann ech drénken draus, da soll däi Wëlle geschéien.“

43 De Jesus koug bei d'Jénger hannescht an huet si nees am Schlof virfonnt, well si hir Aen net ophale konnten.

44 Hien huet si nees do zeréckgelooss a goug fort, fir nach eng drëtte Kéier mat deenen nämmlechte Wieder ze bieden.

45 Du koug hien hannescht bei seng Jénger a sot zu hinnen: „Schlooft a rascht herno! Passt op! D'Zäit ass komm. Elo gëtt de Jong vum Mënsch an d'Hänn vu Sënner ausgeliwert.“

46 Stitt op a loosst eis goen! Kuckt, mäi Verréider ass nobäi!“

De Jesus gëtt verhaft

Marc 14,43-50; Luc 22,47-53; Jean 18,2-11

47 Nach an deem Abléck, an deem de Jesus geschwat huet, koum de Judas, ee vun den Zwielef, bei hien. Et waren eng Abberzuel Leit bei him, déi Schwärerter a Knëppelen dobäi haten an déi vun den ieweschte Priister an den Eelste vum Vollek geschéckt goufen.

48 Sâi Verréider hat mat hinnen en Zeechen ofgemaach: „Deen, deem ech eng Bees ginn, ass deen, deen dir ergräife sollt.“

49 De Judas giong dunn direkt op de Jesus duer a sot zu him: „Moien, Rabbi!“, an huet him eng Bees ginn.

50 „Frënd, firwat bass du heihinner komm?“, frot de Jesus hien. Du koumen déi aner no vir an hunn Hand un de Jesus geluecht an hie festgeholl.

51 Op eemol huet ee vun deenen, déi beim Jesus waren, seng Hand ausgestreckt a sâi Schwäert erausgezunn. Hien huet en Dénger vum Haaptpriister ugegraff an him d'Ouer erofgehaen.

52 „Stiech däi Schwäert hannescht!“, sot de Jesus. „Jiddereen, deen d'Schwäert erauszitt, stierft duerch d'Schwäert.“

53 Mengs du net, datt ech mäi Papp elo froe kéint an hie géif mir direkt méi wéi zwielef Legiounen Engelen|Engel zur Verfügung stellen?

54 Mee wéi kéinten d'Schrëften|Schrëft dann erfëllt ginn, déi soen, datt dat hei geschéie muss?“

55 An deem Moment sot de Jesus zu de Leit: „Sidd dir géint mech ausgezunn, wéi wann ech e Brigang wier, fir mech mat Schwärerter a Knëppele festzehuelen? Ech war all Dag bei iech am Tempel a souz do, fir d'Leit ze léieren an dir hutt mech net festgeholl.“

56 Alles dat ass geschitt, fir datt dat, wat d'Prophéite geschriwwen hunn, an Erfëllung geet.“ Doropshin hunn all seng Jénger hie verlooss a si geflücht.

De Jesus gëtt virum Sanhedrin verhéiert

Marc 14,53-65; Luc 22,54.63-65; Jean 18,12-14.19-24

57 Déi, déi de Jesus verhaft haten, hunn hie bei de Kayafa, den Haaptpriister, geféiert. Do haten d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an déi Eelst sech och versammelt.

58 De Péitrus giong him vu wäitem no a koum bis bei den Haff vum Haaptpriister. Hie giong do eran an huet sech bei d'Tempelwiechter gesat, fir op den Ausgang vun der Affär ze waarden.

59 Déi ieweschte Priister, déi Eelst an de ganze Sanhedrin hunn no falschen Zeienaussoe géint de Jesus gesicht, fir him d'Doudesstrof kënnen unzehänken.

60 Si konnten awer keng fannen, och wa vill falsch Zeien no vir koumen. Schlussendlech koumen der zwee no vir,

- 61 déi soten: „Dee Mann do sot: ‚Ech kann den Tempel vu Gott zerstéieren an e bannent dräi Deeg nees opbauen.‘“
- 62 Den Haaptpriister ass opgestanen a sot zum Jesus: „Hues du näischt dozou ze soen? Wat ass mat deem, wat dës Männer géint dech bezeien?“
- 63 De Jesus huet näischt gesot. Den Haaptpriister sot doropshin zu him: „Ech beschwieren dech beim liewege Gott: So eis, ob s du deMessias bass, de Jong vu Gott!“
- 64 De Jesus huet him geäntwert: „Jo, du sos et. Mee ech soen iech: Vun elo u gesitt dir de Jong vum Mënsch zur Rietser vun der Muecht setzen an hie kënnt op de Wolleke vum Himmel.“
- 65 Dunn huet den Haaptpriister seng Kleeder zerrappt a sot: „Hie lästert Gott! Firwat brauche mir do nach Zeien? Dir hutt seng Gotteslästerung héieren!“
- 66 Wat mengt dir?“ „Hien huet d’Doudesstrof verdéngt!“, hu si geäntwert.
- 67 Dunn hu si him an d’Gesicht gespaut an hien zerschloen. Anerer hunn hien op de Bak gehaen.
- 68 Si soten: „Prophezei dach fir eis, Messias! Wien huet dech geschloen?“

De Péitrus verleegent de Jesus

Marc 14,66-72; Luc 22,54-62; Jean 18,15-18.25-27

- 69 De Péitrus souz baussen am Haff. Eng Mod koum op hien duer a sot: „Du waars och beim Jesus vu Galilea.“
- 70 Hien huet dat awer viru jidderengem geleeget: „Ech weess net, vu wat s du schwätzt!“
- 71 Wéi hie bei d’Paart gong, huet eng aner Mod hie gesinn a sot zu deenen, déi ronderëm stoungen: „Dëse Mann war beim Jesus vun Nazaret.“
- 72 Nees huet hien et geleeget, dës Kéier mat engem Schwuer: „Ech kennen dee Mann net!“
- 73 Kuerz drop koumen déi, déi do stoungen, bei de Péitrus a soten zu him: „Kloer bass du ee vun deenen! Däin Accent verréit dech!“
- 74 Dunn huet hien ugefaangen, sech ze verfluchen, an huet geschwuer: „Ech kennen dee Mann net!“ Nach am nämmlechten Abléck huet en Hunn gekréit.
- 75 De Péitrus huet sech un dat erënnert, wat de Jesus zu him gesot hat: „Éier den Hunn kréit, verleegens du mech dräimol.“ Du gong de Péitrus eraus an huet batter Tréine gekrasch.

Mattias 27

De Judas erhänkt sech

- 1 Fréi um nächste Mueren hunn d'iewescht Priister an déi Eelst vum Vollek zesumme beschloss, fir de Jesus ëmzebréngen.
- 2 Si hunn hie gefesselt, fortgeféiert an un de Gouverneur Pontius Pilatus iwwerginn.
- 3 Wéi de Judas, deen de Jesus verrodén hat, gesinn huet, datt de Jesus veruerteelt gouf, huet hie seng Dot bereit an huet déi drësseg Sëlworménze bei d'iewescht Priister an déi Eelst bruecht.
- 4 „Ech hu gesënnegt, well ech en onschëllege Mann dem Doud ausgeliiwert hunn“, sot hien. „Wat geet eis dat un? Dat ass däi Problem!“, sote si.
- 5 De Judas huet dunn d'Sëlworménzen am Tempel op de Buedem gehäit an huet si verlooss. Hie gong fort an huet sech erhaangen.
- 6 D'iewescht Priister hunn d'Sëlworménzen opgeraf a soten: „Laut dem Gesetz däerfe mir dës Ménzen net an den Afferstack vum Tempel leeën, well se d'Ausbezuelung fir e Mord sinn.“
- 7 (Si hu sech dofir entscheet, mat de Ménzen en Aker vum Aulebäcker ze kafen, fir d'Ausländer do begruewen ze kënnen.
- 8 Dofir gëtt den Aker bis haut Bluttaker genannt.
- 9 Esou huet sech dat erfëllt, wat duerch de Prophét Yeremia gesot gouf: „Si hunn déi drësseg Sëlworménze geholl, de Präis, deen hien dem Vollek Israel wäert war,
- 10 an hu se gebraucht, fir en Aker vum Aulebäcker ze kafen, esou wéi den Här mir opgedroen hat.“)

De Jesus gëtt virum Pilatus verhéiert

Marc 15,1-23; Luc 23,1-5.17-32; Jean 18,28—19,1

- 11 An der Tëschenzäit stoung de Jesus virum Gouverneur. „Bass du de Kinnek vun de Judden?“, frot de Gouverneur hien. „Du sees et“, huet de Jesus geäntwert.
- 12 Wéi hie vun den ieweschte Priister an den Eelsten ugeklot gouf, huet hie keng Äntwert ginn.
- 13 Du frot de Pilatus hien: „Héiers du net wéi vill Beschëllegunge géint dech bruecht ginn?“
- 14 Mee de Jesus huet kee Wuert geäntwert, wat de Gouverneur ganz verwonnert huet.
- 15 Um Fest war et dem Gouverneur seng Gewunnecht, fir dem Vollek ee Prisonéier, dee si auswiele konnten, fräizeloossen.

16 Zu där Zäit war grad en notoresche Prisonéier am Prisong, dee Bar-Abba geheescht huet.

17 Wéi d'Vollek sech versammelt hat, frot de Pilatus si: „Wie wëllt dir, datt ech fir iech fräiloossen: de Bar-Abba oder de Jesus, deen de Messias genannt gëtt?“

18 De Pilatus wousst nämlech, datt si de Jesus aus Näid un hien ausgeliwert haten.

19 Wéi de Pilatus um Riichterstull souz, huet seng Fra him e Message schécke gelooss, dee sot: „Looss d'Hänn vun dësem onschëllege Mann. Ech hunn haut an engem Dram wéinst senger schrecklech gelidden.“

20 D'iewescht Priister an déi Eelst hunn d'Vollek dozou iwwerriet, fir ëm d'Fräiloossung vum Bar-Abba an d'Hiriichte vum Jesus ze froen.

21 De Gouverneur huet hinne geäntwert a si nees gefrot: „Wie vun deenen zwee wëllt dir, datt ech fir iech fräiloossen?“ „De Bar-Abba“, sote si.

22 „Wat soll ech da mam Jesus maachen, deen de Messias genannt gëtt?“, frot de Pilatus si. „Kräizeg hien!“, sote si.

23 „Firwat?“, frot de Pilatus si dunn. „Wat huet hien da Béises gedoen?“ Mee si hunn nach vill méi haart gejaut: „Kräizeg hien!“

24 Wéi de Pilatus gesinn huet, datt hien näischt erreeche géif, mee datt éischer e Krawall lassgoe géif, huet hie Waasser geholl a seng Hänn virum Vollek gewäsch. „Ech sinn onschëlleg um Blut vum dësem Gerechten! Dat ass är Saach!“, sot hien.

25 D'ganzt Vollek huet geäntwert: „D'Verantwortung vu sengem Doud läit bei eis a bei eise Kanner!“

26 De Pilatus huet dunn de Bar-Abba fir si fräigelooss. Nodeems hien de Jesus gäissele gelooss hat, huet hien en ausgeliwert, fir gekräizegt ze ginn.

D'Zaldote maachen de Spunnes mam Jesus

Marc 15,16-20; Luc 22,63-65; Jean 19,2-3

27 Dunn hunn dem Gouverneur seng Zaldoten de Jesus an de Praetorium bruecht an déi ganz Kohort ëm hie versammelt.

28 Si hunn hien ausgedoen an him e purpurroude Mantel ugedoen.

29 Si hunn him eng Kroun aus Däre geflecht, him se op de Kapp gesat an him eng Rutt an déi riets Hand gedréckt. Si sinn dunn virun him op d'Knéie gaangen an hunn de Spunnes mat him gemaach. Si soten: „Vive de Kinnek vun de Judden!“

30 Si hunn op hie gespaut, him d'Rutt ewechgeholl an him domat op de Kapp geschloen.

31 Nodeems si de Geck mat him gemaach haten, hu si him de Mantel ausgedoen an him seng Kleeder nees ugedoen. Si hunn hien du fortgeféiert, fir gekräizegt ze ginn.

De Jesus gëtt gekräizegt

Marc 15,21-32; Luc 23,26-43; Jean 19,17-27

32 Wéi si erauskoumen, ass hinnen e Mann aus Kyreene, dee Schimon geheescht huet, begéint. D'Zaldoten hunn hien dozou forcéiert, fir dem Jesus säi Kräiz ze droen.

33 Si koumen op d'Plaz, déi Golgota heescht (wat „Plaz vum Doudekapp“ genannt gëtt).

34 Si hunn dem Jesus sauere Wäin, mat Gal vermëscht, ze drénke ginn. Wéi de Jesus dovunner geschmaacht huet, wollt hien näischt méi drénken.

35 Dunn hu si hie gekräizegt. D'Zaldoten hu seng Kleeder ënnerteneen opgedeelt, andeems si d'Lous fir se gezunn hunn.

36 Si hu sech gesat an hunn hien do bewaacht.

37 Si hunn e Schëld mat der Veruerteelung géint hien iwwert säi Kapp gehaangen. Et stoung drop: „Dat hei ass de Jesus, de Kinnek vun de Judden.“

38 Zur nämmlecher Zäit goufen zwee Brigange mat him gekräizegt. Deen ee war op senger rietser an deen aneren op senger lénker Säit.

39 Déi, déi laanscht gounge, hunn him Frechheeten zougeruff, de Kapp gerëselt

40 a gesot: „Du wëlls den Tempel zerstéieren an en nees an dräi Deeg opriichten! Ma da rett dach selwer! Wann s du de Jong vu Gott bass, da komm dach vum Kräiz erof!“

41 Geneesou hunn déi iewescht Priister, d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an déi Eelst all de Spunnes mat him gemaach:

42 „Hien huet anerer gerett, mee sech selwer kann hien net retten! Wann hien de Kinnek vun Israel soll sinn, da soll hien dach vum Kräiz erofkommen. Da gleewe mir him.

43 Hie vertraut op Gott. Da soll Gott hien elo retten, wa Gott Gefalen un him huet! Hie sot jo: ‚Ech sinn de Jong vu Gott!‘

44 D'Brigangen, déi mat him gekräizegt goufen, hunn hien och vernannt.

De Jesus stierft

Marc 15,33-41; Luc 23,44-49; Jean 19,28-37

45 Wéi et Mëtteg gouf, gouf et bis dräi Auer am Nomëtteg am ganze Land däischer.

46 Um dräi Auer nomëttes huet de Jesus mat haarder Stëmm geruff: „Eli, Eli, lema sabachtani?“

(Dat heescht: Mäi Gott, mäi Gott, firwat hues du mech verlooss?)

47 Verschidde Leit, déi niewendru stoungen, hunn dat héieren an hu gemengt, hie géif den Elia ruffen.

48 Eenzock ass ee vun hinne gelaf komm, huet e Schwamp geholl, e mat sauerem Wäin gedränkt, en op eng Rutt gestach an him en dohigehalen, fir ze drénken.

49 Du sot de Rescht vun de Leit: „Looss et! Kommt mir kucken, ob den Elia hien elo rette kënnt.“

50 Nodeems de Jesus nees mat haarder Stëmm geruff hat, huet hie säi Geescht opginn.

51 An deem Abléck gouf d'Riddo am Tempel vun uewe bis ënnen an zwee gerass. D'Äerd huet geziddert, Fielse si gebascht

52 a Griewer sinn opgaangen. Vill Läiche vun den hellege Leit, déi scho gestuerwe waren, goufen nees lieweg

53 a koumen nom Jesus senger Operstéiung aus de Griewer. Si gOUNGEN an d'helleg Stad a si ville Leit erschéngen.

54 Wéi deréimeschen Offizéier|Offizéier, réimeschen an déi, déi mat him de Jesus bewacht hunn, d'Äerdbiewen an dat, wat geschitt ass, gesinn hunn, krute si et mat der Angscht ze dinn. Si soten: „Dee war wierklech de Jong vu Gott!“

55 Et waren och vill Fraen do, déi dem Jesus vu Galilea nokomm waren, fir him ze déngen, an déi vu wäitem nogekuckt hunn.

56 Ënnert hinne waren d'Maria vu Magdala, d'Maria (dem Jacques an dem Yosséi hir Mamm) an d'Mamm vun de Jonge vum Sabdai.

De Jesus gött begruuen

Marc 15,42-47; Luc 23,50-56; Jean 19,38-42

57 Géint der Owend kour e Räichen aus Arimatea, dee Yossef geheescht huet an deen och selwer e Jénger vum Jesus war.

58 Hie gOUNG bei de Pilatus, fir em dem Jesus seng Läch ze froen. De Pilatus huet den Uerder ginn, fir dem Yossef d'Läch z'iwwerloossen.

59 De Yossef huet d'Läch geholl, huet se a rengt Léngent gewéckelt

⁶⁰ a se a säin eegent neit Graf geluecht, dat hien aus engem Fiels eraushae gelooss hat. Hien huet e grouse Stee virum Agang vum Graf gerullt a goug fort.

⁶¹ D'Maria vu Magdala an dat anert Maria waren do a souze vis-à-vis vum Graf.

Zaldoten, déi Wuecht halen

⁶² Den Dag drop, nom Dag vun der Virbereedung , koumen d'iewescht Priister an d'Pharisäer zesumme virun de Pilatus.

⁶³ „Här“, sote si, „mir erënneren eis drun, datt dëse Schwindler gesot hat, wéi hien nach gelieft hat: ‚No dräi Deeg wäert ech operstoen.‘

⁶⁴ Gëff dofir den Uerder, fir d'Graf bis den drëtten Dag ze bewaachen. Soss kéinte sengJénger nach nuets kommen an d'Läich klauen an dann de Leit soen, datt hie vun den Doudegen operstane wier. Da wier de leschte Bedruch schlëmmer wéi den éischten.“

⁶⁵ De Pilatus sot zu hinnen: „Hei hutt dir Zaldoten, fir Wuecht ze halen. Gitt a séchert d'Graf esou gutt of, wéi dir kënnt.“

⁶⁶ Si gounge dohin an hunn d'Graf ofgeséchert, andeems si de Stee versigelt an Zaldote virdu gestallt hunn.

Mattias 28

De Jesus ass operstanen

Marc 16,1-14; Luc 24,1-12; Jean 20,1-18

¹ NomSabbat, wéi d'Sonn um éischten Dag vun der Woch opgoug, sinn d'Maria vu Magdala an dat anert Maria bei d'Graf kucke gaangen.

² Op eemol gouf et e groust Äerdbiewen, well enEngel vum Här vum Himmel erofkomm ass, de Stee virum Agang ewechgerullt a sech drop gesot huet.

³ Hien huet ewéi de Blëtz ausgesinn a seng Kleeder ware wäiss ewéi Schnéi.

⁴ D'Wiechter hunn aus e lauter Angscht virun him geziddert a sinn ewéi dout op de Buedem gefall.

⁵ Den Engel sot zu de Fraen: „Hutt keng Angscht! Ech weess, datt dir de Jesus sicht, dee gekräizegt gouf.

⁶ Hien ass net hei. Hien ass nämlech operstanen, esou wéi hien et gesot hat. Kommt d'Plaz kucken, wou den Här geleeën huet.

⁷ Tommelt iech, fir bei sengJénger ze goen a sot hinnen, datt hie vun den Doudegen operwächt gouf an datt hie virun iech a Galilea gaangen ass. Do gesitt dir hien. Ech hunn iech et gesot!“

8 D’Fraen haten Angscht an dach ware si ganz frou. Si hunn d’Graf séier verlooss, fir de Jénger Bescheed ze soen.

9 Wéi si ënnerwee waren, fir senge Jénger dovunner z’erzielen, ass de Jesus hinne begéint. „Moien!“, sot hien. Si gounge bei hien, hunn hien un de Féiss gepaakt an hien ugebiet.

10 Du sot de Jesus zu hinnen: „Hutt keng Angscht! Gitt a sot menge Bridder, datt si a Galilea goe sollen. Do gesi si mech.“

D’Wiechter verzielen, wat geschitt war

11 Wéi d’Fraen nach ënnerwee waren, gounge en etlech Wiechter an d’Stad an hunn denieweschte Priister|iewescht Priister alles, wat geschitt war, verzielt.

12 D’iewescht Priister hu sech mat den Eelste versammelt an hunn zesummen decidéiert, den Zaldoten eng grouss Zomm Suen ze ginn.

13 Si soten zu den Zaldoten: „Sot, datt seng Jénger an der Nuecht komm wieren a seng Läich geklaut hätten, wéi dir geschlof hutt.“

14 Wann de Gouverneur Wand dovunner kritt, këmmere mir eis drëm, fir datt dir iech ëm näischt braucht Suergen ze maachen.“

15 D’Zaldoten hunn d’Sue geholl an hunn dat gemaach, wat si gesot kruten. Dës Geschicht gëtt nach bis haut ënnert de Judde verzielt.

Maacht an all den Natioune Leit zu menge Jénger

Marc 16,15-18; Luc 24,44-49

16 Déi eelef Jénger gounge a Galilea op de Bierg, deen de Jesus hinne genannt hat.

17 Wéi si hie gesinn hunn, hu si hien ugebiet, mee e puer hu gezweiwelt.

18 De Jesus koum bei si a sot: „Mir ass all Muecht ginn am Himmel an op der Äerd.“

19 Gitt dofir hin a maacht an all den Natioune Leit zu menge Jénger, andeems dir si am Numm vum Papp, vum Jong a vum hellege Geesch deeft

20 a si léiert, alles anzehalen, wat ech iech opgedroen hunn. Sidd iech gewëss: Ech sinn ëmmer bei iech bis zum Ofschloss vum Zäitalter.“ Amen.

Marc

Marc 1

De Jean den Deefer preparéiert de Wee fir de Jesus

Mattias 3,1-12; Luc 3,1-20; Jean 1,6-8.15-37

- 1 Dat hei ass den Ufank vun der gudder Noriicht vum Jesus, dem Messias, dem Jong vu Gott.
- 2 Esou steet et an de Prophéite geschriwwen: „Kuck, ech schécke mäi Buet virun dir hier, deen dir däi Wee virbereet.
- 3 Eng Stëmm rífft an der Wüst: ‚Preparéiert de Wee fir den Här, maacht seng Weeër fräi.‘“
- 4 De Jean koom an d'Wüst an huet do gedeeft. Hien huet eng Daf vun der Ëmkéier fir d'Verzeiung vun de Sënne gepriedegt.
- 5 D'ganz Land Judea an d'Leit vu Jerusalem gounge bei hien. Si hunn hir Sënne bekannt a goufen alleguer vun him am Floss Jordan gedeeft.
- 6 De Jean hat Kleeder aus Kaméilhoer un, e Liedersrimm ëm seng Taille an huet Heesprénger a wëllen Hunneg giess.
- 7 Hien huet gepriedegt: „Et kënnt een no mir, dee méi mächtig ass ewéi ech, an ech sinn et net wäert, mech ze bécken an d'Liedersrimme vu senge Sandale lasszebannen.
- 8 Ech hunn iech mat Waasser gedeeft, mee hien deeft iech mam hellege Geescht.“

De Jesus gött vum Jean gedeeft a vum Däiwel op d'Prouf gestallt

Mattias 3,13—4,11; Luc 3,21-22; 4,1-13; Jean 1,31-34

- 9 Zu där Zäit ass Folgendes geschitt: De Jesus koom vun Nazaret a Galilea a gouf vum Jean am Jordan gedeeft.
- 10 Direkt nodeems de Jesus aus dem Waasser koom, huet hie gesinn, wéi den Himmel sech opgedoen huet an de Geescht wéi eng Dauf op hien erofkoom.
- 11 Eng Stëmm koom aus dem Himmel: „Du bass mäi Jong, deen ech gär hunn; un dir hunn ech Gefale fonnt.“
- 12 Direkt drop huet de Geescht de Jesus eraus an d'Wüst gedriwwen.
- 13 Véierzeg Deeg laang war hien an der Wüst an de Satan huet probéiert, fir hien op d'Prouf ze stellen. Hie war bei de wëllen Déieren an d'Engelen hunn him gedéngt.

De Jesus rífft déi éischt Jénger

Mattias 4,18-22; Luc 5,1-11

- 14 Nodeems de Jean an de Prisong gehäit gi war, giong de Jesus a Galilea an huet d'gutt Noriicht vum Kinnekräich vu Gott gepriedegt.
- 15 „D'Zäit ass komm“, sot hien, „d'Kinnekräich vu Gott ass nobäi. Kéiert em|ëmkéieren a gleeft un d'gutt Noriicht!“
- 16 Wéi de Jesus laanscht de Séi vu Galilea giong, huet hie gesinn, wéi de Schimon a säi Brudder Andreas d'Netz an d'Waasser ausgeworf hunn. Si waren nämlech Fëscher.
- 17 „Kommt a gitt mir no“, sot de Jesus zu hinnen. „Ech maachen iech zu Fëscher vu Mënschen.“
- 18 Eenzock hu si hir Netzer verlooss a gongen him no.
- 19 Wéi hie vun do aus e bësse weidergiong, huet hien de Jacques, dem Jong vum Sabdai, an de Jean, dem Jacques säi Brudder, an engem Naachenerbléckst, wéi si hir Netzer gefléckt hunn.
- 20 Hien huet si direkt geruff a si hunn hire Papp, de Sabdai, zesumme mat den Doléiner am Naachen zeréckgelooss a gongen him no.

De Jesus dreift en onrenge Geescht aus

Luc 4,31-37

- 21 Si gongen op Kapernaum an um Sabbat drop giong de Jesus an d'Synagog an huet d'Leit geléiert.
- 22 Si waren iwwert seng Léier verwonnert, well hie si geléiert huet wéi een, deen Autoritéit huet, an net esou wéi d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz.
- 23 Et war och e Mann mat engem onrenge Geescht an hirer Synagog. Hien huet geruff:
- 24 „Ha! Wat wëlls du vun eis, Jesus vun Nazaret? Bass du éiere komm, fir eis ze zerstéieren? Ech weess, wien s du bass: den Hellege vu Gott!“
- 25 Mee de Jesus huet hien op d'Plaz gesat: „Sief roueg! Fuer aus him eraus!“
- 26 Nodeems den onrenge Geescht hien hin an hier gerappt a mat enger haarder Stëmm gejaut hat, ass hien aus dem Mann erausgefuer.
- 27 Si waren all verwonnert an hu sech ënnertenee gefrot: „Wat ass dat hei? Wat fir eng nei Léier ass dat hei? Hie befeelt esouguer den onrenge Geeschter mat Autoritéit a si follegen him.“
- 28 Séier huet sech säi Ruff uechter d'ganz Géigend vu Galilea verbreet.

De Jesus heelt vill Leit

Mattias 8,16-17; Luc 4,40-44

- 29 Esoubal si d'Synagog verlooss haten, si si mam Jacques a mam Jean bei de Schimon an den Andreas heemgaangen.
- 30 Dem Schimon seng Schwéiermamm louch mat Féiwer am Bett a si hunn dem Jesus direkt vun hir verzielt.
- 31 Hie giong bei si, huet si mat der Hand geholl a si operiicht. Direkt war d'Féiwer fort a si huet hinne gedéngt.
- 32 Géint der Owend, nom Sonnenënnergang, hu si all déi Krank an déi, déi vun Dämone besiess waren, bei de Jesus bruecht.
- 33 D'ganz Stad hat sech virun der Dier versammelt.
- 34 Hien huet vill Leit geheelt, déi u verschidde Kränkte gelidden hunn, an huet vill Dämonen ausgedriwwen. Hien huet den Dämonen net erlaabt, fir ze schwätzen, well si woussten, wien hie war.
- 35 Mueres fréi, wéi et nach däischer war, stoung hien op, giong op eng verloosse Plaz an huet do gebiet.
- 36 De Schimon an déi, déi bei him waren, hunn no him gesicht.
- 37 Wéi si hie fonnt hunn, sote si zu him: „Jidderee sicht dech!“
- 38 „Loosst eis an déi nächst Stied goen, fir datt ech och do ka priedegen“, huet hien hinne geäntwert. „Dofir sinn ech komm.“
- 39 Hien huet uechter ganz Galilea an hire Synagoge gepriedegt an huet Dämonen ausgedriwwen.

De Jesus rengt e Mann voller Aussaz

Mattias 8,2-4; Luc 5,12-14

- 40 E Mann, dee voller Aussaz war, koum bei hien an huet hien op de Knéien ugebiedelt: „Wann s du wëlls, kanns du mech rengen.“
- 41 Voller Matleed huet de Jesus seng Hand ausgestreckt, huet hie beréiert a gesot: „Ech wëll. Sief gereengt!“
- 42 Eenzock nodeems hien dat gesot hat, huet den Aussaz hie verlooss an hie war gereengt.
- 43 De Jesus huet hien direkt mat dëser strenger Fuerderung fortgeschéckt:
- 44 „Maach, datt s du kengem eppes sees! Mee géi a weis dech dem Priister. Bréng als Affer fir deng Rengegung alles, wat de Moses virgeschriwwen huet. Maach dat als Zeeche fir si.“
- 45 Mee de Mann giong vun do fort an huet ugefaangen, d'Geschicht wäit a breet ze verkënnegen an ze verzielen, esou datt de Jesus net méi ëffentlech an d'Stad konnt eragoen. Hie blouf baussent der Stad op verloosse Plazen, mee d'Leit koume vun allen Himmelsrichtunge bei hien.

Marc 2

De Jesus heelt e Gelähmten

Mattias 9,2-8; Luc 5,18-26

- 1 No e puer Deeg gong de Jesus nees op Kapernaum zeréck an et huet sech erëmgeschwat, datt hien doheem wier.
- 2 Stënterlech koumen esou vill Leit dohinner, datt keng Plaz méi iwwereg blouf, emol net virun der Dier. Hien huet hinnen d'Wuert gepriedegt.
- 3 E sëlliche Leit koume bei hien an hunn e Gelähmten, dee vu véier Männer gedroe gouf, bruecht.
- 4 Wéi si wéinst der Abberzuel Leit net bis bei de Jesus komme konnten, hu si den Daach iwwert där Plaz, wou hie war, ofgedeckt. Nodeems si den Duerchbroch gemaach haten, hu si d'Matt, op där de Gelähmte louch, erfogelooss.
- 5 Wéi de Jesus hire Glawe gesinn huet, sot hien zum Gelähmten: „Kand, deng Sënne sinn dir verzien.“
- 6 Och munch Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetzesouzen do an hu bei sech selwer geduecht:
- 7 „Wéi kann dëse Mann iwwert Gott esou lästeren? Wien ausser Gott eleng ka Sënne verzeien?“
- 8 De Jesus woussst direkt a sengem Geescht, datt si esou bei sech géifen iwwerleeën, a sot zu hinnen: „Firwat iwwerleet dir doriwwer an ären Häerzer?“
- 9 Wat ass méi einfach? Zum Gelähmten ze soen: ‚Deng Sënne sinn dir verzien‘, oder: ‚Stéi op, huel deng Matt a géi‘?
- 10 Fir datt dir awer wësst, datt de Jong vum Mënsch d'Autoritéit huet, fir op der Äerd Sënnen ze verzeien“, sot hien zum Gelähmten:
- 11 „Ech soen dir, stéi op, huel deng Matt a géi heem!“
- 12 Eenzock ass de Mann opgestanen, huet seng Matt geholl a gong virun hiner aller Ae fort, esou datt jidderee verwonnert war a Gott gelueft huet. „Esou eppes hu mir nach ni gesinn“, sote si.

De Jesus rífft de Levi

Mattias 9,9-13; Luc 5,27-32

- 13 Du gong de Jesus nees bei de Séi. Eng Onmass vu Leit koum bei hien an hien huet si geléiert.
- 14 Wéi de Jesus weidergong, huet hien de Levi, de Jong vum Alfai, deen am Steierbüro souz, erbléckst. „Komm mir no!“, sot hien zu him. Dee stoung op a gong dem Jesus no.

15 Wéi de Jesus beim Levi doheem giess huet, hunn och nach vill Steierandriwer a Sënner zesumme mam Jesus a mat senge Jénger giess. Et waren hirer nämlech vill a si gongen him no.

16 Wéi d'Léiermeeschtere vum Gesetz an d'Pharisäer hie gesinn hunn, wéi hie mat Steierandriwer a Sënner giess huet, frote si seng Jénger: „Firwat ësst an drénkt hie mat de Steierandriwer a Sënner?“

17 Wéi de Jesus dat héieren huet, huet hien hinne geäntwert: „Déi Gesond brauche keen Dokter, wuel awer déi Krank. Ech sinn net komm fir déi Gerecht, mee fir d'Sënner zur Ëmkéier opzeruffen!“

Eng Fro iwwert d'Faaschten

Mattias 9,14-17; Luc 5,33-39

18 Dem Jean an de Pharisäer hir Jénger hu gefaascht. Du koume si bei hien a froten hien: „Firwat faaschten dem Jean an de Pharisäer hir Jénger, mee deng net?“

19 De Jesus huet hinne geäntwert: „Kënnen dem Bräitchemann seng Gäscht éiere faaschten, wann de Bräitchemann bei hinnen ass? Esoulaang de Bräitchemann bei hinnen ass, kënnen si net faaschten.“

20 D'Zäit kënnt awer, an där hinnen de Bräitchemann ewechgeholl gëtt. Wann dës Zäit kënnt, faaschte si.

21 Et bitzt keen e Stéck Stoft, wat nach net agaangen ass, op en aalt Stéck Gezei, soss rässt dat neit Stéck vum ale Gezei an de Rass gëtt doduerch méi schlëmm.

22 Et féllt och keen neie Wäin an al Schläich; soss zerrässt den neie Wäin déi al Schläich, de Wäin leeft aus an d'Schläich si fir näischt méi ze gebrauchen. Neie Wäin muss an nei Schläich geféllt ginn.“

De Jong vum Mënsch ass Här iwwert de Sabbat

Mattias 12,1-13; Luc 6,1-11

23 Um Sabbat gong de Jesus duerch Weessefelder. Ënnerwee hu seng Jénger ugefaangen, sech d'Éien ze plécken.

24 D'Pharisäer froten hien: „Kuck, firwat maache si eppes, wat um Sabbat net erlaabt ass?“

25 „Hutt dir ni gelies, wat den David gemaach hat, wéi hien a seng Komeroden an Nout waren an hongereg waren?“, huet hien hinne geäntwert.

26 „Zur Zäit vum Haaptpriister Abiatar gong hien an d'Haus vu Gott an huet d'Ausstellungsbrout giess, wat nëmmen de Priister erlaabt war, an hien huet och senge Komeroden dovunner z'iesse ginn.“

27 Weider sot hien zu hinnen: „De Sabbat gouf fir de Mënsch geschafen an net de Mënsch fir de Sabbat.“

28 Dofir ass de Jong vum Mënsch Här iwwert de Sabbat.“

Marc 3

1 Wéi de Jesus nees an d'Synagog gong, war e Mann mat enger verkrëppelter Hand do.

2 Si hunn de Jesus observéiert, fir ze kucken, ob hien de Mann um Sabbat heele géif, fir hie kënnen unzekloen.

3 Hie sot zum Mann mat der verkrëppelter Hand: „Komm hei an d'Mëtt!“

4 Dunn huet hie si gefrot: „Ass et um Sabbat erlaabt, Guddes oder Béises ze doen, Liewen ze retten oder ze huelen?“ Si hunn awer näischt geäntwert.

5 Hien huet si voller Roserei ugekuckt a war zudéifst traureg iwwert hir verbrueten Häerzer. „Streck deng Hand aus!“, sot hien zum Mann. Hien huet se ausgestreckt a seng Hand gouf gesond, esou gesond wéi déi aner.

6 Du gongen d'Pharisäer eraus an hunn direkt mat den Unhänger vum Herodes sech ënnertene beroden, wéi si hien ëmbréngé kéinten.

Vill Leit ginn dem Jesus no

Mattias 12, 14-16

7 Mee de Jesus huet sech mat senger Jénger bei de Séi zeréckgezunn. Eng Abberzuel Leit vu Galilea a Judea,

8 aus Jerusalem, aus Idumea, vun der anerer Säit vum Jordan an aus der Géigend ëm Tyr an Zidon gongen him no. Déi ganz vill Leit koume bei hien, nodeems si alles héieren haten, wat hie gemaach hat.

9 Hie sot senger Jénger, datt ëmmer e klengen Naache fir hie sollt prett gehale ginn, fir datt déi vill Leit hien net erdrécke géifen.

10 Hien huet der nämlech vill geheelt, esou datt all déi, déi e Leiden haten, sech op hie gestierzt hunn, fir hien ze beréieren.

11 Wann déi onreng Geeschter hien erbléckst hunn, hu si sech virun him niddergehäit a gejaut: „Du bass de Jong vu Gott!“

12 Mee hien huet hinne strengstens befuel, fir hien net bekanntzemaachen.

De Jesus sicht der Zwielef eraus

Mattias 10, 1-4; Luc 6, 13-16

13 De Jesus gong op e Bierg an huet déi bei sech geruff, déi hie wollt; a si koume bei hien.

14 Hien huet der Zwielef erausgesicht, fir bei him ze sinn, an déi hien erausschécke wollt, fir ze priedegen.

15 Si sollten och Muecht hunn, fir Krankheeten ze heelen an Dämonen auszedreiwén.

16 Déi Zwieref waren de Schimon, deen hie Péitrus genannt huet;

17 de Jacques, de Jong vum Sabdai, an de Jean, dem Jacques säi Brudder (déi hie Boanerges genannt huet, wat esou vill heescht wéi „Jonge vum Donner“);

18 den Andreas, de Philippe, de Bar-Talmi, de Mattias, den Thomas, de Jacques, deen de Jong vum Alfai war, den Taddai, an de Schimon, de Kanaaniter,

19 an och nach de Judas Ischkariot, deen hie verrodén huet.

D'Léiermeeschtere vum Gesetz soen, de Jesus hätt en onrengé Gescht

Mattias 12,24-30; Luc 11,15-23

20 Du gounge si an en Haus an nees huet sech eng Onmass vu Leit versammelt, esou datt si emol kee Brout iesse konnten.

21 Wéi dem Jesus seng Famill dovunner héieren huet, hu si sech op de Wee gemaach, fir hien ze faassen, well si soten: „Hien huet de Verstand verluer!“

22 D'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, déi vu Jerusalem erofkomm waren, soten: „Hien huet de Beelsebul a sech“, an: „Duerch de Pränz vun den Dämonen dreift hien d'Dämonen aus.“

23 Dowéinst huet hie si bei sech geruff a mat hinnen a Gläichnesser geschwat: „Wéi kann de Satan de Satan ausdreiwén?“

24 Wann e Kinnekräich a sech selwer gespléckt ass, da kann dëst Kinnekräich net bestoen.

25 Wann e Stot a sech selwer gespléckt ass, da kann dëse Stot net bestoen.

26 A wann de Satan sech géint sech selwer erhieft a gespléckt ass, kann hien net bestoen, mee dann ass et eriwwer mat him.

27 Et ka keen an d'Haus vun engem staarke Mann abriechen a säi Besët klauen, ausser hie fesselt de staarke Mann fir d'éischt. Eréischt da kann en d'Haus plëmmen.

28 Ech soen iech d'Wourecht! All Sënne ginn de Kanner vun de Mënsche verzién an och all Lästerungen, mat deene si lästere;

29 wien awer géint den hellege Gescht lästert, dee kritt nimools Verzeiung, mee ass dem éiwege Geriicht ausgesat.“

30 Si soten nämlech: „Hien huet en onrengé Gescht.“

Dem Jesus seng Mamm a seng Geschwëster

Mattias 12,46-50; Luc 8,19-21

31 Du koumen dem Jesus seng Geschwëster a seng Mamm erbäi. Si stoungen dobaussen an hunn hie ruffe gelooss.

32 Eng Onmass vu Leit souz ronderëm hien. „Deng Mamm an deng Geschwëster stinn dobaussen a sichen dech“, sote si zu him.

33 „Wien ass meng Mamm a wie si meng Geschwëster?“, huet hien hinne geäntwert.

34 Hien huet déi ugekuckt, déi am Krees ëm hie souzen, a sot: „Kuckt, déi hei si meng Mamm a meng Geschwëster!“

35 Wien nämlech de Wëlle vu Gott mécht, deen ass mäi Brudder, meng Schwëster a meng Mamm!“

Marc 4

D'Gläichnes iwwert de Bauer, de Som an de Buedem

Mattias 13, 1-23; Luc 8, 4-15

1 Hien huet nees ugefaangen, beim Séi ze enseignéieren. Eng grouss Mass Leit hate sech ëm hie versammelt, esou datt hien an enNaache|Naachengeklommen ass a sech dra gesat huet. Den Naache war um Séi an d'Leit stoungen alleguer um Uwänner zum Séi hin.

2 Hien huet hinne viles a Gläichneser bäibruecht an a senger Léier sot hien:

3 „Lauschtert no! E Bauer giong eraus, fir ze séien.

4 Wéi hie geséit huet, ass dat elei geschitt: En Deel vum Som ass nieft de Wee gefall an du koumen d'Vigel an hunn alles opgepickt.

5 Et ass och en Deel op stengege Grond gefall, wou net vill Buedem war, an d'Planz ass séier ausgeschoss, well de Buedem net déif genuch war.

6 Mee wéi d'Sonn opgong, gouf d'Planz verbrannt a si ass verdréchent, well se keng Wuerzelen hat.

7 Anere Som ass ënnert d'Däre gefall, déi ausgeschoss sinn an de Som erstéckt hunn, esou datt e keng Fruucht gedroen huet.

8 Nach anere Som ass op gudde Buedem gefall, huet gekeimt, ass ausgeschoss an huet Fruucht gedroen, munchen dat drëssegfacht, aneren dat siechzegfacht an nach aneren dat honnertfacht.“

9 Hie sot zu hinnen: „Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“

10 Wéi hien eleng war, hunn déi Zwielef an déi, déi ëm hie waren, hien iwwert d'Gläichneser ausgefrot.

11 Hie sot zu hinnen: „Iech ass et erméiglecht ginn, fir d'Geheimnis vu Gott sengem Kinnekräich ze verstoen. Mee fir déi, déi dobausse stinn, gëtt alles a Gläichnesser verzielt,

12 esou datt, „obwuel si gesinn, si net erkennen, an obwuel si héieren, si net verstinn; soss kéinte si ëmkéieren an hir Sënne géifen hinne verzie ginn.“

13 Hien huet si gefrot: „Verstitt dir mol dëst Gläichnes net? Wéi wëllt dir dann déi aner Gläichnesser verstoen?

14 Deen, dee séit, séit d'Wuert.

15 De Som nieft dem Wee ass ewéi déi, bei deenen d'Wuert geséit gëtt: Dee Moment, an deem si et héieren, kënnt direkt de Satan an hält hinnen d'Wuert, dat an hir Häerzer geséit gouf, ewech.

16 De Som, deen op stengegem Grond geséit gëtt, sinn déi, déi d'Wuert direkt mat Freed ophuelen, wa si et héieren.

17 Mee si hu keng Wuerzelen a sech an halen dowéinst net laang aus. Duerno, wann Nout oder Verfolgung wéinst dem Wuert kommen, fale si direkt of.

18 Anere Som gëtt bei d'Däre geséit; si sinn ewéi déi, déi d'Wuert héieren,

19 mee d'Suerge vun dësem Liewen, de Bedruch vum Räichtum an de Wonsch no anere Saache maache sech breet an erstécken d'Wuert, esou datt e keng Friichten dréit.

20 Mee déi hei sinn ewéi dee Som, deen op gudde Buedem geséit gouf: Si héieren d'Wuert, huelen et op an droe Friichten, muncher dat drëssegfacht, anerer dat siechzefacht an nach anerer dat honnertfacht.“

D'Luucht op engem Liichter

Mattias 5,15-16; Luc 8,16-18; 11,33-36

21 „Bréngt een éieren eng Luucht eran, fir en ënnert e Sieschterkuerf oder e Bett ze stellen?“, frot hie si. „Soll si net op e Liichter gestallt ginn?

22 Et gëtt nämlech näischt, wat verstoppt ass, wat net entbléisst gëtt, an näischt wat geheim gehale gëtt, wat net un den Dag kënnt.

23 Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“

24 Weider sot hien zu hinnen: „Gitt uecht op dat, wat dir elo héiert. Dir gitt mat därselwechter Mooss gemooss, déi dir och gebraucht, fir ze moossen, an iech, déi dir nolauschtert, gëtt nach dozou gerechent.

25 Wien huet, kritt nach méi. Mee wien net huet, kritt esouguer dat, wat hien huet, ewechgeholl.“

D'Gläichnes iwwert d'Sot

26 Hie sot och: „D’Kinnekräich vu Gott ass, wéi wann e Mënsch Sot op de Buedem street.

27 All Owend geet hie schlofen an all Muere steet hien op. D’Sot geet op a schéisst aus, mee hie selwer weess net wéi.

28 D’Äerd dréit nämlech vum selwe Fruucht: fir d’éischt den Hallem, dann d’Éi an duerno d’Éi voller Kären.

29 Mee wann d’Fruucht zeideg ass, kënnt de Mënsch direkt mat der Séchel, well et Zäit fir de Karschnatz ass.“

D’Gläichnes iwwert e Moschterkär

Mattias 13,31-32; Luc 13,18-19

30 Dunn huet hie gefrot: „Mat wat solle mir d’Kinnekräich vu Gott vergläichen? Oder duerch wat fir e Gläichnes solle mir et duerstellen?

31 Et ass ewéi e Moschterkär, dee méi kleng ass, wéi all déi aner Kären op der Äerd, wann en an de Buedem geséit gëtt.

32 Mee wann e geséit gëtt, da schéisst en aus a gëtt méi grouss wéi all déi aner Kraider. En dreift grouss Äscht, esou datt d’wëll Vigel a sengem Schiet hir Näschter baue kënnen.“

33 Mat vill esou Gläichnesser huet hien de Leit d’Wuert verkënnegt, esou wéi si verstoe konnten.

34 Hien huet just nach Gläichnesser gebraucht, fir si ze beléieren. Mee wa si eleng waren, huet hie sengeJénger alles erkläert.

De Wand an de Séi follegen dem Jesus

Mattias 8,23-27; Luc 8,22-25

35 Nach um Owend vum nämmlechten Dag sot hien zu hinnen: „Loosst eis eriwuer op den aneren Uwänner fueren.“

36 Wéi si déi vill Leit verlooss haten, hu si hie matgeholl, well hie schonn am Naache war. Et waren och nach aner kleng Naache bei him.

37 Op eemol ass e grouse Stuerm opkomm an d’Wellen hunn an den Naache geschloen, esou datt e sech schonn ugefaangen huet ze fëllen.

38 Mee de Jesus huet am hënneschten Deel vum Naachen op engem Kësse geschlof. Si hunn hie waakreg gemaach a soten zu him: „Léiermeeschter, ass et dir egal, datt mir am Gaang sinn, ënnerzegen?“

39 Dunn ass hien opgestanen, huet dem Wand gedreet a sot zum Séi: „Roueg! Sief stëll!“ De Wand huet opgehale an et ass alles ganz stëll ginn.

40 „Firwat hutt dir esou Angscht?“, huet hie si gefrot. „Hutt dir nach ëmmer kee Glawen?“

41 Si hate schrecklech Angscht a soten een zum aneren: „Wien ass hien, datt esouguer de Wand an de Séi him follegen?“

Marc 5

De Jesus heelt e Mann mat engem onrenge Geesch

Mattias 8,28-34; Luc 8,26-40

- 1 Doropshi koume si un den aneren Uwänner vum Séi an d'Géigend vun de Gadarener.
- 2 Knapps war de Jesus aus dem Naache|Naachen geklommen, koom gläich vun de Griewer e Mann op hien duer, deen en onrenge Geesch hat.
- 3 Hien huet téschent de Griewer gelieft a konnt vu kengem gebändegt ginn, esouguer net mat Ketten.
- 4 Schon dacks war hie gefesselt an a Kette geluecht ginn, mee hien huet d'Ketten auserneen an d'Fesselen a Stécker gerappt. Kee Mënsch war amstand, fir hien ze zähmen.
- 5 Dag an Nuecht war hien ëmmer an de Bierger an téschent de Griewer. Hien huet gejaut a sech mat Steng opgeschnidden.
- 6 Knapps huet hien de Jesus vu wäitem erbléckst, koom hien op hien duergelaf, huet hien ugebiet
- 7 an huet mat haarder Stëmm geruff: „Wat wëlls du vu mir, Jesus, Jong vum Allerhéchste Gott? Ech beschwieren dech bei Gott, péng mech net!“
- 8 De Jesus hat nämlech zu him gesot: „Komm aus dem Mann eraus, du onrenge Geesch!“
- 9 De Jesus hat hie gefrot: „Wéi heeschs du?“ An deen hat geäntwert: „Mäin Numm ass Legioun , well mir der vill sinn.“
- 10 Hien hat de Jesus mat Nodrock ugebiedelt, si net aus der Géigend fortzeschécken.
- 11 Grad du war eng grouss Häerd Schwäin am Hang vum Bierg am Gaang, ze weeden.
- 12 D'Dämonen hunn de Jesus ugebiedelt: „Schéck eis an d'Schwäin, fir datt mir a si kënne fueren!“
- 13 Am nämlechten Ament huet de Jesus hinnen d'Erlaabnes ginn. Du koumen déi onreng Geeschter eraus a sinn an d'Schwäi gefuer (et waren ongeféier zweedausend Schwäin); an d'Häerd huet sech den Hang erof an de Séi gestierzt an ass am Séi ersoff.

- 14 Du sinn d'Schwéngshierte fortgelaf an hunn dovunner an der Stad an um Land verzielt. Doropshi koumen d'Leit eraus, fir ze kucken, wat geschitt war.
- 15 Si koume bei de Jesus an hunn den dämonbesiessene Mann gesinn. Deen, deen d'Legioun hat, souz do, war ugedoen a war bei klorem Verstand. Du kruten d'Leit et mat der Angscht ze dinn.
- 16 Déi, déi gesinn haten, wat mam dämonbesiessene Mann a mat de Schwäi geschitt war, hunn hinnen dovunner verzielt.
- 17 Dunn hu si ugefaangen, hien unzebedelen, hir Géigend ze verlossen.
- 18 Wéi de Jesus an den Naache klamme wollt, huet de Mann, deen dämonbesiess gewiescht war, hie gebieden, fir därfe bei him ze bleiwen.
- 19 De Jesus huet him et awer net erlaabt, mee sot zu him: „Géi heem bei deng Famill a verziel hir vun deene groussen Doten, déi den Här fir dech gemaach huet, a wéi baarmhärzeg hie mat dir war.“
- 20 Doropshi giong hie vun do fort an huet ugefaangen, an der Dekapolis alles ze verkënnegen, wat de Jesus fir hie gemaach hat. Jidderee war verwonnert.

Eng krank Fra an en doudegt Meedchen

Mattias 9,18-26; Luc 8,41-56

- 21 Wéi de Jesus mam Naachen un den aneren Uwänner koum, huet eng grouss Mass Leit sech ronderëm hie versammelt. Hie war beim Séi.
- 22 Du koum ee vun den Haapteelste vun der Synagog, dee Ya'ir geheescht huet, dohin. Wéi hien de Jesus gesinn huet, huet hie sech him virun d'Féiss geworf
- 23 an huet hie mat Nodrock ugebiedelt: „Meng kleng Duechter läit um Stierwen. Komm a lee deng Hänn op hatt, fir datt hatt geheelt gött a liewe kann.“
- 24 Du giong de Jesus mat him. Eng Onmass Leit giong him no an huet sech ëm hie gedréckt.
- 25 Do war eng Fra, déi schonn zënter zwielef Joer u Bluddunge gelidden hat,
- 26 a viles hat missen duerch d'Dokteren erliden. Si hat hire ganze Besëtzung ausginn an et war hir awer net besser gaangen; am Géigendeel, et war hir ëmmer méi schlecht gaangen.
- 27 Wéi si vum Jesus héieren hat, ass si vun hannen aus der Mënschemass un hien erukomm an huet säi Kleed beréiert.
- 28 Si hat nämlech geduecht: „Wann ech just seng Kleeder beréieren, da ginn ech geheelt.“
- 29 Eenzock hunn hir Bluddungen opgehalen a si huet an hirem Läif gespiert, datt si vun hirer Kränkt geheelt war.

- 30 Am nämmlechte Moment wusst de Jesus bei sech selwer, datt Kraaft vun him ausgaange war. Hien huet sech an der Hellewull Leit emgedréit a frot: „Wien huet meng Kleeder beréiert?“
- 31 SengJénger hunn him geäntwert: „Du gesäis dach déi Onmass Leit, déi sech em dech drécken, an du frees nach: ‚Wien huet mech beréiert?‘“
- 32 Hien huet awer weider em sech gekuckt, fir d’Fra ze gesinn, déi dat gemaach hat.
- 33 D’Fra, déi vun Angscht geziddert huet, well si wusst, wat hir geschitt war, koum no vir, huet sech virun him niddergehäit an huet him d’ganz Wourecht verzielt.
- 34 Du sot hien zu hir: „Duechter, däi Glawen huet dech geheelt. Géi a Fridden a sief vun denger Kränkt geheelt.“
- 35 Wéi hien nach am Gaang war, ze schwätzen, koumen der aus dem Stot vum Haapteeleste vun der Synagog a soten: „Deng Duechter ass gestuerwen. Firwat wëlls du de Léiermeeschter nach weiderhi stéieren?“
- 36 Wéi de Jesus dat, wat gesot gouf, héieren huet, sot hien zum Haapteeleste vun der Synagog: „Hief keng Angscht! Gleef einfach.“
- 37 Hien huet kengem erlaabt, fir hien ze begleeden, ausser dem Péitrus, dem Jacques an dem Jean, dem Brudder vum Jacques.
- 38 Du koum hie bei d’Haus vum Haapteeleste vun der Synagog an hien huet den Tumult bemierkt, wéi d’Leit gekrasch a vill Kreesch gedoen hunn.
- 39 Wéi hien eragoung, sot hien zu hinnen: „Firwat maacht dir souvill Kaméidi a kräischt esou? D’Kand ass net dout, mee et schléift just.“
- 40 Si hunn hien ausgelaacht. Nodeems hie si all erausgeschéckt hat, huet hien de Papp an d’Mamm vum Kand matgeholl an och déi, déi bei him waren, a goung an d’Zëmmer, wou d’Kand louch.
- 41 Hien huet et mat der Hand geholl a sot zu him: „Talita kumi!“ (Wat iwwersat heescht: „Meedchen, ech soen dir, stéi op!“)
- 42 Eenzock ass d’Meedchen opgestanen a goung ronderëm (hatt war schonns zwielf Joer al). Si waren ausser sech vu Staunen.
- 43 Hien huet hinne strengstens verbueden, datt een sollt eppes dovunner gewuer ginn, an hie sot och, datt si dem Meedche sollten eppes z’iesse ginn.

Marc 6

De Jesus gëtt a sengem Heemechtsduerf verworf

Mattias 13,54-58

- 1 Duerno giong de Jesus vun do fort a giong hannescht a seng Heemecht. SengJénger gounge mat him.
- 2 UmSabbat huet hien ugefaangen, an derSynagog ze léieren. Vill, déi hien héieren hunn, ware verwonnert a soten: „Wouhier weess dëse Mann dat alles? Wat fir eng Wäisheet krut hien, datt esou mächtig Doten duerch seng Hänn geschéien?“
- 3 Ass hien net den Zammermann, dem Maria säi Jong an de Brudder vum Jacques, vum Yosséi, vum Judas a vum Schimon? A wunne seng Schwëstere net hei ënnert eis?“ Si hunn Ustouss un him geholl.
- 4 De Jesus sot zu hinnen: „E Prophét gëtt néierens esou veruecht, wéi a senger Heemecht, a senger Famill an a sengem Stot.“
- 5 Hie konnt guer keng Wonner do wierken, ausser seng Hänn op etlech Kranker leeën a si heelen.
- 6 Hie war iwwert hiren Onglawe verwonnert.

De Jesus schéckt déi Zwielf aus

Mattias 10,1-42; Luc 9,1-6

Hie giong duerch d'Dierfer an der Noperschaft an huet d'Leit geléiert.

- 7 Dunn huet hien déi Zwielf bei sech geruff an huet ugefaangen, si zu zwee an zwee erauszeschécken, andeems hien hinnen Autoritéit iwwert déi onreng Geeschter ginn huet.
- 8 Hien huet si opgefuerdert, fir näischt mat op d'Rees ze huelen, ausser e Staf (keng Posch, kee Brout, keng Koffermënz am Rimm).
- 9 Si sollte Sandalen droen, mee keng zweet Tunique unhunn.
- 10 „Wann dir an en Haus gitt“, sot hien zu hinnen, „bleift do, bis dir nees d'Uertschaft verloosst.“
- 11 Do, wou si iech net wëllkomm heeschen an iech net nolauschteren, wann dir vun do fortgitt, da rëselt de Stëbs ënnert äre Féiss of als Ausso géint si. Ech soen iech d'Wourecht: Fir Sodom a Gomorra ass et um Dag vum Geriicht besser auszehale wéi fir déi Stad!“
- 12 D'Jénger hu sech dunn op de Wee gemaach an hu gepriedegt, datt d'Leitëmkéiere|ëmkéieren sollten.
- 13 Si hunn och vill Dämonen ausgedriwwen, hu vill Kranker mat Ueleg gesalleft a si geheelt.

D'Geschicht vum Jean dem Deefer sengem Doud

Mattias 14,1-12; Luc 9,7-9

- 14 De Kinnek Herodes hat och vum Jesus héieren, well säin Numm bekannt gi war. Du sot hien: „De Jean den Deefer ass vun den Doudegen operstanen an dowéinst wierken dës Muechten duerch hien.“
- 15 Anerer soten awer: „’t ass den Elia.“ Nach anerer soten: „’t ass de Prophéit oder wéi ee vun de Prophéiten.“
- 16 Mee wéi den Herodes dovunner héieren hat, sot hien: „’t ass de Jean, deen ech kärke gelooss hunn an dee vun den Doudegen operstanen ass!“
- 17 Den Herodes hat nämlech an der Zäit Leit dohi geschéckt, fir de Jean festzehuelen an hien an de Prisong ze geheien. Dat hat hie wéinst dem Herodias, der Fra vu sengem Brudder Philippe gemaach, déi hie bestuet hat.
- 18 De Jean hat nämlech zum Herodes gesot gehat: „Et ass dir net erlaabt dengem Brudder seng Fra ze hunn.“
- 19 D’Herodias hat him dat nogedroen an hat wollten hien ëmbréngen loosse. Dat war him net gelongen,
- 20 well den Herodes Angscht virum Jean hat an hie geschützt hat. Hie war sech bewosst, datt de Jean e gerechten an hellege Mann war, an hat hien dowéinst geschützt. Ëmmer wann den Herodes him nogelauschtert hat, hat hien a villem op de Jean gelauschtert. Den Herodes hat him och gär nogelauschtert.
- 21 Enges Daags, wéi den Herodes op sengem Gebuertsdag e Fest fir säin Adel, d’Kommandant|Kommandant vun der Arméi an d’Herrscher vu Galilea ginn hat, war awer déi passend Geleeënheet komm.
- 22 Wéi dem Herodias seng Duechter erakomm war a gedantzt hat, hat hatt dem Herodes a senger Gäscht gefall. Doropshin hat de Kinnek zum Meedche gesot: „So mer, wat och ëmmer s du dir wënschs an dat ginn ech dir.“
- 23 Hien hat esouguer geschwuer: „Wat och ëmmer s du vu mir wënschs, ginn ech dir. Ech ginn dir bis d’Halschent vu mengem Kinnekräich.“
- 24 Wéi hatt dunn erausgaange war, hat hatt seng Mamm gefrot: „Wat soll ech mer wënschen?“ Seng Mamm hat gesot: „De Kapp vum Jean dem Deefer.“
- 25 Eenzock war hatt bei de Kinnek gelaf an hat hie gefrot: „Ech wënsche mir, datt s du mir op der Plaz de Kapp vum Jean dem Deefer op engem Plateau gëss.“
- 26 Dat hat de Kinnek ganz traureg gemaach, mee well hien et geschwuer gehat hat a wéinst senger Gäscht, hat hien him dat net wëllen ofschloen.
- 27 Nach deeselwechten Abléck hat de Kinnek e Schaarfriichter fortgeschéckt mam Uerder, fir him dem Jean säi Kapp ze bréngen. Dee war dunn higaangen an hat de Jean am Prisong gekäppt,

28 hat säi Kapp op engem Plateau erabruecht an hat en dem Meedche ginn. D'Meedchen hat e senger Mamm iwwerrecht.

29 Wéi seng Jénger dovunner héieren haten, ware si komm an hate seng Läich ewechgeholl a se an e Graf geluecht.

De Jesus gött ongeféier fënnfdausend Mënschen z'iessen

Mattias 14,13-21; Luc 9,10-17; Jean 6,1-14

30 Duerno hunn d'Apostele|Apostel sech beim Jesus versammelt an hunn him alles, wat si gemaach an de Leit geléiert haten, verzielt.

31 „Kommt just dir eleng op eng verlosse Plaz, wou dir iech eng Zäitchen erhuele kënt“, sot hien zu hinnen. (Et waren der nämlech vill komm a gaangen, esou datt si mol net Zäit haten, fir z'iessen.)

32 Si sinn dunn eleng mat engem Naachen op eng verlosse Plaz gefuer.

33 Mee vill Leit hu si fortfuere gesinn an et hunn der vill hien erkannt a si sinn aus all de Stied zu Fouss dohinner gelaf. Si si virun hinnen ukomm an hu sech bei him versammelt.

34 Wéi de Jesus u Land koom an déi Onmass Leit gesinn huet, hat hie Matleed mat hinnen, well si ewéi Schof ouni Hiert waren. Hien huet dunn ugefaangen, si viles ze léieren.

35 Wéi et scho méi spéit am Dag war, koume seng Jénger bei hien a soten: „Dat hei ass eng verlosse Plaz an et ass scho spéit.“

36 Schéck si fort, fir datt si op d'Häff an an d'Dierfer vun der Ëmgéigend ginn a sech selwer Brout kafe kënnen. Si hunn nämlech näischt, fir z'iessen.“

37 Hien huet hinnen awer geäntwert: „Gitt dir hinnen dach eppes z'iessen.“ Doropshin hu si hie gefrot: „Solle mir éieren higoen a fir zweehonnert Denare|Denar Brout kafen an hinnen z'iesse ginn?“

38 Dunn huet hie si gefrot: „Wéi vill Brout hutt dir? Gitt a kuckt emol no.“ Wéi si et bis erausfonnt haten, hu si geäntwert: „Fënnf Ruechte|Ruecht Brout an zwee Fësch.“

39 Dunn huet hie si opgefuerdert, sech all a Gruppen op d'gréngt Gras ze setzen.

40 Esou souze si a Gruppe vun honnert a vu fofzeg.

41 Wéi de Jesus déi fënnf Ruechte Brout an zwee Fësch geholl hat, huet hien an den Himmel gekuckt, e Segen ausgeschwat an d'Brout a Stécker gebrach, se senge Jénger ginn, fir datt si se de Leit ausdeelen. Hien huet och déi zwee Fësch ënnert hinnen alleguer opgedeelt.

42 Jiddereen huet giess, bis e sat war.

43 Duerno hu si nach zwielef Kierf voller Broutstécker a Fësch agesammelt.

44 Fënnefdausend Männer hate vum Brout giess.

De Jesus geet um Waasser

Mattias 14,22-33; Jean 6,15-21

45 Direkt drop huet de Jesus seng Jénger dozou opgefuerdert, an den Naachen ze klammen a virun him op den aneren Uwänner op Betsaida ze segelen. An der Tëschenzäit wollt hien d'Leit fortschécken.

46 Nodeems hie si fortgeschéckt hat, giong hien op e Bierg, fir ze bieden.

47 Um Owend war den Naache matzen um Séi an hie war eleng u Land.

48 Hien huet gesinn, datt si mam Ruddere geplot waren, well de Wand hinnen entgéintgeblosen huet. Tëschen dräi a sechs Auer mueres koum hien zu Fouss iwwert de Séi bei si a wollt laanscht si goen.

49 Wéi si hien um Séi goe gesinn hunn, hu si gemengt et wier e Gespenst an hu Kreesch geden,

50 well si hunn hien alleguer gesinn a sinn erféiert. Hien huet si awer direkt ugeschwat. „Hieft Courage!“, sot hien zu hinnen. „Ech sinn et; hieft keng Angscht!“

51 Dunn ass hie bei si an den Naache geklommen an de Wand huet sech geluecht. Si hunn onmoosseg gestaunt a ware verwonnert.

52 Si haten dat mam Brout nämlech nach net verstanen, well hir Häerzer verbruet waren.

53 Wéi si eriwwegefuer waren, koume si bei Genneesaret u Land an hunn do ugeluecht.

54 Esoubal si aus dem Naache geklomme waren, hunn d'Leit de Jesus direkt erkannt.

55 Si sinn duerch déi ganz Ëmgéigend gelaf an hunn déi Krank op Matten iwwerall dohinner bruecht, wou si héieren hunn, datt hie grad wier.

56 Egal a wéi eng Dierfer, Stied oder Häff hie koum, hu si déi Krank op d'Maartplaz geluecht an hunn hien ugebiedelt, fir just eng Zizit vu sengem Tallit dierfen ze beréieren. Jiddereen, deen hien ugepaakt huet, gouf geheelt.

Marc 7

Reng an onreng

Mattias 15,1-20

1 D'Pharisäer a munchLéiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, déi vu Jerusalem komm waren, hu sech bei him versammelt.

- ² Wéi si gesinn hunn, datt en etlech vu sengeJénger Brout mat onhellegen (dat heescht ongewäschen) Hänn giess hunn, hu si et hinne virgeworf.
- ³ (D'Pharisäer an alleguer d'Judden iessen nämlech net, éier si hir Hänn op eng bestëmmte Manéier gewäsch hunn, well si d'Traditioun vun den Eelsten anhalen.
- ⁴ Wa si vun der Maartplaz kommen, iesse si net, éier si mam ganze Kierper ënnert d'Waasser duerchgaange sinn, fir sech ze reengegen. Si hunn och nach vill aner Traditiounen iwwerholl, déi si och anhalen, esou wéi d'Rengegung vu Becheren, Kréi, Geschir aus Koffer a Polsteren.)
- ⁵ Doropshi froten d'Pharisäer an d'Léiermeeschtere vum Gesetz hien: „Firwat halen deng Jénger sech net un d'Traditiounen vun den Eelsten, mee iesse Brout mat ongewäschen Hänn?“
- ⁶ De Jesus huet hinne geäntwert: „De Yesaia huet richteg iwwert iech Heuchler propheet, esou wéi et geschriwwen steet: ‚Dëst Vollek éiert mech mat senge Lëpsen, mee säin Hæerz ass wäit vu mir ewech.
- ⁷ Ëmsoss biede si mech un a si enseignéieren als Léier Geboter vu Mënschen.‘
- ⁸ Dir mësuecht d'Gebot vu Gott an haalt iech un den Traditiounen vun de Mënschen fest, wéi der Reengegung vu Kréi a Becheren, esou wéi och u vill aner ähnlech Saachen, déi dir maacht.“
- ⁹ Weider sot hien zu hinnen: „Wat eng Leeschtung! Dir hutt d'Geboter vu Gott verworf, fir är eegen Traditiounen kënne anzehalen.
- ¹⁰ De Moses seet nämlech: ‚Éier däi Papp an deng Mamm‘, an: ‚Wie säi Papp oder seng Mamm verflucht, muss ganz gewëss stierwen.‘
- ¹¹ Dir sot awer: ‚Wann e Mann zu sengem Papp oder zu senger Mamm seet: ‚Dat, wat s du vu mir zegutt häss, ass Korban (en Affer fir Gott)‘,
- ¹² dann erméiglechs du him et net méi, eppes fir säi Papp oder seng Mamm ze maachen.
- ¹³ Esou annulléiert dir d'Wuert vu Gott duerch är Traditioun, déi dir iwwerliwwert hutt. An dir maacht nach vill Ähnlech.“
- ¹⁴ De Jesus huet déi vill Leit all bei sech geruff a sot zu hinnen: „Lauschtert mir all no a verstitt dat hei:
- ¹⁵ Et gëtt näischt, wat vu baussen an de Mënsch erakënnt, wat hien onreng maache kann, mee dat, wat aus him erauskënnt, mécht hien onreng.
- ¹⁶ Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“
- ¹⁷ Nodeems de Jesus vun der Onmass Leit fort an an en Haus eragaange war, hu seng Jénger hien iwwert dat Gläichnes ausgefrot.

18 „Hutt dir dat wierklech net bekäpft?“, froh hie si. „Verstitt dir dann net, datt alles, wat vu baussen an e Mënsch erageet, hien net onreng maache kann?“

19 Et geet jo net a säin Häerz eran, mee a säi Bauch a gött duerno op natierlechem Wee ausgescheet. Esou gött all lesse gerengegt.

20 Dat, wat aus engem Mënsch erauskënnt, mécht hien onreng,

21 well vu bannen eraus, aus dem Häerz vum Mënsch, komme béis Gedanken, fir d'Bestietnes ze brieche, andeems ee friemgeet, onerlaabte Sex ze hunn, ze ermorden,

22 ze klauen, rangsteg, béis an hannerlëschtteg ze sinn, ausschwäifend ze liewen, knéckeg ze sinn, ze lästeren, iwwerhiefléich an onverstänneg ze sinn.

23 All dës béis Gedanke komme vu bannen eraus a maachen de Mënsch onreng.“

Eng Fra aus Syrophoenizien gleeft

Mattias 15,21-28

24 De Jesus gong vun do fort an d'Géigend vun Tyr an Zidon. Do gong hien an en Haus eran a wollt net, datt een dovunner wéisst, mee hie konnt net verstoppt ginn.

25 Eng Fra, déi eng Duechter mat engem onrengem Geescht hat, hat vun him héieren. Si koum bei hien an ass him virun d'Féiss gefall.

26 D'Fra war keng Jüddin, mee gebierteg aus Syrophoenizien. Si huet hie gebieden, fir den Dämon aus hirer Duechter ze dreiwien.

27 Mee de Jesus sot zu hir: „Looss fir d'éischt d'Kanner sat ginn, well et ass net gutt, de Kanner hiert Brout ewechzehuelen an et bei d'Mippercher ze geheien.“

28 „Jo, Här, mee esouguer d'Mippercher ënnert dem Dësch iessen de Kanner hir Grimmelen“, huet si geäntwert.

29 Du sot hien zu hir: „Well s du dat sos, kanns du heemgoen; den Dämon huet deng Duechter verlooss.“

30 Wéi d'Fra heemkoum, huet si gesinn, datt den Dämon fort war an datt hir Duechter am Bett louch.

De Jesus heelt en Dafstommen

31 De Jesus huet nees d'Géigend vun Tyr an Zidon verlooss a gong duerch d'Géigend vun der Dekapolis bis bei de Séi vu Galilea.

32 Du gouf en Dafen, dee bal net schwätze konnt, bei hie bruecht a si hunn hien ugebiedelt, fir seng Hand op hien ze leeën.

33 De Jesus huet den Dafen op d'Säit geholl, ewech vun de Leit, an huet seng Fangeren an dem Dafe seng Ouere gestach. Hien huet gespaut an dunn dem Dafe seng Zong beréiert.

34 Dunn huet hien an den Himmel eropgekuckt, huet déif geotemt a sot zu him: „Effata!“ (wat esou vill heescht, wéi „Géi op!“).

35 Eenzock ware seng Ouere op, seng Zong war fräi an hie konnt kloer schwätzen.

36 Dunn huet de Jesus si opgefuerdert, kengem eppes dovunner ze soen. Mee wat hien et méi vun hinne gefuerdert huet, wat si et méi wäit a breet verkënnegt hunn.

37 Si ware ganz verwonnert a soten: „Hien huet alles gutt gemaach. Hie mécht, datt déi Daf héieren an déi Stomm schwätze kënnen.“

Marc 8

De Jesus gött ongeféier véierdausend Leit z'iessen

Mattias 15,32-39

1 Zu där Zäit haten déi immens vill Leit näischt, fir z'iessen. De Jesus huet sengJénger bei sech geruff a sot zu hinnen:

2 „Ech hu Matleed mat de Leit, well si schonn zënter dräi Deeg bei mir sinn an näischt méi hunn, fir z'iessen.

3 Wann ech si elo hongereg heemschécken, da brieche si ënnerwee zesummen, well munch vun hinne si vu wäit hier komm.“

4 Doropshin hu seng Jénger him geäntwert: „Wéi kann een dës Leit op dëser verloossener Plaz mat Brout sat kréien?“

5 De Jesus huet si gefrot: „Wéi vill Brout hutt dir?“ „SiweRuechten|Ruecht“, sote si.

6 Doropshin huet de Jesus d'Leit ugestallt, sech op de Buedem ze setzen. Hien huet déi siwe Ruechte Brout geholl, dofir Merci gesot, si a Stécker gebrach a senge Jénger ginn, fir datt si se un d'Leit ausdeelen. Si hunn dunn d'Stécker de Leit bruecht.

7 Si haten och e puer kleng Fësch dobäi. Nodeems hien dofir e Segen ausgeschwat hat, sot hien hinnen, datt si och déi bei d'Leit brénge sollen.

8 Si hunn all giess a goufe sat. Duerno hu si siwe grouss Kierf mat Reschter vun de Stécker agesammelt.

9 Et waren der ongeféier véierdausend, déi giess haten. Duerno huet de Jesus d'Leit fortgeschéckt,

10 ass mat senge Jénger an enNaache|Naachen geklommen a kouw an d'Géigend vun Dalmanutha.

D'Pharisäer verlaangen en Zeeche vum Jesus

Mattias 16,1-4

11 Doropshi koumen d'Pharisäer eraus an hunn ugefaangen, mam Jesus ze diedegen. Si hunn en Zeeche vum Himmel vun him verlaangt, fir hien op d'Prouf ze stellen.

12 Dunn huet de Jesus a sengem Geescht gekeimt a sot: „Firwat sicht dës Generatioun no engem Zeechen? Ech soen iech d'Wourecht! Dës Generatioun kritt keen Zeechen.“

13 Dunn huet hie si verlooss, ass nees an den Naache geklommen an ass un den aneren Uwänner gefuer.

Den Deessem vun de Pharisäer a vum Herodes

14 D'Jénger hate vergiess, fir Brout matzehuelen an dofir hate si nëmmen ee Ruecht Brout bei sech am Naachen.

15 Hien huet si gewarnt: „Gitt uecht! Passt op denDeessem vun de Pharisäer an den Deessem vum Herodes op!“

16 D'Jénger hunn ënnerteneen diskutéiert: „'t ass bestëmmt, well mir kee Brout hunn.“

17 De Jesus war sech däers bewosst a frot si: „Firwat maacht dir iech Gedanken doriwwer, datt dir kee Brout hutt? Verstitt a bekäppt dir nach ëmmer net? Sinn är Häerzer nach ëmmer verbruet?“

18 Dir hutt Aen a gesitt net? Dir hutt Oueren an héiert net? Kënnt dir iech net erënneren?

19 Wéi ech déi fënnef Ruechte Brout fir déi fënnefdausend gebrach hat, wéi vill Kierf Reschter hat dir agesammelt?“ „Zwielef“, hu si him geäntwert.

20 „Wéi ech déi siwe Brout fir déi véierdausend gebrach hat, wéi vill Kierf Reschter hat dir agesammelt?“ „Siwen“, hu si geäntwert.

21 „Verstitt dir dann nach ëmmer net?“, frot hie si dunn.

De Jesus heelt e Blannen zu Betsaida

22 De Jesus kouw dunn op Betsaida. E Blanne gouf bei hie bruecht an hie gouf gebieden, fir de Mann ze beréieren.

23 Dunn huet hien de Blanne mat der Hand geholl an hie baussent dem Duerf geféiert. Nodeems hien him an d'Ae gespaut hat, huet hie seng Hänn op hie geluecht an hie gefrot, ob hien eppes géif gesinn.

24 De Mann huet eropgekuckt a gesot: „Ech gesi Leit, déi ausgesi wéi Beem, déi dorëmmer trëppelen.“

25 Nees huet de Jesus seng Hänn op seng Ae geluecht an huet him seng Vu ginn. Hie war geheelt an huet jidderee kloer gesinn.

26 Dunn huet de Jesus hien heem geschéckt an zu him gesot: „Géi net an d’Duerf an ziel och kengem am Duerf dovunner.“

De Péitrus seet, de Jesus wier de Messias

Mattias 16,13-20; Luc 9,18-21

27 Doropshi goungen de Jesus a seng Jénger an d’Dierfer vu Caesarea Philippi. Ënnerwee frot hie seng Jénger: „Wie soen d’Leit, datt ech sinn?“

28 „De Jean den Deefer, anerer soen den Elia an nach anerer soen ee vun de Prophéiten“, hu si him geäntwert.

29 „An dir, wie sot dir, datt ech sinn?“, frot hie si. „Du bass de Messias“, huet de Péitrus him geäntwert.

30 Hien huet si gewarnt, kengem Mënsch eppes vun him ze verzielen.

De Jesus seet säin Doud a seng Operstéiung viraus

Mattias 16,21-28; Luc 9,22-27

31 Hien huet ugefaangen, si ze léieren, datt de Jong vum Mënsch vill misst leiden a vun den Eelsten, denieweschte Priister|ieweschter Priister an de Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz verworf an ëmbruecht géif ginn an no dräi Deeg operstoe géif.

32 Hien huet ganz oppen doriwwer geschwat. Dunn huet de Péitrus hien op d’Säit geholl an huet ugefaangen, hien zurechtzewisen.

33 Mee de Jesus huet sech ëmgedrëit, seng Jénger ugekuckt an de Péitrus op d’Plaz gesot: „Géi mir aus den Aen, Satan! Du hues nämlech net dat am Sënn, wat Gott wëllt, mee wat de Mënsch wëllt.“

34 Nodeems hien d’Leit an och seng Jénger bei sech geruff hat, sot hien zu hinnen: „Wie mir nogoe wëllt, dee muss sech selwer verleege, säi Kräiz op sech huelen a mir nogoen.“

35 Wie säi Liewen nämlech rette wëllt, dee verléiert et; mee wie säi Liewe wéinst menger an der gudder Noriicht verléiert, dee rett et.

36 Wat bréngt et engem Mënsch, d’ganz Welt ze gewannen, mee säi Liewen anzebéissen?

37 Wat kéint e Mënsch als Tosch fir säi Liewe ginn?

38 Wie sech an dëser ontreier a sënneger Generatioun wéinst menger a menge Wieder schummt, wéinst deem senger schummt sech och de Jong vum Mënsch, wann hien an der Herrlechkeet vu sengem Papp mat den hellegen Engele|Engelkënn.“

Marc 9

1 Weider sot hien zu hinnen: „Ech soen iech d'Wourecht: Hei sti verschidde Leit, déi net stierwen, bis si d'Kinnekräich vu Gott mat Muecht komme gesinn.“

De Jesus gött verwandelt

Mattias 17,1-13; Luc 9,28-36

2 Sechs Deeg drop huet de Jesus de Péitrus, de Jacques an de Jean eleng mat op en héije Bierg geholl. Hie gouf do virun hinne verwandelt.

3 Seng Kleeder hunn immens wäiss geliicht, wéi Schnéi, esou wéi mol keng Wäschfra op der Welt se kéint bleechen.

4 Den Elia ass hinnen zesumme mam Moses erschéngen a si hu mam Jesus geschwat.

5 „Rabbi, et ass gutt, datt mir hei sinn!“, sot de Péitrus zum Jesus. „Looss eis dräi Zelter opriichten: eent fir dech, eent fir de Moses an eent fir den Elia.“

6 (Hie woussst nämlech net, wat hie soe sollt, well si schrecklech Angscht haten.)

7 Du kouw eng Wollek an huet hire Schiet op si geworf. Eng Stëmm koum aus der Wollek, déi sot: „Dat hei ass mäi Jong, deen ech gär hunn. Lauschtert op hien!“

8 Wéi si ëm sech gekuckt hunn, hu si op eemol kee méi gesinn, just nach de Jesus war bei hinnen.

9 Iwwerdeems si de Bierg erofgoungen, huet hie si opgefuerdert kengem vun deem ze verzielen, wat si gesinn haten, bis datt de Jong vum Mënsch vun den Doudegen operstane wier.

10 Si hunn dës Wieder fir sech behalen an hu sech ënnertenee gefrot, wat mat „vun den Doudegen operstoen“ gemengt wier.

11 Si froten hien: „Firwat soen d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, datt den Elia fir d'éischt komme muss?“

12 Hien huet hinnen du geäntwert: „Den Elia kënnst effektiv fir d'éischt, fir alles nees hierzestellen. Mee firwat steet da geschriwwen, datt de Jong vum Mënsch villes leide soll a veruecht soll ginn?“

13 Ech soen iech awer, datt den Elia scho komm ass, a si hu mat him gemaach, wat si wollten, esou wéi et iwwert hie geschriwwen steet.“

De Jesus heelt e Jong mat engem onrengen Geescht

Mattias 17,14-21; Luc 9,37-43

14 Wéi hie bei d'Jénger koum, huet hien eng Abberzuel Leit ëm si gesinn an d'Léiermeeschtere vum Gesetz hu mat hinne gededegt.

- 15 Esoubal si hie gesinn hunn, waren d'Leit ganz verwonnert a koume bei hie gelaf, fir hien ze begréissen.
- 16 De Jesus frot d'Léiermeeschtere vum Gesetz: „Iwwert wat diedegt dir?“
- 17 Ee vun de Leit huet geäntwert: „Léiermeeschter, ech hunn dir mäi Jong bruecht, dee vun engem stomme Geescht besiess ass.
- 18 Wann hie mäi Jong ergräift, geheit hien en op de Buedem. Hie kritt Schaum virum Mond, grätscht mat den Zänn a gött ganz steif. Ech hunn deng Jénger scho gefrot, de Geescht auszedreiwten, mee si hunn et net fäerdegbuecht.“
- 19 „Dir ongleeweg Generatioun! Wéi laang soll ech nach bei iech sinn? Wéi laang muss ech iech nach erdroen? Bréngt de Jong bei mech“, huet hien him geäntwert.
- 20 Si hunn dunn de Jong bei hie bruecht. Soubal hien de Jesus gesinn huet, huet de Geescht de Jong eenzock hin an hier gerappt, esou datt hien op de Buedem gefall ass, sech gewänzelt huet a Schaum virum Mond krut.
- 21 „Wéi laang huet hien dat hei schonn?“, huet de Jesus de Papp gefrot. „Zënter senger Kandheet“, huet hie geäntwert.
- 22 „Dacks huet de Geescht probéiert hien an d'Feier oder an d'Waasser ze geheien, fir hien ëmzebréngen. Wann s du iergendeppes maache kanns, dann erbaarm dech eiser an hëllef eis.“
- 23 De Jesus sot zu him: „Wann s du gleewe kéints! Fir deen, dee gleeft, ass alles méiglech.“
- 24 Direkt huet de Papp vum Jong ënner Tréine geruff: „Här, ech gleewen! Hëllef mengem Onglawen!“
- 25 Wéi de Jesus gesinn huet, datt d'Leit erbäigelaf koumen, huet hien dem onrenge Geescht gedreet: „Stommen an dafé Geescht, ech befeelen dir, komm aus him eraus a géi net méi an hien eran!“
- 26 Dunn huet de Geescht Kreesch geden, huet de Jong hin an hier gerappt an ass aus him erausgefuer. De Jong gouf ewéi eng Läch, esou datt der vill gesot hunn, hie wier dout.
- 27 Mee de Jesus huet hie mat der Hand geholl, huet hien opgeriicht an de Jong ass opgestanen.
- 28 Nodeems de Jesus an en Haus gaange war a si eleng waren, frote seng Jénger hien: „Firwat konnte mir de Geescht net ausdreiwten?“
- 29 „Dës Zort kann duerch näischt, ausser duerch Gebiet a Faaschten ausgedriwte ginn“, huet hien hinne geäntwert.
- 30 Duerno gounge si vun do fort a sinn duerch Galilea gezunn. De Jesus wollt net, datt iergendeen eppes dovunner sollt gewuer ginn.

31 Hien huet seng Jénger nämlech geléiert: „De Jong vum Mënsch gëtt an d'Hänn vun de Mënschen ausgeléiert a si bréngen hien dann ëm. Nodeems hien ëmbruecht ginn ass, erheet hien um drëtten Dag op.“

32 Mee si hunn dat, wat hie gesot huet, net verstanen an hu gefaart, fir hie weider doriwwer auszufroen.

Wien ass dee Wichtigsten

Mattias 18, 1-6; Luc 9, 46-48

33 Du koume si op Kapernaum. Nodeems de Jesus am Haus war, frot hie si: „Iwwer wat hutt dir ënnerwee ënnerteneen diskutéiert?“

34 Si hunn awer kee Wuert geäntwert, well si ënnerwee doriwwer diskutéiert haten, wie vun hinne wuel dee Wichtigste wier.

35 Hien huet sech du gesat, huet déi Zwielf geruff a sot zu hinnen: „Wien den Éischte wëllt sinn, dee soll de Leschte vun en alleguer an den Dénger vun en alleguer ginn.“

36 Hien huet e klengt Kand geholl an et an hir Mëtt gestallt. Dunn huet hien et a seng Äerm geholl a sot zu hinnen:

37 „Wien ee vun dëse klenge Kanner a mengem Numm ophëlt, hëlt mech op; a wie mech ophëlt, hëlt net mech op, mee deen, dee mech geschéckt huet.“

Wien net géint eis ass, ass fir eis

Luc 9, 49-50

38 De Jean huet him geäntwert: „Léiermeeschter, mir hunn ee gesinn, deen eis net noheet, mee deen an dengem Numm Dämonen ausgedriwwen huet. Mir hunn him et verbueden, well hien eis net noheet.“

39 „Verbitt him et net!“, sot de Jesus. „Et kann nämlech keen, deen a mengem Numm e Wonner mécht, kuerz drop schlecht vu mir schwätzen.“

40 Wien net géint iech ass, ass fir iech.

41 Wien iech a mengem Numm e Becher Waasser gëtt, fir ze drénken, well dir dem Messias gehéiert, ech soen iech d'Wourecht, dee kritt op alle Fall säi Loun.

42 Wien ee vun dëse Klengen hei, déi u mech gleewen, sënnegen deet, fir dee wier et besser, hie géif mat engem Millesteen ëm den Hals an d'Mier gehäit ginn.

43 Wann deng Hand dech sënnegen deet, dann ha se of. Et ass besser fir dech, als Krëppel an d'Liewen ze goen, wéi déi zwou Hänn ze behalen an an d'Gehenna ze goen, an d'Feier, dat ni ausheet,

44 do, wou ,hire Wuerm net stierft an d'Feier net ausheet.’

45 Wann däi Fouss dech sënnegeen deet, dann ha en of. Et ass besser fir dech, schlamm an d'Liewen ze goen, wéi déi zwee Féiss ze behalen an an d'Gehenna gehäit ze ginn, an d'Feier, dat ni ausgeet,

46 do, wou ,hire Wuerm net stierft an d'Feier net ausgeet.'

47 Wann däin A dech sënnegeen deet, da rapp et eraus. Et ass besser fir dech, mat engem A an d'Kinnekräich vu Gott ze goen, wéi mat deenen zwee Aen an d'Feier vun der Gehenna gehäit ze ginn,

48 do, wou ,hire Wuerm net stierft an d'Feier net ausgeet.'

49 Jidderee gött nämlech mat Feier gesalzt an all Affer gött mat Salz gewierzt.

50 Salz ass gutt, mee wann et säi Goût verléiert, mat wat wëllt dir et dann nees salzeg maachen? Hutt Salz an iech an haalt Friddeen ënnerteneen!"

Marc 10

De Jesus beäntwert eng Fro iwwert d'Scheidung

Mattias 5,31-32; 19,3-10

1 De Jesus gong vum do fort a koum iwwer déi aner Säit vum Jordan an d'Géigend vu Judea. An nees koumen eng Hellewull Leit bei hien an hien huet si erëm geléiert, esou wéi et seng Gewunnecht war.

2 Pharisäer koume bei hien an hunn him eng Fro gestallt, fir hien op d'Prouf ze stellen: „Ass et engem Mann erlaabt, fir sech vu senger Fra scheeden ze loosse?“

3 „Wat huet de Moses iech virgeschriwwen?“, huet hien hinne geäntwert.

4 „De Moses huet engem Mann erlaabt, e Scheedungsattest ze schreiwen a sech esou vun hir scheeden ze loosse“, sote si.

5 De Jesus huet hinne geäntwert: „Hien huet iech dëst Gebot just ginn, well dir esou verbrueten Häerzer hutt.

6 Mee am Ufank vun der Schöpfung huet Gott de Mënsch als Mann an als Fra erschafen.

7 Dowéinst verléisst e Mann säi Papp a seng Mamm, fir sech u seng Fra ze bannen.

8 Déi Zwee ginn ee Läif. Si sinn also net méi zwee, mee ee Läif.

9 Dat, wat Gott zesummebruecht huet, soll de Mënsch net trennen.“

10 Zeréck am Haus hu sengJénger hien nees zu deem Thema befrot.

11 Du sot hien zu hinnen: „Wie sech vu senger Fra scheede léisst an eng aner bestit, dee brécht d'Bestietnes, well hie friemgeet.

12 A wann eng Fra sech vun hirem Mann scheede léisst an en anere bestit, brécht si d'Bestietnes, well si friemgeet.“

De Jesus an déi kleng Kanner

Mattias 19,13-15; Luc 18,15-17

13 Duerno hu si kleng Kanner bei hie bruecht, fir datt hie si beréiere géif. Mee d'Jénger hunn déi, déi si erbäibruecht hunn, zurechtgewisen.

14 Wéi de Jesus dat awer gesinn huet, war hien entsat a sot zu hinnen: „Loosst déi kleng Kanner bei mech kommen an haalt si net dovunner of. D'Kinnekräich vu Gott besteet nämlech aus Mënschen ewéi hinnen.

15 Ech soen iech d'Wourecht! Wien d'Kinnekräich vu Gott net ewéi e klengt Kand unhëlt, kënnt op kee Fall eran.“

16 Dunn huet hien d'Kanner a seng Äerm geholl, huet seng Hänn op si geluecht a si geseent.

E Räiche stellt eng Fro

Mattias 19,16-30; Luc 18,18-30

17 Wéi de Jesus sech op de Wee gemaach huet, koum e Mann bei hie gelaf, ass virun him op d'Knéie gefall an huet hie gefrot: „Gudde Léiermeeschter, wat muss ech maachen, fir éiweg Liewen ze ierwen?“

18 Doropshi frot de Jesus hien: „Firwat nenns du mech gutt? Et ass kee gutt, ausser Gott eleng.

19 Du kenns d'Geboter: ‚Briech d'Bestietnes net, andeems du friemgees; Ermort keen; Klau net; Maach keng falsch Zeienausso; Bedréi net; Eier däi Papp an deng Mamm.“

20 Hien huet dem Jesus geäntwert: „Léiermeeschter, zënter menger Jugend hunn ech dat alles agehalen.“

21 De Jesus huet hie mat Léift ugekuckt a sot zu him: „Eppes feelt dir nach: Géi, verkaf alles, wat s du hues, a géff et deenen Aarmen. Dann hues du e Schatz am Himmel. Komm, hief d'Kräiz op a géi mir no.“

22 Ma de Mann war no dëser Ried verdrësslech a gong traureg fort, well hien e grouse Besëtz hat.

23 Dunn huet de Jesus ronderëm sech gekuckt an zu senger Jénger gesot: „Wéi schwéier ass et fir Mënsche mat Rächtum, an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen!“

24 De Jénger ass wéinst senger Wieder de Mond opstoe bliwwen. Mee de Jesus huet hinnen nees erkläert: „Kanner, wéi schwéier ass et fir déi, déi op Rächtum vertrauen, an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen!

25 Et ass méi einfach, fir e Kaméil duerch d'Lach vun enger Bitznol ze goen, wéi fir e Rächen an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen.“

- 26 Si waren onmoosseg verwonnert a soten ënnerteneen: „Wie kann dann nach gerett ginn?“
- 27 De Jesus huet si ugekuckt a gesot: „Fir d’Mënschen ass et onméiglech, mee net fir Gott; well fir Gott ass alles méiglech.“
- 28 Dunn huet de Péitrus ugefaangen, zum Jesus ze soen: „Kuck, mir hunn alles verlooss a sinn dir nogaangen.“
- 29 Doropshin huet de Jesus erkläert: „Ech soen iech d’Wourecht! Et gëtt keen, dee wéinst menger a wéinst der gudder Noriicht Haus, Bridder, Schwëstere, Papp, Mamm, Fra, Kanner oder Lännereie verlooss huet,
- 30 deen net an dësem Zäitalter dat Honnertfacht erëmkritt (Haiser, Bridder, Schwëstere, Mammen, Kanner a Lännereien, wann och ënnert Verfolgungen) an am Zäitalter, deen nach kënnt, d’éiwegt Liewen.
- 31 Mee vill, déi elo déi Éischt sinn, ginn déi Lescht an déi Lescht ginn déi Éischt.“

De Jesus seet säin Doud nees viraus

Mattias 20,17-19; Luc 18,31-34

- 32 Si waren ënnerwee fir op Jerusalem. De Jesus gong virun hinnen a si ware verwonnert a kruten et mat der Angscht ze dinn, wéi si him nogoungen, well de Jesus déi Zwieref nees op d’Säit geholl hat an ugefaangen hat, hinne vun deem ze verzielen, wat op hien duerkéim:
- 33 „Passt op! Mir ginn op Jerusalem. De Jong vum Mënsch gëtt do un d’iewescht Priister an un d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz ausgeliwert. Do veruerteele si hien zum Doud a liwweren hien un d’Net-Judden aus.
- 34 Déi maachen de Geck mat him, gäisselen hien, späizen op hien a bréngen hien ëm. Um drëtten Dag ersteet hie vun den Doudegen op.“

De Jacques an de Jean hunn e Wonsch

Mattias 20,20-28

- 35 Du koumen de Jacques an de Jean, dem Sabdai seng Jongen, bei hien a soten: „Léiermeeschter, mir wëllen, datt s du eis e Wonsch erfëlls.“
- 36 „Wat wëllt dir, datt ech fir iech maache soll?“, frot hie si.
- 37 „Erlab eis, datt mir an denger Herrlechkeet riets a lénks vun dir sëtze kënnen“, hu si him geäntwert.
- 38 Mee de Jesus sot zu hinnen: „Dir wësst jo net, wat dir do verlaangt! Kënnt dir aus deem Kellech drénken, aus deem ech drénken, oder mat där Daf gedeeft ginn, mat där ech gedeeft ginn?“

39 „Jo, dat kënne mir“, hu si him geäntwert. Doropshi sot de Jesus zu hinnen: „Sécherlech drénkt dir aus deem Kellech, aus deem ech drénken, an dir gitt och mat där Daf gedeeft, mat där ech gedeeft ginn.

40 Mee et steet mir net zou, fir ze bestëmmen, wien zu menger Rietser a wien zu menger Lénker sëtze soll. Déi Plaze sinn nämlech fir déi geduecht, fir déi si virbereet goufen.“

41 Wéi déi Zéng dat héieren hunn, ware si iwwert de Jacques an de Jean entsat.

42 De Jesus huet si bei sech geruff a sot zu hinnen: „Dir wësst jo, datt déi, déi als Herrscher vun den Natioune betruecht ginn, Mënschen tyranniséieren an hir Mächtig si ënnerdrécken.

43 Mee ënnert iech soll et net esou sinn. Am Géigendeel, wie vun iech dichtet wëllt ginn, soll ären Dénger ginn.

44 Wie vun iech den Éische wëllt ginn, soll den Dénger vu jidderengem ginn.

45 Esou ass et och mam Jong vum Mënsch. Dee koom net, fir sech bedéngen ze loossen, mee fir ze déngen a fir säi Liewen als Léisegeld fir vill Mënschen ze ginn.“

De Jesus heelt de blanne Bar-Timai

46 Duerno koume si op Jericho. Wéi hie mat senge Jénger a mat enger grousser Mass Leit aus Jericho fortgoung, souz de blanne Bar-Timai, de Jong vum Timai, beim Wee an huet geheescht.

47 Wéi hien héieren huet, datt et de Jesus vun Nazaret wier, huet hien ugefaangen ze jäizen: „Jesus, Jong vum David, erbaarm dech menger!“

48 Mee et hunn der vill hien ugefuer, roueg ze sinn. Hien huet awer ëmsou méi haart geruff: „Jong vum David, erbaarm dech menger!“

49 De Jesus ass stoe bliwwen an huet hie ruffe gelooss. Si hunn de Blanne geruff: „Hief Courage! Stéi op, hie rufft dech!“

50 Deen huet säi Mantel vu sech gehäit, ass opgestanen a koom bei de Jesus.

51 De Jesus frot hien: „Wat wëlls du, datt ech fir dech maache soll?“ „Rabbuni, looss mech nees gesinn!“, huet de Blannen him geäntwert.

52 „Géi!“, sot de Jesus zu him. „Däi Glawen huet dech geheelt.“ Nach an deem Abléck konnt hie gesinn a goung dem Jesus um Wee no.

Marc 11

De Jesus reit op engem Ieselsfillen a Jerusalem eran

Mattias 21,1-11; Luc 19,28-40; Jean 12,12-19

- 1 Wéi si méi no u Jerusalem koumen, koume si zu Betfage a Betanien beim Olivebiërg un. De Jesus huet zwee vu sengeJénger virausgeschéckt
- 2 a sot zu hinnen: „Gitt an d’Duerf, dat virun iech läit. Soubal dir erakommt, fannt dir en leselsfillen, dat ugestréckt ass an op deem nach kee geridden ass. Bannt et lass a bréngt et heihinner.
- 3 Wann een iech freet: ‚Firwat maacht dir dat?‘, da sot: ‚Den Här brauch et.‘ Hie gëtt iech et dann direkt mat.“
- 4 Si hu sech op de Wee gemaach an hunn d’Fille baussen op der Strooss fonnt. Et war virun der Dier ugestréckt a si hunn et lassgebonden.
- 5 Mee e puer vun deenen, déi do stoungen, soten zu hinnen: „Wat maacht dir do? Firwat bannt dir d’Fille lass?“
- 6 Si soten hinnen dat, wat de Jesus hinnen opgedroen hat, an doropshin hunn d’Leit si goe gelooss.
- 7 Dunn hu si d’Fille bei de Jesus bruecht, hunn hir Mäntel iwwert et geluecht an hien huet sech drop gesat.
- 8 Eng Abberzuel Leit hunn hir Mäntel iwwert d’Strooss ausgebreet an anerer hunn Äscht voller Blieder, déi si vun de Beem ofgeschnidden haten, op der Strooss ausgebreet.
- 9 Déi, déi virausgoungen, an déi, déi hannendru koumen, hu geruff: „Hosanna ! Geseent ass deen, deen am Numm vum Här kënnt!“
- 10 Geseent ass d’Kinnekräich vun eisem Papp David, dat am Numm vum Här kënnt! Hosanna am héchsten Himmel!“
- 11 De Jesus goug a Jerusalem a goug an den Tempel. Wéi hie sech do alles ugekuckt hat, goug hie mat deenen Zwiëlef hannescht op Betanien, well et scho spéit war.

De Jesus verflucht de Figebam

Mattias 21, 18-19

- 12 Den Dag drop, wéi si Betanien verlooss hunn, krut de Jesus Honger.
- 13 Hien huet vu wäitem e Figebam mat Blieder gesinn an ass dohinner gaangen, fir ze kucken, ob eppes dru wier. Wéi hie bei de Bam koug, huet hien näischt ausser Blieder dru fonnt, well et nach net d’Saison fir Fige war.
- 14 De Jesus huet sech un de Bam gericht a sot: „Ni méi soll een Uebst vun dir iessen.“ Seng Jénger hunn dat héieren.

De Jesus raumt den Tempel

Mattias 21, 12-13; Luc 19, 45-48

- 15 Du koume si op Jerusalem. De Jesus goug an den Tempel an huet ugefaangen, déi, déi am Tempel kaf a verkaf hunn, erauszejoen. Hien huet

d'Dëscher vun deenen, déi d'Sue gewiesselt hunn, an d'Still vun den Dauwenhändler ëmgehät.

16 Hien huet kengem erlaabt, Wueren duerch den Tempel ze droen.

17 Hien huet si geléiert: „Steet net geschriwwen: ‚Mäin Haus soll en Haus vum Gebiet fir all d'Natioune genannt ginn? Mee dir hutt eng Raiberhiel draus gemaach.“

18 D'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an d'ieweschtt Priister hunn dat héieren an hunn Mëttel a Weeër gesicht, wéi si hie kéinten ëmbréngen. Si haten Angscht virun him, well d'Vollek iwwert seng Léier verwonnert war.

19 Wéi et Owend gouf, gong hien aus der Stad eraus.

Vertraut op Gott

Mattias 21,20-22

20 Den nächste Mueren hu si de Figebam gesinn, wéi si laanschtgongen. Dee war vun der Wuerzel u verdréchent.

21 De Péitrus huet sech drun erënnert a sot zum Jesus: „Rabbi, kuck! De Figebam, deen s du verflucht has, ass verdréchent!“

22 „Vertraut op Gott!“, huet de Jesus hinne geäntwert.

23 „Ech soen iech d'Wourecht! Wien zu dësem Bierg seet: ‚Erhief dech a gehei dech an d'Mier‘, an a sengem Häerz net zweiwelt, mee gleeft, datt dat, wat hie seet, geschitt, dee kritt, wat och ëmmer hie seet.“

24 Dofir soen ech iech: Alles, wat dir am Gebiet frot, gleeft, datt dir et kritt an da kritt dir et.

25 A wann dir do stitt, fir ze bieden, an eppes géint een hutt, verzeit him, fir datt äre Papp am Himmel och iech är Iwwerriedunge verzeie kann.

26 Mee wann dir net verzeit, da verzeit äre Papp am Himmel och iech är Iwwerriedungen net.“

De Jesus gëtt a Fro gestallt

Mattias 21,23-27; Luc 20,1-8

27 Du koume si nees op Jerusalem. Wéi de Jesus duerch den Tempel gaangen ass, koumen d'ieweschtt Priister, d'Léiermeeschtere vum Gesetz an déi Eelst bei hien.

28 „Mat wat fir engem Recht méchs du dat alles?“, frote si hien. „Wien huet dir dat Recht ginn, fir dat ze maachen?“

29 „Ma ech stellen iech och eng Fro“, huet de Jesus hinne geäntwert. „Wann dir mir eng Äntwert gitt, da soen ech iech, mat wat fir engem Recht ech dat alles maachen.“

- 30 War dem Jean seng Daf vum Himmel oder vum Mënsch? Äntwert mir!“
- 31 Si hunn déi Fro ënnerteneen duerchdiskutéiert: „Wa mir soen: ‚vum Himmel‘, da freet hien: ‚Firwat hutt dir him dann net gegleeft?‘,
- 32 mee wa mir soen: ‚vum Mënsch‘...?“ Si haten Angscht virun de Leit, well jiddereen huet gemengt, de Jean wier e Prophét gewiescht.
- 33 Dofir hu si dem Jesus geäntwert: „Mir wëssen et net.“ Dunn huet de Jesus hinnen zeréckgeäntwert: „Ma da soen ech iech och net, mat wat fir engem Recht ech dat alles maachen.“

Marc 12

D'Gläichnes iwwert e Besëtzer vum engem Wéngert an d'Wénzer

Mattias 21,33-46; Luc 20,9-19

- 1 De Jesus huet nees ugefaangen, a Gläichnesser mat hinnen ze schwätzen: „E Mann huet e Wéngert ugeluecht an huet en Zonk ronderëm gezunn. Hien huet och e Lach fir d'Muelbidde gegruewen an en Tuerm gebaut. Dunn huet hien de Wéngert u Wénzer verpacht a goug an d'Ausland.
- 2 Wéi et d'Zäit vun der Lies war, huet hien en Dénger bei d'Wénzer geschéckt, fir en Deel vun de Friichte vum Wéngert vun de Wénzer ze kréien.
- 3 Mee si hunn hie geholl, hie gebeetscht an hie mat eidelen Hänn fortgeschéckt.
- 4 De Mann huet hinnen dunn en aneren Dénger geschéckt. Op deen hu si mat Steng gehäit, hien um Kapp blesséiert an hunn hien an der Schan fortgeschéckt.
- 5 Doropshin huet hien hinnen nach en anere geschéckt an och deen hu si ëmbruecht. An esou goug et mat villen aneren: déi eng hu si gebeetscht an anerer hu si ëmbruecht.
- 6 Schlussendlech hat hie just nach säin eenzege Jong, deen hie gär hat. Hien huet hie fir d'lescht bei si geschéckt, well hien zu sech sot: ‚Mäi Jong respektéiere si bestëmmt.‘
- 7 Mee d'Wénzer soten ënnerteneen: ‚Deen do ass den Ierwen. Kommt, mir bréngen hien ëm, da gehéiert d'Ierfschaft eis.‘
- 8 Si hunn hien ergraff, ëmbruecht an aus dem Wéngert gehäit.
- 9 Wat soll de Besëtzer vum Wéngert elo maachen? Hie kënnt, bréngt d'Wénzer ëm a gëtt de Wéngert aneren.
- 10 Hutt dir dann net dës Schrëft gelies: ‚De Steen, deen d'Steemeter verworf hunn, ass zum Eckstee ginn.‘

11 Dat huet den Här gemaach an et ass wonnerbar an eisen Aen'?"

12 Doropshin hätte si de Jesus gär verhaft, mee si haten Angscht virun de Leit, well si verstanen hunn, datt d'Gläichnes op si geménzt war. Si hunn hien du verlooss a goung fort.

Ass et erlaabt, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, oder net

Mattias 22,15-22; Luc 20,20-26

13 Duerno hu si munchPharisäer an Unhänger vum Herodes bei de Jesus geschéckt, fir hie mat sengen eegene Wierder ze fänken.

14 Si koume bei hien a soten: „Léiermeeschter, mir wëssen, datt s du d'Wourecht sees. Dem Mënsch seng Meenung beaflosst dech net, well s du onparteiesch bass, mee du léiers de Wee vu Gott der Wourecht no. Ass et erlaabt, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, oder net?"

15 Solle mir bezuelen oder solle mir net bezuelen?" Mee de Jesus huet hir Schäinhellegkeet duerchkuckt a sot zu hinnen: „Firwat stellt dir mech op d'Prouf? Bréngt mir enDenar, fir datt ech e ka gesinn.“

16 Dunn hu si him ee bruecht. „Wiem säi Bild a wéi eng Schrëft ass hei drop?“, huet hie si gefrot. „Dem Caesar seng“, hu si him geäntwert.

17 De Jesus huet hinne geäntwert: „Gitt dem Caesar, wat dem Caesar gehéiert, a Gott, wat Gott gehéiert.“ Si waren iwwert hie verwonnert.

D'Zaddukiter stellen eng Fro iwwert d'Operstéiung

Mattias 22,23-33; Luc 20,27-39

18 Du koumenZaddukiter, déi behaupten, datt et keng Operstéiung géif ginn, bei hien a froten hien:

19 „Léiermeeschter, de Moses huet eis virgeschriwwen, datt wann de Brudder vun engem Mann stierft an eng Fra hannerléisst a keng Kanner, da soll de Brudder vum Verstuerwenen deem seng Fra bestueden a Kanner fir säi Brudder kréien.

20 Et goufe siwe Bridder. Den éischten huet eng Fra bestuet an huet no sengem Doud keng Nokommen hannerlooss.

21 Den zweeten huet sech mat hir bestuet an och hien ass ouni Nokomme gestuerwen. An esou och den drëtten.

22 Déi siwe Bridder hu si bestuet an hu keng Nokommen hannerlooss. Fir d'Lescht vun en alleguer ass och d'Fra gestuerwen.

23 Elo stellt sech d'Fro: Wiem seng Fra ass si da bei der Operstéiung, wa si vun den Doudegen operstinn? Déi Siwen hate si jo als Fra.“

24 De Jesus huet hinne geäntwert: „Läit äre Feeler net doran, datt dir weder d'Schrëft nach d'Muecht vu Gott kennt?"

25 Wa si vun den Doudegen operstinn, bestuede si sech net a ginn och net bestuet, mee si si wéi d'Engelen|Engel am Himmel.

26 Wat elo d'Operstéiung vun den Doudegen ugeet, hutt dir net am Buch vum Moses gelies, am Text vun der Därenheck, wéi Gott zu him sot: ‚Ech sinn de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob‘?

27 Hien ass net de Gott vun den Doudegen, mee de Gott vun de Liewegen. Dir iert iech also ganz gewalteg!“

Dat wichtegst Gebot

Mattias 22,34-40; Luc 10,25-28

28 ELéiermeeschter vum Gesetz hat si héieren zesummen diskutéieren an hat erkannt, datt de Jesus hinne gutt geäntwert hat. Dofir giong hien dohin a frot de Jesus: „Wat ass dat wichtegst vun all de Geboter?“

29 De Jesus huet him geäntwert: „Dat wichtegst vun all de Geboter ass dat hei: ‚Lauschter, Israel, den Här, eise Gott, den Här ass Eent.

30 Hief den Här, däi Gott, gär mat dengem ganzen Häerz, mat denger ganzer Séil, mat dengem ganze Verstand a mat denger ganzer Kraaft.‘ Dat ass dat wichtegst Gebot.

31 Dat zweet, wat geneesou wichteg ass, ass dat hei: ‚Hief däin Nächste gär wéi dech selwer.‘ Et gétt keen anert Gebot, wat méi wichteg ass wéi déi hei.“

32 Du sot de Léiermeeschter vum Gesetz zu him: „Ganz gutt, Léiermeeschter! Du hues d'Wourecht gesot, well et gétt nëmmen ee Gott an ausser him gétt et keen anere Gott.

33 An hie mat ganzem Häerz, mat ganzem Verstand, mat ganzer Séil a mat ganzer Kraaft gär ze hunn, a säin Nächste gär ze hu wéi sech selwer, dat ass vill méi wichteg wéi all Brandaffer an all aner Affer.“

34 Wéi de Jesus gesinn huet, datt hie verstänneg geäntwert hat, sot hien zu him: „Du bass net wäit vum Kinnekräich vu Gott ewech.“ Doropshin huet kee sech méi getraut, fir him eng Fro ze stellen.

Gitt op d'Léiermeeschtere vum Gesetz uecht

Mattias 22,41-46; Luc 20,41-44

35 Wéi de Jesus amTempel enseignéiert huet, frot hien: „Wéi ass et méiglech, datt d'Léiermeeschtere vum Gesetz soen, datt deMessias de Jong vum David ass?

36 Den David selwer seet nämlech, erfëllt vum hellege Geescht: ‚Den Här sot zu mengem Här: ‚Setz dech zu menger Rietser, bis ech aus denge Feinden eng Foussbänk fir dech maachen.‘“

37 Wann den David selwer hien ‚Här‘ nennt, wéi kann hien da säi Jong sinn?“ D'Vollek huet him gär nogelauschtert.

38 Weider sot hien zu hinnen a senger Léier: „Gitt op d’Léiermeeschtere vum Gesetz uecht! Si gi gär a laange Kleeder doruechter a gi gär op de Maartplaze gegréisst.

39 Si hunn déi bescht Plazen an de Synagogen|Synagog an och d’Éiereplazen op de Fester gär.

40 Si beducksen d’Witfraen ëm hir Haiser a maachen zum Schäi laang Gebieder. Si kréie méi e strengt Uerteel.“

Der Witfra hiren Affer

Luc 21, 1-4

41 De Jesus souz vis-à-vis vum Afferstack an huet gesinn, wéi d’Leit hir Mënz an den Afferstack gehäit hunn. E sëllech Räicher hu vill dragehäit.

42 Du koum eng aarm Witfra an huet zwou kleng Mënz , déi ee Quadrans wäert sinn, dragehäit.

43 Dunn huet de Jesus seng Jénger bei sech geruff a sot zu hinnen: „Ech soen iech d’Wourecht! Dës aarm Witfra huet méi an den Afferstack gehäit, wéi all déi aner, déi eppes dragehäit hunn.

44 Si hunn alleguer nëmme vun hirem Iwwerfloss dragehäit, mee si huet an hirer Aarmut alles dragehäit, wat si hat: hire ganze Liewensënnerhalt.“

Marc 13

D’Zeeche vum Enn vum Zäitalter

Mattias 24, 1-44; Luc 21, 5-38

1 Wéi de Jesus aus dem Tempel erausgoung, sot ee vu sengen Jénger zu him: „Léiermeeschter, kuck dir emol déi wonnerbar Steng an déi enorm Gebaier hei un!“

2 „Gesäis du dës grouss Gebaier?“, huet de Jesus him geäntwert. „Net ee Stee bleift op deem aneren, deen net ofgerappt gött.“

3 Wéi de Jesus um Olivebierg souz, vis-à-vis vum Tempel, koumen de Péitrus, de Jacques, de Jean an den Andreas eleng bei hien a froten:

4 „So eis, wéini geschitt dat alles? A wat ass d’Zeechen, wann alles um Punkt ass, fir sech ze erfëllen?“

5 „Gitt uecht, datt keen iech irféiert“, huet de Jesus hinne geäntwert.

6 „Et kommen der vill a mengem Numm, déi soen: ‚Ech sinn et!‘ Vill Leit ginn irgeféiert.

7 Wann dir vu Kricher a vu Gerüchter iwwert Kricher héiert, da fäert net, well dat muss geschéien. D’Enn ass awer nach net do.

- 8 Eng Natioun erhieft sech nämlech géint eng aner Natioun an ee Kinnekräich géint en anert Kinnekräich. Op verschidde Plaze ginn et Äerdbiewen an och Hongersnéit an Onrouen. Dat ass den Ufank vun de Weien.
- 9 Mee gitt op iech selwer uecht! Si liwweren iech un déi lokal|Sanhedrinen|Sanhedrin aus an dir gitt an de|Synagoge|Synagog gegäisselt. Wéinst menger gitt dir viru Gouverneuren a viru Kinneke bruecht, fir virun hinnen auszesoen.
- 10 D'gutt Noriicht muss awer fir d'éischt all den Natioune verkënnegt ginn.
- 11 Mee wa si iech verhaften an iech ausliwweren, da maacht iech virdu keng Suergen iwwert dat, wat dir soe sollt, an iwwerleet iech et net am Virus, mee wat iech dee Moment agi gëtt, dat sot. Net dir sidd et, déi schwätzt, mee den hellege Geesch.
- 12 Et liwwert och ee Brudder deen aneren dem Doud aus an de Papp säi Kand. Kanner rebelléiere géint hir Elteren a loosse si ëmbréngen.
- 13 Wéinst mengem Numm gitt dir vu jidderengem gehaasst. Mee wie bis un d'Enn aushält, gëtt gerett.
- 14 Wann dir den Abscheilechen, deen zerstéiert, vun deem de Prophéit Daniel geschwat huet, do stoe gesitt, wou hien net stoe soll (Lieser, verstéi!), da sollen déi, déi a Judea sinn an d'Bierger flüchten.
- 15 Wien uewen um Haus ass, soll net an d'Haus erof an och net eragoen, fir eppes aus sengem Haus ze huelen.
- 16 Wien um Aker ass, soll net zeréckgoen, fir säi Mantel sichen ze goen.
- 17 Mee wéi schrecklech gëtt et fir déi Fraen, déi zu där Zäit erwaarden oder nieren.
- 18 Biet, datt är Flucht net am Wanter ass.
- 19 An deenen Deeg kënnt nämlech esou eng Nout, wéi et se zënter dem Ufank vun der Schöpfung, déi Gott gemaach huet, bis elo nach net gouf an och ni méi wäert ginn.
- 20 Wann den Här déi Deeg net verkierzt hätt, da géif kee Mënsch gerett ginn; mee wéinst den Auserwielten, déi hien auserwilt huet, verkierzt hien déi Deeg.
- 21 Wann een zu där Zäit zu iech seet: ‚Kuck, hei ass deMessias !‘, oder: ‚Kuck, de Messias ass dohannen!‘, da gleeft et net.
- 22 Et trieden nämlech falsch Messiasen a falsch Prophéiten op a si maachen Zeechen a Wonner, fir esouguer déi Auserwielten irzeféieren, wann dat méiglech wier.

- 23 Mee gitt uecht! Passt op! Ech hunn iech am Virus iwwert alles Bescheed gesot!
- 24 ‚Mee an deenen Deeg, no där Nout, gëtt d’Sonn däischer an de Mound gëtt keng Luucht méi vu sech.
- 25 D’Stäre vum Himmel falen erof an d’Kräften am Himmel geroden aus dem Gläichgewicht.’
- 26 Duerno gesi si deJong vum Mënsch an de Wolleke komme mat grousser Muecht an Herrlechkeet.
- 27 Da schéckt hie sengEngelen|Engel eraus a bréngt seng Auserwielten aus de véier Wandrichtungen zesummen, vum Enn vun der Äerd bis un d’Enn vum Himmel.
- 28 Léiert aus dem Gläichnes vum Figebam: Wa seng Äscht säfteg ginn a Blieder driewen, da wësst dir, datt de Summer gläich do ass.
- 29 Esou sollt dir och wëssen, wann dir dat geschéie gesitt, datt d’Enn virun der Dier steet.
- 30 Ech soen iech d’Wourecht! Déi Generatioun vergeet op kee Fall, bis all dat geschitt ass.
- 31 Himmel an Äerd verginn, mee meng Wieder verginn ni.
- 32 Et weess keen, wéini dësen Dag oder dës Stonn kënnt, net emol d’Engelen am Himmel an och net de Jong, mee just de Papp.
- 33 Gitt uecht! Bleift waakreg a biet! Dir wësst nämlech net, wéini d’Zäit do ass.
- 34 Et ass esou wéi bei engem Mann, deen an d’Ausland goug, säin Haus verlooss huet a sengen Dénger d’Verantwortung uvertraut huet. Jidder eenzelem huet hie seng Aufgab ginn an hien huet de Portier beoptraagt opzepassen.
- 35 Gitt dofir uecht! Dir wësst nämlech net wéini den Haushär erëmkënnt (ob owes, ëm Hallefnuecht, virum Hunnekreesch oder mueres fréi),
- 36 fir datt hien iech net am Schlof gesäit, wann hie stënterlech kënnt.
- 37 Wat ech zu iech soen, soen ech zu jidderengem: ‚Gitt uecht!‘“

Marc 14

Eng Fra salleft de Jesus

Mattias 26,6-13; Jean 12,1-8

- 1** Et war zwee Deeg virumPassa an dem Fest vumMatzebrout. D'iewesch Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz hu probéiert, de Jesus hannerléschteg festzehuelen an émzebréngen.
- 2** Si soten awer: „Net während dem Fest, net datt et zu enger Oprou ënnert dem Vollek kënnt.“
- 3** Zu där Zäit war de Jesus zu Betanien beim Schimon, deen Aussaz gehat hat, doheem. Wéi hien zu Dësch louch, koum eng Fra mat engerAlabasterfläsch, déi mat ganz wäertvollem a purem Nardenessenz gefëllt war, bei hien. Si huet d'Fläsch gebrach an huet den Ueleg iwwert säi Kapp geschott.
- 4** Munch vun hinne waren awer ausser sech a soten: „Firwat huet dës Essenz esou misse verbëtzt ginn?“
- 5** Et hätt een e fir méi wéi dräihonnertDenare|Denarverkafe kënnen an d'Suen un déi Aarm gespent ginn.“ Si hu si vernannt.
- 6** „Loosst si gewäerden!“, sot de Jesus. „Firwat kränkt dir si? Si huet eng gutt Dot fir mech gemaach.“
- 7** Déi Aarm hutt dir ëmmer ëm iech an dir kënnt hinne jidder Zäit Guddes doen. Mech awer hutt dir net ëmmer bei iech.
- 8** Si huet dat gemaach, wat hier méiglech war. Si huet mäi Kierper am Virus fir d'Begriefnes gesalleft.
- 9** Ech soen iech d'Wourecht! Iwwerall, wou op dëser Welt dës gutt Noriicht verkënnegt gëtt, gëtt och vun deem verzielt, wat dës Fra gemaach huet, als Erënnerung u si.“
- 10** De Judas Ischkariot, ee vun den Zwielf, gong du bei d'iewesch Priister, fir de Jesus u si ze verroden.
- 11** Wéi si dat héieren hunn, hu si sech gefreet an hunn him Sue versprach. Duerno huet hien no enger giedlecher Geleeënheet gesicht, fir hie kënnen ze verroden.

Dem Jesus seng lescht Passamoolzecht

Mattias 26,17-30; Luc 22,7-22; Jean 13,1-35; 1. Korinther 11,23-25

- 12** Fir den éischten Dag vum Fest vumMatzebrout, wann d'Passalamm geaffert gëtt, hu sengJénger hie gefrot: „Wou wëlls du, datt mir higinn, fir alles ze preparéieren, fir datt s du d'Passamoolzecht iesse kanns?“
- 13** Dunn huet hien zwee vu senge Jénger virausgeschéckt a sot zu hinnen: „Gitt an d'Stad. Do kënnt iech e Mann, deen e Waasserkrou dréit, entgéint. Gitt him no.“
- 14** Do, wou hien erageet, sot zum Haushär: „De Léiermeeschter freet: „Wou ass de Raum, wou ech d'Passamoolzecht mat menge Jénger iesse kann?““

- 15 Hie weist iech uewenop e grouse Sall, deen ageriicht ass a prett steet. Bereet do alles fir eis vir.“
- 16 Du gounge seng Jénger vun do fort a koumen an d’Stad eran. Si hunn alles esou virfonnt, wéi hien hinnen et gesot hat, an hunn d’Passamoolrecht virbereet.
- 17 Wéi et Owend war, koum hie mat den Zwielef no.
- 18 Wéi si zu Dësch louchen a giess hunn, sot de Jesus zu hinnen: „Ech soen iech d’Wourecht: Ee vun iech, dee mat mir ësst, verréit mech.“
- 19 Du goufe si traureg an hunn hien een nom anere gefrot: „Dach net ech?“ „Dach net ech?“, huet en anere gefrot.
- 20 Hien huet hinne geäntwert: „Et ass ee vun iech Zwielef: deen, deen zesumme mat mir an d’Schossel zappt.“
- 21 DeJong vum Mënsch geet fort, geneesou wéi et iwwert hie geschriwwe steet, mee wéi schrecklech ass et fir dee Mënsch, duerch deen de Jong vum Mënsch verrode gëtt! Et wier besser fir hie gewiescht, wann hien ni gebuer gi wier.“
- 22 Wéi si giess hunn, huet de Jesus Brout geholl, e Segen ausgeschwat an et gebrach. Hien huet hinnen et ginn a sot: „Huelt! lesst! Dat hei ass mäi Läif.“
- 23 Hien huet de Kellech geholl an nodeems hie Merci gesot hat, huet hien hinnen e ginn a si hunn all doraus gedronk.
- 24 „Dat hei ass mäi Blut, dat vum neieBond, dat fir vill Leit ausgeschott gëtt“, sot hien zu hinnen.
- 25 „Ech soen iech d’Wourecht! Ech drénken net méi vun de Friichte vum Riefstack bis deen Dag, op deem ech se nei am Kinnekräich vu Gott drénken.“
- 26 Nodeems si Psalme gesongen haten, gounge si op den Olivebiereg.

De Jesus seet viraus, datt de Péitrus hie verleegent

Mattias 26,31-35; Luc 22,31-34; Jean 13,36-38

- 27 Du sot de Jesus zu hinnen: „Dës Nuecht verloosst dir mech all. Et steet nämlech geschriwwen: ‚Ech schloen de Schéifer an d’Schof gi verspreet.‘
- 28 Mee no menger Operstéiung ginn ech iech a Galilea viraus.“
- 29 „Och wa jiddereen dech verléisst, maachen ech dat net!“, sot de Péitrus zu him.
- 30 „Ech soen dir d’Wourecht!“, huet de Jesus geäntwert. „Haut, nach dës Nuecht, éier den Hunn zweemol kréit, verleegens du mech dräimol!“

31 Mee de Péitrus huet sech drop behaupt: „A wann ech och mat dir stierwe misst, verleegegen ech dech net.“ An datselwecht hunn och all déi aner gesot.

De Jesus biet eleng

Mattias 26,36-46; Luc 22,39-46

32 Du koume si op eng Plaz, déi Getsemani genannt gouf, an hie sot zu senger Jénger: „Setzt iech heihinner, bis ech gebiet hunn.“

33 Hien huet de Péitrus, de Jacques an de Jean mat sech geholl a gouf zudéifst matgeholl a bedréckt

34 a sot zu hinnen: „Meng Séil ass bis op den Doud mat Trauer iwwerwältegt. Bleift hei a waacht!“

35 Hie gong e bësse méi wäit ewech, huet sech op de Buedem geworf a gebiet, datt, wann et méiglech wier, dës Stonn un him erlaanscht kéint goen.

36 „Abba, Papp! Fir dech ass alles méiglech. Huel dëse Kellech vu mir ewech. Mee net dat, wat ech wëll, mee dat, wat s du wëlls.“

37 Hie kum zeréck an huet si am Schlof virfonnt. Zum Péitrus sot hien: „Schimon, du schléifs jo! Konnts du net emol eng Stonn waachen?“

38 Waacht a biet, fir datt dir net a Versuchung gerot! De Geescht ass wëlleg, mee de Kierper ass schwaach.“

39 Hie gong nees fort an huet mat deenen nämmlechte Wieder gebiet.

40 Wéi hien hanneschkoum, huet hie si nees am Schlof virfonnt, well si hir Aen net konnten ophalen. Si woussten net, wat si him äntwere sollten.

41 Hie kum du fir d'drëtte Kéier a sot zu hinnen: „Schlooft a rascht herno! Et geet elo duer! D'Zäit ass komm. Passt op! Elo gött de Jong vum Mënsch an d'Hänn vun de Sënner ausgeliwert.

42 Stitt op a loosst eis goen! Kuckt, mäi Verréider ass nobäi!“

De Jesus gött verhaft

Mattias 26,47-56; Luc 22,47-53; Jean 18,2-12

43 Nach an deem Abléck, an deem de Jesus geschwat huet, koum de Judas, ee vun den Zwiefel, bei hien. Et waren eng Abberzuel Leit bei him, déi Schwärter a Knëppelen dobäi haten an déi vun den ieweschte Priister, de Léiermeeschtere vum Gesetz an den Eelste geschéckt goufen.

44 Säi Verréider hat mat hinnen en Zeechen ofgemaach: „Deen, deem ech eng Bees ginn, ass deen, deen dir ergräife sollt. Féiert hie bewacht of.“

45 Knapps war de Judas ukomm, gong hien direkt op de Jesus duer a sot zu him: „Rabbi, Rabbi!“, an huet him eng Bees ginn.

46 Si hunn Hand un hie geluecht an hie festgeholl.

47 Ee vun deenen, déi dobäi stoungen, huet säi Schwäert erausgezunn, huet den Dénger vumHaaptpriister ugegraff an him d'Ouer erofgehaen.

48 De Jesus sot zu hinnen: „Sidd dir géint mech ausgezunn, wéi wann ech e Brigang wier, fir mech mat Schwäerter a Knëppele festzehuelen?“

49 Ech war all Dag bei iech amTempel, fir d'Leit ze léieren an dir hutt mech net festgeholl. Dat war awer, fir datt d'Schrëften|Schrëft an Erfëllung ginn.“

50 Doropshin hu si hien all verlooss a si geflücht.

51 E jonke Mann gong him no. Hien hat just e Kleed aus Léngent un a soss war hie plakeg. Wéi déi jonk Männer hien ergraff hunn,

52 huet hien d'Léngkleed zeréckgelooss an ass plakeg fortgelaf.

De Jesus gëtt virum Sanhedrin verhéiert

Mattias 26,57-68; Luc 22,63-71; Jean 18,13-15.19-24

53 Si hunn de Jesus bei den Haaptpriister geféiert. Alleguer d'iewescht Priister, déi Eelst an d'Léiermeeschtere vum Gesetz ware bei him versammelt.

54 De Péitrus gong him vu wäitem no bis an den Haff vum Haaptpriister. Hien huet sech bei d'Tempelwiechter gesat a sech beim Feier gewiermt.

55 D'iewescht Priister an de ganzeSanhedrin hunn no Zeienaussoe géint de Jesus gesicht, fir him d'Doudesstrof kënnen unzehänken. Si hunn awer keng fonnt.

56 Et hunn der zwar vill falsch géint hien ausgesot, mee hir Aussoen hunn net iwwertenee gestëmmt.

57 Munch Leit sinn opgestanen an hu falsch géint hien ausgesot:

58 „Mir hunn hie héiere soen: ‚Ech zerstéieren dësen Tempel, dee vu Mënschenhand gebaut gouf, a bannent dräi Deeg riichten ech en aneren op, deen net vu Mënschenhand gemaach gouf.‘“

59 Mee och doranner hunn hir Aussoen net iwwertenee gestëmmt.

60 Dunn ass den Haaptpriister opgestanen, ass an hir Mëtt getrueden an huet de Jesus verhéiert: „Hues du näischt dozou ze soen? Wat ass mat deem, wat dës Männer géint dech bezeien?“

61 Mee hien ass roueg bliwwen an huet net geäntwert. Den Haaptpriister huet hie weider verhéiert: „Bass du deMessias, de Jong vum Héichgelueften?“

62 „Ech sinn et“, sot de Jesus. „Enges Daags gesitt dir de Jong vum Mënsch zur Rietser vun der Muecht sëtzen a mat de Wolleke vum Himmel kommen.“

63 Doropshin huet den Haaptpriister seng Tunique zerrappt a sot: „Firwat brauche mir do nach Zeien?“

64 Dir hutt seng Gotteslästerung héieren! Wat mengt dir?“ Dunn hu si hien all zur Doudesstrof veruerteelt.

65 Verschidde Leit hunn ugefaangen, op hien ze späizen, hu säi Gesiicht verdeckt an hien zerschloen. Si soten: „Dajee, prophezei!“ D'Tempelwiechter hunn him eng gehaen.

De Péitrus verleegent de Jesus

Mattias 26,69-75; Luc 22,55-62; Jean 18,15-18.25-27

66 An der Tëschenzäit war de Péitrus ënnen am Haff an eng vun de Meed vum Haaptpriister koum dohin.

67 Wéi hatt de Péitrus gesinn huet, deen am Gaang war, sech ze wiermen, huet hatt hien ugekuckt a gesot: „Du waars dach och beim Jesus vun Nazaret ënnerwee.“

68 Mee hien huet et geleeget: „Ech weess net a verstinn och net, vu wat s du schwätzt!“ Du goug hien an de Virhaff an en Hunn huet gekréit.

69 D'Mod huet hien nees gesinn an huet ugefaangen zu deenen, déi och do stoungen, ze soen: „Dat hei ass ee vun hinnen!“

70 Mee hien huet et nees geleeget. E bëssche méi spéit soten déi, déi beim Péitrus stoungen: „Kloer bass du ee vun deenen, well du bass e Galileeër. Du hues deeselwechten Accent.“

71 Mee hien huet ugefaangen, sech ze verfluchen an huet geschwuer: „Ech kennen dee Mann net, vun deem dir schwätzt!“

72 Dunn huet den Hunn eng zweete Kéier gekréit. De Péitrus huet sech un dat erënnert, wat de Jesus zu him gesot hat: „Éier den Hunn zweemol kréit, verleegens du mech dräimol.“ Wéi hie sech dorunner erënnert huet, huet hie gekrasch.

Marc 15

De Jesus gött virum Pilatus verhéiert

Mattias 27,11-26; Luc 23,1-5; Jean 18,28-40

1 Soubal et Muere war, hunn d'iewescht Priister zesumme mat den Eelsten, deLéiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz a mam ganzeSanhedrin eng Entscheidung getraff: Si hunn de Jesus gefesselt, hien ofgeféiert an un de Pilatus iwwerginn.

2 De Pilatus huet de Jesus du verhéiert: „Bass du de Kinnek vun de Judden?“ „Du sees et“, huet de Jesus geäntwert.

3 D'iewescht Priister hunn hie wéinst villem ugeklot.

- 4 De Pilatus huet hien nees gefrot: „Äntwers du näischt? Kuck dach wéi vill Ukloen, datt si géint dech bréngen!“
- 5 Mee de Jesus huet nach ëmmer näischt geäntwert, esou datt de Pilatus ganz verwonnert war.
- 6 Um Fest hat hien d’Gewunnecht, fir ee Prisonéier fräizeloossen, dee si sech gewënscht haten.
- 7 E Mann, dee Bar-Abba geheescht huet, souz mat Komplizen am Prisong, déi während dem Opstand een ermort haten.
- 8 D’Leit hunn ugefaangen, ze jäizen an ze fuerderen, datt hien et esou soll maachen, wéi hien et nach ëmmer gemaach huet.
- 9 Dunn huet de Pilatus si gefrot: „Wëllt dir, datt ech iech de Kinnek vun de Judde fräילוossen?“
- 10 Hie wousst nämlech, datt d’iewescht Priister him de Jesus nëmmen aus Näid ausgeliiwert haten.
- 11 Mee d’iewescht Priister hunn d’Leit opgestëppelt, datt hien éischer de Bar-Abba fräילוosse sollt.
- 12 De Pilatus huet si erëm gefrot: „Wat wëllt dir dann, datt ech mat deem maachen, deen dir de Kinnek vun de Judden nennt?“
- 13 Si hunn nees haart zeréck gejaut: „Kräizeg hien!“
- 14 „Firwat?“, huet de Pilatus si du gefrot. „Wat huet hien da Béises gedom?“ Mee si hunn nach vill méi haart gejaut: „Kräizeg hien!“
- 15 De Pilatus huet dunn de Bar-Abba fir si fräigelooss, fir d’Vollek zefriddenzestellen. Nodeems hien de Jesus gäissele gelooss hat, huet hien en ausgeliiwert, fir gekräizegt ze ginn.

D’Zaldote maachen de Spunnes mam Jesus

Mattias 27,27-31; Luc 22,63-64

- 16 D’Zaldoten hunn de Jesus an den Haff, dee Praetorium heescht, geféiert an hunn déi ganz Kohort zesummegeruff.
- 17 Si hunn him e purpurroude Mantel ugedoen, hunn eng Kroun aus Däre geflecht, him se op de Kapp gesat
- 18 an hunn ugefaangen, hien ze gréissen: „Vive de Kinnek vun de Judden!“
- 19 Dunn hu si hie mat enger Rutt op de Kapp geschloen an op hie gespaut. Si sinn op d’Knéie gefall an hunn hien ugebet.
- 20 Nodeems si de Spunnes mat him gemaach haten, hu si him de purpurroude Mantel ausgedoen an him seng eege Kleeder nees ugedoen. Dunn hu si hie fortgeféiert, fir hien ze kräizegen.

De Jesus gött gekräizegt

Mattias 27,32-44; Luc 23,26-43; Jean 19,17-27

- 21 E Mann, de Schimon aus Kyreene, de Papp vum Alexander a vum Rufus, koum grad vum Land. Wéi hie laanscht giong, hu si hie forcéiert, fir dem Jesus säi Kräiz ze droen.
- 22 Si hunn hien op d'Plaz bruecht, déi Golgota heescht (wat iwwersat „Plaz vum Doudekapp“ heescht).
- 23 Du hu si him Wäin, mat Myrrhe vermëscht, ze drénke ginn, mee hien huet e refuséiert.
- 24 Wéi si hie gekräizegt haten, hu si seng Kleeder ënnerteneen opgedeelt, andeems si d'Lous fir se gezunn hunn, fir ze kucken, wie wat kréich.
- 25 Ëm néng Auer mueres hu si hie gekräizegt.
- 26 Um Schëld iwwert him stoung d'Veruerteelung géint hien: „De Kinnek vun de Judden.“
- 27 Si hunn zwee Brigange zesumme mat him gekräizegt. Deen ee houng op senger rietser an deen aneren op senger lénker Säit.
- 28 Esou giong d'Schrëft an Erfëllung, déi seet: „Hie gouf zu de Gesetzlose gezielt.“
- 29 Déi, déi laanscht gongen, hunn him Frechheeten zougeruff, de Kapp gerëselt a gesot: „Ha! Du wëlls den Tempel zerstéieren an en nees an dräi Deeg opriichten!
- 30 Ma da rett dech dach selwer! Komm dach vum Kräiz erof!“
- 31 Geneesou hunn d'iewescht Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz de Spunnes mat him gemaach an ënnertenee gesot: „Hien huet anerer gerett, mee sech selwer kann hien net retten!
- 32 DeMessias, de Kinnek vun Israel, soll elo vum Kräiz erofkommen, fir datt mir gesinn a gleewe kënnen!“ Déi, déi mat him gekräizegt goufen, hunn hien och vernannt.

De Jesus stierft

Mattias 27,45-56; Luc 23,44-49; Jean 19,28-37

- 33 Et gouf vu Mëtteg bis dräi Auer am Nomëtteg am ganze Land däischter.
- 34 Um dräi Auer nomëttes huet de Jesus mat haarder Stëmm geruff: „Eloi, Eloi, lema sabachtani?“, wat iwwersat heescht: „Mäi Gott, mäi Gott, firwat hues du mech verlooss?“
- 35 E puer vun de Leit, déi dobäi stoungen, soten, nodeems si dat héieren haten: „Lauschtert, hie riff den Elia.“

36 Du koum ee gelaf, huet e Schwamp mat sauerem Wäin gedränk, en op eng Rutt gestach an him en dohigehalen, fir ze drénken. Dobäi sot hien: „Loosst hien dach! Kommt mir kucken, ob den Elia kënnt, fir hien erofzehuelen.“

37 Dunn huet de Jesus en haarde Kreesch geden an ass gestuerwen.

38 D'Riddo am Tempel gouf vun uewe bis ënnen an zwee gerass.

39 Wéi deréimeschen Offizéier|Offizéier, réimeschen, dee vis-à-vis vun him stoung, gesinn huet, datt hien en haarde Kreesch geden huet a gestuerwen ass, sot hien: „Dese Mann war wierklech de Jong vu Gott!“

40 Et waren och vill Fraen do, déi vu wäitem nogekuckt hunn. Ënnert hinne waren d'Maria vu Magdala, d'Maria (dem jonke Jacques an dem Yosséi hir Mamm) an d'Salome.

41 Dës Frae waren him nogaangen an haten him gedéngt, wéi hien a Galilea war. Et goufen nach vill aner Fraen, déi mat him op Jerusalem komm waren.

De Jesus gött begruewen

Mattias 27,57-61; Luc 23,50-56; Jean 19,38-42

42 Et war schonns Owend, a well et den Dag vun der Virbereedung war, also den Dag virum Sabbat,

43 huet de Yossef vun Arimatea, deen e respektéierte Member vum Sanhedrin war an och selwer op d'Kinnekräich vu Gott gewaart huet, sech en Häerz geholl, ass bei de Pilatus gaangen an huet em dem Jesus seng Läch gefrot.

44 De Pilatus war iwerrascht, datt de Jesus schonn dout war. Hien huet dunn de réimeschen Offizéier ruffe gelooss an hie gefrot, ob de Jesus schonns eng Zäitchen dout wier.

45 Wéi de Pilatus dat vum Offizéier bestätegt krut, huet hien dem Yossef d'Läch iwwerlooss.

46 De Yossef huet Léngent kaf, huet hien erofgeholl an en an d'Léngent gewéckelt. Hien huet de Jesus an e Graf geluecht, dat an e Fiels gehae war, an huet e Stee virum Agang vum Graf gerullt.

47 D'Maria vu Magdala an d'Maria, dem Yosséi seng Mamm, hu gesinn, wou hien higeluecht gouf.

Marc 16

De Jesus ass operstanen

Mattias 28,1-10; Luc 24,1-12; Jean 20,1-18

- 1 Wéi deSabbat eriwwer war, hunn d'Maria vu Magdala, d'Maria (dem Jacques seng Mamm) an d'Salome Gewierzer kaf, fir bei d'Graf ze goen an hien ze sallafen.
- 2 Ganz fréi um éischten Dag vun der Woch, koume si bei Sonnenopgang beim Graf un.
- 3 Si hate sech schonn ënnertenee gefrot: „Wie soll eis de Stee virum Agang vum Graf ewechrullen?“
- 4 Mee wéi si eropgekuckt hunn, hu si gemierkt, datt de risege Stee schonns ewechgerullt gi war.
- 5 Wéi si dunn an d'Graf gOUNgen, hu si e jonke Mann an engem wäisse Kleeed op der rietser Säit gesi sëtzen. Si hu sech erféiert.
- 6 „Erféiert net!“, sot hien zu hinnen. „Dir sicht de Jesus, de Nazarener, dee gekräizegt gouf. Hien ass operstanen. Hien ass net hei. Kuckt, hei ass d'Plaz, wou si hien higeluecht haten.“
- 7 Maacht iech awer op de Wee! Sot deJénger an dem Péitrus, datt de Jesus virun iech a Galilea gaangen ass. Do gesitt dir hien, esou wéi hien iech dat gesot hat.“
- 8 Si hunn d'Graf verlooss a si fortgelaf, well si ausser sech vun Angscht waren. Si hu kengem eppes dovu gesot, well si därmossen Angscht haten.
- 9 Wéi de Jesus awer fréi am Mueren um éischten Dag vun der Woch operstane war, ass hie fir d'alleréischt dem Maria vu Magdala, deem hie siwen Dämonen ausgedriwwen hat, erschéngen.
- 10 Hatt gOUNg hin an huet deenen et matgedeelt, déi deemools mam Jesus zesumme waren an déi getrauert a gekrasch hunn.
- 11 Wéi si héieren hunn, datt hie lieft an datt hatt hie gesinn hat, hu si him et net gegleeft.
- 12 Duerno huet de Jesus sech zwee vun hinnen an enger anerer Gestalt gewisen, wéi déi ënnerwee waren, fir op d'Land ze goen.
- 13 Si sinn hanneschtgaangen an hunn deenen aneren et verzielt. Mee och deenen hu si net gegleeft.
- 14 Spéiderhin huet hie sech den Eelef selwer gewisen, wéi si zu Dësch louchen. Hien huet si wéinst hirem Onglawen an hire verbrueten Häerzer zurechtgewisen, well si deenen net gegleeft haten, déi hie gesinn haten, nodeems hien operstane war.
- 15 „Gitt an d'ganz Welt a verkënnegt der ganzer Schöpfung d'gutt Noriicht“, sot hien zu hinnen.
- 16 „Wie gleeft a gedeeft gött, gött gerett, mee wien net gleeft, gött veruerteelt.“

- 17 Dës Zeeche begleeden déi, déi gleewen: A mengem Numm dreiwe si Dämonen aus a si schwätzen an neie Sproochen.
- 18 Si rafe Schlaangen op a wa si déidlecht Gëft drénken, deet et hinnen näischt. Si leeën hir Hänn op déi Krank an déi gi gesond.“
- 19 Nodeems den Här mat hinne geschwat hat, gouf hien an den Himmel eropgeholl an huet sech zur Rietser vu Gott gesat.
- 20 D'Jénger sinn ausgezunn an hunn iwwerall gepriedegt. Den Här huet mat hinne geschafft an huet d'Wuert duerch Zeechen, déi et begleet hunn, bestätegt. Amen.

Luc

Luc 1

Aleedung

- 1** E sëllege Leit hu scho probéiert, fir e Rapport vun den Evenementer, déi ënnert eis erfëllt goufen, opzesetzen,
- 2** esou wéi déi, déi vun Ufank un Aenzeien an Dénger vum Wuert waren, se eis iwwerliwwert hunn.
- 3** Och ech hunn et fir gutt gehalten, dat alles fir dech, veréierten Theophilos, der Rei no opzeschreiwen, nodeems ech mech ganz exakt iwwert alles vun Ufank un informéiert hunn.
- 4** Esou kanns du dech iwwert d'Zouverlässegkeet vun allem, wat s du geléiert krus, vergewësseren.

Den Engel seet d'Gebuert vum Jean den Deefer viraus

- 5** Zur Zäit vum Herodes, dem Kinnek vu Judea, gouf et e Priister, aus dem Uerde vum Abiya, dee Sacharia geheescht huet. Seng Fra war eng vun den Duechtere vum Aaron an huet Elisabeth geheescht.
- 6** Si waren allen zwee gerecht viru Gott an hunn irreprochabel an all de Geboter an de Statute vum Här gelieft.
- 7** Si hate kee Kand, well d'Elisabeth keng Kanner konnt kréien, a si ware schonns allebéid bei Alter.
- 8** Enges Daags, wéi de Sacharia säi Priisterdéngscht viru Gott erfëllt huet (well säin Uerde grad un der Rei war),
- 9** gouf de Sacharia, nom Brauch vum Priisteramt, duerch d'Lous bestëmmt, fir an den Tempel ze goen, fir do virum Här d'Weirauch ze brennen.
- 10** D'ganz Versammlung vum Vollek huet bause gebiet, wéi et un der Zäit war, fir de Weirauch ze brennen.
- 11** Dunn ass en Engel vum Här dem Sacharia erschéngen. Hie stoung op der rietser Säit vum Altar vum Weirauch.
- 12** Wéi de Sacharia hie gesinn huet, ass hien erféiert a krut et mat der Angscht ze dinn.
- 13** „Hief keng Angscht, Sacharia“, sot den Engel zu him. „Däi Gebiet ass erhéiert ginn. Deng Fra Elisabeth bréngt e Jong op d'Welt an du solls hie Jean nennen.“
- 14** Hie bréngt dir grouss Freed an et freeë sech der vill iwwert seng Gebuert.

15 Hie gëtt nämlech virum Här dichtet. Wäin a staarkt Gedrénks hëlt hien net zou sech. Schonns am Bauch vu senger Mamm ass hie mam hellege Geescht erfëllt.

16 Vill vun den Israelite bréngt hie bei den Här, hire Gott, zeréck.

17 Hie geet him am Geescht an an der Kraaft vum Elia viraus, ‚fir d’Häerzer vun de Pappen zeréck bei d’Kanner ze bréngen‘, an d’Rebellen zeréck bei d’Asiicht vun de Gerechten, fir dem Här e Vollek ze preparéieren, dat fir hie bereet ass.“

18 „Wourunner soll ech dat erkennen?“, huet de Sacharia den Engel gefrot. „Ech sinn en ale Mann a meng Fra ass och schonns bei Alter.“

19 „Ech sinn de Gabriel, dee viru Gott steet, an ech gouf geschéckt, fir mat dir ze schwätzen an dir dës gutt Noriicht ze verkënnegen“, huet den Engel him geäntwert.

20 „Mee lauschter! Du gëss elo stomm a kanns net méi schwätzen, bis deen Dag, op deem dat geschitt, well s du menge Wieder net gegleeft hues, déi sech zu hirer Zäit erfëllen.“

21 D’Leit hunn op de Sacharia gewaart a sech gewonnert, datt hien esoulaang am Tempel bliwwen ass.

22 Wéi hien awer erauskoum, konnt hien net mat hinne schwätzen. Dunn hu si realiséiert, datt hien eng Visioun am Tempel hat. Hien huet hinnen Zeeche gemaach a blouf stomm.

23 Wéi d’Zäit vu sengem Déngscht eriwwer war, gong hien nees heem.

24 Net laang duerno huet seng Fra Elisabeth erwaart a si huet sech fir fënnef Méint zeréckgezunn a sot:

25 „Dat hei huet den Här fir mech gemaach: Zu dëser Zäit huet hie mech beuecht an huet meng Schan virun de Mënschen ewechgeholl.“

Den Engel seet d’Gebuert vum Jesus viraus

26 Am sechste Mount gouf den Engel Gabriel vu Gott an eng Stad a Galilea geschéckt, déi Nazaret heescht,

27 bei eng Jongfra, déi mat engem Mann verlobt war, dee Jousef geheescht huet an deen aus dem Haus vum David gestaamt huet. Der Jongfra hiren Numm war Maria.

28 Den Engel koum eran a sot zum Maria: „Sief gegréisst, du mat Gnod geseente Fra! Den Här ass mat dir. Du bass ënnert all de Frae geseent.“

29 Mee wéi d’Maria den Engel gesinn huet, war et wéinst senge Wieder ganz duercherneen an huet sech gefrot, wat de Grouss sollt bedeuten.

30 „Hief keng Angscht, Maria“, sot den Engel zu him, „well du hues Gnod bei Gott fonnt.

31 Lauschter, du erwaarts geschwënn a bréngs dann e Jong op d'Welt. Du solls hie Jesus nennen.

32 Hie gëtt dichteg a gëtt ‚Jong vum Allerrhéchsten‘ genannt. Gott, den Här, gëtt him den Troun vu sengem Papp, dem David.

33 Hie regéiert fir ëmmer iwwert d'Haus vum Jakob a säi Kinnekräich kritt ni en Enn.“

34 „Wéi soll dat geschéien?“, huet d'Maria den Engel gefrot. „Ech hu jo nach ni mat engem Mann geschlof.“

35 „Den hellege Geescht kënnt iwwert dech an d'Kraaft vum Allerrhéchste bedeckt dech mat hirem Schiet“, huet den Engel him geäntwert. „Dofir gëtt och dat hellegt Kand, wat gebuer gëtt, de ‚Jong vu Gott‘ genannt.

36 Lauschter, d'Elisabeth, dat mat dir Famill ass, erwaart a sengem héijen Alter och e Jong. Hatt, wat erofgemaach gouf, well et keng Kanner konnt kréien, ass elo am sechste Mount.

37 Fir Gott ass nämlech näischt onméiglech.“

38 „Kuck, ech sinn dem Här seng Mod. Et soll mir esou geschéien, wéi s du gesot hues!“, sot d'Maria. Den Engel gong du vun him fort.

D'Maria besicht d'Elisabeth

39 Zu där Zäit huet d'Maria sech séier op de Wee an d'Bierger gemaach an eng Stad vu Judea.

40 Hatt koum an d'Haus vum Sacharia an huet d'Elisabeth begréisst.

41 Wéi d'Elisabeth dem Maria seng Begréissung héieren huet, ass d'Kand a sengem Bauch gesprongen an d'Elisabeth gouf vum hellege Geescht erfëllt.

42 Hatt huet mat haarder Stëmm geruff: „Geseent bass du ënnert de Fraen a geseent ass d'Kand an dengem Bauch.

43 Ma wie sinn ech, datt d'Mamm vu mengem Här bei mech kënnt?

44 Soubal de Klang vun denger Begréissung mir zu Ouere koum, ass d'Kand a mengem Bauch vu Freed gesprongen.

45 Geseent bass du, dat gegleeft huet, well dat, wat den Här dir gesot huet, an Erfëllung geet.“

Dem Maria säi Lueflidd

46 D'Maria sot: „Meng Séil verherlecht den Här

47 a mäi Geescht erfreet sech u Gott, mengem Retter,

- 48 well hien op d'Aarmséilegkeet vu senger Mod erofgekuckt huet. Vun elo un nennen all d'Generatioune mech geseent,
- 49 well de Mächtege Grousses fir mech gemaach huet. Helleg ass säin Numm.
- 50 Seng Baarmhärzegkeet ass vu Generatioun zu Generatioun mat deenen, déi hie fäerten.
- 51 Hien huet mat sengem Aarm Muecht gewisen; hien huet déi, déi an hirem Häerz iwwerhiefléchen Gedanken haten, verspreecht.
- 52 Hien huet déi Mächtege vum Troun gestouss an huet déi Niddreg erhuewen.
- 53 Hien huet déi Hongereg mat Guddem gesiedegt an déi Räich huet hie mat eidelen Hänn fortgeschéckt.
- 54 Hien huet sengem Dénger Israel gehollef, well hie sech u seng Baarmhärzegkeet erënnert huet,
- 55 esou wéi hien et eise Pappen, dem Abraham a sengen Nokommen, fir ëmmer gesot hat.“
- 56 D'Maria blouf nach ongeféier dräi Méint beim Elisabeth a gong dunn heem.

D'Gebuert vum Jean den Deef

- 57 D'Zäit koom, an där d'Elisabeth accouchéiere sollt, an hatt huet e Jong op d'Welt bruecht.
- 58 Seng Noperen a Famill hunn héieren, datt den Här him seng grouss Baarmhärzegkeet erweisen hat, a si hu sech mat him gefreet.
- 59 Um aachten Dag si si komm, fir d'Kand ze beschneiden a wollten hien no sengem Papp, dem Sacharia, nennen,
- 60 mee seng Mamm huet geäntwert: „Nee, hie soll Jean heeschen.“
- 61 „Et gött awer keen an der Famill, deen esou heescht!“, sote si zu hir.
- 62 Also hu si sengem Papp Zeeche gemaach, fir hien ze froen, wéi hie wéilt, datt d'Kand heesche sollt.
- 63 Hien huet no enger Tafel gefrot an huet drop geschriwwen: „Säin Numm ass Jean.“ Si waren all verwonnert.
- 64 Stënterlech gouf säi Mond opgemaach a seng Zong war fräi. Hie konnt nees schwätzen an huet Gott gelueft.
- 65 D'ganz Noperschaft krut et mat der Angscht ze dinn. Uechter d'ganz Bierger vu Judea gouf iwwert dës Evenementer diskutéiert.

⁶⁶ Jiddereen, deen dovunner héieren huet, huet sech dat alles zu Häerz geholl a frot sech: „Wat soll wuel aus dësem Këndche ginn?“ Et war kloer, datt d’Hand vum Här mat him war.

De Sacharia prophezeit

⁶⁷ Duerno gouf säi Papp Sacharia vum hellege Geescht erfëllt an huet prophezeit:

⁶⁸ „Gelueft sief den Här, de Gott vun Israel, well hie säi Vollek besicht an erléist huet.

⁶⁹ Hien huet eis e mächtege Retter aus dem Haus vu sengem Dénger David ervirbruecht,

⁷⁰ esou wéi hien et duerch de Mond vu sengen hellege Prophéite viru laanger Zäit gesot hat:

⁷¹ ‚Hie rett eis aus der Hand vun eise Feinden a vun all deenen, déi eis haassen.‘

⁷² Dat war, fir eise Papp seng Baarmhärzegkeet z’erweisen a fir u säin hellegeBond z’erënnere,

⁷³ deen Eed, deen hien eisem Papp, dem Abraham, geschwuer hat.

⁷⁴ Dat war, fir eis et z’erméiglechen, nodeems mir aus der Hand vun eise Feinden erléist wieren, him ouni Angscht

⁷⁵ all Dag vun eisem Liewen an Hellegkeet a Gerechtegkeet a senger Präsenz ze déngen.

⁷⁶ An du, Këndchen, gëss Prophéit vum Allerhéchste genannt. Du gees dem Här viraus, fir him seng Weeër virzebereeden

⁷⁷ a fir sengem Vollek d’Erkenntnes iwwert d’Rettung ze ginn duerch d’Verzeiung vun hire Sënnen,

⁷⁸ wéinst dem häerzlechen Erbaarme vun eisem Gott, mat deem hien eis als Sonnenopgang vun uewe besicht huet.

⁷⁹ Hien erschénkt deenen, déi an der Däischtert an am Schiet vum Doud sëtzen, fir eis Féiss op de Wee vum Fridde ze leeden.“

⁸⁰ D’Kand ass gewuess an ass staark am Geescht ginn. Et huet an der Wüst gelieft bis den Dag vu sengem ëffentlechen Optriede virum Vollek Israel.

Luc 2

D’Gebuert vum Jesus

Mattias 1,18—2,1

- 1 Zu där Zäit huet den Caesar Augustus en Uerder erausginn, datt d'Leit aus dem ganze Räich sech sollen aschreiwe loossen.
- 2 Et war déi éischt Vollekszielung, wéi de Quirinius Gouverneur vu Syrien war.
- 3 Alleguer si sech aschreiwe gaangen, jiddereen a seng eege Stad.
- 4 Och de Jousef giong vun der Stad Nazaret a Galilea fort, fir a Judea an d'Stad vum David ze goen, déi Betlehem heescht, well hien aus dem Haus a vun den Nokomme vum David war.
- 5 Hie wollt sech do mam Maria, mat deem hie verloobt war an dat erwaart huet, aschreiwe loossen.
- 6 Bannent där Zäit, an där si zu Betlehem waren, ass den Dag komm, op deem hatt accouchéiere sollt.
- 7 Hatt huet säin Éischtgebuerenen, e Jong, op d'Welt bruecht. Hatt huet hien an eng Lomp gewéckelt an huet hien an eng Krëpp geluecht, well néierens en Zëmmer fir si fräi war.

D'Schéifer an d'Engelen

- 8 An därselwechter Géigend goufen et Schéifer, déi op der Gewan gelieft hunn an déi nuets hir Häerd gehitt hunn.
- 9 Op eemol ass hinnen en Engel vum Här erschéngen. D'Herrlechkeet vum Här huet em si geliicht a si krute schrecklech Angscht.
- 10 „Hieft keng Angscht“, sot den Engel zu hinnen. „Lauschtert, ech bréngen iech eng gutt Noriicht, déi dem ganze Vollek vill Freed bréngt.
- 11 Haut, an der Stad vum David, gouf äre Retter gebuer. Hien ass de Messias, den Här.
- 12 Dat hei ass d'Zeeche fir iech: Dir fannt e Puppelchen, deen a Lompe gewéckelt ass an deen an enger Krëpp läit.“
- 13 Op eemol war eng riseg himmlesch Arméi beim Engel a si hu Gott gelueft:
- 14 „Éier sief Gott am héchsten Himmel. Fridden a Wuelgefale fir d'Mënschen op der Äerd.“
- 15 Wéi d'Engele si verlooss haten an zeréck an den Himmel gaange waren, hunn d'Hierten een zum anere gesot: „Kommt mir ginn op Betlehem, fir dat ze gesinn, wat geschitt ass a wat den Här eis gesot huet.“
- 16 Si hu sech séier op de Wee gemaach an hunn d'Maria, de Jousef an de Puppelchen, deen an enger Krëpp louch, fonnt.
- 17 Nodeems si se gesinn haten, hu si dat, wat hinnen iwwert d'Kand gesot gouf, verkënnegt.

18 Jiddereen, deen dat héieren huet, war verwonnert iwwert dat, wat d'Schéifer hinne verzielt haten.

19 Mee d'Maria huet sech alles, wat gesot gouf, agepräägt an huet bei sech selwer driwwer nogeduecht.

20 D'Schéifer sinn nees zeréckgaangen an hu Gott verherrlecht a gelueft fir alles, wat si héieren a gesinn haten, esou wéi et hinne gesot gouf.

D'Maria an de Jousef presentéieren de Jesus am Tempel

21 No aacht Deeg war et un der Zäit, fir d'Këndchen ze beschneiden. Hie gouf Jesus genannt, deen Numm, deen den Engel him viru senger Empfängnis ginn hat.

22 Wéi d'Deeg vun hirer Rengegung nom Gesetz vum Moses erfëllt waren, hunn de Jousef an d'Maria hiert Kand op Jerusalem bruecht, fir et do dem Här ze presentéieren,

23 esou wéi et am Gesetz vum Här geschriwwe steet: „All Männlecht, dat de Mammeläif duerchbrécht, soll dem Här gehellegt ginn.“

24 Si hunn och en Affer bruecht, esou wéi et am Gesetz vum Här geschriwwe steet: „e Puer Tuerteldauwen oder zwou jonk Dauwen.“

25 Zu Jerusalem gouf et e Mann, dee Schimon geheescht huet. Hie war gerecht afromm an huet op den Trouscht vun Israel gewaart. Den hellege Geescht war op him.

26 Et war him duerch den hellege Geescht gewise ginn, datt hien net stierwe géif, éier hien de Messias vum Här gesinn hätt.

27 Hie gong, vum hellege Geescht geleet, an den Tempel. Wéi d'Elteren d'Kand, de Jesus, erabruecht hunn, fir dat mat him ze maachen, wat nom Gesetz de Brauch war,

28 huet de Schimon et a seng Äerm geholl a Gott gelueft:

29 „Här, elo léisst du däin Dénger a Fridde goen, esou wéi s du gesot has,

30 well meng Aen hunn deng Rettung gesinn,

31 déi s du an der Géigewaart vun all de Vëlker virbereet hues:

32 e Liicht als Offenbarung fir d'Natiounen an als Herrlechkeet fir däi Vollek Israel.“

33 De Jousef an dem Jesus seng Mamm waren iwwert dat verwonnert, wat iwwert de Jesus gesot gouf.

34 Dunn huet de Schimon si geseent a sot zum Jesus senger Mamm, dem Maria: „Kuck, dëst Kand ass fir d'Falen an d'Operstoe vu villen an Israel

bestëmmt. Hien ass och bestëmmt, fir en Zeechen ze sinn, deem widdersprach gëtt.

35 Och deng eege Séil gëtt duerch e Schwäert duerchbuert, fir datt d’Gedanken aus villen Häerzer opgedeckt ginn.“

36 Et gouf deemools och eng Prophéitin, Hanna, eng Duechter vum Penuel, vum Stamm vum Ascher. Si war scho bei Alter. Si hat siwe Joer mat hirem Mann no hirem Bestietnes gelieft

37 a war eng Witfra vu véieranachzeg Joer. Si huet den Tempel ni verlooss an huet Gott Dag an Nuecht mat Faaschten a Gebieder gedéngt.

38 An deem Moment koum si eran, sot dem Här Merci an huet jidderengem, deen zu Jerusalem op d’Erléisung gewaart huet, vum Kand verzielt.

39 Wéi de Jousef an d’Maria alles nom Gesetz vum Här erfëllt haten, gounge si zeréck an hir Stad a Galilea, déi Nazaret geheescht huet.

40 D’Kand ass gewuess an ass staark am Geescht ginn, erfëllt mat Wäisheet. D’Gnod vu Gott war op him.

De jonke Jesus am Tempel

41 All Joers si seng Eltere fir d’Passafest|Passa op Jerusalem gaangen.

42 Wéi hien zwiefel Joer hat, gounge si op Jerusalem, esou wéi et de Brauch vum Fest war.

43 Wéi d’Fest eriwwer war a si nees um Heemwee waren, blouf de Jong Jesus zu Jerusalem. De Jousef an dem Jesus seng Mamm woussten awer näischt dovunner.

44 Si hunn ugeholl, datt hie bei de Reeskomerode wier, a sinn een Dag laang gereest, éier si bei der Famill a bei de Kënnegen no him gesicht hunn.

45 Wéi si hien net fonnt hunn, gounge si hannescht op Jerusalem, fir no him ze sichen.

46 No dräi Deeg hu si hien dunn am Tempel fonnt. Hie souz matzen ënnert de Léiermeeschteren, huet hinnen nogelauschtert an hinne Froe gestallt.

47 Jiddereen, deen hien héieren huet, huet säi Verstand a seng Äntwerte bewonnert.

48 Wéi seng Elteren hie gesinn hunn, ware si verwonnert. „Mäi Kand, firwat hues du eis dat ugedoen? Kuck, däi Papp an ech hunn eis Suerge gemaach, wéi mer dech gesicht hunn“, sot seng Mamm zu him.

49 „Firwat hutt dir mech gesicht?“, huet hien hinne geäntwert. „Wousst dir net, datt ech an deem muss sinn, wat mengem Papp säint ass?“

50 Mee si hunn dat, wat hie gesot huet, net verstanen.

⁵¹ Du goug hie mat hinnen erof an zeréck op Nazaret. Hien huet hinne gefollegt. Seng Mamm huet alles, wat gesot gouf, an hirem Häerz behalen.

⁵² De Jesus ass u Wäisheet an u Maturitéit gewuess an hie stoug ëmmer méi héich an der Gonscht vu Gott an de Mënschen.

Luc 3

De Jean den Deefer preparéiert de Wee fir den Här

Mattias 3,1-12; Marc 1,1-8; Jean 1,6-8.15-36

¹ Am fofzénge Joer vun der Regierungszäit vum Caesar Tiberius, wéi de Pontius Pilatus Gouverneur vu Judea war, den Herodes Tetrarch vu Galilea war, säi Brudder Philippe Tetrarch vun Iturea an der Géigend vun Trachonitis war an de Lysanias Tetrarch vun Abilene war,

² wéi den Hannan an de KayafaHaaptpriister waren, koum an der Wüst d'Wuert vu Gott bei de Jean, de Jong vum Sacharia.

³ Hie koum an d'ganz Ëmgéigend vum Jordan an huet eng Daf vun der Ëmkéier fir d'Verzeiung vun de Sënne gepriedegt,

⁴ esou wéi et am Buch vun de Riede vum Prophéit Yesaia geschriwwe steet: „Eng Stëmm rífft an der Wüst: ‚Preparéiert de Wee fir den Här, maacht seng Weeër fräi!

⁵ All Dall gëtt opgefëllt an all Bierg an all Hiwwel gëtt ofgedroen. Dat, wat kromm ass, gëtt riicht gemaach an déi knubbeleg Weeër gi gläich gemaach.

⁶ All Mënsch soll d'Rettung vu Gott gesinn.“

⁷ Du sot de Jean zu deene ville Leit, déi erauskomm waren, fir sech vun him deefen ze loossen: „Dir Hickecht Viperen! Wien huet iech da gewarnt, fir virun der zukünftiger Roserei ze flüchten?

⁸ Bréngt Friichten ervir, déi der Ëmkéierentsprieche! A fänkt net un, zu iech selwer ze soen: ‚Den Abraham ass eise Papp!‘ Ech soen iech nämlech, datt Gott aus dëse Steng Kanner fir den Abraham schloe kann.

⁹ D'Aaxt gouf schonn un d'Wuerzel vun de Beem geluecht. All Bam, dee keng gutt Friichten dréit, gëtt ëmgehaen an an d'Feier gehäit.“

¹⁰ „Wat solle mir da maachen?“, hunn d'Leit hie gefrot.

¹¹ „Wien zwou Tuniquen huet, soll deem eng ginn, dee keng huet. Wien z'iessen huet, soll et genesou maachen“, huet hien hinne geäntwert.

¹² Et koumen och Steierandreiwer, fir gedeeft ze ginn. „Léiermeeschter, wat solle mir maachen?“, hu si hie gefrot.

¹³ „Fuerdert net méi, wéi iech virgeschriwwe gëtt!“, sot hien zu hinnen.

14 Och munch Zaldoten hunn hie gefrot: „A wat solle mir maachen?“ „Erpresst an hannergitt keen. Sidd mat ärem Loun zefridden“, huet hien hinne geäntwert.

15 D'Vollek war voller Erwaardung a jiddereen huet sech a sengem Häerz gefrot, ob de Jean deMessias wier oder net.

16 Dofir huet de Jean hinnen all geäntwert: „Ech deefen iech zwar mat Waasser; mee et kënt een, dee méi mächtig ass wéi ech, an ech sinn et net wäert, d'Liedersrimme vu senge Sandale lasszebannen. Hien deeft iech mam hellege Geesch a mat Feier.

17 Hien huet säi Wann am Grapp fir seng Genn grëndlech ze botzen a féiert de Weess a seng Scheier eran, mee de Kuef verbrennt hien an engem Feier, dat ni ausheet.“

18 Mat all dëse Réit, huet hien dem Vollek d'gutt Noriicht gepriedegt.

19 Mee wéi den Tetrarch Herodes wéinst der Herodias, dat sengem Brudder Philippe seng Fra war, a wéinst all sengen anere béisen Doten, déi hie gemaach hat, vum Jean zurechtgewise gouf,

20 huet den Herodes zu all deene béisen Doten nach dës derbäigemaach: Hien huet de Jean an de Prisong gehäit.

D'Daf vum Jesus

Mattias 3,13-17; Marc 1,9-11

21 Wéi d'Leit all gedeeft goufen, huet och de Jesus sech deefe gelooss. Iwwerdeems hie gebiet huet, gong den Himmel op

22 an den hellege Geesch koum a Gestalt vun enger Dauf op hien erof. Eng Stëmm koum aus dem Himmel: „Du bass mäi Jong, deen ech gär hunn. Un dir hunn ech Gefale fonnt.“

Dem Jesus säi Stammam

Mattias 1,1-16

23 De Jesus war ongeféier drësseg Joer al, wéi hie säin Déngscht ugefaangen huet, an et gouf ugeholl, datt hien de Jong vum Jousef wier, deen de Jong vum Eli war,

24 deen de Jong vum Mattatt war, deen de Jong vum Levi war, deen de Jong vum Malki war, deen de Jong vum Yannai war, deen de Jong vum Yossef war,

25 deen de Jong vum Mattittia war, deen de Jong vum Amotz war, deen de Jong vum Nachum war, deen de Jong vum Hesli war, deen de Jong vum Naggai war,

26 deen de Jong vum Machatt war, deen de Jong vum Mattittia war, deen de Jong vum Schiméi war, deen de Jong vum Yossef war, deen de Jong vum Yuda war,

27 deen de Jong vum Yohanan war, deen de Jong vum Resa war, deen de Jong vum Serubabel war, deen de Jong vum Schealtyel war, deen de Jong vum Neri war,

28 deen de Jong vum Malki war, deen de Jong vum Addi war, deen de Jong vum Kossam war, deen de Jong vum Elmedam war, deen de Jong vum Er war,

29 deen de Jong vum Yosséi war, deen de Jong vum Eli' eser war, deen de Jong vum Yorim war, deen de Jong vum Mattat war, deen de Jong vum Levi war,

30 deen de Jong vum Schimon war, deen de Jong vum Juda war, deen de Jong vum Yossef war, deen de Jong vum Yonam war, deen de Jong vum Eliakim war,

31 deen de Jong vum Mala war, deen de Jong vum Manna war, deen de Jong vum Mattata war, deen de Jong vum Natan war, deen de Jong vum David war,

32 deen de Jong vum Ischai war, deen de Jong vum Owed war, deen de Jong vum Boas war, deen de Jong vum Salmon war, deen de Jong vum Nachschonn war,

33 deen de Jong vum Amminadab war, deen de Jong vum Aram war, deen de Jong vum Hetzron war, deen de Jong vum Peretz war, deen de Jong vum Juda war,

34 deen de Jong vum Jakob war, deen de Jong vum Isaak war, deen de Jong vum Abraham war, deen de Jong vum Terach war, deen de Jong vum Nachor war,

35 deen de Jong vum Serug war, deen de Jong vum Ree'u war, deen de Jong vum Peleg war, deen de Jong vum Ewer war, deen de Jong vum Schelach war,

36 deen de Jong vum Kenan war, deen de Jong vum Arpachschad war, deen de Jong vum Schem war, deen de Jong vum Noach war, deen de Jong vum Lammech war,

37 deen de Jong vum Metuschelach war, deen de Jong vum Henoch war, deen de Jong vum Yered war, deen de Jong vum Mahalalel war, deen de Jong vum Kenan war,

38 deen de Jong vum Enosch war, deen de Jong vum Schet war, deen de Jong vum Adam war, deen de Jong vum Gott war.

Luc 4

Den Däiwel stellt de Jesus op d'Prouf

Mattias 4,1-11; Marc 1,12-13

- 1 De Jesus, erfëllt vum hellege Geesch, koum vum Jordan zeréck a gouf vum Geesch an d'Wüst geféiert
- 2 a véierzeg Deeg laang vum Däiwel op d'Prouf gestallt. Bannent där Zäit hat hien näischt giess a wéi d'Deeg ëm waren, hat hien Hunger.
- 3 „Wann s du de Jong vu Gott bass, da so dësem Steen, datt e Brout soll ginn“, sot den Däiwel zu him.
- 4 „Et steet geschriwwen: ‚De Mënsch leeft net eleng vum Brout, mee vu jidder Wuert vu Gott‘“, huet de Jesus him geäntwert.
- 5 Dunn huet den Däiwel de Jesus op en héije Bierg geféiert an huet him an engem Abléck d'Kinnekräicher vun der ganzer Welt gewisen.
- 6 Den Däiwel sot zu him: „Ech ginn dir all dës Muecht an och hir Herrlechkeet, well si goufe mir ginn. Ech gi si, wem ech wëll.
- 7 Wann s du mech ubiets, ass alles däint.“
- 8 „Géi fort vu mir, Satan!“, huet de Jesus him geäntwert. „Et steet nämlech geschriwwen: ‚Biet den Här, däi Gott, un an déng eleng him.‘“
- 9 Dunn huet den Däiwel hien op Jerusalem geféiert an huet hien op den héchste Punkt vun der Mauer vum Tempel gestallt. „Wann s du de Jong vu Gott bass, da gehei dech vun hei erof“, sot hien zu him.
- 10 „Et steet jo geschriwwen: ‚Wéinst denger befeelt hie sengen Engelen|Engel, dech ze schützen‘,
- 11 an och: ‚Si droen dech op hiren Hänn, fir datt s du däi Fouss net un engem Stee stéiss.‘“
- 12 „Et gouf gesot: ‚Stell den Här, däi Gott, net op d'Prouf!‘“, huet de Jesus him geäntwert.
- 13 Wéi den Däiwel mat all senge Versuchunge fäerdeg war, huet hie sech fir eng gewëssen Zäit zeréckgezunn.

De Jesus gött zu Nazaret verworf

Mattias 13,54-58; Marc 6,1-6

- 14 De Jesus gong an der Kraaft vum hellege Geesch a Galilea zeréck. D'Noriicht iwwert hien huet sech uechter d'ganz Ëmgéigend verbreet.
- 15 Hien huet an hire Synagogen|Synagog enseignéiert a gouf vu jidderengem géiert.

- 16 Hie koum op Nazaret, wou hien opgewuess war. Do goug hien, wéi et seng Gewunnecht war, umSabbat an d'Synagog a stoug op, fir virzeliesen.
- 17 Hie krut d'Schrëfrull vum Prophét Yesaia. Hien huet se auserneegerullt an huet déi Plaz fonnt, wou geschriwwe steet:
- 18 „De Geescht vum Här ass op mir, well hie mech gesalleft huet, fir den Aarmen d'gutt Noriicht ze priedegen. Hien huet mech geschéckt, fir déi ze heelen, deenen hiert Häerz gebrach ass, fir de Gefaangene Fräiheet ze verkënnegen, fir déi Blann, datt si nees solle gesinn, a fir deenen, déi bedréckt sinn, Fräiheet ze ginn.
- 19 Hien huet mech geschéckt, fir d'Joer vun der Gonscht vum Här ze verkënnegen.“
- 20 Hien huet de Rullo nees opgerullt, huet dem Dénger en erëmginn a sech gesat. D'Ae vu jidderengem an der Synagog waren op hie gericht.
- 21 Dunn huet hien ugefaangen, zu hinnen ze soen: „Haut goug dësSchrëft an Erfëllung, esou wéi dir et héieren hutt.“
- 22 Jiddereen huet sech iwwert hie belueft an huet sech iwwert déi gnädeg Wieder, déi aus sengem Mond koumen, gewonnert: „Ass hien net dem Jousef säi Fils?“
- 23 Du sot de Jesus zu hinnen: „Sécher kommt dir elo mat dësem Sproch: ‚Dokter, heel dech selwer! Mir hunn héieren, du häss zu Kapernaum allerhand Grousses gemaach. Ma maach elo an denger Heemechtstad datselwecht!‘“
- 24 „Ech soen iech d'Wourecht!“, sot hien. „Kee Prophét gëtt a senger Heemecht unerkannt.“
- 25 Ech soen iech awer d'Wourecht: Et goufe vill Witfraen an Israel zur Zäit vum Elia, wéi den Himmel dräi Joer a sechs Méint laang zou war, esou datt eng grouss Hongersnout iwwert d'ganzt Land koum.
- 26 Den Elia gouf bei keng vun hinne geschéckt ausser bei eng Witfra aus Zarfata am Zidon.
- 27 Zur Zäit vum Prophét Elischa waren och vill Leit an Israel mat Aussaz geplot a kee vun hinne gouf gerengegt ausser dem Naaman aus Syrien.“
- 28 Wéi déijéineg, déi an der Synagog waren, dat héieren hunn, goufe si schrecklech rosen.
- 29 Si sinn opgestanen, hunn de Jesus aus der Stad gejut an hunn hie bis un d'Spëtz vum Bierg geféiert, op deem hir Stad gebaut war, fir hien do vum Fiels erofzegeheien.
- 30 Ma hie goug einfach duerch hir Mëtt fort.

De Jesus dreift en Dämon aus engem Mann eraus

Marc 1,21-28

- 31 Du goug hien erof op Kapernaum, eng Stad a Galilea, an huet si um Sabbat geléiert.
- 32 Si waren iwwert seng Léier verwonnert, well hie mat Autoritéit geschwat huet.
- 33 An der Synagog gouf et e Mann, deen en onrengen, dämonesche Geesch hat. Hien huet mat haarder Stëmm geruff:
- 34 „Ha! Wat wëlls du vun eis, Jesus vun Nazaret? Bass du éiere komm, fir eis ze zerstéieren? Ech weess, wien s du bass: den Hellege vu Gott.“
- 35 Dunn huet de Jesus hien op d'Plaz gesat: „Sief roueg! Fuer aus him eraus!“ Den Dämon huet de Mann an hirer Mëtt op de Buedem gehäit an ass aus him erausgefuer, ouni him eppes zu Leeds ze doen.
- 36 Si waren all verwonnert an hunn ënnerteneen diskutéiert: „Wat ass dat fir e Befeel? Mat Autoritéit a Muecht befeelt hien nämlech den onrengen Geeschter a si fueren eraus.“
- 37 Säi Ruff huet sech iwwerall uechter d'Ëmgéigend verbreet.

De Jesus heelt vill Kranker*Mattias 8,14-17; Marc 1,29-34*

- 38 Hien huet d'Synagog verlooss a goug an dem Schimon säin Haus. Dem Schimon seng Schwéiermamm huet ënnert staarkem Féiwer gelidden a si hunn hie wéinst hirer ëm Hëllef gefrot.
- 39 Hien huet sech iwwert si gebéckt, huet dem Féiwer gedreet an du war d'Féiwer fort. Si ass eenzock opgestanen an huet hinne gedéngt.
- 40 Wéi d'Sonn am Gaang war ënnerzegen, hunn all d'Leit déi bei hie bruecht, déi verschidde Kränkten haten. Hien huet d'Hänn op jidderee vun hinne geluecht a si geheelt.
- 41 Dämone koumen aus vill vun hinnen eraus a si hu gejaut: „Du bass de Messias, de Jong vu Gott!“ Dunn huet hien hinne gedreet an hinnen de Mond verbueden, well si woussten, datt hien de Messias war.
- 42 Wéi et Dag gouf, goug de Jesus vun do fort op eng verloosse Plaz. D'Leit hunn no him gesicht a wéi si bei hie koumen, wollte si hien drun hënneren, fir vun hinne fortzegen.
- 43 „Ech muss och deenen anere Stied d'gutt Noriicht vum Kinnekräich vu Gott verkënnegen, well dofir sinn ech geschéckt ginn“, sot hien zu hinnen.
- 44 Hien huet an de Synagoge vu Galilea gepriedegt.

Luc 5

Déi éischt Jénger ginn dem Jesus no

Mattias 4,18-22; Marc 1,16-20

- 1 Enges Daags stoung hie beim Séi Genneesaret an d'Leit hu sech ronderëm hie gedréckt, fir d'Wuert vu Gott ze héieren.
- 2 Hien huet zwee Naache|Naachen beim Séi leie gesinn, déi vun de Fëscher, déi am Gaang waren, hir Netzer ze wäschen, zeréckgelooss gi waren.
- 3 Hien ass an ee vun den Naachen, deen dem Schimon gehéiert huet, geklommen an huet hie gefrot, fir e Stéck vum Uwänner ewech ofzestoussen. De Jesus huet sech gesat an huet d'Leit vum Naachen aus geléiert.
- 4 Wéi hie fäerdeg war mat Schwätzen, sot hien zum Schimon: „Fuer eraus op de Séi a werft är Netzer aus, fir ze fëschen.“
- 5 „Meeschter, mir hunn d'ganz Nuecht geschafft an näischt gefaangen, mee wanns du et sees, da loossen ech d'Netz erof“, huet de Schimon him geäntwert.
- 6 Wéi si dat gemaach hunn, hu si eng Onmass Fësch gefaangen an hiert Netz huet ugefaangen ze räissen.
- 7 Dunn hu si hire Fëscherkollegen am aneren Naachen Zeeche gemaach, datt si hinne sollten hëllef kommen. Si koumen an hunn déi zwee Naachen därmoosse voll gelueden, datt si ugefaangen hunn ënnerzegoen.
- 8 Wéi de Schimon-Péitrus dat gesinn huet, ass hien dem Jesus virun d'Féiss gefall a sot: „Géi ewech vu mir, Här, well ech e sënnege Mënsch sinn!“
- 9 Hien an all déi, déi bei him waren, waren nämlech verwonnert, well si esou e grouse Fang vu Fësch gemaach haten.
- 10 Dem Jacques an dem Jean, déi Jonge vum Sabdai an dem Schimon seng Komerode waren, ergoung et geneesou. „Hief keng Angscht! Vun elo u fänks du Mënschen“, sot de Jesus zum Schimon.
- 11 Wéi si hir Naachen u Land bruecht haten, hu si alles verlooss a gongen dem Jesus no.

De Jesus heelt e Mann voller Aussaz

Mattias 8,2-4; Marc 1,40-45

- 12 An enger Stad, wou de Jesus war, gouf et e Mann, dee voller Aussaz war. Wéi deen de Jesus gesinn huet, huet hie sech virun hien op säi Gesiicht gehäit an huet hien ugebiedelt: „Här, wann s du wëlls, kanns du mech rengen.“
- 13 De Jesus huet seng Hand ausgestreckt, huet hie beréiert a sot: „Ech wëll. Sief gerengt!“ Eenzock ass dem Mann säin Aussaz verschwonnen.

14 De Jesus huet him du befuel, kengem eppes dovunner ze soen. „Mee géi a weis dech dem Priister a bréng en Affer fir deng Rengegung, esou wéi de Moses et virgeschriwwen huet. Maach dat als Zeeche fir si.“

15 Säi Ruff huet sech ëmmer méi verbreet a grouss Masse vu Leit sinn zesummekomm, fir him nozelauschteren a fir vun hire Kränkte geheelt ze ginn.

16 Hien awer huet sech op verlosse Plazen zeréckgezunn an huet gebiet.

De Jesus heelt e Gelähmten

Mattias 9,1-8; Marc 2,1-12

17 Enges Daags, wéi de Jesus enseignéiert huet, souzePharisäer a Léiermeeschtere vum Gesetz dobäi, déi aus all Duerf vu Galilea a vu Judea an aus Jerusalem komm waren. Hien hat d’Kraaft vum Här, fir ze heelen.

18 Dunn hu Männer e Mann bruecht, dee gelähmt op enger Brëtsch louch. Si hu probéiert, hien eranzebréngen an hie virum Jesus nidderzeleeën.

19 Mee wéinst der Abberzuel Leit hu si kee Wee fir era fonnt. Dowéinst si si op den Daach geklommen an hunn de Mann, deen op der Brëtsch louch, duerch d’Daachzille matzen ënnert de Leit virum Jesus erfogelooss.

20 Wéi de Jesus hire Glawe gesinn huet, sot hien zum Mann: „Frënd, deng Sënne sinn dir verzien.“

21 D’Pharisäer an d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetzhunn ugefaangen ze raisonnéieren: „Wien ass hien, datt hien iwwert Gott esou lästert? Wien ausser Gott eleng ka Sënne verzeien?“

22 De Jesus huet hir Iwwerleeungen erkannt an hinne geäntwert: „Wat iwwerleet dir an ären Härzer?“

23 Wat ass méi einfach, fir ze soen: ‚Deng Sënne sinn dir verzien‘, oder ze soen: ‚Stéi op a géi‘?

24 Fir datt dir awer wësst, datt deJong vum Mënsch d’Autoritéit huet, fir op der Äerd Sënnen ze verzeien“, sot hien zum Gelähmten: „Ech soen dir, stéi op, huel deng Brëtsch a géi heem!“

25 Deen ass eenzock virun hinnen opgestanen an huet d’Matt, op där hie louch, opgeraf. Hien ass heemgaangen an huet Gott gelueft.

26 Si waren all ausser sech an och si hu Gott gelueft. Si ware mat Angscht erfëllt a soten: „Haut hu mer eppes Aussergewéinlech gesinn!“

De Jesus freet de Levi, fir him nozegoen

Mattias 9,9-13; Marc 2,13-17

27 Duerno gong de Jesus eraus an huet eSteierandreiwer erbléckst, dee Levi geheescht huet, an dee beim Steierbüro souz. „Komm mir no!“, sot hien zu him.

- 28 Deen huet alles verlooss, stoung op a goung dem Jesus no.
- 29 De Levi huet a sengem Haus e grousst Fest fir de Jesus ginn. Et war e grouse Grupp vu Steierandriwer zesummem, mat anere Leit, a si hu mat hinne giess.
- 30 Mee d'Léiermeeschtere vum Gesetz an d'Pharisäer hu mat sengeJénger geknoutert: „Firwat iesst an drénkt dir mat Steierandriwer a Sënner?“
- 31 „Déi Gesond brauche keen Dokter, wuel awer déi Krank“, huet de Jesus geäntwert.
- 32 „Ech sinn net komm, fir déi Gerecht, mee fir d'Sënner zurËmkéier opzeruffen.“

Eng Fro iwwert d'Faaschten

Mattias 9, 14-17; Marc 2, 18-22

- 33 „Firwat faaschten a bieden dem Jean seng Jénger esou dacks, genee wéi och d'Jénger vun de Pharisäer, mee deng iessen an drénken?“, frote si hien.
- 34 „Kënnt dir d'Gäschtt vum Bräitchemann éieren dozou bréngen, fir ze faaschten, wann de Bräitchemann bei hinnen ass?“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- 35 „D'Zäit kënnt awer, an där hinnen de Bräitchemann ewechgeholl gëtt. Wann des Zäit kënnt, faaschte si.“
- 36 Dunn huet de Jesus hinnen e Gläichnes verzielt: „Et bitzt keen e Stéck vun engem neie Kleed op en aalt; soss zerrappt dat neit dat aalt an dat Stéck vum neie Kleed passt och net op dat aalt Kleed.“
- 37 Et féllt och keen neie Wäin an al Schläich; soss zerräisst den neie Wäin d'Schläich, de Wäin leeft aus an d'Schläich si fir näischt méi ze gebrauchen.
- 38 Neen, neie Wäin muss an nei Schläich geféllt ginn an esou hale se sech allebéid.
- 39 Kee Mënsch, deen ale Wäin gedronk huet, wëllt deen neien, well hie seet: „Den alen ass besser.“

Luc 6

De Jong vum Mënsch ass Här iwwert de Sabbat

Mattias 12, 1-13; Marc 2, 23—3, 5

- 1 De Jesus goung um zweete Sabbat nom éischten duerch Weessefelder. SengJénger hunn d'Éie gepléckt, se an den Hänn zerriwwen a se du giess.

- ² „Firwat maacht dir eppes, wat um Sabbat net erlaabt ass?“, frote munch vun dePharisäer si.
- ³ „Hutt dir dann net dat gelies, wat den David a seng Kommerode gemaach haten, wéi si hongereg waren?“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- ⁴ „Hie giong an d’Haus vu Gott, huet d’Ausstellungsbrout geholl an et giess. Hien huet och senge Komeroden dovunner z’iesse ginn, obwuel et nëmmen de Priister erlaabt war, fir dovunner z’iessen.“
- ⁵ Hie sot zu hinnen: „DeJong vum Mënsch ass Här iwwert de Sabbat.“
- ⁶ Op engem anere Sabbat giong de Jesus an d’Synagog eran an huet do enseignéiert. Do war e Mann, deem seng riets Hand verkrëppelt war.
- ⁷ D’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an d’Pharisäer hunn de Jesus genee observéiert, fir ze kucken, ob hien och um Sabbat heele géif, fir datt si eppes fanne kéinten, fir hien unzekloen.
- ⁸ Hie wouss, wat si geduecht hunn, a sot zum Mann mat der verkrëppelter Hand: „Stéi op a stell dech hei an d’Mëtt!“ Hie stoung op an huet sech dohi gestallt.
- ⁹ Dunn huet de Jesus si gefrot: „Ech froen iech eppes: Ass et erlaabt um Sabbat Guddes oder Béises ze doen, Liewen ze retten oder ze huelen?“
- ¹⁰ Nodeems hie si all ugekuckt hat, sot hien zum Mann: „Streck deng Hand aus!“ De Mann huet et gemaach a seng Hand gouf gesond, esou gesond wéi déi aner.
- ¹¹ Mee d’Léiermeeschtere vum Gesetz an d’Pharisäer waren ausser sech vu Roserei an hunn ënnerteneen diskutéiert, wat si dem Jesus kéinten undoen.

Déi zwielef Jénger

Mattias 10,1-4; Marc 3,13-19

- ¹² Zu där Zäit giong de Jesus op e Bierg, fir do ze bieden. Hien huet d’ganz Nuecht am Gebiet u Gott verbruecht.
- ¹³ Wéi et Dag gouf, huet hie seng Jénger geruff an huet der Zwielef vun hinnen auserwilt, déi hien ochApostel genannt huet:
- ¹⁴ de Schimon, deen hie Péitrus genannt huet, den Andreas, säi Brudder, de Jacques, de Jean, de Philippe, de Bar-Talmai,
- ¹⁵ de Mattias, den Thomas, de Jacques, deen de Jong vum Alfai war, de Schimon, deen de Radikale genannt gouf,
- ¹⁶ de Judas, deen de Jong vum Jacques war, an de Judas Ischkariot, deen zum Verréider gouf.

D’Segen an d’Flich

- 17 De Jesus ass mat hinnen de Bierg erofgaangen an ass op enger flaacher Plaz stoe bliwwen. Eng grouss Zuel vu senge Jénger an eng Mass Leit aus ganz Judea, vu Jerusalem a vun der Küst vun Tyr a vun Zidon, ware komm, fir him nozelauschteren a fir vun hire Kränkte geheelt ze ginn.
- 18 Och déi, déi vun onrenge Geeschter geplot waren, goufe geheelt.
- 19 All d'Leit hu probéiert, fir hien ze beréieren, well Kraaft vun him ausgoung, déi jidderee geheelt huet.
- 20 Hien huet seng Jénger ugekuckt a sot: „Geseent sidd dir, déi dir geeschlech aarm sidd, well iech gehéiert d'Kinnekräich vu Gott.
- 21 Geseent sidd dir, déi dir elo hongereg sidd, well dir gitt gesiedegt. Geseent sidd dir, déi dir elo kräischt, well duerno laacht dir.
- 22 Geseent sidd dir, wann d'Mënschen iech haassen, iech ausschléissen, iech beleidegen an ären Numm duerch den Dreck zéien, an dat alles wéinst dem Jong vum Mënsch.
- 23 Freet iech op deem Dag a sprangt vu Freed, well är Belounung am Himmel ass grouss. Genee esou hunn hir Pappen et och mat de Prophéite gemaach.
- 24 Wéi schrecklech ass et awer fir iech, déi dir räich sidd, well dir hutt ären Troust scho kritt.
- 25 Wéi schrecklech ass et fir iech, déi dir elo gesiedegt sidd, well dir gitt hongereg. Wéi schrecklech ass et fir iech, déi dir elo laacht, well duerno trauert a kräischt dir.
- 26 Wéi schrecklech ass et fir iech, wann d'Leit gutt iwwert iech schwätzen, well esou hunn et och schonns hir Papp mat de falsche Prophéite gemaach.

Hutt är Feinde gär

Mattias 5,43-48

- 27 Mee iech, déi dir nolauschtert, soen ech: Hutt är Feinde gär. Ditt deene Guddes, déi iech haassen.
- 28 Seent déi, déi iech verfluchen. Biet fir déi, déi iech mësshandelen.
- 29 Wann een dech op de Bak schléit, dann hal em och deen aneren dohinner. Wann een dir däi Mantel hëlt, da loss en och deng Tunique huelen.
- 30 Wann een dech fir eppes freet, da géff him et; wann een dir eppes ewechhëlt, da fro et net nees zeréck.
- 31 Esou wéi dir wëllt, datt d'Leit mat iech ëmginn, esou gitt och mat hinnen ëm.
- 32 Wat fir e Merci kritt dir, wann dir déi gär hutt, déi iech gär hunn? Och d'Sënner hunn déi gär, déi si gär hunn.

33 Wat fir e Merci kritt dir, wann dir deene Guddes ditt, déi iech Guddes doen? Och d'Sënner maachen datselwecht.

34 Wat fir e Merci kritt dir, wann dir deenen eppes léint, vun deenen dir och erwaart, et nees erëmzekeréien? Och d'Sënner léinen de Sënner, fir nees datselwecht erëmzekeréien.

35 Dir awer, hutt är Feinde gär, maacht Guddes a léint, ouni eppes zeréckz'erwaarden! Da gëtt är Belounung grouss an dir gitt Kanner vum Allerhéchsten. Hien ass och gutt mat den Ondankbaren an de Béisen.

36 Dofir sidd baarmhärzeg, esou wéi och äre Papp baarmhärzeg ass!

Iwwer d'Riichten

37 Riicht net, da gitt och dir net geriicht! Veruerteelt net, da gitt och dir net veruerteelt! Verzeit, da kritt och dir verzien!

38 Gitt, da kritt och dir. Eng Mooss, dat struppevoll, zesummegepresst a gutt duerchgerëselt ass an och iwwerleeft, kritt dir an de Schouss geluecht. Mat darselwechter Mooss, mat där dir moosst, mat där gitt och dir gemooss.“

39 Hien huet hinnen och nach e Gläichnes verzielt: „Kann e Blannen en anere Blanne féieren? Fale se dann net allebéid an e Gruef?

40 De Léierbouf steet net iwwert sengem Léiermeeschter, mee all Léierbouf, dee mat senger Ausbildung fäerdeg ass, ass herno wéi säi Léiermeeschter.

41 Firwat gesäis du d'Spläiter an dengem Brudder sengem A, awer d'Dunn an dengem eegenen A mierks du net?

42 Wéi kanns du zu dengem Brudder soen: ‚Brudder, looss mech d'Spläiter aus dengem A eraushuelen‘, wann s du mol selwer d'Dunn an dengem eegenen A net gesäis? Du Heuchler! Huel fir d'éischt d'Dunn aus dengem A eraus, da gesäis du kloer, fir dengem Brudder d'Spläiter aus sengem A erauszehuelen.

E Bam a seng Friichten

43 E gudde Bam dréit keng faul Friichten an e faule Bam dréit och keng gutt Friichten.

44 All Bam gëtt u senge Friichten erkannt: Vun Dëschtele pléckt ee keng Figen, nach liest een Drauwe vun Därenhecken.

45 De gudde Mënsch bréngt Guddes aus dem Gudden ervir, wat hien a sech huet, an de béise Mënsch bréngt Béises aus dem Béisen ervir, wat hien a sech huet. Vun deem d'Härz voll ass, dovu leeft de Mond iwwer.

E Mann baut en Haus mat Fëllement an een anere baut ouni Fëllement

Mattias 7,24-27

46 Firwat nennt dir mech ‚Här, Här!‘ a maacht net dat, wat ech iech soen?

47 Ech wëll iech weisen, wíem dee gläicht, dee bei mech kënnt, meng Wieder héiert an no hinnen handelt:

48 Hien ass wéi e Mann, deen en Haus gebaut huet, déif gegruewen huet an d'Fëllement op Fiels geluecht huet. Wéi dunn Héichwaasser koum, huet d'Stréimung um Haus gerappt a konnt et net bewegen, well et op Fiels gebaut gi war.

49 Mee wie meng Wieder héiert an net no hinnen handelt, dee gläicht engem Mann, dee säin Haus ouni Fëllement op de Buedem gebaut huet. D'Stréimung huet um Haus gerappt an et ass direkt an e Koup gefall. D'Zerstéierung vum Haus war grouss.“

Luc 7

De Glawe vun engem réimeschen Offizéier

Mattias 8,5-13

1 Wéi de Jesus mat senger Ried virum Vollek fäerdeg war, gong hien a Kapernaum eran.

2 Engemréimeschen Offizéier|Offizéier, réimeschen säin Dénger, op deen hien déck Stécker gehalen huet, war krank a louch um Stierwen.

3 Wéi hie vum Jesus héieren huet, huet hien e puer vun de Judden hiren Eelste bei hie geschéckt, fir hien ze froen, ob hie komme géif, fir säin Dénger ze heelen.

4 Wéi si beim Jesus ukoumen, hu si hie mat Nodrock ugebiedelt: „Hien huet et verdéngt, datt s du dat fir hie méchs,

5 well hien eis Natioun gär huet. Hie war et och, deen eis d'Synagog gebaut huet.“

6 Du gong de Jesus mat hinnen. Wéi hien net wäit vum Haus ewech war, huet den Offizéier Frënn bei hie geschéckt, fir zu him ze soen: „Här, maach dir keng Méi, well ech sinn et net wäert, datt s du bei mech ënnert mäin Daach kënns.

7 Dowéinst hunn ech mech net fir wierdeg gehalen, fir dir entgéintzekommen. So dach e Wuert, da gött mäin Dénger geheelt.

8 Ech sinn och e Mann, deen ënnert der Autoritéit vun anere steet, an hunn Zaldoten ënnert mir. Soen ech zu engem: ‚Géi!‘, da geet hien oder zu engem aneren: ‚Komm!‘, da kënnt hien. Soen ech zu mengem Sklav: ‚Maach dat!‘, da mécht hien et.“

9 Wéi de Jesus dat héieren huet, huet hien iwwert den Offizéier gestaunt. Hien huet sech ëmgedrëit a sot zu de Leit, déi him nogoungen: „Ech soen iech, net emol an Israel hunn ech esou e grouse Glawe fonnt.“

10 Wéi déi, déi bei de Jesus geschéckt goufen, zeréck an d'Haus koumen, hu si festgestallt, datt den Dénger, dee krank war, nees gesond war.

De Jesus bréngt de Jong vun enger Witfra vun den Doudegen zeréck

11 Eng aner Kéier, gong de Jesus an eng Stad, déi Naim geheescht huet, a vill vun de Jénger an eng Abberzuel Leit ware mat him ënnerwee.

12 Wéi hie méi no un d'Paart vun der Stad koom, gouf grad en Doudegen erausgedroen. Deem seng Mamm war Witfra an hie war hiren eenzege Jong. Vill Leit aus der Stad hunn d'Fra begleet.

13 Wéi den Här d'Fra gesinn huet, hat hie Matleed mat hir. „Kräisch net“, sot hien zu hir.

14 Hie gong méi no bei d'Drobier, wou den Doudegen drop louch, an huet se beréiert. Déi, déi se gedroen hunn, si stoe bliwwen. De Jesus sot: „Jonke Mann, ech soen dir, stéi op!“

15 Den Doudegen huet sech operiicht an huet ugefaangen, ze schwätzen. De Jesus huet hie senger Mamm erëmginn.

16 Si goufen all mat Angscht erfëllt an hu Gott verherrlecht: „E grouse Prophét ass ënnert eis zum Virschäin komm!“, an: „Gott ass säi Vollek besiche komm.“

17 Dës Noriicht iwwert hien huet sech uechter ganz Judea an der ganzer Ëmgéigend verbreet.

De Jesus an de Jean den Deefer

Mattias 11,2-19

18 Dem Jean seng Jénger hunn him dat alles verzielt.

19 Dunn huet de Jean zwee vu senger Jénger bei sech geruff an huet si bei de Jesus geschéckt, fir ze froen: „Bass du deen, dee komme soll, oder solle mir op en anere waarden?“

20 Wéi d'Männer bei de Jesus koumen, sote si: „De Jean den Deefer huet eis bei dech geschéckt, fir ze froen: „Bass du deen, dee komme soll, oder solle mir op en anere waarden?““

21 Grad zu där Zäit huet hie vill Leit vun hire Kränkten, vun hirer Péng a vu béise Geeschter geheelt an huet ville Blannen hir Vue erëmginn.

22 De Jesus huet hinne geäntwert: „Gitt bei de Jean a verzielt him vun deem, wat dir gesinn an héieren hutt: Déi Blann gesinn, déi Schlamm ginn, déi

Aussätzeg gi gereengegt, déi Daf héieren, déi Doudeg ginn nees lieweg an déi Aarm kréien d'gutt Noriicht gepriedegt.

23 Geseent ass deen, dee keen Ustouss u mir hëlt.“

24 Wéi dem Jean seng Buete fortgaange waren, huet de Jesus ugefaangen, mat de Leit iwwert de Jean ze schwätzen: „Wat sidd dir an d'Wüst kucke gaangen? Eng Lëtsch, déi vum Wand hin an hier geblose gëtt?

25 Oder wat sidd dir soss kucke gaangen? E Mann mat deiere Kleeder? Nee! Déi, déi deier Kleeder droen an am Luxus liewen, fënnt een a kinneklechen Haiser.

26 Oder wat sidd dir soss kucke gaangen? E Prophét? Jo, ech soen iech, een, dee vill méi ass wéi e Prophét.

27 Hien ass deen, iwwert dee geschriwwe steet: ‚Kuck, ech schécke mäi Buet virun dir hier, deen dir däi Wee virbereet.‘

28 Ech soen iech: Vun all deenen, déi vu Frae gebuer goufen, gëtt et kee méi e wichtege Prophét, wéi de Jean den Deefer! Mee deen Onwichtigsten am Kinnekräich vu Gott ass méi wichteg wéi hien.“

29 (Wéi si dat héieren hunn, hunn d'ganzt Vollek an d'Steierandreiwer, déi vum Jean gedeeft goufen, gesot, Gott wier gerecht.

30 Mee d'Pharisäer an d'Experten am Gesetz, déi net vum Jean gedeeft goufen, hunn de Plang vu Gott fir si verworf.)

31 „Mat wem soll ech d'Leit vun dëser Generatioun vergläichen? Wiem gläiche si?

32 Si si wéi Kanner, déi op der Maartplaz sëtzen an een deem aneren zouruffen: ‚Mir hu fir iech Flütt gespilt an dir hutt net gedantz; mir hu fir iech Trauerlidd gesongen an dir hutt net gekrasch.‘

33 De Jean den Deefer koum nämlech an huet weder Brout giess nach Wäin gedronk an dir sot: ‚Hien huet en Dämon a sech!‘

34 DeJong vum Mënsch koum an huet giess a gedronk an dir sot: ‚Kuckt iech deen emol un! E Fréisser an e Sëffer, e Frënd vu Steierandreiwer a vu Sënner!‘

35 Mee alleguer déi, déi der Wäisheet noginn, weisen, datt si richtig ass.“

Eng Fra salleft dem Jesus seng Féiss

36 Et huet ee vun de Pharisäer de Jesus gefrot, fir mat him zesummen z'iessen. Hie gong bei de Pharisäer heem an huet sech un den Dësch geluecht.

- 37 Do gouf et eng Fra aus der Stad (si war eng Sënnerin), déi héieren hat, datt de Jesus géif beim Pharisäer doheem iessen. Si huet eng Alabasterfläsch mat Essenz bei hie bruecht.
- 38 Si stoung hannert dem Jesus bei senger Féiss an huet gekrasch. Dunn huet si seng Féiss mat hiren Tréine gewäsch a se mat hiren Hoer gedréchent. Si huet seng Féiss gekësst a se mat der Essenz gesalleft.
- 39 Wéi de Pharisäer, deen hien invitéiert hat, dat gesinn huet, sot hie bei sech: „Wann dëse Mann wierklech e Prophét wier, géif hie wëssen, wat fir eng Persoun hie beréiert a wat fir eng Zort Fra si ass. Si ass jo eng Sënnerin.“
- 40 Dunn huet de Jesus d'Wuert ergraff: „Schimon, ech hunn dir eppes ze soen.“ „Léiermeeschter, so mir“, huet dee geäntwert.
- 41 „E Creancier hat zwee Debiteuren. Deen ee war him fënnefhonnert Denare | Denar schëlleg an deen anere fofzeg.“
- 42 Wéi si hien awer net méi zeréckbezuele konnten, huet hien déi zwee vun der Schold fräigesprach. So mir elo, wie vun deenen zwee wäert hie wuel am meeschte gär hunn?“
- 43 „Ech mengen deen, deen déi gréisste Schold erlooss krut“, huet de Schimon geäntwert. „Däin Uerteel ass richtig“, sot de Jesus zu him.
- 44 Hien huet sech du bei d'Fra gedréit a sot zum Schimon: „Gesäis du dës Fra? Ech si bei dech an d'Haus komm an du hues mir kee Waasser fir meng Féiss ginn. Mee si huet meng Féiss mat hiren Tréine gewäsch a se mat hiren Hoer gedréchent.“
- 45 Du hues mer keng Bees ginn; mee si huet net opgehalen, meng Féiss ze kësse, zënter ech erakoum.“
- 46 Du hues mäi Kapp net mat Ueleg gesalleft, mee si huet meng Féiss mat Essenz gesalleft.“
- 47 Dofir soen ech dir, hir vill Sënne sinn hir verzien, well si huet vill Léift gewisen. Mee deen, dee wéineg verzie kritt, deen huet och wéineg Léift gewisen.“
- 48 Du sot hien zu hir: „Deng Sënne sinn dir verzien.“
- 49 Doropshin hunn déi, déi mat him zu Dësch louchen, ënnertenee gesot: „Wien ass hien, datt hien esouguer Sënne verzeit?“
- 50 Hie sot zur Fra: „Däi Glawen huet dech gerett. Géi am Fridden.“

Luc 8

E Gläichnes iwwert de Bauer, de Som an de Buedem

Mattias 13,1-23; Marc 4,1-20

- 1 Kuerz drop giong hie vu Stad zu Stad a vun Duerf zu Duerf an huet do gepriedegt an d'gutt Noriicht vum Kinnekräich vu Gott verkënnegt. Déi Zwielef ware bei him
- 2 an och e puer Fraen, déi vun hire béise Geeschter a vun hire Kränkte geheelt goufen. Dorënner waren d'Maria, dat och Magdala genannt gouf, aus deem siwen Dämonen erausgefuer waren,
- 3 d'Yohanna, dem Cusa seng Fra, deen e Beamte vum Herodes war, d'Susanna an och nach vill anerer. Si hu fir hie gesuert mat deem, wat si haten.
- 4 Wéi eng grouss Mass Leit sech versammelt hat (si waren aus alle Stied bei hie komm), huet hien e Gläichnes verzielt:
- 5 „E Bauer giong eraus, fir säi Som ze séien. Wéi hie geséit huet, ass en Deel vum Som nieft de Wee gefall. E gouf zertrëppelt a vun de wëlle Vigel opgepickt.
- 6 Et ass och en Deel op Fiels gefall a soubal en ausgeschoss war, ass e verdréchent, well et em u Fiichtegkeet gefeelt huet.
- 7 Anere Som ass ënnert d'Däre gefall. D'Däre sinn zesumme mam Som ausgeschoss an hunn en erstéckt.
- 8 Weidere Som ass op gudde Buedem gefall, ass ausgeschoss an huet dat honnertfacht u Fruucht gedroen.“ Nodeems de Jesus dat verzielt hat, huet hie geruff: „Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“
- 9 Duerno hu sengJénger hie gefrot: „Wat bedeit dëst Gläichnes?“
- 10 Hie sot zu hinnen: „Iech ass et erméiglecht ginn, fir d'Geheimnisser vu Gott sengem Kinnekräich ze verstoen. Mee déi aner kréien alles a Gläichneser verzielt, esou datt, ,obwuel si gesinn, si net erkennen, an obwuel si héieren, si net verstinn.‘
- 11 D'Gläichnes bedeit also dat hei: De Som ass d'Wuert vu Gott.
- 12 De Som, deen nieft de Wee gefall ass, ass ewéi déi, déi et héieren; da kënnt den Däiwel an hëlt hinnen d'Wuert aus hiren Häerzer ewech, fir datt si net gleewen an net gerett ginn.
- 13 De Som, deen op Fiels gefall ass, ass ewéi déi, déi d'Wuert mat Freed ophuelen, wa si et héieren. Mee déi hu keng Wuerzelen an dofir gleewe si just eng Zäitchen a falen dann an Zäite vun der Versuchung of.
- 14 De Som, deen ënnert d'Däre fält, ass ewéi déi, déi d'Wuert héieren; si ginn eraus, mee gi vun de Suergen, dem Rächtum an dem Pleséier vum Liewen erstéckt, esou datt d'Friichten net bei hinnen zeideg ginn.

15 De Som, deen op gudde Buedem fält, ass ewéi déi, déi d'Wuert mat engem gudden an éierlechen Häerz héieren hunn, dorunner festhalen an ënner Gedold Friichten droen.

D'Luucht op engem Liichter

Mattias 5,15-16; Marc 4,21-23; Luc 11,33-36

16 Et fänkt keen eng Luucht un, fir se da mat engem Krou zouzedecken oder ënnert e Bett ze stellen. Mee hie stellt se op e Liichter, fir datt déi, déi erakommen, d'Liicht kënne gesinn.

17 Et gëtt nämlech näischt, wat verstoppt ass, wat net entbléisst gëtt, an näischt, wat geheim gehale gëtt, wat net bekannt gëtt an net un den Dag kënnt.

18 Dofir gitt uecht, wéi dir nolauschtert. Wien huet, kritt nach méi; wien net huet, kritt och dat, wat hie mengt ze hunn, ewechgeholl.“

Dem Jesus seng Mamm a seng Geschwëster

Mattias 12,46-50; Marc 3,31-35

19 Du koume seng Mamm a seng Geschwëster bei hien, mee si konnte wéinst de ville Leit net no un hien erukommen.

20 Et sot een zu him: „Deng Mamm an deng Geschwëster stinn dobaussen a géifen dech gär gesinn.“

21 Mee hien huet hinne geäntwert: „Meng Mamm a meng Geschwëster sinn déijéineg, déi d'Wuert vu Gott héieren an deemno handelen.“

De Wand an d'Welle follegen dem Jesus

Mattias 8,23-27; Marc 4,35-41

22 Enges Daags ass hie mat senge Jénger an enNaache|Naachen geklommen. „Loosst eis eriwwer op den aneren Uwänner fueren“, sot hien zu hinnen. Si hunn ofgestouss.

23 Iwwerdeems si gefuer sinn, ass hien ageschlof. Dunn ass e Stueerm iwwert dem Séi opkomm an den Naachen ass mat Waasser vollgelaft, esou datt si a Gefor waren.

24 Du gounge si bei hien an hunn hie waakreg gemaach. „Meeschter, Meeschter, mir ginn ënner!“ Hien ass opgestanen an huet dem Wand an de Welle gedreet. Si hu sech geluecht an alles ass stëll ginn.

25 „Wou ass äre Glawen?“, huet hie se gefrot. Si hate schrecklech Angscht a ware verwonnert. Si hunn een deen anere gefrot: „Wien ass hien? Hie befeelt esouguer dem Wand an dem Waasser a si follegen him!“

De Jesus heelt e Mann mat onrenge Geeschter

Mattias 8,28-34; Marc 5,1-20

26 Si hunn an der Géigend vun de Gadarener ugelaucht, dat géintiwwer vu Galilea läit.

- 27 Wéi hien u Land gong, ass him e Mann aus der Stad begéint, dee schonn zënter laangem Dämonen hat. Hien huet keng Kleeder gedroen an huet och net an engem Haus gewunnt, mee tëschent de Griewer.
- 28 Wéi hien de Jesus erbléckst huet, huet hie Kreesch geden, sech virun him niddergehäit a mat haarder Stëmm geruff: „Wat wëlls du vu mir, Jesus, Jong vum Allerechste Gott? Ech bieden dech, péngge mech net!“
- 29 De Jesus hat dem onreng Geescht nämlech virdru befuel, fir aus dem Mann erauszefueren. De Geescht hat de Mann schonn dacks gepaakt. De Mann gouf a Ketten a Fessele geluecht a gouf bewaacht. Mee hien hat d’Fesselen zerrass a gouf vum Dämon an d’Wüst gedriwwen.
- 30 „Wéi heeschs du?“, huet de Jesus hie gefrot. „Legioun“, huet dee geäntwert. Et waren nämlech vill Dämonen, déi an hie gefuer waren.
- 31 Hien huet de Jesus ugebiedelt, hinnen net ze befeelen, an déi onendlech Déift ze fueren.
- 32 Dee Moment war eng grouss Häerd Schwäin grad am Gaang, um Bierg ze weeden. Si hunn hien ugebiedelt, fir hinnen ze erlaben, an d’Schwäin ze fueren. Hien huet hinnen dat erlaabt.
- 33 Du sinn d’Dämonen aus dem Mann eraus an d’Schwäin gefuer. D’Häerd huet sech den Hang erof an de Séi gestierzt an ass ersoff.
- 34 Wéi d’Schwéngshierte gesinn hunn, wat geschitt war, si si fortgelaf an hunn dovunner an der Stad an um Land verzielt.
- 35 Doropshi gongen d’Leit eraus, fir ze kucken, wat geschitt war. Wéi si beim Jesus ukoumen, hu si de Mann, aus deem d’Dämonen erausgefuer waren, beim Jesus senge Féiss sëtze gesinn. Hie war ugedoen a bei klorem Verstand. Du krute si et mat der Angscht ze dinn.
- 36 Déi, déi alles gesinn haten, hunn hinnen och dovu verzielt, wéi den dämonbesiessene Mann geheelt gouf.
- 37 Dunn huet d’ganz Vollek aus der Ëmgéigend vun de Gadarener hie gefrot, fir si ze verlossen, well si vun enger grousser Angscht gepaakt goufen. Dunn ass hien an en Naache geklommen an nees hanneschtgefuer.
- 38 De Mann, aus deem d’Dämonen erausgefuer waren, huet gebiedelt, fir bei him bleiwen ze kënnen. Mee de Jesus huet hie fortgeschéckt a sot:
- 39 „Géi nees heem a verziel, wéi vill Gott fir dech gemaach huet.“ Doropshi gong hie vun do fort an huet uechter d’ganz Stad alles verkënnegt, wat de Jesus fir hie gemaach hat.

Eng krank Fra an en doudegt Meedchen

Mattias 9, 18-26; Marc 5, 21-43

- 40 Wéi de Jesus dunn zeréckkum, hunn d'Leit hie wëllkomm geheescht, well si all op hie gewaart haten.
- 41 Duerno kum e Mann erbäi, dee Ya'ir geheescht huet an deen Haapdeelste an der Synagog war. Hien huet sech dem Jesus virun d'Féiss geworf an huet hien ugebiedelt, fir bei hien heem ze kommen.
- 42 Hien hat nämlech eng eenzeg Duechter, déi zwielef Joer al war an déi um Stierwe louch. Wéi de Jesus um Wee dohinner war, hunn d'Leit hie bal erdréckt.
- 43 Eng Fra, déi schonn zwielef Joer laang Bluddungen hat an hire ganze Liewensënnerhalt un Dokteren ausginn hat a vu kengem geheelt konnt ginn,
- 44 kum vun hanne bei hien an huet d'Zizit vu sengem Tallit beréiert. Eenzock hunn hir Bluddungen opgehale.
- 45 „Wien huet mech beréiert?“, huet de Jesus gefrot. Et wollt keen et gewiescht sinn. Du soten de Péitrus an déi, déi bei him waren: „Meeschter, d'Leit drécke sech ëm dech an erdrécken dech bal an du frees, wien dech beréiert huet!“
- 46 „Iergendeen huet mech beréiert, well ech hu gefillt wéi Kraaft vu mir ausgong“, huet de Jesus geäntwert.
- 47 Wéi d'Fra realiséiert huet, datt si net onbemierkt bliwwen war, huet si geziddert, mee si kum no vir, fir sech virun him nidderzegeheien. Si huet him virun all de Leit erzielt, firwat si hie beréiert hat a wéi si eenzock geheelt gouf.
- 48 „Meng Duechter, hief Courage!“, sot hien zu hir. „Däi Glawen huet dech geheelt. Géi a Fridden!“
- 49 Wéi hien nach am Gaang war, ze schwätzen, kum een aus dem Stot vum Haapdeelste vun der Synagog dohinner a sot zu him: „Deng Duechter ass gestuerwen. Stéier de Léiermeeschter net méi.“
- 50 Wéi de Jesus dat héieren huet, huet hien him geäntwert: „Hief keng Angscht! Gleef einfach an hatt gött geheelt.“
- 51 Wéi de Jesus an d'Haus kum, huet hie kengem erlaabt, mat eranzekommen, ausser dem Péitrus, dem Jacques, dem Jean an dem Papp an der Mamm vum Meedchen.
- 52 Jiddereen huet wéinst dem Meedche senger gekrasch an huet sech op d'Broscht geschloen. „Kräischt dach net! Hatt ass net dout, hatt schléift just“, sot de Jesus zu hinnen.
- 53 Si hunn hien ausgelacht, well si woussten, datt hatt dout war.
- 54 Mee hien huet jidderee virun d'Dier gesat, huet hatt mat der Hand geholl a geruff: „Klengt Meedchen, stéi op!“

55 Du kouv säi Geesch nees an hatt zeréck an hatt ass eenzock opgestanen. Hien huet den Uerder ginn, him eppes z'iessen ze ginn.

56 Seng Eltere ware verwonnert, mee hien huet hinne befuel, kengem dovunner ze verzielen, wat geschitt war.

Luc 9

De Jesus schéckt déi Zwielef eraus

Mattias 10,1-42; Marc 6,7-13

1 Duerno huet hien déi Zwielef zesummegeruff an huet hinne Muecht an Autoritéit iwwert all Dämone ginn an och fir Kränkten ze heelen.

2 Hien huet si erausgeschéckt, fir d'gutt Noriicht vum Kinnekräich vu Gott ze verkënnegen a fir déi Krank ze heelen.

3 Hie sot zu hinnen: „Huelt näischt mat op d'Rees, weder Stief nach eng Posch nach Brout nach Suen ausser eng Tunique pro Persoun.

4 An do, wou dir an en Haus gitt, do bleift, bis dir nees d'Uertschaft verloosst.

5 Do, wou een iech net wëllkomm heescht, wann dir d'Stad verloosst, da rëselt de Stëbs ënnert äre Féiss of, als Ausso géint si.“

6 Si hu sech op de Wee gemaach a gongen duerch d'Dierfer. Si hunn d'gutt Noriicht gepriedegt an hunn iwwerall Leit geheelt.

7 Dunn huet den Tetrarch Herodes vun allem héieren, wat de Jesus gemaach huet. Hie wusst net esou richtig, wat hien dovunner sollt halen, well muncher soten, datt de Jean vun den Doudegen operstane wier,

8 anerer soten awer, datt den Elia erschéngt wier, an nach anerer, datt ee vun den ale Prophéiten operstane wier.

9 „De Jean hunn ech dach kappe gelooss!“, sot den Herodes. „Mee wien ass deem ech esou Saachen héieren?“ Hie wollt de Jesus dowéinst gesinn.

De Jesus gëtt ongeféier fënnefdausend Männer z'iessen

Mattias 14,13-21; Marc 6,30-44; Jean 6,1-15

10 Wéi d'Apostelen|Apostel zeréckkamen, hu si dem Jesus alles verzielt, wat si gemaach haten. Dunn huet hie si matgeholl a sech mat hinnen eleng op eng verlosse Plaz zeréckgezunn, déi zur Stad, déi Betsaida geheescht huet, gehéiert huet.

11 Mee wéi d'Vollek dat erausfonnt huet, gong et him no. Hien huet d'Leit opgeholl, huet hinne vum Kinnekräich vu Gott verzielt an huet och déijéineg geheelt, déi Heelung néideg haten.

12 Wéi den Dag esou lues op en Enn gong, koumen déi Zwieref bei hien a soten zu him: „Schéck d'Leit fort, fir datt si an den Dierfer an op den Häff vun der Ëmgéigend iwernuechten a Proviant fanne kënnen. Mir sinn nämlech hei op enger verloossener Plaz.“

13 „Gitt dir hinnen dach eppes z'iessen!“, sot de Jesus zu hinnen. „Mir hunn net méi wéi fënnef Ruchte|Rucht Brout an zwee Fësch, et sief dann, mir ginn hin a kafen eppes z'iesse fir all dës Leit“, hu si geäntwert.

14 (Et waren nämlech ongeféier fënnefdausend Männer do.) „Suergt dofir, datt si sech a Gruppe vu fofzeg setzen“, sot hien dunn zu senge Jénger.

15 Si hunn et esou gemaach an hu jidderee sech setze geden.

16 Dunn huet hien déi fënnef Ruchte Brout an déi zwee Fësch geholl, huet an den Himmel gekuckt, e Segen ausgeschwat an d'Brout a Stécker gebrach. Dunn huet hie se de Jénger ginn, fir datt si se de Leit ausdeelen.

17 Si hunn alleguer giess a goufe sat. Duerno hu si nach zwielef Kierf voller Reschter vu Broutstécker agesammelt.

De Péitrus erkennt, datt de Jesus de Messias ass

Mattias 16,13-20; Marc 8,27-30

18 Enges Daags wéi de Jesus eleng war, fir ze bieden, an nëmme seng Jénger bei him waren, frot hie si: „Wie soen d'Leit, datt ech sinn?“

19 „De Jean den Deefer, mee anerer soen den Elia, an nach anerer, datt ee vun den ale Prophéiten nees operstanen ass“, hu si him geäntwert.

20 „An dir, wie sot dir, datt ech sinn?“, frot hie si. „De Messias vu Gott“, huet de Péitrus geäntwert.

De Jesus seet säin Doud a seng Operstéiung viraus

Mattias 16,21-28; Marc 8,31—9,1

21 Dunn huet hie si gewarnt an hinne befuel, et kengem ze verzielen.

22 Hie sot: „De Jong vum Mënsch muss nach vill leiden a gött vun den Eelsten, denieweschte Priister|iewescht Priister an de Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz verworf. Hie gött ëmbruecht an ersteet um drëtten Dag op.“

23 Du sot hien zu hinnen alleguer: „Wie mir nogoe wëllt, dee muss sech selwer verleege, säi Kräiz op sech huelen a mir nogoen.“

24 Wie säi Liewen nämlech rette wëllt, dee verléiert et; mee wie säi Liewe wéinst menger verléiert, dee rett et.

25 Wat bréngt et engem Mënsch, wann en d'ganz Welt gewënnt, mee selwer gött hien zerstéiert oder leit Verloscht?

26 Wie sech wéinst menger a menge Wierder schummt, wéinst deem senger schummt sech och de Jong vum Mënsch, wann hien a senger Herrlechkeet an an där vu sengem Papp a vun den hellegenEngele|Engel kënnt.

27 Ech soen iech d'Wourecht! Hei sti verschidde Leit, déi net stierwen, bis si d'Kinnekräich vu Gott gesinn.“

De Jesus gëtt verwandelt

Mattias 17,1-13; Marc 9,2-9

28 Ongeféier eng Woch nodeems hien dat alles gesot hat, huet hien de Péitrus, de Jean an de Jacques mat op e Bierg geholl, fir ze bieden.

29 Während hie gebiet huet, huet d'Ausgesi vu sengem Gesiicht sech verännert; säi Kleed gouf wäiss an huet geglännert.

30 Op eemol hunn zwee Männer, de Moses an den Elia, mat him geschwat.

31 Si sinn an Herrlechkeet erschéngen an hunn iwwert säin Exodus geschwat, deen hie geschwënn zu Jerusalem vollbréngt géif.

32 Mee de Péitrus an déi, déi bei him waren, waren ageschlof. Wéi si waakreg goufen, hu si seng Herrlechkeet gesinn an och déi zwee Männer, déi bei him stoungen.

33 Wéi déi hie verlooss hunn, sot de Péitrus zum Jesus: „Meeschter, et ass gutt, datt mir hei sinn! Looss eis dräi Zelter opriichten: eent fir dech, eent fir de Moses an eent fir den Elia.“ Hie wusst awer net, wat hien do géif soen.

34 Iwwerdeems hien dat sot, kour eng Wollek an huet hire Schiet op si geworf. Wéi si an d'Wollek erakoumen, krute si et mat der Angscht ze dinn.

35 Du kour eng Stëmm aus der Wollek, déi sot: „Dat hei ass mäi Jong, deen ech gär hunn. Lauschtert op hien!“

36 Nodeems d'Stëmm fäerdeg war mat Schwätzen, war de Jesus nees eleng. Si hunn näischt gesot an hunn zu där Zäit kengem verzielt, wat si gesinn haten.

De Jesus heelt e Jong mat engem onrengem Geescht

Mattias 17,14-23; Marc 9,14-29

37 Den Dag drop, wéi si vum Bierg erofkoumen, koume ganz vill Leit him entgéint.

38 Ënnert de Leit war e Mann, deen haart geruff huet: „Léiermeeschter, ech bieden dech, kuck no mengem Jong! Hien ass mäin eenzegt Kand!“

39 E Geescht ergräift hien an da jäizt hien op eemol. Hie gëtt vun him hin an hier gerappt a kritt Schaum virum Mond. De Geescht verléisst hie bal ni a maltraitéiert hien.

40 Ech hunn deng Jénger gebieden, de Geescht auszedreiwén, mee si hunn et net fäerdegruecht.“

41 „Dir ongleeweg a pervers Generatioun!“, huet de Jesus geäntwert. „Wéi laang soll ech nach bei iech sinn a wéi laang muss ech iech nach erdroen? Bréng däi Jong heihinner.“

42 An nach während de Jong méi no koom, huet den Dämon hien op de Buedem gehäit an huet hien hin an hier gerappt. Dunn huet de Jesus dem onrengen Geescht gedreet, huet d’Kand geheelt an huet et sengem Papp erëmginn.

43 Si waren all iwwert déi mächtigen Kraaft vu Gott verwonnert. Iwwerdeems jiddereen iwwer dat gestaunt huet, wat de Jesus gemaach hat, sot de Jesus zu senger Jénger:

44 „Mierkt iech dës Wieder genee: De Jong vum Mënsch gëtt geschwënn an d’Hänn vun de Mënschen ausgeliiwert.“

45 Mee si hunn dat, wat hie gesot huet, net verstanen. De Sënn vu senger Wieder blouf fir si verstoppt, esou datt si se net begraff hunn. Si hu gefaart, fir hien iwwert seng Ausso ze froen.

Wien ass dee Wichtegsten

Mattias 18,1-9; Marc 9,33-40

46 Dunn ass eng Diskussioun ënnert hinnen opkomm, wéi vun hinne wuel dee Wichtegste wier.

47 De Jesus, deen d’Gedanke vun hiren Härzer erkannt huet, huet e Këndchen geholl an et nieft sech gestallt.

48 Hie sot zu hinnen: „Wien dëst klengt Kand a mengem Numm ophëlt, hëlt mech op; wéi mech ophëlt, hëlt deen op, dee mech geschéckt huet; wien nämlech deen Onwichtegsten ënnert iech ass, gëtt dee Wichtegsten.“

49 De Jean huet geäntwert: „Meeschter, mir hunn ee gesinn, deen an dengem Numm Dämonen ausgedriwwen huet. Mir hunn him et verbueden, well hien dir net mat eis noheet.“

50 De Jesus sot zu him: „Verbitt him et net! Wien net géint eis ass, ass fir eis.“

D’Samariter heeschen de Jesus net wëllkomm

51 Wéi d’Zäit vu senger Himmelfaart méi no koom, huet hien decidéiert, fir a Richtung Jerusalem ze goen.

52 Hien huet Buete viru sech hir geschéckt. Ënnerwee koume si an en Duerf vun de Samariter, fir do alles fir hie virzebereeden.

53 Mee si hunn hien net wëllkomm geheescht, well hien op Jerusalem ënnerwee war.

54 Wéi seng Jénger, de Jacques an de Jean, dat gesinn hunn, frote si hien: „Här, wëlls du, datt mir Feier vum Himmel erofruffen, fir datt si zerstéiert ginn, genesou wéi den Elia et gemaach hat?“

55 Mee hien huet sech ëmgedréit an huet si op d'Plaz gesat: „Dir wësst net, wat fir e Geescht iech animéiert.“

56 De Jong vum Mënsch koum nämlech net, fir Mënscheliwwen ze zerstéieren, mee fir se ze retten.“ Du goung si an en anert Duerf.

Net jidderee wëllt dem Jesus no

Mattias 8, 19-22

57 Enges Daags, wéi si ënnerwee waren, sot eng Persoun zum Jesus: „Här, ech ginn dir iwwee no, wou s du higees.“

58 „De Fuuss huet e Bau an de Vull huet en Nascht, mee de Jong vum Mënsch huet néierens eng Plaz, fir säi Kapp niddersleeën“, huet de Jesus him geäntwert.

59 Zu engem anere sot hien: „Komm mir no.“ „Här, looss mech fir d'éischt fortgoen, bis ech mäi Papp begruewe kann“, huet dee geäntwert.

60 „Looss déi Doudeg hir Doudeg begruewen, du awer géi a priedeg d'Kinnekräich vu Gott“, sot de Jesus zu him.

61 Nach en anere sot: „Här, ech ginn dir no, mee looss mech fir d'éischt de Leit doheem Äddi soen.“

62 „Keen, deen d'Hand un de Plou leet an zeréckkuckt, daacht eppes fir d'Kinnekräich vu Gott“, sot de Jesus zu him.

Luc 10

De Jesus schéckt siwwenzeg aner Jénger viraus

1 Duerno huet den Här siwwenzeg aner Jénger ernannt an huet si zwee an zwee an all Stad an op all Plaz, wou hien nach higoe wollt, viraus geschéckt.

2 „De Karschnatz ass grouss, mee et gëtt wéineg Aarbechter“, sot hien zu hinnen. „Biet also zum Här vum Karschnatz, datt hien Aarbechter schéckt, fir säi Karschnatz eranzehuelen.“

3 Maacht iech op de Wee! Mee passt op, ech schécken iech wéi Lämmer ënner Wëllef eraus.

4 Huelt kee Portmonni mat, keng Posch a keng aner Sandalen a gréisst och keen ënnerwee.

5 Wou dir an en Haus gitt, do sot fir d'éischt: ‚Fridde sief dësem Stot.‘

- 6 Wann do eng friddlech Persoun lieft, da rout äre Fridden op hir; wann net, da kënnt en nees op iech zeréck.
- 7 Bleift an deem Haus an iesst an drénkt dat, wat dir zerwéiert kritt, well en Aarbechter huet säi Loun verdéngt. Gitt net vun Haus zu Haus.
- 8 Wann dir an eng Stad eragitt a si huelen iech op, dann iesst dat, wat iech virgesat gëtt.
- 9 Heelt déi Krank, déi do sinn, a sot zu hinnen: ‚D’Kinnekräich vu Gott ass no bei iech.‘
- 10 Wann dir awer an eng Stad gitt, déi iech net ophëlt, da gitt do eraus an d’Gaassen a sot:
- 11 ‚De Stëbs aus ärer Stad, deen un eis pecht, wësche mir vun eis of als Ausso géint iech. Mee trotzdeem sollt dir dat hei wëssen: D’Kinnekräich vu Gott ass no bei iech.‘
- 12 Ech soen iech, op deem Dag ass et fir Sodom besser auszehale wéi fir dës Stad!
- 13 Wéi schrecklech ass et fir dech, Korasin! Wéi schrecklech ass et fir dech, Betsaida! Wann déi mächtig Doten, déi bei dir gemaach goufen, zu Tyr an zu Zidon gemaach gi wieren, da wiere si scho laangëmgekéiert|ëmkeieren a séizen a Säck an Äschen do.
- 14 Um Geriicht ass et fir Tyr an Zidon besser auszehale wéi fir iech.
- 15 Du, Kapernaum, dat s du bis an den Himmel gehuewe goufs, gëss bis an denHades erofgestouss.
- 16 Wien op iech lauschtert, lauschtert op mech; wien iech verwerft, verwerft mech a wie mech verwerft, verwerft deen, dee mech geschéckt huet.“
- 17 Déi Siwwenzeg koumen duerno voll Freed erëm a soten: „Här, esouguer d’Dämonen ënnerwerfe sech eiser an dengem Numm.“
- 18 „Ech hunn de Satan gesi wéi e Blëtz vum Himmel falen“, sot hien zu hinnen.
- 19 „Kuckt, ech hunn iech Autoritéit ginn, fir Schlaangen a Skorpiounen ze zertrëppelen an och Autoritéit iwwert all Muecht vum Feind. Et kann näischt iech schueden.
- 20 Freet iech awer net doriwwer, datt d’Geeschter iech ënnerdoe sinn, mee freet iech, datt är Nimm am Himmel opgeschriwwen sinn.“
- 21 Zu därselwechter Zäit huet de Jesus sech vill am hellege Geescht gefreet a sot: „Ech luewen dech Papp, Här vun Himmel an Äerd, well s du dat alles virun de Weisen a Gescheite verstoppt hues an et klenge Kanner gewisen hues. Jo, Papp, esou huet et dir gefall.

22 Alles ass mir vu mengem Papp iwvergi ginn an et weess keen, wien de Jong ass, ausser dem Papp, an et weess och keen, wien de Papp ass, ausser dem Jong an deen, deem de Jong de Papp weise wëllt.“

23 Dunn huet hie sech u sengJénger gewant a sot zu hinnen: „Geseent sinn déi Aen, déi gesinn, wat dir gesitt;

24 ech soen iech, datt vill Prophéiten a Kinneke sech gewënscht hunn, dat ze gesinn, wat dir gesitt, a si hunn et net gesinn; an dat ze héieren, wat dir héiert, a si hunn et net héieren.“

D'Gläichnes iwwert de Samariter

25 Duerno stoung en Expert am Gesetz op an huet hien op d'Prouf gestallt: „Léiermeeschter, wat muss ech maachen, fir éiweg Liewen ze ierwen?“

26 „Wat steet am Gesetz? Wat lies du do?“, huet de Jesus hie gefrot.

27 „„Hief den Här, däi Gott, gär mat dengem ganzen Häerz, mat denger ganzer Séil, mat denger ganzer Kraaft a mat dengem ganze Verstand‘, an och ‚däin Nächste wéi dech selwer““, huet dee geäntwert.

28 „Deng Äntwert ass richtig“, sot de Jesus zu him. „Maach dat, da liefs du.“

29 Den Expert wollt sech selwer rechtfäerdeg an sot dofir zum Jesus: „A wien ass mäin Nächsten?“

30 Dunn huet de Jesus geäntwert: „E Mann gong vu Jerusalem erof op Jericho an ass ënnerwee vu Raiber iwverfall ginn. Si hunn him d'Kleeder erfogestrëppt an hien zerschloen. Du gounge si fort an hunn hien hallef dout do leie gelooss.

31 Zoufälleg koum grad e Priister déi Strooss erof. Wéi hien de Mann gesinn huet, gong hien op der anerer Stroossesäit laanscht.

32 Och e Levit koum op déi Plaz. Wéi hie méi nobäi koum an e gesinn huet, gong hien op der anerer Stroossesäit laanscht.

33 ESamariter, deen do op der Rees war, koum och dohin, wou de Mann louch. Wéi hien e gesinn huet, hat hie Matleed mat him.

34 De Samariter gong bei hien an huet Ueleg a Wäin op seng Wonne geschott a se verbonnen. Hien huet en op säin lesel gesat, huet en an eng Herberg bruecht an do fir hie gesuergt.

35 Den Dag drop, wéi hie fortgong, huet hien zweeDenaren|Denar erausgeholl, se dem Wiert ginn a sot zu him: ‚Suerg fir hien! An dat, wat s du weider ausgëss, bezuelen ech der erëm, wann ech zeréckkommen.‘

36 Wie vun dësen dräi, mings du, war elo en Nächste fir deen, dee vun de Raiber iwverfall gouf?“

37 „Deen, dee sech senger erbaarmt huet“, huet den Expert geäntwert. „Géi a maach et genee esou“, sot de Jesus zu him.

Beim Martha a beim Maria doheem

38 Eng aner Kéier, wéi si ënnerwee waren, gong hien an en Duerf an eng Fra, déi Martha geheescht huet, huet hien an hirem Haus empfaangen.

39 Si hat eng Schwëster, déi Maria geheescht huet an déi dem Jesus zu Féiss souz, fir senger Léier nozelauschteren.

40 Mee d'Martha war mat deem villen Zerwéieren iwwerfuert a gong dofir bei de Jesus. „Här, ass et dir egal, datt meng Schwëster mech eleng léisst, fir ze zerwéieren? So him dach, datt hatt mir hëllef soll!“

41 „Martha, Martha“, huet de Jesus him geäntwert. „Du méchs dir iwwert villes Suergen a vill Méi.“

42 Et ass awer just eppes néideg an d'Maria huet de gudden Deel gewielt, deen him net ewechgeholl gëtt.“

Luc 11

De Jesus léiert d'Jénger ze bidden

Mattias 6,9-15

1 Enges Daags huet de Jesus op enger Plaz gebiet. Wéi hie fäerdeg mat Biede war, huet ee vu senge Jénger zu him gesot: „Här, léier eis ze bidden, esou wéi de Jean seng Jénger et geléiert huet.“

2 Hie sot zu hinnen: „Wann dir biet, da sot: ‚Eise Papp am Himmel, gehellegt sief däin Numm. Däi Kinnekräich soll kommen. Däi Wëlle soll geschéien, wéi am Himmel esou och op der Äerd.“

3 Gëff eis Dag fir Dag eist deeglecht Brout.

4 Erlooss eis eis Sënnen, a mir erloossen och deenen dat, wat si eis schëlleg sinn. Féier eis net an d'Vesuchung, mee erléis eis vum Béisen.“

5 Hie sot zu hinnen: „Huel un, dir hätt e Frënd a géift ëm Hallefnuecht bei e goen an e froen: ‚Frënd, kéints du mir dräi Ruechte|Ruecht Brout ginn?“

6 E Frënd vu mir ass nämlech op senger Rees bei mech komm an ech hunn näischt, fir him z'offréieren.‘

7 An dee géif vu bannen äntweren: ‚Stéier mech net! D'Dier ass schonns zougespaart a meng Kanner an ech si schonn am Bett. Ech kann net opstoen an dir eppes ginn.‘

8 Ech soen iech: Och wann hien net opsteet, fir him eppes ze ginn, well hie säi Frënd ass, da steet hien nawell wéinst senger Onverschimmtheet op a gëtt him esou vill, wéi e brauch.

9 Geneesou soen ech iech: Frot an da kritt dir; sicht an da fannt dir; klappt un an et gëtt iech opgemaach;

10 well jiddereen, dee freet, kritt a jiddereen, dee sicht, fënnt an deem, deen uklappt, gëtt opgemaach.

11 Wie vun iech Pappé géif sengem Jong e Stee ginn, wann hien ëm Brout freet? Oder wann hien ëm e Fësch freet, géift dir him eng Schlaang amplaz vun engem Fësch ginn?

12 Oder wann hien ëm en Ee freet, géif dir him e Skorpioun ginn?

13 Wann dir schonn, déi dir béis sidd, wësst, äre Kanner gutt Kaddoen ze maachen, ëm wéi vill méi wäert den himmlesche Papp deenen den hellege Geescht ginn, déi hien dorëm froen?“

De Jesus an de Beelsebul

Mattias 12,22-37; Marc 3,20-30

14 De Jesus huet en Dämon ausgedriwwen, dee stomm war. Nodeems den Dämon erausgefuer war, huet de Stomme geschwat an d'Leit ware verwonnert.

15 Etlech vun hinne soten awer: „Hien dreift d'Dämonen duerch deBeelsebul aus, de Pränz vun den Dämonen.“

16 Anerer hunn hien op d'Prouf gestallt an en Zeeche vum Himmel vun him verlaangt.

17 Mee de Jesus huet hir Gedanken erkannt a sot zu hinnen: „All Kinnekräich, wat a sech selwer gespléckt ass, geet zu Grond an e Stot, deen a sech selwer gespléckt ass, fällt zesummen.“

18 Wann awer de Satan a sech selwer gespléckt wier, wéi kéint säi Kinnekräich bestoe bleiwen? Dir sot jo, datt ech d'Dämonen duerch de Beelsebul ausdreiwen.

19 Wann ech duerch de Beelsebul Dämonen ausdreiwen, duerch wien dreiwen dann är Kanner se aus? Dofir gi si zu äre Riichter.

20 Wann ech awer Dämonen duerch de Fanger vu Gott ausdreiwen, dann ass effektiv d'Kinnekräich vu Gott bei iech komm.

21 Wann e staarke Mann säin eegenen Haff mat Waffe bewaacht, dann ass säi Besëtz a Sécherheet.

- 22 Mee wa méi e staarken hien ugräift an hie Meeschter gëtt, dann hëlt dee méi Staarken him seng ganz Rüstung ewech, op déi hie sech verlooss huet, a verdeelt alles, wat hie geklaut huet.
- 23 Wien net mat mir ass, ass géint mech a wien net mat mir sammelt, dee verspreeft.
- 24 Wann en onrenge Geescht aus engem Mënsch fiert, zitt en duerch dier Plazen, fir Rou ze sichen. E fënnt awer keng an dofir seet en: ‚Ech ginn hannescht a mäin Heem, vu wou ech kouw.‘
- 25 Wann hien heemkënnt, fënnt hien et gekiert a geraumt.
- 26 Da geet hien hin an hëlt siwen aner Geeschter mat sech, déi méi béis si wéi hien, a si fueren do eran a bleiwen dra wunnen. Esou gëtt de leschten Zoustand vum Mënsch méi schro wéi den éischten.“
- 27 Wéi de Jesus dat alles sot, huet eng Fra aus der Mass vu Leit hir Stëmm erhuewen a sot zu him: „Geseent ass de Mammeläif, deen dech gedroen huet an och déi Broscht, déi dech geniert huet!“
- 28 Mee de Jesus huet geäntwert: „Villméi sinn déi geseent, déi d’Wuert vu Gott héieren a sech drun halen!“

D’Zeeche vum Yona

Mattias 12,38-45

- 29 Wéi sech ëmmer méi Leit versammelt hunn, huet de Jesus ugefaangen ze soen: „Dës Generatioun ass eng béis. Si sicht no engem Zeechen, mee si kritt keen Zeechen, ausser dem Zeeche vum Prophéit Yona.
- 30 Esou wéi de Yona en Zeeche fir d’Leit aus Nineve gouf, esou ass de Jong vum Mënsch e fir dës Generatioun.
- 31 D’Kinnigin vum Süde steet um Geriicht zesumme mat de Männer vun dëser Generatioun op a veruerteelt si. Si kouw nämlech vum Enn vun der Äerd, fir dem Salomon seng Wäisheet ze héieren. Kuckt, et ass een hei, dee méi wichteg ass wéi de Salomon.
- 32 D’Männer aus Nineve stinn um Geriicht zesumme mat dëser Generatioun op a veruerteelt si, well si ëmgekéiert hunn, wéi de Yona hinne gepriedegt huet. Kuckt, et ass een hei, dee méi wichteg ass wéi de Yona.

D’Luucht vum Kierper

Mattias 6,22-23

- 33 Et fänkt keen eng Luucht un, fir se op eng heemlech Plaz oder ënnert e Sieschterkuerf ze stellen, mee hie stellt se op e Liichter, fir datt déi, déi erakommen, d’Liicht kënne gesinn.

34 D'Luucht vum Kierper ass d'A. Wann däin A gutt ass , dann ass däi ganze Kierper voller Liicht. Mee wann et béis ass , dann ass däi Kierper voller Däischtert.

35 Gëff dofir uecht, datt d'Liicht an dir net Däischtert ass!

36 Wann däi ganze Kierper voller Liicht ass a keen Deel Däischtert dran ass, dann ass e voller Liicht, wéi wann eng Luucht dech bellicht.“

Wéi schrecklech ass et fir iech

37 Wéi hie geschwat huet, huet ePharisäer de Jesus invitéiert, fir bei hien iessen ze kommen. De Jesus gong bei hien an huet beim Dësch Plaz geholl.

38 Wéi de Pharisäer dat gesinn huet, war hien iwerrascht, datt de Jesus virum lessen net fir d'éischt mam ganze Kierper ënnert d'Waasser duerchgaange war, fir sech ze rengen.

39 Du sot den Här zu him: „Dir Pharisäer maacht zwar de Becher an den Teller bausse propper, mee bannendra féllt dir se mam Wonsch, fir ze klauen a béis ze sinn.

40 Dir Toperten! Huet net deen, deen dat Baussenzezt erschafen huet, och dat Bannenzezt erschafen?

41 Gitt léiwer Almosen aus deem, wat an iech ass, an dann ass alles fir iech reng.

42 Wéi schrecklech ass et fir iech Pharisäer! Dir gitt nämlech en Zéngtel vu Peffermënz, Wäiraut an och jidder Zort vu Kraider of, mee dir vernoléisseggt d'Gerechtegheet an d'Léift vu Gott. Dat alles hätt dir maache sollen, ouni dat anert z'ënnerloossen.

43 Wéi schrecklech ass et fir iech Pharisäer! Dir hutt nämlech déi bescht Plaz an deSynagoge|Synagog gär a gitt och gär op de Maartplaze gegréisst.

44 Wéi schrecklech ass et fir iech Léiermeeschtere vum Gesetz a Pharisäer! Dir Heuchler! Dir sidd nämlech ewéi Griewer, déi een net gesäit, an d'Leit, déi driwwer ginn, si sech däers net bewosst.“

45 Dunn huet ee vun de Experten am Gesetz him geäntwert: „Léiermeeschter, du beleidegs eis mat denge Wieder!“

46 Mee hien huet geäntwert: „Wéi schrecklech ass et fir iech Experten am Gesetz! Dir luet de Mënschen nämlech Laaschten op, déi schwéier ze droe sinn, an dir selwer réiert déi Laaschten net emol mat engem Fanger un.

47 Wéi schrecklech ass et fir iech! Dir baut nämlech d'Monumenter fir d'Prophéiten an är Pappen hu si ëmbruecht.

48 Esou bezeit dir, datt dir d'Dote vun äre Pappe gutt heescht; well si hunn d'Prophéiten effektiv ëmbruecht an dir baut hinne Monumenter.

49 Dofir sot och d'Wäisheet vu Gott: „Ech schécke Prophéiten anApostele|Apostel bei si an en etlech vun hinne gi vun hinnen ëmbruecht a verfollegt‘,

50 fir datt d'Blutt vun all de Prophéiten, dat säit der Grënnung vun der Welt ausgeschott gouf, vun dëser Generatioun zeréckverlaangt gëtt,

51 vum Blut vum Abel bis zum Blut vum Sacharia, deen tëschent demAltar an dem Tempel ëmbruecht gouf. Jo, ech soen iech, dat gëtt vun dëser Generatioun zeréckverlaangt.

52 Wéi schrecklech ass et fir iech Experten am Gesetz! Dir hutt nämlech de Schlëssel vun der Erkenntnes ewechgeholl. Dir sidd selwer net eragaangen an dir hutt déi, déi am Gaang waren, eranzegoen, dovunner ofgehalen.“

53 Nodeems hien dat alles gesot hat, hunn d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an d'Pharisäer him dat nogedroen an hunn him mat hire ville Froe staark zougesat.

54 Si wollten him eng Fal stellen, fir hie mat sengen eegene Wieder ze fänken, esou datt si hien ukloe kéinten.

Luc 12

Warnung viru Schäinhellegkeet

1 Bannent där Zäit, hu sech onmoosseg vill Leit versammelt, esou datt si een deem aneren op d'Féiss getrëppelt hunn. Du sot de Jesus fir d'éischt zu sengeJénger : „Hitt iech virumDeessem vun dePharisäer, dat heescht hiner Schäinhellegkeet.

2 Et gëtt nämlech näischt, wat zougedeckt ass, wat net opgedeckt gëtt, an näischt, wat verstoppt ass, wat net bekannt gëtt.

3 Wat dir am Däischtere gesot hutt, dat gëtt am Liicht gehéiert, a wat dir an de Kabaisercher an d'Ouer gepëspert hutt, dat gëtt vun den Diech aus verkënnegt.

4 Ech soen iech, meng Frënn, hutt keng Angscht virun deenen, déi de Kierper ëmbréngen, mee duerno näischt weider maache kënnen.

5 Ech weisen iech, wien dir fäerte sollt: Fäert deen, deen nodeems hien ëmbruecht huet, och d'Muecht huet, fir an d'Gehenna ze geheien! Jo, ech soen iech, fäert deen!

6 Ginn net fënnef Spatze fir zwou Koffermënze verkaf? An dach ass kee vun hinne viru Gott vergiess.

7 Jo, esouguer d'Hoer op ärem Kapp sinn alleguer gezielt. Hutt dofir keng Angscht! Dir sidd méi wäert wéi vill Spatzen.

8 Mee ech soen iech, wie sech virun de Mënschen zu mir bekennt, zu deem bekennt och deJong vum Mënsch sech virun denEngele|Engel vu Gott.

9 Mee wie mech virun de Mënsche verleegent, dee gött och virun den Engele vu Gott verleegent.

10 Jiddereen, deen e Wuert géint de Jong vum Mënsch seet, kritt verzién. Mee wie géint den hellege Geesch lästert, dee kritt net verzién.

11 Wa si iech awer virun d'Synagogen|Synagog, virun d'Herrscher an d'Autoritéite bréngen, maacht iech keng Suergen doriwwer, wéi dir iech oder mat wat dir iech veräntwere sollt oder wat dir soe sollt.

12 Den hellege Geesch léiert iech nämlech an deem Moment, wat dir soe sollt.“

Dem Mënsch säi Liewen hänkt net vu sengem Besët of

13 Du sot een aus de ville Leit zu him: „Léiermeeschter, so mengem Brudder, datt hien d'Ierfschaft mat mir deele soll.“

14 „Mënsch, wien huet mech als Riichter iwwert iech agesat oder als Mediateur, fir an ärer Ierfschaft ze arbitrëieren?“, huet de Jesus him geäntwert.

15 Duerno sot hien zu hinnen: „Gitt uecht an hitt iech virun derRangstegkeet ! Dem Mënsch säi Liewen hänkt nämlech net vu sengem Besët of, egal wéi räich hien ass.“

16 Hien huet hinnen dëst Gläichnes verzielt: „De Buedem vun engem Räichen huet ganz vill gedroen.

17 Deen duecht sech: ‚Wat soll ech elo maachen? Ech hu keng Plaz, fir meng Recolte ze lagere?‘

18 Hie sot: ‚Ech maache Folgendes: Ech rappe meng Scheieren of a baue méi grousser. Do dra kann ech da meng ganz Recolte a mäi ganze Besët lagere.‘

19 Da kann ech mir selwer soen: „Du hues elo eng grouss Reserve fir eng Rei Joren. Rascht elo – iess, dréink a sief gudder Déng!“

20 Mee Gott sot zu him: ‚Du Topert! Nach hënt gött deng Séil vun dir gefuerdert. Wie kritt dann all dat, wat s du opgekéipt hues?‘

21 Esou geet et deem, dee fir sech selwer Räichtum opkéipt, mee net räich vis-à-vis vu Gott ass.“

- 22 Du sot hien zu senge Jénger: „Dofir soen ech iech, maacht iech keng Suergen iwwert äert Liewen, iwwert dat, wat dir iesse sollt, an och net iwwert äre Kierper, iwwert dat, wat dir undoe sollt.
- 23 D’Liewe besteet nämlech aus méi wéi aus lessen an de Kierper aus méi wéi aus Kleeder.
- 24 Observéiert emol d’Kueben: Si séien net a ginn och net an de Karschnatz; si hu keng Spënnchen an och keng Scheier an dach fiddert Gott si. Dir sidd dach vill méi wäert wéi d’Vigel!
- 25 A wie vun iech ka säi Liewen ëm een Abléck verlängeren, andeems hie sech Suerge mécht?
- 26 Wann dir mol net capabel sidd esou eng Klenggeheet fäerdegzebréngen, firwat maacht dir iech Suergen ëm de Rescht?
- 27 Observéiert emol d’Lilien, wéi si wuessen: Si schaffen net a si spannen net. An dach soen ech iech, datt esouguer de Salomon a senger ganzer Herrlechkeet, net esou gekleet war wéi eng vun dese Blumen.
- 28 Wa Gott d’Gras, dat haut op der Gewan steet a muer an den Uewe gehäit gött, esou kleet, ëm wéi vill méi kleet hien iech, dir Klenggleeweg?
- 29 Strieft also net no deem, wat dir iesse sollt, oder no deem, wat dir drénke sollt, an zerbricht iech net de Kapp doriwwer.
- 30 D’Natiounen vun der Welt striewen nämlech no all deem; äre Papp weess awer, datt dir all dat braucht.
- 31 Strieft éischer nom Kinnekräich vu Gott, da gött iech all dat bäigefüügt.
- 32 Fäert net, kleng Häerd, well ärem Papp mécht et Freed, fir iech d’Kinnekräich ze ginn.
- 33 Verkaaft äre Besëtz a gitt Almosen. Esou schaaft dir iech Portmonnien, déi net verschlëssen, e Schatz am Himmel, deen ni vergeet, wou keen Déif hikënnt a keng Matt e frësst.
- 34 Do, wou äre Schatz ass, do ass och äert Häerz.

Sidd prett

- 35 Sidd prett an ugedoen, fir ze schaffen, a loosst är Luuchte brennen!
- 36 Sidd ewéi Mënschen, déi op hire Meeschter waarden, wann hie vun der Hochzäit zeréckkënnt, fir datt si prett sinn, fir him eenzock opzemaachen, wann hien heemkënnt an uklappt.
- 37 Geseent sinn déi Dénger, déi de Meeschter waakreg virfënnt, wann hien zeréckkënnt. Ech soen iech d’Wourecht: Hien deet d’Schaffgezei un, léisst si bei Dësch Plaz huelen an zerwéiert si.

- 38 Sollt hien awer an der zweeter oder an der drëtter Wuecht kommen an hie si prett virfënnt – geseent sinn dës Dénger.
- 39 Verstitt dat hei: Wann den Haushär gewosst hätt, um wéi vill Auer den Déif komme géif, dann hätt hien opgepasst an net zougelooss, datt géif a säin Haus agebrach ginn.
- 40 Dofir sollt och dir iech prett halen, well de Jong vum Mënsch zu enger Stonn kënnt, an där dir hien net erwaart.“
- 41 Dunn huet de Péitrus hie gefrot: „Här, ziels du dëst Gläichnes nëmme fir eis oder och fir all déi aner?“
- 42 Den Här huet geäntwert: „Wien ass dann deen treien a weise Verwalter, deen de Meeschter iwwert d’Gesënner setzt, fir datt hien hinnen zur richteger Zäit hiren Undeel un lesse gött?“
- 43 Geseent ass deen Dénger, deen de Meeschter domat beschäftegt virfënnt, wann hien zeréckkënnt.
- 44 Ech soen iech d’Wourecht! De Meeschter mécht hien zum Verwalter vu sengem ganze Besätz.
- 45 Mee wann deen Dénger bei sech denkt: ‚Mäi Meeschter kënnt nach esou bal net‘, an hie fänkt un, déi aner Dénger a Meed ze beetschen, z’iessen, ze drénken a sech voll lafen ze loossen,
- 46 da kënnt de Meeschter vun deem Dénger op engem Dag zeréck, op deem hien en net erwaart, an zu enger Stonn, déi hien net kennt. Als Strof gäisselt säi Meeschter hien a gött him säin Undeel bei den Ongleewegen.
- 47 Deen Dénger, dee sengem Meeschter säi Wëlle kennt, awer näischt virbereet an net dat mécht, wat säi Meeschter wëllt, dee gött zerguttst zerschloen.
- 48 Mee deen, deen et net besser weess, mee eppes mécht, fir dat hie Schléi verdéngt hätt, gött wéineg geschloen. Jiddereen, dee vill krut, vun deem gött vill verlaangt; wem vill uvertraut gouf, vun deem gött ëmsou méi verlaangt.

Net Fridden, mee Trennung

- 49 Ech si komm fir Feier op d’Äerd ze geheien a wat wënschen ech mir, datt et schonns ugefaange wier!
- 50 Ech muss awer nach mat enger Daf gedeeft ginn an ech si bedréckt, soulaang si net duerchgefëiert ginn ass.
- 51 Mengt dir ech wier komm, fir Fridden op d’Äerd ze bréngen? Ech soen iech: Iwwerhaupt net – villméi Trennung.
- 52 Vun elo u sinn der fënnef an engem Stot oneens: dräi géint zwee an zwee géint dräi.

53 De Papp ass géint de Jong an de Jong géint de Papp; d'Mamm ass géint d'Duechter an d'Duechter géint d'Mamm; d'Schwéiermamm ass géint d'Schnauer an d'Schnauer géint d'Schwéiermamm.“

Verstitt d'Zäiten

54 De Jesus sot weider zu de Leit: „Wann dir eng Wollek am Westen opzéie gesitt, da sot dir direkt: ‚Et gött Reen‘, an esou kënnt et dann och.

55 Wann de Wand aus dem Süde bléist, da sot dir: ‚Et gött eng gliddeg Hëtzt‘, an esou kënnt et dann och.

56 Dir Heuchler! Dir kënnt d'Ausgesi vum Himmel a vun der Äerd deiten, mee wéi kann et da sinn, datt dir dës Zäit net deite kënnt?

57 Firwat decidéiert dir net selwer wat richtig ass?

58 Wann s du mat deem, deen dech uklot, viru Geriicht gees, da setz du ënnerwee alles drun, fir déi Affaire an d'Rei ze bréngen, fir datt hien dech net virun de Riichter schleeft an de Riichter dech dem Offizéier iwergëtt an den Offizéier dech dann an de Prisong gehäit.

59 Ech soen dir, du kënns do net eraus, bis du déi lescht Mënz ofbezuelt hues!“

Luc 13

Wann dir net ëmkéiert, kommt dir genesou ëm

1 Zu där Zäit koumen e puer Leit bei de Jesus an hunn him verzielt, datt de Pilatus d'Blutt vun de Galileeër mam Blut vun hiren Affer vermëscht hätt.

2 De Jesus huet hinne geäntwert: „Mengt dir, dës Galileeër wiere méi schro Sënner gewiescht, wéi all déi aner Galileeër, well si dat hu missen erdroen?

3 Neen, soen ech iech! Wann dir netëmkéiert|ëmkéieren, kommt dir genesou ëm.

4 Oder huet déi Uechtzéng, op déi den Tuerm zu Schiloach gefall ass a si all erschloen huet. Mengt dir, si wiere méi schro Sënner gewiescht, wéi all déi aner Awunner vu Jerusalem?

5 Neen, soen ech iech! Wann dir net ëmkéiert, kommt dir genesou ëm!“

6 Dunn huet hien dëst Gläichnes verzielt: „E Mann hat e Figebam a säi Wéngert geplanz. Hie kum dohin an huet Friichten drop gesicht, mee huet keng fonnt.

7 Du sot hien zu sengem Wënzer: ‚Kuck emol! Zënter dräi Joer kommen ech heihin, fir Friichten op dësem Figebam ze sichen, mee hu keng fonnt. Ha dach de Bam ëm! Firwat soll en d'Kraaft aus dem Buedem zéien?‘

8 De Wënzer huet him geäntwert: „Här, looss de Bam nach dëst Joer stoen, bis ech ronderëm gegruewen an e gedüngt hunn.“

9 Wann en dann d'nächst Joer Friichten dréit, schéin a gutt; wann net, da kanns du en ëmhaen.“

De Jesus heelt eng krank Fra um Sabbat

10 Op engem Sabbat huet de Jesus an enger vun de Synagogen|Synagogenseignéiert.

11 Et war eng Fra do, déi schonns uechtzéng Joer laang vun engem Geescht geplot gouf, dee si verkrëppelt huet. Si war ganz kromm a konnt sech net riicht halen.

12 Wéi de Jesus si gesinn huet, huet hie si bei sech geruff a sot zu hir: „Fra, du bass vun denger Behënnerung befreit.“

13 Hien huet seng Hänn op si geluecht an eenzock konnt si sech riicht halen an huet Gott verherrlecht.

14 Mee de President vun der Synagog war ausser sech, datt de Jesus op engem Sabbat geheelt huet, a sot zu de Leit: „Et si sechs Deeg op deenen de Mënsch schaffe soll; kommt also op deenen Deeg, fir geheelt ze ginn, an net um Sabbatdag.“

15 Den Här huet du ripostéiert: „Heuchler! Bënnt net jidderee vun iech säin Uess oder lesel um Sabbat lass, fir e bei d'Dränk ze féieren?“

16 Sollt dës Fra, déi eng Duechter vum Abraham ass an déi uechtzéng Joer laang (denkt nëmmen drun!) vum Satan gefesselt gouf, net op dësem Sabbat vun hire Fessele befreit ginn?“

17 Wéi hien dat gesot hat, waren all seng Géigner blaméiert an all d'Leit hu sech iwwert all déi herrlech Doten, déi hie gemaach huet, gefreet.

D'Gläichnesser iwwert de Moschterkär an den Deessem

Marc 4,30-32; Luc 13,18-21

18 Du sot hien: „Wat gläicht dem Kinnekräich vu Gott? Mat wat soll ech et vergläichen?“

19 Et ass wéi e Moschterkär, deen e Mann geholl huet an a säi Gaart gehäit huet. En ass gewuess an zu engem grouse Bam ginn an déi wëll Vigel hunn hir Näschter a sengen Äscht gebaut.“

20 Nees sot hien: „Mat wat soll ech d'Kinnekräich vu Gott vergläichen?“

21 Et ass ewéi Deessem, deen eng Fra kritt huet an ënner dräi Moosse Weessemiel gemëscht huet bis dat ganz gesaiert war.“

Déi schmuel Dier

- 22 Um Wee fir op Jerusalem gOUNG de Jesus duerch d'Stied an d'Dierfer an huet enseignéiert.
- 23 Ënnerwee huet een hie gefrot: „Här, ginn nëmme wéineg Leit gerett?“ Hien huet hinne geäntwert:
- 24 „Beméit iech, duerch déi schmuel Paart eranzekommen. Ech soen iech, vill Leit probéieren, eranzekommen, mee et geléngt hinnen net.
- 25 Wann den Haushär bis opgestanen ass, d'Dier zougemaach huet an dir stitt baussen un der Dier ze klappen an ze ruffen: ‚Här, Här, maach eis dach d'Dier op!‘, da seet hien zu iech: ‚Ech weess net, wien dir sidd a vu wou dir kommt.‘
- 26 Da sot dir: ‚Mir hu mat dir giess a gedronk. Du hues op eise Stroosse geléiert.‘
- 27 Mee hie seet dann zu iech: ‚Ech soen iech, ech weess net, vu wou dir kommt. Gitt fort vu mir, dir déi Onrecht dot!‘
- 28 Do gött gekrasch a mat den Zänn gegrätscht, wann dir den Abraham, den Isaak, de Jakob an all d'Prophéiten am Kinnekräich vu Gott gesitt, mee dir selwer sidd ausgeschloss ginn.
- 29 Si komme vum Osten a vum Westen, vum Norden a vum Süden an huelen am Kinnekräich vu Gott bei Dësch Plaz.
- 30 Da sinn e puer vun deenen, déi déi Lescht waren, déi Éischt, an anerer, déi déi Éischt waren, sinn dann déi Lescht.“

De Jesus trauert wéinst Jerusalem

Mattias 23,37-39; Luc 19,41-44

- 31 Nach den Dag selwer koumen e puer Pharisäer bei hien a soten zu him: „Maach dech vun hei fort! Verlooss dës Géigend, well den Herodes dech ëmbréngen wëllt.“
- 32 Hie sot zu hinnen: „Gitt hin a sot zu deem Fuuss: ‚Kuck, ech driwen Dämonen aus an heelen nach haut a muer an um drëtten Dag erfëllen ech mäi Wierk.‘
- 33 An dach muss ech haut, muer an den Dag drop nach weidergoen, well et ondenkbar ass, datt e Prophéit baussent Jerusalem stierft.
- 34 Jerusalem! Jerusalem! Du bréngs d'Prophéiten ëm a stengegs déi, déi bei dech geschéckt goufen! Wéi dacks hätt ech gär deng Kanner ëm mech gesammelt, esou wéi eng Kluck hir Jippelcher ënnert hir Fillemen hält, mee dir Kanner wollt dat net.
- 35 Kuckt! Äert Haus gött iech verlooss iwverlooss. Ech soen iech, dir gesitt mech net, bis déi Zäit kënnt, an där dir sot: ‚Geseent ass deen, deen am Numm vum Här kënnt!‘“

Luc 14

De Jesus heelt e Mann mat Waasser an de Glidder

- 1 Wéi hien an d'Haus vun engem vun de bedeitende Pharisäer gong, fir um Sabbat do z'iessen, hu si hie genee observéiert.
- 2 E Mann mat Waasser an de Glidder stoung virum Jesus.
- 3 Du frot de Jesus d'Experten am Gesetz an d'Pharisäer: „Ass et erlaabt, um Sabbat ze heelen?“
- 4 Mee si hunn näischt geäntwert. Dunn huet de Jesus de Mann ugepaakt, geheelt a goe gelooss.
- 5 Doropshi frot de Jesus si: „Wie vun iech, deem säi Jong oder Uess an e Gruef fällt, géif en net eenzock erauszéien, och um Sabbat?“
- 6 Dorop konnte si him net äntweren.
- 7 Wéi hie gemierkt huet, datt d'Gäscht sech d'Éiereplazen erausgesicht hunn, huet hien hinnen e Gläichnes verzielt:
- 8 „Wann s du vun engem op eng Hochzäitsfeier invitéiert gëss, da setz dech net op d'Éiereplaz. Et kéint jo sinn, datt nach méi e wichtege Gaascht wéi s du invitéiert gouf.
- 9 Deen, deem iech allebéid invitéiert huet, géif da bei dech kommen an dir soen: ‚Gëff dës Plaz deem heiten.‘ Da wiers du blaméiert a misst déi lescht Plaz huelen.
- 10 Am Géigendeel, wann s du invitéiert gëss, da géi a setz dech op déi lescht Plaz, fir datt, wann deem erakënnt, deem dech invitéiert huet, zu dir soe kann: ‚Frënd, setz dech dach méi uewen hin!‘ Dat éiert dech virun all de Gäscht, déi mat dir zu Dësch sinn.
- 11 Jiddereen, dee sech nämlech selwer erhieft, gëtt erniddregt, a wie sech selwer erniddregt, gëtt erhuewen.“
- 12 Du sot hien zu deem, deem hien invitéiert hat: „Wann s du Gäscht op d'Mëttegiessen oder d'Owesiessen invitéiers, da fro net deng Frënn, deng Bridder, deng Famill oder deng räich Noperen. Soss invitéiere si dech och nees erëm an op dës Manéier gëss du erëmbezuelen.“
- 13 Am Géigendeel, wann s du e Fest gëss, dann invitéier déi Aarm, d'Krëppelen, déi Schlamm an déi Blann.
- 14 Da gëss du geseent, well si dech net kënnen erëmbezuelen. Du gëss nämlech bei der Operstéiung vun de Gerechten erëmbezuelen.“

D'Gläichnes iwwert dat grousst Fest

Mattias 22, 1-14

- 15 Wéi ee vun deenen, déi mat zu Dësch louchen, dat héieren huet, sot hien zum Jesus: „Geseent ass deen, deen am Kinnekräich vu Gott Brout ässt.“
- 16 Du sot de Jesus zu him: „E Mann huet e grousst Festiesse ginn an huet vill Leit invitéiert.
- 17 Wéi et Zäit fir d'lesse war, huet hie säin Dénger bei d'Gäschter ausgeschéckt, fir zu hinnen ze soen: ‚Kommt, et ass elo alles prett.‘
- 18 Mee si hunn alleguer ugefaangen, sech z'entschëllegen. Deen éischte sot: ‚Ech hunn e Feld kaf an ech muss mer et ukucke goen. Entschëlleg mech also, wann ech gelift.‘
- 19 En anere sot: ‚Ech hu fënnef Puer Uesse kaf an ech gi se lo ausprobéieren. Entschëlleg mech also, wann ech gelift.‘
- 20 Nach en anere sot: ‚Ech hunn eng Fra bestuet an dofir kann ech net kommen.‘
- 21 Den Dénger koum zeréck bei säi Meeschter a sot him all dës Ausriede virun. Du gouf den Haushär rosen a sot zu sengem Dénger: ‚Géi séier op d'Stroossen an d'Gaasse vun der Stad eraus a bréng déi Aarm, d'Krëppelen, déi Schlamm an déi Blann heihin.‘
- 22 ‚Meeschter, dat, wat s du befuel has, ass gemaach ginn, mee et bleiwe nach Plaze fräi, sot den Dénger.
- 23 ‚Géi eraus op d'Landstroossen an op d'Feldweeër an iwwerzeeg d'Leit vun do eranzekommen, fir datt mäin Haus voll gëtt, sot de Meeschter dunn zu sengem Dénger.
- 24 ‚Ech soen iech, kee vun deenen, déi invitéiert waren, kritt mäi Festiessen ze schmaachen.“

Rechen d'Käschten aus, fir dem Jesus säi Jénger ze ginn*Mattias 10,37-39*

- 25 Ganz vill Leit ware mam Jesus ënnerwee. Hien huet sech ëmgedréit a sot zu hinnen:
- 26 „Wie bei mech kënnst an net säi Papp, seng Mamm, seng Fra, seng Kanner, seng Bridder, seng Schwëster, jo esouguer säin eegent Liewen haasst, dee kann net mäi Jénger sinn.
- 27 Wie säi Kräiz net op sech hält a mir nokënnst, kann net mäi Jénger sinn.
- 28 Ugeholl et wëllt ee vun iech en Tuerm bauen. Setzt e sech net fir d'éischt a rechent d'Käschten aus, fir ze gesinn, ob hie genuch huet, fir de Bau ofzeschléissen?

- 29 Soss kéint et jo sinn, datt hien d'Fëllement leet, mee de Bau net ofschléisse kann, an da maachen all d'Leit, déi dat gesinn, de Geck mat him.
- 30 Si soen dann: ‚Dee Mann huet ugefaange mat Bauen, mee konnt net fäerdeg bauen!‘
- 31 Oder wat fir e Kinnek zitt géint en anere Kinnek an de Krich, ouni sech fir d'éischt ze setzen an driwwer nozedenken, ob hie mat sengen zéngdausend Zaldote géint dee kann auszéien, deen der zwanzegdausend huet?
- 32 Wann hien et net kann, schéckt hien dann net eng Delegatioun aus, fir Fridden auszehandelen, wann deen aneren nach wäit ewech ass?
- 33 Geneesou ka kee vun iech, deen net säi ganze Besëtz wéinst menger opgëtt, mäi Jénger sinn.
- 34 Salz ass gutt; mee wann d'Salz fad gëtt, mat wat kann een et dann nees salzeg maachen?
- 35 Et ass da weder fir de Buedem nach fir de Mëschtekoup ze gebrauchen a gëtt ewechgepucht. Wien Oueren huet, fir ze lauschteren, soll nolauschteren!“

Luc 15

D'Gläichnes iwwert dat verluerent Schof

Mattias 18,10-14

- 1 Duerno hunn all d'Steierandreiwer an aner Sënner sech ëm de Jesus versammelt, fir him nozelauschteren.
- 2 D'Pharisäer an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz hu gegrommelt: „Dee Mann hei hält sech mat Sënner op an ësst mat hinnen.“
- 3 Dofir huet de Jesus hinnen dëst Gläichnes verzielt:
- 4 „Wann ee vun iech honnert Schof hätt an hie géif eent vun hinne verléieren, géif hien dann net déi néngannonzeg an der Wüst zeréckloossen a sech op d'Sich no deem Verluerene maachen, bis hien et fonnt hätt?“
- 5 Wann hien et fonnt huet, leet hien et voller Freed op seng Schëlleren.
- 6 Da kënnt hien heem, rífft seng Frënn an Noperen zesummen a seet zu hinnen: ‚Freet iech zesumme mat mir, well ech hu mäi Schof, dat verluer war, erëmfonnt!‘
- 7 Ech soen iech, geneesou gëtt et am Himmel méi Freed iwwert ee Sënner, deenëmkiert|ëmkiieren, wéi iwwert néngannonzeg Gerechter, déi et net néideg hunn ëmzekéieren.

D'Gläichnes iwwert déi sëlwer Mënz

8 Oder huet eng Fra, déi zéng Sëlworménzen huet an eng verléiert. Fänkt si dann net eng Luucht un, kiert d'Haus a sicht genee, bis si d'Mënz fonnt huet?

9 Wa si se fonnt huet, ríft si hir Frënn an Noperen zesummen a seet: ‚Freet iech zesumme mat mir, well ech hunn d'Mënz, déi ech verluer hat, erëmfonnt!‘

10 Ech soen iech, genesou ass och Freed virun denEngele|Engel vu Gott iwwert ee Sënner, deenëmkéiert|ëmkeieren.“

D'Gläichnes iwwert de verluerene Jong a säi Brudder

11 Du sot hien: „Et war e Mann, deen zwee Jongen hat.

12 De jéngste vun hinne sot zu sengem Papp: ‚Papp, géff mir meng Deel vum Besëtz, dee mir zoustet.‘ De Papp huet säi Besëtz dunn opgedeelt.

13 Net laang duerno huet de Jéngsten alles zesummegeraf an huet sech op de Wee gemaach an e Land, dat wäit ewech louch. Do huet hie säi ganze Besëtz verpolvert, well hien op grousem Fouss gelieft huet.

14 Wéi hien alles ausginn hat, koum eng schro Hongersnout iwwert dat Land an et huet ugefaangen, him um Néidegen ze feelen.

15 Du goug hien hin an huet sech an den Déngscht vun engem Bierger vun deem Land gestallt. Deen huet hien op d'Weed erausgeschéckt, fir d'Schwäin ze hidden.

16 Hien hätt sech gär säi Bauch mat de Scheeken , déi d'Schwäin gefriess hunn, gefëllt, mee et huet keen him eppes dovunner ginn.

17 Wéi hie sech beduecht huet, sot hien: ‚Wéi vill vu mengem Papp sengen Doléiner hu Brout méi wéi genuch an ech stierwen hei vun Honger!

18 Ech maache mech op de Wee a ginn erëm bei mäi Papp heem a soen dann zu him: ‚Papp, ech hu géint den Himmel a géint dech gesënnegt.

19 Ech sinn net méi wierdeg däi Jong genannt ze ginn. Maach mech zu engem vun dengen Doléiner.““

20 Hien huet sech op de Wee gemaach a koum bei säi Papp zeréck. Wéi hien nach wäit ewech war, huet säi Papp hie gesi kommen an hat Matleed mat him. Hien ass sengem Jong entgéintgelaf, ass him ëm den Hals gefall an huet hie gekësst.

21 Säi Jong sot zu him: ‚Papp, ech hu géint den Himmel a géint dech gesënnegt. Ech sinn net méi wierdeg, däi Jong genannt ze ginn.‘

22 Mee de Papp sot zu sengen Dénger: ‚Bréngt dat bescht Kleed heihin an ditt him et un. Ditt him e Rank u säi Fanger a Sandalen u seng Féiss.

23 Bréngt dat gemäschtent Kallef a schluecht et. Loosst eis iessen a feieren.

- 24** Mäi Jong war nämlech dout an ass nees lieweg ginn; hie war verluer an ass erëmfonnt ginn.‘ Dunn hu si mat Feieren ugefaangen.
- 25** Säin eelste Jong war op der Gewan. Wéi hien zeréckkoug an ëmmer méi no bei d’Haus koug, huet hie Musek an Danzen héieren.
- 26** Dunn huet hien ee vun den Dénger geruff an hie gefrot, wat lass wier.
- 27** Den Dénger sot zu him: ‚Däi Brudder ass heemkomm. Däi Papp huet dat gemäschtent Kallef geschluecht, well hien hie gesond erëmkrut.‘
- 28** Du gouf den eelste Jong rosen a wollt net eragoen. Dofir koug säi Papp eraus an huet him gutt zougeriet,
- 29** mee hie sot zu sengem Papp: ‚Kuck, esou vill Joren déngen ech dir elo! Ech sinn ni géint deng Uerdere gaangen. Mee du hues mir net emol eng eenzeg Kéier e jonke Geessebock ginn, fir mat menge Frënn feieren ze kënnen.
- 30** Soubal awer dëse Jong vun dir, deen däi ganzt Verméige mat Houere verpolvert huet, zeréckkoug, hues du dat gemäschtent Kallef fir hie geschluecht!‘
- 31** Säi Papp sot zu him: ‚Fils, du bass ëmmer bei mir an alles, wat Mäint ass, ass Däint.
- 32** Elo musse mir dach feieren an eis freeën, well däi Brudder dout war an nees lieweg ass; hie war verluer an ass erëmfonnt ginn.“

Luc 16

D’Gläichnes iwwert de louse Verwalter

- 1** Weider sot de Jesus zu sengen Jénger : „Et gouf e räiche Mann, deen e Verwalter hat. Dee gouf beim Räichen ugeklot, datt hie géif deem säi Besëtz verpolveren.
- 2** Doropshin huet hien de Verwalter komme gelooss a sot zu him: ‚Wat héieren ech do vun dir? Maach mir e Rapport vun denger Gestiou, well vun elo u kanns du net méi Verwalter sinn.‘
- 3** Du sot de Verwalter bei sech: ‚Wat soll ech elo maachen, well mäi Meeschter mir d’Verwaltung ewechhëlt? Ech sinn net staark genuch, fir an de Gruef schaffen ze goen, a fir ze heeschen, schummen ech mech.
- 4** Ech weess, wat ech maachen, fir datt d’Leit mech trotzdeem bei sech doheem ophuelen, och wa mir d’Verwaltung ewechgeholl gëtt.‘
- 5** Hien huet all eenzele Schëldener vu sengem Meeschter bei sech geruff. Hie sot zum éischten: ‚Wéi vill schëllegs du mengem Meeschter?‘

6 Dee sot: ‚Honnert Faass Ueleg.‘ Du sot hien zu him: ‚Hei, huel däi Scholdschäin, setz dech a schreif séier en neie vu fofzeg.‘

7 Duerno huet hien en anere gefrot: ‚Wéi vill schëllegs du him?‘ Dee sot: ‚Honnert Kor Weess.‘ Hie sot zu him: ‚Hei, huel däi Scholdschäin a schreif en neie vun achzeg.‘

8 Dunn huet de Meeschter den ongerechte Verwalter gelueft, well hien esou lous gehandelt hat. D’Kanner vun dëser Welt sinn nämlech méi lous an hirem Ëmgang mat hires Gläiche wéi d’Kanner vum Liicht.

9 Ech soen iech: Maacht iech Frënn duerch ongerechte Räichtum, fir datt si iech an en éiwegt Heem ophuelen, wann et mat iech zu Enn geet.

10 Wien an deene klengste Saachen trei ass, ass och an deene groussen trei; wien an deene klengste Saachen ongerecht ass, ass och an deene groussen ongerecht.

11 Dofir, wann dir net trei mat dem ongerechte Räichtum ëmgitt, wie kann iech dann de wierkleche Räichtum uvertrauen?

12 Wann dir net trei mat deem ëmgaange sidd, wat engem anere gehéiert, wie soll iech dann dat ginn, wat iech gehéiert?

13 Keen Dénger kann zwee Meeschteren déngen. Entweder haasst hien deen een an huet deen anere gär oder hien ass deem enge loyal a veruecht deen aneren. Dir kënnt net Gott an dem Räichtum déngen.“

Keen Deel vum Gesetz fält ewech

14 D’Pharisäer, déi geldgiereg waren, hunn dat alles héieren an hunn hien ausgelaacht.

15 „Dir sidd déijéineg, déi sech virun de Mënschen als gerecht ausginn, mee Gott kennt är Häerzer“, sot hien zu hinnen. „Wat vum Mënsch héich geschat gött, ass e Grauel fir Gott.

16 D’Gesetz an d’Prophéite goufe bis bei de Jean verkënnegt. Zënterhier gött d’Kinnekräich vu Gott verkënnegt a jiddereen dréckt sech eran.

17 Et ass méi einfach, datt Himmel an Äerd verginn, wéi datt de klengsten Deel vun engem Buschtaf aus dem Gesetz ewechfält.

18 Wie sech vu senger Fra scheede léisst an eng aner bestit, dee brécht d’Bestietnes, well hie friemgeet. Wien eng Fra bestit, déi vun hirem Mann gescheet ass, brécht d’Bestietnes, well hie friemgeet.

De Räichen an de Lazarus

19 Et gouf e räiche Mann, dee sech an deierem purpurroudem Stoff an an deierem Léngent gekleet huet an all Dag feudal gefeiert huet.

- 20** Do gouf et awer och en aarme Mann, dee Lazarus geheescht huet an dee voller Schwiere war. Hie gouf virum Räiche seng Paart geluecht.
- 21** Hien hätt sech gär mat de Grimmelen, déi vum Räichem sengem Dësch gefall sinn, sat giess. Amplaz dovu koumen d'Hënn an hu seng Schwiere geleckt.
- 22** Enges Daags ass den Aarme gestuerwen a gouf vun den Engelen|Engel an dem Abraham säi Schouss gedroen. Dunn ass och de Räiche gestuerwen a gouf begruewen.
- 23** Wéi hien am Hades war a Quale gelidden huet, huet hien eropgekuckt a vu wäitem den Abraham mam Lazarus a sengem Schouss gesinn.
- 24** Dunn huet hie geruff: ‚Papp Abraham, erbaarm dech menger a schéck de Lazarus bei mech, datt hien d'Spëtzt vu sengem Fanger an d'Waasser zappt, fir meng Zong ofzekillen, well ech grouss Péng an dëse Flame leiden.‘
- 25** Mee den Abraham sot: ‚Kand, erënner dech drun, datt s du zu Liefzäite Guddes krus an de Lazarus gläichermoosse Béises. Mee elo gött hien hei getrëischt an du gëss gepéngt.‘
- 26** Ausserdeem besteet tëschent eis an iech eng grouss Déift, fir datt déi, déi vun hei bei iech eriwwer wëllen, et net kënnen, an och kee vun do bei eis kann.‘
- 27** De Räiche sot dunn: ‚Da bieden ech dech, Papp Abraham, hie bei mengem Papp säi Stot ze schécken.‘
- 28** Ech hunn nämlech fënnef Bridder. Hie soll si warnen, fir datt si net och op dës Plaz vun der Qual hikommen.‘
- 29** Den Abraham sot zu him: ‚Si hunn de Moses an d'Prophéiten. Si sollen op si lauschteren.‘
- 30** Hie sot: ‚Nee, Papp Abraham! Wann awer ee vun den Doudege géif bei si goen, da géife siëmkéieren.‘
- 31** Mee den Abraham sot zu him: ‚Wa si net op de Moses an op d'Prophéite lauschteren, da loosse si sech och net iwwerzeegen, esouguer wann ee géif vun den Doudegen operstoen.‘“

Luc 17

Iwwert d'Sënn, d'Verzeiung an de Glawen

- 1** Duerno sot de Jesus zu senge Jénger: „Et ass onméiglech, datt keng Versuchunge kommen, mee wéi schrecklech gött et fir deen, duerch dee si kommen!

² Et wier besser fir hien, datt hie géif mat engem Millesteen ëm den Hals an d'Mier gehäit ginn, wéi datt hien ee vun dëse Klenge sënnegeen deet.

³ Gitt also op iech selwer uecht! Wann däi Brudder sech géint dech versënnegt, da weis hien zurecht. Wann hien ëmkéiert, da verzei him.

⁴ Wann hie sech siwemol am Dag géint dech versënnegt a wann hie siwemol am Dag bei dech kënnt an zu dir seet: ‚Ech kéieren ëm‘, da solls du him verzeien.“

⁵ D'Apöstele|Apöstel soten dunn zum Här: „Looss eise Glawe wuessen.“

⁶ Den Här sot dunn: „Wann dir Glawen esou grouss wéi e Moschterkär hätt, da kéint dir zu deem Maulbierbam hei soen: ‚Rapp deng Wuerzelen aus dem Buedem a planz dech an d'Mier‘, da géif de Bam iech follegen!

Iwwert d'Flicht

⁷ Wie vun iech, deen e Kniecht huet, dee plout oder d'Véi hitt, géif zu deem soen, wann hie vum Feld heemkënnt: ‚Komm séier an huel beim Dësch Plaz‘?

⁸ Géif hien net éischer zu him soen: ‚Maach mir eppes, fir z'iessen; maach dech prett, fir mech ze zerwéieren, bis ech giess a gedronk hunn. Duerno kanns du och iessen an drénken‘?

⁹ Seet hien dem Kniecht Merci, well hien dat gemaach huet, wat him befuel gouf? Ech mengen net.

¹⁰ Esou soll et och mat iech sinn: Wann dir alles, wat dir befuel krut, gemaach hutt, da sot: ‚Mir sinn onnëtz Dénger. Mir hu just dat gemaach, wat eis Flicht war.“

De Jesus heelt zéng Männer mat Aussaz

¹¹ Wéi de Jesus ënnerwee op Jerusalem war, gong hie matzen duerch Samarien a Galilea.

¹² Hie koum do an engem Duerf un, wou him zéng aussätzeg Männer entgéintkoumen. Si si wäit ewech stoe bliwwen

¹³ an hu geruff: „Jesus, Meeschter, erbaarm dech eiser.“

¹⁴ Wéi hie si gesinn huet, sot hien: „Gitt a weist iech de Priister.“ Wéi si sech op de Wee gemaach hunn, goufe si reng.

¹⁵ Wéi ee vun hinne gesinn huet, datt hie geheelt gi war, huet hien d'Kéier gemaach a mat haarder Stëmm Gott verherrlecht.

¹⁶ Hien ass virum Jesus senge Féiss op säi Gesiicht gefall an huet him Merci gesot. Hie war eSamariter.

¹⁷ Du sot de Jesus zu him: „Goufen der net zéng gerengelt? Wou sinn dann déi aner néng?

18 Goufe soss keng fonnt, déi zeréckkomme wollten, fir Gott ze verherrlechen, ausser dësem Friemen?

19 Stéi op a géi“, sot hien zu him, „däi Glawen huet dech gerett.“

D’Kinnekräich vu Gott

20 Eng aner Kéier gouf de Jesus vun dePharisäer gefrot, wéini d’Kinnekräich vu Gott komme géif. Hien huet hinne geäntwert: „D’Kinnekräich vu Gott kënnt net op eng Manéier, déi ee genee observéiere kann.

21 Et kann och kee soen: ‚Kuckt, hei ass et!‘, oder: ‚Kuckt, do ass et!‘ D’Kinnekräich vu Gott ass nämlech matzen ënnert iech. “

22 Hie sot zu senge Jénger: „D’Zäit kënnt, an där dir duerno verlaangert, een eenzege vun den Deeg vumJong vum Mënsch ze gesinn, mee dir gesitt en net.

23 Si soen dann zu iech: ‚Kuckt, hei ass en!‘, oder: ‚Kuckt, do ass en!‘ Gitt net dohin a laaft hinnen net no.

24 Esou wéi de Blëtz vun engem Enn vum Himmel bis un dat anert Enn vum Himmel liicht, esou ass och de Jong vum Mënsch op sengem Dag.

25 Fir d’éischt muss hien awer villes leiden a vun dëser Generatioun verworfginn.

26 Esou wéi et zur Zäit vum Noach war, esou ass et och an den Deeg vum Jong vum Mënsch:

27 Si hu giess, gedronk, hu sech bestuet an hu sech bestuede gelooss, bis deen Dag, op deem den Noach an d’Arch goug. D’Flut koum an huet si all ëmbruecht.

28 Geneesou war et zur Zäit vum Lot: Si hu giess a gedronk, hu kaf a verkaf, hu geplanzt a gebaut.

29 Mee deen Dag, op deem de Lot Sodom verlooss huet, huet et Feier a Schwiefel vum Himmel gereent an huet si all ëmbruecht.

30 Esou ass et och op deem Dag, wann de Jong vum Mënsch offenbar gött.

31 Wien deen Dag uewen um Haus ass a seng Saachen am Haus huet, soll net erofgoen, fir alles erauszehuelen. Geneesou soll deen, deen um Aker ass, net zeréckgoen.

32 Erënnert iech un dem Lot seng Fra!

33 Wie probéiert, säi Liewen ze retten, dee verléiert et, a wie säi Liewe verléiert, dee behält et.

34 Ech soen iech, an där Nuecht leien der zwee an engem Bett: deen ee gött geholl an deen anere gött zeréckgelooss.

³⁵ Zwou Frae sinn zesummen am Gaang, ze muelen: déi eng gëtt geholl an déi aner gëtt zeréckgelooss.

³⁶ Et sinn der zwee um Feld: deen ee gëtt geholl an deen anere gëtt zeréckgelooss.“

³⁷ Du frote si hien: „Wou Här?“ „Do, wou d’Läich ass, sammele sech d’Geieren“, huet hien hinne geäntwert.

Luc 18

D’Gläichnes iwwert eng Witfra an e Riichter

¹ Dunn huet hien hinnen e Gläichnes verzielt, fir ze weisen, datt si ëmmer biede sollen an net de Courage verléiere sollen:

² „An enger Stad gouf et e Riichter, dee Gott net gefaart an och d’Mënschen net respektéiert huet.

³ An därselwechter Stad gouf et eng Witfra, déi bei hie koum a sot: ‚Verschaf mir Recht géigeniwwer mengem Géigner!‘

⁴ Während laanger Zäit wollt hien dat net maachen, mee duerno sot hie sech: ‚Och wann ech Gott net fäerten an och de Mënsch net respektéieren,

⁵ esou wëll ech dach dëser Witfra hiert Recht verschafen, well si mir domat noleeft. Soss kënnt si an engem Stéck, fir mech ze ploen.“

⁶ Du sot den Här: „Lauschtert op dat, wat den ongerechte Riichter sot.

⁷ Sollt Gott sengen Auserwielten net Recht verschafen, déi Dag an Nuecht zu him ruffen? Sollt hie si laang waarde loossen?

⁸ Ech soen iech, datt hien hinne séier Recht verschafft. Mee soll deJong vum Mënsch op der Äerd Glawe fannen, wann hie kënnt?“

D’Gläichnes iwwert e Pharisäer an e Steierandriwer

⁹ Verschiddene Leit, déi vu sech selwer iwwerzeegt waren, datt si gerecht wieren, an op anerer erofgekuckt hunn, huet de Jesus dëst Gläichnes verzielt:

¹⁰ „Zwee Männer gongen erop an denTempel, fir ze bieden. Deen ee war ePharisäer an deen anere war eSteierandriwer.

¹¹ De Pharisäer stoung do an huet Folgendes bei sech selwer gebiet: ‚Gott, ech soen dir Merci, datt ech net wéi aner Mënsche sinn. Ech sinn net wéi déi, déi klauen, ongerecht sinn, am Bestietnes friemginn an ech si scho guer net wéi dëse Steierandriwer!

¹² Ech faaschten zweemol an der Woch a ginn den Zéngtel vu mengem ganzen Akommes.‘

13 De Steierandreiwer stoung méi wäit ewech a wollt emol seng Aen net zum Himmel erhiewen. Aplaz dovun huet hie sech un d'Broscht geschloen a sot: ‚Gott, sief gnädeg mat mir Sënner!‘

14 Ech soen iech, dëse Mann goung gerechtfäerdeg heem, mee deen aneren net. Jiddereen, dee sech nämlech selwer erhieft, gött erniddregt, a wie sech selwer erniddregt, gött erhiewen.“

De Jesus an déi kleng Kanner

Mattias 19,13-15; Marc 10,13-16

15 D'Leit hunn och Puppelcher bei hie bruecht, fir datt hie si beréiere géif. Mee wéi sengJénger dat gesinn hunn, hu si d'Leit zurechtgewisen.

16 De Jesus huet si awer bei sech geruff a sot: „Loosst déi kleng Kanner bei mech kommen an haalt si net dovunner of. D'Kinnekräich vu Gott besteet aus Mënschen ewéi hinnen.

17 Ech soen iech d'Wourecht! Wien d'Kinnekräich vu Gott net ewéi e klengt Kand unhëlt, kënnt op kee Fall eran.“

De räichen leweschten

Mattias 19,16-30; Marc 10,17-31

18 Ee vun den leweschten huet hie gefrot: „Gudde Léiermeeschter, wat muss ech maachen, fir éiwegt Liewen ze ierwen?“

19 Dorops sot de Jesus zu him: „Firwat nenns du mech gutt? Et ass kee gutt, ausser Gott eleng.

20 Du kenns d'Geboter: ‚Briech d'Bestietnes net, andeems du friemgees; Ermort keen; Klau net; Maach keng falsch Zeienausso; Eier däi Papp an deng Mamm.““

21 De Mann huet geäntwert: „Zënter menger Jugend hunn ech dat alles agehalten.“

22 Wéi de Jesus dat héieren huet, sot hien zu him: „Eppes feelt dir nach: Verkaf alles, wat s du hues, a verdeel et ënnert déi Aarm. Dann hues du e Schatz am Himmel. Komm, géi mir no.“

23 Mee wéi de Mann dat héieren huet, gouf hie ganz verdrësslech. Hie war nämlech onheemlech räich.

24 Wéi de Jesus gesinn huet, datt hie ganz verdrësslech wier, sot hien: „Wéi schwéier ass et fir Mënsche mat Rächtum, an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen!

25 Et ass méi einfach, fir e Kaméil duerch d'Lach vun enger Bitznol ze goen, wéi fir e Räichen an d'Kinnekräich vu Gott ze kommen.“

26 Déi, déi dat héieren hunn, soten: „Wie kann dann nach gerett ginn?“

27 „Dat, wat fir d’Mënschen onméiglech ass, ass fir Gott méiglech“, huet hie geäntwert.

28 „Kuck, mir hunn alles verlooss a sinn dir nogaangen“, sot de Péitrus.

29 „Ech soen iech d’Wourecht!“, sot de Jesus zu hinnen. „Et gött keen, deen Haus, Elteren, Bridder, Fra oder Kanner verlooss huet wéinst dem Kinnekräich vu Gott,

30 deen net an dësem Zäitalter vill méi kritt an am Zäitalter, deen nach kënnt, d’éiwegt Liewen.“

De Jesus seet säin Doud viraus

Mattias 20,17-19; Marc 10,32-34

31 Duerno huet de Jesus déi Zwielf op d’Säit geholl a sot zu hinnen: „Passt op! Mir ginn op Jerusalem. Alles, wat vun de Prophéiten iwwert de Jong vum Mënsch geschriwwe gouf, erfëllt sech do.

32 Hie gött nämlech un d’Net-Judden ausgeliiwert, verspott, mësshandelt an ugespaut.

33 Da gäissele si hien a bréngen hien ëm. Um drëtten Dag ersteet hie vun den Doudegen op.“

34 Mee d’Jénger hu vun all deem näischt verstanen. De Sënn vun dëser Ried blouf hinne verstoppt a si hunn dat, wat gesot gouf, net verstanen.

De Jesus heelt e blannen Heeschert

35 Wéi de Jesus du méi no u Jericho erukoum, souz e Blanne beim Wee an huet geheescht.

36 Wéi hien déi vill Leit héieren huet, déi laanscht gounge, huet hie gefrot, wat lass wier.

37 Si hunn him geäntwert, datt de Jesus vun Nazaret laanschtgoe géif.

38 Dunn huet hie geruff: „Jesus, Jong vum David, erbaarm dech menger!“

39 Déijéineg, déi vir waren, hunn hien ugefuer, roueg ze sinn. Mee hien huet ëmsou méi haart geruff: „Jong vum David, erbaarm dech menger!“

40 De Jesus ass stoe bliwwen an huet befuel, datt de Blanne bei hie sollt bruecht ginn. Wéi hien dohinner koum, huet de Jesus hie gefrot:

41 „Wat wëlls du, datt ech fir dech maache soll?“ „Här, looss mech nees gesinn“, huet hie geäntwert.

42 „Geséi nees! Däi Glawen huet dech geheelt“, sot de Jesus dunn zu him.

43 Nach am nämmlechten Abléck konnt hie gesinn. Hie gong dem Jesus no an huet Gott verherrecht. All d’Leit, déi dat gesinn haten, hu Gott gelueft.

Luc 19

De Sackai, de Chef vun de Steierandriwer

- 1 De Jesus gong a Jericho eran an ass duerch d' Stad gaangen.
- 2 Do gouf et e Mann, dee Sackai geheescht huet. Hie war e Chef vun de Steierandriwer a war e räiche Mann.
- 3 Hie wollt gäre gesinn, wien de Jesus wier, mee krut e wéinst deene ville Leit net ze gesinn. Hie war nämlech kleng.
- 4 Dofir ass de Sackai no vir gelaf an ass op e Maulbierfigebam geklommen, fir de Jesus ze gesinn, well deen do laanschtgoe sollt.
- 5 Wéi de Jesus op déi Plaz koum, huet hien eropgekuckt an de Sackai erbléckst. „Sackai, klamm séier erof, well ech muss haut an dengem Haus zu Gaascht sinn“, sot hien zu him.
- 6 De Sackai ass séier erofgekluommen an huet de Jesus voller Freed empfaangen.
- 7 Déi, déi dat gesinn hunn, hunn all gegrommelt: „Hien ass bei engem Sënner agekéiert, fir do zu Gaascht ze sinn!“
- 8 Duerno stoung de Sackai op a sot zum Här: „Kuck, Här! Ech ginn d'Halschent vu mengem Besëtzen den Aarmen. A wann ech iergendee bedrunn hunn, da ginn ech him et véierfach erëm.“
- 9 „Haut ass Rettung an dëst Haus komm, well och dëse Mann ass e Jong vum Abraham“, sot de Jesus zu him.
- 10 „De Jong vum Mënsch ass nämlech komm, fir dat ze sichen an ze retten, wat verluer ass.“

D'Gläichnes iwwert déi zéng Minaen

- 11 Wéi si dat alles héieren hunn, huet hien hinnen en anert Gläichnes verzielt, well hien no bei Jerusalem war a well si gemengt hunn, datt d'Kinnekräich vu Gott direkt erschénge géif.
- 12 Dofir sot hien: „E Mann vun Adel gong an e Land, dat wäit ewech louch, fir do zum Kinnek gemaach ze ginn an duerno zeréckzekommen.“
- 13 Hien huet zéng vu sengen Dénger zesummegeruff, hinnen zéng Minae ginn a sot zu hinnen: „Schafft heimat, bis ech zeréckkommen!“
- 14 Mee seng Bierger hunn hie gehaast an hunn him eng Delegatioun nageschéckt an dem Adelege sengem Meeschter soe gelooss: „Mir wëllen net, datt dëse Mann iwwert eis regéiert.“

- 15 Nodeems den Adelegen zum Kinnek gemaach gi war, ass hien heemkomm. Hien huet seng Dénger, deenen hien d'Sue ginn hat, bei sech ruffe gelooss, fir erauszefannen, wéi vill all eenzelnen duerch d'Geschäft verdéngt hat.
- 16 Den éischte kouw bei hien a sot: ‚Meeschter, deng Mina huet zéng weider Minaen abruecht.‘
- 17 Dee sot zu him: ‚Gutt gemaach, gudden Dénger! Du waars a Wéinegem trei, dofir solls du Här iwwert zéng Stied sinn.‘
- 18 Du kouw den zweete bei hien a sot: ‚Meeschter, deng Mina huet fënnef weider Minaen abruecht.‘
- 19 Och zu deem sot hien: ‚Regéier iwwert fënnef Stied.‘
- 20 Du kouw en anere bei hien a sot: ‚Meeschter, hei ass deng Mina, déi ech an engem Nuesschnappech versuert hunn.‘
- 21 Ech hunn dech nämlech gefaart, well s du esou e strenge Mann bass. Du hëls dir dat, wat s du net abezuelt hues, an du hëls dat eran, wat s du net geséit hues.‘
- 22 Zu deem sot den Adelegen: ‚Mat dengen eegene Wieder veruerteelen ech dech, du béisen Dénger! Du woussst, datt ech e strenge Mann wier: datt ech mir dat huelen, wat ech net abezuelt hunn, an dat eranhuelen, wat ech net geséit hunn.‘
- 23 Firwat hues du meng Suen dann net op d'Bank gedroen? Wann ech da komm wier, hätt ech kéinten d'Zomm mat den Zënsen ophiewen.‘
- 24 Hie sot zu deenen, déi dobäi stoungen: ‚Huel him d'Mina ewech a gitt deem se, deen der zéng huet.‘
- 25 Mee si soten zu him: ‚Meeschter, hien huet dach schonns zéng Minaen.‘
- 26 ‚Ech soen iech, datt jiddereen, dee schonns huet, nach méi kritt, a wien net huet, kritt esouguer dat, wat hien huet, ewechgeholl.‘
- 27 Bréngt mir elo meng Feinden heihinner, déi net wollten, datt ech iwwert si regéiere sollt, a bréngt si hei viru mir ëm.“

De Jesus reit op engem Ieselsfillen a Jerusalem eran

Mattias 21,1-11; Marc 11,1-11; Jean 12,12-19

- 28 Nodeems de Jesus dat gesot hat, ass hie weidergezunn a goung erop op Jerusalem.
- 29 Wéi hien no bei Betfage a bei Betanien war, beim Bierg, deen Olivebierg heescht, huet hien zwee vu sengeJénger virausgeschéckt
- 30 a sot zu hinnen: ‚Gitt an dat nächst Duerf. Wann dir do erakommt, fannt dir en Ieselsfillen, dat ugestréckt ass an op deem nach ni ee geridden ass. Bannt et lass a bréngt et heihinner.‘

- 31 Wann een iech freet: ‚Firwat bannt dir et lass?‘, da sot zu him: ‚Den Här brauch et.‘“
- 32 Déi, déi ausgeschéckt goufen, sinn dohigaangen an hunn alles esou virfonnt, wéi hien hinnen et gesot hat.
- 33 Wéi si d’leselsfille lassgebonnen hunn, hunn d’Besëtzer vum Fille gefrot: ‚Firwat bannt dir d’Fille lass?‘
- 34 Si soten: ‚Den Här brauch et.‘
- 35 Dunn hu si et bei de Jesus bruecht. Si hunn hir Mäntel iwwert d’Fille geluecht an hunn dem Jesus gehollef, fir drop ze klammen.
- 36 De Jesus ass du weidergezunn a vill Leit hunn hir Mäntel iwwert d’Strooss ausgebreet.
- 37 Wéi hie méi no bei de Wee kouw, dee vum Olivebiereg erofgeféiert huet, huet d’ganz Mass vun de Jénger sech gefreet a Gott mat haarder Stëmm gelueft, wéinst all de mächtegen Doten, déi si gesinn haten:
- 38 ‚Geseent ass de Kinnek, deen am Numm vum Här kënnt! Fridden am Himmel an Éier dem Allerhéchsten!‘
- 39 E puerPharisäer hunn him aus der Mass Leit zougeruff: ‚Léiermeeschter, weis deng Jénger zurecht!‘
- 40 Mee hien huet hinne geäntwert: ‚Ech soen iech, wann déi hei de Mond halen, da jäizen d’Steng!‘
- 41 Wéi hie méi no bei d’Stad kouw a se gesinn huet, huet hie wéinst hirer gekrasch.
- 42 Hie sot: ‚Häss dach och du nëmme op dësem Dag, deen dän ass, erkannt, wat dengem Fridden déngt! Elo bleift et awer virun dengem Ae verstoppt.‘
- 43 D’Zäit kënnt nämlech iwwert dech, an där deng Feinden eng Wallmuer ëm dech bauen, dech belageren an dech vun alle Säiten anengen.
- 44 Si maachen dech dem Buedem gläich, du an deng Kanner, déi an dir wunnen. Si loosse kee Steen op deem aneren, well s du d’Zäit net erkannt hues, an där Gott dech inspizéiert huet!‘

De Jesus geet an den Tempel

Mattias 21, 12-17; Marc 11, 15-18

- 45 Du goug hien an den Tempel an huet ugefaangen, déi erauszejoen, déi dra kaf a verkaf hunn .
- 46 Hie sot zu hinnen: ‚Et steet geschriwwen: ‚Mäin Haus ass en Haus vum Gebiet‘, mee dir hutt eng Raiberhiel draus gemaach.‘

47 Hien huet all Dag am Tempel enseignéiert. Déiiewescht Priister, d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an déi lewescht vum Vollek hunn e Wee gesicht, fir hien ëmzebréngen,

48 mee si woussten net, wéi si et maache sollten, well d'ganz Vollek him um Mond gehaangen huet.

Luc 20

De Jesus gött a Fro gestallt

Mattias 21,23-27; Marc 11,27-33

1 Enges Daags, wéi de Jesus d'Volek am Tempel geléiert huet an d'gutt Noriicht verkënnegt huet, sinn d'Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, zesumme mat den Eelsten, op hien duerkomm.

2 Si hu mat him geschwat: „So eis, mat wat fir engem Recht méchs du dat alles? Wien huet dir dat Recht ginn?“

3 Hien huet hinne geäntwert: „Ma och ech stellen iech eng Fro. Äntwert mir:

4 War dem Jean seng Daf vum Himmel oder vum Mënsch?“

5 Si hunn zesummen iwwerluecht: „Wa mir soen: ‚vum Himmel‘, da freet hien: ‚Firwat hutt dir him dann net gegleeft?‘

6 Mee wa mir soen: ‚vum Mënsch‘, da gi mir vum ganze Vollek gestengegt, well si sinn iwwerzeegt, datt de Jean e Prophéit war.“

7 Dowéinst hu si geäntwert, datt si net wéissten, vu wou seng Daf komme géif.

8 Du sot de Jesus zu hinnen: „Ma da soen ech iech och net, mat wat fir engem Recht ech dat alles maachen.“

D'Gläichnes iwwert e Besëtzer vun engem Wéngert an d'Wénzer

Mattias 21,33-46; Marc 12,1-12

9 Duerno huet hien ugefaangen, dem Vollek dëst Gläichnes ze verzielen: „E Mann huet e Wéngert ugeluecht, huet en u Wénzer verpacht a gong fir eng laang Zäit an d'Ausland.

10 Wéi et d'Zäit vun der Lies war, huet hien en Dénger bei d'Wénzer geschéckt, fir datt si him säin Deel vun de Friichte vum Wéngert sollten ofginn. Mee d'Wénzer hunn hien zerschloen an hunn hie mat eidelen Hänn fortgeschéckt.

11 Hien huet dunn en aneren Dénger dohi geschéckt. Deen hu si och zerschloen, erniddregt a mat eidelen Hänn fortgeschéckt.

12 Hien huet nach en drëtte dohi geschéckt. Och deen hu si bluddeg geschloen an erausgehäit.

13 Du sot de Besëtzer vum Wéngert: ‚Wat soll ech elo maachen? Ech wëll mäi Jong, deen ech gär hunn, dohi schécken. Wahrscheinlech respektéiere si hien, wa si hie gesinn.‘

14 Mee wéi d'Wénzer hie gesinn hunn, hu si zesummen iwwerluecht: ‚Deen do ass den Ierwen. Kommt mir bréngen hien ëm, fir datt d'Ierfschaft eis gehéiert!‘

15 Dowéinst hu si hien aus dem Wéngert gehäit an ëmbruecht. Wat soll de Besëtzer vum Wéngert elo mat hinne maachen?

16 Hie kënnt, bréngt déi Wénzer ëm a gött de Wéngert anere Leit.“ Wéi si dat héieren hunn, sote si: „Dat dierf dach net sinn!“

17 De Jesus huet si ugekuckt a sot: „Wat ass dann d'Bedeutung vun deem, wat geschriwwen steet: ‚De Steen, deen d'Steemetzer verworf hunn, ass zum Eckstee ginn‘?“

18 Jiddereen, deen op dee Stee fällt, zerbrécht; mee op wien dee Stee fällt, gött zersplittert.“

19 Nach an deem Abléck wollten déiiewescht Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz Hand un hie leeën, mee si haten Angscht virum Vollek. Si haten nämlech verstanen, datt dëst Gläichnes op si geménzt war.

Ass et erlaabt, dem Caesar Steieren ze bezuelen oder net

Mattias 22, 15-22; Marc 12, 13-17

20 Dofir hu si hie belauert an hu Spioune geschéckt, déi esou gemaach hunn, wéi wa si gerecht wieren. Si wollten hie mat senger Wieder fänken, fir datt si hien der Muecht an der Autoritéit vum Gouverneur ausliwwere kéinten.

21 Si hunn hie gefrot: „Léiermeschter, mir wëssen, datt dat, wat s du sees a léiers richteg ass an datt s du onparteesch bass, mee de Wee vu Gott der Wourecht no léiers.“

22 Ass et eis erlaabt, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, oder net?“

23 De Jesus huet hir Luussegkeet duerchkuckt a sot zu hinnen: „Firwat stellt dir mech op d'Prouf?“

24 Weist mir en Denar ! Wiem säi Bild a wéi eng Schrëft ass hei drop?“ Si hu geäntwert: „Dem Caesar seng.“

25 Hie sot zu hinnen: „Gitt also dem Caesar, wat dem Caesar gehéiert, a Gott, wat Gott gehéiert.“

26 Si konnten hien net virum Vollek mat senger Ried fänken. Si waren iwwert seng Äntwert verwonnert an hunn näischt gesot.

D'Zaddukiter stellen eng Fro iwwert d'Operstéiung

Mattias 22,23-33; Marc 12,18-27

- 27 Du koumen e puer Zaddukiter (déi soen, datt et keng Operstéiung géif ginn) bei hien a froten hien:
- 28 „Léiermeeschter, de Moses huet eis virgeschriwwen, datt wann engem Mann säi bestuete Brudder stierft an dee keng Kanner hannerléisst, da soll de Brudder vum Verstuerwenen d’Fra bestueden a Kanner fir säi Brudder kréien.
- 29 Et goufe siwe Bridder. Den éischten huet eng Fra bestuet an ass ouni Kanner gestuerwen.
- 30 Den zweeten huet sech mat hir bestuet an ass och ouni Kanner gestuerwen.
- 31 Dunn huet den drëtte sech mat hir bestuet. Déi siwen hunn et all d’selwecht gemaach: Si hu keng Kanner hannerlooss a si gestuerwen.
- 32 Fir d’Lescht vun en alleguer ass och d’Fra gestuerwen.
- 33 Elo stellt sech d’Fro: Wiem seng Fra ass si da bei der Operstéiung? Déi siwen hate si jo als Fra.“
- 34 De Jesus huet hinne geäntwert: „D’Leit vun dësem Zäitalter bestuede sech a gi bestuet.
- 35 Mee déi, déi fir wierdeg gehale ginn, fir um zukünftegen Zäitalter an un der Operstéiung vun den Doudegen deelzehuelen, bestuede sech net a ginn och net bestuet.
- 36 Si kënnen och net méi stierwen, well si den Engele gläich sinn a Kanner vu Gott sinn, well si Kanner vun der Operstéiung sinn.
- 37 Mee esouguer de Moses huet am Text vun der Därenheck drop higewisen, datt déi Doudeg operstinn, wéi hien den Här ‚de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob‘ genannt huet.
- 38 Gott ass net de Gott vun den Doudegen, mee vun de Liewegen, well fir hie liewe si alleguer.“
- 39 Doropshin hunn e puer Léiermeeschtere vum Gesetz geäntwert: „Léiermeeschter, dat hues du gutt gesot!“
- 40 Vun do un, hu si sech net méi getraut, fir hien eppes ze froen.

Wiem säi Jong ass de Messias

Mattias 22,41-45; Marc 12,35-40

- 41 Du frot de Jesus si: „Wéi kënnen si behaupten, datt de Messias de Jong vum David ass?“
- 42 Den David seet selwer am Buch vun de Psalmen: ‚Den Här sot zu mengem Här: „Setz dech zu menger Rietser,

- 43 bis ech aus denge Feinden eng Foussbänk fir dech maachen.“
- 44 Wann den David hien ‚Här‘ nennt, wéi kann hien da säi Jong sinn?“
- 45 Wéi d’Leit him nach all nogelauschtert hunn, sot hien zu sengeJénger:
- 46 „Hitt iech virun de Léiermeeschtere vum Gesetz! Si gi gär a laange Kleeder doruechter, gi gär op de Maartplaze gegréisst, hunn déi bescht Plazen an deSynagogen|Synagog an och d’Éiereplazen op de Fester gär.
- 47 Si beducksen d’Witfraen ëm hir Haiser a maachen zum Schäi laang Gebieder. Si kréie méi e strengt Uerteel.“

Luc 21

Der Witfra hiren Affer

Marc 12,41-44

- 1 Hien huet opgekuckt an huet gesinn, wéi déi Räich hiren Affer an den Afferstack geluecht hunn.
- 2 Hien huet och eng aarm Witfra gesinn, déi zwou kleng Mënzen dragehät huet.
- 3 Du sot hien: „Ech soen iech d’Wourecht! Dës aarm Witfra huet méi dragehät wéi all déi aner.
- 4 Si alleguer hunn nämlech vun hirem Iwwerfloss Affer fir Gott dragehät, mee si an hirer Aarmut huet hire ganze Liewensënnerhalt dragehät.“

D’Zeeche vum Enn vum Zäitalter

Mattias 24,1-35; Marc 13,1-31

- 5 Verschidde Leit hunn driwwer geschwat, wéi denTempel esou schéi gerëscht wier mat schéine Steng a Votivgowen . Dozou sot de Jesus:
- 6 „Kuckt alles, wat dir hei gesitt! D’Zäit kënnt, an där net ee Steen op deem anere bleift, deen net ofgerappt gött.“
- 7 „Léiermeeschter, wéini geschitt dat alles? A wat ass d’Zeechen, wann alles um Punkt ass, fir sech ze erfëllen?“, hu si hien du gefrot.
- 8 „Gitt uecht, datt dir net irgeféiert gitt!“, huet hie geäntwert. „Et kommen der vill a mengem Numm, déi soen: ‚Ech sinn et‘, an: ‚D’Zäit ass nobäi.‘ Gitt hinnen net no!
- 9 Wann dir vu Kricher a vun Onrouen héiert, dann hutt keng Angscht, well dat muss fir d’éischt geschéien. D’Enn ass awer nach net direkt do.“
- 10 Du sot hien zu hinnen: „Eng Natioun erhieft sech géint eng aner Natioun an ee Kinnekräich géint en anert Kinnekräich.

- 11 Op verschidde Plaze ginn et grouss Äerdbiewen an och Hongersnéit an Epidemien. Et geschitt Schrecklech an et ginn och gewalteg Zeechen am Himmel.
- 12 Mee éier all dat geschitt, leeë si Hand un iech, verfollegen iech a liwweren iech un d'Synagogen|Synagog an un d'Prisonen aus. Dir gitt wéinst mengem Numm viru Kinneken a Gouverneure geféiert.
- 13 Bei där Geleeënheet kënt dir als Zeien aussoen.
- 14 Dofir huelt iech an ären Häerzer fest vir, net am Viraus doriwwer nozedenken, wéi dir iech verdeedege sollt,
- 15 well ech iech Wierder a Wäisheet aginn, deenen all är Feinden net widdersprieche oder widderstoe kënnen.
- 16 Dir gitt vun Elteren, vu Bridder, vu Famill a vu Frënn verroden a si brénge muncher vun iech ëm.
- 17 Wéinst mengem Numm gitt dir vu jidderengem gehaast.
- 18 Et geet awer net een Hoer vun ärem Kapp verluer.
- 19 Duerch är Ausdauer gewannt dir äert Liewen.
- 20 Wann dir gesitt, datt Jerusalem vun Arméie belagert gëtt, da verstitt, datt hir Verwüstung nobäi ass.
- 21 Da sollen déi, déi a Judea sinn, an d'Bierger flüchten. Déi, déi matzen a Jerusalem sinn, solle si verloossen, an déi, déi um Land sinn, sollen net an d'Stad goen.
- 22 Dat sinn nämlech d'Deeg vun der Bestrofung, fir datt sech alles erfëllt, wat geschriwwen steet.
- 23 Mee wéi schrecklech gëtt et fir déi Fraen, déi zu där Zäit erwaarden oder nieren! Während dësen Deeg kënt nämlech eng grouss Nout iwwert d'Land a Roserei iwwert dëst Vollek.
- 24 D'Mënsche falen duerch d'Schäerft vum Schwäert a ginn als Prisonéier an all d'Natiounen verschleeft. Jerusalem gëtt vun den Net-Judden zertrëppelt, bis d'Zäite vun den Net-Judden erfëllt sinn.

D'Komme vum Jong vum Mënsch

- 25 Et sinn dann Zeechen un der Sonn, um Mound an un de Stären ze gesinn. Op der Äerd hunn d'Natiounen Angscht, well si net verstinn, firwat datt d'Mier esou braust a riseg Welle schléit.
- 26 Aus lauter Angscht an Erwaardung iwwert dat, wat nach iwwert d'Äerd komme soll, falen d'Mënsche schwaach, well d'Kräften am Himmel geroden aus dem Gläichgewicht.

- 27 Duerno gesi si deJong vum Mënsch an enger Wollek komme mat Muecht a grousser Herrlechkeet.
- 28 Wann dat alles ufänkt ze geschéien, da riicht iech op an erhieft är Käpp, well är Erléisung dann nobäi ass.“
- 29 Dunn huet hien hinnen dëst Gläichnes verzielt: „Kuckt de Figebam an all déi aner Beem.
- 30 Soubal dir mierkt, datt si Blieder dreiwën, da wësst dir, datt de Summer gläich do ass.
- 31 Esou sollt dir och wëssen, wann dir all dat geschéie gesitt, datt d’Kinnekräich vu Gott nobäi ass.
- 32 Ech soen iech d’Wourecht! Déi Generatioun vergeet op kee Fall, bis dat alles geschitt ass.
- 33 Himmel an Äerd verginn, mee meng Wieder verginn ni.
- 34 Gitt dofir uecht, datt är Häerzer net duerch Dusel a Soff an och net duerch d’Alldagssuerge belaascht sinn. Gitt och uecht, datt deen Dag iech net onerwaart iwwerrascht.
- 35 Deen Dag kënnt nämlech ewéi eng Fal iwwert all d’Bewunner vun der Äerd.
- 36 Bleift dofir waakreg a biet zu jidder Zäit, datt dir fir wierdeg gehale gitt, fir all deem, wat geschéie soll, z’entkommen a fir virum Jong vum Mënsch ze stoen.“
- 37 Dagsiwwer huet de Jesus am Tempel enseignéiert an d’Nuecht huet hien um Bierg, deen Olivebierg genannt gouf, verbruecht.
- 38 Scho mueres fréi koum d’ganz Vollek bei hien an den Tempel, fir him nozelauschteren.

Luc 22

De Judas seet zou, fir de Jesus ze verrodén

Mattias 26,14-16; Marc 14,10-11

- 1 D’Fest vumMatzebrout, datPassa genannt gött, stoung virun der Dier.
- 2 Déiiwescht Priister an d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz hu gesicht, wéi si de Jesus heemlech ëmbréngé kéinten, well si d’Volek gefaart hunn.
- 3 Dunn ass de Satan an de Judas, deen Ischkariot genannt gouf an deen ee vun den Zwieref war, gefuer.

⁴ Hie goug an huet mat den ieweschte Priister an den Tempelwiechter driwwer geschwat, wéi hien de Jesus u si verrode kéint.

⁵ Déi hu sech doriwwer gefreet a si sech eens ginn, fir him Suen ze ginn.

⁶ De Judas huet dunn zougesot an huet no enger giedlecher Geleeënheet gesicht, fir de Jesus u si verroden ze kënnen, ouni datt d'Vollek dobäi wier.

Dem Jesus seng lescht Passamoolzecht

Mattias 26,17-30; Marc 14,12-31

⁷ Et koum den Dag vum Fest vumMatzebrout, op deem d'Passalamm huet misse geaffert ginn.

⁸ De Jesus huet de Péitrus an de Jean virausgeschéckt a sot: „Gitt a preparéiert d'Passamoolzecht fir eis, fir datt mir se iesse kënnen.“

⁹ „Wou wëlls du, datt mir d'lesse virbereeden?“, hu si hie gefrot.

¹⁰ „Lauschtert!“, sot hien zu hinnen, „esoubal dir an d'Stad eragitt, begéint dir e Mann, deen e Waasserkrou dréit. Gitt him an dat Haus no, an dat hien erageet.“

¹¹ Da sot zum Haushär: „De Léiermeeschter freet dech: „Wou ass de Raum, wou ech d'Passamoolzecht mat mengeJénger iesse kann?““

¹² Hie weist iech uewenop e grouse Sall, deen ageriicht ass. Bereet do alles fir eis vir.“

¹³ Du si si dohigaangen an hunn alles esou virfonnt, wéi hien hinnen et gesot hat, an hunn d'Passamoolzecht virbereet.

¹⁴ Wéi et un der Zäit war, huet hie Plaz geholl an déi zwielefApostele|Apostelmat him.

¹⁵ „Ech hunn därmoossen dono verlaangert, fir dëst Passamoolzecht mat iech zesumme kënnen z'iesse, éier ech leiden“, sot hien zu hinnen,

¹⁶ „well ech soen iech, datt ech net méi dovunner iessen, bis et am Kinnekräich vu Gott erfëllt gëtt.“

¹⁷ Dunn huet hien e Kellech geholl, sot dofir Merci a sot: „Huet dëse Kellech an deelt en ënnert iech!“

¹⁸ Ech soen iech nämlech: Ech drénken net méi vun de Friichte vum Riefstack, bis d'Kinnekräich vu Gott kënnt.“

¹⁹ Hien huet Brout geholl, dofir Merci gesot an et gebrach. Hien huet hinnen et ginn a sot: „Dat hei ass mäi Läif, dee fir iech hiergi gëtt. Maacht dat hei als Erënnerung u mech.“

²⁰ Hien huet datselwecht mam Kellech nom lesse gemaach a sot: „Dëse Kellech ass den neieBond a mengem Blut, dat fir iech ausgeschott gëtt.“

- 21 Passt op, de Mann, dee mech verréit, ass hei mat mir um Dësch.
- 22 DeJong vum Mënsch geet zwar de Wee, dee fir hie bestëmmt ass, mee wéi schrecklech ass et fir dee Mënsch, duerch deen hie verrode gëtt!“
- 23 Duerno hu si ugefaangen, ënnerteneen ze diskutéieren, wie vun hinnen et wuel wier, deen dat maache géif.
- 24 Dunn ass ënnert hinne Kaméidi doriwwer entstanen, wie vun hinne wuel dee Wichtigste wier.
- 25 Du sot de Jesus zu hinnen: „D’Kinneke vun den Natioune regéieren iwwert hir Vëlker an hir Herrscher gi ‚Mënschen, déi Guddes maachen‘ genannt.
- 26 Ënnert iech soll et awer net esou sinn! Am Géigendeel, deen, deen ënnert iech de Wichtigsten ass, muss ewéi de Jéngste ginn, an deen, dee leet, wéi den Dénger.
- 27 Wien ass da méi wichteg: deen, deen zu Dësch läit, oder deen, deen zerwéiert? Ass et net deen, deen zu Dësch läit? Ech awer sinn ënnert iech ewéi deen, deen zerwéiert.
- 28 Dir sidd während menge Prouwe bei mir bliwwen.
- 29 Dofir vermaachen ech iech d’Kinnekräich, genesou wéi mäi Papp mir et vermaach huet,
- 30 fir datt dir a mengem Kinnekräich u mengem Dësch iessen an drénke wäert. Do sëtzt dir op Tréin, fir déi zweief Stämm vun Israel ze riichten.“
- 31 Den Här sot: „Schimon, Schimon! Lauschter, de Satan huet gefrot, fir iech ze siften, esou wéi d’Weesskären.
- 32 Mee ech hu fir dech gebiet, datt däi Glawen net versoe soll. Wann s du nees bei mech zeréckkënns, da stäerk deng Bridder.“
- 33 De Schimon sot zu him: „Här, ech si bereet, fir mat dir an de Prisong an och an den Doud ze goen!“
- 34 De Jesus sot awer: „Péitrus, ech soen dir, den Hunn kréit haut net, éier s du dräimol leegens, datt s du mech kenns.“
- 35 Hie sot zu hinnen: „Deemols wéi ech iech ouni Portmonni, ouni Posch an ouni Sandalen erausgeschéckt hat, huet et iech dach un näischt gefeelt, oder?“ Si soten: „Un Näischt.“
- 36 Du sot hien zu hinnen: „Mee elo: Wien e Portmonni huet, soll e mathuelen, genesou wéi eng Posch. Wie kee Schwäert huet, soll säi Mantel verkafen a sech eent kafen.

37 Ech soen iech nämlech, datt dat, wat iwwert mech geschriwwe steet, nach an Erfëllung geet: ‚Hie gouf zu de Gesetzlose gezielt.‘ Alles, wat iwwert mech geschriwwe steet, geet nämlech an Erfëllung.“

38 „Här, kuck! Hei sinn zwee Schwäerter“, sote si. „Et geet elo duer!“, huet hien hinne geäntwert.

De Jesus biet um Olivebiereg

Mattias 26,36-46; Marc 14,32-42

39 Dunn ass hien erausgaangen an ass, esou wéi et seng Gewunnecht war, op den Olivebiereg gaangen. Seng Jénger gongen him no.

40 Wéi hien do ukoum, sot hien zu hinnen: „Biet, datt dir net a Versuchung gerot.“

41 Hien huet sech dunn ongeféier ee Steeworf wäit ewech virun hinnen zeréckgezunn, huet sech geknéit an huet gebiet.

42 „Papp, wann et däi Wëllen ass, dann huel dëse Kellech vu mir ewech. Allerdéngs soll net mäi Wëllen, mee däi geschéien.“

43 Dunn ass en Engel vum Himmel him erschéngen an huet hie gestärkt.

44 Hie war an Doudängschten an huet nach méi eescht gebiet. Säi Schweess gouf ewéi grouss Drëpse Blut, déi op de Buedem gefall sinn.

45 Nom Gebiet ass hien opgestanen a gong bei d’Jénger. Si ware vun e lauter Leed ageschlof, wéi hi si fonnt huet.

46 „Firwat schlooft dir? Stitt op a biet, fir datt dir net a Versuchung gerot“, sot hien zu hinnen.

De Jesus gött verhaft

Mattias 26,47-56; Marc 14,43-50; Jean 18,2-11

47 Wéi hien nach geschwat huet, koum an deem Abléck e grouse Grupp Leit dohin. Deen, dee Judas genannt gouf an deem ee vun den Zwieref war, gong hinne viraus a koum no bei de Jesus, fir him eng Bees ze ginn.

48 „Judas, verréits du de Jong vum Mënsch mat enger Bees?“, frot de Jesus hien.

49 Wéi déi, déi ëm hie waren, gesinn hunn, wat passéiere géif, sote si: „Här, solle mir mam Schwäert draschloen?“

50 Ee vun hinnen huet den Dénger vum Haaptpriister ugegraff an him säi rietst Ouer erofgehaen.

51 Mee de Jesus sot: „Haalt op domat!“ Hien huet dem Dénger säin Ouer beréiert an huet hie geheelt.

52 Zu den ieweschte Priister, den Offizéier vun den Tempelwiechter an den Eelsten, déi bei hie komm waren, sot de Jesus: „Sidd dir géint mech mat Schwärter a Knëppelen ausgezunn, wéi wann ech e Brigang wier?“

53 Ech war all Dag bei iech am Tempel an dir hutt net Hand u mech geluecht. Dat hei ass awer är Stonn an déi vun der Muecht vun der Däischtert.“

De Péitrus verleegent de Jesus

Mattias 26,69-75; Marc 14,66-72; Jean 18,15-18.25-27

54 Dunn hu si de Jesus verhaft, hunn hie fortgeféiert an an d’Haus vum Haaptpriister bruecht. De Péitrus gong vu wäitem no.

55 Wéi si an der Mëtt vum Haff e Feier gemaach a sech niddergesat haten, huet de Péitrus sech matzen ënnert si gesat.

56 Eng Mod huet hie gesinn, wéi hie beim Feier souz, huet hie fixéiert a sot: „Dëse Mann war och bei him.“

57 De Péitrus huet de Jesus mat dëse Wieder verleegent: „Fra, ech kennen hien net!“

58 Kuerz drop huet een aneren hien erbléckst a sot: „Du bass dach och ee vun deenen.“ Mee de Péitrus sot: „Nee, Mann, dat sinn ech net!“

59 Ongeféier eng Stonn drop, huet een anere sech drop behaupt, andeems hie sot: „Ma kloer war hien och bei him, well hien och e Galileeër ass.“

60 Mee de Péitrus sot: „Mann, ech wees net, vu wat s du schwätz!“ Am nämmlechten Abléck, wéi hien nach am Gaang war, ze schwätzen, huet den Hunn gekréit.

61 Dunn huet den Här sech ëmgedréit an op de Péitrus gekuckt. De Péitrus huet sech un dem Här seng Wieder erënnert, déi hien zu him gesot hat: „Éier den Hunn kréit, verleegens du mech dräimol.“

62 Du gong de Péitrus eraus an huet batter Tréine gekrasch.

D’Wiechter maachen de Spunnes mam Jesus

Mattias 26,67-68; Marc 14,65; Jean 18,22-23

63 Déi Männer, déi de Jesus gefaange gehalen hunn, hunn de Spunnes mat him gemaach an hien zerschloen.

64 Si hunn him d’Aen zougebonnen, hien op de Bak gehaen an hie gefrot: „Prophezei fir eis! Wien huet dech geschloen?“

65 Si hunn hie weider Schëmmel a Bless vernannt.

De Jesus virum Pilates a virum Herodes

Mattias 26,57-68; Marc 14,53-65

66 Wéi et Dag gouf, hunn déi Eelst vum Vollek sech versammelt, souwéi d'ieweschte Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz. De Jesus gouf virun dëse Sanhedrin bruecht.

67 Si soten: „Wann s du de Messias bass, da so eis et dach!“ Hie sot zu hinnen: „Och wann ech iech et soen, gleeft dir mir net.

68 A wann ech iech géif froen, da géift dir mir dach net äntweren oder mech goe loossen.

69 Vun elo u sätzt de Jong vum Mënsch zur Rietser vum allmächtege Gott.“

70 „Bass du dann de Jong vu Gott?“, hu si all gefrot. „Dir sot et. Ech sinn et“, huet hien hinne geäntwert.

71 „Firwat brauche mir do nach Zeien?“, sote si. „Mir hunn et jo selwer aus sengem eegene Mond héieren.“

Luc 23

1 Du si si alleguer opgestanen an hunn hie virun de Pilatus bruecht.

2 Si hunn ugefaangen, hien unzekloen: „Mir hu festgestallt, datt hien d'Volk opgestëppelt huet: Hien huet hinne verbueden, fir dem Caesar Steieren ze bezuelen, a vu sech selwer seet hien, datt hien de Messias ass, e Kinnek.“

3 „Bass du de Kinnek vun de Judden?“, huet de Pilatus hie gefrot. „Du sees et“, huet hien him geäntwert.

4 Doropshi sot de Pilatus zu den ieweschte Priister|ieweschte Priister an dem Vollek: „Ech fanne keng Schold un dësem Mann.“

5 Mee si hu sech drop behaapt: „Hien hetzt d'Volk mat senger Léier uechter ganz Judea op. Hien huet a Galilea ugefaangen an elo ass hien hei!“

6 Wéi de Pilatus dat Wuert „Galilea“ héieren huet, huet hie gefrot, ob de Mann e Galileeër wier.

7 Wéi hie gewuer gouf, datt de Jesus aus dem Herrschaftsgebitt vum Herodes kéim, huet hien e bei den Herodes geschéckt, deen och zu där Zäit zu Jerusalem war.

8 Den Herodes huet sech immens gefreet, wéi hien de Jesus gesinn huet, well hien hat sech zënter laangem scho gewënscht, fir de Jesus ze gesinn. Hien hat nämlech viles iwwert hien héieren an huet gehofft, en Zeechen vun him ze gesinn.

9 Hien huet him vill Froen gestallt, mee de Jesus huet keng Äntwert ginn.

- 10 Déi iewescht Priister an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz stoungen dobäi an hunn hie mat Nodrock ugeklot.
- 11 Och den Herodes, zesumme mat sengen Zaldoten, huet de Jesus veruecht an de Spunnes mat him gemaach. Si hunn him e schéine Mantel ugedoen an hunn hie bei de Pilatus zeréckgeschéckt.
- 12 Deen Dag goufen den Herodes an de Pilatus Frënn. Virdu ware si nämlech Feinden.
- 13 Dunn huet de Pilatus d'iewescht Priister, déi lewescht vum Vollek an och d'Volek zesummegeruff
- 14 a sot zu hinnen: „Dir hutt dëse Mann bei mech bruecht als een, deen d'Volek irféiert. Lauschtert, ech hunn dëse Mann virun iech verhéiert an hu keng Schold un him fonnt, wat är Uklo géint hie betrëfft.
- 15 Den Herodes huet och näischt fonnt. Ech hat iech jo och bei hie geschéckt. Lauschtert, dee Mann hei huet näischt gemaach, wat den Doud verdéngt hätt.
- 16 Dofir wäert ech hie gäissele loossen an da fräילוossen.“
- 17 (Um Fest huet hie missen ee Prisonéier fir si fräizeloossen.)
- 18 Dunn hu si awer alleguer zesumme geruff: „Ewech mat dësem Mann! Looss de Bar-Abba fräi!“
- 19 (De Bar-Abba war wéinst engem Opstand, deen an der Stad geschitt war, a wéinst Mord an de Prisong gehäit ginn.)
- 20 De Pilatus, deen de Jesus fräילוosse wollt, huet sech dofir nees u si geriicht.
- 21 Mee si hu gejaut: „Kräizeg hien! Kräizeg hien!“
- 22 Eng drëtte Kéier huet hie si gefrot: „Firwat? Wat huet hien da Béises gedoen? Ech hunn näischt un him fonnt, wat d'Doudesstrof verdéngt hätt. Ech loossen e gäisselen a ginn en da fräi.“
- 23 Si hu sech awer drop behaupt an hu mat haardem Gejäiz verlaangt, datt hie gekräizegt soll ginn. Hiert Gejäiz an dat vun den ieweschte Priister huet sech duerchgesat.
- 24 De Pilatus huet sech dunn entscheet, fir hiner Fuerderung nozeginn.
- 25 Hien huet dee fräigelooss, dee si verlaangt haten, dee wéinst engem Opstand a Mord an de Prisong gehäit gi war. De Jesus huet hien hirem Wëllen no ausgeliwert.

De Jesus gött gekräizegt

Mattias 27,32-44; Marc 15,21-32; Jean 19,17-27

- 26 Wéi si hie fortgeféiert hunn, hu si e Mann, de Schimon, deen aus Kyreene war an dee vum Land kouw, ergraff. Si hunn him d'Kräiz opgeluecht, fir datt hien et hannert dem Jesus droe sollt.
- 27 Ganz vill Leit sinn him nogaangen, dorënner och Fraen, déi sech un d'Broscht geschloen hunn a wéinst senger getrauert hunn.
- 28 De Jesus huet sech u si gewant a sot: „Duechtere vu Jerusalem, kräischt net iwwert mech; kräischt éischer iwwert iech selwer an iwwert är Kanner.
- 29 Sidd gewëss, d'Zäit kënnt, an där gesot gëtt: ‚Geseent sinn déi, déi keng Kanner kënne kréien, deenen hir Kierperen ni e Kand ausgedroen hunn an deenen hir Brëscht ni e Kand geniert hunn.‘
- 30 ‚Da soe si zu de Bierger: ‚Faalt op eis!‘, an zu den Hiwwelen: ‚Deckt eis zou!‘“
- 31 Wann dat alles geschitt, wann d'Holz gréng ass, wat soll da mam dréchenen Holz geschéien?“
- 32 Et goufen och zwee anerer mam Jesus erausgeféiert, fir higeriicht ze ginn. Allenzwee ware si Brigangen.
- 33 Wéi si op d'Plaz koumen, déi „Doudekapp“ genannt gëtt, hu si de Jesus zesumme mat de Brigange gekräizegt, een op senger rietser an een op senger lénker Säit.
- 34 Du sot de Jesus: „Papp, verzei hinnen, well si wëssen net, wat si maachen.“ Si hu seng Kleeder ënnerteneen opgedeelt, andeems si d'Lous fir se gezunn hunn.
- 35 D'Leit stoungen do nozekucken. Mee déi lewesch vum Vollek, déi mat hinnen do waren, hunn de Spunnes mat him gemaach: „Hien huet anerer gerett; da soll hie sech elo selwer retten, wann hien de Messias ass, den Auserwielte vu Gott.“
- 36 Och d'Zaldoten hunn de Spunnes mat him gemaach, koume bei hien an hunn him sauere Wäin ugebueden.
- 37 Si soten: „Wann s du de Kinnek vun de Judde bass, da rett dech dach selwer!“
- 38 E Schëld hong iwwert him, op deem op Griiches, Latäin an Hebräesch stoung: „Dat hei ass de Kinnek vun de Judden.“
- 39 Ee vun de Brigangen, deen nieft him hong, huet hie vernannt: „Wann s du de Messias bass, da rett dech selwer an eis mat!“
- 40 Deen aneren huet hien awer zurechtgewisen a sot: „Fäerts du Gott emol net, obschonn datselwecht Uerteel dech trëfft?“

41 Eis Strof ass gerecht, well mir kréien dat, wat mir fir eis Dote verdéngt hunn. Mee dëse Mann huet näischt Falsches gemaach.“

42 Du sot hien zum Jesus: „Här, erënner dech u mech, wann s du an däi Kinnekräich kënns.“

43 „Ech soen dir d'Wourecht: Nach haut bass du mat mir am Paradäis“, sot de Jesus zu him.

De Jesus stierft

Mattias 27,45-56; Marc 15,33-41; Jean 19,28-37

44 Et war ongeféier Mëtteg an et gouf bis dräi Auer am Nomëtteg am ganze Land däischer.

45 D'Sonn gouf däischer an d'Riddo am Tempel gouf an der Mëtt an zwee gerass.

46 De Jesus huet mat haarder Stëmm geruff: „Papp, ech leeë mäi Geescht an deng Hänn.“ Nodeems hien dat gesot hat, ass hie gestuerwen.

47 Wéi deréimeschen Offizéier|Offizéier, réimeschen gesinn huet, wat geschitt war, huet hie Gott gelueft: „Dee war wierklech e gerechte Mann!“

48 Nodeems all d'Leit, déi sech fir de Spektakel versammelt haten, gesinn hunn, wat geschitt war, hu si sech un d'Broscht geschloen a sinn heemgaangen.

49 All seng Bekannten an och d'Fraen, déi him vu Galilea aus nogaange waren, stounge méi wäit ewech an hunn allem nogekuckt.

De Jesus gött begruewen

Mattias 27,57-61; Marc 15,42-47; Jean 19,38-42

50 E Mann, dee Yossef geheescht huet, war e Member vum Sanhedrin. Hie war e gudden a gerechte Mann

51 a war mat hirer Entscheidung an hirer Dot net averstanen. Hie koum aus Arimatea, enger Stad vun de Judden, an hien huet op d'Kinnekräich vu Gott gewaart.

52 De Yossef gong bei de Pilatus, fir ëm dem Jesus seng Läch ze froen.

53 Hien huet se erofgeholl, huet se a Léngent gewéckelt a se an e Graf geluecht, wat an e Fiels gehae war, a wou nach keen drageluecht gi war.

54 Et war den Dag vun der Virbereedung an deSabbat sollt gläich ufänken.

55 D'Fraen, déi mam Jesus aus Galilea komm waren, gongen dem Yossef no. Si hu sech d'Graf ugekuckt an hunn och gesinn, wéi seng Läch drageluecht gouf.

56 Du gounge si zeréck an hu Gewierzer an Essenz preparéiert. Um Sabbat hu si dem Gebot no gerascht.

Luc 24

De Jesus ass operstanen

Mattias 28,1-15; Marc 16,1-11; Jean 20,1-18

- 1 Ganz fréi am Mueren um éischten Dag vun der Woch gounge si, zesumme mat nach anere Fraen, bei d'Graf. Si haten d'Gewierzer, déi si virbereet haten, dobäi.
- 2 Si hunn awer entdeckt, datt de Stee virum Graf ewechgerullt gi war.
- 3 Wéi si eragoungen, hu si d'Läich vum Här Jesus net dra fonnt.
- 4 Si wousste guer net, wat si dovunner hale sollten. Op eemol stoungen zwee Männer nieft hinnen, deenen hir Kleeder geliicht hunn.
- 5 Si hunn op de Buedem gekuckt, well si gefaart hunn. D'Männer soten zu hinnen: „Firwat sichts dir de Liewegen ënnert den Doudegen?“
- 6 Hien ass net hei. Hien ass operstanen! Erënnert iech un dat, wat hien zu iech gesot hat, wéi hien nach a Galilea war,
- 7 a wéi hie sot: „DeJong vum Mënsch muss an d'Hänn vu sënnege Mënschen ausgeliwwert ginn, gekräizegt ginn an den drëtten Dag operstoen.““
- 8 Si hu sech u seng Wiedererënnert.
- 9 Du gounge si vum Graf fort an hunn dat alles deenen Eeuf an och all deenen anere verzielt.
- 10 Et waren d'Maria vu Magdala, d'Yohanna an d'Maria, dem Jacques seng Mamm, an och nach déi aner Fraen, déi mat hinne waren, déi den Apostelen|Apostel dat alles verzielt hunn.
- 11 Mee d'Apostelen hunn hir Wiedererënnert fir eidelt Geschwätz gehalen an hunn hinnen net gegleeft.
- 12 De Péitrus awer ass opgestanen an ass bei d'Graf gelaf. Hien huet sech eragebéckt an huet nëmmen d'léngel Bänner do leie gesinn. Hie gong nees fort an huet sech iwwert dat, wat geschitt war, gewonnert.

De Wee fir op Emmaus

- 13 Nach deeselwechten Dag goungen der zwee vun hinnen an en Duerf, dat Emmaus geheescht huet an dat ongeféier eelef Kilometer vu Jerusalem ewech louch.
- 14 Si hu mateneen iwwert alles geschwat, wat geschitt war.
- 15 Bannent där Zäit, an där si matenee geschwat an diskutéiert hunn, koum de Jesus selwer dobäi a gong mat hinnen.

- 16 Mee si waren ewéi blann a konnten hien net erkennen.
- 17 „Wouriwver hutt dir dann ënnerwee matenee geschwat? Firwat hutt dir esou eng traureg Minn?“, huet hie si gefrot.
- 18 Dunn huet deen, dee Kleopas geheescht huet, him geäntwert: „Bass du dann den eenzege Friemen zu Jerusalem, deen net iwwert dat Bescheed weess, wat dës lescht Deeg geschitt ass?“
- 19 „Wat ass da geschitt?“, frot hie si. „Ma dat mam Jesus vun Nazaret“, sote si dunn zu him, „hie war e Prophéit, mächtig am Wuert an an der Dot viru Gott an dem ganze Vollek.“
- 20 D'iewescht Priister an déi, déi eist Vollek leeden, hunn hien ausgeliwwert, fir datt hien zum Doud veruerteelt a gekräizegt gouf.
- 21 Mir haten awer gehofft, datt hien dee wier, deen Israel erléise géif. A bei all deem kënnt nach dobäi, datt haut den drëttten Dag ass, nodeems dat alles geschitt ass.
- 22 Verschidde Fraen aus eisem Grupp, déi de Muere fréi bei d'Graf gaange waren, hunn eis an Opreegung bruecht.
- 23 Si hate seng Läich net fonnt a wéi si zeréckkouden, sote si, datt si eng Visioun vun Engele|Engel gehat hätten, déi gesot hätten, hie géif liewen.
- 24 Doropshi gongen e puer vun eis bei d'Graf an hunn alles esou virfonnt, wéi d'Fraen et gesot haten. Hie selwer hu si net gesinn.“
- 25 „Wat sidd dir esou onverstänneg!“, sot hien zu hinnen. „Wat sinn är Häerzer lues, fir un all dat ze gleewen, wat d'Prophéite gesot hunn!“
- 26 Huet net de Messias dat alles missen erliden an dann a seng Herrlechkeet agoen?“
- 27 Hien huet du beim Moses an all de Prophéiten ugefaangen, hinnen alles aus der ganzer Schrëft z'erklären, wat iwwert hie selwer geschriwwen stoung.
- 28 Wéi si méi no un dat Duerf erukoumen, wou si hi wollten, huet hien esou gemaach, wéi wann hie wéilt weidergoen.
- 29 Si hunn hien awer gedirängelt: „Bleif dach bei eis. Et gött dach geschwënn däischter an den Dag ass gläich eriwver.“ Du gong hie mat an ass bei hinne bliwwen.
- 30 Nodeems hie mat hinnen un den Dësch Plaz geholl hat, huet hien d'Brout geholl, et geseent, a Stécker gebrach an u si verdeelt.
- 31 Do goufen hinnen d'Aen opgemaach a si hunn hien erkannt. Dunn ass hie virun hinne verschwonnen.

32 Si soten een zum aneren: „Hunn eis Häerzer net an eis gebrannt, wéi hien ënnerwee mat eis geschwat huet a wéi hien eis d'Schrëft erkläert huet?“

33 Nach an deem Abléck hu si sech erhuewen a gounge hannescht op Jerusalem. Do hu si déi Eefer an och déi, déi bei hinne waren, versammelt virfonnt.

34 Déi soten: „Den Här ass wierklech operstanen! Hien ass dem Schimon erschéngen.“

35 Déi Zweek hunn dunn och verzielt, wat si ënnerwee erlieft haten a wéi si hie beim Brieche vum Brout erkannt haten.

De Jesus erschéngt senge Jénger

Marc 16,12-18; Jean 20,19-23

36 Während si dat verzielt hunn, ass de Jesus perséinlech an hir Mëtt komm a sot zu hinnen: „Fridde sief mat iech.“

37 Si sinn erféiert a kruten et mat der Angscht ze dinn an hu gemengt, si hätten e Geescht gesinn.

38 „Firwat sidd dir esou opgewullt? Firwat kommen Zweifel an ären Häerzer op?“, huet hie si gefrot.

39 „Kuckt meng Hänn a meng Féiss! Ech sinn et selwer! Beréiert mech a kuckt! E Geescht besteet dach net aus Fleesch a Schanken, esou wéi dir et hei u mir gesitt.“

40 Nodeems hien dat gesot hat, huet hien hinne seng Hänn a seng Féiss gewisen.

41 Mee vu lauter Freed a Staunen hu si nach ëmmer net gegleeft. Dofir huet hie si gefrot: „Hutt dir eppes hei, fir z'iessen?“

42 Si hunn him e Stéck gebrodene Fësch an e bëssche Beieros ginn.

43 Hien huet et geholl a virun hinne giess.

44 „Dat hei ass, wat ech gemengt hunn, wéi ech iech sot, wéi ech nach bei iech war, datt alles, wat am Gesetz vum Moses, an de Prophéiten an an de Psalmen iwwert mech geschriwwen steet, an Erfëllung misst goen“, sot hien zu hinnen.

45 Dunn huet hien hinnen hire Verstand opgemaach, fir datt si d'Schrëft verstoe kéinten.

46 Hie sot zu hinnen: „Esou steet et geschriwwen: De Messias muss leiden an um drëttten Dag vun den Doudegen operstoen.“

47 A sengem Numm soll d'Ëmkéier an d'Verzeiung vun de Sënnen un all d'Natioune gepriedegt ginn, ugefaangen hei zu Jerusalem.

48 Dir sidd Zeie vun all deem, wat geschitt ass.

49 Lauschtert, ech schécken op iech, wat mäi Papp versprach huet. Bleift an der Stad Jerusalem, bis dir mat Kraaft aus der Héicht versi gitt.“

De Jesus gött an den Himmel eropgeholl

Marc 16, 19-20; Apostelgeschichte 1, 9-11

50 Dunn huet hie si bis op Betanien erausgeféiert, huet seng Hänn erhuewen a si geseent.

51 Wéi hien nach am Gaang war, si ze seenen, gong hie vun hinne fort a gouf an den Himmel eropgeholl.

52 Si hunn hien ugebiet a gounge mat grousser Freed nees hannescht op Jerusalem.

53 Si ware bestänneg amTempelan hunn do Gott gelueft a geseent. Amen.

Jean

Jean 1

D'Wuert ass Mënsch ginn

- 1 Am Ufank war d'Wuert. D'Wuert war bei Gott an d'Wuert war Gott.
- 2 D'Wuert war am Ufank bei Gott.
- 3 Alles ass duerch d'Wuert entstanen an et gëtt näischt, wat net duerch d'Wuert entstanen ass.
- 4 Am Wuert war d'Liewen an dëst Liewe war de Mënschen hiert Liicht.
- 5 D'Liicht schéngt och an der Däischtert an d'Däischtert konnt d'Liicht net iwwerwannen .
- 6 Gott hat e Mann geschéckt, dee Jean geheescht huet.
- 7 Hie koum als Zeien, fir iwwert d'Liicht auszesoen, fir datt jiddereen duerch hie gleewe géif.
- 8 Hie selwer war net dat Liicht, mee hien ass komm, fir iwwert d'Liicht auszesoen.
- 9 Dat war dat richtegt Liicht, dat an d'Welt koum, fir all Mënsch Liicht ze bréngen.
- 10 Et war an der Welt an d'Welt ass duerch et entstanen, mee d'Welt huet et net erkannt.
- 11 D'Liicht ass bei säin Eegentum komm, mee dat huet et net ugeholl.
- 12 Mee all deenen, déi et ugeholl an u säin Numm gegleeft hunn, huet et d'Recht ginn, Kanner vu Gott ze ginn.
- 13 Si si weder duerch mënschlech Ofstamung nach duerch natierlech Gebuert nach duerch dem Mann säi Wëllen, mee aus Gott gebuer.
- 14 D'Wuert ass Mënsch ginn an huet ënnert eis gewonnen. Mir hu seng Herrlechkeet gesinn, d'Herrlechkeet vum Papp sengem eenzege Jong, voller Gnod a Wourecht.
- 15 De Jean huet iwwert hien ausgesot an huet geruff: „Deen heiten ass deen, vun deem ech gesot hunn: ‚Deen, deen no mir kënnt, war viru mir, well hie viru mir existéiert huet.“
- 16 Jidderee kritt eng Gnod no där anerer aus sengem vollkommene Wiesen.
- 17 D'Gesetz koum nämlech duerch de Moses, mee d'Gnod an d'Wourecht koumen duerch de Messias, de Jesus.

18 Et huet nach ni ee Gott gesinn, mee den eenzege Jong, deen dem Papp ganz no ass , huet erkläert, wien hien ass.

De Jean den Deefer seet, datt hien net de Messias ass

Luc 3,15-18

19 De Jean huet déi Ausso gemaach, wéi d'Jude vu Jerusalem Priister a Levite bei hie geschéckt hunn, fir hien ze froen, wien hie wier.

20 Hien huet kloergestallt, datt hien net de Messias ass. Hien huet et kloergestallt an et net ofgestriden.

21 Si froten hien: „Wie bass du dann? Bass du den Elia?“ „Neen, dee sinn ech net“, sot hien. „Bass du de Prophéit?“ „Neen“, huet hie geäntwert.

22 Si froten hien nees: „Wie bass du dann? Mir mussen deene Leit, déi eis heihinner geschéckt hunn, eng Äntwert ginn. Wat sees du da selwer iwwert dech?“

23 „Ech sinn d'Stëmm vun engem, deen an der Wüst riff: ‚Maacht de Wee fräi fir den Här‘, esou wéi de Prophéit Yesaia et gesot hat“, huet hie geäntwert.

24 Déi, déi dohi geschéckt gi waren, warePharisäer.

25 „Firwat deefs du dann, wann s du weder de Messias nach den Elia nach de Prophéit bass?“, frote si hien.

26 De Jean huet hinne geäntwert: „Ech deefe mat Waasser, mee ënnert iech ass een, deen dir net kennt.

27 Hien ass deen, deen no mir kënnt, obwuel hie viru mir existéiert huet. Ech sinn et net wäert, d'Liedersrimme vu senge Sandale lasszebannen.“

28 Dat ass zu Betanien geschitt, op der anerer Säit vum Jordan, do, wou de Jean gedeeft huet.

De Jesus ass d'Lamm vu Gott

29 Den Dag drop huet hien de Jesus gesinn op sech duerkommen a sot: „Hei ass d'Lamm vu Gott, dat d'Sënn vun der Welt ewechhëlt!

30 Hien ass deen, vun deem ech sot: ‚No mir kënnt e Mann, dee viru mir war, well hie viru mir existéiert huet.‘

31 Ech wusst net, wien hie wier. Mee ech hu mat Waasser gedeeft, fir datt Israel hie sollt erkennen.“

32 De Jean huet du bezeit: „Ech hunn de Geesch gesinn erofkommen ewéi eng Dauf vum Himmel an hien ass op him bliwwen.

33 Ech hunn hien net kannt. Mee deen, dee mech geschéckt huet, fir mat Waasser ze deefen, huet zu mir gesot: ‚Deen, op deen s du de Geesch

erofkomme gesäis an op deem e bleibt, ass deen, dee mam hellege Geescht deeft.'

34 Ech hunn dat gesinn an hu bezeit, datt hien de Jong vu Gott ass."

Dem Jesus seng éischt Jénger

Mattias 4,18-22; Marc 1,16-20; Luc 5,1-11

35 Den Dag drop stoung de Jean erëm mat zwee vu sengen Jénger op d'ärselwechter Plaz.

36 Wéi hien de Jesus laanschtgoe gesinn huet, sot hien: „Kuckt, d'Lamm vu Gott!“

37 Seng zwee Jénger hunn hien héieren dat soen a sinn dem Jesus nogaangen.

38 De Jesus huet sech ëmgedréit a gesinn, datt si him nogoungen, an huet si gefrot: „Wat sichts dir?“ „Rabbi (wat sou vill wéi „Léiermeeschter“ heescht), wou wunns du?“, frote si.

39 „Kommt kucken“, sot de Jesus. Si si mat him gaangen an hu gesinn, wou hie gewunnt huet. Et war zéng Auer mueres a si sinn de Rescht vum Dag bei him bliwwen.

40 Den Andreas, dem Schimon-Péitrus säi Brudder, war ee vun deenen zwee, déi dem Jean nogelauschtert haten an déi dem Jesus nogaange waren.

41 Den Andreas ass fir d'éischt no sengem Brudder, dem Schimon, siche gaangen a sot zu him: „Mir hunn de Messias (wat esou vill wéi „Christus“ heescht) fonnt!“

42 Hien huet de Schimon bei de Jesus bruecht. De Jesus huet hien ugekuckt a gesot: „Du bass de Schimon, dem Jean säi Jong. Vun elo u gëss du Kefas (wat iwwersat „Steen“ heescht) genannt.“

De Jesus rífft de Philippe an den Nathanael

43 Den Dag drop wollt de Jesus sech op de Wee fir a Galilea maachen. Hien ass nom Philippe siche gaangen a sot zu him: „Komm mir no!“

44 De Philippe koum vu Betsaida, d'ärselwechter Stad wéi den Andreas an de Péitrus.

45 De Philippe ass nom Nathanael siche gaangen a sot zu him: „Mir hunn dee fonnt, iwwert deen de Moses am Gesetz an och d'Prophéite geschriwwen hunn: de Jesus vun Nazaret, dem Jousef säi Jong.“

46 „Nazaret? Kann iergendeppes Guddes vun do kommen?“, huet den Nathanael geäntwert. „Da komm kucken!“, sot de Philippe.

47 De Jesus huet den Nathanael op sech duerkomme gesinn a sot: „Kuckt, hei ass nu wierklech en Israelit, an deem et keng Falschheet gëtt.“

48 „Wouhier kenns du mech?“, frot den Nathanael hien. „Éier de Philippe dech geruff hat, hat ech dech ënnert dem Figebam sëtze gesinn“, huet de Jesus geäntwert.

49 „Rabbi, du bass de Jong vu Gott! Du bass de Kinnek vun Israel!“, sot den Nathanael.

50 „Du gleefs, well ech dir sot, datt ech dech ënnert dem Figebam gesinn hunn? Du gesäis nach vill méi Grousses wéi dat“, huet de Jesus him geäntwert.

51 „Ech soen iech d'Wourecht! Dir gesitt den Himmel opstoen an d'Engel|Engel vu Gott umJong vum Mënsch erop- an erofklammen.“

Jean 2

De Jesus verwandelt Waasser a Wäin

1 Dräi Deeg méi spéit gouf et eng Hochzäit zu Kana a Galilea an dem Jesus seng Mamm war dobäi.

2 De Jesus a sengJénger waren och op d'Hochzäit invitéiert.

3 Wéi kee Wäin méi do war, huet dem Jesus seng Mamm zu him gesot: „Si hu kee Wäin méi.“

4 „Fra, wat wëlls du vu mir? Meng Stonn ass nach net komm“, huet de Jesus hir geäntwert.

5 „Maacht, wat hien iech seet!“, sot seng Mamm zu den Dénger.

6 Et stoung sechs stenge Waasserkréi fir d'jüddesch Wäschrutaler do. An all Krou hunn ongeféier honnert Liter gepasst.

7 „Fëllt d'Kréi mat Waasser!“, sot de Jesus zu den Dénger. Si hunn d'Kréi bis un de Rand gefëllt.

8 „Schäfft e bëssen dovunner eraus a gitt dem Zoustännege vun den Zerweuren dovunner ze schmaachen“, huet de Jesus d'Dénger ugestallt. Si hunn dem Responsabelen et bruecht.

9 Wéi hien d'Waasser, dat a Wäin verwandelt gi war, geschmaacht huet, wusst hien net, wou dëse Wäin géif hierkommen (mee d'Dénger, déi d'Waasser geschäfft haten, wussten et). Hien huet deBräitchemann geruff

10 a sot zu him: „Jiddereen zerwéiert ëmmer de beschte Wäin fir d'éischt an duerno, wann d'Leit voll sinn, gëtt de manner gudde Wäin zerwéiert. Mee du hues de gudde Wäin bis elo zeréckbehalen!“

11 Dëst éischt Zeechen, dat de Jesus gemaach huet, war zu Kana a Galilea. Hien huet seng Herrlechkeet z'erkenne ginn a seng Jénger hunn un hie gegleeft.

De Jesus jot d'Händler aus dem Tempel

Mattias 21,12-17; Marc 11,15-18; Luc 19,45-48

12 Duerno ass hien op Kapernaum gaangen zesumme mat senger Mamm, senge Bridder a senge Jénger a si sinn e puer Deeg do bliwwen.

13 Et war kuerz virum Passafest|Passa vun de Judden an de Jesus goug op Jerusalem.

14 Am Tempel huet hie Leit virfonnt, déi Ranner, Schof an Dauwe verkaf hunn. D'Leit, déi d'Sue gewiesselt hunn, souzen och do.

15 Hien huet eng Gäissel aus Seeler gemaach an huet si all aus dem Tempel gejut, och d'Ranner an d'Schof. Hien huet d'Mënz vun deenen, déi d'Sue gewiesselt hunn, zerstreet an huet hir Dëscher ëmgehait.

16 Zu deenen, déi d'Dauwe verkaf hunn, sot hien: „Maacht, datt all dat hei verschwënnt! Maacht aus mengem Papp sengem Haus keng Maartplaz!“

17 Seng Jénger hu sech drun erënnert, datt geschriwwe steet: „Den Äifer fir d'äin Haus huet mech ganz a Besetz geholl.“

18 Doropshi froten d'Judden hien: „Wéi en Zeeche gëss du eis, fir eis ze weisen, datt s du d'Recht hues, esou ze handeln?“

19 „Zerstéiert dësen Tempel a bannent dräi Deeg bauen ech en erëm op“, huet de Jesus geäntwert.

20 „Et huet sechsavéierzeg Joer gedauert, fir den Tempel ze bauen, an du wëlls e bannent dräi Deeg erëm opbauen?“, hunn d'Jude geäntwert.

21 Hien hat awer vum Tempel vu sengem Kierper geschwat.

22 Wéi hie vun den Doudegen operstane war, hu seng Jénger sech drun erënnert, datt hien dat gesot hat, a si hunn der Schrëft gegleeft an och deem, wat de Jesus gesot hat.

23 Wéi de Jesus fir d'Passafest zu Jerusalem war, hu vill Leit u säin Numm gegleeft, well si d'Zeeche gesinn hunn, déi hie gemaach huet.

24 Mee de Jesus huet sech hinnen net uvertraut, well hie si all kannt huet.

25 Hie wousst nämlech, wat am Mënsch ass, an dofir hat hien et net néideg, datt een him de Mënsch erkläert.

Jean 3

De Jesus léiert den Nikodemos

- 1 Et gouf e Mann, deen Nikodemos geheescht huet. Hie war ee vun dePharisäer, deen zumSanhedrin gehéiert huet.
- 2 Hie kouw nuets bei de Jesus a sot: „Rabbi, mir wëssen, datt s du e Léiermeeschter bass, dee vu Gott geschéckt gouf. Et kann nämlech kee Mënsch d’Zeeche maachen, déi s du méchs, wa Gott net mat him ass.“
- 3 De Jesus huet geäntwert: „Ech soen dir d’Wourecht! E Mënsch kann d’Kinnekräich vu Gott net gesinn, et sief dann hie gëtt op en Neits gebuer .“
- 4 Den Nikodemos frot: „Wéi kann een Erwuessenen op en Neits gebuer ginn? Hie kann dach net hannescht an de Bauch vu senger Mamm goen an eng zweete Kéier gebuer ginn?“
- 5 De Jesus huet geäntwert: „Ech soen dir d’Wourecht! E Mënsch kann net an d’Kinnekräich vu Gott erakommen, et sief dann hie gëtt aus Waasser an aus Geescht gebuer.
- 6 Wat aus dem Flesch gebuer gëtt, ass Flesch, a wat aus dem Geescht gebuer gëtt, ass Geescht.
- 7 Wonner dech net, wann ech dir soen, datt dir op en Neits musst gebuer ginn.
- 8 De Wand bléist, wouhin e wëllt, an du héiers e päifen, mee du weess net, vu wou e kënnt a wou en higeet. Esou ass et mat jidderengem, deen aus dem Geescht gebuer gëtt.“
- 9 „Wéi ass dat méiglech?“, frot den Nikodemos.
- 10 „Du beléiers d’Vollek vun Israel an du verstees dat net?“, huet de Jesus geäntwert.
- 11 „Ech soen dir d’Wourecht! Mir schwätze vun deem, wat mir kennen, a mir soen iwwert dat aus, wat mir gesinn hunn; mee dir huet eis Ausso net un.
- 12 Wann dir mir net gleeft, wann ech iech vu Saachen hei op der Äerd verzielen, wéi wëllt dir mir da gleewen, wann ech iech vu Saachen aus dem Himmel verzielen?
- 13 Et ass keen an den Himmel eropgaangen, ausser deem, deen aus dem Himmel erofkoum: deJong vum Mënsch, deen am Himmel ass.
- 14 Esou wéi de Moses d’Schlaang an der Wüst héich gehuween huet, esou muss och de Jong vum Mënsch héich gehuewe ginn,
- 15 fir datt jiddereen, deen un hie gleeft, net verluer geet, mee éiwegt Liewen huet.

- 16 Gott huet der Welt seng Léift op dës Manéier gewisen: Hien huet säin eenzege Jong hierginn, fir datt jiddereen, deen un hie gleeft, net verluer geet, mee éiwegt Liewen huet.
- 17 Gott huet säi Jong nämlech net an d'Welt geschéckt, fir d'Welt ze riichten, mee fir datt d'Welt duerch hie gerett géif ginn.
- 18 Wien un hie gleeft, gött net geriicht; wien net gleeft, ass scho geriicht, well hien net un den Numm vu Gott sengem eenzege Jong gegleeft huet.
- 19 Dat hei ass d'Geriicht: D'Liicht ass an d'Welt komm an d'Mënschen haten d'Däischtert léiwer wéi d'Liicht, well hir Dote béis waren.
- 20 Jiddereen, dee Béises mécht, haasst nämlech d'Liicht a kënnt net bei d'Liicht, fir datt seng Doten net opgedeckt ginn.
- 21 Mee jiddereen, dee mécht, wat der Wourecht entsprécht, kënnt bei d'Liicht, fir datt all Mënsch kloer gesi kann, datt seng Doten a Gott gemaach goufen.“

De Jean den Deef seet iwwert de Jesus aus

- 22 Duerno ass de Jesus mat senger Jénger an d'Géigend vu Judea gaangen, fir do mat hinnen Zäit ze verbréngen an ze deefen.
- 23 De Jean huet zur gläicher Zäit zu Ainon bei Salim gedeef, well et do vill Waasser gouf. D'Leit sinn dohi komm an hu sech deefe gelooss.
- 24 (Dat war éier de Jean an de Prisong gehäit gouf.)
- 25 Tëschent dem Jean senger Jénger an engem Judd kouw et zu enger Diskussioun iwwert d'zeremoniell Rengegung.
- 26 Si si bei de Jean gaangen a soten zu him: „Rabbi, kuck! Deen, deen op der anerer Säit vum Jordan bei dir war an iwwert deen s du ausgesot hues, deen deeft elo an d'Leit ginn all bei hien!“
- 27 De Jean huet geäntwert: „E Mënsch kann näischt kréien, et sief dann hie krut et aus dem Himmel.“
- 28 Dir selwer kënnt bezeien, datt ech sot: ‚Ech sinn net deMessias, mee ech gouf him virausgeschéckt.‘
- 29 Deen, deen d'Bräut huet ass deBräitchemann, mee dem Bräitchemann säi Frënd, deen donieft steet an hien héiert, freet sech onmoosseg doriwwer, dem Bräitchemann seng Stëmm ze héieren. Esou ass meng Freed a si ass elo komplett.
- 30 Hie muss méi wichteg ginn an ech muss manner wichteg ginn.
- 31 Deen, dee vun uewe kënnt, steet iwwert allem. Deen, dee vun der Äerd kënnt, ass vun der Äerd a schwätzt vun der Äerd. Deen, deen aus dem Himmel kënnt, steet iwwert allem.

- 32 Hie seet iwwert dat aus, wat hie gesinn an héieren huet, mee kee gleeft senger Ausso.
- 33 Wie senger Ausso gleeft, bestätegt, datt Gott d'Wourecht seet.
- 34 Deen, dee vu Gott geschéckt gouf, schwätzt nämlech d'Wierder vu Gott a Gott gebraucht keng Mooss, wann hie säi Geescht gëtt.
- 35 De Papp huet de Jong gär an huet alles a seng Hänn geluecht.
- 36 Wien un de Jong gleeft, huet éiweg Liewen. Wien dem Jong net follegt, kritt d'Liewen net ze gesinn, mee d'Roserei vu Gott bleibt op him.“

Jean 4

De Jesus schwätzt mat enger Samariterin

- 1 Wéi den Här gewuer gouf, datt dePharisäer zu Ouere komm war, datt de Jesus méi Mënschen zuJénger maachen an deefe géif wéi de Jean
- 2 (obwuel de Jesus net selwer gedeeft huet, mee seng Jénger),
- 3 huet de Jesus Judea verlooss an ass a Galilea gaangen.
- 4 Hien huet awer missen duerch Samarien goen.
- 5 Esou koum hien an eng Stad vu Samarien, déi Suchar geheescht huet an déi no beim Stéck Land louch, dat de Jakob sengem Jong Yossef ginn hat.
- 6 Do war och dem Jakob säi Pëtz, a well de Jesus vu senger Rees midd war, huet hie sech bei de Pëtz gesat. Et war em d'Mëttesstonn.
- 7 Du koum eng Fra aus Samarien, fir Waasser ze schäffen. De Jesus sot zu hir: „Gëff mir eppes ze drénken!“
- 8 (Seng Jénger waren nämlech an d'Stad gaangen, fir eppes fir z'iessen ze kafen.)
- 9 D'Fra aus Samarien frot hien: „Wéi kënnt et, datt s du als Judd mech, engSamariterin, em eppes ze drénke frees?“ (D'Jude wellen nämlech näischt mat deSamariter ze dinn hunn.)
- 10 De Jesus huet geäntwert: „Wann s du de Kaddo vu Gott kenne géifs a wann s du wéisst, wien deen ass, deen dech freet: ‚Gëff mir eppes ze drénken!‘, da géifs du hie froen an da géif hien dir liewegt Waasser ginn.“
- 11 „Här, du hues näischt, fir ze schäffen an de Pëtz ass déif. Vu wou hëls du dann dat liewegt Waasser hier?“, frot d'Fra hien.

- 12 „Bass du éiere méi dichteg wéi eise Papp Jakob, deen eis de Pëtz ginn huet an deen dovunner gedronk huet, genee wéi seng Jongen an och seng Béischten?“
- 13 De Jesus huet geäntwert: „Jiddereen, dee vun dësem Waasser drénkt, gëtt nees duuschtereg,
- 14 mee jiddereen, dee vun deem Waasser drénkt, dat ech him ginn, gëtt ni méi duuschtereg. Am Géigendeel, d’Waasser, dat ech him ginn, gëtt an him zu enger Waasserquell, aus där éiweg Liewen erausspruddelt.“
- 15 „Här, géff mir dëst Waasser, fir datt ech net méi duuschtereg ginn an net méi muss heihin zeréckkommen, fir Waasser ze schäffen“, sot d’Fra zu him.
- 16 „Géi, ruff däi Mann a bréng hien heihin“, sot de Jesus zu hir.
- 17 „Ech hu kee Mann“, huet d’Fra geäntwert. „Du hues Recht“, sot de Jesus, „du hues kee Mann:
- 18 Du has scho fënnf Männer, an dee Mann, mat deem s du elo zesummeliefs, mat deem bass du net bestuet! Du hues d’Wourecht gesot!“
- 19 „Här, ech gesinn, datt s du e Prophéit bass“, sot d’Fra zu him.
- 20 „Eis Virfueren hu Gott op dësem Bierg ugebiet, mee dir sot, datt ee Gott zu Jerusalem ubiede muss.“
- 21 „Fra, gleeft mir“, sot de Jesus zu hir, „et kënnt eng Zäit, an där dir de Papp weder op deem heite Bierg nach zu Jerusalem ubiet.
- 22 Dir biet dat un, wat dir net kennt; mir bieden dat un, wat mir kennen, well d’Rettung vun de Judde kënnt.
- 23 Mee d’Zäit kënnt a si ass schonn do, an där déi, déi de Papp wahrhafteg ubieden, hien am Geescht an an der Wourecht ubieden. De Papp sicht Leit, déi hien esou ubieden.
- 24 Gott ass Geescht, an déi, déi hien ubieden, mussen hien am Geescht an an der Wourecht ubieden.“
- 25 D’Fra sot zu him: „Ech weess, datt de Messias kënnt, dee Christus genannt gëtt. Wann hie kënnt, erkläert hien eis alles.“
- 26 „Ech, deen hei mat dir schwätzt, sinn et“, huet de Jesus geäntwert.

D’Jénger komme bei de Jesus zeréck

- 27 An deem Moment koume seng Jénger zeréck. Si ware verwonnert, datt hie mat enger Fra schwätze géif. Et huet awer kee vun hinne gesot: „Wat wëlls du vun hir?“, oder: „Firwat schwätzt du mat hir?“
- 28 D’Fra huet dunn hire Waasserkrou stoe gelooss, ass hannescht an d’Stad gaangen an huet do zu de Leit gesot:

- 29 „Kommt a kuckt, do ass e Mann, dee mir alles gesot huet, wat ech jee gemaach hunn! Kéint hien de Messias sinn?“
- 30 Dunn hu si d’Stad verlooss a si bei hie gaangen.
- 31 An der Tëschenzäit hu seng Jénger hie gebieden: „Rabbi, iess dach eppes!“
- 32 Hien huet hinnen awer geäntwert: „Ech hunn eppes z’iessen, wat dir net kennt!“
- 33 Doropshi sote seng Jénger een zum aneren: „Huet éieren een him eppes fir z’iesse bruecht?“
- 34 „Mäin lessen ass de Wëlle vun deem auszeféieren, dee mech geschéckt huet, a säi Wierk ofzeschléissen“, sot de Jesus zu hinnen.
- 35 „Sot dir net: ‚Nach véier Méint an dann ass Karschnatz‘? Kuckt, ech soen iech, maacht är Aen op a kuckt d’Stécker, well d’Fruucht ass zeideg, fir erageholl ze ginn!“
- 36 Deen, deen am Karschnatz ass, kritt e Loun a sammelt Fruucht fir d’éiweg Liewen an, fir datt deen, dee séit, an deen, deen eranhëlt, sech zesumme freeë kënnen.
- 37 D’Spréchwuert, dat seet: ‚Deen ee séit an deen aneren hëlt d’Fruucht eran‘, ass hei ubruecht.
- 38 Ech hunn iech geschéckt, fir dat, woufir dir net geschafft hutt, eranzehuelen. Anerer hunn dofir geschafft an dir profitéiert elo vun hirer Aarbecht.“

Vill Samariter gleewen

- 39 Vill Samariter aus där Stad hunn un hie gegleeft, well d’Fra ausgesot huet: „Hien huet mir alles gesot, wat ech jee gemaach hunn.“
- 40 Wéi d’Samariter bei hie koumen, hu si drop gehalen, datt hie bei hinne bleiwe sollt. Hie blouf dunn zwee Deeg do.
- 41 An et hunn der nach vill méi wéinst deem, wat hie gesot huet, gegleeft.
- 42 Si soten zur Fra: „Elo gleewe mir net nëmme wéinst deem, wat s du eis sos, mee och well mir hie selwer héieren hunn, a well mir wëssen, datt hie wierklech de Messias ass, de Retter vun der Welt.“

De Jesus heelt dem Offizéier säi Jong

- 43 No zwee Deeg giong de Jesus vun do fort a Galilea,
- 44 well hie selwer hat ausgesot, datt e Prophéit keng Éier a senger eegener Heemecht kritt.

45 Wéi hien a Galilea koom, hunn d'Galileeër hie wëllkomm geheescht: Si haten nämlech alles gesinn, wat hien deemools zu Jerusalem um Fest gemaach hat, well si selwer och um Fest dobäi waren.

46 De Jesus koom nach eng Kéier op Kana a Galilea, do wou hie Waasser a Wäin verwandelt hat. Do gouf et en adelegen Offizéier, deem säi Jong zu Kapernaum war a krank war.

47 Wéi dëse Mann héieren huet, datt de Jesus vu Judea a Galilea zeréckkomm wier, giong hie bei de Jesus an huet hie gebieden, erofzekommen a säi Jong ze heelen, well deen um Stierwe louch.

48 „Dir alleguer gleeft net, esoulaang dir keng Zeechen a Wonner gesitt“, sot de Jesus zu him.

49 „Här, komm éier mäi Kand stierft!“, sot den Offizéier zu him.

50 „Géi heem! Däi Jong lieft“, huet de Jesus geäntwert. De Mann huet deem, wat de Jesus gesot huet, gegleeft an huet sech op de Wee gemaach.

51 Wéi hien op Kapernaum erofgiong, koume seng Dénger him entgéint a soten him, datt säi Jong um Liewe wier.

52 Doropshi frot hie si, um wéi vill Auer de Jong gesond gi wier, a si hu geäntwert, datt d'Féiwer hie gëschter um eng Auer nomëttes verlooss hätt.

53 De Papp wousst, datt dat dee Moment war, an deem de Jesus him gesot hat, datt säi Jong um Liewe wier. Doropshin huet hie mat sengem ganze Stot gegleeft.

54 Dat war dat zweet Zeechen, dat de Jesus gemaach huet, nodeems hie vu Judea a Galilea komm war.

Jean 5

De Jesus heelt e Mann beim Baseng

1 Kuerz drop war e Fest vun de Judden an de Jesus giong op Jerusalem.

2 Zu Jerusalem gouf et bei der Schoofspart e Baseng, deen op Aramäesch „Bet-Esda“ heescht. Do goufen et fënnf Hale mat Sailer.

3 An dësen Hale louche ganz vill Leit, déi krank, blann, schlamm oder gelähmt waren. Si hunn drop gewaart, datt d'Waasser sech beweege géif.

4 (En Engel ass nämlech ëm eng bestëmmten Zäit an de Baseng erofkomm, fir d'Waasser a Bewegung ze setzen. Deen éischten, deen dunn an d'Waasser komm ass, nodeems et beweegt gi war, gouf du vun der Krankheet geheelt, déi hien hat.)

- 5 Et war e Mann do, dee schonn zënter aachtandrësseg Joer krank war.
- 6 De Jesus huet hien do leie gesinn a gouf gewuer, datt hie scho laang krank war. Du frot hien de Mann: „Wëlls du geheelt ginn?“
- 7 De kranke Mann huet geäntwert: „Här, ech hu keen, dee mir an de Baseng eran hëlleft, wann d’Waasser a Beweegung gesat gëtt. A während ech probéieren, dran ze kommen, geet een anere viru mir eran.“
- 8 „Stéi op, huel deng Matt a géi!“, sot de Jesus zu him.
- 9 Nach op der Plaz gouf de Mann geheelt, huet seng Matt an de Grapp geholl an ass gaangen. Deen Dag warSabbat.
- 10 Du soten d’Judden zum Mann, dee geheelt gouf: „Et ass Sabbat! D’Gesetz erlaabt dir net, deng Matt ze droen.“
- 11 „Deen, dee mech gesond gemaach huet, sot zu mir: ‚Huel deng Matt a géi!‘“, huet hien hinne geäntwert.
- 12 Du frote si hien: „Wien ass dee Mann, deen dir gesot huet, du solls deng Matt huelen a goen?“
- 13 Mee de Mann, dee geheelt gouf, wusst net, wien hie wier, well de Jesus sech wéinst de ville Leit, déi do waren, schonn zeréckgezunn hat.
- 14 Duerno ass de Jesus him amTempel begéint a sot zu him: „Kuck, du goufs geheelt. Dofir sënnege elo net méi, fir datt dir näischt méi Uerges geschitt.“
- 15 De Mann goug vun do fort an huet de Judde verzielt, datt et de Jesus wier, deen hie geheelt hätt.

Liewen duerch de Jong

- 16 D’Judden hunn de Jesus verfollegt a wollten hien ëmbréngen, well hien dat alles um Sabbat gemaach hat.
- 17 „Mäi Papp ass bis elo um Wierk an ech sinn et och“, huet de Jesus geäntwert.
- 18 Dowéinst hunn d’Judden ëmsou méi probéiert, de Jesus ëmzebréngen, well hien net nëmmen de Sabbat gebrach hat, mee och gesot hat, datt Gott säi Papp wier. Esou hat hie sech mat Gott gläichgestallt.
- 19 Dofir huet de Jesus hinne geäntwert: „Ech soen iech d’Wourecht! De Jong kann näischt vu sech aus maachen, ausser hie gesäit de Papp et maachen, well dat, wat de Papp mécht, mécht de Jong genesou.“
- 20 De Papp huet de Jong nämlech gär a weist him alles, wat hie mécht; an hie wäert him méi grouss Dote weise wéi dës, esou datt dir iech wonnere wäert.
- 21 Esou wéi de Papp déi Doudeg operstoe léisst a lieweg mécht, esou mécht och de Jong déi lieweg, déi hie wëllt.

- 22 De Papp riicht nämlech keen, mee huet dem Jong all Uerteel uvertraut,
- 23 fir datt jiddereen dem Jong déiselwecht Eier gött wéi dem Papp. Deen, deen de Jong net éiert, éiert och de Papp net, deen hie geschéckt huet.
- 24 Ech soen iech d'Wourecht! Wie mäi Wuert héiert an deem gleeft, dee mech geschéckt huet, huet éiwegt Liewen. Hie gött net geriicht, mee hien ass vum Doud an d'Liewen eriwergaangen.
- 25 Ech soen iech d'Wourecht! Et kënnt eng Zäit a si ass schonn do, an där déi Doudeg d'Stëmm vu Gott sengem Jong héieren. Déi, déi drop lauschteren, liewen.
- 26 Esou wéi de Papp nämlech Liewen a sech selwer dréit, esou huet hien och dem Jong et ginn, Liewen a sech selwer ze droen.
- 27 De Papp huet him och d'Autoritéit ginn, fir ze riichten, well hien de Jong vum Mënsch ass.
- 28 Wonnert iech net heiriwwer: Et kënnt nämlech eng Zäit, an där all déi, déi an de Griewer sinn, seng Stëmm héieren.
- 29 Da komme si eraus: déi, déi Guddes gemaach hunn, fir an d'Operstéiung vum Liewen an déi, déi Béises gemaach hunn, fir an d'Operstéiung vum Geriicht.
- 30 Aus mir selwer kann ech näischt maachen; ech riichten, esou wéi ech et héieren, a mäin Uerteel ass gerecht, well ech net mäin eegene Wëlle sichen, mee de Wëlle vun deem, dee mech geschéckt huet.

Aussoen iwwert de Jesus

- 31 Wann ech iwwert mech selwer aussoe géif, géif meng Ausso net gëllen.
- 32 Et ass een aneren, deen iwwert mech ausseet, an ech weess, datt d'Ausso, déi hien iwwert mech mécht, wouer ass.
- 33 Dir hutt Leit bei de Jean geschéckt an hien huet iwwert d'Wourecht ausgesot.
- 34 Ech hunn d'Ausso vum Mënsch net néideg, mee ech soen iech dat alles, fir datt dir gerett gitt.
- 35 De Jean war eng Luucht, déi gebrannt a geliicht huet, an dir waart bereet, iech eng Zäitchen u sengem Liicht z'erfreeën.
- 36 Mee meng Ausso huet méi Gewiicht wéi dem Jean seng wéinst de Wierker, déi de Papp mir ginn huet, fir si zu Enn ze bréngen. Dës Wierker, déi ech elo ausféieren, bestätegen, datt de Papp mech geschéckt huet.
- 37 De Papp, dee mech geschéckt huet, huet selwer iwwert mech ausgesot. Dir hutt weder seng Stëmm héieren nach hutt dir jee gesinn, wéi hien ausgesäit.

- 38 Sâi Wuert bleift net an iech, well dir deem, deen hie geschéckt huet, net gleeft.
- 39 Duerchsicht d'Schrëften|Schrëft ! Dir mengt jo, an hinnen éiwegt Liewen ze fannen. Mee grad si sinn et, déi iwwert mech aussoen!
- 40 Dir sidd net gewëllt, bei mech ze kommen, fir Liewen ze kréien.
- 41 Ech huele keng Eier vu Mënschen un.
- 42 Mee ech kennen iech: Dir drot d'Léift vu Gott net an iech.
- 43 Ech sinn am Numm vu mengem Papp komm an dir huet mech net un; mee wann een aneren a sengem eegenen Numm kënnt, deen huet dir un!
- 44 Wéi kënnt dir gleewen, wann dir ee vun deem aneren Eier unhuelt, mee net d'Eier sicht, déi vum eenzege Gott kënnt?
- 45 Mengt net, datt ech iech beim Papp ukloe wäert; deen, deen iech uklot ass de Moses, op deen dir hofft.
- 46 Wann dir dem Moses gleewe géift, da géift dir mir gleewen, well de Moses huet iwwert mech geschriwwen.
- 47 Mee wann dir deem, wat de Moses geschriwwen huet, net gleeft, wéi wëllt dir da menge Wieder gleewen?“

Jean 6

De Jesus gött fënnefdausend Männer z'iessen

Mattias 14,13-21; Marc 6,30-44; Luc 9,10-17

- 1 Duerno gong de Jesus op den aneren Uwänner vum Séi vu Galilea, deen och Séi vun Tiberias heescht.
- 2 Eng grouss Mass vu Leit gong him no, well si d'Zeeche gesinn hunn, déi hien un de Kranke gemaach huet.
- 3 De Jesus ass op e Bierg geklommen an huet sech do mat sengeJénger niddergesat.
- 4 D'Passa, e Fest vun de Judden, stoung virun der Dier.
- 5 Wéi de Jesus opgekuckt huet, huet hien eng Onmass Leit op sech duerkomme gesinn. „Wou kënne mir Brout kafen, fir datt dës Leit eppes z'iessen hunn?“, frot de Jesus de Philippe.
- 6 De Jesus sot dat, fir de Philippe op d'Prouf ze stellen, well hie scho wusst, wat hie maache géif.
- 7 „Brout am Wäert vun zweehonnertDenare|Denar géif emol net duergoen, fir datt jiddereen och nëmmen ee Maufel kréich“, huet de Philippe him geäntwert.

- 8 Ee vu senge Jénger, den Andreas, dem Schimon-Péitrus säi Brudder, sot zu him:
- 9 „Hei ass e klenge Jong, dee fënnf Ruechte|Ruecht Geeschtebrout an zwee Fësch huet, mee wat ass dat scho bei esou ville Leit?“
- 10 „Loosst d’Leit sech setzen“, sot de Jesus. Op där Plaz war vill Gras an d’Männer, ongeféier fënnfdausend, hu sech gesat.
- 11 De Jesus huet d’Brout geholl, Gott dofir Merci gesot an et u seng Jénger verdeelt. Déi hunn et dunn un d’Leit, déi do souzen, weider ausgedeelt. Esou hu si et och mam Fësch gemaach, si hu jidderengem esou vill ginn, wéi hie wollt.
- 12 Wéi jidderee sat war, sot de Jesus zu senge Jénger: „Sammelt d’Broutstécker, déi iwwereg bliwwe sinn, an, fir datt näischt verdierft.“
- 13 An esou hu si d’Stécker vun de fënnf Ruechte Geeschtebrout agesammelt, déi vun deenen, déi giess haten, iwwereg gelooss goufen, an hunn zwielef Kierf gefällt.
- 14 Wéi d’Leit d’Zeechen, dat de Jesus gemaach hat, gesinn hunn, sote si: „Hien ass ganz sécher dee Prophét, deen an d’Welt komme soll.“
- 15 Wéi de Jesus erkannt huet, datt si komme wollten, fir hie mat Gewalt matzehuelen an zum Kinnek ze maachen, huet hie sech nees eleng op de Bierg zeréckgezunn.

De Jesus geet um Waasser

Mattias 14,22-33; Marc 6,45-56

- 16 Géint der Owend gounge seng Jénger bei de Séi erof,
- 17 sinn an enNaache|Naachen geklommen an iwwert de Séi op Kapernaum gefuer. Et war schonn däischer an de Jesus war nach ëmmer net bei hinnen ukomm.
- 18 De Séi gouf duerch e staarke Wand opgewullt.
- 19 Nodeems si ongeféier fënnf bis sechs Kilometer geruddert waren, hu si gesinn, wéi de Jesus iwwert de Séi gaangen an op den Naachen duerkomm ass. Si kruten et mat der Angscht ze dinn.
- 20 „Ech sinn et; hieft keng Angscht!“, huet hie geruff.
- 21 Seng Jénger waren du bereet, hien an den Naachen ze loosse, an eenzock war den Naachen um Uwänner, do wou si hi wollten.
- 22 Den Dag drop hunn d’Leit, déi op der anerer Säit vum Séi bliwwe waren, gemierkt, datt de Jesus net zesumme mat de Jénger an deem eenzege klengen Naachen, deen do war, eriwwer gefuer war, mee datt d’Jénger eleng fortgefuer waren.

23 (Et koumen awer nach aner kleng Naache vun Tiberias an d'Géigend vun där Plaz, wou si d'Brout giess haten, nodeems den Här Gott dofir Merci gesot hat.)

24 Wéi d'Leit du gesinn hunn, datt weder de Jesus nach seng Jénger do waren, si si erëm an hir Naache geklommen a sinn op Kapernaum gefuer, op d'Sich nom Jesus.

De Jesus ass d'Brout vum Liewen

25 Wéi si hien op der anerer Säit vum Séi fonnt hunn, frote si hien: „Rabbi, wéini bass du dann hei ukomm?“

26 De Jesus huet hinne geäntwert: „Ech soen iech d'Wourecht! Dir sicht mech net wéinst den Zeechen, déi dir gesinn hutt, mee well dir vum Brout giess hutt a sat gi sidd.

27 Maacht iech net midd fir dat lessen, dat verdierft, mee fir dat lessen, dat fir d'éiwegt Liewe bleift, dat deJong vum Mënsch iech wäert ginn. Gott, de Papp, huet hien nämlech auserwielt.“

28 Du frote si hien: „Wat musse mir maachen, fir d'Wierker vu Gott och auszeféieren?“

29 „Dat hei ass d'Wierk vu Gott: op deen ze vertrauen, deen hie geschéckt huet!“, huet de Jesus hinne geäntwert.

30 „Wat fir en Zeeche méchs du dann elo, fir datt mir et kënne gesinn an un dech gleewe kënne? Wat fir ee Wierk méchs du?“, frote si hien.

31 „Eis Virfueren huManna an der Wüst giess, esou wéi et geschriwwe steet: ‚Hien huet hinne Brout aus dem Himmel ginn, fir z'iessen.‘“

32 „Ech soen iech d'Wourecht!“, sot de Jesus zu hinnen. „Et war net de Moses, deen iech d'Brout aus dem Himmel ginn huet, mee et ass mäi Papp, deen iech dat richtegt Brout aus dem Himmel gött.

33 D'Brout vu Gott ass nämlech dat, wat vum Himmel erofkënnt, an der Welt Liewe gött.“

34 „Här“, sote si, „gëff eis ëmmer dëst Brout!“

35 „Ech selwer sinn d'Brout, dat Liewe schenkt“, huet de Jesus geäntwert. „Deen, dee bei mech kënnt, gött ni méi hongereg, an deen, deen op mech vertraut, gött ni méi duuschtereg.

36 Ech hunn iech jo awer gesot, datt dir mech gesinn hutt, an trotzdeem vertraut dir net op mech.

37 Jiddereen, deen de Papp mir gött, kënnt bei mech an ech schécke kee fort, dee bei mech kënnt.

- 38 Ech sinn nämlech vum Himmel erofkomm, net fir mäi Wëllen ze maachen, mee fir de Wëlle vun deem ze maachen, dee mech geschéckt huet.
- 39 Dat hei ass de Wëlle vum Papp, dee mech geschéckt huet: datt ech kee vun deenen, déi hie mir ginn huet, verléieren, mee datt ech si um leschten Dag operstoe loossen.
- 40 De Wëlle vum Papp, dee mech geschéckt huet, ass, datt jiddereen, deen de Jong gesäit an op hie vertraut, éiwegt Liewe kritt, an ech loossen hien um leschten Dag operstoen.“
- 41 D’Judden hunn dunn ugefaangen, iwwert hien ze knouteren, well hie gesot hat, datt hien d’Brout ass, dat vum Himmel erofkomm ass:
- 42 „Ass hien net de Jesus, de Jong vum Jousef, deem säi Papp a seng Mamm mir kennen? Wéi kann hien da soen, hie wier vum Himmel erofkomm?“
- 43 „Knoutert net ënnerteneen!“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- 44 „Et kann nämlech kee bei mech kommen, et sief dann hie gëtt vum Papp, dee mech geschéckt huet, ugezunn. Um leschten Dag loossen ech hien operstoen.
- 45 An de Prophéite steet geschriwwen: ‚Si ginn alleguer vu Gott geléiert.‘ Jiddereen, deen dem Papp nolauschtert a vun him léiert, kënnt bei mech.
- 46 Et huet keen de Papp gesinn, ausser deen, dee vu Gott kënnt, deen huet de Papp gesinn.
- 47 Ech soen iech d’Wourecht! Wien u mech gleeft, huet éiwegt Liewen.
- 48 Ech sinn d’Brout vum Liewen.
- 49 Är Virfueren hu Manna an der Wüst giess a si gestuerwen.
- 50 Dat hei ass d’Brout, dat vum Himmel erofkënnt, fir datt een dovunner ësst an net stierft.
- 51 Ech sinn d’liewegt Brout, dat vum Himmel erofkomm ass. Wie vun dësem Brout ësst, leeft éiweg. D’Brout, dat ech ginn, ass mäi Kierper, deen ech fir d’Liewe vun der Welt ginn.“
- 52 D’Judden hunn dofir ënnertenee gestriden: „Wéi kann dëse Mann eis säi Kierper z’iesse ginn?“
- 53 „Ech soen iech d’Wourecht!“, sot de Jesus zu hinnen, „wann dir de Kierper vum Jong vum Mënsch net iesst a säi Blut net drénkt, hutt dir kee Liewen an iech.
- 54 Wie mäi Kierper ësst a mäi Blut drénkt, huet éiwegt Liewen an um leschten Dag loossen ech hien operstoen.
- 55 Mäi Kierper ass nämlech richtegt lessen a mäi Blut ass e richtegen Dronk.

- 56 Wie mäi Kierper ësst a mäi Blut drénkt, bleift a mir an ech an him.
- 57 Esou wéi de liewege Papp mech geschéckt huet an ech wéinst dem Papp liewen, geneesou lieft deen, dee mech ësst, wéinst menger.
- 58 Dat ass d'Brout, dat vum Himmel erofkomm ass. Et ass anescht wéi d'Manna, dat är Virfuere giess hunn, déi gestuerwe sinn. Deen, deen dëst Brout ësst, lieft éiweg.“
- 59 De Jesus sot dat alles, wéi hien an der Synagog zu Kapernaum enseignéiert huet.

Vill Jénger ginn dem Jesus net méi no

- 60 Du sote vill vu senge Jénger, déi dat héieren haten: „Seng Léier ass zimlech haart. Wie kann hir nolauschteren?“
- 61 De Jesus war sech bewusst, datt seng Jénger doriwwer géife knouteren, a sot zu hinnen: „Huelt dir Ustouss un deem, wat ech sot?“
- 62 A wat wier, wann dir de Jong vum Mënsch eropfuere geséicht, an zwar hannescht dohinn, wou hie virdru war?“
- 63 De Geescht schenkt Liewen; de Kierper ass onnëtz. D'Wierder, déi ech iech gesot hunn, si Geescht a Liewen.
- 64 Mee et gëtt en etlech ënnert iech, déi net op mech vertrauen.“ De Jesus wousst nämlech vun Ufank un, wien déi waren, déi net gegleeft hunn, a wien dee war, deen hie verrode géif.
- 65 Hie sot: „Dowéinst sot ech iech, datt kee bei mech komme kann, ausser et gouf him vu mengem Papp ginn.“
- 66 Doropshin hunn der vill vu senge Jénger him de Réck gedréit a sinn him net méi nogaangen.
- 67 Du frot de Jesus déi Zwielef: „Wëllt dir éieren och nach fortgoen?“
- 68 „Här, bei wie sollte mir da goen?“, huet de Schimon-Péitrus geäntwert. „Du hues dach d'Wierder vum éiwege Liewen.“
- 69 Mir gleewen a wëssen, datt s du de Messias bass, de Jong vum liewege Gott.“
- 70 „War ech et net, deen iech Zwielef auserwilt hunn? An dach ass ee vun iech en Däiwel“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- 71 Hien hat vum Judas, dem Jong vum Schimon Ischkariot, geschwat, deen ee vun den Zwielef war an hie spéider verrode sollt.

Jean 7

De Jesus geet op d'Hüttest

- 1 Duerno gong de Jesus duerch Galilea. Hie wollt nämlech net duerch Judea goen, well d'Judden do probéiert hunn, hien ëmzebréngen.
- 2 Et war kuerz virum jüddeschen Hüttest .
- 3 Dofir sote seng Bridder zu him: „Verlooss dës Géigend a géi a Judea, fir datt och dengJénger deng Wierker kënne gesinn.
- 4 Kee mécht nämlech eppes heemlech, wann hien ëffentlech bekannt wëllt ginn. Wann s du dat alles méchs, da weis dech der Welt.“
- 5 Souguer seng Bridder hunn net op hie vertraut.
- 6 Du sot de Jesus zu hinnen: „Meng Zäit ass nach net komm, mee är Zäit ass ëmmer do.
- 7 D'Welt kann iech net haassen, mee mech haast se, well ech bezeien, datt hir Wierker béis sinn.
- 8 Gitt dir op d'Fest. Ech ginn nach net op d'Fest, well meng Zäit nach net erfëllt ass.“
- 9 Nodeems hien dat gesot hat, blouf hien a Galilea.
- 10 Mee nodeems seng Bridder sech op de Wee fir op d'Fest gemaach haten, gong de Jesus och op d'Fest, net ëffentlech, mee heemlech.
- 11 Um Fest hunn d'Judden no him gesicht. „Wou ass hien?“, frote si.
- 12 Ënnert de Leit hu sech der vill iwwert hie beklot. Verschiddener soten: „Hien ass e gudde Mënsch“, mee anerer soten: „Nee, am Géigendeel, hie féiert d'Leit ir.“
- 13 Et huet awer keen eppes ëffentlech iwwert hie gesot, well si Angscht virun de Judden haten.

De Jesus léiert d'Leit um Fest

- 14 Ongeféier an der Halschent vum Fest gong de Jesus an den Tempel erop an huet do enseignéiert.
- 15 D'Judden hu sech gewonnert a soten: „Wéi ass et méiglech, datt hien esou vill vun der Schrëft weess, obschonn hien ni studéiert huet?“
- 16 De Jesus huet hinne geäntwert: „Meng Léier ass net meng eegen; si ass vun deem, dee mech geschéckt huet.
- 17 Wien de Wëlle vu Gott maache wëllt, erkennt un der Léier, ob se vu Gott kënnt oder ob ech vu mir aus schwätzen.

- 18 Wie vu sech aus schwätzt, sicht seng eegen Eier. Mee wien deen éiere wëllt, deen hie geschéckt huet, seet d'Wourecht an et gëtt keng Ongerechtegkeet an him.
- 19 Huet de Moses iech net d'Gesetz ginn? Et hält awer kee vun iech sech drun. Firwat probéiert dir mech ëmzebréngen?"
- 20 „Du hues en Dämon an dir“, hunn d'Leit geäntwert, „wie wëllt dech dann ëmbréngen?“
- 21 „Ech hat een eenzegt Wierk gemaach an dir waart all verwonnert“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- 22 „De Moses hat iech d'Beschneidung ginn (och wa si net vum Moses koum, mee vun de Patriarchen) an dofir beschneit dir e Mann och umSabbat.
- 23 Wann dir e Mann um Sabbat beschneit, fir d'Gesetz vum Moses net ze brieche, firwat sidd dir da mat mir rosen, well ech e Mann um Sabbat ganz geheelt hunn?
- 24 Riicht net nom baussechte Schäin, mee riicht mat engem gerechten Uerteel.“

Ass de Jesus de Messias

- 25 Du sote munch Leit vu Jerusalem: „Ass hien net de Mann, dee si wëllen ëmbréngen?“
- 26 Kuckt! Hie schwätzt hei esou couragéiert a si loossen hie gewäerden. D'Autoritéite wäerten dach net éieren erkannt hunn, datt hie wierklech deMessias ass?
- 27 Mir wëssen nämlech, wou dëse Mann hierkënnt, mee wann de Messias kënnt, da weess keen, wou deen hierkënnt.“
- 28 Wéi de Jesus am Tempel geléiert huet, huet hie geruff: „Dir kennt mech a wësst, wou ech hierkommen. Ech sinn net vu mir selwer aus komm, mee deen, dee mech geschéckt huet, gëtt et wierklech an dir kennt hien net.
- 29 Ech kennen hien, well ech vun him kommen, an hien huet mech geschéckt.“
- 30 Dunn hu si probéiert, hie festzehuelen, mee et huet keen Hand un hie geluecht, well seng Zäit nach net komm war.
- 31 Vun de Leit hunn der vill op hie vertraut a si soten: „Wann de Messias kënnt, wäert deen dann éiere méi Zeeche maache wéi deen heite Mann?“
- 32 D'Pharisäer hunn d'Leit dat alles iwwert hie pësperen héieren. Doropshin hunn d'Pharisäer an d'iewescht Priister Tempelwiechter bei hie geschéckt, fir hie festzehuelen.

- 33 „Ech sinn nëmmen nach eng kuerz Zäit bei iech an da ginn ech bei deen hannescht, dee mech geschéckt huet“, sot de Jesus zu hinnen.
- 34 „Da sicht dir mech, mee dir fannt mech net. Do, wou ech sinn, kënt dir net hikommen.“
- 35 D’Judden hunn een zum anere gesot: „Wou wëllt hien dann higoen, datt mir hien net fanne sollten? Huet hie wëlles, an d’Diaspora ënnert d’Griichen ze goen an och nach d’Griichen z’enseignéieren?“
- 36 Wat mengt hien domat, wann hie seet: ‚Da sicht dir mech, mee dir fannt mech net. Do, wou ech sinn, kënt dir net hikommen?‘“
- 37 Um leschten Dag vum Fest, dem wichtegsten Dag, stoung de Jesus op an huet haart geruff: „Wien duuschtereg ass, soll bei mech kommen an drénken!“
- 38 Wien op mech vertraut, ‚aus sengem Wiese fléisse Flëss vu liewegem Waasser‘, esou wéi et an der Schrëft steet.“
- 39 Heimat huet hien de Geescht gemengt, deen déi kréie géifen, déi op hie vertrauen. Den hellege Geescht gouf jo nach net ginn, well de Jesus nach net verherrlecht gi war.
- 40 Nodeems si déi Wieder héieren haten, sote vill vun de Leit: „Deen hei ass ganz sécher de Prophét!“
- 41 Aner Leit soten: „Hien ass de Messias.“ Nach anerer soten: „De Messias ka jo awer net aus Galilea kommen?“
- 42 Seet d’Schrëft net, datt de Messias vum Nokomme vum David an aus dem Duerf Betlehem kënt, wou den David hierkoum?“
- 43 Dofir waren d’Leit sech wéinst dem Jesus senger oneens.
- 44 Munch Leit wollten hie festhuelen, mee et huet keen Hand un hie geluecht.

D’Pharisäer gleewen net

- 45 Wéi d’Tempelwiechter bei d’iewescht Priister a bei d’Pharisäer zeréckkouden, froten déi si: „Firwat hutt dir hien net matbruecht?“
- 46 D’Tempelwiechter hu geäntwert: „Nach ni huet e Mann esou wéi deen heite geschwat!“
- 47 „Sidd dir och irgeféiert ginn?“, froten d’Pharisäer.
- 48 „Huet iergendee vun den Autoritéiten oder vun de Pharisäer op hie vertraut?“
- 49 Mee dës Volleksmass, déi d’Gesetz net kennt, ass verflucht!“
- 50 Den Nikodemos, ee vun hinnen, deen eng Kéier nuets bei de Jesus gaange war, sot zu hinnen:

51 „Gëtt e Mënsch vun eisem Gesetz veruerteelt, éier hie verhéiert an erausfonnt ginn ass, wat hie gemaach huet?“

52 Si hu geäntwert: „Kënns du éieren och aus Galilea? Sich an der Schrëft no! Da gesäis du, datt e Prophéit net aus Galilea kënnt!“

Eng Fra, déi friemgaangen ass

53 Dunn ass jidderee bei sech heemgaangen.

Jean 8

1 Doropshi giong de Jesus op den Olivebierg.

2 Fréi den nächste Muere giong hien nees hannescht an den Tempel ; d'Leit sinn all bei hie komm an hien huet sech gesat a si geléiert.

3 D'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz an d'Pharisäerhunn eng Fra bei hie bruecht, déi erwëscht gouf, wéi si friemgaangen ass. Si hunn d'Fra matzen ënnert d'Leit gestallt

4 a soten zum Jesus: „Rabbi, dës Fra gouf dobäi erwëscht, wéi si friemgaangen ass.

5 Am Gesetz huet de Moses eis den Uerder ginn, fir esou eng Fra ze stengegen. Mee wat sees du dozou?“

6 Si hunn dat gefrot, well si hien op d'Prouf stelle wollten, fir datt si eppes hätten, fir hien ze beschëllegen. Mee de Jesus huet sech gebéckt a mam Fanger op de Buedem geschriwwen, ouni si ze beuechten.

7 Wéi si net opgehale hunn, hien ze froen, huet hie sech opgeriicht a sot zu hinnen: „Deen, dee keng Sënn huet, soll als éischten e Steen op si geheien.“

8 Hien huet sech erëm gebéckt an op de Buedem geschriwwen.

9 Wéi si dat héieren hunn, goufe si vun hirem Gewëssen ugeklot a si gongen een nom anere fort, ugefaange vum Eelste bis op dee Leschten. De Jesus gouf eleng mat der Fra, déi an der Mëtt stoung, zeréckgelooss.

10 De Jesus huet sech opgeriicht, huet keen ausser der Fra gesinn a sot zu hir: „Fra, wou sinn déi, déi dech ukloen? Huet iergendeen dech veruerteelt?“

11 Si huet geäntwert: „Keen, Här.“ De Jesus huet geäntwert: „Ech veruerteelen dech och net. Géi a sënneg elo net méi.“

Dem Jesus seng Ausso ass wouer

12 De Jesus huet nach eng Kéier mat de Leit geschwat: „Ech sinn d'Liicht vun der Welt. Wie mir noheet, geet net an der Däischtert, mee kritt d'Liicht vum Liewen.“

- 13 Du soten d'Pharisäer zu him: „Du sees iwwert dech selwer aus. Deng Ausso gëllt net!“
- 14 „Och wann ech selwer iwwert mech aussoen, gëllt meng Ausso, well ech weess, vu wou ech kommen a wou ech higinn“, huet de Jesus geäntwert. „Mee dir wësst net, vu wou ech kommen a wou ech higinn.“
- 15 Dir riicht no mënschleche Kritären, ech riichte keen.
- 16 Wann ech riichten, gëllt mäin Uerteel, well ech net eleng sinn, mee mam Papp, dee mech geschéckt huet.
- 17 An ärem Gesetz steet geschriwwen, datt d'Ausso vun zwee Leit gëllt .
- 18 Ech sinn ee vun deenen zwee, deen iwwert mech ausseet, an de Papp, dee mech geschéckt huet, seet och iwwert mech aus.“
- 19 Du frote si hien: „Wou ass däi Papp?“ „Dir kennt weder mech nach mäi Papp“, huet de Jesus geäntwert. „Wann dir mech géift kennen, da géift dir och mäi Papp kennen.“
- 20 De Jesus sot dës Wieder, wéi hien no bei den Afferstäck vum Tempel enseignéiert huet, mee et huet keen hie festgeholl, well seng Zäit nach net komm war.
- 21 Nees eng Kéier sot hien zu hinnen: „Ech gi fort an da sicht dir mech, mee dir stierft an ärer Sënn. Do, wou ech higinn, kënnt dir net hikommen.“
- 22 Du soten d'Judden: „Wëll hie sech éieren d'Liewen huelen? Hie seet nämlech: ‚Do, wou ech higinn, kënnt dir net hikommen.‘“
- 23 „Dir kommt vun ënnen, ech komme vun uewen; dir sidd vun dëser Welt, ech sinn net vun dëser Welt“, sot hien zu hinnen.
- 24 „Dowéinst hunn ech iech gesot, datt dir an äre Sënne stierft. Wann dir nämlech net gleeft, datt ech et sinn, da stierft dir an äre Sënnen.“
- 25 Doropshi frote si hien: „Wie bass du dann?“ „Ma genee deen, deen ech vun Ufank u gesot hunn“, huet de Jesus geäntwert.
- 26 „Ech hu vill iwwert iech ze soen a vill ze riichten. Mee deen, dee mech geschéckt huet, ass vertrauenswierdeg, an ech soen der Welt all dat, wat ech vun him héieren hunn.“
- 27 Si hunn net verstanen, datt hien hinne vum Papp geschwat huet.
- 28 Dofir sot de Jesus zu hinnen: „Wann dir deJong vum Mënsch héichhieft, da wësst dir, datt ech et sinn. Ech maachen näischt vu mir aus, mee ech soen all dat, wat mäi Papp mech geléiert huet.“
- 29 Deen, dee mech geschéckt huet, ass bei mir. De Papp léisst mech net eleng, well ech ëmmer dat maachen, wat him gefält.“

30 Wéi hien dës Wierder sot, hu vill Leit op hie vertraut.

D'Nokomme vum Abraham

31 De Jesus sot zu de Judden, déi op hie vertraut hunn: „Wann dir a mengem Wuert bleift, da sidd dir wierklech mengJénger.

32 Dir kennt dann d'Wourecht an d'Wourecht mécht iech fräi.“

33 „Mir sinn dem Abraham seng Nokommen a goufen nach ni vun iergendengem versklaavt. Wéi kanns du soen, datt mir befreit ginn?“, hu si geäntwert.

34 „Ech soen iech d'Wourecht!“, huet de Jesus hinne geäntwert. „Jiddereen, dee sënnegt, ass e Sklav vun der Sënn.

35 E Sklav bleift net éiweg am Stot, mee de Jong bleift éiweg am Stot.

36 Wann de Jong iech befreit, da sidd dir wierklech befreit.

37 Ech weess, datt dir dem Abraham seng Nokomme sidd, mee dir probéiert mech ëmzebréngen, well meng Wierder keng Plaz an iech fannen.

38 Ech soen iech dat, wat ech bei mengem Papp gesinn hunn, an dir maacht dat, wat dir bei ärem Papp gesinn hutt.“

39 „Eise Papp ass den Abraham!“, hu si geäntwert. „Wann dir dem Abraham seng Nokomme wiert, da géift dir dem Abraham seng Wierker maachen“, sot de Jesus zu hinnen.

40 „An elo probéiert dir, mech ëmzebréngen, e Mënsch, deen iech d'Wourecht gesot huet, déi hie vu Gott héieren huet. Den Abraham huet dat net gemaach!

41 Dir maacht ärem Papp seng Wierker.“ „Mir goufen net aus der Hourerei gebuer! Mir hunn ee Papp, Gott!“, sote si zu him.

D'Kanner vum Däiwel

42 „Wa Gott äre Papp wier, dann hätt dir mech gär, well ech goug vu Gott fort a koum heihinner“, huet de Jesus hinne geäntwert. „Ech koum nämlech net vu mir aus, mee et war hien, dee mech geschéckt huet.

43 Firwat verstitt dir net, wat ech iech soen? Well dir net amstand sidd, fir deem, wat ech soen, nozelauschten!

44 Dir kommt vun ärem Papp, dem Däiwel, an dir wëllt dat maachen, wat äre Papp begiert. Hie war vun Ufank un e Mäerder an hie lieft net an der Wourecht, well et keng Wourecht an him gëtt. Wann hie litt, da seet hien, wat aus sech kënnt, well hien e Ligen an de Papp vun de Ligen ass.

45 Mee well ech d'Wourecht soen, vertraut dir mir net.

46 Wie vun iech ka beweisen, datt ech sënnege? Wann ech d'Wourecht soen, firwat vertraut dir mir dann net?

47 Deen, dee vu Gott ass, héiert dat, wat Gott seet; an dir lauschtert net, well dir net vu Gott sidd.“

Éier et den Abraham gouf, sinn ech

48 D'Judden hunn him geäntwert: „Hu mir dann net Recht, wa mir soen, datt s du eSamariter bass an en Dämon hues?“

49 „Ech hu keen Dämon!“, huet de Jesus geäntwert. „Ech éiere mäi Papp, mee dir entéiert mech.“

50 Ech sichen net meng eegen Herrlechkeet. Et gött een, dee se sicht an dee riicht.

51 Ech soen iech d'Wourecht! Wie mäi Wuert anhält, gesäit den Doud iwwerhaapt ni.“

52 Du soten d'Judden zu him: „Lo wësse mir, datt s du en Dämon hues! Den Abraham ass gestuerwen an och d'Prophéiten an du sees: ‚Wie mäi Wuert anhält, schmaacht den Doud iwwerhaapt ni.‘

53 Bass du éiere méi grouss wéi eise Papp, den Abraham, dee gestuerwen ass? D'Prophéite sinn och gestuerwen. Fir wien häls du dech?“

54 „Wann ech mech selwer éieren, ass meng Éier näischt wäert“, huet de Jesus geäntwert. „Et ass mäi Papp, dee mech éiert a vun deem dir sot, datt hien äre Gott wier,

55 an dir kennt hien emol net. Ech kennen hien awer a wann ech géif soen, ech géif hien net kennen, da wier ech e Ligener wéi dir. Mee ech kennen hien an hale säi Wuert an.

56 Äre Papp Abraham huet jubiléiert, fir mäin Dag ze gesinn. Hien huet e gesinn a war frou.“

57 „Du bass emol keng fofzeg Joer al an du wëlls den Abraham scho gesinn hunn?“, soten d'Judden zu him.

58 „Ech soen iech d'Wourecht!“, sot de Jesus zu hinnen. „Éier et den Abraham gouf, sinn ech!“

59 Dunn hu si Steng opgeraf, fir op hien ze geheien, mee de Jesus huet sech verstoppt an den Tempel verlooss an, andeems hien duerch hir Mëtt gong, ass hien hinnen entkomm.

Jean 9

De Jesus heelt e Mann, dee vu Gebuert u blann war

1 Wéi de Jesus laanschtgong, huet hien e Mann gesinn, dee vu Gebuert u blann war.

- 2 SengJénger froten hien: „Rabbi, wien huet gesënnegt, dëse Mann oder seng Elteren, datt hie blann op d'Welt koum?“
- 3 „Weder de Mann nach seng Elteren hu gesënnegt“, huet de Jesus hinne geäntwert. „Dat ass geschitt, fir datt d'Wierker vu Gott duerch hie kéinten offenbar ginn.“
- 4 Esoulaang et hell ass, muss ech d'Wierker vun deem maachen, dee mech geschéckt huet. D'Nuecht kënnt an da ka kee méi schaffen.“
- 5 Esoulaang ech an der Welt sinn, sinn ech d'Liicht vun der Welt.“
- 6 Nodeems hien dat gesot hat, huet hien op de Buedem gespaut a mam Spaut Bräi gemaach. Hien huet de Bräi op d'Ae vum Blanne geschmiert
- 7 a sot zu him: „Géi a wäsch dech am Baseng vu Schiloach.“ (Iwwersat heescht Schiloach „geschéckt“.) Du goug hien dohin, fir sech ze wäschen, a wéi hien zeréckkoum, konnt hie gesinn!
- 8 Seng Noperen an déi, déi virdu gesinn haten, datt hie blann wier, froten: „Ass dat net deen, dee fréier do souz, fir ze heeschen?“
- 9 Munch Leit soten: „Jo, dat ass en.“ Anerer soten: „Nee, hie gläicht him just.“ De Mann selwer awer huet sech drop behaupt: „Ech sinn et!“
- 10 Dofir frote si hien: „Wéi goufen dir d'Aen opgemaach?“
- 11 „De Mann, dee Jesus genannt gëtt, huet Bräi gemaach a mir en op d'Ae geschmiert“, huet hie geäntwert. „Hie sot zu mir: ‚Géi bei de Baseng vu Schiloach a wäsch dech.‘ Also sinn ech dohi gaangen, hu mech gewäsch an du konnt ech gesinn.“
- 12 „Wou ass hien?“, frote si. „Ech weess et net“, huet hie geäntwert.

D'Pharisäer ermëttelen d'Heelung vum Blannen

- 13 Si hunn de Mann, dee virdu blann war, bei d'Pharisäer bruecht.
- 14 (Deen Dag, op deem de Jesus de Bräi gemaach hat an dem Mann d'Aen opgemaach hat, war eSabbat.)
- 15 Dunn hunn och d'Pharisäer hien nach gefrot, wéi et dozou koum, datt hie kéint gesinn. Hien huet hinne geäntwert: „Hien huet Bräi op meng Ae geschmiert, ech hu mech gewäsch an elo gesinn ech.“
- 16 Doropshi sote munch Pharisäer: „Dëse Mann ass net vu Gott, well hien hält de Sabbat net an.“ Mee anerer soten: „Wéi kann e Mann, deen e Sënner ass, esou Zeeche maachen?“ Esou ware si gedeelter Meenung.
- 17 Si hunn de blanne Mann nach eng Kéier gefrot: „Wat hues du iwwert deen ze soen, deen dir d'Aen opgemaach huet?“ „Hien ass e Prophét“, huet hie geäntwert.

- 18 D'Judden hunn him awer net gegleeft, datt hie virdu blann war an elo konnt gesinn, bis si d'Eltere vun deem geruff hunn, deen elo konnt gesinn.
- 19 Si frote si: „Ass dat hei äre Jong, vun deem dir sot, datt hie blann op d'Welt koum? Wéi ass et méiglech, datt hien elo gesäit?“
- 20 Seng Elteren hunn hinne geäntwert: „Mir wëssen, datt hien eise Jong ass an datt hie blann op d'Welt koum,
- 21 mee mir wëssen net, wéi et méiglech ass, datt hien elo gesäit, a mir wëssen och net, wie seng Aen opgemaach huet. Frot hien. Hien ass al genuch a ka fir sech selwer schwätzen.“
- 22 (Seng Eltere soten dat alles, well si Angscht virun de Judden haten. D'Judden haten nämlech schonn entscheet, jiddereen aus der Synagog auszeschléissen, dee géif zouginn, datt de Jesus deMessias wier.
- 23 Dowéinst sote seng Elteren: „Hien ass al genuch, frot hien.“)
- 24 Si hunn de Mann, dee virdu blann war, eng zweete Kéier bei sech geruff a soten zu him: „Gëff Gott d'Éier, andeems du d'Wourecht sees ! Mir wëssen, datt dëse Mann e Sënner ass.“
- 25 „Ob hien e Sënner ass, dat weess ech net“, huet hie geäntwert. „Eppes weess ech awer: Ech war blann, mee elo gesinn ech.“
- 26 Du frote si hien nees: „Wat huet hie mat dir gemaach? Wéi huet hien dir d'Aen opgemaach?“
- 27 „Ech hunn iech dat dach scho gesot“, huet hie geäntwert, „an dir hutt net nogelauschtert. Firwat wëllt dir et dann nach eng Kéier héieren? Wëllt dir dann éiere seng Jénger ginn?“
- 28 Si hunn hie vernannt: „Du bass säi Jénger, mee mir sinn dem Moses seng Jénger.
- 29 Mir wëssen, datt Gott mam Moses geschwat huet, mee mir wëssen emol net, wou dëse Mann hierkënt.“
- 30 „Dat ass awer verwonnerlech!“, huet de Mann hinne geäntwert. „Dir wësst net, vu wou hien hierkënt, an dach huet hie mir d'Aen opgemaach.
- 31 Mir wëssen, datt Gott net op d'Sënner héiert. Mee wie Gott ubiet a säi Wëlle mécht, op deen héiert Gott.
- 32 Zënter dem Ufank vun der Welt huet nach ni een dovunner héieren, datt iergendeen engem d'Aen opgemaach huet, dee blann op d'Welt koum.
- 33 Wann dëse Mann net vu Gott wier, kéint hien näischt maachen.“
- 34 „Du goufs ganz an der Sënn gebuer an du wëlls eis beléieren?“, hu si him geäntwert. Doropshin hu si hien erausgehäit.

De Jesus kënnt, fir ze riichten

- 35 Wéi de Jesus héieren huet, datt hien erausgehät gouf, huet hien de Mann opgesicht an hie gefrot: „Gleefs du un de Jong vu Gott?“
- 36 „Wien ass hien, Här, fir datt ech un hie gleewe kann?“, huet hie geäntwert.
- 37 „Du hues hie gesinn“, sot de Jesus zu him. „Et ass deen, dee mat dir schwätzt.“
- 38 „Här, ech gleewen“, sot hien an huet hien ugebiet.
- 39 „Ech sinn an dës Welt komm, fir ze riichten, fir datt déi, déi net gesinn, gesinn, an déi, déi gesinn, blann ginn“, sot de Jesus.
- 40 Munch Pharisäer, déi nobäi stoungen, hunn hien héieren dat soen an hunn hie gefrot: „Si mir éieren och blann?“
- 41 „Wann dir blann wiert, dann hätt dir keng Sënn. Dir sot awer elo: ‚Mir gesinn!‘, an dofir bleift är Sënn“, sot de Jesus zu hinnen.

Jean 10

Den Hiert a seng Häerd

- 1 „Ech soen iech d’Wourecht! Deen, deen net duerch d’Paart bei d’Schof an d’Perch erageet, mee anzwousch anescht eraklëmmt, ass en Déif an e Brigang.“
- 2 Mee deen, deen duerch d’Paart erageet, ass den Hiert vun de Schof.
- 3 De Wiechter mécht him d’Paart op an d’Schof héieren op seng Stëmm. Hie rífft d’Schof, déi him gehéieren, mam Numm a féiert si eraus.
- 4 Wann hie seng eege Schof erausféiert, geet hie virun hinnen an d’Schof ginn him no, well si seng Stëmm kennen.
- 5 Si ginn op kee Fall engem Friemen no, mee lafe virun him fort, well si deene Friemen hir Stëmm net kennen.“
- 6 De Jesus huet hinnen dëst Gläichnes verzielt, mee si hunn net verstanen, vu wat hien hinne géif schwätzen.
- 7 Weiderhi sot de Jesus zu hinnen: „Ech soen iech d’Wourecht! Ech sinn d’Paart fir d’Schof.“
- 8 All déi, déi viru mir koumen, waren Déif a Brigangen, mee d’Schof hunn net op si gelauschtert.
- 9 Ech sinn d’Paart. Wien duerch mech erakënnt, dee gëtt gerett. Hie geet eran an eraus a fënnt Weed.

- 10 En Déif kënnt nëmmen, fir ze klauen, fir ze schluechten a fir ze zerstéieren. Ech si komm, fir datt si Liewen hunn an et am Iwwerfloss hunn.
- 11 Ech sinn de gudden Hiert. De gudden Hiert gëtt säi Liewen hier fir d'Schof.
- 12 Mee den Doléiner, deen net den Hiert ass, an deem d'Schof net gehéieren, verléisst d'Schof a leeft fort, wann hien de Wollef komme gesäit. Da fält de Wollef iwwert d'Schof hier a verspreecht se.
- 13 En Doléiner leeft fort, well hie just den Doléiner ass an d'Schof him egal sinn.
- 14 Ech sinn de gudden Hiert. Ech kenne meng Schof a meng Schof kenne mech.
- 15 Esou wéi de Papp mech kennt, esou kennen ech och mäi Papp. Ech gi mäi Liewen hier fir d'Schof.
- 16 Ech hunn och nach aner Schof, déi net aus dëser Perch sinn. Och si muss ech leeden a si lauschteren op meng Stëmm. Da gëtt et eng eenzeg Häerd an een Hiert.
- 17 Aus dësem Grond huet de Papp mech gär: Ech gi mäi Liewen hier, fir et nees zeréckzehuelen.
- 18 Keen hält mir et ewech, ech ginn et fräiwëlleg. Ech hunn d'Muecht, et hierzeginn an ech hunn d'Muecht, et nees zeréckzehuelen. Dësen Uerder krut ech vu mengem Papp.“
- 19 Wéinst dëser Ried waren d'Judden erëm gedeelter Meenung.
- 20 Vill vun hinne soten: „Hien huet en Dämon an ass geckeg! Firwat lauschtert dir op hien?“
- 21 Anerer soten: „Esou schwätzt keen, deen en Dämon huet. Kann dann en Dämon d'Ae vun engem Blannen opmaachen?“

D'Judde gleewen net

- 22 Et war d'Joreszäit, an där et reent, a grad d'Fest vun der Wei zu Jerusalem.
- 23 De Jesus gong am Tempel duerch d'Hal vum Salomon.
- 24 Dunn hunn d'Judde sech ronderëm hie gestallt an hie gefrot: „Wéi laang spans du eis nach op d'Folter? Wann s du de Messias bass, da so eis et riicht eraus!“
- 25 De Jesus huet geäntwert: „Ech hunn iech et scho gesot, mee dir gleeft mir nach ëmmer net. D'Wierker, déi ech a mengem Papp sengem Numm maachen, soen iwwert mech aus.“

- 26 Dir gleeft awer net, well dir net meng Schof sidd, esou wéi ech iech et scho gesot hunn.
- 27 Meng Schof lauschteren op meng Stëmm. Ech kenne si a si gi mir no.
- 28 Ech ginn hinnen éiweg Liewen a si gi weder an der Éiwegkeet verluer nach rappt ee si aus menger Hand.
- 29 Mäi Papp, dee mir si ginn huet, ass méi grouss wéi jiddereen an et ka kee si aus mengem Papp senger Hand rappen.
- 30 Ech an de Papp sinn eent.“
- 31 Doropshin hunn d’Judden nees eng Kéier Steng opgeraf, fir hien ze stengegen.
- 32 „Ech hunn iech vill gutt Wierker vu mengem Papp gewisen. Wéinst wéi engem wëllt dir mech stengegen?“, frot de Jesus si.
- 33 „Mir stengegen dech net wéinst engem gudde Wierk, mee wéinst Gotteslästerung, well s du, deen s du nëmme e Mënsch bass, dech zu Gott méchs“, hunn d’Judden him geäntwert.
- 34 De Jesus huet hinnen zeréckgeäntwert: „Steet net an ärem Gesetz: ‚Ech sot: ‚Dir sidd Gëtter‘“?
- 35 Wann hien déijéineg, déi d’Wuert vu Gott kruten, Gëtter nennt (an d’Schrëft kann net opgehewe ginn),
- 36 wéi kënnt dir dann deem, deen de Papp gehellegt an an d’Welt geschéckt huet, soen: ‚Du lästers Gott!‘, nëmme well ech gesot hunn: ‚Ech sinn de Jong vu Gott‘?
- 37 Wann ech net mengem Papp seng Wierker maachen, da gleeft mir net.
- 38 Mee wann ech se maachen a wann dir mir och net gleeft, da gleeft un d’Wierker, fir datt dir wëssen an drop vertraue kënnt, datt de Papp a mir ass an ech am Papp sinn.“
- 39 Doropshin hu si nees probéiert, hie festzehuelen, mee hien ass hinnen entkomm.
- 40 De Jesus goug erëm fort op déi aner Säit vum Jordan, op déi Plaz, wou de Jean am Ufank gedeeft hat, an hien ass eng Zäitchen do bliwwen.
- 41 Et sinn der vill bei hie komm a soten: „De Jean huet zwar keng Zeeche gemaach, mee alles, wat de Jean iwwert dëse Mann gesot huet, ass wouer.“
- 42 Vill Leit hunn do op hie vertraut.

Jean 11

De Lazarus stierft

- 1 E Mann, dee Lazarus geheescht huet, war krank. Hien huet zu Betanien gewunnt, dat Duerf, wou och d'Maria a seng Schwëster, d'Marta, gelieft hunn.
- 2 Hatt war dat Maria, dat den Här mat Essenz gesalleft a seng Féiss mat sengen Hoer gedréchent hat. De Lazarus (deen, dee krank war) war säi Brudder.
- 3 Dofir hunn d'Schwëstere dem Jesus eng Noriicht zoukomme gelooss: „Här, lauschter! Deen, deen s du gär hues, ass krank!“
- 4 Wéi de Jesus dat héieren huet, sot hien: „Dës Krankheet féiert net zum Doud, mee ass fir d'Verherrlechung vu Gott, fir datt de Jong vu Gott doduerch verherrlecht gëtt.“
- 5 De Jesus hat d'Marta, deem seng Schwëster an de Lazarus gär.
- 6 Wéi de Jesus héieren huet, datt de Lazarus krank wier, ass hien nach zwee Deeg op d'ärselwechter Plaz bliwwen.
- 7 Dunn, no dësen zwee Deeg, sot hien zu senger Jénger: „Loosst eis hannescht a Judea goen.“
- 8 „Rabbi“, hunn d'Jénger geäntwert, „viru kuerzem wollten d'Judden dech do nach stengegen an du wëlls nees dohinner hannescht?“
- 9 De Jesus huet geäntwert: „Huet den Dag net zwielef Stonnen? Wien dagsiwwer geet, deen trëllt net, well hien d'Liicht vun dëser Welt gesäit;
- 10 wien awer nuetsiwwer geet, deen trëllt, well d'Liicht net an him ass.“
- 11 Nodeems hien dat alles gesot hat, sot hie weider: „Eise Frënd Lazarus ass ageschlof, mee ech ginn dohin, fir hien nees waakreg ze maachen.“
- 12 „Här, wann hien ageschlof ass, da gëtt hien nees gesond“, sote seng Jénger zu him.
- 13 De Jesus huet awer vu sengem Doud geschwat, mee si hu gemengt hien hätt vum gewéinleche Schlof geschwat.
- 14 Du sot de Jesus riicht eraus zu hinnen: „De Lazarus ass dout.“
- 15 Wéinst ärer sinn ech frou, datt ech net do war, fir datt dir gleewe kënn. Mee kommt, mir ginn elo bei hien.“
- 16 Den Thomas, deen Zwilling genannt gouf, sot zu den anere Jénger: „Kommt, loosst eis matgoen, da kënnen mir wéinstens zesumme mat him stierwen!“

De Jesus tréischt d'Schwëstere

- 17 Wéi de Jesus ukoum, ass hie gewuer ginn, datt de Lazarus scho véier Deeg am Graf louch.
- 18 Betanien louch no bei Jerusalem, just dräi Kilometer dovun ewech.
- 19 Vill vun de Judde ware bei d'Marta an d'Maria komm, fir si wéinst hirem Brudder ze tréischten.
- 20 Wéi d'Marta héieren huet, datt de Jesus komme géif, ass hatt him entgéintgaangen. D'Maria ass awer am Haus sëtze bliwwen.
- 21 „Här“, sot d'Marta zum Jesus, „wann s du hei gewiescht wiers, da wier mäi Brudder net gestuerwen.“
- 22 Mee ech weess, wann s du och elo eppes vu Gott frees, datt Gott dir alles gëtt.“
- 23 „Däi Brudder wäert operstoen“, sot de Jesus zu him.
- 24 „Ech weess, datt hie bei der Operstéiung um leschten Dag opersteet“, huet d'Marta geäntwert.
- 25 De Jesus sot zu him: „Ech sinn d'Operstéiung an d'Liewen. Wien op mech vertraut, lieft, och wann hie stierft.“
- 26 Jiddereen, dee lieft an op mech vertraut, stierft ni. Gleefs du dat?“
- 27 „Jo, Här“, sot hatt, „ech gleewen, datt s du deMessias bass, de Jong vu Gott, deen an d'Welt komme soll.“
- 28 Nodeems hatt dat gesot hat, ass hatt hanneschtgaangen an huet heemlech seng Schwëster geruff: „De Rabbi ass hei a rifft dech.“
- 29 Wéi d'Maria dat héieren huet, ass hatt séier opgestanen a bei hie gaangen.
- 30 De Jesus war nach net bis an d'Duerf erakomm, mee war nach ëmmer op där Plaz, wou d'Marta him begéint war.
- 31 D'Judden, déi mam Maria am Haus waren, fir hatt ze tréischten, hu gesinn, wéi hatt séier opstoung an erausgoung. Doropshi gounge si him no, well si sech soten, datt hatt bei d'Graf kräische géif goen.
- 32 Wéi d'Maria bei de Jesus koum an hie gesinn huet, ass hatt viru senge Féiss op de Buedem gefall a sot: „Här, wann s du hei gewiescht wiers, da wier mäi Brudder net gestuerwen.“
- 33 Wéi de Jesus hatt an d'Judden, déi bei him waren, kräische gesinn huet, war hien a sengem Geescht zudéifst beweegt an opgewullt.
- 34 „Wou hutt dir hie begruewen?“, frot hien. „Här, komm mat a kuck“, hu si geäntwert.
- 35 De Jesus huet gekrasch.

36 „Kuckt, wéi gär hien en hat!“, soten dunn d’Judden.

37 Verschidde Judde soten awer: „Hien huet dem Blannen d’Aen opgemaach. Hätt hien net verhënnere kënnen, datt dëse Mann stierft?“

De Jesus bréngt de Lazarus vun den Doudegen zeréck

38 De Jesus, deen nees ënnerlech zudéifst beweegt war, koum bei d’Graf. Et war eng Hiel an e Stee louch virum Agang.

39 „Huelt de Steen ewech!“, sot de Jesus. „Här“, sot d’Maria, d’Schwëster vum Verstuerwenen, „elo wäert et scho sténken, well hien ass zënter véier Deeg dout.“

40 „Hunn ech dir net gesot, datt s du, wann s du gleefs, d’Herrlechkeet vu Gott gesäis?“, sot de Jesus zu him.

41 Dunn hu si de Steen op d’Säit vum Graf gerullt, wou de Verstuerwenen dralouch. De Jesus huet an den Himmel eropgekuckt a sot: „Papp, ech soen dir Merci, datt s du mech héieren hues.“

42 Ech wousst, datt s du mech ëmmer héiers, mee ech sot dat wéinst de Leit, déi hei ronderëm stinn, fir datt si gleewen, datt s du mech geschéckt hues.“

43 Nodeems hien dat gesot hat, huet hie mat haarder Stëmm geruff: „Lazarus, komm eraus!“

44 De Mann, deen dout war, koum eraus. Seng Hänn a Féiss ware mat Léngbandagen ëmbonnen a säi Kapp war mat engem Duch agewéckelt. „Wéckelt hie lass a loosst hie goen!“, sot de Jesus zu hinnen.

De Plang, fir de Jesus ëmzebréngen

45 Dunn hu vill vun de Judden, déi mam Maria matkomm waren a gesinn hunn, wat de Jesus gemaach hat, op hie vertraut.

46 Verschidde Leit gOUNgen awer bei d’Pharisäer an hunn hinne verzielt, wat de Jesus gemaach hat.

47 D’iewescht Priister an d’Pharisäer hunn de Sanhedrin aberuff a soten: „Wat solle mir maachen? Dëse Mann mécht vill Zeechen.“

48 Wa mir hien esou weiderfuere loosse, da gleewen der vill un hien an da kommen d’Réimer an huelen eis Plaz an eis Natioun ewech.“

49 Mee ee vun hinnen, de Kayafa, deen dat Joer den Haaptpriister war, sot: „Dir verstitt guer näischt!“

50 Dir bedenkt net, datt et an eisem Interessi ass, wa just en eenzele Mann fir d’ganz Vollek stierft, wéi datt d’ganz Natioun zerstéiert géif ginn.“

- 51 Dat huet hien awer net vu sech aus gesot, mee well hien dat Joer den Haaptpriister war, huet hie propheet, datt de Jesus fir déi ganz jüddesch Natioun stierwe géif,
- 52 awer net nëmme fir dës Natioun, mee och fir datt hien d'Kanner vu Gott, déi iwwerall verspreecht waren, als Eent zesummebréngt géif.
- 53 Vun deem Dag un, hu si sech ënnerteneen ofgeschwat, fir hien ëmzebréngen.
- 54 Dowéinst huet de Jesus sech net méi fräi ënnert de Judde beweegt, mee hie gong vum do fort op d'Land an eng Stad no bei der Wüst, déi Ephraim geheescht huet. Hien ass mat senger Jénger do bliwwen.
- 55 D'Passafest|Passa vun de Judde stoung awer virun der Dier an et goung vill Leit virum Passafest vum Land erop op Jerusalem, fir sech ze rengen.
- 56 Do hu si de Jesus gesicht a wéi si am Tempel stoungen, hu si een deen anere gefrot: „Wat mengt dir? Kënnt hien op d'Fest oder net?“
- 57 D'ieweschte Priister an d'Pharisäer haten den Uerder ginn, datt, wann ee wéisst, wou hie wier, da misst e Bescheed soen, fir datt si hien ze pake kréichen.

Jean 12

D'Maria salleft dem Jesus seng Féiss

Mattias 26,6-13; Marc 14,1-11

- 1 Sechs Deeg virum Passafest|Passa koum de Jesus op Betanien, do wou de Lazarus, deen hie vun den Doudegen operstoe gelooss hat, gewunnt huet.
- 2 Si hunn him dunn en lessen do preparéiert an d'Marta huet zerwéiert. De Lazarus war ënnert deenen, déi mat him zu Dësch louchen.
- 3 D'Maria huet en drëttel Kilo pur a ganz wäertvoll Nardenessenz geholl, huet dem Jesus seng Féiss domat gesalleft an huet mat senger Hoer seng Féiss gedréchent. D'Haus war vum Geruch vun der Essenz gefëllt.
- 4 De Judas Ischariot, dem Schimon säi Jong an ee vu senger Jénger (deen, deen drop an dru war, fir hien ze verroden), huet awer gefrot:
- 5 „Firwat gouf dës Essenz net fir dräihonnert Denare|Denar verkaf an d'Suen un déi Aarm gespent?“
- 6 Hie sot dat net, well hien ëm déi Aarm besuergt war, mee well hien en Déif war. Hie war zoustänneg fir d'Keess an huet vum deem, wat dra geluecht gouf, ënnerschloen.

7 „Loosst hatt gewäerden“, huet de Jesus geäntwert. „Hatt huet dës Essenz fir den Dag vu mengem Begriefnes versuergt.

8 Déi Aarm hutt dir ëmmer ëm iech, mech awer hutt dir net ëmmer bei iech.“

9 Eng Abberzuel Judden huet erausfonnt, datt hien do war. Si koumen net nëmmen, fir de Jesus ze gesinn, mee och de Lazarus, deen hie vun den Doudegen operstoe gelooss hat.

10 Dofir hunn d'ieweschte Priister decidéiert, de Lazarus och ëmzebréngen,

11 well et wéinst senger war, datt vill vun de Judde si verlooss hunn an op de Jesus vertraut hunn.

De Jesus reit a Jerusalem wéi e Kinnek

Mattias 21,1-11; Marc 11,1-11; Luc 19,28-40

12 Den Dag drop, wéi eng Abberzuel Leit, déi op d'Fest komm waren, héieren hunn, datt de Jesus ënnerwee fir op Jerusalem wier,

13 hu si Palmenäscht geholl, sinn eraus an him entgéintgaangen an hu geruff: „Hosanna ! Geseent ass deen, deen am Numm vum Här kënnt! De Kinnek vun Israel!“

14 De Jesus huet en leselsfille fonnt an huet sech drop gesat, esou wéi et geschriwwe steet:

15 „Fäert net, Duechter vun Zion! Kuck, däi Kinnek kënnt a sëtzt op engem leselsfillen.“

16 Am Ufank hu seng Jénger dat alles net verstanen, mee nodeems de Jesus verherrlecht war, hu si sech drun erënnert, datt dat alles iwwert hie geschriwwe stoung an datt si dat fir hie gemaach haten.

17 An der Tëschenzäit, hunn d'Leit, déi bei him waren, wéi hien de Lazarus vun den Doudegen operstoe gelooss hat, dovunner weiderverzielt.

18 D'Leit hunn héieren, datt hien dëst Zeeche gemaach hat, an dofir sinn si him entgéintgaangen.

19 Du soten d'Pharisäer een zum aneren: „Gesitt dir? Et bréngt alles näischt! Kuckt, d'ganz Welt leeft him no!“

De Jesus seet säin Doud nees viraus

Mattias 20,17-19; Marc 10,32-34; Luc 18,31-34

20 Et waren awer och munch Griichen ënnert de Leit, déi eropkomm waren, fir Gott um Fest unzabieden.

21 Si si bei de Philippe gaangen, deen aus Betsaida a Galilea war, an hu gesot: „Här, mir géife gär de Jesus gesinn.“

22 De Philippe gong bei den Andreas an huet him et gesot. Zesumme si si bei de Jesus gaangen an hunn him et verzielt.

- 23 De Jesus huet hinnen awer geäntwert: „D’Zäit ass komm, datt deJong vum Mënsch verherreicht gëtt.
- 24 Ech soen iech d’Wourecht! Wann e Weesskär net an de Buedem fällt a stierft, da bleift en eleng. Wann en awer stierft, da bréngt e vill Fruucht.
- 25 Wie säi Liewe gär huet, verléiert et, mee wie säi Liewen an dëser Welt haasst, behält et fir d’éiweg Liewen.
- 26 Wie mir dénge wëllt, soll mir nogoen, well do wou ech sinn, ass och mäin Dénger. Wie mir déngt, gëtt vu mengem Papp geéiert.
- 27 Meng Séil ass opgewullt a wat soll ech soen? Papp, rett mech aus dëser Stonn? Mee grad dowéinst sinn ech an dës Stonn komm.
- 28 Papp, verherrech däin Numm!“ Du kouw eng Stëmm aus dem Himmel: „Ech hunn e scho verherreicht an ech verherrechen en nees!“
- 29 D’Leit, déi ronderëm stoungen an d’Stëmm héieren hunn, hu gemengt et hätt gedonnert. Anerer soten, enEngel hätt mat him geschwat.
- 30 „Dës Stëmm kouw net wéinst menger, mee wéinst ärer“, sot de Jesus zu hinnen.
- 31 „Elo gëtt Geriicht iwwert dës Welt gehalen; elo gëtt den Herrscher vun dëser Welt erausgehait.
- 32 Wann ech da vun der Äerd erhéicht ginn, zéien ech jidderee bei mech un.“
- 33 Hie sot dat, fir unzedeiten, wat fir een Doud hie geschwë stierwe géif.
- 34 „Mir hunn am Gesetz héieren, datt deMessias fir ëmmer bleift“, hunn d’Leit him geäntwert. „Wéi kanns du da soen: ‚De Jong vum Mënsch muss erhéicht ginn‘? Wien ass dann dësen ‚Jong vum Mënsch‘?“
- 35 De Jesus huet hinne geäntwert: „D’Liicht ass just nach eng kuerz Zäit ënnert iech. Gitt soulaang dir d’Liicht hutt, esou datt d’Däischtert iech net iwwerfällt. Deen, deen an der Däischtert geet, weess net, wou en higeet.
- 36 Vertraut op d’Liicht, soulaang dir d’Liicht hutt, esou datt dir Kanner vum Liicht kënn ginn.“ Nodeems de Jesus dat alles gesot hat, ass hie fortgaangen an huet sech virun hinne verstoppt.

D’Judde gleewen nach ëmmer net

- 37 Obschonn hien esou vill Zeeche virun hiren Ae gemaach hat, hu si him nach ëmmer net gegleeft.
- 38 Esou sollt sech d’Wuert vum Prophéit Yesaia erfëllen, dee sot: „Här, wien huet eiser Priedegt gegleeft? Wie krut de mächtigen Aarm vum Här gewisen?“
- 39 Dofir konnte si net gleewen. De Yesaia sot nämlech weider:

40 „Hien huet hir Ae blann gemaach an hir Häerzer verbruert, fir datt si net mat hiren Ae gesinn an net mat hirem Verstand verstinn. Esou kéiere si net ëm an ech heele si net.“

41 De Yesaia sot dat alles, wéi hie seng Herrlechkeet gesinn a vun him verzielt hat.

42 Trotz allem hunn esouguer vill vun de jüddeschen Autoritéiten op hie vertraut, mee si hu sech wéinst de Pharisäer net zu him bekannt, fir net aus der Synagog ausgeschloss ze ginn;

43 fir si war de Luef vun de Mënschen nämlech méi wichteg wéi de Luef vu Gott.

44 De Jesus huet haart geruff: „Wien op mech vertraut, vertraut net op mech, mee op deen, dee mech geschéckt huet.

45 Wie mech gesäit, gesäit deen, dee mech geschéckt huet.

46 Ech sinn als Liicht an d'Welt komm, fir datt jiddereen, deen op mech vertraut, net an der Däischtert bleift.

47 Wie meng Wieder héiert an net gleeft, dee riichten ech net. Ech sinn nämlech net komm, fir d'Welt ze riichten, mee fir d'Welt ze retten.

48 Wie mech verwerft a meng Wieder net unhëlt, huet scho säi Riichter: D'Wuert, wat ech gesot hunn, riicht hien um leschten Dag.

49 Ech hunn net aus mir selwer geschwat, mee de Papp, dee mech geschéckt huet, huet mech ugestallt, wat ech soen a schwätze soll.

50 Ech weess, datt säin Uerder éiwegt Liewen ass, an dowéinst ass dat, wat ech soen, genee dat, wat de Papp mir gesot huet.“

Jean 13

De Jesus wäscht senge Jénger hir Féiss

1 De Jesus woussst virum Passafest|Passa, datt seng Zäit komm war, dës Welt ze verlossen, fir bei säi Papp ze goen. Hien hat déi, déi him an der Welt gehéiert hunn, gär. Bis un d'Enn hat hie si gär.

2 Nom lessen (den Däiwel hat dem Judas Ischkariot, dem Schimon sengem Jong, de Wonsch schonn an d'Häerz geluecht, fir de Jesus ze verrodén)

3 huet de Jesus, dee scho woussst, datt de Papp him alles an d'Hänn geluecht hat an datt hie vu Gott komm war an nees géif bei Gott hanneschtgoen,

4 sech vum lessen erhuewen. Hien huet säin iewescht Kleed ausgedoen, huet e Schiertech geholl an et ugedoen.

⁵ Dunn huet hie Waasser an eng Schossel geschott. Hien huet sengeJénger d'Féiss gewäsch a se mam Schiertech, dat hien unhat, gedréchent.

⁶ Wéi hie bei de Schimon-Péitrus koom, sot deen zu him: „Här, wäschs du mir d'Féiss?“

⁷ De Jesus huet him geäntwert: „Dat, wat ech elo maachen, verstees du nach net. Mee duerno verstees du et.“

⁸ „Nee“, sot de Péitrus, „op kee Fall solls du mir d'Féiss wäschen!“ „Wann ech dech net wäschen, hues du keen Undeel u mir“, huet de Jesus him awer geäntwert.

⁹ „Här“, huet de Schimon-Péitrus du geäntwert, „da wäsch mir net nëmmen d'Féiss, mee och d'Hänn an de Kapp.“

¹⁰ „Wie gebuet ass, brauch sech nëmmen d'Féiss ze wäschen, well hien ass soss ganz propper. Dir sidd propper, mee net jiddereen ënnert iech“, sot de Jesus zu him.

¹¹ (De Jesus wousst, wien hie verrode géif, an dofir sot hien: „Dir sidd net all propper.“)

¹² Nodeems de Jesus hinnen d'Féiss gewäsch hat a säin iewescht Kleed nees ugedoen hat, huet hien erëm beim Dësch Plaz geholl a sot zu hinnen: „Verstitt dir, wat ech grad fir iech gemaach hunn?“

¹³ Dir nennt mech ‚Léiermeeschter‘ an ‚Här‘ an dir hutt Recht, well dat sinn ech.

¹⁴ Wann ech, ären Här a Léiermeeschter, iech d'Féiss gewäsch hunn, da sollt dir och een deem aneren d'Féiss wäschen.

¹⁵ Ech hunn iech e Beispill ginn, fir datt och dir dat maacht, wat ech fir iech gemaach hunn.

¹⁶ Ech soen iech d'Wourecht! Den Dénger ass net méi wichteg wéi säi Meeschter an de Buet och net méi wichteg wéi deen, deen hie schéckt.

¹⁷ Wann dir dat alles verstitt, da sidd dir geseent, wann dir et och ëmsetzt.

De Jesus seet viraus, datt een hie verréit

Mattias 26,21-25; Marc 14,18-21; Luc 22,21-23

¹⁸ Ech schwätzen elo net vun iech alleguer. Ech kennen déi, déi ech auserwilt hunn. Mee d'Schrëft muss sech erfëllen: ‚Deen, dee mat mir d'Brout ësst, huet seng Feescht géint mech erhewen.‘

¹⁹ Dofir soen ech iech elo Bescheed, nach éier et geschitt. Wann et da geschitt, gleeft dir, datt ech et sinn.

- 20 Ech soen iech d'Wourecht! Wien deen ophëlt, deen ech geschéckt hunn, hëlt mech op; a wie mech ophëlt, hëlt deen op, dee mech geschéckt huet.“
- 21 Nodeems de Jesus dat alles gesot hat, war hien am Geescht opgewullt an huet bezeit: „Ech soen iech d'Wourecht! Ee vun iech verréit mech.“
- 22 D'Jénger hunn een deen aneren ugekuckt, well si net woussten, vu wíem hie schwätze géif.
- 23 Ee vun de Jénger (deen, deen de Jesus gär hat) louch nieft dem Jesus.
- 24 De Schimon-Péitrus huet him en Zeeche ginn, datt hie sollt erausfannen, vu wíem de Jesus geschwat hätt.
- 25 Deen huet sech also hannerrécks widder dem Jesus seng Broscht geluecht an hie gefrot: „Här, wien ass et?“
- 26 „Et ass deen, deem ech de Maufel Brout ginn, nodeems ech e gezappt hunn“, huet de Jesus geäntwert. Nodeems hien de Maufel gezappt hat, huet hien dem Judas, dem Schimon Ischkariot sengem Jong, e ginn.
- 27 Nodeems de Judas de Maufel Brout geholl hat, ass de Satan an hie gefuer. Du sot de Jesus: „Maach dat séier, wat s du maache wëlls.“
- 28 Et wusst awer keen um Dësch, firwat de Jesus him dat gesot hat.
- 29 De Judas war deen, dee sech ëm d'Sue gekëmmert huet, an dofir hu munch Jénger gemengt, datt de Jesus zu him gesot hätt: „Kaf dat, wat mir nach fir d'Fest brauchen“, oder datt hien den Aarmen eppes sollt ginn.
- 30 Nodeems de Judas de Maufel giess hat, gong hie gaangs fort. Et war Nuecht.

De Jesus seet viraus, datt de Péitrus hie verleegent

Mattias 26,31-35; Marc 14,27-31; Luc 22,31-34

- 31 Wéi hie fort war, sot de Jesus: „Elo ass de Jong vum Mënsch verherrlecht a Gott ass an him verherrlecht.
- 32 Wa Gott an him verherrlecht ass, verherrlecht Gott och hien a sech selwer an hie verherrlecht hien direkt.
- 33 Kanner, ech si just nach e bësse bei iech. Dir sicht mech dann, mee ech soen iech datselwecht, wat ech och schonn zu de Judde sot: ‚Do, wou ech higinn, kënnt dir net hikommen.‘
- 34 Ech ginn iech en neit Gebot: Hutt een deen anere gär! Esou wéi ech iech gär hat, esou sollt och dir een deen anere gär hunn.
- 35 Dorunner erkennt jiddereen, datt dir meng Jénger sidd, wann dir Léift ee fir deen aneren hutt.“

36 „Här, wouhi gees du?“, frot de Schimon-Péitrus hien. „Du kanns mir elo net dohinner nokommen, wou ech higinn, mee du këns mir spéider no“, huet de Jesus geäntwert.

37 „Här, firwat kann ech dir elo net nogoen?“, frot de Péitrus. „Ech géif mäi Liewe fir dech hierginn.“

38 „Géifs du wierklech däi Liewe fir mech hierginn?“, huet de Jesus geäntwert. „Ech soen dir d'Wourecht! Nach éier den Hunn kréit, verleegens du mech dräimol.“

Jean 14

De Jesus tréischt seng Jénger

1 Äer Häerzer sollen net bedréckt sinn! Dir gleeft u Gott, da gleeft och u mech.

2 A mengem Papp sengem Haus ginn et vill Wunnengen. Wann et net esou wier, dann hätt ech net zu iech gesot: ‚Ech ginn dohin, fir iech eng Plaz virzebereeden.‘

3 Wann ech dohinner ginn an iech eng Plaz virbereeden, da kommen ech erëm zeréck an huelen iech bei mech, fir datt dir do sidd, wou ech sinn.

4 Dir wësst awer, wou ech higinn an dir kennt och de Wee.“

De Jesus ass de Wee, d'Wourecht an d'Liewen

5 „Här, mir wëssen emol net, wou s du higees. Wéi këne mir dann de Wee dohi kennen?“, frot den Thomas hien.

6 De Jesus huet him geäntwert: „Ech sinn de Wee, d'Wourecht an d'Liewen. Kee kënt bei de Papp, et sief dann duerch mech.“

7 Wann dir mech kannt hätt, dann hätt dir och mäi Papp kannt. Vun elo u kennt dir de Papp an dir hutt hie gesinn.“

8 „Här, weis eis just de Papp, dat geet eis duer“, sot de Philippe zu him.

9 De Jesus huet him geäntwert: „Ech si schonn esou laang bei iech an du weess nach ëmmer net, wien ech sinn, Philippe? Deen, dee mech gesinn huet, huet de Papp gesinn. Wéi kanns du da soen: ‚Weis eis de Papp‘?“

10 Gleeft dir dann net, datt ech am Papp sinn an de Papp a mir? Dat, wat ech iech soen, soen ech net vu mir selwer aus, mee de Papp, deen a mir ass, ass um Wierk.

11 Gleeft mir, datt ech am Papp sinn an de Papp a mir! Soss gleeft mir wéinst de Wierker!

12 Ech soen iech d'Wourecht! Wien op mech vertraut, mécht och déi Wierker, déi ech maachen. Hie mécht nach méi grouss Wierker wéi déi, well ech bei mäi Papp ginn.

13 Alles, wat dir a mengem Numm frot, maachen ech, fir datt de Papp am Jong verherrlecht gëtt.

14 Wann dir mech ëm iergendeppes a mengem Numm frot, da maachen ech dat.

De Jesus verspricht, fir den hellege Geesch ze schécken

15 Wann dir mech gär hutt, dann haalt iech u meng Geboter.

16 Da froen ech de Papp an hie gëtt iech en anere Begleeder, dee fir éiweg bei iech bleift:

17 de Geesch vun der Wourecht. D'Welt kann hien net empfänken, well si hie weder gesäit nach kennt. Dir kennt hien, well hie bei iech bleift an an iech wäert sinn.

18 Ech loossen iech net als Weesekanner zeréck; ech kommen nees bei iech.

19 Nach e bëssen, da gesäit d'Welt mech net méi, mee dir gesitt mech. Dir lieft och, well ech liewen.

20 Deen Dag erkennt dir, datt ech a mengem Papp sinn an datt dir a mir sidd an ech an iech.

21 Wie meng Geboter huet a se anhält, ass deen, dee mech gär huet. Mäi Papp huet dee gär, dee mech gär huet, an ech hunn deen och gär a weise mech him.“

22 „Här, wéi kënt et, datt s du am Begrëff bass, dech eis ze weisen, mee net der Welt?“, frot de Judas (net den Ischkariot) hien.

23 De Jesus huet him geäntwert: „Wie mech gär huet, hält mäi Wuert an. Mäi Papp huet hie gär a mir komme bei hien a maachen eist Doheem bei him.

24 Wie mech net gär huet, hält meng Wierder net an. D'Wuert, wat dir elo héiert, ass net mäi Wuert, mee mengem Papp säint, dee mech geschéckt huet.

25 Ech hunn iech dat alles gesot, elo wou ech nach bei iech sinn.

26 Mee de Begleeder, den hellege Geesch, deen de Papp a mengem Numm schéckt, léiert iech alles an erënnert iech un alles, wat ech iech gesot hunn.

27 Ech loossen iech Fridden; mäi Fridde ginn ech iech. Ech ginn iech net esou, wéi d'Welt gëtt. Äert Häerz soll net bedréckt sinn an hutt och keng Angscht!

²⁸ Dir hutt mech héieren zu iech soen: ‚Ech gi fort a komme bei iech hannescht.‘ Wann dir mech gär hätt, da géift dir iech freeën, datt ech sot: ‚Ech gi bei de Papp‘, well mäi Papp méi grouss ass wéi ech.

²⁹ Ech hunn iech et elo gesot éier et geschitt, fir datt dir gleeft, wann et geschitt.

³⁰ Mir bleibt net méi vill Zäit, fir mat iech ze schwätzen, well den Herrscher vun dëser Welt ënnerwee ass. Hien huet awer keng Muecht iwwert mech.

³¹ Ech maachen alles, wat de Papp mech ugestallt huet, fir ze maachen, fir datt d’Welt gesäit, datt ech de Papp gär hunn. Stitt op a loosst eis vun hei fortgoen!“

Jean 15

De Riefstack an d’Riewen

¹ „Ech sinn de richtege Riefstack a mäi Papp ass de Wënzer.

² All Rief, déi keng Friichten dréit, gëtt erausgeschnidden. All Rief, déi Friichten dréit, gëtt gebotzt, fir datt si nach méi Friichten dréit.

³ Dir sidd scho propper wéinst dem Wuert, dat ech iech gesot hunn.

⁴ Bleift a mir an ech bleiwen an iech. Esou wéi d’Rief keng Friichten droe kann, wa si net um Riefstack bleibt, esou kënn och dir keng Friichten droen, wann dir net a mir bleibt.

⁵ Ech sinn de Riefstack an dir sidd d’Riewen. Wien a mir bleibt an ech an him, deen dréit vill Friichten, well ouni mech bréngt dir näischt fäerdeg.

⁶ Wien net a mir bleibt, gëtt wéi d’Rief ewechgehäit a gëtt dier . D’Riewe ginn zesummegegraf, an d’Feier gehäit a verbrannt.

⁷ Wann dir a mir bleibt a meng Wieder an iech bleiwen, da frot, wat och ëmmer dir wëllt, an et gëtt fir iech gemaach.

⁸ Esou gëtt mäi Papp verherrlecht: andeems dir vill Friichten drot a mengJénger gitt.

⁹ Esou wéi mäi Papp mech gär hat, hat ech iech och gär. Bleift a menger Léift.

¹⁰ Wann dir meng Geboter anhaalt, da bleibt dir a menger Léift, esou wéi ech mengem Papp seng Geboter agehalen hunn an a senger Léift bleiwen.

¹¹ Ech hunn iech dat alles gesot, fir datt meng Freed an iech bleibt a fir datt är Freed vollkomme gëtt.

¹² Dat hei ass mäi Gebot: Hutt een deen anere gär, esou wéi ech iech gär hat.

13 Et huet kee méi eng grouss Léift wéi déi hei: datt ee säi Liewe fir seng Frënn hiergëtt.

14 Dir sidd meng Frënn, wann dir maacht, wat ech iech befeelen.

15 Ech nennen iech elo net méi Kniechten, well e Kniecht weess net, wat säi Meeschter mécht. Ech nennen iech Frënn, well ech iech alles matgedeelt hunn, wat ech vu mengem Papp héieren hunn.

16 Dir hutt net mech auserwielt, mee ech hunn iech auserwielt. Ech hunn iech ugestallt, hinzegoen a Friichten ze droen, an datt är Friichte bleiwe soll. Da gëtt de Papp iech och dat, wat dir a mengem Numm frot.

17 Dat hei ass mäi Gebot fir iech: Hutt een deen anere gär!

D'Welt haasst d'Jénger

18 Wann d'Welt iech haasst, da verstitt, datt si mech fir d'éischt gehaasst huet.

19 Wann dir vun der Welt wiert, dann hätt d'Welt hir Eege gär. Mee dir sidd net méi en Deel vun der Welt, well ech iech aus der Welt auserwielt hunn, an dowéinst haasst d'Welt iech och.

20 Erënnert iech un dat, wat ech zu iech gesot hat: ‚Den Dénger ass net méi wichteg wéi säi Meeschter.‘ Wa si mech verfollegt hunn, da verfolgege si och iech. Wa si mengem Wuert gefollegt hunn, da follegege si och ärem.

21 Mee si dinn iech dat alles wéinst menger un, well si deen net kennen, dee mech geschéckt huet.

22 Wann ech net komm wier a mat hinne geschwat hätt, dann hätte si keng Sënn. Mee elo hu si keng Entschëllegung méi fir hir Sënn.

23 Wie mech haasst, haasst och mäi Papp.

24 Wann ech d'Wierker, déi soss kee gemaach huet, net bei hinnen zou gemaach hätt, dann hätte si keng Sënn. Mee elo hu si alles gesinn an hunn esouwuel mech wéi och mäi Papp gehaasst.

25 Dat ass awer geschitt, fir datt d'Wuert, dat an hirem Gesetz steet, sech erfëlle géif: ‚Si hu mech ouni Grond gehaasst.‘

26 Wann de Begleeder kënnt, deen ech iech vum Papp schécken (de Geescht vun der Wourecht, dee vum Papp kënnt), da seet hien iwwert mech aus.

27 Och dir sot dann iwwert mech aus, well dir vun Ufank u bei mir waart.

Jean 16

1 Ech hunn iech dat alles gesot, fir datt dir net vum Glawen offaalt.

² Si schléissen iech dann aus de Synagogen aus. D'Zäit kënnt, an där all déi, déi iech ëmbréngen, mengen, Gott domat en Déngscht ze leeschten.

³ Si maachen dat alles, well si weder de Papp nach mech kennen.

⁴ Ech hunn iech dat awer gesot, fir datt dir iech, wann d'Zäit kënnt, drun erënnert, datt ech iech dovunner verzielt hat. Ech hunn iech dat alles net vun Ufank u gesot, well ech nach bei iech war.

D'Wierk vum hellege Geescht

⁵ Elo ginn ech bei deen, dee mech geschéckt huet, mee kee vun iech freet mech, wou ech higinn.

⁶ Äert Häerz ass elo voller Trauer, well ech iech dat alles gesot hunn.

⁷ An dach soen ech iech d'Wourecht. Et ass besser fir iech, wann ech fortginn; well wann ech net fortginn, kënnt de Begleeder net bei iech; mee wann ech ginn, da schécken ech hie bei iech.

⁸ Wann hien da kënnt, iwverféiert hien d'Welt vun der Sënn, der Gerechtegheet an dem Geriicht:

⁹ vun der Sënn, well si net u mech gleewen;

¹⁰ vun der Gerechtegheet, well ech bei mäi Papp ginn an dir mech net méi gesitt;

¹¹ vum Geriicht, well den Herrscher vun dëser Welt veruerteelt gouf.

¹² Ech hunn iech nach villes ze soen, mee dir kënnt dat am Moment net erdroen.

¹³ Mee wann de Geescht vun der Wourecht kënnt, hëlleft hien iech d'ganz Wourecht z'erkennen. Hie schwätzt net vu sech aus, mee hie seet dat, wat hien héiert, a verkënnegt iech dat, wat nach kënnt.

¹⁴ Da verherrlecht hie mech, well hie vu Mengem hält an iech et verkënnegt.

¹⁵ Alles, wat dem Papp gehéiert, gehéiert och mir. Dofir sot ech, datt hien dat, wat mir gehéiert, hält an iech et verkënnegt.

¹⁶ Nach eng Weilchen an da gesitt dir mech net méi. Mee kuerz drop gesitt dir mech nees, well ech bei de Papp ginn.“

D'Trauer vun de Jénger verwandelt sech a Freed

¹⁷ Doropshin hu seng Jénger sech ënnertenee gefrot: „Wat mengt hie wuel, wann hien zu eis seet: ‚Nach eng Weilchen an da gesitt dir mech net méi. Mee kuerz drop gesitt dir mech nees‘? Oder och nach: ‚Ech gi bei de Papp‘?“

¹⁸ Si soten also: „Wat mengt hie mat ‚nach eng Weilchen‘? Mir verstinn net, wat hie soe wëllt.“

- 19 De Jesus, dee gemierkt hat, datt si hie froe wollten, sot zu hinnen: „Zerbricht dir iech de Kapp, well ech sot: ‚Nach eng Weilchen an da gesitt dir mech net méi. Mee kuerz drop gesitt dir mech nees‘?
- 20 Ech soen iech d’Wourecht! Dir kräischt a trauert dann, mee d’Welt freet sech; dir sidd dann am Trauer, mee är Trauer verwandelt sech a Freed.
- 21 Wann eng Fra accouchéiert, huet si Wéien, well hir Zäit komm ass. Mee wa si d’Kand bis op d’Welt bruecht huet, denkt si net méi un hir Péng, well si sech freet, datt e Mënsch op d’Welt komm ass.
- 22 Esou ass et och mat iech: Dir sidd elo am Leed, mee ech gesinn iech erëm an da freet äert Häerz sech a kee kann iech déi Freed huelen.
- 23 Deen Dag frot dir mech ëm näischt. Ech soen iech d’Wourecht! Wat dir de Papp a mengem Numm frot, dat gött hien iech.
- 24 Bis elo hutt dir näischt a mengem Numm gefrot. Frot, da kritt dir et an är Freed gött vollkommen.
- 25 Ech hunn iech dat alles a Biller verzielt, mee d’Zäit kënnt, an där ech net méi a Biller mat iech schwätzen. Dann erzielen ech iech am Kloertext vum Papp.
- 26 Deen Dag frot dir hien a mengem Numm. Ech soen iech net, datt ech zum Papp fir iech bieden.
- 27 De Papp selwer huet iech nämlech gär, well dir mech gär hutt a gegleeft hutt, datt ech vu Gott kouw.
- 28 Ech goug vum Papp aus a kouw an d’Welt; an elo verloossen ech d’Welt a gi bei de Papp.“
- 29 „A! Elo schwätz du mol Kloertext an net méi a Biller“, sote seng Jénger zu him.
- 30 „Elo wësse mir, datt s du alles weess an datt s du et net néideg hues, datt een dir Froe stellt. Dofir gleewe mir, datt s du vu Gott kënns.“
- 31 „Gleeft dir elo?“, huet de Jesus hinne geäntwert.
- 32 „Lauschtert, d’Zäit kënnt an ass schonn do, an där jidderee vun iech a verschidde Richtunge verspreeet gött an an där ech eleng gelooss ginn. Ech sinn awer net eleng, well de Papp bei mir ass.
- 33 Ech hunn iech dat alles gesot, fir datt dir a mir Fridde fannt. An der Welt hutt dir Leed. Mee Courage! Ech hunn d’Welt iwuerwonnen.“

Jean 17

De Jesus biet fir sech selwer

- 1 Nodeems de Jesus dat alles gesot hat, huet hien erop an den Himmel gekuckt a gebiet: „Papp, d’Zäit ass komm. Verherrlech däi Jong, fir datt däi Jong dech och verherrlecht.
- 2 Dofir hues du him jo Autoritéit iwwert d’ganz Mënschheet ginn. Hie krut dës Autoritéit, fir datt hien all deenen éiweg Liewe gött, déi s du him ginn hues.
- 3 Dat hei ass d’éiweg Liewen: datt si dech, den eenzeg richtege Gott, an deMessias Jesus, deen s du geschéckt hues, kennen.
- 4 Ech hunn dech op der Äerd verherrlecht, andeems ech d’Wierk, dat s du mir opgedroen has, zu Enn bruecht hunn.
- 5 An elo Papp, verherrlech mech bei dir mat där Herrlechkeet, déi ech bei dir hat, éier et d’Welt gouf.

De Jesus biet fir seng Jénger

- 6 Ech hunn däin Numm bei deene Mënschen, déi s du mir aus der Welt ginn has, bekanntgemaach. Si hunn dir gehéiert, mee du hues mir si ginn a si hunn dengem Wuert gefollegt.
- 7 Elo wësse si, datt alles, wat s du mir ginn hues, vun dir kënnt.
- 8 D’Wierder, déi s du mir ginn hues, hunn ech hinnen nämlech weiderginn. Si hu si ugeholl a si wësse ganz sécher, datt ech vun dir kouw. Si hu gegleeft, datt s du mech geschéckt hues.
- 9 Ech biede fir si. Ech bieden net fir d’Welt, mee fir déijéineg, déi s du mir ginn hues, well si gehéieren dir.
- 10 Alles, wat mäint ass, ass däint an alles, wat däint ass, ass mäint. Ech ginn an hinne verherrlecht.
- 11 Elo sinn ech net méi an der Welt, si sinn awer nach an der Welt an ech komme bei dech. Hellege Papp, behitt an dengem Numm déi, déi s du mir ginn hues, fir datt si eent sinn, esou wéi mir eent sinn.
- 12 Wéi ech mat hinnen an der Welt war, hunn ech si an dengem Numm behitt. Ech hu si bewaacht an et ass kee vun hinne verluer gaangen, ausser dem Jong vum Verdierfnes, fir datt sech d’Schrëft erfëllt.
- 13 Mee elo kommen ech bei dech an ech soen dat alles an der Welt, fir datt meng Freed si ganz erfëllt.
- 14 Ech hunn hinnen däi Wuert ginn an d’Welt huet si gehaasst, well si net vun der Welt sinn, genesou wéi och ech net vun der Welt sinn.
- 15 Ech froen dech net, fir si aus der Welt erauszehuelen, mee datt s du si virum Béise behitts.

- 16 Si sinn net vun der Welt, geneesou wéi ech och net vun der Welt sinn.
- 17 Maach si duerch deng Wourecht helleg; däi Wuert ass d'Wourecht.
- 18 Esou wéi s du mech an d'Welt geschéckt hues, hunn ech och si an d'Welt geschéckt.
- 19 Ech hellege mech fir si, fir datt si duerch d'Wourecht gehellegt ginn.

De Jesus biet fir all déi, déi op hie vertrauen

- 20 Ech bieden awer net nëmme fir si, mee och fir déijéineg, déi duerch dat, wat si soen, op mech vertrauen.
- 21 Ech bieden, datt si all eent sinn, esou wéi s du, Papp, a mir bass an ech an dir. Ech bieden, datt si och an eis eent sinn, fir datt d'Welt gleeft, datt s du mech geschéckt hues.
- 22 Ech hunn hinnen d'Herrlechkeet, déi s du mir ginn hues, ginn, fir datt si eent sinn, geneesou wéi mir eent sinn
- 23 (ech sinn an hinnen an du bass a mir), fir datt si ganz eent sinn a fir datt d'Welt erkennt, datt s du mech geschéckt hues a si geneesou gär hues wéi mech.
- 24 Papp, ech wëll, datt déi, déi s du mir ginn hues, och do sinn, wou ech sinn, fir datt si meng Herrlechkeet, déi s du mir ginn hues, gesinn, well s du mech gär has, éier d'Welt erschafe gouf.
- 25 Gerechte Papp, d'Welt huet dech net erkannt, mee ech hunn dech erkannt an déi, déi s du mir ginn hues, wëssen, datt s du mech geschéckt hues.
- 26 Ech hunn hinnen däin Numm verkënnegt an ech verkënnegen en och weider, fir datt déi Léift, mat där s du mech gär has, an hinnen ass an ech och an hinne sinn.“

Jean 18

De Jesus gött verhaft

Mattias 26,47-56; Marc 14,43-50; Luc 22,47-53

- 1 Nodeems de Jesus dat gesot hat, goug hie mat sengeJénger eraus op déi aner Säit vun der Baach Kidron. Do gouf et e Gaart, an deen de Jesus a seng Jénger eragoungen.
- 2 De Judas, deen hie verrodde huet, huet dës Plaz kennt, well de Jesus sech dacks mat senge Jénger do getraff hat.
- 3 De Judas huet also engKohort Zaldoten an Tempelwiechter vun denieweschte Priister|jewischt Priister an dePharisäer matgeholl a si koume mat Fakelen, Lanteren a Waffen dohinner.

- 4 De Jesus, deen alles wouss, wat mat him geschéie géif, gong hinnen entgéint a sot: „Wie sicht dir?“
- 5 „De Jesus vun Nazaret“, hu si geäntwert. „Ech sinn et!“, sot hien zu hinnen. (De Judas, deen hie verrodten huet, stoung och bei hinnen.)
- 6 Wéi hien zu hinne sot: „Ech sinn et!“, si si hannerzeg gaangen an op de Buedem gefall.
- 7 Hie frot nach eng Kéier: „Wie sicht dir?“ Si hu geäntwert: „De Jesus vun Nazaret.“
- 8 Doropshi sot de Jesus: „Ech sot iech schon, datt ech et sinn. Wann dir mech sicht, da loosst déi aner hei lafen.“
- 9 Esou sollt an Erfëllung goen, wat hie gesot hat: „Ech hu keen eenzege vun deene verluer, déi s du mir ginn hues.“
- 10 De Schimon-Péitrus, deen e Schwäert dobäi hat, huet et erausgezunn an huet domat den Dénger vumHaaptpriister ugegraff an him esou säi rietst Ouer erofgehaen. (Den Dénger huet Malchus geheescht.)
- 11 Doropshi sot de Jesus zum Péitrus: „Stiech däi Schwäert hannescht an d’Scheek! Soll ech net aus dem Kellech drénken, deen de Papp mir ginn huet?“

De Jesus gött bei den Hannan bruecht

Mattias 26,57-68; Marc 14,53-65; Luc 22,54

- 12 Dunn hunn d’Kohort, den ieweschteKommandant an d’jüddesch Tempelwiechter de Jesus verhaft a gefesselt.
- 13 Si hunn hie fir d’éischt bei den Hannan bruecht, de Schwéierpapp vum Kayafa, deen dat Joer den Haaptpriister war.
- 14 (Et war de Kayafa, deen de Judde gesot hat, datt et besser wier, wa just ee Mënsch fir d’Vollek stierwe géif.)

De Péitrus verleegent de Jesus déi éischt Kéier

Mattias 26,69-70; Marc 14,66-68; Luc 22,55-57

- 15 De Schimon-Péitrus an och nach en anere Jénger sinn dem Jesus nogaangen. Dee Jénger war e Kënnege vum Haaptpriister a gong dowéinst mam Jesus an den Haff vum Haaptpriister eran.
- 16 Mee de Péitrus ass baussent der Dier stoe bliwwen. Du kouv deen anere Jénger, deen den Haaptpriister kann huet, eraus, huet e puer Wuert mat der Mod geschwat, déi bei der Dier opgepasst huet, an huet de Péitrus mat erageholl.
- 17 Du frot d’Mod, déi bei der Dier opgepasst huet, de Péitrus: „Bass du dann net och ee vun dësem Mann senge Jénger?“ „Neen, dat sinn ech net!“, huet hie geäntwert.

18 D'Dénger an d'Tempelwiechter stoung ronderëm d'Feier, dat si aus Holzkuhle gemaach haten, well et kal war, a si hu sech gewiermt. De Péitrus stoung bei hinnen an huet sech och gewiermt.

Den Haaptpriister freet de Jesus iwwert seng Léier aus

19 Den Haaptpriister huet de Jesus dunn iwwert seng Jénger a seng Léier ausgefrot.

20 De Jesus huet him geäntwert: „Ech hunn ëffentlech virun der Welt geschwat. Ech hunn ëmmer an de Synagogen|Synagog an am Tempelenseignéiert, do wou d'Judde sech ëmmer treffen. Ech hunn näischt heemlech gesot.“

21 Firwat frees du mech? Fro dach déi, déi mech héieren hu schwätzen. Si wëssen, wat ech sot.“

22 Wéi hien dat alles gesot hat, huet ee vun den Tempelwiechter, deen dobäi stoung, de Jesus op de Bak gehaen a sot: „An esou äntwers du dem Haaptpriister?“

23 „Wann ech eppes Béises gesot hunn, da so iwwert dat Béist aus, mee wann ech d'Wourecht gesot hunn, firwat hees du mech dann?“, huet de Jesus him geäntwert.

24 Doropshin huet den Hannan de Jesus, dee gefesselt war, bei de Kayafa, den Haaptpriister, geschéckt.

De Péitrus verleegent de Jesus eng zweet an eng drëtt Kéier

Mattias 26,71-75; Marc 14,69-72; Luc 22,58-62

25 An der Tëschenzäit stoung de Schimon-Péitrus beim Feier an huet sech gewiermt. „Bass du net och ee vu senger Jénger?“, frote si hien dunn. Hien huet et gelegent a sot: „Neen, dat sinn ech net.“

26 Ee vum Haaptpriister sengen Dénger, dee Famill mam Mann war, deem de Péitrus d'Ouer erofgehaen hat, frot: „Hunn ech dech net viru mat him am Gaart gesinn?“

27 De Péitrus huet et nach eng Kéier gelegent, an nach am nämmlechten Abléck huet en Hunn gekréit.

De Jesus virum Pilatus

Mattias 27,11-26; Marc 15,1-5; Luc 23,1-7

28 Duerno hu si de Jesus vum Kayafa an d'Residenz vum Gouverneur bruecht. Et war nach fréi am Moien. Si selwer sinn awer net an d'Residenz vum Gouverneur eragaangen, well si net wollten onreng ginn, fir kënnen d'Passamoolzecht|Passa z'iessen.

29 Du kouw de Pilatus eraus a frot si: „Wat hutt dir als Uklo géint dese Mann?“

- 30 „Wann hie kee Kriminelle wier, dann hätte mir dir hien net ausgeliwwert“, hu si geäntwert.
- 31 „Dann huelt hien a riicht hie selwer no ärem eegene Gesetz“, sot de Pilatus dunn zu hinnen. „Et ass eis net erlaabt, fir een hinzeriichten“, hunn d’Judden him geäntwert.
- 32 (Esou sollt d’Wuert an Erfällung goen, mat deem de Jesus ugedeit hat, op wéi eng Manéier hie stierwe géif.)
- 33 Du goug de Pilatus nees an d’Residenz vum Gouverneur eran, huet de Jesus ruffe gelooss an huet hie gefrot: „Bass du de Kinnek vun de Judden?“
- 34 „Frees du dat vun dir aus oder hunn anerer dir dat vu mir verzielt?“, huet de Jesus geäntwert.
- 35 „Sinn ech éieren e Judd? Däin eegent Vollek an d’iewescht Priister hunn dech u mech ausgeliwwert“, huet de Pilatus geäntwert. „Wat hues du da gemaach?“
- 36 De Jesus huet geäntwert: „Mäi Kinnekräich ass net vun dëser Welt. Wa mäi Kinnekräich vun dëser Welt wier, da géife meng Dénger kämpfen, fir datt ech de Judden net ausgeliwwert géif ginn. Mee elo ass mäi Kinnekräich net vun hei.“
- 37 „Du bass also e Kinnek!“, sot de Pilatus. „Du sees et, ech sinn e Kinnek“, huet de Jesus geäntwert. „Dofir gouf ech gebuer an dofir koum ech an d’Welt: datt ech fir d’Wourecht aussoen. Jiddereen, deen aus der Wourecht ass, lauschtert op meng Stëmm.“
- 38 „Wat ass d’Wourecht?“, sot de Pilatus zu him. Nodeems hien dat gesot hat, goug hien nees bei d’Judden eraus a sot zu hinnen: „Ech fanne keng Schold un him.“
- 39 Dir hutt dach d’Traditioun, datt ech iech um Passafest e Prisonéier fräiloossen. Wëllt dir, datt ech iech de Kinnek vun de Judde fräiloossen?“
- 40 Si hunn awer gejaut: „Neen, net dëse Mann, mee de Bar-Abba!“ (De Bar-Abba war e Brigang.)

Jean 19

De Pilatus probéiert, de Jesus fräizeloossen

- 1 Doropshin huet de Pilatus de Jesus ofgeféiert an huet hie gäissele gelooss.
- 2 D’Zaldoten hunn eng Kroun aus Däre geflecht, him se op de Kapp gesat an him e purpuroude Mantel ugedoen.

- 3 Si soten dunn: „Vive de Kinnek vun de Judden!“, an hunn hien op de Bak gehaen.
- 4 De Pilatus goug nees eraus a sot zu hinnen: „Kuckt, ech bréngen hien nees bei iech eraus, fir datt dir wésst, datt ech keng Schold un him fannen.“
- 5 De Jesus koum eraus. Hien hat d'Därekroun an de purpurroude Mantel un. „Kuckt, hei ass de Mann!“, huet de Pilatus zu hinne gesot.
- 6 Wéi d'iewescht Priister an d'Tempelwiechter hien du gesinn hunn, hu si gejaut: „Kräizeg hien, Kräizeg hien!“ „Huet dir hien a Kräizegt dir hie selwer, well ech fanne keng Schold un him!“, sot de Pilatus zu hinnen.
- 7 „Mir hunn e Gesetz a laut deem Gesetz muss hie stierwen, well hie sech als de Jong vu Gott ausginn huet“, hunn d'Judden him geäntwert.
- 8 Wéi de Pilatus dat héieren huet, krut hien et nach méi mat der Angscht ze dinn.
- 9 Hie goug nees an d'Residenz vum Gouverneur hannescht an huet de Jesus gefrot: „Vu wou kënns du?“ Mee de Jesus huet him keng Äntwert ginn.
- 10 Dowéinst sot de Pilatus zu him: „Schwätz du net mat mir? Weess du net, datt ech d'Muecht hunn, fir dech ze Kräizegen oder dech fräizeloossen?“
- 11 „Du häss keng Muecht iwwert mech, wann s du se net vun uewe kritt häss. Dowéinst huet deen, dee mech un dech ausgeliiwert huet, déi gréisser Sënn“, huet de Jesus geäntwert.
- 12 Vun do un huet de Pilatus probéiert, hie fräizeloossen, mee d'Judden hu gejaut: „Wann s du dese Mann fräiléiss, da bass du kee Frënd vum Caesar. Wie sech nämlech selwer zum Kinnek mécht, dee widdersetzt sech dem Caesar.“
- 13 Nodeems de Pilatus dat héieren hat, huet hien de Jesus erausbréngé gelooss an huet sech op de Rächterstull gesat op der Plaz, déi „Pavé“ genannt gëtt, op Aramäesch „Gabbata“ .
- 14 Et war ongeféier sechs Auer mueres um Dag vun der Virbereedung vum Passafest|Passa. „Kuckt, hei ass äre Kinnek!“, sot hien zu de Judden.
- 15 „Ewech mat him, ewech mat him! Kräizeg hien!“, hu si awer gejaut. „Soll ech éieren äre Kinnek Kräizegen?“, frot de Pilatus si. „Mir hu kee Kinnek, ausser dem Caesar!“, hunn d'iewescht Priister geäntwert.
- 16 Dunn huet de Pilatus hien u si ausgeliiwert, fir gekräizegt ze ginn.

De Pilatus léisst de Jesus Kräizegen
Mattias 27,32-44; Marc 15,21-32; Luc 23,26-43

Doropshin hu si de Jesus matgeholl an ofgeféiert.

- 17 Hien huet säi Kräiz gedroen a goung eraus op d'Plaz, déi „d'Plaz vum Doudekapp“ genannt gëtt, wat op Aramäesch „Golgota“ heescht.
- 18 Do hu si hie gekräizegt. Et waren nach zwee anerer mat him, een op all Säit, an de Jesus war an der Mëtt.
- 19 De Pilatus huet e Schëld schreiwen an un d'Kräiz neele gelooss. Um Schëld stoung: „De Jesus vun Nazaret, de Kinnek vun de Judden.“
- 20 Vill Judden hunn d'Schëld gelies, well d'Plaz, wou de Jesus gekräizegt gouf, no bei der Stad war. D'Schëld war op Hebräesch, Griichesch a Latäin geschriwwen.
- 21 Doropshin hunn d'iewescht Priister vun de Judde sech beim Pilatus beschwéiert: „Schreif net: ‚De Kinnek vun de Judden‘, mee: ‚Hie sot: ‚Ech sinn de Kinnek vun de Judden.‘““
- 22 „Wat ech geschriwwen hunn, hunn ech geschriwwen“, huet de Pilatus awer geäntwert.
- 23 Nodeems si de Jesus gekräizegt haten, hunn d'Zaldoten säi Gezei geholl an a véier gedeelt. All Zaldot krut e Stéck dovunner. Seng Tunique wollte si och verdeelen, mee déi hat keng Nout, well si vun uewe bis ënne ganz an engem Stéck gewieft war.
- 24 Du sote si ënnerteneen: „Loosst eis d'Tunique net zerrappen, mee ëm se lousen, fir ze kucken, wie se kritt.“ Esou sollt sech d'Schrëft erfëllen, déi seet: „Si hu meng Kleeder ënnertenee verdeelt a meng Tunique verloust.“ Dofir hunn d'Zaldoten dat gemaach.
- 25 No beim Jesus sengem Kräiz stoung seng Mamm, d'Schwëster vu senger Mamm, d'Maria (dem Klopas seng Fra) an d'Maria vu Magdala.
- 26 Wéi de Jesus seng Mamm an deJénger, deen hie gär hat, do stoe gesinn huet, sot hien zu senger Mamm: „Fra, hei ass däi Jong.“
- 27 Zum Jénger sot hien: „Hei ass deng Mamm.“ Vun do un huet dee Jénger si bei sech opgeholl.

De Jesus stierft

Mattias 27,45-56; Marc 15,33-41; Luc 23,44-50

- 28 Duerno, wéi de Jesus wousst, datt alles fäerdeg wier, sot hien, fir datt sech d'Schrëft erfëlle géif: „Ech hunn Dusch.“
- 29 Et stoung e Krou voll sauere Wäin do. Dunn hu si e Schwamp, dee si op en Isopsbengel gestach haten, mam sauere Wäin gedränkt an hunn e bei säi Mond gehalten.
- 30 Nodeems de Jesus vum sauere Wäin geholl hat, sot hien: „t ass fäerdeg!“ Hien huet säi Kapp gebéckt a säi Geescht opginn.

- 31 D'Judden hunn de Pilatus gefrot, de Gekräizegten hir Been ze briechen an d'Läichen erofzehuelen, well et den Dag vun der Virbereedung war. D'Läiche sollten nämlech net umSabbat um Kräiz hänke bleiwen (dëse Sabbat war e wichtige Feierdag).
- 32 D'Zaldoten hunn also d'Bee vum éischte Mann gebrach an och déi vum aneren, dee mat him gekräizegt gouf.
- 33 Wéi si awer bei de Jesus koumen, hu si seng Been net gebrach, well si gesinn hunn, datt hie schonn dout war.
- 34 Mee ee vun den Zaldoten huet seng Säit mat enger Lanz duerchbuert an direkt koume Blut a Waasser erausgelaf.
- 35 Deen, deen dat gesinn huet, sot doriwwer aus a seng Ausso ass wouer. Hie weess, datt hien d'Wourecht seet, fir datt dir gleewe kënt.
- 36 Dat alles ass geschitt, fir datt sech d'Schrëft erfëlle géif: „Net eng vu senge Schanke gött gebrach.“
- 37 An och nach en aneren Text seet: „Si kucken op deen, dee si duerchbuert hunn.“

De Jesus gött begruewen

Mattias 27,57-61; Marc 15,42-47; Luc 23,50-56

- 38 Duerno huet de Yossef vun Arimatea (deen e Jénger vum Jesus war, mee heemlech, aus Angscht virun de Judden) de Pilatus gefrot, ob hien dem Jesus seng Läich kéint erofhuelen. De Pilatus huet him d'Erlaabnes ginn. Doropshi gong hien dohinner an huet dem Jesus seng Läich erofgeholl.
- 39 Den Nikodemos, deen am Ufank an der Nuecht bei de Jesus komm war, koum och an huet eng Mëschung aus Myrrhe an Aloe matbruecht. Et waren ongeféier dräiandrësseg Kilo .
- 40 Dunn hu si dem Jesus seng Läich geholl an hu si mat de Gewierzer a lénge Bänner gewéckelt, esou wéi et bei de Judde fir e Begriefnes de Brauch war.
- 41 Op där Plaz, wou de Jesus gekräizegt gi war, war ee Gaart an am Gaart war een neit Graf, wou nach keen drageluecht gi war.
- 42 Si hunn de Jesus do drageluecht, well et de jüddeschen Dag vun der Virbereedung war an d'Graf nobäi war.

Jean 20

Dat eidelt Graf

- 1 Fréi um éischten Dag vun der Woch, wéi et nach däischer war, gong d'Maria vu Magdala bei d'Graf an huet gesinn, datt de Stee virum Graf ewechgeholl gi war.
- 2 Dunn ass hatt bei de Schimon-Péitrus an den anereJénger, deen de Jesus gär hat, gelaf a sot: „Si hunn den Här aus dem Graf geholl a mir wëssen net, wou si hien higeluecht hunn.“
- 3 De Péitrus an den anere Jénger hu sech op de Wee gemaach, fir bei d'Graf ze goen.
- 4 Si sinn alle béid gelaf, mee den anere Jénger war méi séier wéi de Péitrus a koum als Éische beim Graf un.
- 5 Hien huet sech gebéckt, eragekuckt an d'lénge Bänner do leie gesinn. Hien ass awer net eragaangen.
- 6 De Schimon-Péitrus koum no him un a gong an d'Graf eran. Och hien huet d'lénge Bänner do leie gesinn
- 7 an d'Duch, dat em dem Jesus säi Kapp gewéckelt war, awer net bei de léngene Bänner louch, mee zesummegefaalt op enger separater Plaz.
- 8 Du gong och deen anere Jénger, deen als Éische beim Graf ukomm war, eran, huet gesinn a gegleeft.
- 9 (Si haten nämlech d'Schrëft, datt hien nees vun den Doudegen operstoe misst, nach net verstanen.)
- 10 Duerno gongen d'Jénger erëm heem.

De Jesus erschéngt dem Maria vu Magdala

- 11 D'Maria stoung awer nach ëmmer virum Graf an huet gekrasch. Iwwert dem Kräischen huet hatt sech vir eriwwer gebéckt an an d'Graf gekuckt.
- 12 Hatt huet zweeEngelen|Engel erbléckst, déi wäiss ugedoe waren. Si souzen do, wou vir drun dem Jesus seng Läich louch, deen een uewe beim Kapp an deen aneren enne bei de Féiss.
- 13 „Fra, firwat kräischs du?“, frote si. „Si hu mäin Här ewechgeholl an ech weess net, wou si hien higeluecht hunn“, huet hatt geäntwert.
- 14 Nodeems hatt dat gesot hat, huet hatt sech emgedréit an een do stoe gesinn. Et war de Jesus, mee hatt wusst net, datt hien et war.
- 15 De Jesus frot hatt: „Fra, firwat kräischs du? Wie sichts du?“ Hatt huet awer ugeholl, datt hien de Gäertner wier, an huet him geäntwert: „Här, wann s du hie fortgedroen hues, da so mir, wou s du hien higeluecht hues, fir datt ech hie ka siche goen.“

16 „Maria!“, sot de Jesus zu him. Dunn huet hatt sech ëmgedréit a sot zu him: „Rabbuni!“ (wat souvill heescht wéi „Léiermeeschter“).

17 „Hal dech net u mir fest, well ech sinn nach net bei mäi Papp eropgefuer“, sot de Jesus zu him. „Géi awer bei meng Bridder a so zu hinnen: ‚Ech fuere bei mäi Papp an äre Papp erop, bei mäi Gott an äre Gott.‘“

18 D’Maria vu Magdala koum bei d’Jénger a sot hinnen, datt hatt den Här gesinn hätt an och wat hien him gesot hätt.

De Jesus erschéngt senge Jénger

19 Deeselwechten Dag nach géint der Owend, um éischten Dag vun der Woch, haten d’Jénger sech versammelt. Mee well si Angscht virun de Judden haten, hu si dat hannert zouenen Diere gemaach. Du koum de Jesus bei si, huet sech an hir Mëtt gestallt a sot zu hinnen: „Fridde sief mat iech!“

20 Wéi hien dat gesot hat, huet hien hinne seng Hänn a seng Säit gewisen. Wéi d’Jénger den Här gesinn hunn, hu si sech gefreet.

21 De Jesus sot nees zu hinnen: „Fridde sief mat iech! Esou wéi de Papp mech geschéckt huet, esou schécken ech och iech.“

22 Wéi hien dat gesot hat, huet hie si ugehaucht a sot zu hinnen: „Empfänkt den hellege Geescht!“

23 Wann dir engem d’Sënne verzeit, deem si se verzien; wann dir engem se net verzeit, deem si se net verzien.“

De Jesus erschéngt dem Thomas

24 Mee den Thomas, deen Zwilling genannt gouf an och ee vun den Zwielf war, war net bei hinnen, wéi de Jesus bei si koum.

25 Dowéinst hunn déi aner Jénger him erzielt: „Mir hunn den Här gesinn!“ „Wann ech net d’Mol vun den Neel a sengen Hänn gesinn an net mäi Fanger an dëst Mol a meng Hand a seng Säit leeë kann, da gleewen ech net“, huet hien hinnen awer geäntwert.

26 Aacht Deeg drop ware seng Jénger nees dobannen an den Thomas war och bei hinnen. Obwuel d’Dieren zou waren, koum de Jesus bei si, huet sech an hir Mëtt gestallt a sot: „Fridde sief mat iech!“

27 De Jesus sot dunn zum Thomas: „Streck däi Fanger aus a kuck meng Hänn un. Streck deng Hand aus a lee se a meng Säit. Sief net ongleeweg, mee gleeweg.“

28 „Mäin Här a mäi Gott!“, huet den Thomas him geäntwert.

29 „Thomas, du hues gegleeft, well s du mech gesinn hues. Geseent sinn déijéineg, déi gleewen, och wa si net gesinn“, sot de Jesus zu him.

30 De Jesus huet nach vill aner Zeeche viru senge Jénger gemaach, déi net an dësem Buch opgeschriwwe sinn.

31 Mee déi hei sinn opgeschriwwe ginn, fir datt dir gleeft, datt de Jesus deMessias ass, de Jong vu Gott, an datt dir, well dir gleeft, duerch säin Numm Liewen hutt.

Jean 21

De Jesus weist sech senge Jénger beim Séi Tiberias

1 Duerno huet de Jesus sech senge Jénger nach eng Kéier beim Séi Tiberias gewisen. Op dës Manéier huet hie sech gewisen:

2 De Schimon-Péitrus, den Thomas (deen Zwilling genannt gouf), den Nathanael aus Kana a Galilea, d'Jonge vum Sabdai an zwee anerer vu senge Jénger hate sech versammelt.

3 „Ech gi fëschen!“, sot de Schimon-Péitrus zu hinnen. „Mir kommen och mat“, hu si geäntwert. Si gOUNGEN eraus a sinn direkt an den Naache|Naachen geklommen, mee an där Nuecht hu si näischt gefaangen.

4 Ganz fréi mueres stoung de Jesus um Uwänner, mee d'Jénger hunn net erkannt, datt et de Jesus war.

5 „A Kanner, hutt dir Fësch gefaangen?“, frot de Jesus si. „Neen“, hu si him geäntwert.

6 „Geheit är Netzer op der rietser Säit vum Naachen aus, da fänkt dir Fësch“, sot hien zu hinnen. Si hunn hir Netzer ausgeworf a konnten d'Netz wéinst den onmoosseg ville Fësch net eranzéien.

7 Dowéinst sot dee Jénger, deen de Jesus gär hat, zum Péitrus: „Et ass den Här!“ Wéi de Schimon-Péitrus héieren huet, datt et den Här war, huet hie seng Tunique, déi hie virdrun ausgedoen hat, nees ugedoen an ass an de Séi gesprongen.

8 Déi aner Jénger koumen awer mam klengen Naachen no an hunn d'Netz voller Fësch hannert sech hiergezunn, well si waren nëmmen ongeféier honnert Meter vum Uwänner ewech.

9 Wéi si nees u Land waren, hu si en Holzkuelefeier, wou Fësch drop louchen, a Brout gesinn.

10 „Bréngt och vun de Fësch mat, déi dir elo grad gefaangen hutt“, sot de Jesus zu hinnen.

11 De Schimon-Péitrus ass dunn an den Naache geklommen an huet d'Netz un den Uwänner gezunn. Et war voller grousser Fësch, honnertdräiafzeg Stéck; an obschonn et der esou vill waren, ass d'Netz net gerass.

12 „Kommt an iesst“, huet de Jesus si invitéiert. Et huet awer kee vun de Jénger sech getraut, fir ze froen: „Wie bass du?“, well si woussten, datt et den Här war.

13 De Jesus kouv dohinner, huet d'Brout geholl an huet hinnen dovunner ginn. Datselwecht huet hien och mam Fësch gemaach.

14 Dat war déi drëtte Kéier, datt de Jesus sech senge Jénger gewisen huet, nodeems hie vun den Doudegen operstane war.

De Jesus fuerdert de Péitrus op, fir op seng Schof opzepassen

15 Nodeems si giess haten, frot de Jesus de Schimon-Péitrus: „Schimon, Jong vum Yona, hues du mech méi gär wéi déi hei?“ „Jo, Här, du weess, datt ech dech gär hunn“, huet hien him geäntwert. „Fidder meng Lämmer“, sot de Jesus zu him.

16 Eng zweet Kéier frot de Jesus hien: „Schimon, Jong vum Yona, hues du mech gär?“ „Jo, Här, du weess, datt ech dech gär hunn“, huet hien him geäntwert. „Hitt meng Schof“, sot de Jesus zu him.

17 Eng drëtt Kéier frot de Jesus hien: „Schimon, Jong vum Yona, hues du mech gär?“ De Péitrus war traureg, well de Jesus hien eng drëtte Kéier gefrot huet: „Hues du mech gär?“ „Här, du weess alles; du weess, datt ech dech gär hunn“, huet hien him geäntwert. „Fidder meng Schof“, sot de Jesus zu him.

18 „Ech soen dir d'Wourecht! Wéi s du méi jonk waars, hues du dech selwer ugedoen a gouns, wouhin s du wolls; mee wann s du al gëss, strecks du deng Hänn aus an een aneren deet dech un a féiert dech anzwousch, wou s du net hi wëlls.“

19 Hie sot dat, fir op d'Manéier vum Doud hinzeweisen, mat där hie Gott verherrleche géif. Nodeems hien dat gesot hat, sot hien: „Komm mir no!“

De Jénger, deen de Jesus gär hat

20 De Péitrus huet sech ëmgedréit an huet gesinn, datt de Jénger, deen de Jesus gär hat, hinnen nokouv. (Et war deeselwechte Jénger, dee sech beim lessen un dem Jesus seng Broscht geluecht hat a gefrot hat: „Här, wie verréit dech?“)

21 Wéi de Péitrus hie gesinn huet, frot hien de Jesus: „Här, a wat geschitt mat him?“

22 „Wann ech wëll, datt hie bleift, bis ech nees zeréckkommen, wat geet dech dat un? Komm du mir no“, huet de Jesus him geäntwert.

23 Esou gouf ënnert de Bridder gezielt, datt dëse Jénger net stierwe géif. Mee de Jesus hat net gesot, datt hien net stierwe géif, mee just: „Wann ech wëll, datt hie bleift, bis ech nees zeréckkommen, wat geet dech dat un?“

24 Et ass och dëse Jénger, deen iwwert dat alles ausseet an deen et niddergeschriwwen huet. Mir wëssen, datt seng Ausso wouer ass.

25 Och soss gött et nach vill, wat de Jesus gemaach huet. Wann dat awer alles géif opgeschriwwen ginn, esou mengen ech, kéint d'Welt all déi Bicher, déi misste geschriwwen ginn, net faassen. Amen.

Apostelgeschicht

Apostelgeschicht 1

De Jesus gött an den Himmel eropgeholl

- 1 Léiwen Theophilos, a mengem éischte Rapport hunn ech iwwert alles geschriwwen, wat de Jesus ugefaangen huet ze maachen an z'enseignieren,
- 2 bis zu deem Dag, wéi hien eropgeholl gouf, nodeems hien den Apostelen|Apostel, déi hien auserwilt hat, duerch den hellege Geescht Uweisung ginn hat.
- 3 No sengem Leiden huet hie sech hinnen duerch e sëllegen iwwerzeegend Beweiser als lieweg gewisen: Hie gouf véierzeg Deeg laang vun hinne gesinn an huet während där Zäit iwwert d'Kinnekräich vu Gott geschwat.
- 4 Wéi si versammelt waren, huet hie si opgefuerdert: „Verloosst Jerusalem net, mee waart op dat, wat mäi Papp versprach huet. Ech hat iech jo vun deem Versprieche verzielt.
- 5 De Jean huet zwar mat Waasser gedeeft, mee an e puer Deeg gitt dir mam hellege Geescht gedeeft.“
- 6 Wéi si beienee koumen, frote si hien: „Här, wäerts du zu dëser Zäit d'Kinnekräich fir Israel nees hierstellen?“
- 7 De Jesus huet hinne geäntwert: „Et steet iech net zou, fir d'Zäiten an d'Zäitpunkten ze wëssen, déi de Papp duerch seng eegen Autoritéit festgeluecht huet.
- 8 Dir kritt Kraaft, wann den hellege Geescht op iech kënnt. An da sidd dir meng Zeien zu Jerusalem, a ganz Judea a Samarien, a bis un d'Enn vun der Äerd.“
- 9 Nodeems hien dat gesot hat, gouf hie virun hiren Aen eropgeholl an eng Wollek huet hien aus hirem Bléckfeld geholl.
- 10 An deem Abléck, an deem si an den Himmel gestuerkt hunn, fir him nozekucken, wéi hien eropgefuer ass, stoungen op eemol zwee Männer a wäisse Kleeder nieft hinnen.
- 11 „Männer vu Galilea“, sote si, „firwat stitt dir hei an den Himmel ze kucken? Dëse Jesus, dee vun iech fort an den Himmel opgeholl gouf, kënnt op déiselwecht Manéier zeréck, wéi dir hien an den Himmel fuere gesinn hutt.“

De Mattai ersetzt de Judas

- 12 Du gounge si erof vum Bierg, deen Olivebierg genannt gött an deen no bei Jerusalem läit (ongeféier d'Distanz, déi een op engem Sabbat reesen däerf), nees hannescht op Jerusalem.
- 13 Wéi si an d'Stad erakoumen, gounge si an déi iewescht Kummer, wou si sech opgehale hunn: de Péitrus, de Jacques, de Jean, den Andreas, de Philippe, den Thomas, de Bar-Talmi, de Mattias, de Jacques, deen de Jong vum Alfai war, de Schimon, deen de Radikale genannt gouf, an de Judas, deen de Jong vum Jacques war.
- 14 Déi waren alleguer bestänneg gläichgesënnt am Gebiet an an hiren Uleiessen, zesumme mat de Fraen a mam Maria, dem Jesus senger Mamm, a mat senger Bridder.
- 15 Bannent dësen Deeg stoung de Péitrus matzen ënnert de Jénger op (zesumme ware si zu ongeféier honnertzwanzeg Leit) a sot:
- 16 „Léif Leit! Geschwëster! Déi Schrëft huet sech missen erfëllen, déi den hellege Geescht duerch den David virausgesot huet iwwer de Judas, deen e Guide gouf fir déi, déi de Jesus verhaft hunn.
- 17 Hie war ee vun eis an hat en Undeel un eisem Déngscht.“
- 18 (Mat de Sue vu senger ongerechter Dot hat dëse Mann sech e Feld kaf. Mee hien ass bonz ënne bonz uewe gefall, ass an der Mëtt gebascht a säi ganz Geträips ass erausgefall.
- 19 Dat goufen all d'Awunner vu Jerusalem gewuer an esou gouf dëst Feld an hirem eegener Sprooch „Akel Dama“ genannt, wat esou vill heescht wéi „Feld vum Blut“.)
- 20 „Et steet nämlech am Buch vun de Psalme geschriwwen: ‚Säi Lager soll verlooss sinn an et soll keen dra wunnen.‘ An och: ‚Een anere soll seng Funktioun iwwerhuelen.‘
- 21 Dofir muss elo ee vun all dëse Männer, déi eis déi ganz Zäit begleet hunn, wéi den Här Jesus bei eis an- an ausgaangen ass,
- 22 vum Jean senger Daf un bis zu deem Dag, op deem hie virun eis eropgeholl gouf, mat eis en Zeie vu senger Operstéiung ginn.“
- 23 Si hunn der dunn zwee proposéiert: de Yossef, dee Bar-Schabba genannt gouf, deen och ënnert dem Numm Justus bekannt war, an de Mattai.
- 24 Dunn hu si gebiet a soten: „Här, du kenns jidderengem säin Häerz. Weis eis, wien s du vun dësen zwee auserwilt hues,
- 25 fir dësen Déngscht an dës Apostelfunktioun z'iwwerhuelen, vun där de Judas ofgewach ass, fir op seng Plaz ze goen.“

²⁶ Si hunn d'Lous gezunn an d'Lous ass op de Mattai gefall. Hie gouf du bei déi eelef Apostelen bäigezielt.

Apostelgeschicht 2

Den hellege Geesch kent op Päischten

- ¹ OpPäischte|Päischten ware si all gläichgesennt zesummen op d'ärselwechter Plaz.
- ² Op eemol koum en Dausche vum Himmel, dat esou geklongen huet wéi e kräftege Wandstouss, an en huet d'ganzt Haus, an deem si souzen, erfëllt.
- ³ Et sinn hinnen Zongen erschéngen, déi ewéi Feier ausgesinn hunn, an déi sech verdeelt hunn a sech op all eenzele vun hinnen niddergelooss hunn.
- ⁴ Si goufen all mam hellege Geesch erfëllt an hunn ugefaangen, an anere Sproochen ze schwätzen, esou wéi de Geesch hinnen et erméiglecht huet.
- ⁵ Zu där Zäit hu sech Judden, fromm Männer aus all den Natiounen ënnert dem Himmel, zu Jerusalem opgehalen.
- ⁶ Wéi si dovunner Wand kruten, koum d'ganzt Vollek zesummegeklaf. D'Leit ware ganz doruechter, well jiddereen si a senger Mammesprooch schwätzen héieren huet.
- ⁷ Si ware verwonnert an hu gestaunt. Si soten een zum aneren: „Lauschter, sinn déi, déi do schwätzen, net all vu Galilea?“
- ⁸ Wéi ass dat méiglech, datt all eenzele vun eis si dann a senger Mammesprooch héiert schwätzen?
- ⁹ Mir – Parther, Meeder, Elamiter, Awunner aus Mesopotamien, Judea a Kappadokien, aus Pontus a Klengasien,
- ¹⁰ aus Phrygien, Pamphylien, Ägypten, aus der Regioun Kyrene a Libyen, a Gäscht aus Roum, souwuel Judde wéi och Proselyten ,
- ¹¹ och Kreter an Araber – mir alleguer héiere si an eise Sprooche vun de mächtegen Dote vu Gott schwätzen!“
- ¹² Si waren all verwonnert a perplex, a soten een zum aneren: „Wat soll dat bedeuten?“
- ¹³ Anerer hu sech iwwert si lëschtég gemaach a soten: „Si si voll vum neie Wäin!“

De Péitrus priedegt op Päischten

- ¹⁴ Dunn ass de Péitrus zesumme mat den Eeief opgestanen, huet seng Stëmm erhuewen a sot zu hinnen: „Männer aus Judea an dir all, déi dir iech

zu Jerusalem ophaalt! Dir sollt Folgendes wëssen an och op meng Wieder lauschteren:

15 Dës Männer sinn net voll, esou wéi dir dat mengt! 't ass jo 'réischt néng Auer mueres!

16 Mee wat hei geschitt, ass dat, wat vum Prophéit Yoël gesot gouf:

17 ‚An de leschten Deeg‘, seet Gott, ‚schëdden ech mäi Geesch op all Mënsch aus.

Är Jongen an är Meedercher prophezeien, är jonk Männer gesi Visiounen an är al Männer dreemen Dreem.

18 Während deenen Deeg schëdden ech mäi Geesch och op meng Knechten a meng Meed aus a si prophezeien.

19 Ech maache Wonner uewen am Himmel an Zeechen ënnen op der Äerd: Blut, Feier a Sainen aus Dampf.

20 D'Sonn gött an Däischtert verwandelt an de Mound a Blut éier de groussen an herrlechen Dag vum Här kënnt.

21 Da geschitt et, datt deen, deen den Numm vum Här urifft, gerett gött.'

22 Männer vun Israel, lauschtert op dës Wieder: De Jesus vun Nazaret war e Mann, dee Gott iech duerch mächtig Doten, Wonner an Zeeche bescheinigt huet, déi Gott duerch hie matzen ënnert iech gemaach huet, esou wéi dir et och wësst.

23 Hie gouf nom festgeluechte Rot a Viruswësse vu Gott ausgeliwert. Dir hutt Gesetzesbriecher gebraucht, fir hie festzehuelen, ze kräizegen an ëmzebréngen.

24 Gott huet de Jesus operstoe gelooss, nodeems hien e vun der Péng vum Doud befreit huet, well et jo net méiglech war, datt hie vum Doud festgehale kéint ginn.

25 Den David sot nämlech iwwert hien: ‚Ech hunn den Här ëmmer viru mengen Aen, well hien zu menger Rietser ass, fir datt ech net aus dem Gläichgewicht geroden.

26 Dofir huet mäin Häerz sech gefreet a meng Zong huet vu Freed geruff; an och mäi Läif rout an der Hoffnung.

27 Du léiss meng Séil nämlech net am Graf zeréck an du léiss net zou, datt däin Hellegen d'Zersetzung erlieft.

28 Du hues mir d'Weeër vum Liewe gewisen; du erfëlls mech mat Freed an denger Präsenz.'

29 Männer, Bridder, loosst mech fräi mat iech iwwert de Patriarch David schwätzen: Hien ass gestuerwen a gouf begruewen. Säi Graf ass bis haut bei eis erhalten.

30 Well hien e Prophét war a well hie wousst, datt Gott him mat engem Eed geschwuer hat, datt hien de Messias aus sengen Nokommen ervirbréngé géif, fir op sengem Troun ze sätzen,

31 huet hien dat virausgesinn an huet iwwert d'Operstéiung vum Messias geschwat, datt seng Séil net am Graf zeréckgelooss géif ginn an datt säi Läif och keng Zersetzung erliewe géif.

32 Dëse Jesus huet Gott operstoe gelooss a mir sinn alleguer Zeien dovunner.

33 Nodeems hien zur Rietser vu Gott erhuewe gouf an de versprochenen hellege Geescht vum Papp krut, huet hien den hellege Geescht iwwert eis ausgeschott, wéi dir elo gesitt an héiert.

34 Den David giong nämlech net an den Himmel erop, mee hie sot selwer: „Den Här sot zu mengem Här: „Setz dech zu menger Rietser,

35 bis ech aus denge Feinden eng Foussbänk fir dech maachen.“

36 Dofir soll d'ganzt Haus Israel mat Gewëssheet erkennen, datt Gott dëse Jesus, den dir gekräizegt hutt, zum Här a Messias gemaach huet.“

37 Wéi d'Leit dat héieren hunn, ass et hinne wéi e Stach duerch d'Häerz gefuer a si soten zum Péitrus an zu den aneren Apostelen|Apostel : „Bridder, wat solle mir maachen?“

38 Du sot de Péitrus zu hinnen: „Kéiert ëm an all eenzele vun iech soll sech am Numm vum Jesus, dem Messias, fir d'Verzeiung vun de Sënnen deefe loossen. Da kritt dir de Kaddo vum hellege Geescht.

39 D'Vesprieche gëllt nämlech fir iech an är Kanner a fir all Mënsch, dee wäit ewech ass, fir esou vill Mënsche wéi den Här, eise Gott, ruffe wëllt.“

40 Hien huet dat mat villen anere Wieder bezeit an huet si ermunnt, andeems hie sot: „Loosst iech aus dëser verduerwener Generatioun retten.“

41 Du goufen déi, déi säi Wuert mat Freed ugeholl haten, gedeeft. Nach op deem Dag selwer goufen ongeféier dräidausend Mënsche bei si dobäi gezielt.

D'Gemeinschaft vun de Gleewegen

42 Si hu sech onermiddlech un d'Léier vun den Apostelen, un d'Gemeinschaft, un d'Brout brieden an un d'Gebieder gehalen.

43 All Mënsch krut et mat der Angscht ze dinn. Vill Wonner an Zeeche sinn duerch d'Apostele geschitt.

44 Alleguer déi, déi gegleeft hunn, ware beieneen an hunn alles zesumme gedeelt.

45 Si hunn Habb a Gutt verkaf an den Erléis dovun un all d'Leit verdeelt, jee nodeem wéi jiddereen et gebraucht huet.

46 Si waren Dag fir Dag bestänneg an Eenegkeet amTempel. Si hunn hiert lesse mat Freed a mat éierlechem Häerz giess, andeems si vun Haus zu Haus Brout zesumme gebrach hunn

47 a Gott gelueft hunn. Si stoungen an der Gonscht vum ganze Vollek. Dag fir Dag huet den Här déi Leit an d'Gemeinschaft bruecht, déi gerett goufen.

Apostelgeschicht 3

De Péitrus heelt e schlamme Mann

1 De Péitrus an de Jean gOUNgen zesummen ëm dräi Auer nomëttes an denTempel erop, wéi et d'Zäit vum Gebiet war.

2 Do gouf et e Mann, dee vu Gebuert u schlamm war an all Dag bei den Tempel gedroe gouf. Hie gouf bei d'Paart vum Tempel, déi „Déi Schéin“ genannt gouf, geluecht, fir do bei de Leit, déi an den Tempel eragaange sinn, ze heeschen.

3 Wéi hien de Péitrus an de Jean gesinn huet, déi um Punkt waren, fir an den Tempel eranzegoen, huet hie si ëm Almose gefrot.

4 Zesumme mam Jean huet de Péitrus hie fixéiert a gesot: „Kuck eis un!“

5 De Mann huet op si gekuckt, well hien erwaart huet, eppes vun hinnen ze kréien.

6 De Péitrus sot: „Sëlwer a Gold hunn ech net, mee dat, wat ech hunn, ginn ech dir: Am Numm vumMessias, dem Jesus vun Nazaret, stéi op a géi!“

7 Dunn huet de Péitrus hie mat der rietser Hand gepaakt an hien opgeriicht. Eenzock goufe seng Féiss a seng Enkele staark.

8 Hien ass opgesprongen, konnt stoen a goen. Du gOUNg hie mat hinnen an den Tempel eran: Hien ass ronderëm gaangen a gesprongen an huet Gott gelueft.

9 All d'Leit hunn hie goen a Gott luewe gesinn.

10 Si hunn hien als deen erkannt, dee bei der Schéiner Paart vum Tempel gesiess hat, fir ze heeschen. Si ware voller Verwonderung a Staunen iwwert dat, wat him geschitt war.

De Péitrus priedegt am Tempel

- 11 Während de Gelähmten, dee geheelt gouf, sech un de Péitrus an un de Jean festgehalten huet, koumen all d'Leit voller Staune zesumme bei si gelaf an d'Hal, déi dem „Salomon seng Hal“ genannt gëtt.
- 12 Wéi de Péitrus dat gesinn huet, huet hie sech un d'Vollek geriicht: „Männer vun Israel, firwat sidd dir heiriwwer verwonnert? Firwat stuerkt dir op eis, wéi wa mir aus eegener Kraaft oderFrëmmegkeet dëse Mann goe gedoen hätten?
- 13 De Gott vum Abraham, vum Isaak a vum Jakob, de Gott vun eise Virfuere huet säin Dénger, de Jesus, verherrlecht, nämlech dee Jesus, deen dir ausgeliewert a virum Pilatus verleegent hutt, wéi dee sech dofir entscheet hat, fir hie fräizeloossen.
- 14 Dir hutt awer den Hellegen an de Gerechte verleegent an hutt gefrot, datt e Mäerder fir iech sollt fräigelooss ginn.
- 15 De Pränz vum Liewen hutt dir ëmbruecht, dee Gott awer vun den Doudegen operstoe gelooss huet. Dovunner si mir Zeien.
- 16 Et ass duerch de Glawen u säin Numm, datt säin Numm dëse Mann, deen dir gesitt a kennt, staark gemaach huet. De Glawen, deen duerch säin Numm kënnt, huet deem heite Mann virun iech alleguer dës vollstänneg Gesondheet erëmginn.
- 17 Geschwëster, ech weess, datt dir dat an der Onwëssenheet gemaach hutt, genee wéi och är lewescht vum Vollek.
- 18 Mee dat, wat Gott duerch de Mond vun all senge Prophéite virausgesot hat, nämlech datt de Messias leide misst, huet hien op déi Manéier erfëllt.
- 19 Kéiert dofir ëm an dréit iech zu Gott, fir datt är Sënne verdillegt ginn. Da komme vun der Präsenz vum Här Zäite vun der Erfrëschung
- 20 an da kann hien iech dee schécken, deen iech virun ugekënnegt gouf: de Messias Jesus.
- 21 Den Himmel muss de Messias ophuele bis déi Zäite kommen, an deenen alles erëm hiergestallt gëtt, déi Zäiten, vun deene Gott schonns zënter éiweg duerch de Mond vun all sengen hellege Prophéite geschwat huet.
- 22 De Moses huet jo schonns zu de Virfuere gesot: ‚Den Här, äre Gott, beriff an der Zukunft fir iech e Prophéit, wéi ech ee sinn, aus äre Bridder. Dir sollt op alles, wat hien iech ze soen huet, lauschteren.‘
- 23 ‚Jiddereen, deen net op dëse Prophéit lauschtert, soll aus dem Vollek verdillegt ginn.‘
- 24 An och all d'Prophéiten, déi geschwat hunn, vum Samuel un an och déi no him komm sinn, hunn dës Deeg virausgesot.

25 Dir sidd d'Nokomme vun de Prophéiten a vum Bond, dee Gott mat eise Virfuere geschloss huet, wéi hien zum Abraham sot: ‚Duerch däin Nokomme ginn all d'Vëlker vun der Welt geseent.‘

26 Gott huet säin Dénger, de Jesus, operstoe gelooss an hie fir d'éischt bei iech geschéckt, fir iech ze seenen a fir all eenzele vun iech vu senge béisen Doten ofzebréngen.“

Apostelgeschicht 4

De Péitrus an de Jean virum Sanhedrin

1 Während si mat de Leit geschwat hunn, koumen d'Priister, de Kapitän vun den Tempelwiechter an d'Zaddukiter bei si.

2 Déi waren opbruecht, well d'Apostelen d'Vollek geléiert hunn a verkënnegt hunn, datt d'Operstéiung vun den Doudege wéinst dem Jesus geschéie géif.

3 Si hunn dofir Hand u si geluecht an hu si bis de Moien drop an Haft gehalen, well et schonns Owend war.

4 Mee vill vun deenen, déi d'Ried héieren haten, hu gegleeft; an d'Zuel vun de Männer ass ongeféier op fënnefdausend gewuess.

5 Den Dag drop hunn d'Herrscher, déi Eelst an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz sech

6 zesumme mam Hannan, deen denHaaptpriister war, dem Kayafa, dem Yohannan an dem Alexander an och mat deenen, déi Famill mam Haaptpriister waren, zu Jerusalem versammelt.

7 Si hunn de Péitrus an de Jean an hir Mëtt gestallt a frote si: „Duerch wéi eng Kraaft oder a wéi engem Numm hutt dir déi Dot gemaach?“

8 Dunn huet de Péitrus, dee vum hellege Geescht erfëllt war, hinne geäntwert: „Herrscher vum Vollek an Eelst vun Israel!

9 Wa mir haut wéinst enger gudder Dot verhéiert ginn, déi un engem schwaache Mann erwise gouf, an dir wësse wëllt, wéi hie geheelt gouf,

10 da sollt dir alleguer an och d'ganz Vollek Israel et wëssen: Hie gouf geheelt duerch den Numm vum Messias, dem Jesus vun Nazaret, deen dir gekräizegt hutt an dee Gott vun den Doudegen operstoe gelooss huet. Duerch hie steet dëse Mann hei gesond virun iech.

11 Dëse Jesus ass ‚de Steen, deen dir, d'Steemetzer, verworf hutt an deen zum Eckstee ginn ass.‘

12 Et ass a kengem anere Rettung ze fannen, well et ass keen aneren Numm ënnert dem Himmel de Mënsche ginn, duerch dee mir gerett musse ginn.“

- 13 Wéi si dat séchert Opriede vum Péitrus a vum Jean gesinn hunn a gemierkt hunn, datt si ongebild an einfach Männer wieren, ware si verwonnert. Si hunn erkannt, datt si mam Jesus gewiescht waren,
- 14 a well si de Mann, dee geheelt gouf, mat hinnen do stoe gesinn hunn, konnte si näischt dogéint soen.
- 15 Nodeems si hinne befuel hunn deSanhedrin ze verloossen, hu si sech ënnertenee beroden:
- 16 „Wat solle mir mat dëse Leit maachen? Et ass tatsächlech jidderengem, deen zu Jerusalem wunnt, kloer, datt e bemierkenswäert Zeechen duerch si geschitt ass. Mir kënnen dat net ofstreiden.
- 17 Mee, fir datt et sech net nach weider ënnert dem Vollek verbreet: Loosst eis hinne seriö dreeën, mat kengem méi an dësem Numm ze schwätzen.“
- 18 Si hu si erageruff an hunn hinne befuel, ni méi am Numm vum Jesus ze schwätzen oder ze léieren.
- 19 De Péitrus an de Jean hunn hinnen awer geäntwert: „Dir sollt selwer jugéieren, ob et viru Gott richtig ass, fir méi op iech wéi op Gott ze lauschteren.
- 20 Wat eis ugeet, ass et eis awer onméiglech, net vun deem ze schwätzen, wat mir gesinn an héieren hunn.“
- 21 Nodeems si hinnen nach méi gedreet haben, hu si si goe gelooss. Si konnte si nämlech net bestrofe wéinst de Leit, well déi all Gott verherrlecht hunn, wéinst deem, wat geschitt war.
- 22 (De Mann, un deem dëst Zeeche vun der Heelung geschitt war, war iwwert véierzeg Joer al.)

Déi Gleeweg bieden

- 23 Nodeems de Péitrus an de Jean fräigelooss goufen, gounge si hannescht bei hir Frënn an hunn hinnen alles, wat d'iewescht Priister an déi Eelst hinne gesot haben, verzielt.
- 24 Wéi si alles héieren haben, hu si zesummen hir Stëmmen zu Gott erhuewen: „Här, du bass de Gott, deen den Himmel, d'Äerd, d'Mier an alles, wat dran ass, erschafen huet.
- 25 Du sos duerch de Mond vun dengem Dénger David: ‚Firwat hunn d'Natioune gerost a firwat hunn d'Vëlker onnëtz Pläng gemaach?
- 26 D'Kinneke vun der Äerd erhiewe sech an d'Herrscher di sech zesumme géint den Här a géint säi Messias.‘

27 Jo, tatsächlech hunn den Herodes an de Pontius Pilatus sech mat den Net-Judden an dem Vollek Israel géint däin hellegen Dénger Jesus, deem s du gesalleft hues, zesummege doen,

28 fir dat ze maachen, wat deng Hand an däi Wëllen am Virus bestëmmt haten, wat sollt gemaach ginn.

29 An elo Här, kuck op hir Dreeungen an erméiglech dengen Dénger et, däi Wuert an aller Zouversiicht ze verkënnegen.

30 Maach dat, andeems du deng Hand ausstreckst, fir ze heelen, an andeems Zeechen a Wonner duerch den Numm vun dengem hellegen Dénger Jesus geschéien.“

31 Nodeems si gebiet haten, huet d'Plaz, wou si versammelt waren, geziddert. Si goufen all mam hellege Geescht erfëllt an hunn d'Wuert vu Gott mat Zouversiicht verkënnegt.

Déi Gleeweg deelen hire Besëtz

32 De Grupp vun deenen, déi gegleeft hunn, waren een Häerz an eng Séil. Et sot och keen, datt iergendeppes aus sengem Besëtz him eleng géif gehéieren, mee si hunn alles matenee gedeelt.

33 Mat grousser Kraaft hunn d'Apostelen|Apostel d'Operstéiung vum Här Jesus bezeit. Eng grouss Gnod huet op hinnen all gerout.

34 Et gouf och keen ënnert hinnen, deem et um Néidege gefeelt huet. Well jiddereen, deem Land oder Haiser gehéiert hunn, huet si verkaf an huet den Erléis vun deem, wat verkaf gouf, bruecht

35 an den Apostelen e virun d'Féiss geluecht. Si hunn den Erléis dunn un all eenzele verdeelt, jee nodeem wat hie gebraucht huet.

36 De Yossef, dee vun den Apostelen och Bar-Naba genannt gouf (wat iwwersat de „Jong vum Troust“ heescht) an deem e Levit war, gebierteg aus Zypern,

37 huet e Feld, dat him gehéiert huet, verkaf an huet den Erléis bruecht an den Apostelen e virun d'Féiss geluecht.

Apostelgeschicht 5

Den Hanania an d'Schapira

1 E Mann, deem Hanania geheescht huet, huet zesumme mat senger Fra Schapira e Stéck vu sengem Besëtz verkaf.

2 Hien huet mam Accord vu senger Fra eppes vum Erléis zeréckbehalen a just een Deel denApostele|Apostelbruecht an hinnen e virun d'Féiss geluecht.

- 3 Du frot de Péitrus: „Hanania, firwat huet de Satan däin Häerz esou erfëllt, fir den hellege Geescht ze beléien an en Deel vum Erléis vum Terrain fir dech ze behalen?
- 4 Wéi en nach net verkaf war, huet en dunn net dir gehéiert? Nodeems e verkaf war, stoung den Erléis dir dunn net zur Verfügung? Firwat hues du dir esou eng Dot an dengem Häerz virgeholl? Du hues net d'Mënsche belunn, mee Gott.“
- 5 Wéi den Hanania dës Wieder héieren huet, ass hien dout ëmgefall. Iwwert all déi, déi dovunner héieren hunn, koum dunn eng grouss Angscht.
- 6 Du si jonk Männer opgestanen, hunn hien agewéckelt, erausgedroen a begruewen.
- 7 Ongeféier dräi Stonnen drop koum seng Fra eran, déi net wusst, wat geschitt war.
- 8 „So mir, ob dir den Terrain fir souvill verkaf hutt?“, frot de Péitrus si. „Jo, fir esou vill“, huet si geäntwert.
- 9 „Firwat hutt dir iech zesumme verschwuer, fir de Geescht vum Här ze préiwen? Kuck, d'Féiss vun deenen, déi däi Mann begruewen hunn, sti virun der Dier a wäerten och dech erausdroen“, sot de Péitrus dunn zu hir.
- 10 Eenzock ass si viru senge Féiss dout ëmgefall. Déi jonk Männer koumen eran an hu festgestallt, datt si dout wier. Si hu si erausgedroen a mat hirem Mann begruewen.
- 11 Eng grouss Angscht koum dunn iwwert déi ganz Gemeinschaft an och iwwert all déi, déi dovunner héieren hunn.

D'Apostelen heele vill Kranker

- 12 Et sinn och vill Zeechen a Wonner duerch d'Hänn vun den Apostelen ënnert dem Vollek geschitt. Si waren alleguer eestëmmeg an der Hal vum Salomon versammelt.
- 13 Et huet sech awer soss kee getraut, fir sech hinnen unzeschléissen, och wann d'Leit déck Stécker op si gehalen hunn.
- 14 Et konnt een der ëmmer méi dobäi zielen, déi un den Här gegleeft hunn: eng grouss Zuel vu Männer an och vu Fraen.
- 15 D'Leit hunn esouguer déi Krank op d'Stroossen erausbruecht a si op Brëtschen a Matte geluecht, fir datt wéinstens dem Péitrus säi Schiet op ee vun hinne fale kéint, wann hie laanschtgoe géif.
- 16 Och aus den Nopeschstied hu sech onmoosseg vill Leit zu Jerusalem versammelt a si hunn déi Krank an déi, déi vun onrenge Geeschter geplot goufen, bruecht a si goufen all geheelt.

D'Apostele gi verfollegt

- 17 Dunn ass denHaaptpriister mat all deenen, déi bei him waren (dat heescht, déi vun der Sekt vun denZaddukiter), opgestanen a si ware voller Jalousie.
- 18 Si hunn Hand un d'Apostele geluecht an hu si virun allen Aen an de Prisong gehäit.
- 19 Mee an der Nuecht huet enEngel vum Här d'Diere vum Prisong opgemaach, huet d'Apostelen erausgeféiert an zu hinne gesot:
- 20 „Gitt a stellt iech an denTempel a verkënnegt de Leit all d'Wierder vun dësem Liewen.“
- 21 Wéi si dat héieren hunn, gounge si moies fréi an den Tempel an hunn d'Leit geléiert. Mee den Haaptpriister an déi, déi bei him waren, koumen dohin an hunn deSanhedrin zesummegeruff, mat all den Eelste vun den Israeliten, an hunn ee geschéckt, fir d'Apostelen aus dem Prisong bréngen ze loossen.
- 22 Wéi d'Offizier dohikoumen, hu si si net am Prisong fonnt. Du gounge si hannescht an hunn dat gemellt.
- 23 Si soten: „Wéi mir dohikoumen, war de Prisong fest zougespaart an d'Giischercher stounge virun der Dier, mee wéi mir opgespaart hunn, hu mir kee méi dra fonnt.“
- 24 Wéi den Haaptpriister, de Kapitän vun den Tempelwiechter an d'ieweschter Priister dëse Bericht héieren hunn, hu si sech gefrot, wat dorausser géif ginn.
- 25 Du kum een dohin, dee sot: „Kuckt! D'Männer, déi dir an de Prisong gehäit hutt, stinn am Tempel a léieren d'Vollek!“
- 26 Doropshin ass de Kapitän mat den Tempelwiechter higaangen an huet d'Apostelen ouni Gewalt zeréckbruecht. Si haten nämlech Angscht, datt d'Vollek si géif stengegen.
- 27 Nodeems si d'Apostelen erabruecht haten, hu si si virun de Sanhedrin higestallt. Den Haaptpriister frot si:
- 28 „Hate mir iech net strengstens befuel, net an dësem Numm ze léieren? An nawell hutt dir Jerusalem mat ärer Léier gefällt an hutt wëlles dësem Mann säi Blut iwwert eis ze bréngen!“
- 29 Dunn hunn de Péitrus an d'Apostele geäntwert: „Mir musse Gott méi follege wéi de Mënschen.“
- 30 De Gott vun eise Virfueren huet de Jesus operstoe gelooss. Hien ass deen, deen dir ëmbruecht hutt, andeems dir hien un en hëlzent Kräiz gehaangen hutt.

- 31 Gott huet hien als Prënz a Retter zu senger Rietser erhuewen, fir Israel d'Méiglechkeet ze ginn, firëmzekéieren|ëmkkéieren an hir Sënne verzien ze kréien.
- 32 Mir sinn Zeie vun all deem, wat geschitt ass, esou wéi den hellege Geescht dat och ass, dee Gott deene ginn huet, déi him follegen.“
- 33 Wéi si dat héieren hunn, hu si gekacht vu Roserei an hu geplangt, fir si ëmzebréngen.
- 34 Du stoung ee vum Sanhedrin op, ePharisäer, dee Gamaliel geheescht huet an e Léiermeeschter vum Gesetz war. Hie gouf vum ganze Vollek respektéiert. Hien huet hinne befuel, d'Apostele fir en Ament erauszeféieren.
- 35 Du sot hien zu hinnen: „Männer vun Israel, iwverleet iech gutt, wat dir mat dëse Männer maache wëllt.
- 36 Virun enger gewëssener Zäit huet den Todas sech erhuewen an huet behaapt hie wier eppes Besonnesches. En etlech Männer, ongeféier véierhonnert, hate sech him ugeschloss. Hie gouf ëmbruecht an all déi, déi vun him iwverzeegt waren, goufe verspreeet an et koum zu näischt.
- 37 No him hat de Judas aus Galilea sech während den Deeg vun der Vollekszielung erhuewen. Hien hat vill Leit dozou verleet, mat him ze revoltéieren. Och hie gouf ëmbruecht an all déi, déi vun him iwverzeegt waren, goufe verspreeet.
- 38 Dofir soen ech iech elo, haalt iech vun dëse Männer ewech a loosst si goen. Wann dëse Plang oder dëst Wierk nämlech vun de Mënschen ass, da kënnt et zu näischt.
- 39 Wann et awer vu Gott ass, kënnt dir et net verhënneren, soss kämpft dir géint Gott.“
- 40 Si ware mat him averstanen an nodeems si d'Apostele ruffen a gäissele gelooss haten, hu si hinne befuel, net méi am Numm vum Jesus ze schwätzen. Dunn hu si si goe gelooss.
- 41 D'Apostelen hunn duerno de Sanhedrin verlooss an hu sech gefreet, datt si fir wierdeg gehale goufen, wéinst sengem Numm Schan z'erleiden.
- 42 Si hunn net opgehalen, Dag fir Dag am Tempel a vun Haus zu Haus d'Leit ze léieren an d'gutt Noriicht ze verkënnegen, datt de Jesus deMessias ass.

Apostelgeschicht 6

Siwe Männer ginn als Hëllef ausgewielt

- 1** Zu där Zäit, wéi d'Zuel vun deJénger ëmmer méi gewuess ass, hu sech d'hellenistesche Judden iwwert d'hebräesche Judde beschwéiert, well hir Witfrae während der deeglecher Verdeelung vernoléisseg goufen.
- 2** Dunn hunn déi Zwielf all d'Jénger zesummegeuerft a soten: „Et ass net richtig, datt mir d'Wuert vum Gott vernoléisseg, fir un den Dëscher ze zerwéieren.“
- 3** Dofir, Bridder, sicht ënnert iech siwe Männer mat guddem Ruff eraus, déi mam hellege Geescht a mat Wäisheet erfëllt sinn. Déi wëlle mir da fir dës Aufgab asetzen.
- 4** Mir selwer konzentréieren eis da weiderhin op d'Gebiet an den Déngscht vum Wuert.“
- 5** Dës Propose huet der ganzer Versammlung gefall. Si hunn dunn de Stephan, deen e Mann voller Glawen an erfëllt vum hellege Geescht war, de Philippe, de Prochoros, den Nikanor, den Timon, de Parmenas an den Nikolaos, deen e Proselyt aus Antiochia war, ausgewielt.
- 6** Dës Männer hu si virun d'Apostele|Apostel gestallt a währenddeems d'Apostele gebiet hunn, hu si hir Hänn op si geluecht.
- 7** D'Wuert vum Gott huet sech verbreet an d'Zuel vun de Jénger zu Jerusalem ass ëmmer méi gewuess. Och eng Abberzuel Priister hunn dem Glawe gefollegt.

De Stephan gëtt verhaft

- 8** De Stephan, dee voller Glawen a Kraaft war, huet grouss Wonner an Zeechen ënnert de Leit gemaach.
- 9** Dunn hu verschidde Leit aus derSynagogvun de Fräie Männer (esou gouf d'Synagog genannt), Leit vum Kyrene a vun Alexandria an och nach en ettlech Leit aus Kilikien a Klengasien sech erhuewen, fir mam Stephan ze diskutéieren.
- 10** Si konnten awer net der Wäisheet an dem Geescht, mat deem hie geschwat huet, widderstoen.
- 11** Dunn hu si Männer ugestiwwelt, fir ze soen: „Mir hunn héieren, wéi hien iwwert de Moses a Gott gelästert huet.“
- 12** Si hunn d'Vollek, déi Eelst an d'Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz opgestéppelt. Déi si bei hie komm, hunn hien ergraff an hie virun deSanhedrin geschleeft.
- 13** Si hunn och falsch Zeien optriede gelooss, déi ausgesot hunn: „Dese Mann hält net op iwwert dës helleg Plaz an iwwert d'Gesetz ze lästere.“

14 Mir hunn hien nämlech héiere soen, datt dee Jesus vun Nazaret dës Plaz zerstéiere géif an och d'Bräich, déi de Moses eis iwwerliwwert huet, verännere géif.“

15 Jiddereen, deen am Sanhedrin souz, huet op hie gestuerkt an huet gesinn, datt säi Gesiicht ausgesinn huet, wéi dat vun engem Engel.

Apostelgeschicht 7

De Stephan priedegt virum Sanhedrin

1 „Ass dat dann alles wouer?“, frot den Haaptpriister dunn.

2 „Männer! Bridder a Pappen, lauschtert no!“, huet de Stephan geäntwert. „De Gott vun der Herrlechkeet ass eisem Papp Abraham erschéngen, wéi hien nach a Mesopotamien war, éier hien zu Haran gewunnt huet.

3 Hie sot zu him: ‚Verlooss däi Land an deng Famill a géi an dat Land, wat ech dir weise wäert.‘

4 Dofir huet hien d'Land vun de Kaldeeër verlooss an huet zu Haran gewunnt. Nodeems säi Papp gestuerwe war, huet Gott hie vun do aus an dëst Land geféiert, wou dir elo dra wunnt.

5 Mee Gott hat him keng Ierfschaft an deem Land ginn, net emol esou vill, fir säi Fouss kënnen drop ze stellen. Obwuel den Abraham kee Kand hat, hat Gott him versprach, him a sengen Nokommen no him dëst Land als Besëtzt ze ginn.

6 Gott hat dem Abraham gesot, datt seng Nokomme spéiderhin an engem frieme Land wunnen an do véierhonnert Joer laang versklaavt a mësshandelt géife ginn.

7 ‚Mee dat Vollek, dat si versklaavt, riichten ech‘, sot Gott, ‚an duerno zéie si vun do fort an dénge mir op dëser Plaz.‘

8 Dunn huet hien dem Abraham de Bond vun der Beschneidung ginn. Den Abraham gouf de Papp vum Isaak an huet hien um aachten Dag beschnidden. Den Isaak gouf de Papp vum Jakob an de Jakob gouf de Papp vun den zwielef Patriarchen.

9 D'Patriarche goufen op de Yossef jalous an hunn hien an Ägypten verkaf. Mee Gott war mat him

10 an huet hien aus all sengem Leed gerett. Hien huet him Wäisheet an d'Gonscht vum Pharao, dem Kinnek vun Ägypten, ginn. Deen huet de Yossef zum Gouverneur iwwert Ägypten a säi ganze Stot ernannt.

- 11 Eng Hongersnout koum iwwert ganz Ägypten a Kanaan. Et war eng grouss Nout an eis Virfueren hunn näischt méi fonnt, fir z'iessen.
- 12 Wéi de Jakob dunn héieren huet, datt et Fruucht an Ägypten géif ginn, huet hien eis Virfueren eng éischte Kéier dohigeschéckt.
- 13 Bei der zweeter Kéier huet de Yossef sech senge Bridder z'erkenne ginn an dem Yossef seng Famill ass dem Pharao bekannt ginn.
- 14 De Yossef huet si du geschéckt, fir säi Papp, de Jakob, bei sech ze ruffen, mat senger ganzer Famill, am ganze fënnefasiwenzeg Leit.
- 15 Doropshi goug de Jakob an Ägypten erof. Do ass hie gestuerwen, hien an och eis Virfueren.
- 16 Si goufen zeréck op Schechem bruecht a goufen an d'Graf geluecht, dat den Abraham vun de Jonge vum Hamor zu Schechem fir eng Zomm Suen ofkaf hat.
- 17 Mee wéi d'Zäit vum Verspriechen, dat Gott dem Abraham ginn hat, méi no koum, gouf d'Vollek ëmmer méi grouss an huet sech an Ägypten ausgebreet,
- 18 bis en anere Kinnek an Ägypten regéiert huet, deen näischt vum Yossef wouss.
- 19 Deen ass hannerlëscht mat eisem Vollek verfuer an huet eis Virfuere mësshandelt. Hien huet si forcéiert, fir hir Puppelcher auszesetzen, fir datt si net iwwerliewe sollten.
- 20 Zu där Zäit gouf de Moses gebuer an hien huet Gott gefall. Hie gouf dräi Méint laang am Haus vu sengem Papp geniert.
- 21 Mee wéi hien ausgesat gouf, huet dem Pharao seng Duechter hie bei sech geholl an huet hie wéi hiren eegene Jong erzunn.
- 22 De Moses gouf mam ganze Wësse vun den Ägypter erzunn a war mächtig a Wieder an Doten.
- 23 Wéi hien du véierzeg Joer al war, koum et him an de Sënn, no senge Bridder, den Israeliten, ze kucken.
- 24 Wéi hie gesinn huet, datt engem vun hinnen Onrecht geschitt ass, huet hien dee verdeedegt an e gerächt, andeems hien den Ägypter ëmbruecht huet.
- 25 Hien hat ugeholl, datt seng Bridder verstoe géifen, datt Gott si duerch seng Hand rette géif. Si hunn et awer net verstanen.
- 26 Den Dag drop ass hien zwee vun hinne begéint, wéi si am Gaang waren, ze streiden. Hien huet si opgefuerdert, Fridden ze schléissen, a sot: ‚Männer, dir sidd Bridder! Firwat ditt dir een deem anere Leed un?‘

- 27 Mee deen, dee sengem Nächsten Onrecht gedoen huet, huet de Moses ewechgestouss a sot: ‚Wien huet dech als Herrscher a Riichter iwwert eis agesat?‘
- 28 Wëlls du mech ëmbréngen, esou wéi s du gëschter den Ägypter ëmbruecht hues?‘
- 29 No dëser Remark ass de Moses geflücht an ass an d’Land Midian wunne gaangen. Do krut hien zwee Bouwen.
- 30 Nodeems véierzeg Joer ëm waren, ass him an der Wüst vum Bierg Sinai en Engel vum Här an enger Feierflam aus enger Därenheck erschéngen.
- 31 Wéi de Moses dat gesinn huet, huet hie sech iwwert d’Erscheinung verwonnert. Wéi hie méi no erukoum, fir méi genee ze kucken, huet hien d’Stëmm vum Här héieren:
- 32 ‚Ech sinn de Gott vun denge Virfuere, de Gott vum Abraham, de Gott vum Isaak an de Gott vum Jakob.‘ De Moses huet geziddert an huet sech net getraut, fir dohinzekucken.
- 33 Du sot den Här zu him: ‚Déi deng Sandalen aus, well déi Plaz, op där s du stees, ass hellege Buedem.‘
- 34 Ech hunn d’Ënnerdréckung vu mengem Vollek, dat an Ägypten ass, gesinn. Ech hunn hiert Gejéimers héieren a sinn erfokomm, fir si ze retten. Komm, ech schécken dech elo an Ägypten.‘
- 35 Dëse Moses, dee si ofgewisen hunn, wéi si soten: ‚Wien huet dech als Herrscher a Riichter iwwert eis agesat?‘, ass deen, dee Gott geschéckt huet, fir Herrscher an Erléiser ze sinn duerch d’Hand vum Engel, deen him an der Därenheck erschénge war.
- 36 Dëse Moses huet si erausgeféiert an huet Wonner an Zeechen an Ägypten, beim Roude Mier an och an der Wüst gemaach, an dat véierzeg Joer laang.
- 37 Dëse Moses ass et, deen zu den Israelite gesot huet: ‚Den Här, äre Gott, wäert fir iech e Prophéit, wéi ech ee sinn, aus äre Bridder beruffen. Op dee sollt dir lauschteren.‘
- 38 Et ass hien, deen an der Versammlung an der Wüst zesumme mam Engel war, deen um Bierg Sinai mat him geschwat huet an deen och mat eise Virfuere war. Hie war deen, deen d’lieweg Wieder krut, fir eis se ze ginn.
- 39 Eis Virfuere wollten him net follegen, mee hunn hien ofgewisen. An hiren Häerzer hu si sech zeréck no Ägypten gedréit.
- 40 Si soten zum Aaron: ‚Maach eis Gëtter, déi virun eis ginn. Wat dëse Moses elo ugeet, deen eis aus Ägypten erausgeféiert huet: Mir wëssen net, wat mat him geschitt ass.‘

- 41 Während deenen Deeg hu si eng Statu vun engem Buddi gemaach, hunn deem Götzebild Affer bruecht an hu sech un de Wierker vun hiren eegenen Hänn erfreet.
- 42 Dunn huet Gott sech ewechgedréit an huet si der Ubiedung vun de Stären am Himmel iwverlooss, esou wéi et am Buch vun de Prophéite geschriwwe steet: ‚Hutt dir mir éieren véierzeg Joer laang geschluechten Déieren a Sacrificer an der Wüst geaffert, Haus Israel?‘
- 43 Dir hutt d’Zelt vum Moloch an de Stär vun ärem Gott Ramfan ronderëm gedroen, Biller, déi dir gemaach hat, fir si unzebieden. Ech sidelen iech dofir déisäits vu Babylon ëm.‘
- 44 Eis Virfueren haten an der Wüst d’Zelt, dat d’Präsenz vu Gott bezeit huet. Dat gouf genee nom Muster gemaach, dat de Moses gesinn huet a wéi Gott et virgeschriwwen huet, wéi hie mam Moses geschwat huet.
- 45 Eis Virfuere kruten d’Zelt an hunn et mam Yoschua an dat Land bruecht, dat deemools nach aneren Natioune gehéiert huet an déi Gott virun eise Virfueren ausgedriwwen huet. Esou war et, bis dem David seng Zäit koum.
- 46 Dësen huet Faveur viru Gott fonnt an huet gefrot, fir eng Wunnecht fir de Gott vum Jakob ze fannen.
- 47 Et war awer de Salomon, deen him en Haus gebaut huet.
- 48 Mee den Allerechste wunnt net an Tempelen, déi vu Mënschenhänn gemaach goufen, esou wéi de Prophéit seet:
- 49 ‚Den Himmel ass mäin Troun an d’Äerd ass meng Foussbänk‘, seet den Här. ‚Wat fir en Haus wëllt dir mir bauen? Oder wou ass eng Plaz fir mech, fir ze raschten?‘
- 50 Huet net meng Hand dat alles gemaach?‘
- 51 Dir Déckkäpp, matonbeschnidde[n]Onbeschnidde Häerzer an Oueren! Dir widderstitt ëmmer dem hellege Geescht. Esou wéi är Virfueren et gemaach hunn, esou maacht och dir et!
- 52 Wie vun de Prophéiten hunn är Virfueren net verfollegt? Si hunn déi ëmbruecht, déi d’Komme vum Gerechte viraussoten, deem seng Verréider a Mäerder dir elo gi sidd.
- 53 Dir krut d’Gesetz op Uerder vun den Engelen an dir hutt et net agehalen.“

De Stephan gött gestengegt

- 54 Wéi d’Männer am Sanhedrin dat alles héieren hunn, hu si gekacht vu Roserei a si hu wéinst senger op den Zänn gegrätscht.

55 Mee de Stephan, erfëllt vum hellege Geesch, huet an den Himmel eropgekuckt an huet d'Herrlechkeet vu Gott gesinn an de Jesus, deen zur Rietser vu Gott stoung.

56 „Kuckt!“, sot hien, „ech gesinn den Himmel, deen opsteet, an de Jong vum Mënsch, deen zur Rietser vu Gott steet!“

57 Dunn hu si mat haarder Stëmm gejaut a sech d'Oueren zougehalen an hu sech alleguer mateneen op hie gestierzt.

58 Si hunn de Stephan aus der Stad gejot an hunn e gestengegt. D'Zeien hunn hir Mäntel engem jonke Mann, dee Schaul geheescht huet, virun d'Féiss geluecht.

59 Währenddeems si de Stephan gestengegt hunn, huet hien zu Gott geruff: „Här Jesus, huel mäi Geesch op.“

60 Dunn ass hien op d'Knéie gefall an huet mat haarder Stëmm geruff: „Här, rechen hinnen dës Sënn net un.“ Nodeems hien dat gesot hat, ass hie gestuerwen.

Apostelgeschicht 8

1 De Schaul war mam Stephan sengem Mord averstanen.

D'Gemeinschaft gött verfollegt

Deen Dag huet eng grouss Verfolgung géint d'Gemeinschaft, déi zu Jerusalem war, ugefaangen. Alleguer, ausser d'Apostelen|Apostel, goufen uechter d'Géigende vu Judea a Samarien verspreecht.

2 Fromm Männer hunn de Stephan bäigesat an hunn ëm hien eng grouss Trauerklo gehalen.

3 De Schaul wollt d'Gemeinschaft vernichten. Hie gong an all Haus, huet Männer a Frae fortgeschleeft a si an de Prisong gehäit.

De Philippe geet a Samarien

4 Déi, déi verspreecht goufen, sinn iwwerall higaangen an hunn d'Wuert gepriedegt.

5 De Philippe gong an eng Stad vu Samarien an huet hinnen do vum Messias gepriedegt.

6 D'Leit hu ganz genee op dat gelauschtert, wat de Philippe gesot huet, wéi si hien héieren hunn an d'Zeechen, déi hie gemaach huet, gesinn hunn.

7 Aus ville vun deenen, déi besiess waren, sinn nämlech déi onreng Geeschter mat haardem Gejäiz erausgefuer a vill Gelähmter a Schlammer goufe geheelt.

8 Esou gouf et eng grouss Freed an där Stad.

Den Zauberer Schimon

9 Et gouf e Mann, dee Schimon geheescht huet, dee fréier emol an der Stad Zauberei bedriwwen an d'Vollek vu Samarien an d'Staune versat hat, andeems hie sech als Dichtegen ausginn hat.

10 Jiddereen, vum Klengste bis op dee Gréissten, hat op hie gelauschtert, well si gesot haten: „Dat ass déi grouss Kraaft vu Gott.“

11 Si haten op hie gelauschtert, well hie si schonn zënter laangem mat senger Zauberei an d'Staune versat hat.

12 Mee wéi d'Leit dem Philippe gegleeft hunn, wéi hien iwwert d'Kinnekräich vu Gott a vum Numm vum Messias Jesus gepriedegt huet, goufe souwuel Männer wéi och Frae gedeeft.

13 Och de Schimon gouf gleeweg. Nodeems hie gedeeft war, huet hie sech dem Philippe ugeschloss a koum sech es net zou, wéi hien d'Wonner an d'Zeeche gesinn huet, déi gemaach goufen.

14 Wéi d'Apostelen, déi zu Jerusalem waren, héieren hunn, datt d'Leit vu Samarien d'Wuert vu Gott ugeholl haten, hu si de Péitrus an de Jean bei si geschéckt.

15 Wéi si ukoumen, hu si fir si gebiet, datt si den hellege Geesch kréichen.

16 Hie war nämlech nach op kee vun hinnen erofkomm. Si ware just am Numm vum Här Jesus gedeeft ginn.

17 Dunn hunn de Péitrus an de Jean hir Hänn op si geluecht a si hunn den hellege Geesch empfaangen.

18 Wéi de Schimon gesinn huet, datt den hellege Geesch duerch d'Opleeë vun den Apostelen hiren Hänn vermëttelt gouf, huet hien hinne Suen ugebueden

19 a gesot: „Gitt och mir dës Muecht, esou datt jiddereen, op deen ech meng Hänn leeën, den hellege Geesch empfanke kann.“

20 „Deng Sue solle mat dir an d'Verdierfnes fueren, well s du gemengt hues, de Kaddo vu Gott mat Sue kënnen ze kafen!“, sot de Péitrus zu him.

21 „Du hues weder en Undeel drun nach e Recht drop, well däin Häerz net éierlech viru Gott ass.“

22 Dofir kéier ewech vun denger Béisheet a biet zu Gott, datt d'Gedanken an dengem Häerz dir villäicht verzie ginn.

23 Ech gesinn nämlech, datt s du duerch Jalousie vergëft an e Gefaangene vun der Ongerechtegkeet bass.“

24 „Biet den Här fir mech, datt näischt vun deem, wat dir sot, iwwert mech kënt“, huet de Schimon du geäntwert.

25 Nodeems si d'Wuert vum Här bezeit a gepriedegt haten, gounge si zeréck op Jerusalem an hunn ënnerwee d'gutt Noriicht a villen Dierfer vun deSamariterverkënnegt.

De Philippe an den Ethiopier

26 EnEngel vum Här sot zum Philippe: „Stéi op a géi a Richtung Süden op där Strooss, déi vu Jerusalem op Gaza féiert, d'Strooss an der Wüst.“

27 Du stoung hien op an huet sech op de Wee gemaach. Op där Strooss war en Ethiopier ënnerwee, deen en Eunuch an e Minister vun der Kandake, der Kinnigin vun den Ethiopier, war an deen all hir Schätz verwalt huet. Hie war op Jerusalem komm, fir Gott unzebidden,

28 a war elo um Wee fir heem. Hie souz a senger Kutsch an huet de Prophét Yesaia gelies.

29 Du sot de Geescht zum Philippe: „Géi dohinner a schléiss dech dëser Kutsch un.“

30 Dunn ass de Philippe dohigelaf an huet den Ethiopier héieren, de Prophét Yesaia liesen. „Verstees du, wat s du do lies?“, frot hien.

31 „Wéi kann ech dat wuel, ausser et erkläert ee mir den Text“, huet hie geäntwert. Dunn huet hien de Philippe gefrot, eropzeklammen a sech nieft hien ze setzen.

32 De Passage aus derSchrëft, déi hien am Gaang war, ze liesen, war deen hei: „Esou wéi e Schof bei d'Schluechtbänk geféiert gött an esou wéi e Lamm stomm gött virun deem, deen et schiert, huet hie säi Mond net opgemaach.

33 Hie gouf erniddregt an d'Recht gouf him verweigert. Wien zerbrécht sech schonn de Kapp iwwert seng Liewensdauer? Säi Liewe gouf nämlech vun der Äerd ofgeschnidden.“

34 Den Eunuch frot de Philippe: „Ech bieden dech, vu wiem schwätzt de Prophét hei? Vu sech selwer oder vun engem aneren?“

35 Dunn huet de Philippe säi Mond opgedoen an huet dës Schrëft als Ausgangspunkt gebraucht, fir him d'gutt Noriicht vum Jesus ze verkënnegen.

36 Wéi si op der Strooss weidergereest sinn, koume si bei Waasser. „Kuck, hei ass Waasser!“, sot den Eunuch. „Wat hënnert mech drun, fir gedeeft ze ginn?“

37

38 Hien huet den Uerder ginn, fir d’Kutsch unzehalen. De Philippe an den Eunuch gOUNgen dunn alle béid an d’Waasser eran an de Philippe huet hie gedeeft.

39 Wéi si aus dem Waasser erauskoumen, huet de Geescht vum Här de Philippe eenzock ewechgeholl, esou datt den Eunuch hien net méi gesinn huet. Den Eunuch huet sech voller Freed weider op den Heemwee gemaach.

40 De Philippe huet sech zu Aschdod erëmfonnt. Hien ass duerch d’Stad gaangen an huet d’gutt Noriicht an all de Stied gepriedegt bis hien op Caesarea koum.

Apostelgeschicht 9

De Schaul begéint dem Messias

Apostelgeschicht 22,4-16; 26,9-18

1 An der Tëschenzäit huet de Schaul nach ëmmer mat Dreeungen a Mord géint d’Jénger vum Här geroost. Hie gOUNg bei denHaaptpriister

2 an huet hie fir Bréiwer un d’Synagoge|Synagog vun Damaskus gefrot, fir datt, wann hien Unhänger vun deem „Wee“ fanne géif, egal op Mann oder Fra, hie si fesselen an op Jerusalem bréngé kéint.

3 Wéi hien ënnerwee war a méi no un Damaskus erukoum, huet op eemol e Liicht aus dem Himmel ronderëm hie geschéngt.

4 Hien ass op de Buedem gefall an huet eng Stëmm héieren zu him soen: „Schaul, Schaul, firwat verfollegs du mech?“

5 „Wie bass du Här?“, frot hien. „Ech sinn de Jesus, deen s du verfollegs“, huet den Här him geäntwert.

6 „Stéi elo op a géi an d’Stad. Do kriss du gesot, wat s du maache muss.“

7 De Männer, déi mat him gereest waren, huet et d’Sprooch verschloen, well si eng Stëmm héieren, mee kee gesinn hunn.

8 Dunn ass de Schaul vum Buedem opgestanen, ma och wa seng Aen op waren, konnt hien näischt gesinn. Si hunn hien dofir un der Hand geféiert an hunn hien op Damaskus bruecht.

9 Während dräi Deeg konnt hien net gesinn an hien huet och näischt giess a gedronk.

10 Et gouf e Jénger zu Damaskus, deen Hanania geheescht huet. Den Här sot zu him an enger Visioun: „Hanania!“ „Jo, Här, hei sinn ech“, huet hie geäntwert.

- 11 „Stéi op a géi an d'Strooss, déi ‚Déi Riicht Strooss‘ heescht“, sot den Här dunn zu him, „a fro am Haus vum Judas no engem, dee Schaul vun Tarsus heescht. Hien ass nämlech am Gaang, ze bieden,
- 12 an huet an enger Visioun e Mann gesinn, deen Hanania heescht an dee seng Hand op hie leet, fir datt hien nees ka gesinn.“
- 13 „Här, ech hu vu villen iwwert dëse Mann héieren, wéi vill Béises hien dengen Hellegen zu Jerusalem ugedoen huet“, huet den Hanania geäntwert.
- 14 „An hei huet hien d'Ermächtigung vum Haaptpriister fir jiddereen, deen dän Numm urifft, festzehuelen.“
- 15 Den Här sot zum Hanania: „Géi dohinner, well hien ass meng auserwielten Hëllef, fir mäin Numm bei déi aner Natiounen, Kinneken an d'Israeliten ze droen.
- 16 Ech weisen him, wéi vill hie wéinst mengem Numm leide muss.“
- 17 Du goug den Hanania vun do fort a goug an d'Haus. Hien huet dem Schaul d'Hänn opgeluecht a sot: „Brudder Schaul, den Här Jesus, deen dir um Wee heihinner erschéngen ass, huet mech geschéckt, fir datt s du nees gesi kanns a mam hellege Geescht erfëllt gëss.“
- 18 Eenzock ass et him wéi Schuppe vu sengen Ae gefall an hie konnt nees gesinn. Dunn ass hien opgestanen a gouf gedeeft.
- 19 Nodeems hie giess hat, war hie gestärkt.

De Schaul zu Damaskus an zu Jerusalem

- Duerno huet de Schaul e puer Deeg mat de Jénger zu Damaskus verbruecht.
- 20 Hien huet direkt drop an de Synagogen iwwert de Jesus, de Messias, gepriedegt, datt hien de Jong vu Gott ass.
- 21 Jiddereen, deen hien héieren huet, war verwonnert a sot: „Ass hien net deen, deen déijéineg zu Jerusalem verdillégt huet, déi dësen Numm ugeruff hunn? Ass hien net dowéinst heihinner komm, fir si ze fesselen an op Jerusalem bei d'iewescht Priister ze bréngen?“
- 22 Mee de Schaul gouf ëmmer méi kompetent an huet d'Judden, déi zu Damaskus gelieft hunn, duerchenee bruecht, well hie bewisen huet, datt de Jesus de Messias ass.
- 23 Nodeems vill Deeg eriwuer waren, hunn d'Judden sech ënnerteneen ofgeschwat, fir hien ëmzebréngen.
- 24 De Schaul gouf awer vun hirem Komplott gewuer. Si hunn nämlech Dag an Nuecht d'Paarte vun der Stad iwwerwaacht, fir hie kënnen ëmzebréngen.
- 25 Dunn hunn d'Jénger hien an der Nuecht geholl an hunn hien an engem Kuerf laanscht de Rempart vun der Stad erfogelooss.

26 Wéi de Schaul dunn op Jerusalem koum, wollt hie sech de Jénger uschléissen, mee si hunn hien all gefaart, well si net gegleeft hunn, datt hien e Jénger wier.

27 De Bar-Naba huet sech senger ugeholl an huet hie bei d'Apostele|Apostel bruecht. Hien huet hinne verzielt, datt de Schaul den Här op der Strooss gesinn hat, datt hie mat him geschwat hat a wéi couragéiert an oppen hien am Numm vum Jesus zu Damaskus gepriedegt hat.

28 Vun do un ass hie bei hinne bliwwen a giong zu Jerusalem an an aus an huet fräi am Numm vum Här Jesus geschwat.

29 Hien huet och mat den hellenistesche Judden diskutéiert. Déi haten awer wëlles, fir hien ëmzebréngen.

30 Wéi d'Bridder dat gewuer goufen, hu si de Schaul op Caesarea bruecht a vun do aus op Tarsus geschéckt.

31 Duerno hunn d'Gemeinschafte vun de Jénger uechter Judea, Galilea a Samarien am Fridde gelieft a sinn ëmmer méi staark a gefestegt ginn. D'Jénger hu mat der Hëllef vum hellege Geesch am déiwe Respekt virum Här gelieft an esou ass hir Zuel ëmmer méi gewuess.

Den Aeneas an d'Tabita

32 An der Tëschenzäit ass de Péitrus uechter d'Land gezunn a koum dunn och bei déi Helleg, déi zu Lydda gewunnt hunn.

33 Do huet hien e Mann begéint, deen Aeneas geheescht huet an dee schonns aacht Joer laang am Bett louch, well hie gelähmt war.

34 „Aeneas, de Jesus, de Messias, heelt dech. Stéi op a maach däi Bett!“, sot de Péitrus zu him an eenzock ass den Aeneas opgestanen.

35 Jiddereen, deen zu Lydda a Scharon gewunnt huet, huet hie gesinn an huet sech zum Här gedréit.

36 Zu Yaffo gouf et eng Jéngerin, déi Tabita geheescht huet. (Op Griichesch gouf si Dorkas genannt.) Dës Fra huet vill Guddes gemaach an huet vill Almose ginn.

37 Zu där Zäit gouf si krank an ass gestuerwen. Nodeems d'Leit hir Läch gewäsch haten, hu si se an enger ieweschter Kummer opgeboort .

38 Well Lydda no bei Yaffo louch an d'Jénger héieren haten, datt de Péitrus do war, hu si zwee Männer bei hie geschéckt an hunn hien ugebiedelt: „Tommel dech a komm séier bei eis!“

39 Dunn huet de Péitrus sech erhuewen a giong mat hinnen. Wéi hien ukoum, hu si hien an d'iewescht Kummer bruecht. D'Witfrae stoungen all nieft him, hu

gekrasch an hunn him d'Tuniquen an d'Kleeder gewisen, déi d'Dorkas gemaach hat, wéi hatt nach ënnert hinne war.

⁴⁰ Dunn huet de Péitrus si all virun d'Dier geschéckt, huet sech higeknéit a gebiet. Hien huet sech zu der Läich hi gedréit a sot: „Tabita, stéi op!“ Hatt huet seng Aen opgemaach a wéi hatt de Péitrus gesinn huet, huet hatt sech opgeriicht.

⁴¹ Hien huet him seng Hand ginn an him gehollef opzestoen. Duerno huet hien all déi Helleg an d'Witfrae geruff an huet et hinne lieweg presentéiert.

⁴² Dat gouf uechter ganz Yaffo bekannt an et hunn der vill un den Här gegleeft.

⁴³ De Péitrus ass eng länger Zäit zu Yaffo beim Schimon, dem Gierwer, bliwwen.

Apostelgeschicht 10

En Engel erschénkt dem Kornelius

¹ Zu Caesarea gouf et e Mann, dee Kornelius geheescht huet an deeKapitän vun der sougenannter „Italienescher Kohort“ war.

² Hie warfromman huet Gott ugebiet zesumme mat sengem ganze Stot. Hien huet dem Vollek vill Almose ginn an huet bestänneg zu Gott gebiet.

³ Ongeféier ëm dräi Auer nomëttes, huet hie ganz kloer an enger Visioun enEngel vu Gott gesinn erakommen, deen zu him sot: „Kornelius!“

⁴ Hien huet voller Angscht op hie gestuerkt a gefrot: „Wat ass, Här?“ Den Engel huet dem Kornelius geäntwert: „Deng Gebieder an deng Almose sinn als Gedenkzeeche viru Gott eropkomm.“

⁵ Schéck elo Männer op Yaffo a looss de Schimon, deen och Péitrus genannt gött, heihi kommen.

⁶ Hie logéiert beim Schimon, dem Gierwer, deem säin Haus beim Mier läit.“

⁷ Wéi den Engel, dee mat him geschwat hat, fort war, huet de Kornelius zwee vu sengen Hauskniechten an e frommen Zaldot, vun deenen, déi a sengem Déngscht stoungen, bei sech geruff.

⁸ Nodeems hien hinnen alles verzielt hat, huet hie si op Yaffo geschéckt.

Dem Péitrus seng Visioun

⁹ Den Dag drop, wéi si ënnerwee an no bei der Stad waren, gong de Péitrus ëm d'Mëttesstonn uewen op den Daach, fir ze bieden.

- 10 Hie krut dunn Honger a wollt eppes iessen. Mee wéi si am Gaang waren, fir d'lesse virzebereeden, ass hien an Extas geroden.
- 11 Hien huet gesinn, wéi den Himmel opgoung an eppes, dat wéi e grousst léngent Duch ausgesinn huet, vum Himmel erofkoom. Dat Duch war un de véier Ecke festgemaach a gouf bei hien op de Buedem erfogelooss.
- 12 Bannendra waren allerlee véierbeeneg Déiere vun der Äerd, wëll Déieren, Reptillien a Vigel vum Himmel.
- 13 Dunn huet eng Stëmm him zougeruff: „Péitrus, stéi op, schluecht an iess!“
- 14 „Op kee Fall, Här!“, huet de Péitrus geäntwert. „Ech hunn nämlech nach ni eppes Onhelleges oder Onrengees giess.“
- 15 Eng zweete Kéier huet d'Stëmm him zougeruff: „Wat Gott gereengegt huet, däerfs du net onhelleg nennen.“
- 16 Dräimol ass dat geschitt an duerno gouf d'Duch nees zeréck an den Himmel geholl.
- 17 Bannent där Zäit, an där de Péitrus sech nach gefrot huet, wat dës Visioun, déi hien hat, géif bedeuten, haten d'Männer, déi vum Kornelius geschéckt gi waren, erausfonnt, wou dem Schimon säin Haus war, a stoung virun der Paart.
- 18 Si hu geruff a gefrot op de Schimon, deen och Péitrus genannt géif, do logéiere géif.
- 19 Wéi de Péitrus nach am Gaang war, iwwert d'Visioun nozedenken, sot de Geescht zu him: „Lauschter! Do si Männer, déi no dir sichen.“
- 20 Stéi elo op, géi erof a géi mat hinnen, ouni ze zécken, well ech et sinn, dee si geschéckt huet.“
- 21 Du goug de Péitrus bei d'Männer erof a sot: „Jo, ech sinn deen, deen dir sicht. Firwat sidd dir komm?“
- 22 Doropshi sote si: „De Kapitän Kornelius, e gerechte Mann, dee Gott fäert an e gudde Ruff ënnert der ganzer Natioun vun de Judden huet, krut vun engem hellegen Engel d'Uweisung, dech a säin Haus ruffen ze loossen, fir deem nozelauschteren, wat s du ze soen hues.“
- 23 Dunn huet hie si erageruff a si logéiert.

De Péitrus beim Kornelius doheem

Den Dag drop goug hie mat hinne fort an en etlech Bridder vu Yaffo gounge mat him.

- 24 Den Dag duerno koume si zu Caesarea un. De Kornelius huet schonns op si gewaart an hat seng Famill a seng bescht Frënn zesummegeruff.

- 25 Wéi de Péitrus erakoum, koum de Kornelius him entgéint, ass him virun d'Féiss gefall an huet hien ugebiet.
- 26 De Péitrus huet hien awer nees opgeriicht a sot: „Stéi op! Ech sinn och just e Mënsch.“
- 27 Während hie mat him geschwat huet, giong hien eran an huet vill Leit virfonnt, déi do versammelt waren.
- 28 Du sot hien zu hinnen: „Dir wësst, datt et engem Judd verbueden ass, sech mat enger Persoun aus engem anere Vollek opzehalen oder bei si heemzegoen. Mee Gott huet mir gewisen, datt ech kee Mënsch onhelleg oder onreng dāerf nennen.“
- 29 Dowéinst sinn ech ouni Widdersproch heihinner komm, soubal ech geruff gouf. Elo froen ech iech, firwat hutt dir mech ruffe gelooss?“
- 30 Doropshi sot de Kornelius: „Viru véier Deeg hat ech ëm dës Zäit gefaacht. Ëm dräi Auer nomëttes war ech am Haus am Gaang, ze bieden, an op eemol stoung e Mann viru mir, deem seng Kleeder geliicht hunn.“
- 31 Hie sot: „Kornelius, däi Gebiet ass erhéiert ginn a Gott huet deng Almosen an Erënnerung geruff.“
- 32 Schéck dofir een op Yaffo a looss de Schimon, deen och Péitrus genannt gött, heihi kommen. Hie logéiert am Haus vum Schimon, dem Gierwer, beim Mier. Wann hie kënnt, schwätzt hie mat dir.“
- 33 Ech hunn dunn direkt ee bei dech geschéckt an du hues gutt gemaach, fir heihin ze kommen. Dofir si mir elo all viru Gott versammelt, fir dat alles ze héieren, wat Gott dir opgedroen huet ze soen.“
- 34 Dunn huet de Péitrus d'Wuert ergraff: „Elo gesinn ech wierklech an, datt Gott kee bevirdeelegt.“
- 35 Mee wie Gott ubiet a gerecht ass, egal aus wéi enger Natioun hien ass, gött vu Gott ugeholl.
- 36 Dir wësst, datt Gott den Israeliten d'Wuert geschéckt huet. D'gutt Noriicht vu Friden, deen duerch de Jesus, dem Messias, méiglech ass (hien ass Här iwwert alles), gouf duerch datselwecht Wuert verkënnegt.
- 37 Dat gouf uechter ganz Judea verkënnegt, nodeems alles a Galilea ugefaangen huet no der Daf, vun där de Jean gepriedegt huet.
- 38 Dir wësst wéi Gott de Jesus vun Nazaret mam hellege Geescht a mat Kraaft gesalleft huet. Hien ass duerch d'Land gezunn an huet Guddes gedoen an alleguer déi geheelt, déi vum Däiwel ënnerdréckt goufen, well Gott mat him war.

39 Mir sinn Zeie vun all deem, wat hien am ganze Land vun de Judden an zu Jerusalem gemaach huet. Si hunn hien ëmbruecht, andeems si hien un en hëllzent Kräiz gehaangen hunn.

40 Gott huet hien um drëttten Dag operstoe gelooss an huet zougelooss, datt hie sech ëffentlech Leit gewisen huet,

41 net all de Leit, mee Zeien esou wéi mir, déi am Virus vu Gott auserwilt goufen. Mir hunn zesumme mat him giess a gedronk, nodeems hie vun den Doudegen operstane war.

42 Hien huet eis opgefuerdert, de Leit ze priedegen an ze bezeien, datt hien deen ass, dee vu Gott dozou bestëmmt gouf, fir Riichter vun de Liewegen an den Doudegen ze sinn.

43 All d'Prophéite soen iwwert hien aus, datt duerch säin Numm, jiddereen, deen un hie gleeft, d'Verzeiung vun de Sënne kritt.“

44 Wéi de Péitrus nach am Gaang war, ze schwätzen, koom den hellege Geesch op all déi erof, déi d'Wuert héieren hunn.

45 Déi Gleeweg aus derBeschneidung, déi mam Péitrus matkomm waren, ware voller Staunen, datt de Kaddo vum hellege Geesch och op d'Net-Judden ausgeschott gouf,

46 well si si héieren hunn a verschidde Sprooche schwätzen a Gott luewen. Doropshin huet de Péitrus geäntwert:

47 „Kann een dëse Leit Waasser virenthalen, fir datt si gedeeft kënnen ginn? Si kruten nämlech den hellege Geesch, genesou wéi mir e kruten.“

48 Hien huet du befuel, datt si am Numm vum Här gedeeft sollte ginn. Duerno hu si hie gefrot, fir nach e puer Deeg bei hinnen ze bleiwen.

Apostelgeschicht 11

De Péitrus erzielt vu sengem Besuch beim Kornelius

1 D'Apostelen|Apostel an d'Bridder, déi a Judea waren, hunn héieren, datt och d'Net-Judden d'Wuert vu Gott ugeholl haten.

2 Wéi de Péitrus dunn op Jerusalem koom, hunn déi vun derBeschneidung hie ferm kritiséiert:

3 „Du bass beionbeschnidde|Onbeschnidde Männer heemgaangen an hues mat hinne giess.“

4 Mee de Péitrus huet hinnen alles vun Ufank un der Rei no erkläert:

- 5 „Ech war an der Stad Yaffo an hu gebiet. Ech war an Extas an hat eng Visioun vun eppes, dat wéi e grousst léngent Duch ausgesinn huet, dat un de véier Ecker aus dem Himmel erofgelooss gouf. D'Duch koum bis bei mech erof
- 6 a wéi ech méi genee higekuckt hunn, hunn ech véierbeeneg Déiere vun der Äerd, wéll Déieren, Reptilien a Vigel vum Himmel dra gesinn.
- 7 Dunn hunn ech eng Stëmm héieren, déi zu mir sot: ‚Péitrus, stéi op, schluecht an iess!‘
- 8 Mee ech sot: ‚Op kee Fall Här! Ech hunn nämlech nach ni eppes Onhelleges oder Onrengees an de Mond geholl.‘
- 9 Mee eng zweete Kéier sot d'Stëmm aus dem Himmel: ‚Wat Gott gerengegt huet, d'äerfs du net onhelleg nennen.‘
- 10 Dräimol ass dat geschitt an du gouf nees alles zeréck an den Himmel eropgezunn.
- 11 Nach am nämmlechten Abléck stoungen dräi Männer, déi vu Caesarea bei mech geschéckt gi waren, virum Haus, wou ech logéiert hunn.
- 12 Dunn huet de Geescht mir gesot, ech sollt mat hinne matgoen, ouni ze zécken. Och dës sechs Bridder hu mech begleet a mir gongen an dem Mann säin Haus eran.
- 13 Hien huet eis verzielt, wéi hien enEngel a sengem Haus stoe gesinn huet, deen zu him gesot huet: ‚Schéck Männer op Yaffo a looss de Schimon heihi kommen, deen och Péitrus genannt gött.‘
- 14 Hie seet dir eppes, dat dech an däi ganze Stot rett.‘
- 15 Wéi ech mat Schwätzen ugefaangen hat, koum den hellege Geescht op si erof, geneesou wéi am Ufank op eis.
- 16 Dunn hunn ech mech un d'Wuert vum Här erënnert, wéi hie gesot hat: ‚De Jean huet zwar mat Waasser gedeeft, dir awer gitt mam hellege Geescht gedeeft.‘
- 17 Dofir, wa Gott hinnen deeselwechte Kaddo ginn huet wéi eis, wéi mir un den Här Jesus, deMessias, gegleeft hunn, wie sinn ech, datt ech Gott drun hënnere kéint?‘
- 18 Wéi si dat héieren hunn, hu si sech berouegt. Si hu Gott verherrlecht a soten: ‚Dann huet Gott also och den Net-Judden d'Ëmkéier, déi zum Liewe féiert, geschenkt.‘

D'Gemeinschaft zu Antiochia

- 19 Déijéineg, déi no der Verfolgung, déi wéinst dem Stephan entstane war, verspreecht goufen, si bis a Phoenizien, op Zypern an op Antiochia gereest an hu kengem wéi nëmmen de Judden d'Wuert gepriedegt.
- 20 Ënnert hinne waren awer och Männer vun Zypern a Kyreene, déi, nodeems si op Antiochia komm waren, mat den Helleniste geschwat hunn an hinnen d'gutt Noriicht vum Här Jesus verkënnegt hunn.
- 21 D'Hand vum Här war mat hinnen an eng grouss Zuel vu Leit hu gegleeft a sech zum Här gedréit.
- 22 D'Noriicht doriwwer koum der Gemeinschaft zu Jerusalem zu Oueren a si hunn de Bar-Naba ausgeschéckt, fir bis op Antiochia ze goen.
- 23 Wéi hien do ukoum an d'Gnod vu Gott gesinn huet, huet hie sech gefreet an huet si all encouragéiert, fir mat ganzem Häerz um Här festzehalen.
- 24 Hie war nämlech e gudde Mann, mam hellege Geesch a mat Glawen erfëllt. Doduerch koum eng grouss Zuel vu Leit dobäi, déi un den Här gegleeft hunn.
- 25 Du goug de Bar-Naba op Tarsus op d'Sich nom Schaul.
- 26 Wéi hien e fonnt hat, huet hien en op Antiochia bruecht. Do hu si sech während engem ganze Joer mat der Gemeinschaft versammelt an hu ganz vill Leit geléiert. D'Jénergoufen zu Antiochia fir d'éischt Chrëschte genannt.
- 27 Während där Zäit koume Prophéite vu Jerusalem op Antiochia.
- 28 Dunn huet ee vun hinnen, Agabus genannt, sech erhuewen an huet hinnen duerch de Geesch virausgesot, datt eng grouss Hongersnout géif iwwert d'ganzt Land kommen. (Dat ass dunn och während der Zäit vum Caesar Claudius geschitt.)
- 29 Dunn hunn d'Jénger decidéiert, de Bridder a Judea Hëllef ze schécken, esou vill wéi jidderee sech et leeschte konnt.
- 30 Dat hu si dunn och gemaach an hunn den Eelsten d'Hëllef duerch de Bar-Naba an de Schaul geschéckt.

Apostelgeschicht 12

Den Engel rett de Péitrus aus dem Prisong

- 1 Zu där Zäit huet de Kinnek Herodes Hand u verschidde Leit geluecht, déi zur Gemeinschaft gehéiert hunn, fir si ze mësshandelen.
- 2 Hien huet de Jacques, de Brudder vum Jean, mam Schwäert hiriichte gelooss.

- 3** Wéi hie gesinn huet, datt dat de Judde gefall huet, huet hien och de Péitrus verhaft. Dat war während den Deeg vum Matzebrout.
- 4** Nodeems hien de Péitrus festgeholl hat, huet hien en an de Prisong gehäit an hien u véier Gruppe vu jee véier Zaldoten iwwerliwwert, fir hien ze bewaachen. Hien hat nämlech wëlles, fir hien no Passavirun d'Vollek ze bréngen.
- 5** Esou gouf de Péitrus am Prisong festgehalten, mee d'Gemeinschaft huet stänneg fir hien zu Gott gebiet.
- 6** An der Nuecht éier den Herodes hie viru Geriicht bréngge wollt, huet de Péitrus tëschent zwee Zaldoten, un déi hie mat zwou Ketten ugestréckt war, geschlof. Giischtercher stounge virun der Dier an hu Wuecht iwwert de Prisong gehalen.
- 7** Op eemol stoung en Engel vum Här nieft dem Péitrus an e Liicht huet d'Prisongszell erfëllt. Den Engel huet de Péitrus an d'Säit gestouss, huet hien eropgezunn a sot zu him: „Stéi séier op!“ Du sinn d'Ketten him vun den Hänn gefall.
- 8** „Maach dech prett an déi deng Sandalen un“, sot den Engel zu him. Dat huet hie gemaach. „Déi däi Mantel un a komm mir no“, sot den Engel weider zu him.
- 9** De Péitrus giong eraus an him no. Hie wouss net, datt dat, wat den Engel gemaach huet, och esou a Wierklechkeet war, mee huet gemengt, hien hätt eng Visioun.
- 10** Nodeems si laanscht den éischten an den zweete Giischtje gaange waren, koume si bei d'Eisepaart, déi an d'Stad féiert. Déi giong vum selwen op. Si gongen eraus a gongen eng Strooss erof an eenzock huet den Engel hie verlooss.
- 11** Wéi de Péitrus zou sech kouw, sot hien: „Elo weess ech sécher, datt den Här säin Engel geschéckt huet a mech aus dem Herodes senger Hand a vun allem, wat d'jüddescht Vollek sech erhofft huet, gerett huet.“
- 12** Wéi hie sech däers bewosst gouf, giong hie bei d'Haus vum Maria, der Mamm vum Jean, dee Marc genannt gouf, wou vill Leit sech versammelt haten, fir ze bieden.
- 13** De Péitrus huet un der Dier vun der baussenzeger Paart geklappt an et koum eng Mod, déi Roda geheescht huet, fir ze kucken, wien do wier.
- 14** Wéi hatt dem Péitrus seng Stëmm erkannt huet, war et esou frou, datt et d'Paart net opgemaach huet, mee eragelaf ass an ugekënnegt huet, datt de Péitrus virun der Paart stéing.

15 „Du hues se net méi all!“, sote si zu him. Mee hatt huet sech weider drop behaupt, datt et esou wier. Si hu gemengt: „Et ass säin Engel.“

16 Mee de Péitrus huet weider geklappt a wéi si d'Dier opgemaach an hie gesinn hunn, konnte si sech just nach wonneren.

17 De Péitrus huet hinnen awer mat der Hand Zeeche ginn, roueg ze sinn. Dunn huet hien hinne verzielt, wéi den Här hien aus dem Prisong geféiert hat. „Verzielt dem Jacques an de Bridder dat alles“, sot hien. Du gong hie vun do fort op eng aner Plaz.

18 Fréi den nächste Muere gouf et e groussen Duercherneen ënnert den Zaldoten iwwert dat, wat mam Péitrus geschitt war.

19 Nodeems den Herodes no him siche gelooss hat an de Péitrus net fonnt hat, huet hien d'Giischercher verhéiert an den Uerder ginn, datt si fortgeféiert an higeriicht sollte ginn.

Den Herodes stierft

Du gong hie vu Judea op Caesarea a blouf do.

20 Den Herodes war mat der Bevëlkerung vun Tyr an Zidon schéi rosen. Nodeems si de Blastus, dem Kinnek säi Kammerhär op hir Säit gewonne kruten, ware si sech eens, fir bei den Herodes ze goen an hien ëm Fridden ze froen, well hir Regioun mat Liewensmëttel aus där vum Kinnek versuert gouf.

21 Den Herodes huet sech dunn um festgeluechten Dag a senge kinnekleche Kleeder op de Riichterstull gesat an huet hinnen eng Ried gehalten.

22 D'Leit hu gejaut: „D'Stëmm vun engem Gott an net vun engem Mënsch!“

23 Nach op der Plaz huet en Engel vum Här hie geschloen, well hien net Gott d'Éier ginn huet. Hie gouf vu Wierm zerfriess an ass gestuerwen.

24 Mee d'Wuert vu Gott huet sech verbreet an d'Zuel vun de Gleewegen ass weider gewuess.

25 Nodeems de Bar-Naba an de Schaul hiren Déngscht erfëllt haten, koume si vu Jerusalem zeréck an hunn de Jean, och nach Marc genannt, matgeholl.

Apostelgeschicht 13

De Bar-Naba an de Schaul gi vum hellege Geescht erausgeschéckt

1 An der Gemeinschaft, déi zu Antiochia war, goufen et Prophéiten a Léiermeeschteren: de Bar-Naba, de Schimon, deen och Niger genannt gouf, de Lucius vu Kyrene, de Menachem, deen zesumme mam Herodes, dem Tetrarch, erzu gi war, an de Schaul.

² Wéi si dem Här gedéngt a gefaascht hunn, sot den hellege Geesch: „Sënnert mir de Bar-Naba an de Schaul aus fir d’Aarbecht, fir déi ech si geruff hunn.“

³ Nodeems si gefaascht a gebiet haten, hu si deenen zwee d’Hänn opgeluecht an hu si op de Wee geschéckt.

Op Zypern

⁴ Si gOUNgen, vum hellege Geesch erausgeschéckt, op Selevkia a vun do aus si si op Zypern gesezelt.

⁵ Wéi si zu Salamis ukoumen, hu si d’Wuert vu Gott an deSynagoge|Synagog vun de Judde verkënnegt. Si haten och de Jean als Hëllef dobäi.

⁶ Du gOUNge si iwwert d’Insel bis op Paphos a sinn do engem jüddeschen Zauberer begéint, engem falsche Prophéit, dee Bar-Yeschua geheescht huet.

⁷ Deen huet sech beimProkonsul Sergius Paulus, engem intelligente Mann, opgehalen. De Prokonsul huet de Bar-Naba an de Schaul bei sech ruffe gelooss mam Wonsch, fir d’Wuert vu Gott ze héieren.

⁸ Mee den Zauberer Elymas (well esou gëtt säin Numm iwwersat) huet sech hinne widdersat, andeems hie probéiert huet, fir de Prokonsul vum Glawen ofzehalen.

⁹ Du gouf de Schaul, deen och Paul genannt gouf, mam hellege Geesch erfëllt, huet hie fixéiert

¹⁰ a sot: „O du Däiwelskand, du bass voller Bedruch a Béisheet! Du Feind vun all Gerechtegheet, wëlls du net domadder ophalen, de riichte Wee vum Här ze verdréien?“

¹¹ Pass op! Elo ass d’Hand vum Här op dir an du gëss blann a kanns d’Sonn fir eng Zäitchen net gesinn.“ Eenzock ass Niwwel an Däischtert op den Elymas gefall. Hien ass doruechter gaangen an huet no anere gesicht, déi hie féiere kéinten.

¹² Wéi de Prokonsul gesinn huet, wat geschitt war, huet hie gegleeft a war iwwert d’Léier vum Här verwonnert.

Zu Antiochia an der Provënz Pisidien

¹³ De Paul a seng Komerode si vu Paphos fortgesezelt a sinn op Perga a Pamphylien komm. De Jean huet sech awer vun hinne getrennt a gOUNg zeréck op Jerusalem.

¹⁴ Duerno hu si Perga verlooss a gOUNgen op Antiochia a Pisidien. Si gOUNgen umSabbat an d’Synagog an hu sech gesat.

- 15 Nodeems aus dem Gesetz an de Prophéite virgelies gi war, hunn déi Haapteelst vun der Synagog Leit bei si schécke gelooss an hinne soe gelooss: „Bridder, wann dir e Wuert hutt, fir d’Leit z’encouragéieren, da schwätzt.“
- 16 Du stoung de Paul op, huet en Zeeche mat der Hand gemaach a sot: „Männer vun Israel an dir Männer, déi Gott ubieden, lauschtert no!
- 17 De Gott vun dësem Vollek Israel huet eis Virfueren auserwilt an huet d’Volek erhuewe während sengem Openthalt als Friemer an Ägypten an huet et mat engem mächtegem Aarm do erausgeféiert.
- 18 Während enger Zäit vu véierzeg Joer huet hien d’Volek an der Wüst erdroen.
- 19 Nodeems hie siwen Natiounen a Kanaan zerstéiert hat, huet hien dem Vollek deenen hiert Land als Ierfschaft ginn.
- 20 Duerno huet hien hinne während ongeféier véierhonnertfofzeg Joer Riichtere ginn bis zum Prophéit Samuel.
- 21 Dunn huet d’Volek no engem Kinnek gefrot a Gott huet hinnen de Schaul, de Jong vum Kisch aus dem Stamm Benyamin, fir véierzeg Joer ginn.
- 22 Nodeems hien de Schaul ofgesat hat, huet hien den David zu hirem Kinnek erhuewen, vun deem hie bezeit huet: ‚Ech hunn den David, de Jong vum Ischai, fonnt. Hien ass e Mann no mengem Häerz, dee mäi ganze Wëlle mécht.‘
- 23 Dem Verspriechen no huet Gott aus den Nokomme vun dësem Mann Rettung fir Israel bruecht.
- 24 Viru sengem Kommen huet de Jean d’Daf vun der Ëmkéier dem ganze Vollek Israel gepriedegt.
- 25 Wéi de Jean am Gaang war, seng Aarbecht ofzeschléissen, huet hie gefrot: ‚Wie mengt dir, datt ech wier? Ech sinn net deen. Passt awer gutt op: No mir kënnt een, deem ech net wierdeg sinn, seng Sandale vun de Féiss lasszebannen.‘
- 26 Männer a Bridder, Jongen aus der Famill vum Abraham a Männer, déi Gott ubieden, un iech ass d’Botschaft vun dëser Rettung geschéckt ginn.
- 27 D’Awunner vu Jerusalem an hir Leeder hu weder hien nach d’Stëmme vun de Prophéiten, déi all Sabbat gelies ginn, erkannt. Dës Prophezeiungen hu si erfëllt, andeems si hien higericht hunn.
- 28 Obscho si keng Schold un him fonnt hunn, déi den Doud verdéngt hätt, hu si dach de Pilatus gefrot, fir hien hinzerichten.

- 29 Nodeems si alles, wat iwwert hie geschriwwe steet, zu Enn bruecht haten, hu si hie vum hëlzene Kräiz erofgeholl an hunn hien an e Graf geluecht.
- 30 Mee Gott huet hie vun den Doudegen erwächt.
- 31 Hie gouf während villen Deeg vun deene gesinn, déi mat him vu Galilea op Jerusalem gaange waren. Déi sinn elo seng Zeie virum Vollek.
- 32 An elo verkënnege mir iech dës gutt Noriicht: Dat Versprieche, dat eise Pappe gi gouf,
- 33 huet Gott eis, hire Kanner, erfëllt, andeems hien de Jesus operstoe gelooss huet. Esou wéi et och am zweete Psalm geschriwwe steet: ‚Du bass mäi Jong, haut sinn ech däi Papp ginn.‘
- 34 Gott, deen hie vun den Doudegen operstoen an net zeréck an d’Zersetzung goe gelooss huet, huet dat hei gesot: ‚Ech ginn iech déi vertrauenswierdeg Versprieche, déi den David scho krut.‘
- 35 Dofir seet hien och an engem aneren Text: ‚Du léiss net zou, datt dän Hellegen d’Zersetzung erlieft.‘
- 36 Den David ass nämlech gestuerwen, nodeems hie senger eegener Generatioun nom Wëlle vu Gott gedéngt hat. Hie gouf bei seng Virfuere geluecht an huet d’Zersetzung erlieft,
- 37 mee deen, dee Gott operstoe gelooss huet, huet keng Zersetzung erlieft.
- 38 Dofir sollt dir wëssen, Bridder, datt iech d’Verzeiung vun de Sënnen duerch dëse Mann verkënnegt gött
- 39 an duerch hie gött jiddereen, dee gleeft, vun all deem gerechtfäerdeg, vun deem hien net duerch d’Gesetz vum Moses gerechtfäerdeg konnt ginn.
- 40 Gitt dofir uecht, datt dat, wat an de Prophéite geschriwwe steet, net iwwert iech kënt:
- 41 ‚Kuckt hei, dir, déi dir alles veruecht! Verwonnert iech a gitt zu Grond, well ech maachen während ärer Zäit e Wierk; e Wierk, dat dir op kee Fall gleewe géift, och wann een iech dovunner erziele géif.‘“
- 42 Wéi d’Judden d’Synagog verlooss haten, hunn d’Net-Judde si gebieden, hinnen um nächste Sabbat iwwert dëst Thema ze priedegen.
- 43 Nodeems d’Versammlung an der Synagog sech opgeléist hat, gongen der vill vun de Judden an defromme|fromm Proselyten dem Paul an dem Bar-Naba no. Déi hu si, andeems si mat hinne geschwat hunn, dovunner iwwerzeegt an der Gnod vu Gott virunzegoen.
- 44 Den nächste Sabbat huet sech bal d’ganz Stad versammelt, fir d’Wuert vu Gott ze héieren.

45 Wéi d'Judden awer déi grouss Zuel vu Leit gesinn hunn, goufe si jalous an hu sech dem Paul widdersat. Deem, wat de Paul gesot huet, hu si widdersprach an hie beleidegt.

46 Dunn hunn de Paul an de Bar-Naba kéng geäntwert: „Et war néideg, datt fir d'éischt iech d'Wuert vu Gott verkënnegt gëtt, mee well dir et verworf hutt an iech selwer onwierdeg fir d'éiweg Liewen haalt, gi mir elo bei d'Net-Judden.

47 Den Här huet eis dat hei befuel: „Ech hunn dech als Liicht fir d'Net-Judde gemaach, fir datt s du Rettung bis un d'Enn vun der Äerd brénge solls.“

48 Wéi d'Net-Judden dat héieren hunn, ware si frou an hunn d'Wuert vum Här gelueft. Jiddereen, dee fir d'éiweg Liewe bestëmmt war, huet gegleeft.

49 D'Wuert vum Här gouf uechter d'ganz Géigend verbreet.

50 D'Judden hunn awer déi fromm an dichteg Dammen an déi prominent Männer vun der Stad opgestëppelt an hunn eng Verfolgung vum Paul a vum Bar-Naba ausgeléist, esou datt si aus hirer Géigend verdriwwe goufen.

51 De Paul an de Bar-Naba hunn de Stëbs vun hire Féiss ofgerëselt als Ausso géint si a gongen op Ikonion.

52 D'Jénger goufe mat Freed a mam hellege Geescht erfëllt.

Apostelgeschicht 14

Zu Ikonion

1 Zu Ikonion gongen de Paul an de Bar-Naba zesummen an d'Synagogvun de Judden a si hunn esou geschwat, datt eng grouss Zuel vun de Judden a Griiche gegleeft hunn.

2 Déi Judden, déi net wollte gleewen, hunn d'Net-Judden opgestëppelt an hir Gedanke géint d'Bridder verbattert.

3 An dach hunn de Paul an de Bar-Naba eng laang Zäit do verbruecht an hu couragéiert fir den Här geschwat, deen d'Wuert vu senger Gnod bezeit huet, andeems hien Zeechen a Wonner duerch hir Hänn geschéie gelooss huet.

4 Mee d'Leit aus der Stad ware gespléckt: en Deel war op der Säit vun de Judden an en aneren op där vun den Apostelen|Apostel.

5 Wéi en Ugrëff vun den Net-Judden an och de Judden zesumme mat hiren leweschte sollt géint si gemaach ginn, fir si ze mësshandelen an ze stengegen,

6 hunn d'Apostelen dovunner Wand krut a sinn op Lystra an Derbe, Stied vu Lykaonea, an an déi Ëmgéigend geflücht.

7 Do hu si d'gutt Noriicht verkënnegt.

Zu Lystra an zu Derbe

8 Zu Lystra huet e Mann gelieft, dee schlamm Féiss hat an nach ni goe konnt, well hie vu Gebuert u gelähmt war.

9 Dëse Mann huet de Paul héiere schwätzen. De Paul huet riicht op hie gekuckt an huet gesinn, datt hien de Glawen hat, fir geheelt ze ginn.

10 Du sot hie mat haarder Stëmm: „Stéi op a stell dech riicht dohin!“ De Mann ass opgesprongen a ronderëm gaangen.

11 Wéi d'Leit gesinn hunn, wat de Paul gemaach hat, hu si mat haarder Stëmm geruff a soten op Lykaonesch: „D'Gëtter sinn a mënschlecher Form bei eis erofkomm!“

12 De Bar-Naba hu si Zeus genannt an de Paul Hermes, well hien den Haapfriedner war.

13 Dunn huet de Priister vum Zeus, deem säin Tempel just baussent der Stad war, Stéieren a Kränz bei d'Paarte bruecht, fir se do zesumme mam Vollek ze afferen.

14 Mee wéi d'Apostele Bar-Naba a Paul dat héieren hunn, hu si hir Kleeder zerrappt, si matzen ënnert d'Volk gelaf an hu geruff:

15 „Männer, wat maacht dir nëmme do? Mir si Mënschen, geneesou wéi dir, a mir bréngen d'gutt Noriicht, datt dir iech vun dëse wäertlose Gëtzen ewech an zum liewege Gott dréie sollt, deen den Himmel, d'Äerd, d'Mier an alles, wat dran ass, erschafen huet.

16 Hien huet an de vergaangenen Zäiten zougelooss, datt d'Natiounen hiren eegene Weeër nogaange sinn,

17 mee hien huet seng Existenz bezeit, andeems hie Guddes gemaach huet: Hien huet eis Ree vum Himmel a fruchtbar Joreszäite geschéckt an huet esou eis Häerzer mat lessen a Freed erfëllt.“

18 Souguer mat dëse Wieder, konnte si d'Volk knapps dovunner ofhalen, fir hinnen ze afferen.

19 Du koume Judden aus Antiochia an aus Ikonion dohinner an nodeems si d'Volk ëmgestëmmt kruten, hu si de Paul gestengegt an hien aus der Stad geschleeft, well si gemengt hunn, hie wier dout.

20 Mee wéi d'Jénger sech ëm hie versammelt hunn, ass hien opgestanen a gong an d'Stad. Den Dag drop gong hie mam Bar-Naba op Derbe.

21 Nodeems si an dëser Stad d'gutt Noriicht verkënnegt a vill Leit zu Jénger gemaach haten, gonge si nees zeréck op Lystra, Ikonion an Antiochia.

De Paul an de Bar-Naba ginn op Antiochia a Syrien hannescht

- 22 Si hunn d'Séile vun de Jénger gestärkt, andeems si si encouragéiert hunn, fir am Glawen ze bleiwen: „Mir mussen duerch vill Leed goen, éier mir an d'Kinnekräich vu Gott kommen.“
- 23 De Paul an de Bar-Naba hunn an all Gemeinschaft Eelsten agesat. Nodeems si gebiet a gefaascht haten, hu si déi Eelst dem Här, un dee si gegleeft haten, uvertraut.
- 24 Duerno gounge si duerch Pisidien a koumen a Pamphylien.
- 25 Nodeems si d'Wuert zu Perga gepriedegt haten, gounge si op Attalia erof.
- 26 Vun do aus si si op Antiochia gesezelt, wou si der Gnod vu Gott uvertraut gi waren, fir d'Aarbecht ze maachen, déi si elo op en Enn bruecht haten.
- 27 Nodeems si ukomm waren an d'Gemeinschaft zesummegeruff haten, hu si alles verzielt, wat Gott duerch si gemaach hat a wéi Gott d'Dier vum Glawe fir d'Net-Judden opgemaach hat.
- 28 Si hunn nach eng länger Zäit mat de Jénger verbruecht.

Apostelgeschicht 15

De Conseil zu Jerusalem

- 1 Et koumen en etlech Männer vu Judea op Antiochia, fir do d'Bridder ze beléieren: „Wann dir iech net nom Brauch vum Moses beschneide loosst, da kënnt dir net gerett ginn.“
- 2 Doropshin haten de Paul an de Bar-Naba eng seriö Ausernanersetzung an Diskussioun mat hinnen. Duerno hu si festgeluecht, datt de Paul an de Bar-Naba mat e puer anere vun hinnen op Jerusalem goe sollten, fir do d'Apostelen|Apostel an déi Eelst wéinst dëser Fro ze gesinn.
- 3 Nodeems si vun der Gemeinschaft fortgeschéckt goufen, gounge si duerch Phoenizien a Samarien. Do hu si d'Bekéierung vun den Net-Judde beschriwwen an hunn esou de Bridder vill Freed bruecht.
- 4 Wéi si op Jerusalem koumen, goufe si vun der Gemeinschaft, den Apostelen an den Eelsten opgeholl. Si hunn e Rapport vun all deem, wat Gott duerch si gemaach hat, gemaach.
- 5 E puer aus der Sekt vun dePharisäer, déi gleeweg gi waren, sinn opgestanen a soten: „Et muss ee si beschneiden an hinne virschreiwen, d'Gesetz vum Moses anzehalen.“
- 6 Dunn hunn d'Apostelen an déi Eelst sech zesumme getraff, fir sech iwwert dës Fro ze beroden.

- 7 No laanger Diskussioun ass de Péitrus opgestanen a sot zu hinnen: „Bridder, dir wësst, datt Gott mech virun en etlech Joren auserwilt huet, fir datt duerch mäi Mond d'Net-Judden d'Botschaft vun der gudder Noriicht héieren an dru gleewe sollten.
- 8 Gott, deen d'Häerzer kennt, huet si unerkannt, andeems hien hinnen den hellege Geescht ginn huet, geneesou wéi hien eis e ginn hat.
- 9 Hien huet keen Ënnerscheid tëschent eis an hinne gemaach an huet hir Häerzer duerch de Glawe gerengegt.
- 10 Firwat stellt dir Gott op d'Prouf, andeems dir deJénger eJach op d'Halsgenéck leeë wëllt, dee weder eis Pappen nach mir droe konnten?
- 11 Am Géigendeel, mir gleewen, datt mir op déiselwecht Manéier wéi si duerch d'Gnod vum Här Jesus gerett ginn.“
- 12 Du waren all d'Leit roueg an hunn dem Bar-Naba an dem Paul nogelauschtert, wéi si dovunner verzielt hunn, wéi vill Zeechen a Wonner Gott duerch si bei den Net-Judde gemaach hat.
- 13 Nodeems si fäerdeg ware mat Schwätzen, sot de Jacques: „Männer a Bridder, lauschtert mir no:
- 14 De Schimon huet verkënnegt, wéi Gott säi Bléck am Ufank op d'Net-Judde geriicht hat, fir aus hinnen e Vollek fir säin Numm auszewielen.
- 15 Dat stëmmt mat de Wierder vun de Prophéiten iwwerteneen, esou wéi geschriwwe steet:
- 16 ‚Duerno kommen ech zeréck an dem David seng Heip, déi verfall ass, fir se nees opzebauen; ech baue seng Ruinen nees op a riichte se op,
- 17 fir datt de Rescht vun der Mënscheet an och all d'Net-Judden, déi mäin Numm droen, den Här siche kënnen, seet den Här, deen dat alles mécht.‘
- 18 Vun Éiwegkeet hier kennt Gott all seng Wierker.
- 19 Dofir entscheeden ech, datt mir den Net-Judden, déi sech zu Gott dréien, keng Steng an de Wee leeë sollen,
- 20 mee datt mir hinne schreiwen, sech vun allem, wat duerch Gëtze beschmotzt gouf, vun onerlaabtem Sex, vu Fleesch, wat net geschächt gouf, a vum Blut z'enthalen.
- 21 D'Wuert vum Moses gëtt nämlech schonns zënter ville Generatiounen an all Stad gepriedegt, well hie jo op allSabbat an deSynagoge|Synagog virgelies gëtt.“

De Bréif un déi gleeweg Net-Judden

22 Doropshin hunn d'Apostelen an déi Eelst, zesumme mat der ganzer Gemeinschaft, decidéiert, Männer aus hirer Mëtt erauszewielen an déi mam Paul a mam Bar-Naba op Antiochia ze schécken. Et waren de Judas, deen och Bar-Schabba genannt gouf, an de Silas, allenzwee Leeder ënnert de Bridder.

23 Dëst Schreiwes sollte si mathuelen: „D'Apostelen, déi Eelst an d'Bridder un d'Geschwëster vun den Net-Judden zu Antiochia, a Syrien an a Kilikien: Léif Gréiss un iech all!

24 Mir hunn héieren, datt verschidde Leit, déi aus eiser Mëtt ausgezu sinn, iech mat Léieren duerchernee gemaach hunn an är Séile beonrouegt hunn, andeems si soten: ‚Dir musst beschnidde ginn an d'Gesetz anhalen‘ (mir haten hinne keen esou en Uerder ginn),

25 dofir hu mir an eiser Versammlung eestëmmeg festgehalten, auserwielte Männer bei iech ze schécken, zesumme mam Paul a mam Bar-Naba, déi mir gär hunn.

26 Dat si Männer, déi hiert Liewen op d'Spill gesat hunn wéinst dem Numm vun eisem Här Jesus, dem Messias.

27 Dowéinst hu mir de Judas an de Silas geschéckt, déi iech datselwecht mëndlech verkënnegen.

28 Den hellege Geescht an och mir sinn nämlech der Meenung, datt mir iech keng méi grouss Laascht operleeë sollen, ausser deem, wat néideg ass:

29 Dir sollt iech vun deem, wat de Gëtze geaffert gouf, vum Blut, vu Fleesch, dat net geschächt gouf, a vun onerlaabtem Sex enthalen. Wann dir dat alles vermeit, dann handelt dir richteg. Mat beschte Gréiss.“

30 Nodeems de Judas an de Silas fortgeschéckt goufen, koume si op Antiochia a wéi si d'Gemeinschaft zesummegeruff haten, hu si hinnen de Bréif iwwerrecht.

31 Si hunn e gelies a sech iwwert den Encouragement gefreet.

32 De Judas an de Silas, déi och selwer Prophéite waren, hunn d'Bridder mat enger laanger Ried encouragéiert a gestärkt.

33 Nodeems si eng gewëssen Zäit do verbruecht haten, goufe si zeréckgeschéckt mat Gréiss vun de Bridder un d'Apostelen.

34

35 De Paul an de Bar-Naba sinn zu Antiochia bliwwen an hunn do, zesumme mat villen aneren, d'Wuert vum Här geléiert a gepriedegt.

De Paul an de Bar-Naba si sech oneens

³⁶ No enger gewëssener Zäit sot de Paul zum Bar-Naba: „Komm mir ginn zeréck a ginn eis Bridder an all de Stied besichen, an deene mir d'Wuert vum Här gepriedegt hunn, fir ze kucken, wéi et hinne geet.“

³⁷ De Bar-Naba hat sech virgeholl de Jean, deen och Marc genannt gouf, matzehuelen,

³⁸ mee de Paul huet sech drop behaupt, datt si net dee mathuele sollten, dee si a Pamphylien verlooss hat an net mat hinnen d'Aarbecht gemaach hat.

³⁹ Du koum et zu enger Auseinandersetzung, esou datt si sech getrennt hunn: De Bar-Naba huet de Marc matgeholl an ass mat him op Zypern geseelt,

⁴⁰ an de Paul huet de Silas gewielt a gong fort, nodeems d'Bridder hien der Gnod vu Gott uvertraut haten.

⁴¹ Hien ass duerch Syrien a Kilikien gezunn an huet d'Gemeinschaft gestärkt.

Apostelgeschicht 16

A Klengasien

¹ Duerno koum de Paul op Derbe an op Lystra. Do gouf et eJénger, deen Timothée geheescht huet. Hie war de Jong vun enger gleeweger Jüddin, mee säi Papp war e Griich.

² Den Timothée hat e gudde Ruff bei de Bridder zu Lystra an Ikonion.

³ De Paul wollt, datt hie sollt mat him weidergoen. Wéinst de Judden, déi an där Géigend waren, huet hien hie beschneide gelooss, well si all gewosst hunn, datt säi Papp e Griich war.

⁴ Wéi si duerch d'Stied gezu sinn, hu si hinnen d'Beschlëss matgedeelt, déi vun den Apostelen|Apostel an den Eelsten zu Jerusalem festgeluecht gi waren an hunn si ugestallt, se anzehalen.

⁵ Dowéinst goufen d'Gemeinschaften am Glawe gestärkt an hir Zuel ass vun Dag zu Dag gewuess.

De Ruff aus Mazedonien

⁶ Nodeems si duerch d'Regioun vu Phrygien a Galatien gereest waren, gouf hinne vum hellege Geescht verbueden, fir d'Wuert a Klengasien ze verkënnegen.

⁷ Wéi si laanscht Mysien koumen, hu si probéiert a Bithynien ze goen, mee de Geescht huet hinnen et net erlaabt.

⁸ Dofir gounge si laanscht Mysien a koumen op Troia.

⁹ Während der Nuecht hat de Paul eng Visioun vun engem Mann aus Mazedonien, deen do stoung an hien ugebiedelt huet: „Komm bei eis a Mazedonien an hëllef eis.“

¹⁰ No dëser Visioun hu mir direkt probéiert, eriwwer a Mazedonien ze goen, well mir zum Schluss komm sinn, datt den Här eis geruff hat, fir hinnen d’gutt Noriicht ze verkënnegen.

Zu Philippi

¹¹ Dofir si mir vun Troia fortgesegelt a si riicht op Samothraki gesegelt. Den Dag drop koume mir op Neapolis.

¹² Vun do gounge mir op Philippi, d’Haaptstad vun enger réimescher Kolonie an deem Deel vu Mazedonien. Mir sinn en etlech Deeg do bliwwen.

¹³ UmSabbat gounge mir baussent der Stad bis bei de Floss, wou et de Brauch war, fir ze bieden. Mir hunn eis gesat an hunn do mat de Frae geschwat, déi do versammelt waren.

¹⁴ Eng Fra, déi Lydia geheescht huet, huet nogelauschtert. Si huet purpurroude Stoft verkaf, war aus der Stad Thyatira an huet Gott ugebiet. Den Här huet hiert Häerz opgemaach, fir op dat ze lauschteren, wat de Paul gesot huet.

¹⁵ Si gouf mat hirem ganze Stot gedeeft an duerno huet si eis opgefuerdert: „Wann dir mengt, datt ech dem Här trei sinn, da kommt a mäin Haus a bleift do.“ Si huet eis dozou iwwerriet.

De Paul an de Silas am Prisong

¹⁶ Eng aner Kéier, wéi mir ënnerwee waren, fir ze bieden, koum eng Mod, déi en Hellsehergeescht hat, eis entgéint. Si huet hire Meeschtere vill Suen abruecht, wa si Orakelen ausgeschwat huet.

¹⁷ Si goug dem Paul an eis no an huet geruff: „Dës Männer sinn Dénger vum allerhéchste Gott a si verkënnegen eis de Wee vun der Rettung.“

¹⁸ Si huet dat während villen Deeg gemaach. De Paul war awer opbruecht, huet sech ëmgedréit a sot zum Geescht: „Ech befeelen dir am Numm vum Jesus, demMessias, aus hir erauszefueren!“ An deem Abléck ass en erausgefuer.

¹⁹ Wéi hir Meeschtere gesinn hunn, datt d’Hoffnung op hire Gewënn fort wier, hu si de Paul an de Silas ergraff an hu si op d’Maartplaz virun d’Schäfte geschleeft.

²⁰ Si hu si virun d’Riichtere bruecht a soten: „Dës Männer, déi Judde sinn, bréngen eis Stad an Orou.“

²¹ Si léiere Bräich, déi illegal sinn. Mir däerfe si weder unhuelen nach anhalen, well mir Réimer sinn.“

- 22 Dunn huet d'Vollek sech zesumme géint de Paul an de Silas erhuewen. D'Riichter hunn hinnen d'Kleeder erofrappe gelooss an den Uerder ginn, fir si gäisselen ze loossen.
- 23 Nodeems de Paul an de Silas zerguttst gegäisselt gi waren, goufe si an de Prisong gehäit an d'Riichter hunn dem Giischtje befuel, fir si gutt ze bewaachen.
- 24 Wéinst dësem Uerder huet de Giischtje si an déi bannenzegst Zell gehäit an huet hir Féiss an de Stack gespaart.
- 25 Ëm Hallefnuecht waren de Paul an de Silas am Gaang, zu Gott ze bieden an him ze sängen. D'Prisonéier hunn hinnen nogelauschtert.
- 26 Op eemol gouf et e schrot Äerdbiewen, esou datt d'Fëllement vum Prisong gerëselt gouf. Eenzock gOUNgen all d'Dieren op a jidderengem seng Kette sinn erofgefall.
- 27 De Giischtje gouf waakreg an huet gesinn, datt d'Prisongsdieren op waren. Dunn huet hien ugeholl, datt d'Prisonéier all fortgelaf wieren, an huet dofir säi Schwäert erausgezunn, fir sech d'Liewen ze huelen.
- 28 Mee de Paul huet mat haarder Stëmm geruff: „Déi dir kee Leed un, well mir sinn all heil!“
- 29 Dunn huet hien no enger Luucht gefrot an ass eragelaf. Während hie geziddert huet, ass hie virun de Paul an de Silas niddergefall.
- 30 Hien huet si erausgeféiert a gefrot: „Dir Hären, wat muss ech maachen, fir gerett ze ginn?“
- 31 „Gleef un den Här Jesus Christus an da gëss du gerett, du an däi Stot“, hu si geäntwert.
- 32 Dunn hu si him a jidderengem aus sengem Stot d'Wuert vum Här verkënnegt.
- 33 Nach an därselwechter Stonn vun der Nuecht, huet hien de Paul an de Silas bei sech geholl an hir Wonnen ausgewäsch. Hien a säi Stot goufen och stënterlech gedeeft.
- 34 De Giischtjen huet si a säin Haus eropgeféiert an huet hinnen lessen zerwéiere gelooss. Hie war iwwerglécklech, datt hien a säi ganze Stot u Gott gegleeft hunn.
- 35 Wéi et Dag gouf, hunn d'Riichter d'Offizéier bei de Giischtje geschéckt mam Uerder: „Looss dës Männer fräi!“
- 36 De Giischtjen huet dem Paul dëse Message iwwerbruecht: „D'Riichter loossen dir soen, datt dir fräigelooss gitt. Kommt elo eraus a gitt am Fridden!“

37 „Si hunn eis, obwuel mir réimesch Bierger sinn, ouni Prozess ëffentlech gegäisselt an eis an de Prisong gehäit. An elo wëlle si eis och nach heemlech fortschécken? Dat kënnt net a Fro! Si solle selwer kommen an eis fräילוossen!“, huet de Paul hinnen awer geäntwert.

38 D'Offizéier hunn de Riichter dëse Message iwwerbruecht. Wéi déi héieren hunn, datt de Paul an de Silas Réimer wieren, krute si et mat der Angscht ze dinn.

39 Du koume si an hunn hinne schéi geschwat. Si hu si aus der Stad bruecht a si gebieden, d'Stad ze verloossen.

40 Wéi si aus dem Prisong koumen, gounge si bei d'Lydia. Nodeems si d'Bridder gesinn an encouragéiert haten, gounge si fort.

Apostelgeschicht 17

Zu Thessaloniki

1 Nodeems si duerch Amphipolis an Apollonia gereest waren, koume si op Thessaloniki, wou et eng Synagog vun de Judde gouf.

2 Du gong de Paul, wéi et seng Gewunnecht war, bei si an huet während dräi Sabbate|Sabbat mat hinnen un Hand vun der Schrëft diskutéiert.

3 Hien huet erkläert a bewisen: „De Messias huet misse leiden a vun den Doudegen operstoen. Dëse Jesus, deen ech iech verkënnegen, ass de Messias.“

4 En etlech Judde goufen iwwerzeegt an hu sech dem Paul an dem Silas ugeschloss, esou wéi en etlech vun de Griichen, déi Gott ugebiet hunn, an net wéineg vun den dichtege Fraen.

5 Mee d'Judden, déi net gegleeft hunn, hunn eng Rei Näischnotze vun der Maartplaz matgeholl, hunn e Koup Leit mat hinne versammelt an d'Stad an Oprou bruecht. Si hunn dem Yasson säin Haus ugegraff an hu probéiert, de Paul an de Silas virun d'Vollek ze bréngen.

6 Mee wéi si se net fonnt hunn, hu si de Yasson an e puer vun de Bridder bei d'Schäfte vun der Stad geschleeft an hu geruff: „Dës Männer, déi d'Welt op d'Kopp gedréit hunn, sinn och elo heihinner komm

7 an de Yasson huet si als Gäscht bei sech opgeholl. Si handelen alleguer géint d'Virschreffe vum Caesar, well si soen, datt et en anere Kinnek géif ginn: de Jesus.“

8 Doduerch hu si d'Leit an d'Schäfte vun der Stad beonrouegt, wéi déi dat héieren hunn.

⁹ Nodeems si vum Yasson an deenen aneren eng Kautioun gestallt kruten, hu si si goe gelooss.

Zu Beria

¹⁰ Doropshin hunn d'Bridder direkt an der Nuecht de Paul an de Silas op Beria fortgeschéckt a wéi si do ukoumen, gounge si an d'Synagog vun de Judden.

¹¹ Dës Judde waren awer méi opgeschloss wéi déi zu Thessaloniki: Si hunn d'Wuert mat grousem Äifer ugeholl. Si hunn all Dag d'Schrëft duerchsicht, fir erauszefannen, ob dat alles wouer wier.

¹² Dowéinst hu vill vun hinne gegleeft an och e gudden Deel vun den dichtege griichesche Fraen a Männer.

¹³ Mee wéi d'Judde vun Thessaloniki héieren hunn, datt d'Wuert vu Gott vum Paul zu Beria gepriedegt gouf, koume si dohinner an hunn d'Vollek an Oprou bruecht.

¹⁴ Dunn hunn d'Bridder de Paul direkt a Richtung Mier geschéckt, mee de Silas an den Timothée sinn zu Beria bliwwen.

¹⁵ Déi, déi de Paul begleet hunn, hunn hie bis op Athen bruecht. Nodeems si vum Paul den Uerder krut haten, dem Silas an dem Timothée ze soen, datt déi zwee esou séier wéi méiglech bei hie komme sollten, gounge si fort.

Zu Athen

¹⁶ Bannent der Zäit, an där de Paul zu Athen op si gewaart huet, gouf säi Geescht an him opbruecht, wéi hie gesinn huet, datt d'Stad voller Gëtze war.

¹⁷ Dofir huet hie mat de Judden a mat defromme|fromm Männer an der Synagog an och all Dag op der Maartplaz mat deenen, déi grad do waren, diskutéiert.

¹⁸ E puer vun den epikureschen a stoësche Philosophen hu mat him diskutéiert a verschidder sot: „Wat wëllt dese Braddler soen?“ Anerer sot: „Hie schéngt friem Gëtter ze verkënnegen“, well hien hinnen de Jesus an d'Operstéiung verkënnegt huet.

¹⁹ Doropshin hu si hie geholl, hie bei den Areopagos bruecht a gefrot: „Dierfte mir wëssen, wat dës nei Léier soll sinn, vun där s du hei schwätz?“

²⁰ Du bréngs eis nämlech bosseg Iddien zu Ouer. Dofir wëlle mir wëssen, wat et domadder op sech huet.“

²¹ (D'Leit vun Athen an d'Ausländer, déi do gelieft hunn, hunn hir Zäit mat soss näischt verbruecht, wéi allerhand Neiegkeeten ze verzielen oder nozelauschteren.)

²² Dunn huet de Paul sech an d'Mëtt vum Areopagos gestallt a sot: „Leit vun Athen, ech gesinn, datt dir an allen Hisiichte ganz reliéis sidd,

23 well wéi ech hei erduerch giong an är Hellegtümer betruecht hunn, hunn ech esouguer en Altor fonnt, mat der Inskriptioun: ‚Un den onbekannte Gott.‘ Dofir verkënnegen ech iech dee Gott, deen dir ubiet, ouni et ze wëssen:

24 Gott, deen d’Welt an alles, wat dran ass gemaach huet, well hien Här vun Himmel an Äerd ass, wunnt net an Tempelen, déi duerch Mënschenhänn gebaut goufen.

25 Hie gött och net vu mënschlecher Hand bedéngt, wéi wann hien eppes bréicht, well hie jo selwer jidderengem gläichermoossen d’Liewen an den Otem gött.

26 Hien huet aus engem Mënsch all mënschlech Natioun gemaach, déi op dem Äerdbuedem leeft, an huet d’Dauer vun den Natiounen hiren Zäiten an d’Grenzen, bannent deene si liewe sollen, festgeluecht.

27 Hien huet dat gemaach, fir datt d’Mënschen den Här siche sollen, an der Hoffnung, datt si no him taaschten an hie fannen, och wann hien net wäit vun eis all ewech ass.

28 An him liewe mir, bewege mir eis an existéiere mir, esou wéi en etlech vun ären Dichter et och gesot hunn: ‚Well och mir si seng Nokommen.‘

29 Dofir, well mir d’Nokomme vu Gott sinn, däerfe mir net mengen, datt dat Gëttlecht esou wéi Gold, Sëlwer oder Steen ass, eppes, dat duerch d’Konscht an d’Denke vum Mënsch geformt gött.

30 Och wa Gott iwwert dës Zäite vun der Ignoranz ewechgekuckt huet, fuerdert hien elo d’Mënschen iwwerall op, ëmzekéieren,

31 well hien en Dag festgeluecht huet, op deem hien d’Welt mat Gerechtegkeet duerch dee Mann riicht, deen hien dofir bestëmmt huet. Hien huet jidderengem de Beweis dovunner ginn, andeems hien dee Mann vun den Doudegen operstoe gelooss huet.“

32 Wéi si awer vun der Operstéiung vun den Doudegen héieren hunn, hu verschidde Leit de Geck gemaach; mee anerer soten: „Mir wëllen nach méi doriwwer vun dir héieren.“

33 Dunn huet de Paul den Areopagos verlooss.

34 Verschidde Leit hu sech him ugeschloss an hu gegleeft, ënnert hinnen den Dionysios, e Member vum Areopagos, eng Fra, déi Damaris geheescht huet, an nach anerer zesumme mat hinnen.

Apostelgeschicht 18

Zu Korinth

- 1 Duerno huet de Paul Athen verlooss a giong op Korinth.
- 2 Do ass hien engem Judd begéint, deen Aquila geheescht huet a gebierteg aus Pontus war. Dee war viru kuerzem mat senger Fra Priskilla aus Italien komm, well de Klaudius all de Judde befuel hat, Roum ze verloossen. De Paul giong bei si
- 3 a well hien deeselwechte Beruff hat ewéi si (si waren nämlech Zeltmécher vu Beruff), ass hie bei hinne bliwwen.
- 4 AllSabbat huet hien an derSynagogdiskutéiert an huet Judden an och Griichen iwwerzeegt.
- 5 Wéi de Silas an den Timothée vu Mazedonien erfokomm waren, gouf de Paul vum Geescht dozou gedriwwen, fir de Judden ze bezeien, datt de Jesus deMessias wier.
- 6 Mee si hu sech him widdersat an hie beleidegt. Dunn huet hie seng Kleeder ausgerëselt a sot zu hinnen: „Äert Blut soll op är eege Käpp kommen! Ech sinn onschëlleg. Vun elo un ginn ech bei d’Net-Judden!“
- 7 De Paul giong du vun do fort an an d’Haus vun engem, dee Justus geheescht huet an dee Gott ugebiet huet. Säin Haus louch nieft der Synagog.
- 8 De Krispus, de President vun der Synagog, huet zesumme mat sengem ganze Stot un den Här gegleeft. Vill vun de Korinther, déi nogelauschtert hunn, hu gegleeft a goufe gedeeft.
- 9 An der Nuecht sot den Här zum Paul an enger Visioun: „Hief keng Angscht méi, mee schwätz a géff dech net,
- 10 well ech si mat dir an et gräift keen dech un, fir dir wéizedoen; ech hunn nämlech vill Leit an dëser Stad.“
- 11 Hie blouf annerhalleft Joer do an huet d’Wuert vu Gott ënnert hinne geléiert.
- 12 Bannent där Zäit, an där de GallioProkonsul vun Achaia war, hunn d’Judde sech eestëmmeg géint de Paul erhuewen an hunn hie virun de Riichterstull bruecht.
- 13 „Dëse Mann iwwerriet d’Leit, Gott op eng Manéier unzebieden, déi géint d’Gesetz verstéisst“, sote si.
- 14 Wéi de Paul säi Mond opmaache wollt, sot de Gallio zu de Judden: „Géif et hei ëm e Verstouss oder e schrot Verbrieche goen, dir Judden, da géif ech ärer Uklo nolauschteren.
- 15 Mee geet et ëm eng Sträitfro iwwert Wierder, Nimm an äert eegent Gesetz, da këmmert iech selwer drëm; ech wëll nämlech doriwwer net riichten.“
- 16 Dunn huet hie si vun der Plaz gejot, wou de Riichterstull stoung.

17 Doropshin hunn all d'Griichen de Sosthenes, de President vun der Synagog, ergraff an hunn hie virum Riichterstull zerschloen. De Gallio huet sech awer guer net drëm gekëmmert.

D'Priskilla, den Aquila an den Apollos

18 De Paul ass nach eng länger Zäit do bliwwen. Dunn huet hien d'Bridder verlooss an ass Richtung Syrien geseget. D'Priskilla an den Aquila hunn hie begleet. Zu Kenchrea huet hie säi Kapp raséiere gelooss, well hien en Eed ofgeluecht hat.

19 Hie koum op Ephesos an huet si do zeréckgelooss. De Paul selwer goug an d'Synagog an huet mat de Judden diskutéiert.

20 Wéi si hie gefrot hunn, fir eng länger Zäit bei hinnen ze bleiwen, huet hie refuséiert.

21 Hien huet si verlooss a sot: „Ech muss op alle Fall dat Fest, wat elo kënnt, zu Jerusalem anhalen. Ech kommen awer bei iech zeréck, wa Gott wëllt.“ Dunn ass hie vun Ephesos fortgeseget.

22 Wéi hien zu Caesarea ukoum, goug hien erop op Jerusalem an huet d'Gemeinschaft begréisst an duerno goug hien erof op Antiochia.

23 Nodeems hien eng gewëssen Zäit do verbruecht hat, ass hie vun do fortgereest. Hie goug noeneen an d'Géigend vu Galatien a Phrygien an huet all d'Jénger gestärkt.

24 E Judd, deen Apollos geheescht huet a gebierteg vun Alexandria war, koug op Ephesos. Hie war e gudde Riedner an huet d'Schrëft gutt kannt.

25 Hie war am Wee vum Här ënnerriicht ginn an huet mat äifregem Geescht geschwat. Hien huet genee d'Léier vum Här enseignéiert, och wann hien nëmmen d'Daf vum Jean kannt huet.

26 Hien huet ugefaangen, fräi an der Synagog ze schwätzen. Wéi d'Priskilla an den Aquila hien héieren hunn, hu si hien op d'Säit geholl an him de Wee vu Gott méi genee erkläert.

27 Wéi den Apollos eriwuer op Achaia wollt goen, hunn d'Bridder geschriwwen, d'Jénger sollen hie wëllkomm heeschen. Wéi hien do ukoum, war hien deenen, déi duerch Gnod gegleeft haten, eng grouss Hëllef,

28 well hien de Judden hir Géigenargumenter mat Nodrock ëffentlech widderluecht huet, andeems hien duerch d'Schrëft bewisen huet, datt de Jesus de Messias ass.

Apostelgeschicht 19

De Paul zu Ephesos

- 1 Bannent der Zäit, an där den Apollos zu Korinth war, gong de Paul duerch d'Hannerland a koum dunn op Ephesos. Do huet hien e puerJéngerbegéint,
- 2 déi hie gefrot huet: „Hutt dir den hellege Geeschtt kritt, wéi dir gegleeft hutt?“ „Nee, mir hu mol net héieren, datt et en hellege Geeschtt gëtt“, hu si him geäntwert.
- 3 „Wat fir eng Daf hutt dir da krut?“, frot hie si. „D'Daf vum Jean“, hu si geäntwert.
- 4 Du sot de Paul: „De Jean huet tatsächlech mat enger Daf vun derËmkéiergedeeft, andeems hien de Leit sot, op deen ze vertrauen, deen no him komme géif, dat heescht op de Jesus, de Messias.“
- 5 Wéi si dat héieren hunn, goufe si am Numm vum Här Jesus gedeeft.
- 6 Dunn huet de Paul seng Hänn op si geluecht an den hellege Geeschtt koum op si. Si hunn a Sprooche geschwat a prophezeit.
- 7 Et waren am ganzen ongeféier zweief Männer.
- 8 Während dräi Méint gong de Paul an d'Synagog an huet couragéiert geschwat. Hien huet mat hinnen diskutéiert a wollt si vum Kinnekräich vu Gott iwwerzeegen.
- 9 En etlech hu sech awer verschloss an hunn net gegleeft, mee hu béis iwwert de „Wee“ virum Vollek geschwat. Doropshin huet hie si verlooss an d'Jénger matgeholl. Hien huet all Dag an der Schoul vum Tyrannus Diskussiounen geleet.
- 10 Dat ass zwee Joer laang esou gaangen, esou datt jiddereen, deen a Klengasien gelieft huet, d'Wuert vum Här Jesus héieren huet, souwuel d'Jude wéi d'Griichen.
- 11 Gott huet aussergewéinlech Wonner duerch de Paul gemaach,
- 12 esou datt esouguer Schweessdicher oder Schiertecher, déi seng Haut beréiert haten, bei déi Krank bruecht goufen an d'Kränke si verlooss hunn an déi béis Geeschter aus hinne gefuer sinn.
- 13 Och en etlech jüddesch Exorzisten, déi ronderëm gezu sinn, hu probéiert den Numm vum Här Jesus iwwert déi auszeruffen, déi béis Geeschter haten. Si soten: „Mir beschwieren iech bei deem Jesus, deen de Paul verkënnegt.“
- 14 Dat hunn och siwe Jonge vum Skewa, engem jüddeschenieweschte Priister|jewescht Priister, gemaach.
- 15 De béise Geeschtt huet awer geäntwert: „De Jesus kennen ech an de Paul kennen ech och, mee wie sidd dir?“

- 16 Dunn huet de Mann, an deem de béise Geesch war, sech op si gestierzt an huet si mat esou enger Kraaft iwberwältigt, datt si plakeg a blesséiert aus dem Haus geflücht sinn.
- 17 Alleguer d'Judden an d'Griichen, déi zu Ephesos gewunnt hunn, hunn dovunner héieren a si kruten et alleguer mat der Angscht ze dinn. Den Numm vum Här Jesus gouf héich gelueft.
- 18 Vill, déi gegleeft haten, koumen dohin an hunn hir Doten ëffentlech zouginn.
- 19 Och vill, déi Zauberei praktizéiert haten, hunn hir Bicher zesummegebroen an hu se virun aller Ae verbrannt. De Wäert vun de Bicher gouf zesummegegerechent an et koum een op eng Zomm vu fofzegtausend Sëlworménzen .
- 20 Esou ass d'Wuert vum Här staark gewuess an huet seng Kraaft gewisen.
- 21 Nodeems dat alles geschitt war, huet de Paul sech am Geesch virgeholl, fir d'éischt duerch Mazedonien an Achaia an dann op Jerusalem ze reesen. Hie sot: „Nodeems ech do war, muss ech och Roum gesinn.“
- 22 Dowéinst huet hien zwee vun deenen, déi him gedéngt hunn, den Timothée an den Erastos, a Mazedonien virausgeschéckt, mee hie selwer blouf nach eng Zäitchen a Klengasien.

Eng grouss Oprou zu Ephesos

- 23 Zu där Zäit koum et zu enger gréisserer Oprou wéinst dem „Wee“.
- 24 Et gouf nämlech e Mann, deen Demetrius geheescht huet a Sëlwerschmatt war. Hien huet Tempele vun der Artemis aus Sëlwer gemaach an doduerch den Handwierker vill Gewënn abruecht.
- 25 Hien huet dës Handwierker mat aneren, déi ähnlech Beruffer haten, zesummegegeruff a sot: „Männer, dir wësst, datt eise Wuelstand vun dësem Beruff ofhänkt.
- 26 Dir gesitt an héiert jo och, datt net nëmmen zu Ephesos, mee scho bal uechter ganz Klengasien, dës Paul vill Leit iwberzeegt huet, hir Meenung z'änneren, well hie sot, datt dës Gëtter, déi vu mënschlecher Hand gemaach goufen, keng Gëtter sinn.
- 27 Net nëmmen ass eise Beruff a Gefor a Verruff ze kommen, mee och den Tempel vun der grousser Gëttin Artemis, déi vu ganz Klengasien an der Welt ugebiet gëtt, gëtt net méi geschätzt an hir Majestéit gëtt zerstéiert.“
- 28 Wéi si dat héieren hunn, goufe si kloerrosen an hu gejaut: „Grouss ass d'Artemis vun den Epheser!“

- 29 D'ganz Stad war an engem groussen Duercherneen. D'Leit sinn zesummen an den Theater gerannt an hunn de Gaius an den Aristarkos mat sech geschleeft, Mazedonier, déi mam Paul matgereest waren.
- 30 De Paul wollt dunn ënnert d'Leit goen, mee d'Jénger hunn him et net erlaabt.
- 31 Dunn hu verschidde räich Déngschthären aus der Provënz, déi seng Frënn waren, Leit bei hie geschéckt, fir hien ze bieden, sech net an den Theater ze woen.
- 32 Déi eng hunn dëst gejaut, déi aner dat, well d'Veersammlung an engem komplette Chaos war an déi meescht net woussten, firwat si zesummekomm waren.
- 33 D'Judden hunn den Alexander aus dem Gewulls erausgeholl an no vir gedréckt. Den Alexander huet mat der Hand en Zeeche ginn a wollt sech virun de Leit erklären.
- 34 Wéi si awer erausfonnt hunn, datt hien e Judd war, hu si zwou Stonne laang mat enger Stëmm geruff: „Grouss ass d'Artemis vun den Epheser!“
- 35 Nodeems de Stadsgreffier d'Leit berouegt hat, sot hien: „Männer vun Ephesos, gëtt et iwverhaapt e Mënsch, deen net weess, datt d'Stad vun den Epheser den Tempelwiechter vun der grousser Gëttin Artemis ass, där hir Statu vum Himmel erofgefall ass?“
- 36 Dat ass jo net ze leegnen an dofir sollt dir roueg sinn an näischt Oniwwerluechtes maachen.
- 37 Dir hutt dës Männer heihinner bruecht, déi weder Tempelraiber sinn nach iwwert är Gëttin gelästert hunn.
- 38 Also, wann den Demetrius an d'Handwierker, déi bei him sinn, ee wëllen usichen, da gëtt et d'Gericht a Prokonsulen|Prokonsul. Do kënne si een deen anere verkloen!
- 39 Wann dir awer nach soss en Uleies hutt, da soll dat an der gesetzlecher Veersammlung gekläert ginn.
- 40 Soss lafe mir d'Gefor, wéinst der Oprou vun haut ugeklot ze ginn, well mer kee Grond kënnen uginn, fir dësen Tumult z'erklären.“
- 41 Nodeems hien dat gesot hat, huet hien d'Veersammlung opgeléist.

Apostelgeschicht 20

De Paul reest duerch Mazedonien an Hellas

1 Wéi d'Oprou eriwwer war, huet de Paul d'Jénger bei sech geruff, huet hinnen Äddi gesot an huet sech op de Wee a Mazedonien gemaach.

2 Ënnerwee duerch dës Géigenden, huet hien iwwert viles mat de Jénger geschwat a si encouragéiert. Duerno gong hien an Hellas ,

3 wou hie während dräi Méint bliwwen ass. D'Judden haten e Komplott géint hie geplangt, wéi hien um Punkt war, a Syrien ze segelen, an dofir huet hien decidéiert, fir duerch Mazedonien zeréckzereesen.

4 Um Wee fir a Klengasien gouf hie vum Sopater vu Beria, vun den Thessaloniker Aristarkos a Secundus, vum Gaius vun Derbe, vum Timothée a vun de Klengasier Tychikos an Trophimos begleet.

5 Dës Männer gounge viraus an hunn zu Troia op eis gewaart.

6 No den Deeg vumMatzebrout si mir vu Philippi fortgesegelt a koumen no fënnef Deeg zu Troia bei hinnen un, wou mir siwen Deeg laang bliwwe sinn.

De Paul priedegt d'Nuecht duerch a léisst den Eftichos operstoen

7 Um éischten Dag vun der Woch koumen d'Jénger zesummen, fir d'Brout ze brieche. De Paul, dee sech den Dag drop wollt op d'Rees maachen, huet mat hinne geschwat an huet seng Ried bis Hallefnuecht erausgezunn.

8 An der ieweschter Kummer, wou mir eis getraff hunn, hu vill Luuchte gebrannt.

9 E jonke Mann, deen Eftichos geheescht huet, souz op enger Fënsterbänk an hien ass an en déiwe Schlof gefall. Während de Paul weidergeschwat huet, gouf den Eftichos vum Schlof iwwerwältegt an ass du vum zweete Stack erofgefall. Wéi hien opgeraf gouf, war hien dout.

10 De Paul gong erof, huet sech iwwert hie geluecht, hien a seng Äerm geholl a gesot: „Maacht iech keng Suergen, säi Liewen ass nach an him.“

11 Nodeems hien nees eropkomm war, d'Brout gebrach a giess hat, huet hien nach laang geschwat, bis et hell gouf, an dunn huet hie sech op d'Rees gemaach.

12 De jonke Mann hu si lieweg matgeholl an dat war hinnen e groussen Trouscht.

De Paul seet den Eelste vun Ephesos Äddi

13 Duerno gounge mir weider bei d'Schëff a sinn op Assos gesezelt, wou mir de Paul u Bord huele sollten. Hien hat dat esou arrangéiert, well hien zu Fouss weidergoe wollt.

14 Wéi hien eis zu Assos getraff huet, hu mir hien u Bord geholl a sinn zu Mitylini ukomm.

- 15 Mir si vun do fortgesegelt a koumen den Dag drop op der Héicht vu Kios un. Den nächsten Dag koume mir op Samos a sinn zu Trogyllium bliwwen. Den Dag duerno koume mir op Miletus.
- 16 De Paul hat decidéiert, fir laanscht Ephesos ze segelen, fir datt hie keng Zäit a Klengasien misst verbréngen. Hien huet sech nämlech getommelt, fir mat Zäite fir d'Päischtfest zu Jerusalem ze sinn, wann et nëmme méiglech wier.
- 17 Vu Miletus aus huet hie Leit op Ephesos geschéckt an huet déi Eelst vun der Gemeinschaft bei sech ruffe gelooss.
- 18 Wéi si bei him ukoumen, sot hien zu hinnen: „Dir wésst jo, op wéi eng Manéier ech ëmmer ënnert iech gelieft hunn, vum éischten Dag un, wéi ech a Klengasien ukoum.
- 19 Dir wésst, datt ech ganz bescheiden dem Här gedéngt hunn, ënnert villen Tréinen a während ville Prouwen, déi ech wéinst de Komplottter vun de Judden erlieft hunn.
- 20 Dir wésst, datt ech iech näischt, wat hëllefräich war, virenthalen hunn. Ech hunn iech alles ëffentlech a bei iech doheem verkënnegt a geléiert.
- 21 Ech hunn de Judden an och de Griichen d'Ëmkéier zu Gott a Vertrauen op eisen Här Jesus, dem Messias, verkënnegt.
- 22 Duerch de Geescht gebonnen, ginn ech elo op Jerusalem, och wann ech net weess, wat mir do passéiere wäert.
- 23 Ech weess just, datt den hellege Geescht mech vu Stad zu Stad warnt, datt Ketten a Leed op mech waarden.
- 24 Mee ech stéiere mech net dodrun. Mäi Liewen ass mir net wäertvoll. Ech wëll just meng Course mat Freed ofschléissen an och den Déngscht erfëllen, dee mir vum Här Jesus, dem Messias, opgedroe gouf, nämlech Zeien ze si vun der gudder Noriicht vun der Gnod vu Gott.
- 25 An elo weess ech och, datt kee vun iech, bei deenen ech duerchgereest sinn an d'Kinnekräich vu Gott gepriedegt hunn, mech erëmgesäit.
- 26 Dofir ginn ech iech haut mäi Wuert, datt ech onschëlleg un all Blut sinn.
- 27 Ech hunn nämlech net ënnerlooss, fir iech de ganze Rot vu Gott ze verkënnegen.
- 28 Gitt dofir op iech selwer an op d'ganzt Häerd uecht, vun där den hellege Geescht iech als Eelsten agesat huet, fir d'Gemeinschaft vum Här a vu Gott ze hidden, déi hie mat sengem eegene Blut kaf huet.
- 29 Ech weess nämlech dat hei: Wann ech bis fort sinn, schleise grujeleg Wëllef sech bei iech an a schounen d'Häerd net.

- 30 Et kommen och Männer aus ärer Mëtt ervir, déi d'Wourecht verdréien, fir d'Jénger op hir Säit ze zéien.
- 31 Gitt dofir uecht an erënnert iech drun, datt ech dräi Joer laang net opgehalen hunn, jiddereen Dag an Nuecht ënnert Tréinen z'encouragéieren.
- 32 An elo Bridder, vertrauen ech iech Gott an dem Wuert vu senger Gnod un, dat et fäerdegréngt, iech z'erbauen an iech eng Ierfschaft ënnert all deenen ze ginn, déi helleg gemaach goufen.
- 33 Ech hu kengem säi Sëlwer, säi Gold oder seng Kleeder begiert.
- 34 Dir wësst jo selwer, datt meng Hänn fir mäin eegenen Ënnerhalt a fir dee vun deenen, déi mech begleet hunn, gesuert hunn.
- 35 An allem hunn ech iech gewisen, wéi dir duerch schwéiert Schaffen déi Schwaach ënnerstëtze musst. Erënnert iech un dem Här Jesus seng Wieder, dee selwer sot: „Ze ginn ass méi séileg, wéi ze kréien.“
- 36 Nodeems hien dat gesot hat, huet hie sech higeknéit a mat hinnen all gebiet.
- 37 Duerno hu si alleguer vill gekrasch, sinn dem Paul ëm den Hals gefall an hunn hie gekësst.
- 38 Am meeschte ware si iwver déi Wieder traureg, datt si hien net méi géife gesinn. Dunn hu si hie bis bei d'Schëff begleet.

Apostelgeschicht 21

De Paul reest op Jusalem

- 1 Nodeems mir eis vun hinne getrennt haten a fortgesegelt waren, si mir riicht op Kos gesezelt, den Dag drop op Rhodos a vun do op Patara.
- 2 Mir hunn dunn e Schëff fonnt, dat a Phoenizien eriwver gefuer ass, sinn do u Bord gaangen a fortgesegelt.
- 3 Wéi mir Zypern gesinn hunn, si mir lénks dolaanscht gefuer an a Richtung Syrien gesezelt. Mir sinn zu Tyr gelant, well d'Schëff do seng Fracht ausluede sollt.
- 4 Nodeems mir d'Jénger do fonnt haten, si mir siwen Deeg bei hinne bliwwen. Si hunn dem Paul duerch de Geescht gesot, datt hien net op Jerusalem goe sollt.
- 5 Wéi dës Zäit eriwver war, gounge mir fort an hunn eis op de Wee gemaach. Jiddereen huet eis begleet, och d'Fraen an d'Kanner, bis mir baussent der Stad waren. Mir hunn eis op der Plage higeknéit a gebiet.

- 6 Nodeems mir eis Äddi gesot haten, si mir u Bord gaangen a sinn heemgaangen.
- 7 Mir si vun Tyr fortgeseget an hunn eis Rees zu Ptolemais ofgeschloss. Do hu mir d'Bridder begréisst a bloufen een Dag bei hinnen.
- 8 Den Dag drop gounge mir, dem Paul seng Begleeder, fort a koumen op Caesarea. Do gounge mir an d'Haus vum Philippe, dem Evangelist, deen ee vun de Siwe war, a bloufe bei him.
- 9 Deen hat véier Duechteren, déi nach Jongfrae|Jongfra waren a prophezeit hunn.
- 10 Mir sinn en etlech Deeg do bliwwen. Du kum e Prophéit, deen Agabus geheescht huet, vu Judea erof.
- 11 Wéi hie bei eis kum, huet hien dem Paul säi Rimm geholl, huet seng eegen Hänn a Féiss zesummegebonden a sot: „Esou seet den hellege Geescht: ‚Esou fesselen d'Judden zu Jerusalem de Mann, deem dëse Rimm gehéiert, a liwweren hien un d'Net-Judden aus.‘“
- 12 Wéi mir dat héieren hunn, hu mir – wéi och d'Leit vun do – him zougeriet, net op Jerusalem ze goen.
- 13 „Firwat kräischst dir a wëllt mir d'Häerz briechen?“, huet de Paul geäntwert. „Ech sinn nämlech bereet, wéinst dem Numm vum Här Jesus net nëmme gefesselt ze ginn, mee och zu Jerusalem ze stierwen.“
- 14 Wéi mir hien net iwwerzeegt kruten, hu mir opginn a soten einfach: „De Wëlle vum Här soll geschéien.“
- 15 No dësen Deeg hu mir alles zesummegepaakt a gongen op Jerusalem erop.
- 16 E puer vun de Jénger aus Caesarea koume mat eis an hunn e gewëssene Mnason vun Zypern matbruecht, dee vun Ufank un e Jénger war a bei deem mir logéiere sollten.

Zu Jerusalem

- 17 Wéi mir zu Jerusalem ukoumen, hunn d'Bridder eis häerzlech wëllkomm geheescht.
- 18 Den Dag drop gong de Paul mat eis bei de Jacques an alleguer déi Eelst waren do.
- 19 De Paul huet si begréisst an huet hinnen alles hoergenee verzielt, wat Gott ënnert den Net-Judden duerch säin Déngscht gemaach hat.
- 20 Wéi si dat héieren hunn, hu si den Här gelueft. Si soten zu him: „Du gesäis Brudder, wat fir eng Onmass Judde gleeweg gi sinn; alleguer si se äifreg fir d'Gesetz.“

21 Et ass hinnen awer iwwert dech verzielt ginn, du géifs all de Judden, déi ënnert den Net-Judde liewen, léieren, fir de Moses ofzeleenen, andeems du hinne sees, datt si hir Kanner net solle beschneide loossen an och d'Bräich net sollen anhalen.

22 Wat ass elo ze maachen? D'Vollek versammelt sech bestëmmt, well si dovunner héieren, datt s du ukomm bass.

23 Maach also dat, wat mir dir soen: Bei eis si véier Männer, déi en Eed ofgeluecht hunn.

24 Huel si mat a rengeg dech zesumme mat hinnen. Dro hinnen hir Käschten, fir datt si hir Käpp raséiere kënnen. Da ka jidderee feststellen, datt dat, wat si iwwer dech héieren hunn, net stëmmt, mee datt s du selwer nom Gesetz liefs an et anhäls.

25 Wat d'Net-Judden, déi gleewen, ugeet, hu mir hinne geschriwwe gehat, wat mir decidéiert haten: Si sollen näischt esou eppes anhalen, mee sech just vun deem, wat de Gëtze geaffert gouf, vum Blutt, vu Fleesch, dat net geschächt gouf, a vun onerlaabtem Sex enthalen.“

26 Doropshin huet de Paul d'Männer matgeholl a gouf mat hinne gerengegt. Den Dag drop goug hien an den Tempel, fir unzekënnegen, wéini d'Rengegung ofgeschloss wier an d'Affer fir jidderee vun hinne misst bruecht ginn.

De Paul gëtt verhaft

27 Wéi déi siwen Deeg bal ëm waren, hunn d'Judden aus Klengasien hien am Tempel gesinn. Dunn hu si d'ganzt Vollek géint hien opgestëppelt an hunn Hand un hie geluecht.

28 Si hu gejaut: „Männer vun Israel, hëlleft eis! Dat hei ass de Mann, deen iwwerall Léiere verbreet, déi géint d'Vollek, d'Gesetz an dës Plaz sinn! An elo huet hien esouguer Griiche mat an den Tempel bruecht an huet esou dës helleg Plaz onreng gemaach.“

29 (Vir drun hate si nämlech den Trophimos, den Epheser, bei hinnen an der Stad gesinn a si hunn ugeholl, datt de Paul hien an den Tempel bruecht hätt.)

30 D'ganz Stad koum an Orou an d'Leit sinn zesumme gelaf, hunn de Paul ergraff an hunn hien aus dem Tempel geschleeft. Direkt drop goufen d'Paarten zougemaach.

31 Bannent där Zäit, an där si probéiert hunn, fir hien ëmzebréngen, huet den ieweschte Kommandant vun der Garnisoun Wand dovunner kritt, datt ganz Jerusalem an Orou wier.

32 Op der Plaz nach huet hien Zaldoten an Offizéier|Offizéier, réimeschen mat sech geholl an ass bei d'Leit erofgelaf. Wéi d'Leit de Kommandant an d'Zaldote gesinn hunn, hu si opgehalen, de Paul ze zerschloen.

33 De Kommandant kour méi no erun, huet de Paul ergraff an huet befuel, hie mat zwou Ketten ze fesselen. Dunn huet hien nogefrot, wien hie wier a wat hie gemaach hätt.

34 Ënnert de Leit hunn déi eng dëst geruff an déi aner dat. Hie konnt wéinst dem Tumult d'Fakten net erausfannen an dofir huet hie befuel, de Paul an d'Kasär ze bréngen.

35 Wéi de Paul bei d'Trape kour, huet hie misse vun den Zaldote gedroe gi wéinst der Gewalttätegkeet vun de Leit.

36 Eng Mass Leit goung hinnen no an huet gejaut: „Fort mat him!“

Dem Paul seng Verdedegung virun der Kasär

37 Wéi de Paul sollt an d'Kasär bruecht ginn, frot hien de Kommandant: „Däerf ech mat dir schwätzen?“ „Schwätz du Griichesch?“, huet dee geäntwert.

38 „Bass du net den Ägypter, dee virun enger gewässer Zäit en Opstand provoziert hat a véierdausend Rebellen an d'Wüst geleet hat?“

39 „Ech sinn e Judd aus Tarsus a Kilikien, e Bierger vun enger net onwichteger Stad“, huet de Paul geäntwert. „Ech bieden dech, erlab mir, fir mat de Leit ze schwätzen.“

40 Nodeems hien him d'Erlaabnes ginn hat, huet de Paul sech op d'Trape gestallt a mat senger Hand de Leit en Zeeche gemaach. Wéi et du ganz roueg gouf, huet hie mat hinnen op Hebräesch geschwat:

Apostelgeschicht 22

1 „Männer, Geschwëster a Pappen, lauschtert elo deem no, wat ech iech als Verdedegung ze soen hunn.“

2 Wéi si héieren hunn, datt hien op Hebräesch mat hinne geschwat huet, goufe si nach méi roueg. Du sot hien:

3 „Ech sinn e Judd, zu Tarsus a Kilikien gebuer, mee hei an dëser Stad ënnert dem Gamaliel erzunn. Ech gouf streng nom Gesetz vun eise Papp geléiert a war äifreg fir Gott, genee wéi och dir et haut sidd.“

4 Ech hunn dëse „Wee“ bis op den Doud verfollegt, andeems ech Männer a Frae festgeholl a si an de Prisong gehäit hunn.

⁵ Dat kënnen denHaaptpriister an de ganzeSanhedrinvu mir bezeien. Vun deene krut ech Bréiwer un d'Bridder an ech giong op Damaskus, fir och déijéineg, déi do waren, a Ketten op Jerusalem ze féieren, fir si bestrofen ze loossen.

De Paul erzielt, wéi hien dem Messias begéint ass

Apostelgeschicht 9,1-19; 26,9-18

⁶ Wéi ech ënnerwee dohinner an no bei Damaskus war, huet op eemol géint Mëtteg en hellt Liicht aus dem Himmel geschéngt a war ganz ronderëm mech.

⁷ Ech sinn op de Buedem gefall an hunn eng Stëmm zu mir héiere soen: ‚Schaul, Schaul! Firwat verfollegs du mech?‘

⁸ ‚Wie bass du Här?‘, frot ech. ‚Ech sinn de Jesus vun Nazaret, deen s du verfollegs‘, huet hie mir geäntwert.

⁹ Déi, déi bei mir waren, hunn d'Liicht och gesinn an haten Angscht, mee d'Stëmm vun deem, dee mat mir geschwat huet, hu si net verstanen.

¹⁰ ‚Wat soll ech maachen, Här?‘, frot ech. ‚Stéi op a géi op Damaskus. Do kriss du alles gesot, wat fir dech bestëmmt gouf, fir ze maachen‘, huet den Här mir geäntwert.

¹¹ A well ech wéinst der Herrlechkeet vum Liicht net gesi konnt, gouf ech vu menge Begleeder un der Hand geféiert a kouw esou op Damaskus.

¹² Do gouf et e gewëssenen Hanania. Hie war nom Gesetz efromme|frommMann an hien hat e gudde Ruff ënnert all de Judden, déi do gewunnt hunn.

¹³ Dee kouw bei mech, huet sech nieft mech gestallt a sot zu mir: ‚Brudder Schaul, geséi nees!‘ An deem Abléck konnt ech hie gesinn.

¹⁴ Du sot hien: ‚De Gott vun eise Pappen huet dech auserwilt, fir datt s du säi Wëlle kenns, säi Gerechte gesäis an d'Stëmm aus sengem Mond héiers.

¹⁵ Du gëss nämlech säin Zeien virun all de Mënsche vun deem, wat s du gesinn an héieren hues.

¹⁶ Op wat waarts du nach? Stéi op, looss dech deefen an deng Sënnen ofwäschen, andeems du den Numm vum Här uriffs.‘

¹⁷ Wéi ech zeréck op Jerusalem kouw an amTempel gebiet hunn, hat ech eng Visioun

¹⁸ an ech hunn ee gesinn, deen zu mir sot: ‚Tommel dech a verlooss séier Jerusalem, well si deng Ausso iwwert mech net unhuelen.‘

¹⁹ ‚Här‘, sot ech, ‚si wëssen, datt ech an allSynagog déijéineg, déi un dech gogleeft hunn, an de Prisong geheien an zerschloe gelooss hunn.

²⁰ Souguer wéi d'Blutt vun dengem Zeie Stephan ausgeschott gouf, stoung ech och niewendrun a war mat sengem Doud averstanen, well ech op d'Kleeder vun deenen, déi hie gestengegt hunn, opgepasst hunn.'

²¹ ‚Géi elo‘, sot hien zu mir, ‚well ech schécken dech wäit ewech vun hei ënnert d'Net-Judden.‘“

De Paul virum Kommandant

²² Bis zu dëser Ausso hu si him nogelauschtert, mee dunn hu si hir Stëmmen erhuewen a soten: „Fort vun der Äerd mat dësem Mann! Hien ass net wierdeg, fir ze liewen!“

²³ Si hu gejaut, hir Kleeder erofgerappt a Stëbs an d'Luucht gehäit.

²⁴ Dunn huet deKommandant befuel, hien an d'Kasär ze bréngen a während dem Gäisselen ze verhéieren, fir datt hien erausfanne kéint, firwat si esou géint hie gejaut hunn.

²⁵ Wéi si hie mat Rimmen ausgestreckt haten, fir gegäisselt ze ginn, frot de Paul denOffizéier|Offizéier, réimeschen, deen donieft stoung: „Ass et legal, datt dir e Mann, deen e Réimer ass an nach net veruerteelt gouf, esou gäisselt?“

²⁶ Wéi den Offizéier dat héieren huet, goug hie bei de Kommandant a sot him Bescheid: „Pass op, wat s du méchs, well dëse Mann ass e Réimer.“

²⁷ Du goug de Kommandant bei de Paul. „So mir, bass du e Réimer?“, frot hien. „Jo“, huet hie geäntwert.

²⁸ „Ech hu vill Suen ausginn, fir mir dës Nationalitéit ze kafen“, huet de Kommandant geäntwert. „Ech si schonns vu Gebuert un e réimesche Bierger“, huet de Paul erëmgeäntwert.

²⁹ Dunn hunn déijéineg, déi hie verhéiere wollten, sech op der Dot zeréckgezunn. De Kommandant krut et och mat der Angscht ze dinn, wéi hien erausfonnt huet, datt de Paul e Réimer wier – hien hat hie jo fessele gelooss.

De Paul virum Sanhedrin

³⁰ Den Dag drop, huet de Kommandant de Paul vun de Fessele befreit. Hie wollt sech senger och gewëss sinn, firwat de Paul vun de Judden ugeklot gouf an dofir huet hien den ieweschte Priister an demSanhedrin befuel, fir dohin ze kommen. Hien huet de Paul erofbruecht an hie viru si gestallt.

Apostelgeschicht 23

¹ De Paul huet deSanhedrin fixéiert a sot: „Männer a Bridder, ech hu bis haut mat engem rengen Gewësse viru Gott gelieft.“

- 2 Dunn huet den Hanania, denHaauptpriister, deenen, déi donieft stoungen, befuel, fir him eng op de Mond ze haen.
- 3 Doropshin huet de Paul zu him gesot: „Gott schléit dech, du gewäisste Mauer! Du sätz hei, fir mech nom Gesetz ze riichten, an trotzdeem gëss du den Uerder, datt ech geschloe ginn, wat géint d’Gesetz geet!“
- 4 Déi, déi nobäi stoungen, froten: „Beleidegs du den Haauptpriister vu Gott?“
- 5 „Bridder, ech wouss net, datt hien den Haauptpriister wier“, huet de Paul geäntwert. „Et steet nämlech geschriwwen: ‚Du solls net béis iwwert en Herrscher vun dengem Vollek schwätzen.‘“
- 6 Mee de Paul wouss, datt deen een Deel vun hinnenZaddukiter an deen anerePharisäer wieren an dofir huet hien dem Sanhedrin zougeruff: „Männer, Bridder! Ech sinn e Pharisäer an de Jong vun engem Pharisäer. Wéinst der Hoffnung a wéinst der Operstéiung vun den Doudege stinn ech virum Geriicht!“
- 7 Wéi hien dat sot, ass e Sträit téschent de Pharisäer an den Zaddukiter entstanen an d’Versammlung huet sech gespléckt.
- 8 (D’Zaddukiter behaupten nämlech, datt et keng Operstéiung an och kengEngelen|Engel oder Geeschter gëtt, mee d’Pharisäer erkenne béides un.)
- 9 Dunn ass e grousst Gejäiz entstanen an d’Léiermeeschtere vum Gesetz|Léiermeeschter vum Gesetz, déi vun der Partei vun de Pharisäer waren, sinn opgestanen an hu protestéiert: „Mir fannen näischt Béises un dësem Mann. Wann e Geescht oder en Engel mat him geschwat huet, da loosst eis net géint Gott kämpfen.“
- 10 De Sträit gouf esou grouss, datt deKommandant gefaart huet, de Paul géif vun hinnen a Stécker gerappt ginn. Dofir huet hien den Zaldoten den Uerder ginn, erfzegen, de Paul aus hirer Mëtt ze huelen an hien an d’Kasär ze bréngen.
- 11 An der Nuecht stoung den Här nieft him a sot: „Courage Paul! Du hues fir mech zu Jerusalem ausgesot an esou muss du och zu Roum iwwert mech aussoen.“

E Komplott, fir de Paul ëmzebréngen

- 12 Den Dag drop hunn eng Parti vun de Judde sech zesummegeedoen an hu sech mat engem Fluch verschwuer, weder z’iessen nach ze drénken, bis si de Paul ëmbruecht hätten.
- 13 Et waren der méi wéi véierzeg, déi dëse Komplott gemaach hunn.

14 Si koume bei d'iewescht Priister an déi Eelst a soten: „Mir hunn eis mat engem Fluch verschwuer, weder z'iessen nach ze drénken, bis mir de Paul ëmbruecht hunn.“

15 Dofir sollt dir elo zesumme mam Sanhedrin dem Kommandant virschloen, datt hien de Paul muer bei iech erofbréngt, fir datt dir esou maache kënnt, wéi wann dir hie weider verhéiere wéilt. Mir awer sinn da prett, fir hien ëmzebréngen, éier hien hei ukënnt.“

16 Dem Paul säin Neveu krut awer Wand vun där Fal an hie gong bei de Paul an d'Kasär an huet him dovunner verzielt.

17 Dunn huet de Paul ee vun den Offizéier|Offizéier, réimeschen bei sech geruff a sot: „Féier dëse jonke Mann bei de Kommandant, well hien huet him eppes ze soen.“

18 Doropshin huet den Offizéier hie bis bei de Kommandant begleet a sot: „De Prisonéier Paul huet mech bei sech geruff a mech gefrot, fir dëse jonke Mann bei dech ze bréngen. Hien huet dir eppes ze soen.“

19 De Kommandant huet hie bei der Hand geholl, ass mat him op d'Säit gaangen an huet hien ënnert véier Ae gefrot: „Wat hues du mer z'erzielen?“

20 „D'Judden hunn decidéiert, dech ze froen, fir de Paul muer bei de Sanhedrin ze bréngen, esou wéi wa si hien nach weider verhéiere wéilten“, sot hien.

21 „Mee looss dech net vun hinnen iwverrieden, well méi wéi véierzeg vun hinne laueren him op. Dat si Männer, déi sech mat engem Fluch verschwuer hunn, fir net méi z'iessen oder ze drénken, bis si de Paul ëmbruecht hunn. Si sinn elo schonns prett a waarden op deng Awëllegung.“

22 Dunn huet de Kommandant de jonke Mann goe gelooss an huet him befuel: „Ziel kengem dovunner, datt s du mech heiriwwer informéiert hues.“

De Paul gött op Caesarea bruecht

23 Hien huet zwee vu sengen Offizéier geruff a sot: „Haalt zweehonnert Zaldoten, siwwenzeg Kavaléier an zweehonnert Bouschéisser bereet, fir den Owend um néng Auer op Caesarea ze goen.“

24 Suergt och fir Päerd, op deenen de Paul reide kann, a bréngt hie sécher bei de Gouverneur Felix.“

25 Hien huet e Bréif geschriwwen, an deem Folgendes stoung:

26 „Vum Claudius Lysias, u seng Exzellenz, de Gouverneur Felix. Sief gegréisst!

- 27** Dëse Mann gouf vun de Judden ergraff a war um Punkt, fir vun hinnen ëmbruecht ze ginn. Wéi ech erausfonnt hunn, datt hien e Réimer wier, koom ech mat den Zaldoten erbäi a konnt hie retten.
- 28** Ech wollt erausfannen, firwat si hien ukloen an hunn hien dowéinst virun hire Sanhedrin bruecht.
- 29** Do hunn ech erausfonnt, datt hie wéinst Sträitfroen iwwert hiert Gesetz ugeklot gëtt. Et war awer keng Uklo géint hien, déi den Doud oder de Prisong verdéngt hätt.
- 30** Du gouf ech informéiert, datt e Komplott vun de Judde géint dëse Mann geplangt ass. Dofir hunn ech hien direkt bei dech geschéckt an och deenen, déi hien ukloen, den Uerder ginn, fir hir Plainte géint hien un dech ze riichten. Mat beschte Gréiss.“
- 31** D'Zaldoten hunn den Uerder ausgeféiert: Si hunn de Paul geholl an hien an der Nuecht op Antipatris bruecht.
- 32** Den Dag drop hu si d'Kavaléier mam Paul weider reese gelooss a si goungen zeréck an d'Kasär.
- 33** Wéi si op Caesarea koumen, hu si dem Gouverneur de Bréif iwwerreicht an de Paul presentéiert.
- 34** Nodeems de Gouverneur de Bréif gelies hat, huet hie gefrot, aus wat fir enger Provënz hie kéim. Wéi hien erausfonnt huet, datt hien aus Kilikien wier,
- 35** sot hien: „Ech verhéieren dech, soubal déijéineg, déi dech ukloen, och do sinn.“ Hien huet du befuel, hien am Herodes senger Residenz ze bewaachen.

Apostelgeschicht 24

De Felix héiert d'Uklo géint de Paul an deem seng Verdedegung

- 1** Fënnf Deeg drop koom denHaaptpriister Hanania mat den Eelsten a mat engem Affekot erof, deen Tertullus geheescht huet. Si hunn hir Uklo géint de Paul virum Gouverneur deposéiert.
- 2** Nodeems de Paul erageruff gi war, huet den Tertullus mat senger Uklo ugefaangen a sot: „Wéinst denger kënne mir scho laang am Fridde liewen an duerch deng weis Leedung hues du Reforme fir dës Natioun ageféiert
- 3** an dat huele mir iwwerall an ëmmer mat grousser Dankbarkeet un, Exzellenz Felix.
- 4** Ech wëll dech awer net onnéideg hei ophalen, dofir bieten ech dech an denger Guttheet, fir eis kuerz nozelauschteren.

5 Mir fannen, datt dee Mann hei eng Plo an en Opstöppler ënnert all de Judden uechter d'ganz Welt ass. Hien ass och e Leeder vun der Sekt vun den Nazarener.

6 Hien huet esouguer probéiert, den Tempel z'entweien an do hu mir hien ergraff.

7

8 De Kommandant Lysias huet deenen, déi dëse Mann ukloen, befuel, bei dech ze kommen. Wann s du hien elo verhéiers, da kanns du selwer alles erausfannen, wéinst wat mir hien ukloen.“

9 D'Jude waren domadder averstanen an hu behaapt, datt alles genee esou wier, wéi et beschriwwe gouf.

10 Nodeems de Gouverneur dem Paul en Zeeche gemaach hat, fir ze schwätzen, sot hien: „Ech weess, datt s du schonns zënter ville Jore Riichter iwwert dëst Vollek bass an dowéinst sinn ech frou, fir meng Verdeedegung virzedroen.

11 Wéi s du erausfanne kanns, sinn et net emol zwielef Deeg hier, datt ech op Jerusalem gong, fir do Gott unzebieden.

12 Si hu mech weder am Tempel nach an de Synagogen|Synagog nach an der Stad fonnt, datt ech am Gaang wier, mat engem ze diskutéieren oder d'Leit opzestëppelen.

13 Si kënnen dat, wéinst deem si mech elo ukloen, net beweisen.

14 Ech ginn awer dat hei virun dir zou: Ech bieden de Gott vu menge Pappen un nom „Wee“, dee si eng Sekt nennen. Ech gleewen alles, wat am Gesetz an an de Prophéite geschriwwe steet.

15 Ech hunn d'Hoffnung a Gott, déi och si deelen, datt et eng Operstéiung vun den Doudege gëtt, souwuel vun de Gerechten, wéi och vun den Ongerechten.

16 Dowéinst beméien ech mech ëmmer, fir e rengt Gewësse viru Gott a Mënsch ze hunn.

17 No e sëlliche Jore sinn ech op Jerusalem komm, fir mengem Vollek Almosen ze bréngen an ze afferen.

18 Wéi ech am Gaang war, fir am Tempel ze afferen, nodeems ech mech gerengt hat, hunn eng Rei Judden aus Klengasien mech do begéint, an zwar ouni eng Onmass Leit ronderëm mech an och ouni Oprou.

19 Si hätten hei virun dir stoe sollen, fir mech unzekloen, wa si iergendeppes géint mech hätten.

20 Déi Männer, déi hei sinn, solle soen, ob si iergendeppes Béises a mir fonnt hunn, wéi ech virum Sanhedrin stoung,

²¹ ausser et wier wéinst deem enge Saz, deen ech geruff hunn, wéi ech ënnert hinne stoung: „Wéinst der Operstéiung vun den Doudege ginn ech haut vun iech verhéiert.“

²² Wéi de Felix, deen zimlech genee iwwert de „Wee“ informéiert war, dat héieren huet, huet hien de Prozess op spéider verréckelt: „Wann de Lysias, deKommandant, hei ukënnt, treffen ech eng Entscheidung iwwert äre Fall.“

²³ Duerno huet hien demOffizéier|Offizéier, réimeschen befuel, fir de Paul ze bewaachen, mee him eng gewësse Fräiheet ze loosse an och kengem vu senge Frënn ze verbidden, fir hien ze suergen oder hien ze besichen.

²⁴ No e puer Deeg koum de Felix mat senger Fra Drusilla, déi eng Jüddin war, dohinner an huet de Paul ruffe gelooss an huet him nogelauschtert, wéi hien iwwert de Glawen un deMessias geschwat huet.

²⁵ Wéi de Paul iwwert Gerechtegkeet, Selbstbeherrschung an d'Gericht, dat kënnt, geschwat huet, ass et dem Felix Angscht ginn an hie sot doropshin: „Géi elo fort. Bei Geleeënheet loosse ech dech nees ruffen.“

²⁶ Dobäi huet hie gehofft, datt de Paul him géif Sue ginn, fir datt hien e fräiléiss. Dofir huet hien e méi dacks ruffe gelooss an huet mat him geschwat.

²⁷ Mee no zwee Joer gouf de Porcius Festus Nofolger vum Felix an de Felix, deen de Judden e Gefale wollt maachen, huet de Paul am Prisong gelooss.

Apostelgeschicht 25

De Festus verhéiert de Paul

¹ Dräi Deeg nodeems de Festus an der Provënz ukomm war, gong hie vu Caesarea op Jerusalem.

² Dunn hunn denHaaptpriister an déi dichteg Judden de Festus iwwert de Paul informéiert an hunn un hien appelléiert,

³ fir hinnen e Gefalen ze maachen: Hie sollt de Paul op Jerusalem komme loosse. (Si hate wëlles, fir hien ënnerwee unzegräifen an ëmzebréngen.)

⁴ Mee de Festus huet geäntwert, datt de Paul sollt zu Caesarea gehale ginn, well hie selwer geschwënn dohinner géif goen.

⁵ „Dofir“, sot hien, „solle kompetent Männer ënnert iech mat mir erofgoen. Wann de Paul eppes Falsches gemaach huet, da soll hien ugeklot ginn.“

⁶ Nodeems hie méi wéi zéng Deeg mat hinne verbruecht hat, gong hien op Caesarea. Den Dag drop huet hie sech op de Riichterstull gesat an huet befuel, de Paul eranzebréngen.

⁷ Nodeems de Paul erakomm war, hunn d'Judden, déi vu Jerusalem erofkomm waren, vill schwéier Uschëllegunge géint de Paul virbruecht, déi si awer net beweise konnten.

⁸ Dunn huet de Paul sech selwer verdedegt: „Ech hu weder géint d'Gesetz vun de Judden nach géint den Tempel oder géint den Caesar an iergendenger Weis verstouss.“

⁹ De Festus wollt de Judden awer e Gefale maachen an huet dem Paul dofir geäntwert: „Bass du bereet, fir op Jerusalem ze goen an dech do wéinst dësen Uschëllegunge vu mir riichten ze loosse?“

¹⁰ Doropshi sot de Paul: „Ech stinn elo virum Caesar sengem Riichterstull. Hei soll ech geriicht ginn. Dir wësst ganz gutt, datt ech de Judde keen Onrecht geden hunn.“

¹¹ Wann ech en Onrecht sollt geden hunn oder eppes sollt gemaach hunn, fir dat ech den Doud verdéngen, dann hätt ech näischt géint d'Doudesstrof anzuwenden. Mee wann näischt vun deem, wéinst deem ech hei ugeklot ginn, stëmmt, ka kee mech u si ausliwweren. Ech beruffe mech op den Caesar!“

¹² Dunn huet de Festus sech mat sengem Conseil beroden an huet geäntwert: „Du hues dech op den Caesar beruff, ma bei den Caesar solls du goen!“

De Festus bréngt dem Paul säi Fall virun den Agrippa

¹³ E puer Deeg drop koumen de Kinnek Agrippa an d'Berenike op Caesarea, fir eng Audienz beim Festus.

¹⁴ Nodeems si e sëllegen Deeg do waren, huet de Festus dem Paul säi Fall virun de Kinnek bruecht. „Et gëtt hei e Mann, dee vum Felix als Prisonéier hei zeréckgelooss gouf.“

¹⁵ Wéi ech zu Jerusalem war, hunn d'iewescht Priister an déi Eelst vun de Judde mech iwwert hien an d'Bild gesat a si hu mech gefrot, fir hien ze veruerteelen.

¹⁶ Ech hunn hinne geäntwert, datt et net de Brauch vun de Réimer wier, fir e Mann hinzeriichten, éier den Ugeklot d'Geleeënheet huet, deenen, déi hien ukloen, géigeniwwer ze stoen a sech ze verdedegen wéinst der Uschëllegung, déi géint hie virbruecht gouf.

¹⁷ Nodeems si sech hei versammelt haten, hunn ech keng Zäit verluer, fir mech den Dag drop op de Riichterstull ze setzen an den Uerder ze ginn, de Mann eranzebréngen.

¹⁸ Wéi déijéineg, déi d'Uklo bruecht haten, sech presentéiert hunn, war dat keng Uschëllegung, déi ech mir erwaart hätt.

19 Si hu sech éischer op Sträitfroer mat him behaupt wéinst hirer eegener Relioun a wéinst engem gewëssene Jesus, dee sollt gestuerwe sinn a vun deem de Paul behaupt, e géif liewen.

20 Wat esou Froen ugeet, war ech awer verluer, an hunn hien dowéinst gefrot, ob hien op Jerusalem wéilt goen, fir do wéinst dësen Uschëllegunge verhéiert ze ginn.

21 Wéi de Paul Appell ageluecht huet, fir op dem Augustus seng Entscheidung ze waarden, hunn ech den Uerder ginn, datt hien an Haft sollt bliwen, bis ech hie bei den Caesar schécke kéint.“

22 Den Agrippa sot dunn zum Festus: „Ech géif mir dëse Mann gär selwer unhéieren.“ De Festus huet geäntwert: „Muer héiers du hien.“

De Paul virum Agrippa

23 Den Dag drop, nodeems den Agrippa an d'Berenike a grousem Pomp ukomm waren, goung si mat de Kommandanten|Kommandant an den dichtege Männer aus der Stad an de Geriichtssall. Op dem Festus säin Uerder hin, gouf de Paul erabruucht.

24 De Festus sot: „Kinnek Agrippa an dir Hären, déi dir hei mat eis sidd, hei gesitt dir de Mann, dee vun der ganzer Gemeinschaft vun de Judden ugeklot gëtt. Si hunn dat zu Jerusalem an och hei gemaach, andeems si gejaut hunn, hie wier net wierdeg, fir weider um Liewen ze bliwen.

25 Ech hunn awer fonnt, datt hien näischt gemaach huet, wat den Doud verdéngt hätt. A well hie sech och op den Augustus beruff huet, hunn ech decidéiert, fir hien dohinner ze schécken.

26 Ech weess mengem Här näischt Geneeës iwwert hien ze schreiwen. Dofir hunn ech hien hei virun iech bruecht a ganz besonnesch virun dech, Kinnek Agrippa, fir datt ech weess, wat ech schreiwe soll, nodeems mir e verhéiert hunn.

27 Et kënnt mir nämlech absurd vir, e Prisonéier virun den Caesar ze schécken, ouni d'Uschëllegunge géint hien unzeginn.“

Apostelgeschicht 26

1 Du sot den Agrippa zum Paul: „Du därefts elo fir dech selwer schwätzen.“ De Paul huet seng Hand ausgestreckt a sot zu senger Verdeedegung:

2 „Kinnek Agrippa, ech schätze mech glécklech, datt ech mech haut selwer virun dir verdeedegen däerf, wéinst all deem, wéinst deem d'Jude mech ukloen,

- ³ besonnesch, well s du all d'Bräich an d'Sträitfroer vum de Judde gutt kennst. Dofir bieden ech dech, mir gedëlleg nozelauschteren.
- ⁴ D'Judden alleguer kenne mäi Liewenswee vum Ufank un, deen ech zu Jerusalem ënnert mengem Vollek geféiert hunn.
- ⁵ Si kenne mech vu fréier a kéinten, wa si wéilten, bezeien, datt ech no der strengster Partei vum eiser Relioun gelieft hunn an zwar als Pharisäer.
- ⁶ An elo stinn ech hei a gi wéinst der Hoffnung op d'Veersprieche gericht, dat Gott meng Virfuere ginn hat.
- ⁷ Eis zwielef Stämm erhoffe sech d'Erfüllung vum dësem Versprieche, andeems si Gott Dag an Nuecht stänneg déngen. Kinnek Agrippa, wéinst dëser Hoffnung ginn ech vum de Judden ugeklot.
- ⁸ Firwat haalt dir et fir onméiglech, datt Gott déi Doudeg operstoe léisst?
- ⁹ Ech selwer hunn och geduecht, datt ech mat alle Mëttele géint den Numm vum Jesus vum Nazaret misst kämpfen.
- ¹⁰ Dat hunn ech dunn och zu Jerusalem gemaach an hunn eng sëllegen Helleger an de Prisong späere gelooss, nodeems ech d'Erlaabnes vum denieweschte Priister|iewescht Priister krut. Wéi si ëmbruecht sollte ginn, war ech domadder averstanen.
- ¹¹ Ech hu si dacks an all de Synagoge|Synagog bestrooft an hu si derzou gezwongen, fir Gott ze lästeren. Ech hu si esouguer a menger extremer Roserei bis an auslännesch Stied verfollegt.

De Paul erzielt, wéi him de Messias begéint ass

Apostelgeschichte 9,1-9; 22,4-16

- ¹² Op enger vum dëse Reese war ech mat der Vollmuecht an der Erlaabnes vum den ieweschte Priister op Damaskus ënnerwee.
- ¹³ Majestéit, géint Mëtteg hunn ech ënnerwee e Liicht vum Himmel komme gesinn. D'Liicht war méi hell wéi d'Sonn an huet ronderëm mech a ronderëm déi, déi bei mir waren, geschéngt.
- ¹⁴ Mir sinn all op de Buedem gefall an ech hunn eng Stëmm héieren op Hebräesch mat mir schwätzen, déi sot: ‚Schaul, Schaul, firwat verfollegst du mech? Et ergeet dir net gutt, wann s du dech géint meng Rutt striefs.‘
- ¹⁵ Ech frot dunn: ‚Wie bass du Här?‘ Hien huet geäntwert: ‚Ech sinn de Jesus, deen s du verfollegst.‘
- ¹⁶ Stéi elo op a stell dech op deng Féiss. Ech sinn dir erschéngen, fir dech zum Dénger an Zeie vum allem ze maachen, wat s du gesinn hues a wat ech dir nach weisen.

- 17 Ech retten dech virun dengem Vollek an och virun den Net-Judden, bei déi ech dech elo schécken,
- 18 fir hinnen d'Aen opzemaachen, fir datt si sech vun der Däischtert zum Liicht a vun der Muecht vum Satan zu Gott dréien. Ech maachen dat, fir datt si Verzeiung vun de Sënnen an en Undeel kréien ënnert deenen, déi duerch Glawen u mech gehellegt sinn.'
- 19 Kinnek Agrippa, dofir hunn ech der himmlescher Visioun net widderstanen.
- 20 Ech hu fir d'éischt deenen zu Damaskus, dunn deenen zu Jerusalem an deenen uechter d'ganz Géigend vu Judea, an duerno och nach den anere Vëlker verkënnegt, datt siëmkéieren, sech zu Gott dréien a Wierker maache sollen, déi der Ëmkéier entspriechen.
- 21 Aus dësem Grond hunn d'Jude mech am Tempel ergraff a probéiert mech ëmzebréngen.
- 22 Mee Gott huet mir gehollef an dofir stinn ech hei bis zu dësem Dag als Zeie fir déi kleng an déi dichteg Leit. Ech soen näischt aneshtes, wéi dat, wat d'Prophéiten an de Moses virausgesot hunn:
- 23 datt de Messias leide géif, datt hien den éischte wier, dee vun den Doudegen operstoen an datt hien de Judden an den Net-Judden Liicht verkënnege géif."
- 24 Wéi de Paul sech mat dëse Wierder verdeedegt hat, huet de Festus mat haarder Stëmm geruff: „Paul, du bass verréckt! Dat villt Wëssen bréngt dech ëm de Verstand!“
- 25 „Nee, Exzellenz Festus, ech sinn net verréckt. Dat, wat ech soen, ass wouer a verstänneg“, huet hie geäntwert.
- 26 „De Kinnek, virun deem ech fräi schwätzen, weess iwwert dat alles Bescheid. Ech si mir sécher, datt him näischt dovunner entgaangen ass, well dat alles huet sech net an engem heemlechen Eck ofgespillt.
- 27 Kinnek Agrippa, gleefs du de Prophéiten? Natierlech gleefs du hinnen!“
- 28 „Geschwënn hues du mech iwwerzeegt, e Chrëscht ze ginn“, huet den Agrippa dem Paul geäntwert.
- 29 „Ech biede Gott, datt fréier oder spéider net nëmmen du, mee och jiddereen, dee mech haut héiert, esou gött ewéi ech, natierlech ouni gefesselt ze sinn“, sot de Paul doropshin.
- 30 Nodeems hien dat gesot hat, ass de Kinnek zesumme mam Gouverneur, dem Berenike an deenen, déi bei hinne souzen, opgestanen.
- 31 Si hu sech zeréckgezunn an hunn ënnertenee geschwat: „Dëse Mann mécht näischt wat den Doud oder de Prisong verdéngt.“

³² Du sot den Agrippa zum Festus: „Dëse Mann hätt kënne fräigelooss ginn, wann hie sech net op den Caesar beruff hätt.“

Apostelgeschicht 27

De Paul segelt op Roum

¹ Wéi et dunn decidéiert war, datt mir an Italien segele sollten, hu si de Paul an e puer aner Prisonéier un en Offizéier|Offizéier, réimeschen vum Augustus senger Kohort ausgeliwert, dee Julius geheescht huet.

² Mir gongen u Bord vun engem Schëff aus Adramyttium a si fortgefuer. Mir sollte laanscht d'Küst vu Klengasien segelen. Den Aristarkos, e Mazedonier aus Thessaloniki, war bei eis.

³ Den Dag drop koume mir zu Zidon u Land. De Julius huet de Paul mënschlech behandelt an huet him d'Fräiheet ginn, seng Frënn besichen ze goen, fir vun hinne versuergt ze ginn.

⁴ Nodeems mir vun do fortgefuer waren, si mir laanscht déi nördlech Küst vun Zypern gesezelt, well mir Géigewand haten.

⁵ Mir sinn duerch d'oppent Mier laanscht Kilikien a Pamphylien gesezelt a koumen zu Myra a Lykien un.

⁶ Do huet den Offizéier e Schëff aus Alexandria fonnt, dat an Italien gesezelt ass, an hien huet eis u Bord bruecht.

⁷ Mir si während en etlech Deeg nëmme lues viru komm an hunn d'Héicht vu Knidos nëmme schwéier erreecht. De Wand huet eis et net erlaabt, fir weiderzefueren an dofir hu mir am Schutz vun der Küst laanscht Kreta de Cap Salmone ugesteiert.

⁸ Mat Schwieregkeet si mir laanscht d'Küst gesezelt a koumen op enger Plaz un, déi „Kaloï Limenes“ heescht, no bei der Stad Lasea.

⁹ Et war vill Zäit verluer gaangen an dofir war et vill ze geféierlech ginn, fir ze segelen. D'Faaschtzäit war nämlech schonn eriwwer an dofir huet de Paul hinne geroden:

¹⁰ „Dir Hären, ech gesinn, datt dës Rees mat vill Schued a Verloscht verbonnen ass, net nëmme fir Fracht a Schëff, mee och fir eist Liewen.“

¹¹ Mee den Offizéier huet méi op de Steiermann an op de Besëtzer vum Schëff gelauschtert, wéi op dem Paul seng Wieder.

¹² Den Hafe war net gëeegent, fir z'iwrewanteren, an dofir huet d'Majoritéit geroden, fir vun do fortzesegelen: Wa si iergendwéi op Phoenix kéinte

kommen, engem Hafe vu Kreta, dee Richtung südwest an nordwest op war, da kéinte si do iwwerwanteren.

Den Orkan

13 Wéi e liichte Südward opkoum, hu si gemengt si kéinten hire Plang ëmsetzen. Si hunn den Anker eragezunn a sinn esou no wéi méiglech laanscht d’Küst vu Kreta gesegelt.

14 Mee kuerz drop koum en Orkan vun der Insel hier op, deen Euroklydon genannt gouf.

15 D’Schëff war vum Stuerm agefaangen a well et net méi géint de Wand konnt gedréit ginn, hu mir opginn an hunn eis dreuwe gelooss.

16 Mir sinn am Schutz vun enger klenger Insel, déi Kauda heescht, gesegelt a konnten nëmme schwéier d’Schalupp sécheren.

17 Wéi si se u Bord gehewen haten, hu si d’Schëff mat décke Seeler ëmwéckelt, fir et ze sécheren. Si haten och Angscht, datt si op der Syrtis op Grond lafe géifen, an hunn dofir den Dreifanker erfogelooss an hu sech dreuwe gelooss.

18 Mir goufen hefteg vum Stuerm hin an hier gehäit an dofir gouf den Dag drop Fracht vu Bord gehäit.

19 Den drëtten Dag hu mir mat eisen eegenen Hänn d’Equipement vum Schëff vu Bord gehäit.

20 Während villen Deeg hu mir weder Sonn nach Stäre gesinn an den heftege Stuerm huet eis därmoossen zougesat, datt mir all Hoffnung op Rettung opginn hunn.

21 Nodeems eng laang Zäit kee méi eppes giess hat, ass de Paul ënnert hinnen opgestanen a sot: „Männer, dir hätt op mech lauschteren an net vu Kreta fortfuere sollen. Dann hätte mir eis dëse Schued a Verloscht erspuert.

22 Elo roden ech iech, de Courage net ze verléieren, well et léisst kee vun iech säi Liewen, mee nëmme d’Schëff geet ënner.

23 Hënt stoung en Engel vu Gott (deem Gott, deem ech gehéieren an déngen) nieft mir

24 a sot: ‚Fäert net, Paul! Du muss virun den Caesar bruecht ginn. Zudeem huet Gott dir all déi geschenkt, déi mat dir um Schëff sinn.‘

25 Männer, hieft dofir Courage, well ech vertrauen op Gott, datt et esou kënnt, wéi et mir gesot gouf.

26 Mir mussen allerdéngs op enger Insel op Grond lafen.“

Den Ënnergang vum Schëff

- 27 Während der véierzéngter Nuecht, ëm Hallefnuecht, wéi mir am Adriatesche Mier hin an hier gehäit goufen, hunn d'Matrouse gemengt, datt si méi no u Land kéimen.
- 28 Si hunn de Lot ausgeworf an zwanzeg Fuedem gemooss; nodeems si e bèsse méi wäit gefuer waren, hu si de Lot nees ausgeworf an hu fofzég Fuedem gemooss.
- 29 Si hu gefaart, datt mir kéinten op Fielsen op Grond lafen, an hunn dofir véier Ankere vum Heck erofgehäit an den Dag erbäigewénscht.
- 30 D'Matrouse wollte vum Schëff flüchten. Dofir hu si d'Schalupp an d'Mier erofgelooss an hunn esou gemaach, wéi wa si Ankere vum Bug wéilten erofloossen.
- 31 Mee de Paul sot zum Offizéier an zu de Matrousen: „Wann d'Männer net um Schëff bleiwen, kënnt dir net gerett ginn.“
- 32 Dunn hunn d'Zaldoten d'Seeler vun der Schalupp duerchgeschnidden an hu se eroffale gelooss.
- 33 Just éier et hell gouf, huet de Paul si all opgefuerdert, eppes z'iessen: „Haut sinn et véierzéng Deeg, datt dir am Ongewesse sidd an näischt giess hutt; dir wollt näischt iessen.“
- 34 Dofir fuerderen ech iech op, fir elo eppes zou iech ze huelen. Dat hëlleft iech z'iwwerliewen. Kee vun iech verléiert och nëmme een Hoer vum Kapp.“
- 35 Nodeems hien dat gesot hat, huet hie Brout geholl an huet virun hinnen alleguer Gott dofir Merci gesot. Hien huet e Stéck dovun ofgebrach an huet ugefaangen z'iessen.
- 36 Dunn hu si Courage krut an hunn och eppes giess.
- 37 (Am Ganze ware mir zu zweehonnertsechsig Leit um Schëff.)
- 38 Nodeems si sat waren, hu si de Weess an d'Mier gehäit, fir d'Schëff méi liicht ze maachen.
- 39 Wéi et dunn hell war, hu si d'Land net erkannt, mee si hunn eng Bucht mat enger Plage entdeckt, op där si wëlles haten, wa méiglech, d'Schëff ze stranden.
- 40 Si hunn d'Ankere fale gelooss an hu se am Mier zeréckgelooss. Bannent där Zäit hu si och d'Seeler, déi d'Rudderer zesummegebonden hunn, lassgemaach, de viischte Segel mat Hëllef vum Wand eropgezunn a sech op d'Plage zou dirigéiert.
- 41 Mee si sinn an eng Géigestréimung geroden an hunn d'Schëff op Grond lafe gelooss. De Bug souz fest a war net ze bewegen, mee d'Heck gouf vun de gewaltege Wellen a Stécker gebrach.

42 Den Zaldoten hire Plang war, fir d'Prisonéier ëmzebréngen, fir datt kee vun hinne fortschwammen an hinnen esou entwësche kéint.

43 Mee den Offizéier wollt de Paul retten an huet si vun hirem Plang ofgehalen. Hien huet befuel, datt déijéineg, déi schwamme kéinten, fir d'éischt vu Bord sprange sollten, fir u Land ze kommen.

44 De Rescht sollt op Brieder oder op Stécker vum Schëff dohinner kommen. Esou huet et sech erginn, datt si all sécher u Land koumen.

Apostelgeschicht 28

Op Malta

1 Wéi mir bis a Sécherheet waren, hu mir erausfonnt, datt d'Insel Malta heescht.

2 D'Awunner waren ongewéinlech frëndlech mat eis. Et huet gereent a war schrecklech kal. Dofir hu si e Feier gemaach an eis all wëllkomm geheescht.

3 Nodeems de Paul e Koup Reiser agesammelt a se op d'Feier geluecht hat, kouw wéinst der Hëtzt eng Viper eraus an huet sech u senger Hand festgebass.

4 Wéi d'Awunner d'Kreatur op senger Hand hänke gesinn hunn, sote si een zum aneren: „Bestëmmt ass dëse Mann e Mäerder an d'Gerechtegkeet wollt hien net um Liewe loossen, och wann hien dem Mier entkomm ass.“

5 De Paul huet d'Viper an d'Feier gerëselt an et ass him kee Leed geschitt.

6 Si hunn drop gewaart, datt de Paul géif oplafen oder op eemol dout ëmfalen. Mee nodeems si eng laang Zäit gewaart hunn a gesinn hunn, datt him kee Schued geschitt war, hu si hir Meenung geännert a soten hie wier e Gott.

7 An där Géigend gouf et en Domaine vum Haaptbeamte vun der Insel, dee Publius geheescht huet. Deen huet eis als Gäscht bei sech opgeholl an huet eis während dräi Deeg gaaschtfrëndlech logéiert.

8 Dem Publius säi Papp war mat Féiwer a roudem Bauchwéi krank. De Paul goug bei hien eran an huet gebiet. Hien huet seng Hänn op hie geluecht an huet hie geheelt.

9 Nodeems dat geschitt war, koumen all déi aner Krank op der Insel och dohin a goufe geheelt.

10 Si hunn eis mat villen Éieren iwwehafft a wéi mir fortgoungen, hu si eis mat allem Néidege versuergt.

De Paul kënnt op Roum

- 11 Dräi Méint drop si mir mat engem Schëff aus Alexandria fortgesegelt, dat d'Kennzeeche vun den Dioskure gedroen huet an dat bei der Insel iwwerwantert hat.
- 12 Mir koumen zu Syrakus u Land an hunn dräi Deeg do verbruecht.
- 13 Vun do si mir weider gesegelt a koumen op Regium. Den Dag drop huet sech e Südwind erhuewen an esou koume mir um zweeten Dag op Puteoli .
- 14 Do hu mir Bridder begéint a goufen invitéiert, fir siwen Deeg bei hinnen ze logéieren. An esou koume mir op Roum.
- 15 Wéi d'Bridder vu Roum héieren haten, datt mir ënnerwee wieren, si si eis bis bei de „Forum vun Appius“ an den „Dräi Tavernen“ entgéintkomm. Wéi de Paul si gesinn huet, sot hie Gott Merci an huet sech en Häerz geholl.
- 16 Nodeems mir zu Roum ukomm waren, huet den Offizéier|Offizier, réimeschen d'Prisonéier un de Kommandant vum Praetorium ausgeliiwert. Mee dem Paul gouf et erlaabt, eleng ze wunnen, just mat engem Zaldot, fir hien ze bewaachen.

De Paul priedegt als Prisonéier zu Roum

- 17 Dräi Deeg drop huet de Paul déi lewescht vun de Judden zesummegeruff. Wéi si sech zesummefonnt haten, sot hien zu hinnen: „Männer! Bridder! Och wann ech näischt géint eist Vollek oder d'Bräich vun eise Pappe gemaach hunn, gouf ech vu Jerusalem aus als Prisonéier an d'Hänn vun de Réimer iwwerliwert.
- 18 Nodeems si mech verhéiert haten, wollte si mech goe loossen, well et kee Grond gouf, fir mech hinzeriichten.
- 19 Mee wéi d'Judden net domadder averstane waren, war ech gezwongen, fir mech op den Caesar ze beruffen, obwuel ech keng Uklo géint meng eegen Natioun hat.
- 20 Aus dësem Grond hunn ech iech ruffe gelooss, fir iech ze gesinn a mat iech ze schwätzen: Wéinst der Hoffnung vun Israel sinn ech mat dëser Kette gefesselt.“
- 21 Dunn hu si him geäntwert: „Mir hu weder Bréiwer iwwert dech aus Judea kritt, nach huet iergendee vun de Bridder, déi komm sinn, eppes Béises iwwert dech matgedeelt oder gesot.
- 22 Mir wëllen awer vun dir héieren, wat s du denks, well mir wëssen, datt iwwerall béis iwwert dës Sekt geschwat gött.“
- 23 Um Dag, dee si festgeluecht haten, fir sech mat him ze treffen, koumen der vill bei hien a seng Wunneng. Hien huet hinnen d'Kinnekräich vu Gott erkläert a verkënnegt. Hien huet si vum Mueren bis an den Owend vum Jesus

iwwerzeegt, andeems hie sech op d'Gesetz vum Moses an op d'Prophéite beruff huet.

24 Munch Judde goufe vun deem, wat hie gesot huet, iwwerzeegt. Anerer hunn dat, wat hie gesot huet, net gegleeft.

25 Ënnertenee ware si sech oneens. Si gounge fort, nodeems de Paul dës Ausso gemaach hat: „Den hellege Geesch hat Recht, wéi hien duerch de Prophéit Yesaia zu eise Pappé geschwat hat:

26 „Géi bei dëst Vollek a so: „Dir héiert ëmmer nees, mee verstitt net; dir gesitt ëmmer nees, mee erkennt net.

27 Dësem Vollek säi Verstand huet nogelooss an et kann näischt méi verstoen. Seng Oueren héieren nëmmen nach schwéier an et huet seng Aen zougemaach; soss kéint et mat sengen Ae gesinn, mat sengen Oueren héieren a mat sengem Verstand verstoen a bereien an ech géif si heelen.“

28 Dofir sollt dir wëssen, datt d'Rettung vu Gott un d'Net-Judde geschéckt gouf. Si lauschteren no!“

29 Wéi de Paul dat gesot hat, gongen d'Judde vun do fort an hu ferm ënnerteneen diskutéiert.

30 De Paul blouf zwee ganzer Joer a senger gelouenter Wunneng an huet jiddereen, deen hie besiche koum, wëllkomm geheescht.

31 Hien huet fräi an oppen d'Kinnekräich vu Gott verkënnegt an huet si alles iwwert den Här Jesus, deMessias, geléiert.

Réimer

Réimer 1

- 1** Vum Paul, engem Dénger vum Jesus Christus, deen zum Apostel beruff gouf an dozou bestëmmt gouf, fir d'gutt Noriicht ze verkënnegen.
- 2** (Déi hat Gott virdrun duerch seng Prophéiten an den hellege Schrëfte|Schrëft versprach.)
- 3** Dës gutt Noriicht handelt vu sengem Jong. Hien huet vum David ofgestaamt
- 4** a gouf als Jong vu Gott unerkannt, wéi hie vun den Doudegen operstane war duerch d'Muecht vum hellege Geescht. Hien ass de Jesus Christus, eisen Här.
- 5** Duerch hie krute mir Gnod an den Déngscht als Apostel, fir a sengem Numm ënnert all den Natiounen ze verkënnegen, datt si Gott follege sollen, well si op hie vertrauen.
- 6** Dir gehéiert och zu deenen, déi beruff goufen, fir dem Jesus Christus ze gehéieren.
- 7** Un all déi, déi zu Roum sinn, déi Gott gär huet an déi als Helleger beruff sinn: Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

De Paul biet fir d'Réimer

- 8** Fir d'éischt soen ech mengem Gott duerch de Jesus Christus fir iech alleguer Merci, well äre Glawen uechter d'ganz Welt verkënnegt gëtt.
- 9** Gott, deem ech mat mengem Geescht déngen, andeems ech d'gutt Noriicht iwwert säi Jong verkënnegen, ass nämlech mäin Zeien, datt ech iech an engem Stéck a menge Gebieder ernimmen.
- 10** Ech froen ëmmer a menge Gebieder, datt et mir iergendwéi – entweder elo oder an der Zukunft – duerch de Wëlle vu Gott vergonnt wäert sinn, fir bei iech ze kommen.
- 11** Ech verlaangere nämlech duerno, fir iech ze gesinn, fir iech eng geeschtlech Gof matzeginn an iech esou ze stäerken,
- 12** oder besser gesot, datt mir zesummen encouragéiert kënne ginn duerch een deem anere säi Glawen, souwuel duerch äre wéi duerch mäin.
- 13** Geschwëster, ech wëll, datt dir wësst, datt ech schonn dacks wëlles hat, bei iech ze kommen (mee bis elo dovunner ofgehale gouf), fir datt ech ënnert iech

Friichte kéint droen, esou wéi ech et och ënnert den aneren Natioune gemaach hunn.

14 Ech sinn de Griichen an den Net-Griichen, de Weisen an den Toperte verflucht.

15 Dofir sinn ech och wëlleg, iech d'gutt Noriicht zu Roum ze verkënnegen.

16 Ech schumme mech nämlech net wéinst der gudder Noriicht vu Christus. Si ass jo d'Kraaft vu Gott, déi zur Rettung féiert fir jiddereen, dee gleeft: fir d'éischt dem Judd an dann dem Griich.

17 An dëser gudder Noriicht gëtt nämlech d'Gerechtegkeet vu Gott duerch de Glawe fir de Glawe gewisen, esou wéi et geschriwwen steet: „De Gerechte leeft duerch de Glawen.“

D'Roserei vu Gott

18 Gott léisst seng Roserei sichtbar ginn. Si kënnt aus dem Himmel an ass géint jidder Gottlosegkeet an Ongerechtegkeet vun de Mënsche geriicht, déi duerch hir Ongerechtegkeet d'Wourecht ënnerdrécken.

19 Wat iwwert Gott ze wëssen ass, ass nämlech ënnert hinnen däitlech, well Gott hinnen et däitlech gewisen huet.

20 Zënter der Schöpfung vun der Welt sinn nämlech déi onsichtbar Eegeschaften vu Gott (seng éiweg Muecht a seng göttlech Natur) kloer z'erkennen, well si duerch dat, wat hie gemaach huet, kënne verstane ginn. Dofir hu si keng Entschëllegung.

21 Obwuel si Gott erkannt hunn, hu si hien net als Gott verherrlecht an him och net Merci gesot. Villméi gouf hiert Denken onsënneg an hiert onverstännegt Denke gouf däischter.

22 Si hu behaupt, si wiere weis, mee si sinn topeg ginn.

23 Si hunn d'Herrlechkeet vum onstierfleche Gott mat Duerstellungen agetosch, déi stierfleche Mënschen, Vigel, Déieren a Reptillie gläichen.

24 Dofir huet Gott si opgrond vum Verlaange vun hiren Häerzer der Onmoraaleschkeet ausgeliiwert, esou datt hir Kierperen ënnerteneen entéiert ginn.

25 Si hunn d'Wourecht vu Gott géint eng Lige getosch an hunn esou dat, wat erschafe gouf, ugebiet an deem gedéngt aplaz vum Schöpfer, deem fir éiweg de Luef gehéiert. Amen.

26 Dowéinst huet Gott si hiren onéierbare physesche Leidenschaften ausgeliiwert. Hir Fraen hunn den natierleche Geschlechtsverkéier géint onnatierlechen agetosch.

- 27** Geneesou hunn och d'Männer den natierleche Geschlechtsverkéier mat der Fra opginn a goufe vun der Loscht ee fir deen anere gepaakt. Männer hu mat Männer schänterlech Dote gedriwwen an hunn u sech selwer de Loun fir hire Feeler kritt.
- 28** Si hunn d'Wëssen iwwert Gott verworf an dowéinst huet Gott si engem verduerwene Verstand ausgeliwwert, fir dat ze maachen, wat sech net gehéiert.
- 29** Si sinn erfëllt vun all Zort vun Ongerechtegkeet: Si hunn onerlaabte Sex; si si voller Boussecht, Rangstegkeet, Béiswëllegkeet, Näid, Mord, Streidereien, Bedruch an Nidderträchtegkeet; si si Klaperten a
- 30** Leitsbeschësser; si haasse Gott a veruechten déi aner; si sinn agebild a bretzeg; si erfanne Béises a follegen den Elteren net;
- 31** si sinn onverstänneg, net vertrauenswierdeg, ouni Léift, onerbittlech an hu keng Baarmhärzegkeet.
- 32** Och wa si d'gerecht Uerteel vu Gott kennen, datt déijéineg, déi esou Dote beginn, d'Doudesstrof verdéngen, maache si net nëmmen dat alles, mee si heeschen et och nach gutt, wann anerer et maachen.

Réimer 2

D'gerecht Uerteel vu Gott

- 1** Dofir bass du, wien och ëmmer s du bass, Mënsch, net z'entschëllegen, wann s du jugéiers. Wann s du nämlech een anere jugéiers, da veruerteels du dech selwer, well s du, deen s du jugéiers, datselwecht méchs.
- 2** Mir wëssen och, datt d'Uerteel vu Gott der Wourecht entsprécht a géint déijéineg ass, déi esou Dote beginn.
- 3** Du bass een, deen anerer jugéiert, déi esou Dote beginn, mee du begees se selwer. Mengs du da wierklech, datt s du, Mënsch, dem Uerteel vu Gott entkomme kanns?
- 4** Oder veruechts du de Räichtum vu senger Guttheet, senger Ausdauer a senger Gedold, andeems du net erkenns, datt d'Guttheet vu Gott dech zurËmkéier féiere soll?
- 5** Du bass déckkappeg an dän Häerz refuséiert, fir ëmzekéieren. Dofir sammels du dir Roserei un fir den Dag vun der Roserei, da wann d'gerecht Uerteel vu Gott geoffenbaart gött.
- 6** Gott „bezilt jidderee sengen Doten entspreichend zeréck“ :

- 7 Déi, déi Herrlechkeet, Éier an Onstierflechkeet sichen, andeems si gedëlleg gutt Dote maachen, déi kréien éiwegt Liewen;
- 8 déi awer, déi egoistesch sinn an der Wourecht net follegen, mee der Ongerechtegkeet noginn, déi kréien d'Rage an d'Roserei ze spieren.
- 9 Nout a Misär kommen iwwert all Mënsch, dee Béises mécht, fir de Judd fir d'éischt an da fir de Griich.
- 10 Herrlechkeet, Éier a Fridde kommen awer iwwert all déi, déi Guddes doen, fir d'éischt iwwer de Judd an dann iwwer de Griich.
- 11 Gott behandelt nämlech jiddereen d'selwecht.
- 12 All déi, déi ouni d'Gesetz gesënnegt hunn, stierwen och ouni d'Gesetz. All déi, déi ënnert dem Gesetz gesënnegt hunn, ginn och duerch d'Gesetz geriicht.
- 13 Et sinn nämlech net déi an den Ae vu Gott gerecht, déi d'Gesetz héieren; mee et ginn déi gerechtgesprach, déi d'Gesetz anhalen.
- 14 Wann d'Net-Judden, déi d'Gesetz net hunn, vun Natur aus dat maachen, wat d'Gesetz verlaangt, si si sech selwer e Gesetz, och wa si d'Gesetz net hunn.
- 15 Si weisen domat, datt d'Behuelen, dat vum Gesetz verlaangt gëtt, an hiren Häerzer geschriwwe steet. Hir Gewësse bestätegen et och, well hir Gedanke si entweder ukloen oder och entschëllegen
- 16 op deem Dag, wa Gott d'Geheimnisser vum Mënsch duerch Christus Jesus riicht, opgrond vu menger gudder Noriicht.

D'Beschneidung geschitt am Häerz

- 17 Wann s du dech e Judd nenns, dech op d'Gesetz verléiss, iwwert däi Gott houfreg bass,
- 18 säi Wëlle kenns an dat, wat gutt ass, préiwe kanns, well s du aus dem Gesetz ënnerriicht goufs,
- 19 a wann s du och selwer dovunner iwwerzeegt bass, datt s du e Guide fir déi Blann bass, e Liicht fir déi an der Däischtert,
- 20 en Erzéier vun den Onverstännegen a Léiermeeschter vun de Kanner, well s du jo mengs am Gesetz d'Verkierperung selwer vum Wëssen an der Wourecht ze hunn,
- 21 firwat léiers du dech dann net selwer, du, deen s du een aneren ënnerriichte wëlls? Du, deen s du priedegs, datt een net klaue soll, firwat klaus du?

- 22 Du, deen s du sees, et soll een net friemgoen an d'Bestietnes brieche, firwat gees du friem a bréchs d'Bestietnes? Du, deen s du Gétzen haass, firwat klaus du aus den Tempelen?
- 23 Du, deen s du esou houfreg iwwert d'Gesetz bass, firwat entéiers du Gott, andeems du d'Gesetz bréchs?
- 24 Et steet nämlech geschriwwen: „Den Numm vu Gott gëtt wéinst ärer ënnert den Net-Judde gelästert.“
- 25 D'Beschneidung ass effektiv vun Notzen, wann s du d'Gesetz anhäls. Mee wann s du d'Gesetz bréchs, dann ass deng Beschneidung zur Onbeschneidung|Onbeschnidden ginn.
- 26 Dofir wann en Onbeschnidde dat anhält, wat d'Gesetz verlaangt, wäert dann net seng Onbeschneidung als Beschneidung ugerechent ginn?
- 27 Deen, dee physesch onbeschnidde ass an d'Gesetz anhält, wäert dech riichten. Du hues nämlech d'Schrëft an d'Beschneidung, mee bréchs d'Gesetz.
- 28 E Mënsch ass net e Judd, wann hie just no baussen een ass, an d'Beschneidung ass och net eppes, wat just no baussen a physesch ass.
- 29 Villméi ass e Mënsch e Judd, wann hien ee vu bannen ass. D'Beschneidung ass am Häerz geschitt duerch de Geesch, net duerch d'Schrëft. Dësem Mënsch säi Luef kënt net vun de Mënschen, mee vu Gott.

Réimer 3

D'Trei vu Gott

- 1 Ass et elo vu Virdeel e Judd ze sinn? Wat ass den Notze vun der Beschneidung ?
- 2 Vill a jidder Hisiicht! Un éischer Stell kruten d'Judden d'Aussoe vu Gott uvertraut.
- 3 Wat ass, wann etlech vun hinnen net trei waren? Kann hir Ontrei d'Trei vu Gott ophiewen?
- 4 Op kee Fall! Gott ass éierlech, och wann all Mënsch e Ligener ass. Et steet nämlech geschriwwen: „Fir datt s du duerch dat, wat s du sees, gerechtgesprach gëss a gewënns, wann s du geriicht gëss.“
- 5 Mee wann eis Ongerechtegkeet d'Gerechtegkeet vu Gott ervirhieft, wat solle mir da soen? Gott, dee seng Roserei walte léisst, ass dach net ongerecht, oder? (Ech schwätzen hei a mënschlechen Termen.)
- 6 Op kee Fall! Wéi kéint Gott d'Welt soss riichten?

7 Wann duerch meng Ligen d'Wourecht vu Gott als nach méi grouss erwise gëtt fir seng Herrlechkeet, firwat ginn ech dann nach als Sënner geriicht?

8 Firwat dann net soen: „Loosst eis Béises maachen, fir datt Guddes dorausser komme kann“? (Esou wéi gewësse Leit, déi eis beschäissen, vun eis behaupten, datt mir dat géife soen. Déi ginn zu Recht veruerteelt.)

Et gëtt keen, dee gerecht ass

9 Wat solle mir da soen? Hu mir Judden iergende Virdeel? Absolut net! Mir hunn nämlech d'Uklo schonns erhuewen, datt d'Judden an och d'Griichen alleguer ënnert der Sënn stinn,

10 esou wéi geschriwwe steet: „Et gëtt keen, dee gerecht ass, emol net een eenzegen.

11 Et gëtt keen, dee versteet. Et gëtt keen, dee Gott sicht.

12 Alleguer hu sech ewechgedréit, alleguer zesummen daache se näischt. Et gëtt keen, dee Guddes doet, mol net een eenzegen.“

13 „Hir Strass ass en oppent Graf. Hir Zonge gebrauche si, fir ze bedréien.“ „Schlaangegëft ass op hire Lëpsen.“

14 „Hire Mond ass voller Fluch a Verbatterung.“

15 „Hir Féiss tommele sech, fir ëmzebréngen.“

16 „Zerstéierung a Misär sinn op hire Weeër;

17 de Wee vum Fridde kenne si net.“

18 „Si hunn och kee Respekt vu Gott virun Aen.“

19 Mir wëssen awer, datt wat d'Gesetz seet, et zu deene seet, déi ënnert dem Gesetz stinn, fir datt all Mond gestoppt gëtt an d'ganz Welt Rechenschaft viru Gott ofleet.

20 Et gëtt nämlech kee Mënsch virun him gerechtgesprach, just well hien d'Gesetz anhält. Duerch d'Gesetz kënt nämlech d'Erkenntnes vun der Sënn.

D'Gerechtgheet vu Gott kënt duerch de Glawen

21 Mee elo gouf eis d'Gerechtgheet vu Gott gewisen, déi baussent dem Gesetz steet a vum Gesetz a vun de Prophéite bezeit gëtt.

22 Et ass d'Gerechtgheet, déi vu Gott kënt duerch de Glawen un de Jesus Christus . Si ass fir jiddereen an u jiddereen, dee gleeft. Et gëtt nämlech keen Ënnerscheid gemaach,

23 well jidderee gesënnegt an d'Herrlechkeet vu Gott net erreicht huet.

24 Mee si gi gerechtgesprach duerch d'Gnod, ouni datt et si eppes kascht, duerch d'Erléisung, déi duerch de Jesus Christus kënt.

- 25** Gott hat de Jesus als Bousdeckel fir d'Sënn bestëmmt duerch de Glawen u säi Blut. Hien huet dat als Zeeche vu senger Gerechtegkeet gemaach, well a senger Gedold hien iwwert d'Sënnen, déi an der Vergaangenheet begaange goufen, ewechgaangen ass.
- 26** Dat war en Zeeche vu Gott senger Gedold zu dëser Zäit, fir ze weisen, dass hie gerecht ass an och gerecht mécht wéinst dem Glawen un de Jesus .
- 27** Kann ee sech dann iwwerhaupt nach bretzen? Dat ass ausgeschloss. Duerch wéi e Gesetz ass et dann ausgeschloss? Duerch e Gesetz, dat op Wierker baut? Nee, mee duerch e Gesetz, dat op Glawe baséiert.
- 28** Dofir schlussfolgere mir, dass e Mënsch duerch de Glawen an net duerch d'Anhale vum Gesetz gerechtgesprach gëtt.
- 29** Oder ass Gott nëmmen de Gott vun de Judden? Ass hien net och de Gott vun den Net-Judden? Ma sécher ass hien och de Gott vun den Net-Judden.
- 30** Gott ass nämlech eent an dofir sprécht hien déi Beschneiden duerch de Glawen an déi Onbeschniden duerch de Glawe gerecht.
- 31** Annuléiere mir elo d'Gesetz duerch de Glawen? Op kee Fall! Villméi affirméiere mir d'Gesetz.

Réimer 4

Gott rechent dem Abraham Gerechtegkeet duerch de Glawen un

- 1** Wat solle mir da vum Abraham soen? Wat huet hien, eise Virfueren, erausfonnt?
- 2** Wann den Abraham nämlech duerch dat, wat hie gemaach huet, gerechtgesprach gouf, dann hätt hien e Grond, fir sech ze bretzen, mee net viru Gott.
- 3** Wat seet d'Schrëft dozou? „Den Abraham huet Gott gegleeft an dat gouf him als Gerechtegkeet ugerechent.“
- 4** Wann e Mënsch schaffe geet, kritt hien de Loun net als Kaddo, mee well hien e verdéngt huet.
- 5** Deemjéinegen, deen net schafft, mee op dee vertraut, deen déi Gottlos gerechtsprécht, deem gëtt säi Glawen als Gerechtegkeet ugerechent.
- 6** Geneesou schwätzt den David vum Sege vum Mënsch, deem Gott Gerechtegkeet onofhängeg vun Dote urrechent:
- 7** „Geseent sinn déi, déi hir gesetzlos Dote verzie kruten, an deenen hir Sënnen zougedeckt goufen.“

- 8 Geseent ass de Mënsch, dee seng Sënn net vum Här ugerechent kritt.“
- 9 Gëllt dëse Segen dann nëmme fir déiBeschnidden|Beschneidung oder och fir déiOnbeschnidden? Mir soe jo, datt „de Glawen dem Abraham als Gerechtegkeet ugerechent gouf.“
- 10 Wéi gouf en him dann ugerechent? War et éier hie beschnidde gouf oder duerno? Et war éier hie beschnidde gouf, net duerno!
- 11 Hie krut d’Zeeche vun der Beschneidung als Sigel vun der Gerechtegkeet, déi him ugerechent gouf op Grond vu sengem Glawen, wéi hien nach onbeschnidde war. Esou gouf hien de Papp vun all deenen, déi gleewen an net beschnidde sinn, fir datt och hinne Gerechtegkeet ugerechent gëtt.
- 12 Hie gouf och de Papp vun all de Beschniddeenen, déi net nëmme beschnidde sinn, mee och an de Foussspure vum Glawe ginn, deen eise Papp Abraham hat, wéi hien nach onbeschnidde war.
- 13 Et war nämlech net wéinst dem Gesetz, datt dem Abraham a sengen Nokommen d’Versprieche gemaach gouf, datt hie géif d’Welt ierwen, mee et war wéinst der Gerechtegkeet, déi duerch de Glawe kënnt.
- 14 Wa si nämlech wéinst dem Gesetz zu lerne ginn, dann ass de Glawe sënnslos an d’Versprieche ass annulléiert.
- 15 Dat Gesetz bewierkt nämlech Roserei; an do, wou et dat Gesetz net gëtt, gëtt et och keng Iwwertriedung.
- 16 Dofir kënnt d’Versprieche duerch de Glawen, fir datt et d’Gnod vu Gott erweise kann an esou all dem Abraham sengen Nokomme verséichert ka ginn. D’Versprieche gëtt net nëmme deene verséichert, déi duerch d’Gesetz Nokomme sinn, mee och deenen, déi dem Abraham säi Glawen hunn, deen de Papp vun eis all ass.
- 17 (Grad ewéi geschriwwen steet: „Ech hunn dech zum Papp vu villen Natiounen gemaach.“) Hien ass eise Papp viru Gott, deem hie gegleeft huet an deen den Doudege Liewe schenkt an dat, wat net existéiert, an d’Existenz rëfft.
- 18 Entgéint all Hoffnung huet den Abraham voller Hoffnung gegleeft an esou gouf hien de „Papp vu villen Natiounen“, esou wéi hie gesot krut: „Esou grouss gëtt d’Zuel vun dengem Nokommen.“
- 19 Ouni am Glawe schwaach ze ginn, huet hie festgestallt, datt säi Kierper schon esou gutt ewéi dout war (well hien ongeféier honnert Joer al war) an datt d’Sara keng Kanner méi kréie konnt.
- 20 Hien huet net am Onglawen um Versprieche vu Gott gezweiwelt, mee villméi gouf hien am Glawe gestärkt, wéi hie Gott verherrlecht huet.
- 21 Hie war nämlech fest dovunner iwwerzeegt, datt Gott dat maache kann, wat hie versprach huet.

- 22 Dofir gouf säi Glawen him als Gerechtegheet ugerechent.
- 23 „Dat gouf him ugerechent“ gouf net eleng fir den Abraham geschriwwen,
- 24 mee och fir eis. Och eis gött en ugerechent, déi un dee gleewen, deen eisen Här Jesus vun den Doudegen operstoe gelooss huet.
- 25 De Jesus gouf wéinst eisen Iwwerriedungen ausgeliiwert a gouf operwächt, fir eis gerecht ze maachen.

Réimer 5

Fridde mat Gott

- 1 Mir goufen duerch de Glawe gerechtgesprach an dofir hu mir Fridde mat Gott duerch eisen Här Jesus Christus.
- 2 Duerch hien hu mir och opgrond vun eisem Glawen Zougang zu dëser Gnod, an där mir stinn. Mir bretzen eis wéinst der herrlecher Hoffnung, déi vu Gott kënnt.
- 3 Mee net nëmmen dat! Mir bretzen eis och wéinst eiser Nout, well mir wëssen, datt Nout Ausdauer bewierkt,
- 4 Ausdauer e staarke Charakter an e staarke Charakter Hoffnung.
- 5 An Hoffnung enttäuscht net, well d'Léift vu Gott ass an eis Häerzer ausgeschott ginn duerch den hellege Geesch, deen eis gi gouf.
- 6 Wéi mir nach hëlleflos waren, ass Christus zum richtege Moment fir déi Gottlos gestuerwen.
- 7 Et ass ganz seelen, datt ee fir e gerechte Mënsch stierft, obwuel ee sech villäicht géif trauen, fir e gudde Mënsch säi Liewen ze loossen.
- 8 Mee Gott huet seng Léift fir eis op dës Manéier gewisen: Wéi mir nach Sënner waren, ass Christus fir eis gestuerwen.
- 9 Wa mir elo duerch säi Blut gerechtgesprach goufen, da gi mir ëmsou méi duerch hie vun der Roserei gerett.
- 10 Wa mir mat him duerch den Doud vu sengem Jong versöhnt goufen, wéi mir nach Feinde vu Gott waren, ëm wéi vill méi gi mir, nodeems mir elo versöhnt goufen, duerch säi Liewe gerett!
- 11 An net nëmmen dat, mir bretzen eis och nach a Gott duerch eisen Här Jesus Christus, duerch dee mir mat Gott versöhnt goufen.

Den Doud koum duerch d'Sënn, mee d'Liewe kënnt duerch Christus

- 12 Dofir, grad wéi duerch ee Mënsch d'Sënn an d'Welt koum an duerch d'Sënn den Doud, esou huet den Doud sech an all Mënsch verbreet, well jidderee gesënnegt huet.
- 13 D'Sënn war an der Welt éier et d'Gesetz gouf an dach gëtt d'Sënn engem net ugerechent, wann et kee Gesetz gëtt.
- 14 Trotzdeem huet den Doud vum Adam bis bei de Moses regéiert, esouguer iwwert déi, déi net esou wéi den Adam gesënnegt haten. Den Adam huet op deen higewisen, deen nach komme sollt.
- 15 Mee de Kaddo ass net ewéi d'Iwwerriedung. Wann der nämlech vill duerch engem Mann seng Iwwerriedung gestuerwe sinn, ëm wéi vill méi kruten déi vill d'Gnod vu Gott an de Kaddo iwwerméisseg geschenkt duerch d'Gnod vun deem enge Mann, de Jesus Christus!
- 16 De Kaddo kann och net mat der Sënn vun deem enge Mann verglach ginn. D'Uerteel, dat wéinst där enger Iwwerriedung gesprach gouf, huet nämlech zum Verdame geféiert, mee de Kaddo, dee wéinst villen Iwwerriedunge koum, huet zur Gerechtpriechung geféiert.
- 17 Wann nämlech den Doud duerch deen ee regéiert huet wéinst deem enge Mann senger Iwwerriedung, ëmsou méi wäerten déi, déi den Iwwerfloss vun der Gnod an de Kaddo vun der Gerechtegkeet unhuelen, duerch deen ee Mann, de Jesus Christus, am Liewe regéieren.
- 18 An anere Wieder: Esou wéi eng Iwwerriedung zum Verdame vun all Mënsch geféiert huet, esou huet eng gerecht Dot zur Gerechtegkeet, déi Liewe bréngt, fir all Mënsch geféiert.
- 19 Esou wéi deen ee Mann net gefollegt huet an der vill esou zu Sënner gemaach goufen, esou ginn der vill gerechtgesprach, well deen ee Mann gefollegt huet.
- 20 D'Gesetz koum dobäi, fir d'Iwwerriedung méi offensichtlech ze maachen. Mee do, wou d'Sënn méi offensichtlech ginn ass, ass d'Gnod ëmsou méi offensichtlech ginn.
- 21 Dat ass geschitt, fir datt esou wéi d'Sënn duerch den Doud regéiert huet, elo och d'Gnod duerch d'Gerechtegkeet regéiere soll, wat zu éiwegem Liewe féiert duerch eisen Här Jesus Christus.

Réimer 6

Dout fir d'Sënn, mee lieweg duerch Christus

- 1 Wat solle mir elo soen? Solle mir weiderhi sënnege, fir datt d'Gnod offensichtlech ka ginn?

- 2 Op kee Fall! Wéi kënne mir, déi mir dout si fir d'Sënn, nach ëmmer an der Sënn liewen?
- 3 Wësst dir net, datt mir, déi mir a Christus Jesus gedeeft goufen, och a säin Doud gedeeft goufen?
- 4 Mir goufe jo duerch d'Daf zesumme mat him an den Doud begruewen, fir datt och mir kënne an engem neie Liewe liewen, esou wéi Christus duerch dem Papp seng Herrlechkeet vun den Doudegen operwächt gouf.
- 5 Wa mir nämlech duerch säin Doud mat him vereent an identifiziéiert gi sinn, da gi mir och duerch eng Operstéiung wéi seng mat him vereent an identifiziéiert.
- 6 Mir wësse jo, datt eis al Persoun zesumme mat him gekräizegt gouf, fir datt de sënnege Kierper keng Muecht méi iwwert eis huet, esou datt mir der Sënn net méi ënnerdénge sinn
- 7 (well deen, dee gestuerwen ass, gouf vun der Sënn fräigesprach).
- 8 Wa mir awer mat Christus gestuerwe sinn, da gleewe mir och, datt mir mat him liewen.
- 9 Mir wëssen, datt Christus vun den Doudegen operwächt ginn ass an ni méi stierft. Den Doud huet keng Autoritéit méi iwwert hien.
- 10 Wéi hien nämlech gestuerwen ass, war hien ee fir alle Mol dout fir d'Sënn. D'Liewen, dat hien elo lieft, lieft hie fir Gott.
- 11 Esou musst och dir iech der Sënn géintiwier als dout betruechten, mee Gott géintiwier als lieweg duerch de Jesus Christus, eisen Här.
- 12 Dofir loosst d'Sënn äre stierfleche Kierper net kontrolléieren, fir datt dir senge Verlaangen net follegt.
- 13 Dir däreft och keen Deel vun ärem Kierper als Waffe vun der Ongerechtegkeet an den Déngscht vun der Sënn stellen. Mee stellt iech an den Déngscht vu Gott, wéi Mënschen, déi vun den Doudegen operwächt sinn. Stellt är Glidder als Waffe vun der Gerechtegkeet an den Déngscht vu Gott.
- 14 D'Sënn huet nämlech keng Autoritéit iwwert iech, well dir net ënnert dem Gesetz stitt, mee ënnert der Gnod.

Dénger vun der Gerechtegkeet

- 15 Wat elo? Solle mir weiderhi sënnege, well mir net ënnert dem Gesetz stinn, mee ënnert der Gnod? Op kee Fall!
- 16 Dir wësst dach: Wann dir iech als Dénger dozou verflucht, fir ze follegen, da sidd dir Dénger vun deem, deem dir follegt, sief dat der Sënn, wat zum Doud féiert, oder dem Follegen, wat zur Gerechtegkeet féiert.

- 17 Mir soe Gott Merci, datt dir mat ganzem Häerz dem Virbild vun der Léier, déi iech iwwerliwwert gouf, gefollegt hutt, och wann dir Dénger vun der Sënn waart.
- 18 Dir gouft vun der Sënn befreit a sidd Dénger vun der Gerechtegkeet ginn.
- 19 (Ech schwätzen a mënschlechen Termen, wéinst ärer mënschlecher Schwaachheet.) Grad wéi dir fréier är Glidder an den Déngscht vun der Onmoraaleschkeet an der Gesetzlosegkeet gestallt hutt, déi zur Gesetzlosegkeet geféiert hunn, esou sollt dir elo är Glidder an den Déngscht vun der Gerechtegkeet stellen, déi zur Hellegung féiert.
- 20 Wéi dir nämlech am Déngscht vun der Sënn waart, waart dir fräi, wat d'Gerechtegkeet ugeet.
- 21 Wat fir e Benefice hat dir deemools vun deem, wéinst deem dir iech elo schummt? D'Resultat vun all deem ass den Doud.
- 22 Dir sidd awer elo vun der Sënn befreit an Dénger vu Gott ginn. Elo hutt dir äre Benefice, deen zur Hellegung féiert, an d'Resultat ass éiweg Liewen.
- 23 De Loun vun der Sënn ass nämlech den Doud, mee de Kaddo vu Gott ass éiweg Liewen duerch Christus Jesus, eisen Här.

Réimer 7

D'Bestietnes als Beispill

- 1 Geschwëster, wësst dir dann net (ech schwätze jo mat deenen, déi d'Gesetz kennen), datt d'Gesetz iwwert e Mënsch Autoritéit huet esoulaang hie leeft?
- 2 Zum Beispill ass eng bestuete Fra duerch d'Gesetz un hire Mann gebonnen, esoulaang hie leeft. Wann de Mann awer stierft, dann ass si fräi wat d'Gesetz iwwert de Mann ugeet.
- 3 Dofir gëtt si als Fra, déi friemgaangen ass, bezeechent, wa si sech zu Liefzäit vun hirem Mann mat engem anere Mann aléisst. Mee wann hire Mann stierft, dann ass si fräi vun dësem Gesetz. Wa si sech da mat engem anere Mann aléisst, da gëtt si net als Fra, déi friemgaangen ass, bezeechent.
- 4 Meng Geschwëster, geneesou sidd och dir duerch de Läif vu Christus gestuerwen, wat d'Gesetz ugeet, fir datt dir engem anere gehéiert, nämlech him, dee vun den Doudegen operstanen ass, esou datt dir fir Gott Friichten drot.
- 5 Wéi mir nämlech nach no eiser natierlecher Tendenz gelieft hunn, hunn d'sënneg Begierlechkeeten|Begierlechkeet duerch d'Gesetz an all eise Glidder gewierkt, esou datt mir dem Doud Friichte bruecht hunn.

⁶ Elo si mir awer vum Gesetz befreit ginn, well mir dout si fir dat, wat eis festgehalten huet. Mir si befreit ginn, fir datt mir an enger neier Manéier vum Geescht déngen an net an der aler Manéier vum Geschriwwenen.

De Kampf géint d'Sënn

⁷ Wat solle mir elo soen? Ass d'Gesetz Sënn? Op kee Fall! Am Géigendeel, ech hätt d'Sënn net kennegeleiert, wann d'Gesetz net gewiescht wier. Zum Beispill hätt ech net gewosst, wat et wier ze begieren, wann d'Gesetz net gesot hätt: „Begier net!“

⁸ Mee d'Sënn huet duerch d'Gebot eng Geleeënheet erfaasst an huet a mir jidder Zort vu Begierlechkeeten ervirgeruff. Ouni d'Gesetz ass d'Sënn nämlech dout.

⁹ Fréier hunn ech ouni d'Gesetz gelieft, mee wéi d'Gebot koum, gouf d'Sënn a mir nees lieweg an ech si gestuerwen.

¹⁰ D'Gebot, dat Liewe bréngt sollt, huet fir mech zum Doud geféiert.

¹¹ D'Sënn huet nämlech duerch d'Gebot eng Geleeënheet ergraff, huet mech verféiert an duerch d'Gebot huet se mech ëmbruecht.

¹² D'Gesetz ass also helleg an d'Gebot ass helleg, gerecht a gutt.

¹³ Huet dann elo dat, wat gutt ass, mir den Doud bruecht? Op kee Fall! Am Géigendeel, d'Sënn huet den Doud a mir bewierkt duerch dat, wat gutt ass, fir datt d'Sënn als Sënn erkannt gëtt an datt duerch d'Gebot d'Sënn duerch an duerch sënne gëtt.

¹⁴ Mir wëssen nämlech, datt d'Gesetz geeschlech ass. Ech awer sinn aus Fleesch a Blut a sinn un d'Sënn verkaf ginn.

¹⁵ Ech verstinn nämlech net, wat ech maachen: Ech maachen net dat, wat ech mache wëll, mee maachen dat, wat ech haassen.

¹⁶ Wann ech dat maachen, wat ech net maache wëll, stëmmen ech zou, datt d'Gesetz gutt ass.

¹⁷ Et sinn also net ech selwer, deen esou handelt, mee et ass d'Sënn, déi a mir lieft.

¹⁸ Ech weess nämlech, datt näischt Guddes a mir ass, dat heescht a menger sënneger Natur. Ech hunn zwar de Wonsch a mir, dat Gutt ze maachen, mee d'Capacitéit, fir et ze maachen, felt mir.

¹⁹ Dat Gutt, wat ech maache wëll, maachen ech net. Amplaz dovun, maachen ech dat Béist, wat ech net maache wëll!

²⁰ Wann ech dat maachen, wat ech net maache wëll, da sinn net ech et, deen et mécht, mee d'Sënn, déi a mir lieft.

²¹ Ech hunn also dës Regel erausfonnt: Och wann ech dat Gutt maache wëll, ass dat Béist bei mir.

²² A mengem bannenzege Wiese freeën ech mech um Gesetz vu Gott,

²³ mee a menge Glidder gesinn ech en anert Gesetz, dat géint d'Gesetz vu mengem Verstand kämpft a mech ënnert dem Gesetz vun der Sënn, dat a menge Glidder ass, gefaangen hält.

²⁴ Wat sinn ech e miserabele Mënsch! Wie soll mech aus dësem stierfleche Kierper retten?

²⁵ Ech soe Gott Merci – dat geschitt duerch de Jesus Christus eisen Här! Deemno déngen ech engersäits mat mengem Verstand dem Gesetz vu Gott, mee anerersäits déngen ech mat der sënneger Natur dem Gesetz vun der Sënn.

Réimer 8

D'Gesetz vum Geescht, dee Liewe gött

¹ Dofir gött et elo keng Veruerteelung fir déi, déi a Christus Jesus sinn, déi net no der sënneger Natur liewen, mee nom Geescht.

² D'Gesetz vum Geescht, dee Liewe gött, huet mech nämlech duerch Christus Jesus vum Gesetz vun der Sënn a vum Doud befreit.

³ Wat d'Gesetz net maache konnt, well et duerch déi sënneg Natur schwaach war, huet Gott gemaach, andeems hie säin eegene Jong a Form vun engem stierfleche Kierper wéinst der Sënn geschéckt huet. Esou huet hien d'Sënn an der mënschlecher Natur veruerteelt,

⁴ fir datt d'Gerechtegkeet, déi d'Gesetz verlaangt, an eis erfëllt ka ginn, déi net no der sënneger Natur, mee nom Geescht liewen.

⁵ Déi, déi no der sënneger Natur liewen, hunn d'Aart a Weis, fir ze denken, vun der sënneger Natur, mee déi, déi nom Geescht liewen, hunn d'Aart a Weis, fir ze denken, vum Geescht.

⁶ D'Aart a Weis, fir ze denken, vun der sënneger Natur ass den Doud, mee d'Aart a Weis, fir ze denken, vum Geescht ass Liewen a Fridden.

⁷ D'Aart a Weis, fir ze denken, vun der sënneger Natur ass nämlech Feindschaft mat Gott; si uerdent sech nämlech dem Gesetz vu Gott net ënner a si kann dat och net.

⁸ Déi, déi no der sënneger Natur liewen, kënne Gott net gefalen.

⁹ Dir lieft awer net no der sënneger Natur, mee nom Geescht, wann de Geescht vu Gott an iech lieft. Wien awer de Geescht vu Christus net huet, dee gehéiert him net.

¹⁰ Mee wa Christus an iech ass, dann ass äre Kierper wéinst der Sënn dout, mee de Geescht ass Liewe wéinst der Gerechtegheet.

¹¹ Wann awer de Geescht vun deem, deen de Jesus vun den Doudegen operstoe gelooss huet, an iech lieft, da mécht deen, deen de Christus vun den Doudegen operstoe gelooss huet, och är stierflech Kierperen duerch de Geescht, deen an iech lieft, lieweg.

¹² Dowéinst, Geschwëster, si mir eiser sënneger Natur näischt schëlleg, fir no der sënneger Natur ze liewen.

¹³ Wann dir no der sënneger Natur lieft, da stierft dir. Mee wann dir duerch de Geescht d'Dote vum Kierper ëmbréngt, da lieft dir.

¹⁴ All déi, déi vum Geescht vu Gott geleet ginn, si Kanner vu Gott.

¹⁵ Dir hutt nämlech net nees e Geescht vun der Sklaverei kritt, fir zeréck an d'Angscht ze falen, mee dir hutt e Geescht vun der Adoptioun kritt, duerch dee mir ruffen: „Abba ! Papp!“

¹⁶ De Geescht selwer bestätegt zesumme mat eisem Geescht, datt mir Kanner vu Gott sinn.

¹⁷ Wa mir Kanner sinn, da si mir och lerwen (lerwe vu Gott a Mat-lerwe vu Christus), wa mir wierklech zesumme mat him leiden, fir och zesumme mat him verherrecht ze ginn.

Déi zukünfteg Fräiheet vun de Kanner vu Gott

¹⁸ Ech sinn iwwerzeegt, datt d'Leiden, duerch déi mir elo ginn, net mat der Herrlechkeet, déi nach an eis geoffenbaart gött, ze vergläiche sinn.

¹⁹ D'Schöpfung waart mat Spannung op dee Moment, an deem d'Kanner vu Gott geoffenbaart ginn.

²⁰ D'Schöpfung gouf nämlech der Sënnlosegheet ënnerworf, net aus fräie Stécker, mee wéinst deem, dee se ënnerworf huet, an der Hoffnung,

²¹ datt d'Schöpfung selwer aus dem Verdierfnes befreit gött, deem se versklaavt ass, fir an déi herrlech Fräiheet vun de Kanner vu Gott ze kommen.

²² Mir wëssen nämlech, datt d'ganz Schöpfung bis elo gekeimt huet, wéi wa si an de Wéie léich.

²³ Net nëmmen d'Schöpfung keimt, mee och mir, déi mir d'Éischtfruucht vum Geescht hunn, keimen ënnerlech, andeems mir ongedëlleg op eis Adoptioun waarden, dat heescht d'Erléisung vun eisem Kierper.

24 An dëser Hoffnung goufe mir gerett. Mee Hoffnung, déi ee gesäit, ass keng Hoffnung. Wien hofft schonn op dat, wat hie gesäit?

25 Mee wa mir op dat hoffen, wat mir net gesinn, da waarde mir gedëlleg drop.

26 Geneesou hëlleft de Geescht eis an eiser Schwächt, well mir wëssen net, wéi mir biede sollen, esou wéi et sech gehéiert. De Geescht selwer trëtt fir eis mat Gekeims an, dat net kann a Wieder gefaasst ginn.

27 Deen, deen eis Häerzer erfuerscht, weess, wat de Geescht am Sënn huet, well de Geescht nom Wëlle vu Gott fir déi Helleg antrëtt.

Mir sinn absolut Gewënner

28 Mir wëssen och, datt Gott bei deenen, déi hie gär hunn, alles zum Gudde féiert, bei deenen, déi no sengem Plang beruff sinn.

29 Déi, déi Gott nämlech am Virus kannt huet, huet hien och am Virus dozou bestëmmt, fir sengem Jong ëmmer méi ze gläichen, fir datt hien den Éischtgebuerenen ënnert ville Geschwëster wier.

30 Déi, déi hie virusbestëmmt huet, huet hien och beruff; déi, déi hie beruff huet, huet hien och gerechtgesprach; déi, déi hie gerechtgesprach huet, huet hien och verherrlecht.

31 Wat solle mir dann elo heizou soen? Wa Gott fir eis ass, wie kann da géint eis sinn?

32 Hien huet säin eegene Jong net verschount, mee huet hie fir eis all hierginn. Wéi sollt hien net och eis alles mat him schenken?

33 Wie kann déi Auserwielte vu Gott ukloen? Keen! Et ass nämlech Gott, dee gerechtsprécht.

34 Wien ass deen, dee veruerteelt? Keen! Et ass nämlech Christus, dee gestuerwen ass (villméi nach, deen operstanen ass), deen zur Rietser vu Gott sëtzt an dee fir eis antrëtt.

35 Wie kann eis vun der Léift vu Christus trennen? Kënnen Leed, Misär, Verfolgung, Honger, Nout, Gefor oder Krich dat maachen?

36 Et steet jo geschriwwen: „Wéinst denger gi mir de ganzen Dag ëmbruecht, mir gi wéi Schof betruecht, déi geschluecht ginn.“

37 Nee! An all deem si mir absolut Gewënner duerch deen, deen eis gär hat.

38 Ech sinn nämlech iwwerzeegt, datt weder den Doud nach d'Liewen, weder Engelen|Engel nach Dämonen nach Muechten, weder dat, wat an der Géigewaart ass, nach dat, wat an der Zukunft läit,

³⁹ weder den héchsten Himmel nach déi déifsten Äerd nach soss iergendeppes, wat erschafe gouf, eis vun der Léift vu Gott trenne kann, déi duerch Christus Jesus, eisen Här, gewise gouf.

Réimer 9

Gott erbaarmt sech deenen, deenen hie sech erbaarme wëllt

- ¹ Ech soen d'Wourecht a Christus! Ech léien net! Mäi Gewësse bestätegt mir duerch den hellege Geesch,
 - ² datt mäin Häerz voller Trauer a bestänneger Péng ass.
 - ³ Ech wënsche mir, datt ech selwer verflucht wier, vu Christus getrennt, wann dat menge Geschwëster hëllef kéint, déi déiselwecht Ofstamung hunn ewéi ech.
 - ⁴ Si sinn Israeliten. Hinne gehéiert d'Adoptioun, d'Herrlechkeet vu Gott, d'Allianzen|Allianz, d'Gesetz, d'Déngschter am Tempel an d'Vespriechen.
 - ⁵ Hinne gehéieren och d'Patriarchen, vun deenen de Messias als Mënsch ofstaamt, deen iwwert allem steet, dee Gott ass an deen éiweg gelueft gött. Amen.
 - ⁶ Et ass jo awer net esou, datt d'Wuert vu Gott hifälleg gi wier. Et sinn nämlech net alleguer déi, déi vun Israel ofstamen, en Deel vun Israel.
 - ⁷ Si sinn och net alleguer Kanner vum Abraham, just well si seng Nokomme sinn. Villméi: „Duerch den Isaak gött däin Nokomme genannt.“
 - ⁸ Dat heescht, datt d'Kanner vu mënschlecher Ofstamung net d'Kanner vu Gott sinn, mee villméi ginn d'Kanner vum Verspriechen als Nokomme betruucht.
 - ⁹ D'Vesprieche gouf nämlech esou ausgedréckt: „Ech kommen d'nächst Joer ëm dës Zäit bei dech zeréck an dann huet deng Fra Sara e Jong.“
 - ¹⁰ Et war net nëmme beim Sara esou, mee och beim Rebekka, dat vun engem eenzege Mann, eisem Papp Isaak, schwanger gouf.
 - ¹¹ Nach éier d'Kanner op d'Welt komm waren a weder Guddes nach Béises gemaach haten (dat war, fir datt de Plang vu Gott géif bestoe bleiwen, well e sengem Choix entspreche géif, e Choix, deen net op Dote baséiert, mee op deen, dee beriff),
 - ¹² krut hatt gesot: „Den Eelsten déngt dem Jéngsten.“
 - ¹³ Esou wéi geschriwwen steet: „De Jakob hat ech gär, mee den Esau hunn ech gehaast.“

- 14 Wat solle mir dozou soen? Gëtt et bei Gott éieren Ongerechtegkeet? Op kee Fall!
- 15 Zum Moses seet hien: „Wiem ech mech erbaarmen, deem erbaarmen ech mech a mat wíem ech Matleed hunn, mat deem hunn ech Matleed.“
- 16 Schlussendlech hánkt et also net vum mënshleche Wëllen oder Stríewen of, mee vum Erbaarme vu Gott.
- 17 D'Schréft seet nämlech zum Pharao: „Grad aus dësem Grond hunn ech dech erhuewen, fir kënne meng Muecht duerch dech ze weisen an datt mäin Numm uechter d'ganz Welt verkënnegt gëtt.“
- 18 Dofir erbaarmt sech Gott deenen, deenen hie sech erbaarme wëllt, an hie mécht déi verbruet, déi hie wëllt verbruet maachen.
- 19 Elo wäerts du mech froen: „Firwat reprochéiert hien eis dann nach eppes? Wie ka sengem Wëlle widderstoen?“
- 20 Am Géigendeel, wie bass du, Mënsch, fir Gott ze widdersprieche? Seet éieren dat, wat geformt gouf, zu deem, deen et geformt huet: „Firwat hues du mech esou gemaach?“
- 21 Ass den Aulebäcker net Meeschter iwwert säi Leem? Kann hien net aus därselwechter Mass e Behälter fir den éierbaren an ee fir den onéierbare Gebrauch maachen?
- 22 Wat ass wa Gott, dee seng Roserei a seng Muecht bekanntmaache wollt, mat grousser Gedold d'Behälter erdroen huet, déi gemaach goufen, fir zerstéiert ze ginn?
- 23 Wat ass wann hien dat gemaach huet, fir de Rächtum vu senger Herrlechkeet un de Behälter vum Erbaarmen z'erweisen, déi hie schonns am Viraus fir d'Herrlechkeet virbereet huet?
- 24 Mir sinn déi, déi hie beruff huet, net nëmme vun de Judden, mee och vun den Net-Judden.
- 25 Hie seet och beim Hoschea: „Dat, wat net mäi Vollek war, nennen ech ‚mäi Vollek‘ an dat Vollek, wat kee gär hat, nennen ech ‚Dat, wat ech gär hunn‘.“
- 26 „Et geschitt op där Plaz, wou hinne gesot gouf: ‚Dir sidd net mäi Vollek‘, datt si do Kanner vum liewege Gott genannt ginn.“
- 27 De Yesaia rifft iwwert Israel aus: „Och wann d'Zuel vun de Kanner vun Israel ewéi de Sand um Mier ass, dach gëtt nëmme e Rescht gerett.“
- 28 Hie féiert nämlech d'Uerteel an der Gerechtegkeet aus a bréngt et zu Enn, well den Här féiert d'Uerteel séier a grëndlech iwwert d'Äerd aus.“

29 Esou huet och de Yesaia prophezeit: „Wann den Här vun den himmleschen Arméien eis net en Nokomme gelooss hätt, da wiere mir wéi Sodom ginn an hätte Gomorra geglach.“

Israel ass iwwert de Stolperstee getrollt

30 Wat solle mir dozou soen? Dat hei: D’Net-Judden, déi der Gerechtegkeet net nogejot sinn, krute Gerechtegkeet, mee eng Gerechtegkeet, déi aus dem Glawe staamt.

31 Mee Israel huet d’Gesetz vun der Gerechtegkeet net erreecht, och wann et nom Gesetz vun der Gerechtegkeet gestriift huet.

32 Firwat? Si hunn net aus dem Glawen duerno gestriift, mee esou wéi wann et géif aus Dote vum Gesetz stamen. Si sinn nämlech iwwert de Stolperstee getrollt.

33 Esou wéi geschriwwe steet: „Kuck! Ech leeën e Steen, fir driwwer ze trëllen, an e Fiels vun der Beleidegung an Zion nidder.“ „Wien un hie gleeft, gött net enttäuscht.“

Réimer 10

1 Geschwëster, mäin Häerzenswonsch a mäi Gebiet u Gott fir Israel sinn, datt si gerett ginn.

2 Ech kann nämlech bestätegen, datt si äifreg fir Gott sinn, mee hiren Äifer ass net op Erkenntnes gebaut.

3 Si hunn nämlech d’Gerechtegkeet vu Gott net kannt an hu probéiert hir eege Gerechtegkeet opzebauen. Dofir hu si sech der Gerechtegkeet vu Gott net ënnerworf.

4 Christus ass nämlech d’Zil vum Gesetz an esou ka jiddereen, dee gleeft, Gerechtegkeet kréien.

5 De Moses beschreift d’Gerechtegkeet, déi aus dem Gesetz staamt: „De Mënsch, deen dat alles anhält, leeft doduerch.“

6 Mee d’Gerechtegkeet, déi aus dem Glawe staamt, seet dat hei: „So net an dengem Häerz: ‚Wie kann an den Himmel eropgoen?‘“ (dat ass, fir Christus erofzehuelen),

7 oder: „Wie kann an déi onendlech Déift erofgoen?“ (dat ass, fir Christus vun den Doudegen zeréckzehuelen).

8 Mee wat seet d’Schrëft? „D’Wuert ass dir no, an dengem Mond an an dengem Häerz.“ Dat hei ass d’Botschaft vum Glawen, déi mir verkënnegen:

- 9 Wann s du mat dengem Mond den Här Jesus bekenns an an dengem Häerz gleefs, datt Gott hie vun den Doudegen operstoe gelooss huet, da gëss du gerett.
- 10 Mam Häerz gleeft een nämlech an da gëtt ee gerechtgesprach; mam Mond bekennt een an da gëtt ee gerett.
- 11 D'Schrëft seet nämlech: „Wien un hie gleeft, gëtt net enttäuscht.“
- 12 Et gëtt nämlech keen Ënnerscheid tëschent Judd a Griich, well deeselwechten Här Här vu jidderengem ass. Hien ass mat jidderengem generéis, dee sech op hie beriff.
- 13 „Jiddereen, dee sech op den Numm vum Här beriff, gëtt gerett.“
- 14 Mee wéi solle si sech op dee beruffen, un dee si net gleewen? Wéi solle si un dee gleewen, vun deem si näischt héieren hunn? Wéi solle si héieren ouni een, deen hinne priedegt?
- 15 Wéi solle si priedegen, wa si net geschéckt goufen? Esou wéi geschriwwe steet: „Wéi wëllkomm sinn d'Féiss vun deenen, déi Fridde verkënnegen, déi d'gutt Noriicht vu Guddem verkënnegen!“
- 16 Si hunn awer net alleguer der gudder Noriicht gefollegt. De Yesaia seet: „Här, wien huet eiser Priedegt gegleeft?“
- 17 De Glawe kënnt duerch d'Priedegt an d'Priedegt duerch d'Wuert vu Gott.
- 18 Ech froen awer: Hu si net héieren? Ma sécher! „Hir Stëmm ass uechter d'Welt gaangen an hir Wieder bis un d'Enn vun der Äerd.“
- 19 Mee ech froen: Huet Israel net verstanen? Fir d'éischt sot de Moses: „Ech wëll iech jalous maachen op e Vollek, dat keent ass; iwwert e Vollek, dat näischt versteet, wëll ech iech rose maachen.“
- 20 De Yesaia traute sech esouguer ze soen: „Ech gouf vun deene fonnt, déi mech net gesicht hunn an deenen, déi net no mir gefrot hunn, gouf ech sichtbar.“
- 21 Mee iwwert Israel seet hien: „De ganzen Dag hunn ech meng Hänn no engem Vollek ausgestreckt, dat net follegt an tockeg ass.“

Réimer 11

Gott huet Israel net verstouss

- 1 Soen ech elo, datt Gott säi Vollek verstouss huet? Op kee Fall! Ech sinn nämlech och en Israelit, en Nokomme vum Abraham, vum Stamm Benjamin.

² Gott huet säi Vollek, dat hie virun der Zäit kannt huet, net verstouss. Oder wësst dir net, wat d'Schrëft iwwert den Elia seet? Hien huet sech jo bei Gott iwwert Israel beklot:

³ „Här, si hunn deng Prophéiten ëmbruecht an hunn deng Altär|Altor ofgerappt. Ech eleng sinn iwwereg bliwwen, an och mech probéiere si ëmzebréngen.“

⁴ Mee wat äntwert Gott him? „Ech hunn nach ëmmer siwendausend Männer, déi sech net virum Baal vernäipt hunn.“

⁵ Geneesou gött et zu dëser Zäit e Rescht, deen duerch Gnod auserwilt ass.

⁶ Mee wann et duerch Gnod ass, dann ass et net duerch Doten, soss ass d'Gnod keng Gnod méi. Mee wann et duerch Dote wier, da wier et net duerch d'Gnod, soss wier d'Dot keng Dot méi.

⁷ Wat elo? Israel huet net dat kritt, wat et gesicht huet. Déi Auserwilt hunn et awer kritt an déi, déi iwwereg bleiwen, goufe verbruet.

⁸ Esou wéi et geschriwwen steet: „Gott huet hinne bis haut e schléifrege Geescht ginn, Aen, fir datt si net gesinn, an Oueren, fir datt si net héiere sollen.“

⁹ Esou wéi den David seet: „Hiren Dësch soll hinnen zur Fal an zum Strack, zum Stolpersteen an zur Strof ginn!“

¹⁰ Hir Ae solle blann ginn, fir datt si näischt méi gesinn. Hir Récker solle fir ëmmer kromm sinn.“

D'Beispill vum wëllen a vum geziichten Olivebam

¹¹ Ech froen also: Ass Israel esou getrollt, datt et gefall ass? Op kee Fall! Villméi ass duerch hir Iwwerriedung d'Rettung bei d'Net-Judde komm, fir d'Judde jalous ze maachen.

¹² Wann hir Iwwerriedung Räichtum fir d'Welt bedeit an hire Verloscht Räichtum fir d'Net-Judden, wéi vill méi Räichtum bedeit dann hir vollstänneg Zuel?

¹³ Ech schwätze mat iech, Net-Judden! Als Apostel fir d'Net-Judden, verherrlechen ech mäin Déngscht,

¹⁴ an der Hoffnung, iergendwéi mäin eegent Vollek jalous ze maachen an esou en etlech vun hinnen ze retten.

¹⁵ Wann nämlech hiren Ausschloss Versöhnung fir d'Welt bedeit, wat ass et dann eréischt, wa Gott si unhëlt? Et ass dann näischt anesches ewéi Liewe vun den Doudegen.

¹⁶ Wann déi éischt Portioun vum Deeg, déi geaffert gött, helleg ass, dann ass och de ganzen Deeg helleg. Wann d'Wuerzelen helleg sinn, da sinn och d'Äscht helleg.

- 17 Wann awer munch Äscht ofgebrach goufen an du als Aascht vum wëllen Olivebam ënnert si geprafft goufs a mat hinnen un der Wuerzel an um Saaft vum Olivebam deelhëls,
- 18 da sief net iwwerhiefléch géintiwuer deenen aneren Äscht! Wann s du awer iwwerhiefléch bass, da vergiess net: Du dréis net d'Wuerzel, mee d'Wuerzel dréit dech.
- 19 Elo wäerts du soen: „Et goufen Äscht ofgebrach, fir datt ech geprafft kéint ginn.“
- 20 Richteg! Si goufe wéinst Onglawen ofgebrach, mee du stees opgrond vum Glawen. Sief net agebild, mee hief Angscht.
- 21 Wa Gott nämlech déi natierlech Äscht net verschount huet, da verschount hien och dech bestëmmt net.
- 22 Kuck elo wéi gutt a wéi streng Gott ass! Hien ass streng mat deenen, déi gefall sinn, mee mat dir ass hie gutt, wann s du a senger Guttheet bleifs, soss gëss och du erausgeschnidden.
- 23 Och si gi geprafft, wa si net an hirem Onglawe bleiwen, well Gott si nees praffe kann.
- 24 Wann s du aus engem wëllen Olivebam geschnidde goufs a géint d'Natur an e geziichten Olivebam geprafft goufs, ëm wéi vill méi kënnen dann déi natierlech Äscht nees an hiren eegenen Olivebam geprafft ginn?

Ganz Israel gëtt gerett

- 25 Geschwëster, ech wëll net, datt dir am Onwëssen iwwert dëst Geheimnis bleift, fir datt dir iech net selwer fir weis haalt: Israel ass deelweis verbruet, bis datt déi ganz Zuel vun den Net-Judden eragaangen ass.
- 26 Esou gëtt ganz Israel gerett, wéi et geschriwwe steet: „Den Erléiser kënnt aus Zion an hien hëlt d'Gottlosegkeet vu Jakob ewech.
- 27 Dat hei ass mäiBond mat hinnen, wann ech hir Sënnen ewechhuelen.“
- 28 Wat d'gutt Noriicht ugeet, si si wéinst ärer Feinde vu Gott, mee wat d'Auserwielung ugeet, huet Gott si wéinst hire Virfuere gär.
- 29 D'Gowen an d'Beruffung vu Gott sinn nämlech onwidderrufflech.
- 30 Geneesou wéi dir deemools Gott net gefollegt hutt, mee elo Erbaarmen erwise krut, och wann Israel net gefollegt huet,
- 31 geneesou huet och Israel net gefollegt, fir datt och si duerch d'Erbaarmen, dat dir erwise krut, Erbaarmen erwise kréien.
- 32 Gott huet nämlech jiddereen dozou bruecht, net ze follegen, fir datt hie sech jidderengem erbaarme kéint.

33 O wéi déif sinn de Räichtum, d'Wäisheet an d'Wesse vu Gott! Seng Uerteeler sinn net z'erfuerschen a seng Weeër sinn net ze verstoen!

34 „Wie kennt d'Gedanke vum Här? Oder wie ka säi Beroder sinn?“

35 „Wien huet Gott fir d'éischt eppes ginn, fir datt Gott hie misst erëmbezuelen?“

36 Alles besteet nämlech wéinst him, duerch hien a fir hien. Him sief d'Herrlechkeet fir éiweg! Amen.

Réimer 12

Lieweg Affer

1 Dofir fuerderen ech iech op, Geschwëster, duerch d'Erbaarme vu Gott äre Kierper als liewegen an hellegen Affer, dee Gott gefällt, him duerzebréngen. Dat ass äre verstännegen Déngscht.

2 Passt iech net dësem Zäitalter un, mee loosst iech duerch d'Erneuerung vun ärem Denke verwandelen, fir datt dir préiwen an erkenne kënn, wat de gudden, agreabelen a perfekte Wëlle vu Gott ass.

3 Duerch d'Gnod, déi mir gi gouf, soen ech jidderengem vun iech, net méi héich vu sech ze denken, wéi et sech gehéiert ze denken. Villméi soll säin Denke verstänneg sinn, esou wéi Gott u jiddereen eng Mooss vu Glawe verdeelt huet.

4 Esou wéi mir an engem Kierper vill Glidder hunn an net all d'Glidder déi nämmelecht Fonktioun hunn,

5 esou sinn och mir, déi mir zu vill sinn, ee Läif duerch Christus an als eenzel Glidder gehéiere mir een zum aneren.

6 Mir hu verschidde Gowen, déi der Gnod entspriechen, déi eis gi gouf: Wann d'Gof Prophezeiung ass, da soll si dem Glawen entspriechend gebraucht ginn;

7 wann d'Gof den Déngscht ass, da soll si gebraucht ginn, fir ze déngen; wann d'Gof d'Beléieren ass, da soll si gebraucht ginn, fir ze beléieren;

8 wann d'Gof d'Berodung ass, da soll si gebraucht ginn, fir ze beroden an z'encouragéieren; wann d'Gof d'Deelen ass, da soll dat mat Generositéit sinn; wann d'Gof d'Leedung ass, da soll ee säi Bescht ginn; wann d'Gof ass, fir Baarmhärzegkeet z'erweisen, da soll een dat mat Freed maachen.

D'Léift

9 D'Léift soll net falsch sinn. Haast dat Béist, haalt un deem Gudde fest.

- 10 Hutt een deen anere mat bridderlecher Léift gär. Iwwertreff t iech am Respekt, deen dir iech een deem aneren erweist.
- 11 Ären Äifer soll net noloossen, mee sidd äifreg am Geescht. Dénge dem Här.
- 12 Freet iech an der Hoffnung. Sidd am Leed gedëlleg. Haalt am Gebiet duer.
- 13 Deelt mat den Hellegen, déi an der Nout sinn. Sidd gaaschtfreundlech.
- 14 Seent déi, déi iech verfollegen; seent si a verflucht si net!
- 15 Freet iech mat deenen, déi sech freeën. Kräischt mat deenen, déi kräischen.
- 16 Sidd ënnertenee gläichgesënnt. Sidd net arrogant, mee associéiert iech mat den ënnerdéngege Leit. Haalt iech net selwer fir weis.
- 17 Bezuel t kengem Béises mat Béisem zeréck. Gitt uecht, dat ze maachen, wat an all de Mënschen hiren Ae gutt ass. Sidd bereet, virun all Mënsch dat Gutt ze maachen.
- 18 Wann et nëmme méiglech ass an esou wäit et vun iech ofhänkt, lieft mat all Mënsch am Fridden.
- 19 Léif Leit, rächt iech net, mee loosst der Roserei vu Gott Plaz. Et steet nämlech geschriwwen: „Et ass u mir, fir mech ze rächen, an u mir, fir zeréckzebezuelen“, seet den Här.
- 20 Villméi, „wann däi Feind Hunger huet, da géff him z'iessen. Wann hien Duuscht huet, da géff him ze drénken. Wann s du dat méchs, da kéips du gliddeg Kuelen op säi Kapp op.“
- 21 Looss net dat Béist Här iwwert dech ginn, mee iwwerwann dat Béist duerch dat Gutt.

Réimer 13

Ënnerwerft iech den Autoritéite vu Gott

- 1 Jidderee muss sech den ieweschten Autoritéiten ënnerwerfen. Et gétt nämlech keng Autoritéit ausser déi, déi vu Gott ass, an déi, déi et gétt, ass vu Gott agesat ginn.
- 2 Wie sech also der Autoritéit widderst, stellt sech géint den Uerder vu Gott. Déi, déi sech géint hie stellen, bréngen d'Gericht iwwert sech selwer.
- 3 Déi, déi leeden, brauch een nämlech net ze fäerten, wann ee Guddes mécht, mee wann ee Béises mécht. Wëlls du keng Angscht virun den Autoritéiten hunn? Maach dat, wat gutt ass, da gëss du vun hinne gelueft.

⁴ Deen, dee leet, ass den Dénger vu Gott a fir däi Wuel do. Wann s du awer dat méchs, wat béis ass, dann hief Angscht! Hien dréit d'Schwäert nämlech net ëmsoss: Hien ass den Dénger vu Gott a bestrooft deen, dee Béises mécht.

⁵ Dofir musst dir net nëmme wéinst der Roserei follegen, mee och wéinst ärem Gewëssen.

⁶ Dofir bezuelt dir och Steieren, well d'Autoritéiten d'Dénger vu Gott sinn, déi an engem Stéck hir Aufgab erfüllen.

⁷ Bezuel jidderengem, wat dir him schëlleg sidd: Steieren, deenen dir Steiere schëlleg sidd; Zoll, deenen dir Zoll schëlleg sidd; Respekt, deenen dir Respekt schëlleg sidd; Eier, deenen dir Eier schëlleg sidd.

D'Léift ass de ganzen Ausdrock vum Gesetz

⁸ Sidd kengem eppes schëlleg, ausser een deen anere gär ze hunn, well wie säi Matmënsch gär huet, huet d'Gesetz erfüllt.

⁹ D'Geboter: „Briech d'Bestietnes net, andeems du friemgees; Ermort keen; Klau net; Begier net“, an all anert Gebot si mat där heiten Ausso zesummegefaasst: „Hief däin Nächste gär wéi dech selwer.“

¹⁰ D'Léift deet dem Nächsten näischt Béises. Dofir ass d'Léift de ganzen Ausdrock vum Gesetz.

¹¹ Maacht dat, well dir iwwert d'Zäit Bescheed wësst. D'Stonn ass schonn do, datt dir aus dem Schlof erwächt. Eis Rettung ass nämlech elo méi no wéi zur Zäit, an där mir fir d'éischt gegleeft hunn.

¹² D'Nuecht ass bal erlaanscht an den Dag ass nobäi, dofir solle mir d'Dote vun der Däischtert ofleeën an d'Rüstung vum Liicht undoen.

¹³ Loosst eis anstänneg liewen esou wéi während dem Dag, net mat exzessivem Gefeiss a Saufereien, net mat Houereien an engem verduerwene Liewen, net mat Streidereien an Näid.

¹⁴ Villméi ditt den Här Jesus Christus un an huet iech net vir, fir d'Verlaange vun der sënneger Natur zefriddenzestellen.

Réimer 14

Kee soll säi Brudder zu Fall bréngen

¹ Huet deen un, deen am Glawe schwaach ass, an diedegt net iwwert verschidde Meenungen.

² Deen ee gleeft, alles iessen ze kënnen, mee dee Schwaachen ësst nëmme Geméis.

- 3 Wien alles  sst, soll net op deen erofkucken, deen net alles  sst; a wien net alles  sst, soll deen net riichten, deen alles  sst, well Gott hien ugeholl huet.
- 4 Wie bass du, fir engem anere s in D nger ze riichten? Hie steet oder f lt viru sengem eegene Meeschter. Hie bleibt awer stoen, well Gott d'Kraaft huet, fir hien an der Riicht ze halen.
- 5 Eng Persoun mengt, datt munch Deeg m i helleg si w i anerer, an eng aner Persoun mengt, datt si all d'selwecht sinn. Jidderee soll vu senger Meenung iwwerzeegt sinn.
- 6 Wien e best mmten Dag anh lt, h lt e fir den H r an. Wien e best mmten Dag net anh lt, h lt e fir den H r net an. Wien alles  sst, m cht et fir den H r, well hie Gott Merci seet. Wien net alles  sst,  nnerl isst et fir den H r a seet Gott Merci.
- 7 Kee vun eis lieft n mlech fir sech selwer a kee vun eis stierft fir sech selwer.
- 8 Wa mir n mlech liewen, da liewe mir fir den H r. Wa mir stierwen, da stierwe mir fir den H r. Dofir, ob mir liewen oder stierwen, geh iere mir dem H r.
- 9 Dow inst ass Christus gestuerwen, operstanen an ass elo nees lieweg, fir datt hien den H r iwwert d i Doudeg an iwwert d i Lieweg ka sinn.
- 10 Firwat riichts du d i Brudder? Oder och: Firwat kucks du op d i Brudder erof? Mir w erten n mlech alleguer virum Riichterstull vu Christus stoen.
- 11 Et steet n mlech geschriwwen: „Esou s cher w i ech liewen“, seet den H r, „w ert all Kn i sech viru mir b ien an all Mond Gott bekennen.“
- 12 Dofir w ert jidderee vun eis Gott Rechenschaft iwwert sech selwer oflee n.
- 13 Loosst eis dofir net m i een deen anere riichten. Villm i sollt dir dat hei riichten: Et soll kee sengem Brudder en Hindernis an de Wee lee n oder hien zu Fall br ngen.
- 14 Ech weess a sinn och duerch den H r Jesus iwwerzeegt, datt vu sech aus n ischt onhelleg ass. Mee wann ee mengt, datt eppes onreng wier, dann ass et fir hien onreng.
- 15 Wann d i Brudder w inst deem, wat s du  ss, gekr nkt ass, da liefs du net m i opgrond vun der L ift. Zerst ier deen net duerch d in lessen, fir dee Christus gestuerwen ass.
- 16 Dofir soll net b is iwwert dat geschwat ginn, wat s du fir gutt h ls.
- 17 Am Kinnekr ich vu Gott geet et n mlech net  m lessen an Dr nken, mee  m Gerechtegkeet, Fridden a Freed am hellege Geesch.
- 18 Wie Christus esou d ngt, un deem huet Gott Freed an dee g tt vun de M nsche respekt iert.

- 19 Dofir solle mir deem nojoen, wat Fridde bréngt an een deen aneren erbaut.
- 20 Zerstéier d'Wierker vu Gott net wéinst lessen. Et ass jo alles reng, mee et ass fir dee Mënsch schiedlech, deen Ustouss hält un deem, wat hien ësst.
- 21 Et ass gutt, kee Fleesch z'iessen, kee Wäin ze drénken oder soss iergendeppes ze maachen, wouru sech däi Brudder stéisst, wat hie kränkt oder schwaach mécht.
- 22 Hues du eng Iwwerzeegung? Hal se fir dech viru Gott. Glécklech ass deen, dee sech net selwer riicht, fir dat, wat hie fir gutt hält!
- 23 Mee wien zweiwelt, ass veruerteelt, wann hien ësst, well et net aus Glawe geschitt. Alles, wat net aus Glawe gemaach gött, ass Sënn.

Réimer 15

- 1 Mir, déi mir staark sinn, si verflucht d'Schwächte vun de Schwaachen ze droen a sollen net fir eisen eegene Pleséier liewen.
- 2 Jidderee muss sengem Nächste géintiwuer déngschtbereet sinn, fir deem säi Wuel an hien esou z'erbauen.
- 3 Och Christus huet net fir säin eegene Pleséier gelieft, mee esou wéi et geschriwwe steet: „D'Beleidegung vum deenen, déi dech beleidegt hunn, sinn op mech gefall.“
- 4 Wat och ëmmer virdru geschriwwe gouf, gouf eis zur Léier geschriwven, fir datt mir duerch d'Gedold an den Trouscht aus der Schrëft Hoffnung kënnen hunn.
- 5 De Gott vum der Gedold a vum Trouscht soll iech et erméiglechen, ënnertenee gläichgesënnt ze sinn, esou wéi et Christus Jesus entsprécht,
- 6 fir datt dir mat enger Stëmm a mat engem Mond de Gott a Papp vum eisem Här Jesus Christus verherrlecht.
- 7 Dofir huet een deen aneren un, esou wéi Christus eis ugeholl huet zur Éier vu Gott.
- 8 Ech soen nämlech, datt de Jesus Christus en Dénger vum deBeschniddene|Beschneidung gouf, fir ze weisen, datt Gott d'Wourecht seet, fir d'Vesprieche un d'Pappen ze bestätegen,
- 9 a fir datt d'Net-Judde Gott wéinst senger Baarmhärzegheet luewen. Esou wéi et geschriwwe steet: „Dofir wëll ech dech ënnert den Net-Judde luewen an dengem Numm Lueflidder sangen.“
- 10 An nees seet d'Schrëft: „Freet iech, Net-Judden, mat sengem Vollek.“

11 An nees: „Lueft den Här, all dir Net-Judden! Lueft hien, all dir Vëlker!“

12 An nees seet de Yesaia: „D’Wuerzel vum Ischai schéisst aus. Hien erhieft sech, fir iwwert d’Net-Judden ze regéieren. D’Net-Judden hoffen dann op hien.“

13 De Gott vun der Hoffnung soll iech ganz mat Freed a Fridden duerch de Glawen erfëllen, fir datt dir Hoffnung iwwert all Mooss huttt duerch d’Kraaft vum hellege Geesch.

De Paul ass en Dénger vu Christus fir d’Net-Judden

14 Meng Geschwëster, ech si vun iech iwwerzeegt, datt dir voller Guttheet a voller Erkenntnes sidd a capabel sidd, een deen aneren ze beroden.

15 Geschwëster, iwwert munches hunn ech iech zimlech kéng geschriwwen, fir iech drun ze erënneren, datt ech duerch d’Gnod, déi Gott mir ginn huet,

16 en Dénger vum Jesus Christus fir d’Net-Judde sinn. Ech féieren deen hellegen Déngscht aus, d’gutt Noriicht vu Gott ze verkënnegen, fir datt d’Net-Judden en Affer ginn, dat Gott gefällt an dat duerch den hellege Geesch helleg gemaach gouf.

17 Dofir kann ech wéinst Christus Jesus viru Gott op mäin Déngscht houfreg sinn.

18 Ech géif mech nämlech net trauen, iwwert iergendeppes ze schwätzen, et sief dann iwwert dat, wat Christus duerch mech bewierkt huet: datt d’Net-Judden duerch Wuert an Dot,

19 duerch d’Kraaft vun Zeechen a Wonner an och duerch d’Kraaft vu Gott sengem Geesch follegen. Esou hunn ech vu Jerusalem aus un an engem Ëmkrees bis Illirien déi gutt Noriicht vu Christus iwwerall verkënnegt.

20 Dobäi ass et mäin Zil, d’gutt Noriicht do ze verkënnegen, wou den Numm vu Christus net bekannt ass, fir datt ech net op engem anere säi Fëllement bauen.

21 Et steet jo och an der Schrëft geschriwwen: „Déi, déi net vun him verzielt kruten, wäerte gesinn an déi, déi net héieren haten, wäerte verstoen.“

22 Dofir gouf ech dacks dovunner ofgehalen, fir bei iech ze kommen.

De Paul wëllt op Roum reesen

23 Mee elo, well ech an dëse Regiounen net méi gebraucht ginn a well ech och schonns zënter Joren duerno verlaangert hunn, bei iech ze kommen,

24 wëll ech iech gesinn, wann ech um Wee fir a Spuenie sinn. Ech hoffen nämlech, iech op menger Duerchrees ze gesinn a vun iech op mengem Wee fir a Spuenien gehollef ze kréien. Mee fir d’éischt wëll ech mech doriwwer freeën, bei iech ze sinn.

- 25 Elo ginn ech awer op Jerusalem, fir den Hellegen ze déngen.
- 26 Mazedonien an Achaia haten et nämlech fir gutt gehalten, eng Kollekt fir déi Aarm ënnert den Hellegen zu Jerusalem ze maachen.
- 27 Si hunn et gär gemaach a si sinn et hinnen och schëlleg. Wann d'Net-Judde vun de Judden hire geeschtleche Besëtz krut hunn, dann hunn d'Net-Judden och d'Flicht hire materielle Besëtz mat de Judden ze deelen.
- 28 Wann ech dës Flicht erfëllt hunn an hinnen d'Kollekt sécher iwverrecht hunn, kommen ech iech um Wee fir a Spuenie besichen.
- 29 Ech weess och, datt ech mam volle Sege vun der gudder Noriicht vu Christus kommen, wann ech bei iech kommen.
- 30 Geschwëster, ech fuerderen iech op duerch eisen Här Jesus Christus an duerch d'Léift vum Geescht, fir iech an äre Gebieder u Gott fir mech bei mech ze gesellen.
- 31 Biet, datt ech aus den Hänn vun den Ongleewegen a Judea gerett ginn, datt d'Kollekt, déi ech op Jerusalem bréngen, vun den Hellegen do ugeholl gëtt
- 32 an datt ech, wa Gott wëllt, mat Freed bei iech komme kann, fir bei iech ze raschten.
- 33 De Gott vum Fridde sief mat iech all. Amen.

Réimer 16

Perséinlech Gréiss

- 1 Ech recommandéieren iech eis Schwëster Phibi, déi eng Diakonin vun der Gemeinschaft zu Kenchrea ass.
- 2 Huet si am Här un, esou wéi et den Hellege wierdeg ass. Hëlleft hir och iwverall, wou si iech brauch. Si war nämlech villen eng Hëllef, dorënner och mir.
- 3 Gréisst d'Priska an den Aquila, meng Mataarbechter a Christus Jesus.
- 4 Si hu fir mech hiert eegent Liewen op d'Spill gesat. Net nëmmen ech sinn hinnen dankbar, mee och all d'Gemeinschafte vun den Net-Judden.
- 5 Gréisst d'Gemeinschaft, déi sech bei hinnen doheem trëfft. Gréisst mäi Frënd Epaenetos, deen ech gär hunn. Hie war deen Éischten a Klengasien, dee sech zu Christus bekéiert huet.
- 6 Gréisst d'Maria, dat ganz vill fir eis geschafft huet.

- 7 Gréisst den Andronicus an de Junias, déi och zu mengem Vollek gehéieren a Matprisonéier sinn. Si sinn ënnert den Apostele|Apostel gutt bekannt an hu sech scho viru mir zu Christus bekéiert.
- 8 Gréisst den Ampliatus, mäi Frënd, deen ech am Här gär hunn.
- 9 Gréisst den Urbanus, eise Mataarbechter a Christus, a mäi Frënd Stachus, deen ech gär hunn.
- 10 Gréisst den Apelles, dee sech a Christus bewäert huet. Gréisst all déi, déi zum Aristobulus sengem Stot gehéieren.
- 11 Gréisst den Herodion, deen zu mengem Vollek gehéiert. Gréisst all déi aus dem Narcissus sengem Stot, déi am Här sinn.
- 12 Gréisst d'Trypheena an d'Tryphosa, déi vill fir den Här geschafft hunn. Gréisst mäi Frënd Persis, deen ech gär hunn an dee vill fir den Här geschafft huet.
- 13 Gréisst de Rufus, dee vum Här auserwilt gouf, a seng Mamm, déi och mir eng Mamm ginn ass.
- 14 Gréisst den Asyncritus, de Phlegon, den Hermes, de Patrobas, den Hermas an d'Geschwëster, déi bei hinne sinn.
- 15 Gréisst de Philologus an d'Julia, den Nereus a seng Schwëster an och den Olympas an all déi Helleg, déi bei hinne sinn.
- 16 Gréisst een deen anere mat enger helleger Bees. All d'Gemeinschaften vu Christus loossen iech gréissen.
- 17 Geschwëster, ech fuerderen iech op: Gitt uecht op déi, déi Trennung verursaachen a Fale stellen, andeems si dat enseignéieren, wat géint d'Leier geet, déi dir geléiert hutt. Gitt deene Leit aus dem Wee!
- 18 Esou Leit déngen net eisem Här Jesus Christus, mee hirem Bauch. Si verfëieren duerch hiert schéint Schwätzen an hir geschéckerlech Rieden d'Häerzer vun den Onschëllegen.
- 19 Et huet nämlech jiddereen héieren, datt dir follegt. Dofir freeën ech mech iwwert iech. Ech wëll awer, datt dir weis sidd, wat dat Gutt ugeet, mee onschëlleg, wat dat Béist ugeet.
- 20 De Gott vum Fridden zertrëppelt geschwënn de Satan ënnert äre Féiss. D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat iech.
- 21 Den Timothée, mäi Mataarbechter, gréisst iech. Dat maachen och de Lucius, de Yasson an de Sosipater, déi och zu mengem Vollek gehéieren.
- 22 Ech, den Tertius, deen ech dëse Brëif opgeschriwwen hunn, gréissen iech och am Här.

23 De Gaius, dee mir an der ganzer Gemeinschaft seng Dieren opgemaach huet, gréisst iech och. Den Erastos, den Tresorier vun der Stad, an de Brudder Quartus loossen iech och gréissen.

24 D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat iech all. Amen.

25 Eier sief deem, deen iech stärke kann, laut menger gudder Noriicht an der Verkënnegung vum Jesus Christus, laut der Offenbarung vum Geheimnis, dat zënter Zäitaltere verstoppt gouf

26 an elo duerch d'prophéiteschSchrëften|Schrëft opgedeckt gouf laut dem Gebot vum éiwege Gott, dat all den Natioune bekanntgemaach gouf, fir datt si am Glawen him follegen.

27 Dem eenzege wise Gott sief duerch de Jesus Christus Eier an all Éiwegkeet. Amen.

1. Korinther

1. Korinther 1

1 Vum Paul, deen duerch de Wëlle vu Gott zum Apostel vum Jesus Christus beruff gouf, a vum Brudder Sosthenes,

2 un d'Gemeinschaft vu Gott, déi zu Korinth ass, un all déi, déi duerch Christus Jesus gehellegt goufen an als Helleger beruff sinn, zesumme mat all deenen, déi iwwerall den Numm vun eisem Här Jesus Christus uruffen (hien ass hiren an och eisen Här):

3 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus!

De Paul seet Gott Merci

4 Ech soe mengem Gott allzäit fir iech Merci wéinst der Gnod vu Gott, déi dir duerch Christus Jesus krut.

5 Duerch hie sidd dir nämlech an allem räich gemaach ginn; an allem, wat d'Wuert an d'Erkenntnes ugeet,

6 well d'Ausso iwwert Christus ënnert iech gefestegt gouf,

7 esou datt et iech u kenger Gof feelt, während dir gedëlleg op d'Erschéng vum eisem Här Jesus Christus waart.

8 Hie festegt iech och bis zum Schluss, fir datt dir um Dag vun eisem Här Jesus Christus irreprochabel sidd.

9 Gott ass trei, duerch deen dir zur Gemeinschaft mat sengem Jong, dem Jesus Christus, eisem Här, beruff gouft.

Sidd ganz enger Meenung an enges Sënns

10 Geschwëster, ech fuerderen iech op am Numm vun eisem Här Jesus Christus: Sidd iech all an deem, wat dir sot, eens; hutt kee Sträit ënnereneen a sidd ganz enges Sënns an enger Meenung.

11 Meng léif Geschwëster, ech gouf nämlech vum Chloé senge Leit informéiert, datt et Streidereien ënnert iech géif ginn.

12 Dat hei ass, wat ech mengen: Jidderee vun iech seet eppes anescht: „Ech ginn dem Paul no“, „Ech ginn dem Apollos no“, „Ech ginn dem Kefas no“, „Ech gi Christus no.“

13 Wéi? Ass Christus éiere gedeelt? Gouf éieren de Paul fir iech gekräizegt? Oder gouft dir éieren am Numm vum Paul gedeelt?

14 Ech soe Gott Merci, datt ech kee vun iech gedeeft hunn, ausser de Krispus an de Gaius,

15 fir datt kee vun iech soe kann, hie wier a mengem Numm gedeeft ginn!

16 (A jo, ech hunn och dem Stephanas säi Stot gedeeft. Soss wéisst ech keen, deen ech gedeeft hätt.)

17 Christus huet mech nämlech net geschéckt, fir ze deefen, mee fir d'gutt Noriicht ze priedegen, an dat net mat wise Rieden, fir datt d'Kräiz vu Christus net ëm seng Kraaft bruecht gött.

Christus ass d'Kraaft an d'Wäisheet vu Gott

18 D'Botschaft vum Kräiz ass nämlech Topegkeet fir déi, déi zerstéiert ginn, mee fir eis, déi gerett ginn, ass si d'Kraaft vu Gott.

19 Et steet nämlech geschriwwen: „Ech zerstéieren d'Wäisheet vun de Weisen an de Verstand vun den Intelligente verwerfen ech.“

20 Wou ass de Weisen? Wou ass de Léiermeeschter vum Gesetz ? Wou ass de Sträitmécher vun dësem Zäitalter? Huet Gott net d'Wäisheet vun dëser Welt zur Topegkeet gemaach?

21 Gott a senger Wäisheet huet virgesinn, datt d'Welt hien net erkenne géif unhand vun hirer eegener Wäisheet. Dofir huet et Gott gefall, déi Gleeweg duerch d'Topegkeet vun der Verkënnegung ze retten.

22 Während d'Judden en Zeeche fuerderen an d'Griiche Wäisheet sichen,

23 verkënnege mir Christus, dee gekräizegt gouf. Fir d'Judden ass hien e Stolpersteen a fir d'Griichen Topegkeet.

24 Fir déi awer, déi beruff sinn (Judde wéi och Griichen), ass Christus d'Kraaft vu Gott an d'Wäisheet vu Gott.

25 D'Topegkeet vu Gott ass nämlech méi weis wéi de Mënsch an d'Schwächt vu Gott ass méi staark wéi de Mënsch.

26 Geschwëster, denkt emol iwwert är Beruffung no: De mënschleche Kritären no waren der net vill vun iech weis, et waren der net vill vun iech mächtig an net vill vun iech koumen aus adelege Famillen.

27 Gott huet awer déi Topeg an der Welt erwielt, fir déi Weis ze blaméieren; Gott huet déi Schwaach an der Welt erwielt, fir déi Staark ze blaméieren;

28 Gott huet déi, déi an der Welt onwichtig sinn, an déi, déi veruecht ginn, (dat heescht, déi, déi näischt sinn) erwielt, fir deenen, déi eppes sinn, d'Muecht ze huelen,

29 fir datt kee Mënsch sech viru Gott bretze kann.

30 Wéinst senger sidd dir awer a Christus Jesus, dee fir eis d'Wäisheet, déi vu Gott kënnt, an och d'Gerechtegkeet, d'Hellegung an d'Erléisung gouf.

31 D'Zil dovunner ass dat hei, esou wéi et geschriwwe steet: „Wie sech bretzt, muss sech mam Här bretzen!“

1. Korinther 2

1 Geschwëster, wéi ech bei iech kouw, kouw ech net mat groussaartege Rieden oder Wäisheet, fir iech d'Ausso vu Gott ze verkënnegen.

2 Ech hat mir nämlech virgeholl, wéi ech bei iech war, iwwert näischt eppes ze wëssen ausser iwwert de Jesus Christus, dee gekräizegt gouf.

3 Ech kouw bei iech als e Mënsch, dee schwaach war, deen Angscht hat a vill geziddert huet.

4 Meng Ried a meng Verkënnegung waren net mat iwwerzeegende Wieder vun mënschlecher Wäisheet, mee mat mächtegem Beweis vum Geescht,

5 fir datt äre Glawen net op mënschlech Wäisheet, mee op d'Kraaft vu Gott gebaut géif sinn.

D'Wäisheet vum Geescht

6 Mir verkënnegen scho Wäisheet ënnert deenen, déi räif sinn, mee se ass keng Wäisheet vun dësem Zäitalter oder vun den Herrscher vun dësem Zäitalter, déi verginn.

7 Villméi verkënnegen mir d'Wäisheet vu Gott, déi duerch e Geheimnis verstoppt gouf an déi Gott virun den Zäitaltere fir eis Herrlechkeet virausbestëmmt hat.

8 Kee vun den Herrscher vun dësem Zäitalter huet se verstanen, well wa si se verstanen hätten, dann hätte si den Här vun der Herrlechkeet net gekräizegt.

9 Mee wéi et geschriwwe steet: „Et huet keen A gesinn, keen Ouer héieren an et ass och kengem Mënsch an de Sënn komm, wat Gott fir déi virbereet huet, déi hie gär hunn.“

10 Eis awer huet Gott dat alles duerch säi Geescht gewisen. De Geescht erfuerscht nämlech alles, esouguer d'Déifte vu Gott.

11 Wie vun de Mënsche weess, wat de Mënsch denkt, ausser de Geescht vum Mënsch, deen an him ass? Geneesou kennt och keen d'Gedanke vu Gott ausser dem Geescht vu Gott.

12 Mir hunn net de Geescht vun der Welt kritt, mee de Geescht, dee vu Gott kënnt, fir datt mir dat alles erkenne kënnen, wat Gott eis geschenkt huet.

13 Dovu schwätze mir och net mat Wierder, déi eis duerch mënschlech Wäisheet bäibruecht goufen, mee mat Wierder, déi eis den Hellege Geescht léiert. Esou erkläre mir deenen, déi nom Geescht liewen, dem Geescht säi Wierken.

14 De weltleche Mënsch hält dat net un, wat vum Geescht vu Gott kënnt, well et fir hien topeg ass. Hie kann et och net verstoen, well et nëmme mat der Hëllef vum Geescht erkannt ka ginn.

15 Deen, deen nom Geescht leeft, veruerteelt alles, mee hie selwer gött vu kengem veruerteelt.

16 Et steet nämlech geschriwwen: „Wie kennt d’Gedanke vum Här, fir him eppes bäizebréngen?“ Mir awer hunn d’Gedanke vu Christus.

1. Korinther 3

Net d’Dénger vu Gott si wichteg, mee Gott

1 Geschwëster, ech konnt awer net mat iech schwätzen wéi mat Mënschen, déi nom Geescht liewen, mee wéi mat weltleche Mënschen, wéi mat Puppelcher a Christus.

2 Ech hunn iech Mëllech ze drénke ginn a kee feste Kascht, well dir nach net prett fir d’lesse waart. Dir sidd elo nach ëmmer net prett,

3 well dir nach ëmmer weltlech sidd. Wann dir nämlech Näid, Streidereien an Ausernanersetzungen ënnereneen hutt, sidd dir dann net weltlech a leeft no mënschlecher Manéier?

4 Wann ee seet: „Ech ginn dem Paul no“, an en anere seet: „Ech ginn dem Apollos no“, sidd dir dann net weltlech?

5 Wien ass dann de Paul? Wien ass den Apollos? Si sinn dach nëmme Dénger, duerch déi dir zum Glawe komm sidd. Jidderee krut seng Roll vum Här:

6 Ech hunn de Som geséit, den Apollos huet genätzt, mee Gott huet e wuesse gedoen.

7 Et ass also weder deen, dee séit, nach deen, deen nätzt, wichteg, mee Gott, dee wuessen deet, ass wichteg.

8 Deen, dee séit, an deen, deen nätzt, sinn een an datselwecht. Mee all eenzele kritt dee Loun, dee senger Aarbecht entsprécht.

9 Mir sinn nämlech all d’Mataarbechter vu Gott. Dir sidd ewéi den Aker vu Gott, ewéi säi Gebai.

- 10 Opgrond vun der Gnod, déi ech vu Gott krut, hunn ech, ewéi e weise Baumeschter, d'Fëllement geluecht an en anere baut dorobber weider. Mee all Mënsch soll oppassen, wéi hien dorop baut.
- 11 Kee kann nämlech en anert Fëllement leeën, wéi dat, wat scho geluecht ass: de Jesus Christus.
- 12 Wie mat Gold, Sëlwer, Edelsteng, Holz, Hee oder Stréi op dëst Fëllement baut,
- 13 deem säi Wierk gött jidderengem kloer gewisen. Op deem Dag kënt en nämlech un d'Liicht, well en duerch d'Feier opgedeckt gött. D'Feier préift d'Qualitéit vu jidderengem sengem Wierk.
- 14 Wiem säi Wierk, deen hie gebaut huet, Stand hält, dee kritt eng Belounung.
- 15 Mee wiem säi Wierk verbrennt, deen erleit Verloscht. Hie selwer gött awer gerett, mee esou wéi een, deen duerch d'Feier dovu kënt.
- 16 Wësst dir net, datt dir den Tempel vu Gott sidd an datt de Geescht vu Gott an iech wunnt?
- 17 Wien den Tempel vu Gott zerstéiert, dee gött vu Gott zerstéiert. Den Tempel vu Gott ass nämlech helleg an dir sidd dësen Tempel.
- 18 Et soll kee sech täuschen. Wann een ënnert iech mengt, e wier weis an dësem Zäitalter, da muss hien en Topert ginn, fir weis ze ginn.
- 19 D'Wäisheet vun dëser Welt ass nämlech an den Ae vu Gott Topegheet. Et steet nämlech geschriwwen: „Hie fänkt déi Weis an hirer Luussegheet“,
- 20 an nach eng Kéier: „Den Här kennt d'Gedanke vun de Weisen a weess, datt si onnëtz sinn.“
- 21 Dofir däerf kee sech wéinst Mënsche bretzen! Et gehéiert jo alles iech:
- 22 Ob et de Paul, den Apollos, de Kefas, d'Welt, d'Liewen, den Doud, d'Géigewaart oder d'Zukunft ass, alles gehéiert iech.
- 23 Dir gehéiert Christus a Christus gehéiert Gott.

1. Korinther 4

Duerch d'gutt Noriicht ass de Paul hire Papp

- 1 Esou soll een eis gesinn: als Dénger vu Christus a Verwalter vun de Geheimnisser vu Gott.
- 2 Vun de Verwalter gött verlaangt, datt si sech als trei erweisen.

- 3 Mir ass et egal, ob ech vun iech oder vu soss iergendengem mënschleche Geriicht veruerteelt ginn. Ech veruerteele mech selwer och net.
- 4 Ech si mir selwer nämlech kenger Schold bewosst, mee dofir sinn ech net entlaascht. Et ass den Här, dee mech veruerteelt.
- 5 Riicht also näischt virun der Zäit, éier den Här kënnt. Hie bréngt dann dat, wat vun der Däischtert verstoppt gëtt, un d'Liicht an entbléisst d'Absichte vun den Häerzer. Da kritt jidderee Luef vu Gott.
- 6 Geschwëster, dat alles hunn ech wéinst ärer op mech an den Apollos iwwerdroen, fir datt dir vun eis léiert, net iwwert dat erauszegoen, wat geschriwwen steet, fir datt kee vun iech op Käschtchen vun engem aneren iwwerhieft si soll.
- 7 Wat mécht dech besser wéi déi aner? Wat hues du, wat s du net kritt häss? Wann s du et wierklech kritt hues, firwat bereims du dech däers, wéi wann s du et net kritt häss?
- 8 Dir sidd scho sat! Dir sidd scho räich! Dir sidd Kinneke ginn, och wa mir keng sinn! Ech wënsche mir, datt dir wierklech regéiere géift, fir datt och mir mat iech regéiere kéinten!
- 9 Mir schéngt et, datt Gott eis Apostelen|Apostel op déi lescht Plaz gestallt huet, wéi Männer, déi zum Doud veruerteelt sinn. Mir sinn nämlech fir d'Welt, d'Engelen|Engel an d'Mënschen zum Spektakel ginn.
- 10 Mir sinn Toperte wéinst Christus, mee dir, dir sidd weis a Christus! Mir si schwach, mee dir sidd staark! Dir gitt géiert, mee mir ginn entéiert!
- 11 Bis elo erhéngeren an erdiischtere mir, mir droe Fatzen, mir ginn zerschloen, mir sinn ouni Ënnerdaach
- 12 a mir schaffen haart mat eisen eegenen Hänn. Wa mir vernannt ginn, seene mir weiderhin. Wa mir verfollegt ginn, hale mir et aus.
- 13 Wa mir duerch den Dreck geschleeft ginn, bleiwe mir frëndlech. Mir si bis haut wéi den Offall vun der Welt a jidderengem säin Dreck ginn.
- 14 Ech schreiwen dat hei net, fir iech ze blaméieren, mee fir iech als meng Kanner, déi ech gär hunn, opmierksam ze maachen.
- 15 Och wann dir zéngtausend Erzéier a Christus hätt, hutt dir net vill Pappen. Ech gouf nämlech duerch d'gutt Noriicht äre Papp a Christus Jesus.
- 16 Dofir fuerderen ech iech op, fir et esou ze maache wéi ech.
- 17 Dowéinst hunn ech iech den Timothée geschéckt, mäi vertrauenswierdege Jong am Här, deen ech gär hunn. Hien erënnert iech u meng Liewensweis a Christus, esou wéi ech se a jidder Gemeinschaft iwwerall léieren.

- 18 Verschiddener vun iech sinn awer iwverhiefflech ginn, well se gemengt hunn, ech kéim net bei iech.
- 19 Mee wann den Här wéllt, kommen ech geschwë bei iech. Da wéll ech net erausfannen, wat d'Wierder vun dësen iwverhieffleche Leit sinn, mee wat hir Kraaft ass.
- 20 D'Kinnekräich vu Gott besteet nämlech net aus Wierder, mee aus Kraaft.
- 21 Wat hutt dir léiwer? Soll ech mat enger Rutt bei iech kommen oder mat Léift am Geescht vun der Duussheet?

1. Korinther 5

De Problem mat onerlaabtem Sex an der Gemeinschaft

- 1 Et gött esouguer verzielt, datt et onerlaabte Sex ënnert iech gött, an zwar esou eng Zort onerlaabte Sex, wéi ee se net emol ënnert den Net-Judde begéint, nämlech datt e Mann mat senger Stéifmamm schléift!
- 2 An dir sidd och nach agebild! Dir hätt besser gehat, traureg ze sinn, fir datt deen, deen esou eppes gemaach huet, aus ärer Mëtt verstouss géif ginn.
- 3 Och wann ech kierperlech net do sinn, sinn ech dach am Geescht bei iech an hunn iwwert dee Mann, deen esou eppes gemaach huet, schonn d'Uerteel gesprach, genesou wéi wann ech physesch do wier.
- 4 Wann dir am Numm vun eisem Här Jesus Christus versammelt sidd an ech am Geescht bei iech sinn, zesumme mat der Kraaft vun eisem Här Jesus Christus,
- 5 sollt dir esou e Mënsch un de Satan ausliwwere fir d'Zerstéierung vu sengem Läif, fir datt de Geescht gerett ka ginn um Dag vum Här Jesus.
- 6 Et ass net gutt, datt dir iech bretzt. Wësst dir net, datt e bësschenDeesseme ganze Deeg opgoen deet?
- 7 Schaaft den alen Deessem ewech, fir datt dir en neien Deeg kënt sinn, well dir jo ouni Deessem sidd. Christus, eistPassalamm|Passa, gouf nämlech fir eis geaffert.
- 8 Loosst eis d'Fest also net mam alem Deessem feieren, dem Deessem vun der Schlechtegkeet an der Béisaartegkeet, mee mamMatzebrout vun der Oprichtigegkeet an der Wourecht.
- 9 Ech hat iech jo am Bréif geschriwwen, datt dir näischt mat deene sollt ze dinn hunn, déi onerlaabte Sex hunn.

10 Ech hat do net déi an der Welt gemengt, déi onerlaabte Sex hunn, oder déi, déirangsteg sinn, klauen oder Götzen ubieden – soss misst der iech jo aus der Welt zeréckzéien.

11 Wat ech wierklech geschriwwen hat, war, datt dir näischt mat engem, dee sech Brudder nennt, sollt ze dinn hunn, wann hien onerlaabte Sex huet, rangsteg ass, Götzen ubiet, aner Leit duerch den Dreck schleeft, en Drénker oder e Raiber ass. Mat esou engem sollt dir emol net zesummen iessen.

12 Wat geet et mech un, déi baussent der Gemeinschaft ze riichten? Sollt dir net déi riichten, déi bannent der Gemeinschaft sinn?

13 Gott riicht déi baussent der Gemeinschaft. Dowéinst „schaaft de Béise fort aus ärer Mëtt.“

1. Korinther 6

Regelt Sträit ënnert iech selwer

1 Wéi kann ee vun iech, deen eng Plainte géint en anere vun iech gemaach huet, sech trauen, virun d'Gericht vun den Ongerechten ze goen amplaz virun déi Helleg?

2 Wësst dir net, datt déi Helleg d'Welt enges Daags riichten? Wann d'Welt vun iech geriicht gëtt, sidd dir dann éieren net amstand, dës Klenggekeiten ze riichten?

3 Wësst dir net, datt mir Engele|Engel riichte wäerten? Ëmsou méi dann, d'Affairë vum Alldag!

4 Wann dir also en Uerteel iwwert Affairë vum Alldag braucht, da bréngt se dach viru Männer, déi vun der Gemeinschaft veruecht ginn!

5 Ech soen dat zu ärer Schan! Et kann dach net sinn, datt et keen ënnert iech gëtt, dee weis genuch ass, e Sträit téschent senge Geschwëster ze regelen!

6 Amplaz dovunner geet ee Brudder géint en anere viru Gericht an dat och nach virun Ongleeweger!

7 De Fait, datt dir ee géint deen anere Prozess féiert, ass schon Nidderlag genuch. Firwat erdot dir net léiwer d'Onrecht? Firwat loosst dir iech net éischer bedréien?

8 Amplaz dovunner dot dir Onrecht a bedréit – an dat maacht dir mat äre Geschwëster!

9 Wësst dir net, datt déi Ongerecht d'Kinnekräich vu Gott net ierwen? Loosst iech net täuschen! Déi, déi onerlaabte Sex hunn, Götzen ubieden, am Bestietnes friemginn, ënnerdéngeg oder dominant Homosexueller sinn,

10 déiRangsteg, d'Déif, d'Sëffer, déi, déi aner Leit duerch den Dreck schleefen, an d'Raiber ierwen d'Kinnekräich vu Gott net.

11 Muncheree vun iech war fréier esou! Mee dir gouft gewäsch, dir gouft gehellegt, dir krut Gerechtegkeet zougesprach duerch den Numm vum Här Jesus an duerch de Geescht vun eisem Gott.

Onerlaabte Sex

12 „Alles ass mir erlaabt“, mee net alles ass nätzlech. „Alles ass mir erlaabt“, mee ech gi vun näischt beherrscht.

13 „D'lessen ass fir de Bauch geduecht an de Bauch fir d'lessen.“ Mee Gott zerstéiert se allebéid. De Kierper ass net fir onerlaabte Sex geduecht, mee fir den Här, an den Här fir de Kierper.

14 Gott huet den Här operstoe gelooss an duerch seng Kraaft wäert hien och eis operstoe loossen.

15 Wësst dir net, datt är Kierpere Glidder vu Christus sinn? Soll ech also d'Glidder vu Christus huelen a si zu Glidder vun enger Houer maachen? Op kee Fall!

16 Oder wësst dir net, datt deen, dee sech mat enger Houer vereent, ee Läif mat hir gött? Hie seet nämlech: „Déi Zweek ginn ee Läif.“

17 Mee wie mam Här vereent ass, ass ee Geescht mat him.

18 Laaft virum onerlaabte Sex fort! All aner Sënn, déi e Mënsch begeet, ass baussent dem Kierper, mee wien onerlaabte Sex huet, sënnegt géint säin eegene Kierper.

19 Oder wësst dir net, datt äre Kierper den Tempel vum hellege Geescht ass, deen an iech wunnt an deen dir vu Gott krut? Dir gehéiert net iech selwer,

20 well dir gouft fir en deiere Präis kaf. Verherrlecht dofir Gott mat ärem Kierper a mat ärem Geescht, déi allen zwee Gott gehéieren.

1. Korinther 7

D'Bestietnes

1 Wat elo d'Fro ugeet, vun där dir mir geschriwwen hutt: „Ass et gutt, datt e Mann net mat enger Fra schléift?“

2 Fir onerlaabte Sex ze vermeiden, muss all Mann mat senger eegener Fra schlofen an all Fra mat hirem eegene Mann.

3 De Mann muss senger Fra déi kierperlech Léift ginn, déi hien hir schëlleg ass, an och d'Fra hirem Mann.

- 4 D’Fra verfüügt net iwwer hiren eegene Kierper, mee hire Mann. Geneesou verfüügt de Mann och net iwwert säin eegene Kierper, mee seng Fra.
- 5 Enthaalt iech net ee vun deem aneren, ausser dir sidd iech eens, dat fir eng bestëmmten Zäit ze maachen, fir iech op d’Faaschten an op d’Gebiet ze konzentréieren. Kommt duerno nees zesummen, soss kéint de Satan iech verféieren, well dir iech net enthale kënnt.
- 6 Dat soen ech iech als Zougständnes, net als Gebot.
- 7 Ech wënsche mir, all Mënsch wier esou wéi ech. Mee all eenzelen huet seng eege Gof vu Gott kritt: deen een huet déi eng an deen aneren déi aner.
- 8 Deenen, déi net bestuet sinn, an och de Witfrae soen ech, datt et gutt ass, datt si esou bleiwen, wéi ech et sinn.
- 9 Mee wa si sech net enthale kënnen, da musse si sech bestueden. Et ass nämlech besser, sech ze bestueden, wéi vu Loscht ze verbrennen.
- 10 Deenen, déi bestuet sinn, befeelen ech dat hei (net ech, mee den Här): Eng Fra soll sech net vun hirem Mann trennen.
- 11 Mee wa si sech trennt, da muss si onbestuet bleiwen oder sech mat hirem Mann versöhnen. Och e Mann soll sech net vu senger Fra scheede loossen.
- 12 Deenen aneren awer soen ech (an net den Här): Wann e Brudder eng ongleeweg Fra huet a si ass averstanen, fir mat him zesummenzeliewen, soll hie sech net vun hir scheede loossen.
- 13 A wann eng Fra en ongleewege Mann huet an hie bereet ass, mat hir zesummenzeliewen, soll si sech net vun him scheede loossen.
- 14 Den ongleewege Mann ass nämlech duerch d’Fra gehellegt an déi ongleeweg Fra ass duerch de Mann gehellegt. Soss wieren d’Kanner onreng, mee esou si si helleg.
- 15 Wann den ongleewege Partner sech awer trenne wëllt, da looss hie sech trennen. An esou engem Fall ass e Brudder oder eng Schwëster net gebonnen. Gott huet eis dozou beruff, am Fridden ze liewen.
- 16 Fra, wéi kanns du wëssen, ob s du däi Mann rette kanns? Oder Mann, wéi kanns du wëssen, ob s du deng Fra rette kanns?
- 17 Jidderee soll dat Liewe féieren, dat Gott him zouggeschriwwen huet, wéi den Här hie beruff huet. Esou befeelen ech et an all de Gemeinschaften.
- 18 War ee schobeschnidden|Beschneidung, wéi hie beruff gouf? Da soll hie sengBeschneidung net réckgäנגeg maachen. War een onbeschnidden, wéi Gott hie beruff huet? Da soll hien net beschnidde ginn.
- 19 Et kënnt net dorobber un, ob ee beschnidden ass oder net, mee dorop, datt een d’Geboter vu Gott anhält.

- 20 Jidderee soll an deemselwechte Stand bleiwen, an deem hie beruff gouf.
- 21 Waars du e Sklav, wéi s du beruff goufs? Maach dir näischt doraus. Mee wann s du fräi kanns ginn, da profitéier dovunner.
- 22 Wie Sklav war, wéi hie vum Här beruff gouf, ass e fräie Mënsch vum Här. Ëmgedréit och: Wie fräi war, wéi hie beruff gouf, ass e Sklav vu Christus.
- 23 Dir gouft fir en deiere Präis kaf. Gitt net d'Sklave vu Mënschen.
- 24 Geschwëster, all Mënsch soll viru Gott an deem Stand bleiwen, an deem hie beruff gouf.
- 25 Elo zur Fro iwwertJongfraen|Jongfra : Dozou hunn ech kee Gebot vum Här. Ech deelen iech awer meng Meenung mat, als een, op dee Verlooss ass wéinst der Baarmhärzegkeet vum Här.
- 26 Wéinst der imminenter Nout mengen ech, datt et gutt ass, datt e Mënsch an deem Stand bleift, an deem hien ass.
- 27 Hues du eng Fra? Da sich keng Trennung. Hues du keng Fra méi? Da sich keng Fra.
- 28 Wann s du dech awer bestiits, da sënnegs du net. Wann eng Jongfra sech bestit, da sënnegt si net. Bestuete Leit erliewen awer an dësem Liewe Leed an ech wëll iech dat erspueren.
- 29 Geschwëster, ech soen iech awer dat hei: D'Zäit ass knapp. Vun elo u sollen déi, déi eng Fra hunn, esou liewen, wéi wa si keng hätten;
- 30 déi, déi kräischen, wéi wa si net kräische géifen; déi, déi frou sinn, wéi wa si net frou wieren; déi, déi kafen, sollen net kafen, fir ze besetzen;
- 31 déi, déi sech d'Welt zu Notze maachen, solle se net benotzen, fir se auszenotzen, well d'Form vun dëser Welt vergeet.
- 32 Ech wëll, datt dir ouni Suerge sidd. Den onbestuete Mann ass ëm d'Affäre vum Här besuergt – wéi hien him gefale kann.
- 33 Mee de bestuete Mann ass ëm d'Affäre vun der Welt besuergt – wéi hie senger Fra gefale kann.
- 34 Tëschent enger bestueter Fra an enger Jongfra gëtt et och en Ënnerscheid: Déi onbestuete Fra ass ëm d'Affäre vum Här besuergt – fir souwuel am Kierper wéi och am Geescht helleg ze sinn. Mee déi bestuete Fra ass ëm d'Affäre vun der Welt besuergt – wéi si hirem Mann gefale kann.
- 35 Ech soen dat fir äert eegent Gutt, net fir iech e Stréck ëm den Hals ze leeën, mee fir datt dir éierbar a mat ganzem Häerz dem Här ouni Oflenkung déngt.

36 Wann awer e Mann mengt, hie géif sech senger Verloobte géintiwuer onpassend behuelen, a wa säi Verlaangen no hir ze staark ass, da soll et esou sinn: Hie soll dat maachen, wat hie wëlles hat. Hie sënnegt net. Si solle sech bestueden.

37 Wann awer e Mann a senger Entscheidung standhaft bleibt, keen Drang verspiert, Meeschter iwwert säin eegene Wëllen ass a sech dofir a sengem Häerz entscheet huet, seng Verloobten onberéiert ze loossen, dann ass dat an der Rei.

38 Wien also seng Verloobte bestit, handelt richteg a wie seng Verloobten net bestit, handelt besser.

39 Eng Fra ass gesetzlech un hire Mann gebonnen, esoulaang hie lieft. Mee wann hire Mann stierft, dann ass si fräi, fir sech mat deem ze bestueden, mat deem si wëllt, mee nëmme mat Gläichgesënnten am Här.

40 Menger Meenung no ass si méi glécklech, wa si esou bleibt, wéi si ass. Ech denken, datt ech jo och de Geescht vu Gott hunn.

1. Korinther 8

Fleesch, dat de Gëtze geaffert gouf

1 Wat elo d'Fleesch ugeet, dat de Gëtze geaffert gouf, wësse mir: „Mir hunn alleguer Erkenntnes.“ Erkenntnes mécht d'Leit iwwerhiefléch, mee d'Léift baut d'Leit op.

2 Wann ee mengt, eppes ze wëssen, da weess hien nach näischt esou, wéi hien et misst wëssen.

3 Wann een awer Gott gär huet, dann ass dee vu Gott erkannt.

4 Wat elo d'lesse vum Fleesch, dat de Gëtze geaffert gouf, ugeet, wësse mir: „Et gött kee Gëtzen an dëser Welt“, an: „Et gött kee Gott, ausser deem engen.“

5 Och wann et sougenannte Gëtter am Himmel an op der Äerd gött (esou wéi et jo vill „Gëtter“ a vill „Hären“ gött),

6 gött et fir eis nëmme ee Gott, de Papp, vun deem alles kënnt a fir dee mir liewen, an een Här, de Jesus Christus, duerch deem alles existéiert an duerch dee mir liewen.

7 Mee net jiddereen huet dës Erkenntnes. Verschidde Leit stinn nach ënner dem Afloss vun der Gëtzenubiedung an hu bis elo giess, wéi wann d'Fleesch de Gëtze geaffert gi wier an esou gouf hiert schwaacht Gewësse befleckt.

- 8 D'lesse beaflosst awer net eis Positioun viru Gott. Wa mir iessen, da gewanne mir näischt a wa mir net iessen, da verléiere mir näischt.
- 9 Gitt awer uecht, datt äert Recht op kee Fall zum Verhängnis fir déi Schwaach gött.
- 10 Wann een dech, deen s du d'Erkenntnes hues, an engem Götzentempel iesse gesäit, wäert da säi schwaacht Gewässen net dozou verleet ginn, fir dat z'iessen, wat de Gëtze geaffert gouf?
- 11 Wéinst denger Erkenntnes geet de schwaache Brudder, fir dee Christus gestuerwen ass, zu Grond.
- 12 Wann dir iech esou géint är Geschwëster versënnegt an hiert schwaacht Gewässe verletzt, da sënnegt dir géint Christus.
- 13 Fir zesammenzefaassen: Wann d'lesse mengem Brudder zum Verhängnis gött, dann iessen ech ni méi Fleisch, fir datt ech mengem Brudder net zum Verhängnis ginn.

1. Korinther 9

D'Rechter vun engem Apostel

- 1 Sinn ech net enApostel ? Sinn ech net fräi? Hunn ech net eisen Här Jesus Christus gesinn? Sidd dir net mäi Wierk fir den Här?
- 2 Wann ech fir anerer net en Apostel sinn, da sinn ech op mannst ee fir iech! Dir sidd de Sigel vu mengem Déngscht als Apostel vum Här.
- 3 Dat hei ass meng Verdeedegung virun deenen, déi mech a Fro stellen:
- 4 Hu mir net d'Recht dorop, lessen an Drénken ze kréien?
- 5 Hu mir net d'Recht dorop, eis gleeweg Fra matzehuelen, esou wéi déi aner Apostelen an och dem Här seng Bridder an de Kefas et maachen?
- 6 Oder sinn et just de Bar-Naba an ech, déi hiren eegenen Ënnerhalt verdénge mussen?
- 7 Wien zitt schonns op seng eege Käschten an de Krich? Wie setzt e Wéngert un, ouni d'Friichten dovunner z'iessen? Wien hitt eng Häerd, ouni d'Mëllech vun der Häerd ze drénken?
- 8 Schwätzen ech éiere just aus mënschlecher Perspektiv? Seet d'Gesetz dat net och?
- 9 Et steet nämlech am Gesetz vum Moses geschriwwen: „Du solls dem Uess beim Dresche kee Maulkuerf undoen.“ Ass Gott dann éieren em d'Uesse besuergt

- 10 oder seet hien dat net éischer fir eis? Wéinst eiser steet et nämlech geschriwwen, datt deen, dee plout, an der Hoffnung plout an deen, deen drescht, an der Hoffnung drescht, fir en Deel vum Ertrag ze kréien.
- 11 Wa mir geeschleche Som ënnert iech geséit hunn, ass et dann zevill verlaangt, datt mir vun ärem materielle Besëtz kréien?
- 12 Wann anerer d'Recht dorop hunn, en Deel vun ärem Besëtz ze kréien, wéi vill méi da mir? Mir hunn awer vun deem Recht kee Gebrauch gemaach, villméi hale mir alles aus, fir der gudder Noriicht vu Christus net am Wee ze stoen.
- 13 Wësst dir net, datt déi, déi am Tempel schaffen, hiert lesse vum Tempel kréien an datt déi, déi beim Altar déngen, en Deel vun deem kréien, wat geaffert gouf?
- 14 Geneesou huet den Här befuel, datt déi, déi d'gutt Noriicht verkënnegen, vun der gudder Noriicht lieve sollen.
- 15 Ech hunn awer vu kengem vun deene Rechter Gebrauch gemaach. Ech schreiwen dat hei och net, fir elo dovunner Gebrauch ze maachen. Ech wéilt nämlech léiwer stierwen, wéi datt ee mir deen ee Sujet, iwwert deen ech houfreg sinn, ewechhuele géif!
- 16 Ech ka mech net doriwwer bretzen, datt ech d'gutt Noriicht verkënnegen, well ech et maache muss. Et wier schrecklech fir mech, wann ech d'gutt Noriicht net verkënnegen géif!
- 17 Wann ech et fräiwëlleg maachen, dann hunn ech e Loun, mee wann ech et net fräiwëlleg maachen, da féieren ech just dat aus, wat mir uvertraut gouf.
- 18 Wat ass dann elo mäi Loun? Ma ganz einfach: datt ech d'Verkënnegung vun der gudder Noriicht gratis ka weiderginn, ouni vun de Rechter, déi mir duerch d'gutt Noriicht zoustinn, Gebrauch ze maachen.
- 19 Och wann ech fräi vun allem sinn, hunn ech mech selwer zum Sklav vu jidderengem gemaach, fir datt ech der méi gewanne kann.
- 20 Fir d'Jude gouf ech wéi e Judd, fir d'Judden ze gewannen. Fir déi, déi ënnert dem Gesetz stinn, gouf ech wéi een ënnert dem Gesetz, fir déi ënnert dem Gesetz ze gewannen.
- 21 Fir déi, déi ouni d'Gesetz liewen, gouf ech wéi een ouni d'Gesetz (och wann ech net fräi vu Gott sengem Gesetz sinn, mee ënnert dem Gesetz vu Christus sinn), fir déi ze gewannen, déi ouni d'Gesetz liewen.
- 22 Fir déi Schwaach gouf ech schwaach, fir déi Schwaach ze gewannen. Ech gouf alles fir all Mënsch, fir datt ech op all Manéier verschidde Leit gewanne kéint.

²³ Ech maachen dat alles wéinst der gudder Noriicht, fir datt ech mat iech dorunner deelhuele kann.

²⁴ Wësst dir net, datt déi, déi an enger Course lafen, alleguer lafen, mee datt nëmmen een de Präis kritt? Laaft esou, datt dir e gewannt.

²⁵ All Athlet, dee matmécht, ënnerwerft sech engem strikten Training. Hie mécht dat, fir e vergängleche Kranz ze kréien, mee mir maachen et, fir eng onvergänglech Kroun ze kréien.

²⁶ Dofir lafen ech net esou, wéi wann ech keen Zil hätt. Ech boxen net ewéi een, deen an d'Loft schléit.

²⁷ Villméi kristillegen ech mech a beherrsche mäi Läif, fir datt ech net selwer disqualifizéiert ginn, nodeems ech deenen aneren d'gutt Noriicht verkënnegt hunn.

1. Korinther 10

Sidd keng Götzenubieder

¹ Geschwëster, ech wëll, datt dir wësst, datt eis Virfueren all ënnert der Wollek waren an duerch d'Mier gounge.

² An der Wollek an am Mier hu si sech selwer als Nofolger vum Moses gedeef.

³ Si hunn all datselwecht geeschlecht lesse giess

⁴ an deeselwechte geeschlechen Dronk gedronk. Si hunn nämlech vum geeschleche Fiels gedronk, dee si begleet huet, an dee Fiels war Christus.

⁵ Gott war awer mat de meeschte vun hinnen net zefridden: Si si jo an der Wüst ëmkomm.

⁶ Alles dat ass eis als Beispill geschitt, fir datt mir net dat Béist begieren, esou wéi si et begiert hunn.

⁷ Sidd keng Götzenubieder, esou wéi en etlech vun hinnen et waren. Et steet jo geschriwwen: „D'Vollek huet sech gesat, fir z'iessen an ze drénken, an huet sech erhuewen, fir sech z'ameséieren.“

⁸ Mir däreffe keen onerlaabte Sex hunn, esou wéi en etlech vun hinnen onerlaabte Sex haten: An engem Dag sinn der dräianzwanzegtausend vun hinne gestuerwen.

⁹ Mir däreffen och Christus net op d'Prouf stellen, esou wéi en etlech vun hinnen et gemaach hunn: Si goufe vun de Schlaangen ëmbruecht.

- 10 Beklot iech net, esou wéi en etlech vun hinnen et gemaach hunn: Si goufe vum Zeristéierer ëmbruecht.
- 11 Dat alles ass geschitt, fir hinnen e Beispill ze ginn. Et gouf als Warnung niddergeschriwwen fir eis, déi mir um Enn vun den Zäitaltere liewen.
- 12 Dofir soll deen, dee mengt hie wier standhaft, oppassen, datt hien net fält.
- 13 Et huet iech nach keng Prouf getraff, déi e Mënsch iwwerfuerdert. Gott ass awer trei a léisst net zou, datt dir iwwert dat eraus gepréift gitt, wat dir aushale kënn. Hie schaaft villméi mat der Prouf och en Auswee, fir datt dir se erdroe kënn.
- 14 Dofir, meng léif Frënn, flücht virum Gëtzendéngscht!
- 15 Ech soen dat zu verstännege Leit. Beuerteelt selwer, wat ech soen!
- 16 Huele mir net mam Kellech vum Segen, iwwert dee mir e Segen ausschwätzen, Undeel um Blut vu Christus? An d'Brout, dat mir briechen, huele mir dann net mat deem Undeel um Läif vu Christus?
- 17 Mir, déi mir zu vill sinn, sinn nämlech ee Brout an ee Läif, well mir alleguer un deem enge Brout deelhuele.
- 18 Betruecht emol d'Vollek Israel: Huele déi, déi d'Affer iessen, net deel um Altar ?
- 19 Wat wëll ech domat soen? Wëll ech soen, datt d'Gëtzten eppes bedeiten? Oder datt d'lessen, dat un d'Gëtze geaffert gëtt, eppes bedeit?
- 20 Nee, wat ech soe wëll, ass, datt dat, wat d'Net-Judden afferen, un Dämonen an net u Gott geaffert gëtt. Ech wëll net, datt dir Gemeinschaft mat Dämonen hutt!
- 21 Dir kënn net vum Kellech vum Här an och vum Kellech vun Dämonen drénken! Dir kënn net um Dësch vum Här an och um Dësch vun Dämonen deelhuele!
- 22 Wëlle mir éieren den Här jalous maachen? Si mir éiere méi staark wéi hien?

All Mënsch soll nom anere kucken

- 23 „Alles ass mir erlaabt“, mee net alles ass nützlich. „Alles ass mir erlaabt“, mee net alles baut op.
- 24 Et soll keen no sech selwer kucken, mee all Mënsch soll nom anere kucken.
- 25 Iesst alles, wat um Fleeschmaart verkaf gëtt, ouni iech Froen ze stelle wéinst dem Gewëssen.
- 26 Et steet nämlech geschriwwen: „D'Äerd gehéiert dem Här an och alles, wat dran ass.“

- 27** Wann een Ongleewegen dech invitéiert an du wëlls goen, dann iess och alles, wat dir virgesat gëtt. Iess, ouni iech Froen ze stelle wéinst dem Gewëssen.
- 28** Wann awer een zu dir seet: „Dat Fleesch hei gouf Gëtze geaffert“, dann iess et net wéinst deem senger a wéinst dem Gewëssen, well: „D'Äerd gehéiert dem Här an och alles, wat dran ass.“
- 29** Ech schwätzen hei net vun dengem eegene Gewëssen, mee vun deem vum aneren. Firwat soll meng Fräiheet vun engem anere sengem Gewësse festgeluecht ginn?
- 30** Wann ech mat Dankbarkeet matiessen, firwat soll ech da wéinst deem vernannt ginn, fir dat ech dankbar sinn?
- 31** Ob dir elo iesst, ob dir drénkt oder egal wat dir maacht, maacht alles, fir Gott ze verherrlechen.
- 32** Sidd keen Ustouss fir d'Judden, fir d'Griichen oder fir d'Gemeinschaft vu Gott,
- 33** genesou wéi ech an allem op jidderee Rücksicht huelen: Ech sichen net dat, wat fir mech nätzlech ass, mee dat, wat fir vill Leit nätzlech ass, fir datt si gerett ginn.

1. Korinther 11

1 Maacht mir alles no, esou wéi och ech Christus alles nomaachen!

Eng Fro zur Kappbedeckung

- 2** Geschwëster, ech luewen iech, well dir iech un alles erënnert, wat ech iech sot, an iech un d'Traditiounen haalt, esou wéi ech iech se iwweginn hat.
- 3** Ech wëll, datt dir verstitt, datt de Kapp vun all Mann Christus ass, datt de Kapp vun der Fra de Mann ass an datt de Kapp vu Christus Gott ass.
- 4** Jidder Mann, dee biet oder prophezeit a säi Kapp bedeckt huet, entéiert säi Kapp,
- 5** mee jidder Fra, déi biet oder prophezeit an hire Kapp net bedeckt huet, entéiert hire Kapp. Et ass dann d'selwecht, wéi wa se de Kapp geschuer hätt.
- 6** Wann eng Fra hire Kapp net bedeckt huet, da soll si hir Hoer ofgeschnidde kréien; wann et fir si eng Schan ass, d'Hoer kuerz oder de Kapp geschuer ze hunn, da soll si de Kapp bedecken!
- 7** E Mann soll säi Kapp net bedecken, well hien d'Bild an d'Herrlechkeet vu Gott ass an d'Fra ass d'Herrlechkeet vum Mann.

- 8 De Mann koum nämlech net vun der Fra, mee d’Fra vum Mann
- 9 an de Mann ass och net fir d’Fra geschafe ginn, mee d’Fra fir de Mann.
- 10 Dofir soll d’Fra wéinst denEngelen|Engel en Zeeche vun Autoritéit op hirem Kapp droen.
- 11 Am Här ass awer weder de Mann vun der Fra onofhängeg nach d’Fra vum Mann.
- 12 Esou wéi d’Fra vum Mann koum, esou koum de Mann och duerch d’Fra op d’Welt; et kënnt awer alles vu Gott.
- 13 Decidéiert selwer: Passt et sech, datt eng Fra zu Gott biet an hire Kapp net bedeckt huet?
- 14 Léiert dann net esouguer d’Natur iech, datt et eng Schan fir de Mann ass, wann hie laang Hoer huet?
- 15 Wann eng Fra awer laang Hoer huet, ass dat net eng Eier fir si? Hir Hoer krut si nämlech, fir sech ze bedecken.
- 16 Wann ee mengt doriwwer streiden ze mussen – mir an och d’Gemeinschafte vu Gott hunn déi Gewunnecht net.

D’Moolzecht vum Här

- 17 Wat déi nächst Uweisung ugeet, déi ech iech ginn, hunn ech kee Luef fir iech: Är Versammlungen déngen net dozou, datt dir iech weiderentwéckelt, éischer schuede si iech.
- 18 Éischtens ass et mir zu Ouere komm, datt et verschidde Gruppen ënnert iech gëtt, wann dir als Gemeinschaft zesummekommt. Zum Deel gleewen ech dat och.
- 19 Et muss sinn, datt är Gemeinschaft opgespléckt gëtt, fir datt déi, déi unerkannt sinn, och erkennbar sinn!
- 20 Wann dir op därselwechter Plaz zesummekommt, ass et net, fir d’Moolzecht vum Här z’iessen.
- 21 Jiddereen esst direkt säin eegent lessen an dann ass deen een hongereg an deen anere voll.
- 22 Hutt dir éiere keen eegent Doheem, wou dir iessen an drénke kënnt? Oder wëllt dir d’Gemeinschaft vu Gott veruechten an déi blaméieren, déi näischt hunn? Wat soll ech iech soen? Soll ech iech éieren dowéinst luewen? Op kee Fall luewen ech iech dowéinst!
- 23 Ech hunn iech nämlech dat iwwerliwwert, wat ech vum Här krut: An der Nuecht, an där hie verrode gouf, huet den Här Jesus Brout geholl

- 24 an nodeems hie Merci dofir gesot hat, huet hien et gebrach a sot: „Huel! lesst! Dat hei ass mäi Läif, dee fir iech gebrach gött. Maacht dat hei als Erënnerung u mech.“
- 25 Hien huet datselwecht mam Kellech nom lesse gemaach a sot: „Dëse Kellech ass den neie Bond a mengem Blut. All Kéiers wann dir dovunner drénkt, da maacht et als Erënnerung u mech.“
- 26 All Kéiers wann dir dëst Brout iesst an aus dësem Kellech drénkt, verkënnegt dir den Doud vum Här, bis datt hie kënnt.
- 27 Wien dofir op eng onwierdeg Manéier vun dësem Brout ësst an aus dësem Kellech vum Här drénkt, dee mécht sech um Läif an um Blut vum Här schëlleg.
- 28 All Persoun muss sech selwer ënnert d'Lupp huelen an eréischt da ka si vum Brout iessen an aus dem Kellech drénken.
- 29 Wien op eng onwierdeg Manéier ësst an drénkt, ouni de Läif vum Här richteg ze uechten, deen ësst an drénkt sech säin eegent Geriichtsuerteel.
- 30 Dofir sinn der vill vun iech schwaach a krank an eng Partie vun iech si schonn dout!
- 31 Wa mir eis awer selwer geriicht hätten, da géife mir net geriicht ginn.
- 32 Wa mir awer geriicht ginn, gi mir vum Här zurechtgewisen, fir datt mir net mat der Welt veruerteelt ginn.
- 33 Dofir, meng Geschwëster, wann dir zesummekommt, fir z'iessen, da waart een op deen aneren.
- 34 Wann een hongereg ass, da soll hien doheem iessen, fir datt dir net zesummekommt, fir geriicht ze ginn. Wat déi aner Punkten ugeet, ginn ech iech weider Instruktiounen, wann ech kommen.

1. Korinther 12

D'Gowe vum Geescht

- 1 Geschwëster, ech wëll iech net am Onwësse loossen iwwert dat, wat vum Geescht kënnt.
- 2 Dir kënnt iech jo drun erënneren, datt dir, wéi dir nach net gegleeft hutt, zu de stomme Gëtzen higezunn an esouguer vun hinnen irgefëiert gouft.
- 3 Dofir wëll ech iech kloerstellen, datt keen, deen duerch de Geescht vu Gott schwätzt, soe kann, datt de Jesus verflucht ass. Et kann och kee soen, datt de Jesus Här ass, et sief dann duerch den hellege Geescht.

- 4 Et gi verschidde Gowen, mee et ass deeselwechte Geescht.
- 5 Et ginn och verschidden Déngschter, mee et ass deeselwechten Här.
- 6 Et ginn och verschidden Doten, mee et ass deeselwechte Gott, deen all d'Doten a jidderengem bewierkt.
- 7 Jidderee krut en Ausdrock vum Geescht, fir jidderengem nätzlech ze sinn.
- 8 Deen ee kritt e weist Wuert vum Geescht, fir et matzedeelen. En anere kritt duerch deeselwechte Geescht e Wuert vun der Erkenntnes, fir et matzedeelen.
- 9 En anere kritt Glawen duerch deeselwechte Geescht. En anere kritt Gowen, fir ze heelen duerch deeselwechte Geescht.
- 10 En anere kritt d'Fäegkeet, fir Wonner ze wierken; en anere kritt Prophezeiung; en anere kritt d'Fäegkeet, fir téscht de Geeschter z'ënnerscheeden; en anere kritt d'Fäegkeet, fir Sproochen aus verschiddene Sproochegruppen ze schwätzen; en anere kritt d'Fäegkeet, fir Sproochen z'iwwersetzen .
- 11 All dës Gowe ginn duerch een an deeselwechte Geescht bewierkt, deen all Gof u jidderee verdeelt, esou wéi hien et fir richtig hält.

De Kierper besteet aus ville Glidder

- 12 Esou wéi de Kierper jo eent ass, mee vill Glidder huet an all d'Glidder vun deem enge Kierper, och wann et der vill sinn, ee Kierper bilden, esou ass et och mat Christus.
- 13 Mir goufen nämlech duerch ee Geescht all an een eenzege Kierper eragedeef (egal ob mir Judden oder Griiche sinn, Sklaven oder Fräier) a mir all kruten aus engem Geescht ze drénken.
- 14 De Kierper besteet nämlech net aus engem Glidd, mee aus villen.
- 15 Wann de Fouss géif soen: „Ech si keng Hand, dofir sinn ech keen Deel vum Kierper“, da géif dat net heeschen, datt en net en Deel vum Kierper wier.
- 16 Wann d'Ouer géif soen: „Ech si keen A, dofir sinn ech keen Deel vum Kierper“, da géif dat net heeschen, datt et net en Deel vum Kierper wier.
- 17 Wann de ganze Kierper en A wier, wéi kéint en da wuel héieren? Wann de ganze Kierper en Ouer wier, wéi kéint en da wuel richen?
- 18 Taatsaach ass, datt Gott all d'Glidder, all eenzelt vun hinnen, am Kierper agesat huet, wou hie wollt.
- 19 Wa si all just ee Glidd wieren, wou wier dann de Kierper?
- 20 Taatsaach ass, datt et vill Glidder ginn, mee just ee Kierper.

- 21 D'A kann net zur Hand soen: „Ech brauch dech net!“ De Kapp kann och net zu de Féiss soen: „Ech brauch iech net!“
- 22 Am Géigendeel, et sinn déi Glidder vum Kierper, déi am schwächste schéngen, déi am néidegste sinn.
- 23 Deene Glidder, vun deene mir mengen, datt si net éierbar wieren, erweise mir eng gréisser Éier. Déi Glidder, déi net anstänneg sinn, behandle mir mat méi Anstand.
- 24 Eis Glidder, déi sech weise loossen, brauchen net esou behandelt ze ginn. Gott awer huet de Läif zesumme gesat an huet deem Glidd, deem d'Éier gefeelt huet, eng gréisser Éier erweisen,
- 25 fir datt et kee Sträit am Kierper gëtt. Amplaz vu Sträit sollen d'Glidder d'selwecht firenee suergen.
- 26 Wann ee Glidd leit, da leiden all d'Glidder mat him. Wann ee Glidd geéiert gëtt, da freeë sech all d'Glidder mat him.
- 27 Dir sidd de Kierper vu Christus an all eenzele vun iech ass en Deel dovunner.
- 28 Gott huet d'Glidder an der Gemeinschaft op folgend Manéier agesat: fir d'éischt Apostelen|Apostel, zweetens Prophéiten, drëttens Léiermeeschteren, duerno déi, déi Wonner wierken, duerno déi mat Gowen, fir ze heelen, déi, déi hëllef kënnen, déi, déi leede kënnen, an déi, déi Sproochen aus verschiddene Sproochegruppe schwätze kënnen.
- 29 Ass éiere jiddereen en Apostel? Ass éiere jiddereen e Prophéit? Ass éiere jiddereen e Léiermeeschter? Wierkt éiere jidderee Wonner?
- 30 Huet éiere jiddereen d'Gof, fir ze heelen? Schwätzt éiere jidderee lauter Sproochen? Kann éiere jiddereen iwwersetzen?
- 31 Strieft awer no deene méi wichtege Gowen.

D'Léift

An elo weisen ech iech nach e vill bessere Wee.

1. Korinther 13

- 1 Wann ech d'Sprooche vun de Mënschen oder denEngele|Engel schwätze kéint, mee keng Léift hätt, da wier ech ewéi e Gong, dee widdergëllt, oder e Jummdeckel, dee widderschaalt.
- 2 Wann ech d'Gof vun der Prophezeiung hätt, all d'Geheimnisser verstoe géif, alles erkenne géif a wann ech all de Glawen hätt, fir Bierger ze verréckelen, mee wann ech keng Léift hätt, da wier ech näscht.

- ³ Wann ech Habb a Gutt un déi Aarm géif verdeelen a wann ech mäi Kierper géif hierginn, fir verbrannt ze ginn, mee keng Léift hätt, da géif dat mir näischt notzen.
- ⁴ D'Léift ass gedëlleg an häerzensgutt. D'Léift gött net jalous. D'Léift bretzt sech net an ass net iwwerhiefléich.
- ⁵ D'Léift ass net taktlos a sicht net hiren eegene Virdeel. D'Léift léisst sech net provozieren an ass net nodroend.
- ⁶ D'Léift freet sech net iwwert d'Ongerechtegkeet, mee si freet sech iwwert d'Wourecht.
- ⁷ D'Léift erdréit alles, gleeft alles, hofft alles an hält alles aus.
- ⁸ D'Léift hält ni op. D'Prophezeiunge kommen op en Enn, d'Sproochen halen eng Kéier op an d'Erkenntnes kënnt op en Enn.
- ⁹ Mir erkennen nämlech nëmme stéckweis a mir prophezeien nëmme stéckweis,
- ¹⁰ mee wann d'Perfektion kënnt, kënnt dat, wat stéckweis ass, op en Enn.
- ¹¹ Wéi ech e Kand war, hunn ech wéi e Kand geschwat, wéi e Kand geduecht a wéi e Kand raisonnéiert, mee wéi ech erwuesse gouf, hunn ech dat Kanneregt hannert mir gelooss.
- ¹² Am Moment versti mir stéckweis, well mir an e Spigel kucken an en onkloert Bild gesinn, mee duerno versti mir, well mir engem vis-à-vis stinn. Elo erkennen ech nëmme stéckweis, mee dann erkennen ech ganz, esou wéi ech ganz erkannt gouf.
- ¹³ Elo bleiwen de Glawen, d'Hoffnung an d'Léift, dës dräi. Dat Gréisst vun deenen dräi ass awer d'Léift.

1. Korinther 14

Prophezeiung a Sproochen

- ¹ Strieft no der Léift! Beméit iech ëm geeschtlech Gowen, mee beméit iech virun allem drëm, fir ze prophezeien!
- ² Dee Mënsch, deen eng aner Sprooch schwätzt, schwätzt net mat de Leit, mee mat Gott. Et versteet jo keen eppes, mee duerch de Geescht schwätzt hie Geheimnisvolles.
- ³ Wien awer prophezeit, schwätzt mat de Leit, fir si opzerichten, hinnen an d'Gewëssen ze rieden an hinnen Trouscht ze spenden.

- 4 Wien eng aner Sprooch schwätzt, erbaut sech selwer, mee wie prophezeit, erbaut d'Gemeinschaft.
- 5 Ech wéilt, dir géift alleguer aner Sprooche schwätzen, mee nach villméi wënschen ech mir, datt dir prophezeie géift. Wie prophezeit, ass méi wichteg wéi deen, deen aner Sprooche schwätzt, et sief dann dat, wat hie seet, gëtt iwwersat, fir datt d'Gemeinschaft erbaut gëtt.
- 6 Geschwëster, stellt iech emol vir, ech géif bei iech kommen an aner Sprooche schwätzen! Wéi kann ech iech esou vun Notze sinn? Ma guer net, wann ech iech keng Offenbarung, Erkenntnes, Prophezeiung oder Léier bréngen!
- 7 Et ass och genesou mat Instrumenter, déi en Toun vu sech ginn, wéi zum Beispill eng Flütt oder eng Harf: Wann d'Nouten net kloer gespilt ginn, wéi wëllt een dann erkennen, wat op der Flütt oder op der Harf gespilt gëtt?
- 8 Wann de Clairon kee kloren Toun gëtt, wie ka sech dann op de Krich virbereeden?
- 9 Geneesou ass et och mat iech: Wann dir net mat ärer Zong däitlech Wieder artikuléiert, wéi soll een iech da verstoen? Dir schwätzt jo da just an de Wand.
- 10 Ouni Zweiwel ginn et vill verschidden Aarte vu Sproochen op der Welt an et ass keng ouni Bedeitung.
- 11 Wann ech awer deem anere seng Sprooch net verstinn, da sinn ech e Frieme fir deen, dee schwätzt, an deen, dee schwätzt, ass e Frieme fir mech.
- 12 Esou ass et och mat iech: Well dir op geeschtlech Gowen aus sidd, beméit iech virun allem drëm, d'Gemeinschaft z'erbauen.
- 13 Dofir soll deen, deen an enger anerer Sprooch schwätzt, drëm bidden, datt hie se iwwersetze kann.
- 14 Wann ech an enger anerer Sprooch bidden, da biet mäi Geescht, mee mäi Verstand ass net derbäi.
- 15 Wat ergëtt sech doraus? Ech wëll mam Geescht bidden, mee ech wëll och mam Verstand bidden. Ech wëll mam Geescht sangen, mee ech wëll och mam Verstand sangen.
- 16 Wann s du nämlech nëmme mam Geescht Gott seens, wéi soll dann deen, deen net informéiert ass, „Amen“ soe kënnen, wann s du bis fäerdeg bass, Merci ze soen? Hie weess jo net, wat s du gesot hues!
- 17 Du hues bestëmmt gutt genuch Merci gesot, mee deen anere gëtt net gestärkt!
- 18 Ech soe Gott Merci, datt ech villméi Sprooche schwätze wéi dir,

- 19 mee an der Gemeinschaft wëll ech léiwer fënnef Wierder mat Verstand schwätzen, fir och anerer ze léieren, wéi zéngtausend Wierder an enger anerer Sprooch.
- 20 Geschwëster, sidd net kannereg an ärem Denken. Sidd ewéi Puppelcher, wat dat Béist ugeet, mee sidd ewéi Erwuessener, wat äert Denken ugeet.
- 21 Am Gesetz steet geschriwwen: „Duerch friem Sproochen an duerch friem Mënnen schwätzen ech mat dësem Vollek. Trotzdeem lauschtere si net op mech, seet den Här.“
- 22 Dofir sinn aner Sproochen en Zeechen, net fir déi Gleeweg, mee fir déi Ongleeweg. D'Prophezeiung ass awer en Zeeche fir déi Gleeweg an net fir déi Ongleeweg.
- 23 Wann d'ganz Gemeinschaft also géif zesummekommen an alleguer géife se an anere Sprooche schwätzen an et kéim een eran, deen net informéiert oder ongleeweg wier, géif deen dann net soen, datt dir geckeg wiert?
- 24 Mee wa jidderee prophezeie géif an et kéim een eran, deen ongleeweg oder net informéiert wier, géif hie vu jidderengem an d'Gewësse geriet kréien a vu jidderengem ënnert d'Lupp geholl ginn.
- 25 D'Geheimnisser vu sengem Häerz géifen esou opgedeckt ginn. Hie géif sech da mam Gesiicht bis op de Buedem vernäipen, Gott ubieden a soen: „Gott ass wierklech ënnert iech!“

Déi anstänneg an uerdentlech Ubiedung déngt der Erbauung vun der Gemeinschaft

- 26 Wat elo, Geschwëster? Wann dir zesummekommt, dréit jiddereen eppes bäi: entweder e Psalm, eng Léier, eng aner Sprooch, eng Offenbarung oder eng Iwwersetzung. All dat muss zur Erbauung vun der Gemeinschaft bäidroen.
- 27 Wann een eng aner Sprooch schwätzt, da sollen dat der just zwee oder maximal dräi maachen a jiddereen der Rei no. Et muss och een iwwersetze kënnen.
- 28 Wann awer keen do ass, fir z'iwwersetzen, da soll deejéinegen an der Gemeinschaft roueg bleiwen a mat sech selwer a mat Gott schwätzen.
- 29 Et sollen zwee oder dräi Prophéite schwätzen an déi aner sollen hinnen hir Wierder préiwen.
- 30 Wann awer engem aneren, deen do sëtzt, eppes gewise gött, da soll den éischte roueg sinn.
- 31 Dir kënnt nämlech een nom anere prophezeien, fir datt jiddereen eppes bäiléiert an encouragéiert gött.
- 32 De Prophéiten hir Geeschter sinn de Prophéiten ënnerdoen.

- 33 Gott ass nämlech net e Gott vun der Onuerdnung, mee vum Fridden. Esou wéi et an all de Gemeinschafte vun den Hellegen de Fall ass,
- 34 sollen är Frae roueg bleiwen. Et ass hinnen nämlech net erlaabt, do ze schwätzen, mee si solle sech ënneruerdnen, esou wéi d'Gesetz et seet.
- 35 Wa si eppes wësse wëllen, da solle si hir Männer doheem froen. Et gehéiert sech net, datt d'Fraen an der Gemeinschaft schwätzen.
- 36 Koum d'Wuert vu Gott éiere vun iech? Oder sidd dir éieren déi eenzeg, bei déi d'Wuert komm ass?
- 37 Wann ee mengt hie wier e Prophéit oder vum Geescht erfëllt, da soll hien unerkennen, datt dat, wat ech iech schreiwen, Geboter vum Här sinn.
- 38 Wann een awer onwëssend ass, da looss hien am Onwëssen.
- 39 Geschwëster, beméit iech dofir drëm, fir ze prophezeien, a verbitt net, datt aner Sprooche geschwat ginn.
- 40 Et soll awer alles uerdentlech an anstänneg oflafen.

1. Korinther 15

D'gutt Noriicht

- 1 Geschwëster, ech wëll, datt dir iwwert d'gutt Noriicht Bescheed wësst, déi ech iech verkënnegt hat, déi dir ugeholl hat an op där hirem Grond dir stitt.
- 2 Duerch dës gutt Noriicht gitt dir och gerett, wann dir un der Botschaft festhaalt, déi ech iech verkënnegt hat. Soss hätt dir jo ëmsoss geglëeft.
- 3 Ech hunn iech nämlech un éischer Plaz dat weiderginn, wat ech empfangen hunn: Christus ass laut der Schrëft fir eis Sënne gestuerwen,
- 4 hie gouf begrüewen a laut der Schrëft um drëtten Dag vun den Doudegen operwächt.
- 5 Duerno gouf hie vum Kefas gesinn an du vun deenen Zwielef.
- 6 Hie gouf duerno vu méi wéi fënnefhonnert Geschwëster zugläich gesinn. Vun deene liewen déi meescht nach, mee verschiddener si scho gestuerwen.
- 7 Du gouf hie vum Jacques gesinn an duerno vun all den Apostelen|Apostel.
- 8 Fir d'allerlescht ass hie mir erschéngen, esou wéi engem, deen ze spéit gebuer gouf.
- 9 Ech sinn dee mannste vun all den Apostelen, deen net wierdeg ass en Apostel genannt ze ginn, well ech d'Gemeinschaft vu Gott verfollegt hunn.

10 Mee duerch d'Gnod vu Gott sinn ech deen, deen ech sinn, a seng Gnod fir mech war net ëmsoss. Am Géigendeel, ech hu méi wéi all déi aner geschafft. Allerdéngs war ech dat awer net selwer, mee et war d'Gnod vu Gott, déi mat mir war.

11 Ob ech oder si iech dës Botschaft verkënnegt hunn: dat ass, wat mir priedegen a wat dir gegleeft hutt.

D'Operstéiung vun den Doudegen

12 Wa verkënnegt gëtt, datt Christus vun den Doudegen operstanen ass, wéi kënnen da verschidder vun iech soen, datt et keng Operstéiung vun den Doudege gëtt?

13 Wann et awer keng Operstéiung vun den Doudege gëtt, dann ass och Christus net operstanen;

14 a wa Christus net operstanen ass, dann ass eis Verkënnegung ëmsoss an äre Glawen ass och ëmsoss.

15 Zudeem sti mir dann als falsch Zeie vu Gott an am Widdersproch zu Gott do, well mir soten, datt hie Christus vun den Doudegen operwächt hätt, deen hien awer net operwächt hätt, wann et wierklech keng Operstéiung vun den Doudege géif ginn.

16 Wann déi Doudeg nämlech net operwächt ginn, da gouf Christus och net operwächt.

17 Wa Christus net operwächt gouf, dann ass äre Glawen ëmsoss an dir sidd nach ëmmer an äre Sënnen.

18 Da sinn och déi, déi a Christus gestuerwe sinn, verluer.

19 Wa mir nëmmen an dësem Liewen eis Hoffnung a Christus hunn, da si mir vun alle Leit am meeschten ze bedauern.

20 Mee Tatsaach ass, datt Christus vun den Doudegen operwächt gouf, als Éischtfruucht vun deenen, déi gestuerwe sinn.

21 Den Doud koum jo duerch e Mënsch an duerch e Mënsch koum och d'Operstéiung vun den Doudegen.

22 Esou wéi duerch den Adam jidderee stierft, esou gëtt duerch Christus jidderee lieweg gemaach.

23 Mee jiddereen an der richteger Reiefolleg: Christus, deen d'Éischtfruucht ass, an duerno, wann hie kënnt, déi, déi Christus gehéieren.

24 Da kënnt d'Enn, wann hien d'Kinnekräich Gott, dem Papp, iwwerrecht, nodeems hien all Herrschaft, all Gewalten a Muechten zerstéiert huet.

- 25 Hie muss nämlech regéieren, bis all seng Feinden him ënnerworf an ënnert seng Féiss geluecht ginn.
- 26 De leschte Feind, deen zerstéiert gött, ass den Doud.
- 27 „Hien huet him nämlech alles ënnerworf an ënnert seng Féiss geluecht.“ Wann et heescht: „hien huet him alles ënnerworf“, ass et dach evident, datt deen eng Ausnahm ass, deen him alles ënnerworf huet.
- 28 Wann alles Christus ënnerworf gött, gött de Jong selwer deem ënnerworf, deen alles Christus ënnerworf huet, fir datt Gott alles an allem ka sinn.
- 29 Mee wann déi Doudeg net operstinn, da ginn déi Leit, déi sech deefe loossen, wéinst Doudege gedeeft! Wat solle si maachen? Firwat solle si sech wéinst Doudegen deefe loossen?
- 30 Firwat setze mir eis dann all Stonn der Gefor aus?
- 31 All Dag kucken ech dem Doud an d'Aen! Ech schwieren dat bei mengem Houfert op iech, deen ech duerch Christus Jesus eisen Här hunn!
- 32 Wann ech zu Ephesos wéi e Mënsch mat wëllen Déiere gekämpft hätt, wat géif dat mir hëllefen? Wann déi Doudeg net operwächt ginn, da „loosst eis iessen an drénken, well muer stierwe mir!“
- 33 Loosst iech net irféieren: „Eng schlecht Gesellschaft zerstéiert e gudde Charakter!“
- 34 Kommt zou iech a sënnegt net! Et ginn der nämlech verschiddener ënnert iech, déi glat a guer näischt iwwert Gott wëssen. Ech soen dat zu ärer Schan!
- 35 Et kéint awer ee froen: „Wéi ginn déi Doudeg operwächt? Mat wéi engem Kierper komme si zeréck?“
- 36 Wat eng topeg Fro! Dat, wat s du séis, gött net lieweg, éier et gestuerwen ass.
- 37 Wat s du séis, ass jo net d'Planz, déi ausschéisse soll, mee e Kär, wéi zum Beispill Weess oder soss e Kär.
- 38 Gott gött him dann eng Gestalt, esou wéi hien et wëllt. All Som huet seng eege Gestalt.
- 39 Net all d'Liewewiese sinn d'selwecht: D'Mënschen hunn eng Zort Kierper, d'Déieren hunn eng aner Zort Kierper, d'Fësch hunn nach eng aner Zort Kierper an d'Vigel hunn och nach eng aner Zort Kierper.
- 40 Et gött himmesch Kierperen an ierdesch Kierperen. D'Schéinheet vun den himmesche Kierperen ass anescht wéi déi vun den ierdeschen.
- 41 Et gött ee Glanz fir d'Sonn, en anere fir de Mound an nach en anere fir d'Stären: Ee Stär ënnerscheet sech vum aneren a sengem Glanz.

- 42 Esou ass et och, wann déi Doudeg operstinn. De Kierper, dee „geséit“ gëtt, ass verdierflech, mee deen, deen operwächt gëtt, ass onverdierflech.
- 43 E gëtt an der Schan „geséit“, mee an Herrlechkeet operwächt. E gëtt an der Schwächt „geséit“, mee an der Kraaft operwächt.
- 44 E gëtt als natierleche Kierper „geséit“, mee als geeschtleche Kierper operwächt. Esou wéi et en natierleche Kierper gëtt, esou gëtt et och e geeschtleche Kierper.
- 45 Et steet nämlech geschriwwen: „Den éischte Mënsch, den Adam, gouf eng lieweg Persoun.“ De leschten Adam gouf e Geesch, dee Liewe schenkt.
- 46 Dat Geeschlecht kënn net fir d'éischt, mee dat Natierlecht an duerno eréischt dat Geeschlecht.
- 47 Den éischte Mënsch gouf aus dem Buedem gemaach an ass ierdesch. Den zweete Mënsch ass den Här aus dem Himmel.
- 48 Mënschen, déi aus Buedem gebuer ginn, sinn ewéi de Mënsch, deen aus Buedem erschafe gouf; Mënschen, déi aus dem Himmel gebuer ginn, si wéi de Mënsch aus dem Himmel.
- 49 Esou wéi mir de Glach vum Mënsch aus Buedem gedroen hunn, esou droe mir dann och de Glach vum Mënsch aus dem Himmel.
- 50 Geschwëster, ech soen dat hei: Flesch a Blut kënnen d'Kinnekräich vu Gott net ierwen, nach kann dat Verdierflecht dat Onverdierflecht ierwen.
- 51 Passt op! Ech zielen iech e Geheimnis: mir stierwen net all, mee mir ginn all verwandelt!
- 52 Et geschitt an engem Abléck, an engem Nu, beim Schall vum leschte Schofar. De Schofar gëtt geblosen an déi Doudeg stinn als Onverdierflecher op. Mir ginn dann all verwandelt!
- 53 Dëse verdierfleche Kierper muss mat Onverdierflechkeet gekleet ginn. Dëse stierfleche Kierper muss mat Onstierflechkeet gekleet ginn.
- 54 Da wann dëse verdierfleche Kierper mat Onverdierflechkeet gekleet ginn ass an dëse stierfleche Kierper mat Onstierflechkeet gekleet ginn ass, gëtt dës Ausso verwierklecht: „Den Doud ass ofgeschléckt an der Victoire.“
- 55 „Doud, wou ass däi Stachel? Graf, wou ass deng Victoire?“
- 56 De Stachel vum Doud ass d'Sënn. D'Kraaft vun der Sënn ass d'Gesetz.
- 57 Mee loosst eis Gott Merci soen! Hien huet eis d'Victoire duerch eisen Här Jesus Christus ginn.

58 Meng léif Geschwëster, bleift dofir standhaft. Kommt net un d'Wackelen! Sidd ëmmer méi äifreg an ärer Aarbecht fir den Här, well dir wësst, datt är Méi duerch den Här net ëmsoss ass.

1. Korinther 16

D'Kollekt fir déi Helleg

1 Wat elo d'Kollekt fir déi Helleg ugeet: Dir sollt datselwecht maachen, wat ech et de Gemeinschaften a Galatien opgedroen hunn.

2 Um éischten Dag vun der Woch soll all eenzele vun iech Suen, wéi et senge Moyenen entsprécht, op d'Säit leeën a se spueren, fir datt net eréischt wann ech kommen, eng Kollekt muss gemaach ginn.

3 Wann ech dann ukommen, schécken ech déi Leit, déi dir gewielt hutt, well si sech bewäert hunn, zesumme mat Bréiwer op Jerusalem, fir äre generéisen Don dohinzebréngen.

4 Wann et sollt ubruecht sinn, datt ech och matginn, da kënne si zesumme mat mir reesen.

Perséinlech Opfuerderungen

5 Nodeems ech duerch Mazedonien gereest sinn, kommen ech bei iech (ech ginn nämlech duerch Mazedonien)

6 an da bleiwen ech villäicht bei iech oder verbréngen esouguer de Wanter bei iech, fir datt dir mir op menger Rees weiderhëllef kënnt, wou och ëmmer ech higinn.

7 Ech wëll iech nämlech net just fir eng kuerz Visite gesinn, mee ech hoffen, méi laang bei iech kënnen ze bleiwen, wann den Här et erlaabt.

8 Ech bleiwen awer bisPäischten zu Ephesos.

9 Et huet sech mir nämlech eng grouss Dier opgemaach fir en Déngscht, dee vill versprécht. Et gëtt der vill, déi dogéint sinn.

10 Wann den Timothée kënnt, da suert dofir, datt hie virun näischt brauch Angscht ze hunn, wann hie bei iech ass. Hie mécht nämlech geneesou wéi ech d'Aarbecht vum Här.

11 Dofir soll keen op hien erofkucken. Schéckt hien am Fridde fort, fir datt hie bei mech komme kann. Ech erwaarden hien zesumme mat de Bridder.

12 Wat eise Brudder Apollos ugeet: Ech hunn hie staark encouragéiert, iech mat de Geschwëster besichen ze kommen, mee bis elo wollt hie guer net matgoen. Hie kënnt dann, wann hien d'Geleeënheet dozou kritt.

13 Passt op, stitt fest am Glawen, hutt Courage, sidd staark!

14 Maacht alles an der Léift!

15 Geschwëster, dir wësst, datt de Stot vum Stephanas déi éischt Leit an Achaia waren, déi gegleeft hunn. Si hu sech an den Déngscht vun den Hellege gestallt. Ech fuerderen iech op,

16 iech esou Leit an och jidderengem, deen zesumme mat hinnen haart schafft, ënnerzeuern.

17 Ech si frou, datt de Stephanas, de Fortunatus an den Achaicus hei sinn, well si iech an ärer Absence ersat hunn.

18 Si hunn nämlech mäin an och äre Geescht erfrëscht. Gitt esou Leit är Unerkennung.

Gréiss

19 D'Gemeinschaften aus Klengasien gréissen iech. Den Aquila an d'Priskilla, zesumme mat der Gemeinschaft, déi sech bei hinnen doheem trëfft, loosse iech am Här häerzlech gréissen.

20 All d'Geschwëster gréissen iech. Gréisst een deen anere mat enger helleger Bees.

21 Dëse Grouss ass a menger Handschrëft: DE PAUL.

22 Wien den Här Jesus Christus net gär huet, dee soll verflucht sinn. Komm, Här!

23 D'Gnod vum Här Jesus Christus sief mat iech.

24 Meng Léift sief mat iech all duerch Christus Jesus. Amen.

2. Korinther

2. Korinther 1

1 Vum Paul, engem Apostel vum Jesus Christus duerch de Wëlle vu Gott, a vum Brudder Timothée, un d'Gemeinschaft vu Gott, déi zu Korinth ass, an och un all déi Helleg, déi uechter Achaia sinn:

2 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

De Paul lueft Gott

3 Gelueft sief de Gott a Papp vun eisem Här Jesus Christus, de Papp vum Erbaarmen an de Gott vun allem Trouscht.

4 Hien tréischt eis an all eisem Leed, fir datt mir anerer an all hirem Leed mat deem Trouscht, mat deem mir selwer vu Gott getréischt gi sinn, tréischte kënnen.

5 Esou wéi mir d'Leide vu Christus iwwer all Moosse matkruten, esou kréie mir och säin Trouscht iwwer all Moosse mat.

6 Wa mir ënnerdréckt ginn, dann ass dat fir ären Trouscht an är Rettung, déi wierkt wéinst dem Erdroe vun deemselwechte Leed, dat och mir mussen erliden. Wa mir getréischt ginn, dann ass dat fir ären Trouscht an är Rettung.

7 Eis Hoffnung fir iech ass gewëss, well mir wëssen, datt dir genesou un eisem Trouscht deelhueft wéi un eisem Leed.

8 Geschwëster, mir wëllen nämlech net, datt dir näischt gewuer gitt iwwert déi schwéier Zäiten, déi mir a Klengasien erlieft hunn. Mir goufen iwwert all Mooss an iwwert eis Kraaft eraus belaascht, esou datt mir esouguer dru gezweiwelt hunn, ob mir iwwerliewe géifen.

9 Et ass eis tatsächlech esou virkomm, wéi wa mir zur Doudesstrof veruerteelt gi wieren, fir datt mir net op eis selwer vertrauen, mee op Gott, deen déi Doudeg operstoe léisst.

10 Gott huet eis virun esou engem schrecklechen Doud gerett an hie rett eis och elo. Mir hunn eis Hoffnung an hie gesat, datt hien eis och weiderhi rett.

11 Dir schléisst iech eis un, andeems dir eis duerch är Gebieder hëlleft. Esou kënnen vill Leit Merci soe fir d'Gof, déi dir erwise krut duerch d'Gebieder vu ville Leit.

De Paul schwätzt d'Virwërf géint hien un

12 Dat hei ass eisen Houfert: Eist Gewesse bezeit, datt mir eis an der Welt, ma virun allem géintwuer iech mat Einfachheet a göttlecher Oprichtigkeet beholl hunn (net duerch weltlech Wäisheet mee duerch d'Gnod vu Gott).

13 Mir schreiwen iech nämlech näischt aneshtes wéi dat, wat dir liesen a verstoe kënt. Ech hoffen och, datt dir och vollstänneg verstitt

14 (esou wéi dir eis schonn zum Deel verstanen hutt), fir datt dir um Dag vum Här Jesus esou houfreg op eis kënt sinn, wéi mir op iech.

Eng Verdeedegung, wat säi versprachene Besuch ugeet

15 Mat där Zouversicht wollt ech iech schonn éischer besichen, fir datt dir eis eng zweete Kéier Gnod erweise kënt.

16 Ech wollt iech um Wee fir a Mazedonien besiche kommen an dann um Réckwee vu Mazedonien nees bei iech bleiwen, esou datt dir mech dann a Judea schécke kéint.

17 War dat éiere liichtfankeg vu mir, fir mir dat virzehuelen? Oder wann ech mir eppes virhuelen, huelen ech mir dat éieren op eng reng mënschlech Manéier vir, ewéi wann ech an engem Otem „Jo“ an „Neen“ géif soen?

18 Esou sécher wéi Gott trei ass, esou sécher ass eis Botschaft un iech net an engems „Jo“ an „Neen“.

19 De Jong vu Gott, de Jesus Christus, deen énnert iech vun eis (vu mir, dem Silvanus an dem Timothée) verkënnegt gouf, war net en „Jo“ an en „Neen“. Am Géigendeel, an him war et ëmmer en „Jo“!

20 All d'Vesprieche vu Gott hunn nämlech wéinst senger hiren „Jo“. Dofir ass et och duerch hien, datt mir „Amen“ zu Gott soe fir seng Verherrlechung.

21 Et ass Gott, deen eis zesumme mat iech a Christus gefestegt huet, deen eis och gesalleft huet,

22 deen eis säi Sigel opgedréckt huet an eis de Geescht als Akkont an eis Härzer geluecht huet.

23 Ech beruffe mech op Gott als mäin Zeien – et war, fir iech ze schounen, datt ech net nees op Korinth kouw!

24 Et ass net esou, datt mir wëllen Här iwwert äre Glawe sinn, mee mir schaffen zesumme mat iech fir är Freed. Duerch de Glawe sidd dir standhaft!

2. Korinther 2

1 Ech hu mech awer decidéiert, net nees traureg bei iech ze kommen.

² Wann ech iech nämlech traureg maachen, wie wier dann do, fir mech frou ze maachen, wann net deen, deen duerch mech traureg gemaach gëtt?

³ Ech hunn iech dat och geschriwwen, fir datt ech net vun deenen, déi mech frou maache sollen, traureg gemaach ginn, wann ech kommen. Wat iech ugeet, sinn ech dovunner iwwerzeegt, datt meng Freed och är Freed wäert sinn.

De Grond, firwat de Paul geschriwwen hat

⁴ Ech hunn iech mat vill Péng an Häerzensleed geschriwwen, ënner villen Tréinen, net fir iech traureg ze maachen, mee fir datt dir d'Léift, déi ech iwwert all Mooss fir iech hunn, erkenne kënnt.

⁵ Wann ee Leed verursaacht huet, huet hien net mech traureg gemaach, mee hien huet iech all méi oder manner traureg gemaach (fir net z'iwwerdreiwen).

⁶ Fir esou een ass d'Stof, déi hie vun der Majoritéit kritt, Strof genuch.

⁷ Elo sollt dir him verzeien an hien tréischten, well hie soss vu senger grousser Trauregkeet kéint iwwerwältegt ginn.

⁸ Dofir leeën ech iech un d'Häerz, fir him ze weisen, datt dir hie wierklech gär hutt.

⁹ Dat hei ass de Grond, firwat ech iech geschriwwen hat: fir iech ze préiwen an esou ze wëssen, ob dir an allem follege géift.

¹⁰ Wiem dir verzeit, deem verzeien och ech. Wann ech nämlech iergendeppes verzeien hunn (wann et eppes ze verzeie gouf), dann hunn ech dat wéinst ärer viru Christus gemaach,

¹¹ fir datt de Satan eis net ausnotze kann. Seng Intrige sinn eis jo net onbekannt.

Dem Paul seng Opfaassung vum Déngscht

¹² Wéi ech op Troia kوم, fir d'gutt Noriicht vu Christus ze priedegen, a mir eng Dier duerch den Här opgemaach gouf,

¹³ hat ech keng Rou a mengem Geescht, well ech mäi Brudder Titus net do virfonnt hat. Dofir hunn ech hinnen Äddi gesot a sinn a Mazedonien gaangen.

¹⁴ Ech soe Gott awer Merci, deen eis ëmmer duerch Christus triumphéieren deet an deen duerch eis iwwerall den Doft verbreet, wat et heescht, hien ze kennen.

¹⁵ Mir sinn nämlech fir Gott ewéi den Doft vu Christus ënnert deenen, déi gerett ginn, an ënnert deenen, déi verluer ginn.

¹⁶ Fir deen ee si mir den Doft vum Doud, deen an den Doud féiert, mee fir deen anere si mir den Doft vum Liewen, deen an d'Liewe féiert. Wien ass deem gewuess?

17 Mir sinn nämlech net wéi esou vill anerer, déi mam Wuert vu Gott Geschäfte maachen. Am Géigendeel, mir schwätzen oprichteg viru Gott duerch Christus, esou wéi Leit, déi vu Gott geschéckt goufen.

2. Korinther 3

1 Fänke mir éieren nees un, fir eis selwer ze recommandéieren? Brauche mir éieren, esou wéi aner Leit, schrëftlech Recommandatioune fir iech oder Recommandatioune vun iech?

2 Dir sidd eise Bréif, deen op eis Häerzer geschriwwen gouf an dee vu jidderengem verstanen a gelies gëtt.

3 Et ass kloer, datt dir e Bréif vu Christus sidd, deen duerch eisen Déngscht entstanen ass, deen net mat Tënt geschriwwen gouf, mee mam Geescht vum liewege Gott, an dat net op stengen Tafelen, mee op Tafelen aus mënschlechen Häerzer.

4 Esou ass eis Zouversicht duerch Christus viru Gott.

5 Mir selwer hu keng perséinlech Kompetenz, fir kënnen ze behaupten, datt iergendepes vun eis selwer géif kommen, mee eis Kompetenz kënnt vu Gott.

6 Hien huet eis d'Kompetenz ginn, fir kënnen Dénger vun engem neie Bondze sinn, deen net aus engem Buschtaf besteet, mee aus dem Geescht. De Buschtaf mécht dout, mee de Geescht mécht lieweg.

7 Den Déngscht, deen den Doud bruecht huet an dee mat Buschtawen a Stee gemeesselt gouf, war en herrlechen Déngscht, mee seng Herrlechkeet war vergänglich. Deen Déngscht war awer esou herrlech, datt d'Israeliten emol net riicht op dem Moses säi Gesiicht kucken konnten, wéinst der Herrlechkeet, déi säi Gesiicht ausgestraalt huet. Wann deen Déngscht esou herrlech war,

8 ëm wéi vill méi herrlech muss dann den Déngscht vum Geescht sinn?

9 Wann den Déngscht, deen zum Verdame féiert, herrlech war, ëm wéi vill méi ass den Déngscht vun der Gerechtegkeet iwwert all Moossen herrlech.

10 Deen, dee soss herrlech war, ass elo am Verglach net herrlech wéinst der Herrlechkeet, déi déi aner iwwertrëfft.

11 Wa schonn dat Vergänglich mat Herrlechkeet koom, ëmsou méi koom dann deen, dee bleift, an der Herrlechkeet!

12 Vun esou enger Hoffnung erfëllt, kënnen mir esou verwot oprieden.

13 Mir sinn net wéi de Moses, deen e Schleier iwwert säi Gesiicht geluecht huet, fir datt d'Israeliten net d'Enn vun deem, wat vergänglich war, fixéiere konnten.

14 Hiert Denke gouf awer verbruet. Bis haut bleift nämlech deeselwechte Schleier, wann aus dem ale Bond virgelies gëtt, an e gëtt net ewechgezunn. Dëse Schleier gëtt duerch Christus ewechgeholl.

15 Mee bis haut läit e Schleier iwwert hirem Häerz, wann de Moses gelies gëtt.

16 Wann ee sech awer zum Här dréit, da gëtt de Schleier ewechgeholl.

17 Den Här ass de Geescht an do, wou de Geescht vum Här ass, ass Fräiheet.

18 Mir alleguer spigele mat onverschleierte Gesiichter d'Herrlechkeet vum Här erëm. Mir alleguer kréie mat enger ëmmer méi grousser Herrlechkeet deeselwechte Glach duerch de Geescht vum Här.

2. Korinther 4

1 Mir hunn dësen Déngscht genesou kritt, wéi mir Erbaarmen erweisen kruten, an dofir gi mir net op.

Dem Paul an dem Timothée hir Muecht kënnt vu Gott

2 Dowéinst hu mir vu schänterlechen Heemlechkeeten ofgelooss. Mir sinn net hannerhätteg an eisem Behuelen a mir verdréien d'Wuert vu Gott net. Am Géigendeel, mir recommandéieren eis jidder mënschlechem Gewësse viru Gott duerch d'Verkënnege vun der Wourecht.

3 Wann eis gutt Noriicht verdeckt ass, dann ass se fir déi verdeckt, déi verluer ginn.

4 De Gott vun dësem Zäitalter huet d'Denke vun den Ongleewege blann gemaach, fir datt si d'Liicht vun der herrlecher gudder Noriicht vu Christus, deen de Glach vu Gott ass, net kënne gesinn.

5 Mir verkënnegen net eis selwer, mee Christus Jesus, den Här. Mir selwer sinn duerch Christus är Dénger.

6 Gott, dee sot: „Et soll Liicht aus der Däischtert schéngen!“, ass nämlech deen, deen an eis Häerzer gelicht huet, fir eis d'Liicht vum herrleche Wësse vu Gott, dat am Gesiicht vum Jesus Christus schéngt, ze ginn.

7 Mir hunn dëse Schatz a Behälter aus Leem, fir däitlech ze maachen, datt déi aussergewéinlech Muecht vu Gott kënnt an net vun eis.

8 Mir gi vun alle Säite bedréckt, mee net ënnerdréckt. Mir zweiwelen, mee sinn net verzweiwelt.

9 Mir gi verfollegt, mee net verlooss, zerschloen, mee net zerstéiert.

10 Mir droen ëmmer dem Här Jesus säin Doud an eisem Kierper ronderëm, fir datt och d'Liewe vum Jesus an eisem Kierper kloer ze gesinn ass.

11 Mir, déi mir liewen, ginn nämlech ëmmer wéinst dem Jesus dem Doud ausgeliwert, fir datt och d'Liewe vum Jesus an eisem stierfleche Kierper kloer ze gesinn ass.

12 Esou wierkt engersäits den Doud an eis, mee d'Liewen an iech.

13 Mir hunn deeselwechte Geescht vum Glawen, esou wéi geschriwwe steet: „Ech hu gegleeft an dofir hunn ech geschwat.“ Och mir gleewen an dofir schwätze mir.

14 Mir wëssen, datt deen, deen den Här Jesus operstoe gelooss huet, och eis duerch de Jesus operstoe léisst an eis mat iech viru sech stellt.

15 Dat alles geschitt wéinst ärer, fir datt d'Gnod, déi ëmmer méi Leit erreecht, eng iwerméisseg Dankbarkeet bewierkt zur Éier vu Gott.

De Paul an den Timothée kucken op dat Éiwegt

16 Dofir loosse mir eis net ënnerkréien. Och wann eist baussenzegt Wiesen ofnotzt, gött eist bannenzegt Wiesen vun Dag zu Dag erneiert.

17 Déi liicht Nout, déi mir den Ament erliewen, bewierkt fir eis en éiwegt Gewiicht vun Herrlechkeet, déi mat näischt ze vergläichen ass.

18 Mir kucken net op dat, wat ze gesinn ass, mee op dat, wat net ze gesinn ass. Dat, wat ze gesinn ass, ass nämlech vergänglich, mee dat, wat net ze gesinn ass, ass éiweg.

2. Korinther 5

1 Mir wëssen dat hei: Wann eist ierdescht Zelt, an deem mir wunnen, ofgebaut gött, da kréie mir am Himmel eng éiweg Wunnecht vu Gott, en Haus, dat net vu Mënschenhand gebaut gouf.

2 An dësem Zelt keime mir nämlech a verlaangeren duerno, mat eiser Wunnecht vum Himmel agekleet ze ginn,

3 well wa mir agekleet gi sinn, da sti mir net plakeg do.

4 Esoulaang mir an dësem Zelt sinn, keime mir, well mir bedréckt sinn. Et ass net esou, datt mir d'Zelt wëllen ausdoen, mee mir wëllen agekleet ginn, fir datt dat Stierflecht ka vum Liewen ofgeschléckt ginn.

5 Et ass Gott, deen eis fir dëse bestëmmten Zweck virbereet huet an deen eis de Geescht als Akkont ginn huet.

- 6 Dofir si mir zouversiichtlech. Mir wëssen, datt mir net beim Här sinn, esoulaang mir am Läif liewen.
- 7 Mir liewen nämlech duerch de Glawen, net duerch d'Gesinn.
- 8 Mir sinn zouversiichtlech. Mir wiere léiwer vun eisem Läif fort a beim Här doheem.
- 9 Ob mir doheem sinn oder fort, ass et eis Ambitioun, dem Här ze gefallen.
- 10 Mir mussen nämlech alleguer virum Riichterstull vu Christus erschéngen, fir datt jidderee fir dat, wat hien am Läif gemaach huet, sief dat gutt oder béis, säi Loun ka kréien.

De Paul an den Timothée sinn Ambassadeure vu Christus

- 11 Mir wëssen, wat et heescht, den Här ze respektéieren, an dofir probéiere mir, d'Mënschen z'iwwerzeegen. Gott kennt eis duerch an duerch an ech hoffen, datt äert Gewëssen eis och gutt kennt.
- 12 Mir recommandéieren eis iech net nach eng Kéier, mee mir ginn iech d'Geleeënheet, hofreg op eis ze sinn, fir datt dir deenen äntwere kënnt, déi hofreg op dat Baussecht sinn an net op d'Häerz.
- 13 Wa mir verréckt sinn, ass et fir Gott; wa mir verstänneg sinn, ass et fir iech.
- 14 Duerch d'Léift vu Christus si mir dozou gezwongen, fir dat hei ze erkennen: Wann ee fir jidderee gestuerwen ass, dann ass jidderee gestuerwen.
- 15 Hien ass fir jidderee gestuerwen, fir datt déi, déi liewen, net méi fir sech selwer liewen, mee fir deen, dee fir si gestuerwen an operstanen ass.
- 16 Vun elo u betruechte mir kee méi vun engem mënschleche Standpunkt. Och wa mir Christus vun engem mënschleche Standpunkt aus kennegeleiert hunn, kenne mir hien elo net méi esou.
- 17 Dofir, wann een a Christus ass, dann ass hien eng nei Schöpfung. Dat Aalt ass vergaangen. Kuckt, alles ass nei ginn!
- 18 Et kënnt awer alles vu Gott, deen eis mat sech selwer duerch de Jesus Christus versöhnt huet an deen eis den Déngscht vun der Versöhnung ginn huet.
- 19 Et war duerch Christus, datt Gott d'Welt mat sech selwer versöhnt huet, andeems hien de Mënschen hir Iwwertriedungen net ugerechent huet an eis d'Botschaft vun der Versöhnung uvertraut huet.
- 20 Mir sinn also Ambassadeure fir Christus, esou wéi wa Gott säin Appell duerch eis géif maachen. Mir bieten iech am Numm vu Christus: Loosst iech mat Gott versöhnen!

21 Hien huet deen, dee keng Sënn kannt huet, fir eis zur Sënn gemaach, fir datt mir duerch hien d'Gerechtegkeet vu Gott kënne ginn.

2. Korinther 6

1 Als Mataarbechter fuerdere mir iech op, d'Gnod vu Gott net ëmsoss entgéintzehuelen.

2 Hie seet nämlech: „Zur passender Zäit hunn ech dir nogelauschtert an um Dag vun der Rettung sinn ech dir zur Hëllef komm.“ Ma elo ass déi passend Zäit! Ma elo ass den Dag vun der Rettung!

Et gëtt kee Grond, den Déngscht vum Paul a vum Timothée ze kritiséieren

3 Mir gi kengem e Grond, fir un eis Ustouss ze huelen, fir datt den Déngscht net ka kritiséiert ginn.

4 Mee als Dénger vu Gott recommandéiere mir eis a jidder Hisiicht: duerch grouss Ausdauer, a Leed, an Nout, a Misär,

5 ënner Schléi, a Prisongen, an Onrouen, ënnert haarder Aarbecht, während Nuechten ouni Schlof, am Honger,

6 an der Rengheet, an der Erkenntnes, an der Gedold, an der Guttheet, am hellege Geescht, an onverfälschter Léift,

7 mat éierleche Wieder, an der Muecht vu Gott; duerch offensiv an defensiv Waffe vun der Gerechtegkeet;

8 duerch Éier an Onéier, duerch e schlechten an e gudde Ruff; als Schwindler an dach Éierlecher,

9 als Onbekannter a Bekannter; als déi, déi stierwen, mee kuck, mir liewen; als déi, déi gegësselt, mee net ëmbruecht ginn;

10 als déi voller Trauer, mee déi sech ëmmer freeën; als Aarmer, déi awer vill Leit räich maachen; als déi, déi näischt hunn an dach alles hunn.

11 Korinther, mir hu bei iech kee Blat virun de Mond geholl. Mir hunn eist Häerz grouss opgemaach.

12 Mir hunn eist Häerz iech géintiwwer net verschloss, mee dir hutt är Häerzer eis géintiwwer verschloss.

13 Als gerecht Géigeleeschtung (ech schwätze wéi mat Kanner): Maacht iech eis géintiwwer och op.

Gitt keng Partnerschaft mat Ongleewegen an

14 Gitt keng Partnerschaft mat Ongleewegen an! Wat fir eng Partnerschaft hunn nämlech d’Gerechtegheet an d’Gesetzlosegheet? Wat hunn d’Licht an d’Däischtert gemeinsam?

15 Wéi ka Christus mam Belial am Aklang sinn? Oder wat deelt e Gleewege mat engem Ongleewegen?

16 Wat fir en Accord kann et téschent dem Tempel vu Gott an engem Gëtze ginn? Dir sidd nämlech den Tempel vum liewege Gott, esou wéi Gott gesot huet: „Ech wunnen a liewen dann ënnert hinnen. Ech sinn dann hire Gott a si si mäi Vollek.“

17 Dofir: „Kommt aus hirer Mëtt eraus an trennt iech vun hinnen“, seet den Här. „Paakt dat Onrengt net un“, an: „Ech huelen iech un.“

18 „Ech gi wéi e Papp fir iech an dir gitt fir mech wéi meng Jongen an Duechteren“, seet den allmächtigen Här.

2. Korinther 7

1 Léif Geschwëster, déi Versprieche gehéieren eis. Dofir solle mir eis vun allem rengen, dat eise Kierper oder eis Séil onreng maache kéint, fir esou eis Hellegung am Respekt viru Gott vollstänneg ze maachen.

De Paul huet Zoutrauen zu de Korinther

2 Maacht an ären Häerzer Plaz fir eis! Mir ware mat kengem ongerecht, mir hu kengem geschuet, mir hu vu kengem profitéiert.

3 Ech soen dat net, fir iech eppes virzegeheien. Ech hunn iech nämlech scho gesot, datt dir an eisen Häerzer sidd, fir mat iech ze stierwen oder ze liewen.

4 Ech hunn e grousst Zoutrauen zu iech. Ech si ganz houfreg op iech. Ech si voller Troust an hunn eng iwerméisseg Freed a mir trotz deene schwéieren Zäiten.

5 Esouguer wéi mir a Mazedonien ukoumen, konnten eis Kierperen net raschten, mee mir goufe vun alle Säite bedréckt – vu bausse krute mir Konflikt ze spieren a vu bannen Angscht.

6 Mee Gott, deen déi Niddergeschloen tréischt, huet eis getréischt, wéi den Titus bei eis ukoum.

7 Mir goufen net nëmmen duerch säi Komme getréischt, mee och duerch den Troust, deen hie bei iech krut. Hien huet eis vun ärem Verlaangeren, vun ärer Trauer a vun ärem Äifer fir mech verzielt, esou datt ech mech ëmsou méi gefreet hunn.

- 8 Och wa mäi Bréif iech bedréckt huet, bereien ech en net. Och wann ech e bereit hätt (well ech gesinn hat, datt mäi Bréif iech kuerz bedréckt hat),
- 9 freeën ech mech elo, net well dir bedréckt gouft, mee well dir esou bedréckt gouft, datt dir eng Ëmkéier gemaach hutt. Dir gouft, esou wéi Gott et wollt, bedréckt, fir datt dir kee Schued duerch eis sollt hunn.
- 10 Bedréckung, déi Gott sengem Wëllen entsprécht, bewierkt eng Ëmkéier, déi zur Rettung féiert, déi een net bereit. Mee d'Bedréckung, déi duerch d'Welt kënnt, bewierkt den Doud.
- 11 Kuckt emol, wat fir en Äifer dës Bedréckung, déi Gott sengem Wëllen entsprécht, an iech ervirbruecht huet, awer och e Plädoyer, och Entrüstung, och Angscht, och Verlaangeren, och Äifer an och de Wonsch, Recht ze verschafen! Dir hutt iech a jidder Hisiicht als reng an dëser Affär erweisen.
- 12 Och wann ech iech geschriwwen hunn, war dat net wéinst deem, dee Falsches gemaach huet, an och net wéinst deem, dee Falsches ugedoe krut, mee fir datt ären Äifer fir eis virun den Ae vu Gott iech kloer wier.
- 13 Dofir si mir duerch ären Trouscht getréischt ginn. Mir hunn eis och ëmsou méi gefreet, wéinst dem Titus senger Freed, well säi Geescht duerch iech berouegt gouf.
- 14 Ech brauch mech net dofir ze schummen, datt ech him géintiwuer houfreg op iech all sinn. Mee esou wéi mir iech an allem d'Wourecht gesot hunn, esou huet et sech erweisen, datt eisen Houfert beim Titus der Wourecht entsprach huet.
- 15 Hien ass nach ëmsou méi frou mat iech, wann hie sech drun erënnert, wéi dir all gefollegt hutt, wéi dir hie mat Angscht an Zidderen empfaangen hutt.
- 16 Ech freeë mech, datt ech mech an allem op iech verlosse kann.

2. Korinther 8

Uweisung fir d'Asammele vun hirer Spend

- 1 Geschwëster, mir wëllen iech vun der Gnod erzielen, déi Gott de Gemeinschaften a Mazedonien geschenkt huet:
- 2 Während enger extrem schwéierer Zäit konnt hir iwwerméisseg Freed net gebändegt ginn an trotz hirer grousser Aarmut huet dat eng aussergewöhnlech Generositéit an hinne bewierkt.
- 3 Ech bezeien, datt si eis dat ginn hunn, wat si sech leeschte konnten, an datt si esouguer fräiwëlleg méi ginn hunn, wéi si sech leeschte konnten.

- 4 Si hunn eis mat grousem Nodrock gebieden, fir d'Éier ze kréien, fir d'äerfen um Déngscht fir déi Helleg matzemaachen.
- 5 Si hunn dat net esou gemaach, wéi mir eis et erwaart hunn. Fir d'éischt hu si sech dem Här hierginn an dunn eis laut dem Wëlle vu Gott.
- 6 Dofir hu mir den Titus dozou opgefuerdert, dës Spend bei iech ofzeschléissen, well hie se och bei iech ugefaangen huet.
- 7 Esou wéi dir iech an allem iwwertrefft (am Glawen, am Wuert, am Wëssen, an all Äifer an an der Léift, déi dir fir eis hutt), suergt dofir, datt dir iech och an dëser Spend iwwertrefft.
- 8 Ech soen iech dat net als Gebot, mee ech préiwen, ob är Léift onverfälscht ass am Verglach mam Äifer vun deenen aneren.
- 9 Dir kennt jo d'Gnod vun eisem Här Jesus Christus: datt hie wéinst ärer aarm gouf, och wann hie räich war, fir datt dir duerch seng Aarmut räich kéint ginn.
- 10 Ech ginn iech just meng Meenung doriwwer. Et ass zu äre Gonschten, well dir d'lescht Joer net nëmmen ugefaangen hat, dës Kollekt ze maachen, mee och de Wonsch hat, se anzesammelen,
- 11 datt dir dat elo ofschléisst, wat dir ugefaangen hutt. Grad wéi dir bereet waart, se wëllen anzesammelen, esou sollt dir se och ofschléissen, opgrond vun deem, wat dir hutt.
- 12 Wann de gudde Wëllen nämlech gewise gëtt, da gëtt d'Spend ugeholl wéinst deem, wat een huet, an net wéinst deem, wat een net huet.
- 13 Et ass net esou, datt Entlaaschtung fir anerer eng Laascht fir iech soll sinn.
- 14 Et soll awer gerecht sinn. Am Moment gläicht ären Iwwerfluss hire Manktem aus, fir datt hiren Iwwerfluss och äre Manktem ausgläiche kann. Esou ass et gerecht.
- 15 Et steet nämlech geschriwwen: „Deen, dee vill gesammelt hat, hat net zevill an deem, deem net vill gesammelt hat, hat net ze wéineg.“

D'Verwaltung vun der Spend

- 16 Ech soe Gott Merci, datt hien dem Titus deeselwechten Äifer fir iech un d'Häerz geluecht huet wéi mir.
- 17 Hien huet nämlech net nëmmen meng Opfuerderung ugeholl, mee säin Äifer war esou grouss, datt hie fräiwëlleg bei iech koum.
- 18 Mir hunn zesumme mat him dee Brudder geschéckt, deem an alle Gemeinschaften wéinst senger Verkënnung vun der gudder Noriicht gelueft gëtt.

19 Hie gött net nämme gelueft, ma et gouf him och vun de Gemeinschaften opgedroen, fir eis mat dëser Spend ze begleeden. Mir verwalten déi zur Eier vum Här selwer a beweisen domat eis Bereetwëllegkeet, fir ze hëllefen.

20 Esou verhënnere mir, datt een eis eppes virwerfe kann, wéi mir dës generéis Spend verwalten.

21 Mir suergen dofir, datt mir dat Richtegt maachen, net nämme virum Här, mee och virun de Mënschen.

22 Zesumme mat hinnen hu mir och eise Brudder geschéckt, dee mir schonn dacks gepréift hunn an dee sech a villem als fläisseg erweisen huet. Mee elo ass hien nach méi fläisseg, wéinst eisem Vertrauen, dat mir an iech hunn.

23 Sollte Froen iwwert den Titus opkommen: Hien ass mäi Partner a Mataarbechter ënnert iech. Wa Froen iwwert eis Bridder opkommen: Si sinn Delegéierte vun de Gemeinschaften, eng Eier fir Christus.

24 Weist hinne virun de Gemeinschaften de Beweis vun ärer Léift a vun eisem Houfert op iech.

2. Korinther 9

1 Et ass net néideg, datt ech iech iwwert den Déngscht fir déi Helleg schreiwen.

2 Ech kennen är Bereetschaft, fir ze hëllefen, an ech bretze mech bei de Mazedonier mat iech: „Achaia war schonns d'lescht Joer bereet, fir ze spenden!“ Ären Äifer huet der vill vun hinnen ugereegt, fir och ze spenden.

3 Ech schécken awer d'Bridder, fir datt eise Luef vun iech an dëser Affär keng eidel Wieder sinn an dir esou bereet sidd, genee wéi ech et vun iech gesot hat.

4 Sollten nämlech etlech Mazedonier mat mir bei iech kommen a gesinn, datt dir net virbereet wiert, da wiere mir blaméiert (scho guer net vun iech ze schwätzen), well mir eis esou zouversichtlech mat iech gebretzt haten.

5 Dofir hunn ech et fir néideg gehalen, eis Bridder opzefuerderen, am Viraus bei iech ze goen an esou är generéis Spend virzebereeden, déi dir schonns virdrun ugekënnegt hat, fir datt se als generéis Spend prett ass an net als knéckeg Spend.

Gott huet dee gär, dee mat Freed gött

6 Et geet heirëm: Wien aarmséileg séit, hält och en aarmséilegen Ertrag eran a wie generéis séit, hält och e generéisen Ertrag eran.

- 7 Jidderee soll esou ginn, wéi hie sech et a sengem Häerz virgeholl huet. Hie soll et net mat Widdermutt oder aus Zwangsgefill maachen, well Gott huet dee gär, dee mat Freed gött.
- 8 Gott huet d'Muecht, fir iech alles, wat dir braucht, am Iwwerfloss ze schenken, fir datt dir och am Iwwerfloss kënt fir all gutt Wierk spenden, well dir an allem zu jidder Zäit genuch vum Néidegen hutt.
- 9 Esou wéi geschriwwe steet: „Hien huet generéis ausgedeelt. Hien huet den Aarme ginn. Seng Gerechtegkeet bleift fir ëmmer bestoen.“
- 10 Deen, deen dem Bauer Som gött an och Brout, fir z'iessen, dee soll och iech Som ginn, e multiplizéieren an den Ertrag vun ärer Gerechtegkeet wuessen doen.
- 11 Esou gitt dir a jidder Hisiicht beräichert, fir datt dir kënt an allem generéis sinn. Wéinst eiser bewierkt är Generositéit Dankbarkeet, déi u Gott geriicht gött.
- 12 D'Ausféiere vun dësem Déngscht suergt nämlech net nëmme fir d'Besoine vun den Hellegen, mee féiert och zu onmoosseg ville Méiglechkeeten, fir Gott Merci ze soen.
- 13 Dësen Déngscht huet sech bewäert an dofir verherrleche si Gott, well dir der gudder Noriicht vu Christus, zu deem dir iech bekennt, follegt a mat hinnen a mat jidderengem gedeelt hutt, ouni un iech selwer ze denken.
- 14 Duerch hir Gebieder fir iech, weise si hir Léift fir iech wéinst der onbegrenzt grousser Gnod vu Gott, déi op iech rout.
- 15 Gott sief Merci gesot fir säin onbeschreifliche Kaddo!

2. Korinther 10

De Paul äntwert op verschidde Beschëllegunge géint hien

- 1 Ech, de Paul, appelléiere perséinlech un iech duerch d'Duussheet an d'Guttheit vu Christus (ech sinn ënnerdéngeg, wann ech bei iech sinn, mee couragéiert, wann ech net bei iech sinn)!
- 2 Ech bidden iech, datt ech net muss ganz verwot optrieden, wann ech bei iech kommen, esou wéi ech mengen, verwot géint muncher mussen ze sinn, déi vun eis denken, mir géifen no mënschleche Moosstief liewen.
- 3 Och wa mir an dëser Welt liewen, kämpfe mir de Krich net mat mënschleche Methoden.
- 4 Eis Waffe fir de Kampf sinn nämlech net weltlech. Am Géigendeel, si si wéinst Gott mächtig, fir Festungen ze zerstéieren.

5 Mir zerstéiere falsch Iwwerleeungen an all Hindernis, déi sech géint d'Kennnes vu Gott erhiewen, a mir maache jidder Gedanken zu Prisonéier, fir datt e Christus follegt.

6 Wann dir bis vollstänneg follegt, da si mir prett, fir jiddereen ze bestrofen, deen net follegt.

7 Dir kuckt d'Saachen nom baussechte Schäin. Wien a sech selwer iwwerzeegt ass, datt hie Christus gehéiert, dee sief sech bewosst, datt net nëmnen hien, mee och mir Christus gehéieren.

8 Wann ech mech eppes méi mat eiser Autoritéit bretzen, déi den Här eis ginn huet, fir iech z'erbauen an net fir iech ze zerstéieren, da schummen ech mech net.

9 Ech wëll net, datt et esou ausgesäit, wéi wann ech iech duerch meng Bréiwer Angscht wéilt maachen.

10 Et gétt nämlech gesot: „Engersäits si seng Bréiwer streng a staark, mee anerersäits ass säi Kierper schwaach an als Riedner daacht hien näischt.“

11 Wien dat seet, soll sech däers hei bewosst sinn: Dat, wat mir mat Wieder an eise Bréiwer soen, wa mir net bei iech sinn, dat maache mir och duerch eis Doten, wa mir bei iech sinn.

12 Mir trauen eis nämlech net, fir eis mat gewësse Leit op eng Linn ze stellen oder ze vergläichen, déi sech selwer luewen. Si moosse sech mat sech selwer a vergläiche sech mateneen an dofir si si net weis.

13 Mir awer, mir wëllen eis net iwwerméisseg bretzen, mee mir bretzen eis bannent dem Beräich vun der Aarbecht, dee Gott eis zougewisen huet, e Beräich, deen iech abegräift.

14 Mir ginn net ze wäit, wat de Fall wier, wann dee Beräich iech net abegräife géif. Mir ware jo déi Éischt, déi mat der gudder Noriicht vu Christus bei iech koumen.

15 Mir bretzen eis net iwwerméisseg mat deenen aneren hirer Aarbecht. Mir hoffen awer, esou wéi äre Glawe wisst, datt mir an eisem Beräich ganz héich vun iech gelueft wäerte ginn.

16 Da kënne mir d'gutt Noriicht iwwert är Regioun eraus priedegen, ouni eis selwer mat engem anere sengem Beräich, wou d'Aarbecht scho geleescht gouf, ze bretzen.

17 „Wie sech bretzt, muss sech mam Här bretzen.“

18 Et ass nämlech net deen, dee sech selwer lueft, deen approvériert gétt, mee deen, deen den Här lueft.

2. Korinther 11

De Paul mécht sech Suergen ëm d’Korinther

- 1 Géift dir dach nëmmen e bësschen Dommheet vu mir erdroen! Mee dat maacht dir jo schonns!
- 2 Ech maache mir Suergen ëm iech, esou wéi Gott sech Suerge mécht. Ech hunn iech nämlech engem Mann versprach, fir iech als rengJongfra Christus ze presentéieren.
- 3 Ech hunn awer Angscht, datt är Gedanke vun der Integritéit, déi a Christus ass, verféiert kéinte ginn, esou wéi d’Schlaang d’Eva duerch hir Lousheet irgeféiert huet.
- 4 Wann nämlech ee kënnt an iech vun engem anere Jesus priedegt wéi deen, vun deem mir iech gepriedegt hunn, oder wann dir en anere Geeschtt kritt wéi deen, deen dir kritt hutt, oder wann dir eng aner gutt Noriicht unhuet wéi déi, déi dir schonns ugeholl hutt, da loosst dir iech dat jo och gefalen.
- 5 Ech menge jo net, datt ech deenen „Mega-Apostelen“ iergendwéi ënnerleeë wier.
- 6 Och wann ech keen talentéierte Riedner sinn, sinn ech awer talentéiert, wat d’Wëssen ugeet. Mir hunn iech dat jo op all Manéier an a jidder Hisiicht kloergemaach.
- 7 Hunn ech éiere gesënnegt, andeems ech mech erniddregt hunn, fir iech z’erhiewen, well ech iech d’gutt Noriicht vu Gott gratis verkënnegt hunn?
- 8 Ech hunn aner Gemeinschaften „beklaut“, andeems ech e Loun ugeholl hunn, fir iech kënnen ze déngen!
- 9 Ech war fir keen eng Laascht, wéi ech bei iech war an eppes gebraucht hunn. D’Bridder, déi aus Mazedonien koumen, hu mir dat ginn, wat mir gefeelt huet. Ech hu mech an allem gehitt, fir eng Laascht fir iech ze sinn an ech hidde mech och weiderhin.
- 10 Esou gewëss wéi d’Wourecht vu Christus a mir ass, soll mäi Bretzen doriwwer an de Regiounen vun Achaia net verstommen.
- 11 Firwat? Ass et, well ech iech net gär hunn? Gott weess, datt ech et maachen!
- 12 Dat, wat ech maachen, maachen ech weiderhin, fir all Geleeënheet deenen ewechzehuelen, déi eng Geleeënheet sichen, fir sech ze bretzen, datt si eis gläich wieren.
- 13 Esou Leit sinn nämlech falschApostelen|Apostel. Si sinn onéierlech Aarbechter, déi sech als Apostele vu Christus verkleeden.
- 14 Kee Wonner, well de Satan selwer verkleet sech als enEngel vum Liicht!

15 Also ass et näischt Besonnesches, wa seng Dénger sech als Dénger vun der Gerechtegkeet verkleeden. Hiert Enn entsprécht hiren Doten.

De Paul ass de „Mega-Apostelen“ iwwerleeën

16 Ech widderhuele mech: Et soll kee mech fir en Topert halen. Mee och wann dir et maacht, dann huelt mech als Topert un, fir datt ech mech och e bëssche bretze kann!

17 Wat ech mat dëser bretzeger Zouversiicht soen, soen ech net am Sënn vum Här, mee ech soen et als Topert!

18 Et bretze sech der jo vill, esou wéi d'Welt et mécht, also wëll och ech mech bretzen.

19 Dir erdrot jo gär d'Toperten, esou weis wéi dir sidd!

20 Dir erdrot et jo, wann een iech versklaavt, wann een total vun iech profitéiert, wann een iech austrickst, wann een arrogant mat iech ëmgeet oder wann een iech an d'Gesicht schléit.

21 (Zu eiser Schan muss ech gestoen, datt mir ze schwaach waren, fir dat ze maachen!) Wann awer ee sech traut, sech mat eppes ze bretzen (ech schwätzen hei als Topert), dann trauen och ech mech.

22 Sinn si Hebräer? Ma ech och. Sinn si Israeliten? Ma ech och. Sinn si Nokomme vum Abraham ? Ma ech och.

23 Sinn si Dénger vu Christus? (Ech schwätzen hei als Geckegen!) Da sinn ech et nach méi: Ech hu vill méi geschafft; ech gouf vill méi schro zerschloen; ech war méi dacks am Prisong; ech war méi dacks dem Doud no;

24 fënnefmol gouf ech vun de Judde gegäisselt mat „véierzeg Mol minus een“ Streech;

25 dräimol gouf ech mat Rutte geschloen; eemol gouf ech gestengegt; dräimol hunn ech Schëffbroch erlieft; ech hunn een Dag an eng Nuecht um offene Mier verbruecht;

26 op menge ville Reese gouf ech de Gefore vu Flëss, de Gefore vu Banditten, de Geforen duerch meng Landsleit, de Geforen duerch d'Net-Judden, de Geforen an de Stied, de Geforen an der Wüst, de Geforen um Mier, de Gefore vu falsche Geschwëster ausgesat;

27 ech hu vill an haart geschafft; ech war dacks während Nuechten ouni Schlof; ech hunn Hunger an Duuscht gelidden; ech hunn dacks gefaascht; ech war dacks kal an entbléist;

28 ofgesi vun dëse physesche Leiden, hunn ech den dagdeeglechen Drock vun der Suerg fir all d'Gemeinschaften op mir leien.

²⁹ Wien ass schwaach, ouni datt ech schwaach wier? Wie verfält der Sënn, ouni datt ech an Oprou geroden?

³⁰ Wann ech mech scho bretze muss, da wëll ech mech mat menge Schwaachheete bretzen.

³¹ De Gott a Papp vum Här Jesus, dee fir ëmmer gelueft ass, weess, datt ech net léien.

³² Zu Damaskus huet de Gouverneur vum Kinnek Aretas d' Stad vun den Damaszener bewaache gelooss, fir mech kënne festzehuelen,

³³ mee ech gouf an engem Kuerf duerch eng Fënster an dem Rempart erfogelooss a sinn esou sengen Hänn entkomm.

2. Korinther 12

¹ Ech wëll mech nach weider bretzen, och wann et mir näischt bréngt! Ech kommen elo op d'Visiounen an d'Offenbarunge vum Här ze schwätzen.

² Ech kennen e Mann, deen a Christus ass an dee viru véierzéng Joer an den drëtten Himmel eropgezu gouf. (Ob hien am Kierper war, weess ech net, oder ob hie baussent dem Kierper war, weess ech net, just Gott weess et.)

³ Ech weess, datt dëse Mann (ob hien am Kierper oder baussent dem Kierper war, weess ech net, just Gott weess et)

⁴ an de Paradäis gezu gouf. Hien huet Saachen héieren, déi ze helleg sinn, fir ze widderhuelen, an déi kengem Mënsch erlaabt sinn, an de Mond ze huelen.

⁵ Mat esou engem wëll ech mech bretzen, mee mat mir selwer wëll ech mech net bretzen, ausser mat menger Schwaachheet.

⁶ Wann ech mech nämlech bretze wéilt, da wier ech net topeg, well ech d'Wourecht soe géif. Mee ech enthale mech, fir datt kee mir méi zourechne kann, wéi dat, wat hien a mir gesäit oder aus mengem Mond héiert.

⁷ Wéinst den eenzegaartegen Offenbarungen, déi ech krut, krut ech en Dar a mäi Kierper gesat, en Engel vum Satan, dee mech kierperlech leiden deet, fir datt ech net iwwerhiefléch ginn.

⁸ Dräimol hunn ech den Här gefrot, fir mir en erauszehuelen,

⁹ mee hie sot zu mir: „Meng Gnod geet duer fir dech, well meng Kraaft erfëllt sech an der Schwaachheet.“ Dofir sinn ech ëmsou méi frou, fir mech mat menge Schwaachheeten kënne ze bretzen, fir datt d'Kraaft vu Christus a mir wunne kann.

10 Dofir sinn ech frou iwwert Schwaachheeten, Beleidegungen, Nout, Verfolgungen, Misär, déi ech fir Christus erdroen. Wann ech nämlech schwaach sinn, da sinn ech staark.

De Paul schwätzt de Korinther hir Virwërf géint hien un

11 Wéinst mengem Gebretz gouf ech en Topert! Dir hutt mech dozou gezwongen! Ech hätt solle vun iech recommandéiert ginn, well ech stoung an näischt den „Mega-Apostelen“ no, och wann ech näischt sinn.

12 D’Zeeche vum Apostel goufe mat grousser Ausdauer duerch Zeechen, Wonner a mächtég Doten ënnert iech gemaach.

13 Wouranner sidd dir am Verglach zu den anere Gemeinschaften ze kuerz komm? A jo, ech war iech keng Laascht! Verzeit mer dach déi Ongerechtegheet!

14 Kuckt, ech si prett, fir eng drëtze Kéier bei iech ze kommen. Ech sinn iech dann och keng Laascht. Ech siche jo net, wat iech gehéiert, mee iech selwer. D’Kanner sollen nämlech net fir d’Eltere spueren, mee d’Eltere fir d’Kanner.

15 Ech si frou, fir alles auszeginn a fir mech selwer wéinst äre Séilen dropzemaachen. Meng Léift fir iech wisst, och wann är Léift fir mech zeréckgeet.

16 Wéi och ëmmer! Ech war iech keng Laascht. Mee lous wéi ech sinn, hunn ech iech anscheinend mat Raffiness beduckst!

17 Hunn ech éieren duerch déi, déi ech bei iech geschéckt hunn, vun iech profitéiert?

18 Ech hunn den Titus opgefuerdert, bei iech ze kommen an hunn de Brudder matgeschéckt. Huet den Titus éiere vun iech profitéiert? Hu mir net duerch deeselwechte Geescht gelieft? Hu mir eis net d’nämmlecht beholl?

19 Mengt dir, datt mir eis nees géife virun iech verdeedegen? Mir schwätzen duerch Christus viru Gott. Léif Leit, alles, wat mir maachen, maache mir, fir iech z’erbauen.

20 Ech hunn nämlech Angscht, datt ech iech net esou virfannen, wéi ech et wëll, an datt dir mech net esou virfannt, wéi dir et wëllt, wann ech bei iech kommen. Et kéinte villäicht Streidereien, Näid, Roserei, Rivalitéiten, Beschass, Klaatsch, Arroganz an Onrouen ënnert iech sinn.

21 Ech hunn Angscht, wann ech nees bei iech kommen, datt mäi Gott mech ënnert iech erniddregt an datt ech em vill Leit trauere muss, déi virdu gesënnegt haten an net vun der Onmoraleschkeet, dem onerlaabte Sex an hirem verduerwene Liewen emgékiert sinn.

2. Korinther 13

Stellt iech selwer op d'Prouf

- 1 Dat gëtt mäin drëtte Besuch bei iech. „All Uklo muss duerch d'Ausso vun zwee oder dräi Zeien entscheet ginn.“
- 2 Ech sot iech et schonns, wéi ech déi zweet Kéier bei iech war, a soen et och elo am Viraus, wéi wann ech bei iech wier. Elo, wou ech net do sinn, schreiwen ech deenen, déi an hirer fréierer Sënn weiderliewen an och all deenen aneren, datt ech kee schoune wäert, wann ech nees bei iech komme sollt.
- 3 Dir sicht jo de Bewäis, datt Christus duerch mech schwätzt. Hien ass net schwaach, wat iech ugeet, mee hien ass mächtig ënnert iech.
- 4 Och wann hien an der Schwaachheet gekräizegt gouf, lieft hien awer duerch d'Muecht vu Gott. Mir sinn an him nämlech schwaach, mee mir liewen zesumme mat him duerch d'Kraaft vu Gott, déi iech da gewise gëtt.
- 5 Préift iech selwer, fir ze kucken, ob dir wierklech gleeweg sidd. Stellt iech selwer op d'Prouf! Oder erkennt dir selwer net, datt de Jesus Christus an iech ass? Ausser wann dir natierlech d'Prouf net géift bestoen!
- 6 Ech hoffen awer, datt dir erkennt, datt mir an der Prouf net duerchgefall sinn.
- 7 Mir bieten awer Gott dofir, datt dir näischt Falsches maacht. Ech bieten dat net, fir datt et esou ausgeséich, wéi wa mir d'Prouf bestanen hätten, mee fir datt dir dat Richtegt maacht, och wann et esou ausgesäit, wéi wa mir duerchgefall wieren.
- 8 Mir kënnen nämlech näischt géint d'Wourecht maachen, mee just eppes fir d'Wourecht.
- 9 Mir sinn nämlech frou, wa mir schwaach sinn an dir staark sidd. Mir bieten awer och fir dat hei: är vollstänneg Erneierung.
- 10 Dofir schreiwen ech iech dës Wieder, wann ech net do sinn, fir datt ech, wann ech do sinn, net streng muss sinn opgrond vun der Autoritéit, déi den Här mir ginn huet, fir iech opzeriichten an net fir iech ofzerappen.

Opfuerderungen a Gréiss

- 11 Nach e Wuert zum Schluss, Geschwëster! Freet iech! Gitt vollstänneg erneiert! Sidd encouragéiert! Sidd gläichgesënnt! Lieft am Fridden! Dann ass de Gott vun der Léift a vum Fridde mat iech.
- 12 Gréisst een deen anere mat enger helleger Bees.
- 13 All déi Helleg gréissen iech.

14 D'Gnod vum Här Jesus Christus, d'Léift vu Gott an d'Gemeinschaft vum hellege Geescht solle mat iech all sinn. Amen.

Galater

Galater 1

1 Vum Paul, engem Apostel (net wéinst de Mënschen an och net duerch e Mënsch, mee duerch de Jesus Christus a Gott, de Papp, deen hie vun den Doudegen operstoe gelooss huet),

2 a vun all de Geschwëster, déi bei mir sinn, un d'Gemeinschaften a Galatien:

3 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, dem Papp, a vun eisem Här Jesus Christus,

4 dee sech fir eis Sënnen hierginn huet, fir eis aus dësem jëtzege béisen Zäitalter ze retten nom Wëlle vun eisem Gott a Papp.

5 Him sief Éier fir ëmmer an éiweg. Amen.

De Paul verflucht déi, déi d'gutt Noriicht verdréien

6 Ech si verwonnert, datt dir esou séier dee verloosst, deen iech duerch d'Gnod vu Christus beruff huet, fir enger anerer gudder Noriicht nozegoen,

7 obwuel et keng aner gött! Et ginn awer verschidde Leit, déi iech doruechter bréngen an d'gutt Noriicht vu Christus verdréie wëllen.

8 Wann awer mir oder en Engel aus dem Himmel iech eng aner gutt Noriicht verkënnege sollten, wéi déi, déi mir iech verkënnegt hunn, da sief dee verflucht.

9 Esou wéi mir et scho virdu soten, soen ech et nach eng Kéier: Wann een iech eng aner gutt Noriicht verkënnegt wéi déi, déi dir ugeholl hutt, da soll dee verflucht sinn.

10 Sichen ech éieren elo d'Zoustëmmung vun de Mënschen oder vu Gott? Probéieren ech éieren, fir de Mënschen ze gefalen? Wéilt ech nach ëmmer de Mënsche gefalen, da wier ech keen Dénger vu Christus!

De Paul kritt de Jesus als Messias duerch eng Offenbarung gewisen

11 Geschwëster, ech wëll, datt dir wësst, datt d'gutt Noriicht, déi ech iech verkënnegt hat, net vu Mënsche kënnt.

12 Ech krut se nämlech net vun engem Mënsch, nach gouf ech se vun engem geléiert, mee ech krut se duerch eng Offenbarung vum Jesus Christus.

13 Dir hutt jo vu mengem fréiere Verhalen am Judaismus héieren, wéi ech d'Gemeinschaft vu Gott iwwert all Mooss verfollegt hunn a probéiert hunn, si ze zerstéieren.

- 14 Ech war och am Judaismus méi séier weiderkomm wéi vill Judden a mengem Alter, well ech vill méi äifreg war, fir d'Traditioune vu menge Virfueren anzehalen.
- 15 Mee wéi Gott, dee mech schonn am Mammeläif erausgesicht a mech wéinst senger Gnod beruff hat, Gefalen drun hat,
- 16 mir säi Jong ze offenbaren, fir datt ech hien ënnert den Net-Judde verkënnegen, hunn ech mech net direkt vu Mënsche berode gelooss.
- 17 Ech sinn och net op Jerusalem bei déi gaangen, déi viru mir Apostele waren. Villméi sinn ech an Arabien gaangen an duerno zeréck op Damaskus.
- 18 Dräi Joer drop sinn ech op Jerusalem gaangen, fir de Péitrus ze besichen a fir vun him ze léieren. Ech si fofzég Deeg bei him bliwwen.
- 19 Ech hu kee vun den aneren Apostele gesinn, ausser dem Jacques, eisem Här säi Brudder.
- 20 (Wat ech iech hei schreiwen: Gott ass mäin Zeien, datt ech net léien.)
- 21 Duerno gong ech an d'Géigende vu Syrien a Kilikien.
- 22 D'Gemeinschaften vu Judea, déi a Christus sinn, hu mech net perséinlech kannt.
- 23 Dat eenzegt, wat si iwwert mech héieren haten, war dat hei: „Deen, deen eis an der Zäit verfollegt huet, verkënnegt elo dee Glawen, deen hie fréier zerstéiere wollt.“
- 24 Dofir hu si Gott wéinst menger gelueft.

Galater 2

D'Apostelen an de Paul si sech eens

- 1 Véierzéng Joer drop gong ech nees mam Bar-Naba op Jerusalem. Den Titus hat ech och matgeholl.
- 2 Ech gong opgrond vun enger Offenbarung dohinner an hunn hinnen d'gutt Noriicht, déi ech ënnert den Net-Judde verkënnegen, matgedeelt. Dat hunn ech awer privat bei deenen zou gemaach, déi héich ugesi waren. Dat hunn ech gemaach, fir datt meng Aarbecht vun elo an och déi vu virdrun net ëmsoss wier.
- 3 Si hunn awer emol net den Titus, deen e Griich ass a mech begleet huet, dozou gezwongen, sech beschneiden ze loossen.

- ⁴ D’Fro ass och nëmme wéinst falsche Geschwëster opkomm, déi sech mat falsche Motiver bei eis ageschlach haten, fir eis iwwert eis Fräiheet a Christus Jesus auszespionéieren, fir datt si eis versklave kéinten.
- ⁵ Net emol eng eenzeg Stonn hu mir hinnen noginn an eis hinnen ënnerworf, fir datt d’Wourecht vun der gudder Noriicht géif fir iech erhale bleiwen.
- ⁶ Vun deenen, déi héich ugesi waren (wat si waren, mécht keen Ënnerscheid fir mech, well Gott net op d’Persoun kuckt), och vun deenen, déi héich ugesi waren, krut ech keng aner Léier operluecht.
- ⁷ Am Géigendeel, si hu gesinn, datt ech d’gutt Noriicht uvertraut krut, fir se deenen ze verkënnegen, déi netbeschnidde|Beschneidung sinn, esou wéi de Péitrus d’gutt Noriicht uvertraut krut, fir se deenen ze verkënnegen, déi beschnidde sinn.
- ⁸ Deen, deen de Péitrus fir säin Déngscht als Apostel ënnert deenen, déi beschnidde sinn, ermächtegt hat, hat och mech fir mäin Déngscht als Apostel ënnert den Net-Judden ermächtegt.
- ⁹ De Jacques, de Kefas an de Jean, déi als Saile vun der Gemeinschaft unerkannt sinn, hunn d’Gnod, déi ech krut, gesinn an dofir hu si mir an dem Bar-Naba déi riets Hand ginn als Zeeche vun der Gemeinschaft. Mir waren eis eens, datt mir bei d’Net-Judde ginn a si bei déi, déi beschnidde sinn.
- ¹⁰ Si wollte just, datt mir eis un déi Aarm erënnere sollten, wat och genee dat war, wat ech äifreg beméit war ze maachen.

De Paul trëtt dem Péitrus zu Antiochia entgéint

- ¹¹ Wéi de Péitrus awer op Antiochia koom, sinn ech him entgéintgetrueden, well hien am Feeler war.
- ¹² Éier verschidde Männer vum Jacques kumm sinn, hat hien nämlech regelméisseg mat den Net-Judde giess. Wéi si du kumm sinn, huet hie sech zeréckgezunn a sech ofgesënnert aus Angscht virun deene vun der Beschneidung.
- ¹³ Déi aner Judden hu sech du genesou schäinhelleg beholl, esou datt esouguer de Bar-Naba duerch hir Schäinhellegkeet verféiert gouf.
- ¹⁴ Wéi ech du gesinn hunn, datt hiert Behuelen net mat der Wourecht vun der gudder Noriicht iwwertenee gestëmmt huet, sot ech virun hinnen alleguer zum Péitrus: „Wann s du, deen s du e Judd bass, esou wéi en Net-Judd liefs an net wéi e Judd, wéi kanns du dann d’Net-Judden dozou zwéngen, wéi d’Judden ze liewen?“
- ¹⁵ Mir si vu Gebuert aus Judden a keng net-jüddesch Sënner.
- ¹⁶ Mir wëssen, datt kee Mënsch duerch d’Anhale vum Gesetz gerechtgesprach gëtt, mee duerch d’Trei vum Jesus Christus . Mir hunn un de

Jesus Christus gegleeft, fir datt mir duerch d'Trei vu Christus gerechtgesprach ginn an net duerch d'Anhale vum Gesetz, well duerch d'Anhale vum Gesetz kee Mënsch gerechtgesprach gëtt.

17 Mee wann och mir, déi mir duerno striewen duerch Christus gerechtgesprach ze ginn, dann als Sënner gëllen, heescht dat dann, datt Christus d'Sënn ënnerstëtzt? Op kee Fall!

18 Wann ech dat nees opbauen, wat ech zerstéiert hunn, beweisen ech, datt ech en Iwwertrieder sinn.

19 Duerch d'Gesetz sinn ech dem Gesetz gestuerwen, fir datt ech fir Gott liewe kann.

20 Ech gouf zesumme mat Christus gekräizegt. Net ech sinn et, deen elo leeft, mee Christus leeft a mir. D'Liewen, wat ech elo am Läif liewen, liewen ech duerch de Glawen un de Jong vu Gott, dee mech gär hat a sech fir mech hierginn huet.

21 Ech verwerfen d'Gnod vu Gott net, well wa Gerechtegkeet duerch d'Gesetz kéim, da wier Christus ëmsoss gestuerwen.“

Galater 3

D'Galater kruten de Geescht duerch de Glawen

1 Dir topeg Galater! Wien huet iech verhext, fir datt dir der Wourecht net follegt? De Jesus Christus gouf iech dach als Gekräizegte virun Ae presentéiert.

2 Ech wëll just dat hei vun iech wëssen: Krut dir de Geescht duerch d'Anhale vum Gesetz oder duerch de Glawen un dat, wat dir héieren hutt?

3 Sidd dir wierklech esou topeg? Dir hutt mam Geescht ugefaangen. Wëllt dir elo mam Kierper ofschléissen?

4 Hutt dir esou vill ëmsoss gelidden (wann et da wierklech ëmsoss war)?

5 Gëtt Gott iech de Geescht a wierkt hien ënnert iech Wonner, well dir d'Gesetz anhaalt oder well dir un dat gleeft, wat dir héieren hutt?

Den Abraham gouf duerch de Glawe gerechtgesprach

6 Geneesou war et mam Abraham : „Hien huet Gott gegleeft an dat gouf him als Gerechtegkeet ugerechent.“

7 Verstitt also, datt déi, déi gleewen, dem Abraham seng Nokomme sinn.

8 D'Schrëft, déi virausgesinn huet, datt Gott d'Net-Judden duerch de Glawe géif gerechtpriechen, huet dem Abraham d'gutt Noriicht am Viraus verkënnegt: „Duerch dech ginn all d'Natioune vun der Welt geseent.“

⁹ Déi, déi gleewen, ginn also zesumme mam Abraham, dee gegleeft huet, geseent.

Christus gouf fir d'Net-Judden zum Fluch, fir datt si d'Vesprieche vum Geescht duerch de Glawe kréichen

¹⁰ Jiddereen, dee sech op d'Anhale vum Gesetz stäipt, steet ënnert engem Fluch. Et steet nämlech geschriwwen: „Jiddereen, dee sech net stänneg un all dat hält, wat am Buch vum Gesetz geschriwwen steet, ass verflucht.“

¹¹ Et ass evident, datt keen duerch d'Gesetz viru Gott gerechtgesprach gëtt, well „de Gerechte leeft duerch de Glawen.“

¹² D'Gesetz berout nämlech net op de Glawen, villméi op den Text: „De Mënsch, deen dat alles anhält, leeft doduerch.“

¹³ Christus huet eis vum Fluch, deen duerch d'Gesetzgesprach gouf, erléist, andeems hie fir eis zum Fluch gouf. Et steet nämlech geschriwwen: „Jiddereen, deen um Holz hänkt, ass verflucht.“

¹⁴ Christus huet dat gemaach, fir datt de Segen, deen dem Abraham versprach gouf, och op d'Net-Judden duerch Christus Jesus komme géif, fir datt mir d'Vesprieche vum Geescht duerch de Glawe kréichen.

D'Gesetz kann d'Vespriechen, dat dem Abraham gemaach gouf, net ophiewen

¹⁵ Geschwëster, ech ginn iech e mënschlecht Beispill: Wann e Mënsch e rechtlecht Testament ratifizéiert, ka keen et annulléieren oder eppes dobäi schreiwen.

¹⁶ D'Vesprieche goufen dem Abraham a sengem Nokomme gemaach. Et heescht net: „an den Nokommen“, wéi wann et sech op der vill bezéie géif. Am Géigendeel, et schwätzt vun engem eenzegen: „an dengem Nokommen“, an dat ass Christus.

¹⁷ Ech soen dat hei: D'Gesetz, dat véierhonnertdrësseg Joer méi spéit gi gouf, kann d'Allianz, déi viru vu Gott a Bezuch op Christus ratifizéiert gouf, net ongülteg maachen an domat d'Vespriechen annulléieren.

¹⁸ Wann d'Ierfschaft nämlech duerch d'Gesetz kéim, da kéim se net méi duerch d'Vespriechen. Gott huet se dem Abraham awer duerch d'Vesprieche geschenkt.

D'Gesetz ass do, fir eis bei Christus ze leeden

¹⁹ Firwat dann d'Gesetz? Ma et gouf wéinst den Iwwertriedunge dobäigesat, bis den Nokomme komme géif, deem d'Vesprieche gemaach gouf. Et gouf duerch Engelen|Engel iwwermëttelt mat Hëllef vun engem Mëttelsmann.

²⁰ E Mëttelsmann implizéiert méi wéi eng Partei, Gott awer ass een.

- 21 Steet dann d'Gesetz am Géigesaz zu de Versprieche vu Gott? Op kee Fall! Wann d'Gesetz nämlech d'Muecht hätt, fir Liewen ze schenken, da kéim d'Gerechtegheet effektiv duerch d'Gesetz.
- 22 Mee d'Schrëft späert alles ënnert der Sënn an, fir datt d'Veersprieche wéinst der Trei vum Jesus Christus deene ka geschenkt ginn, déi gleewen.
- 23 Éier de Glawe koum, ware mir ënnert der Gard vum Gesetz, agespaart bis de Glawen, deen nach komme sollt, opgedeckt géif ginn.
- 24 Dofir war d'Gesetz eisen Erzéier, fir eis bei Christus ze leeden, fir datt mir duerch de Glawe gerechtgesprach géife ginn.
- 25 Mee elo, wou de Glawe komm ass, sti mir net méi ënnert engem Erzéier.
- 26 Dir sidd nämlech wéinst dem Jesus Christus all Kanner vu Gott duerch de Glawen,
- 27 well dir all, déi dir a Christus gedeeft gouft, Christus ugedoen hutt.
- 28 An him gött et kee Judd a kee Griich, kee Sklav a kee Fräien, kee Mann a keng Fra, dir sidd nämlech all een duerch Christus Jesus.
- 29 Wann dir Christus gehéiert, da sidd dir dem Abraham seng Nokommen an och lerwe laut dem Verspriechen.

Galater 4

- 1 Ech soen dat hei: Esoulaang den lerwe mannerjäreg ass, gött et keen Ënnerscheid téschent him an engem Sklav, obwuel him rechtméisseg alles gehéiert.
- 2 Villméi steet hien ënnert Momperen a Verwalter bis op deen Dag, dee vu sengem Papp festgeluecht gouf.
- 3 Esou war et och mat eis. Wéi mir mannerjäreg waren, ware mir Sklave vun den animistesche Muechte vun der Welt.
- 4 Wéi déi festgeluechten Zäit komm war, huet Gott säi Jong geschéckt. Dee gouf vun enger Fra gebuer an ënnert dem Gesetz gebuer.
- 5 Hien huet dat gemaach, fir déi ënnert dem Gesetz z'erléisen, fir datt mir adoptéiert kéinte ginn.
- 6 Dir sidd jo elo seng Kanner an dofir huet Gott de Geesch vu sengem Jong an är Häerzer geschéckt, dee rífft: „Abba ! Papp!“
- 7 Esou bass du net méi e Sklav, mee e Kand; a wann s du e Kand bass, da bass du och duerch Christus en lerwe vu Gott.

D'Galater kéieren zeréck bei hir falsch Gëtter

8 Zu där Zäit, an där dir Gott awer nach net kann hutt, hutt dir deene gedéngt, déi vun Natur aus keng Gëtter sinn.

9 Mee elo, wou dir Gott kennegeléiert hutt (oder villméi, datt Gott iech kennt), wéi kënnt et dann elo, datt dir zeréck bei déi schwaach an aarmséileg animistesche Muechte kéiert an hinnen nees dénge wëllt?

10 Dir haalt bestëmmten Deeg, Méint, bestëmmten Zäiten a Joren an!

11 Ech hunn Angscht ëm iech, datt meng Aarbecht fir iech ëmsoss war!

De Paul weess wéinst de Galater senger Hänn kee Rot méi

12 Geschwëster, ech bieden iech: Gitt dach wéi ech, esou wéi ech wéi iech gouf. Dir hutt mir näischt zu Leeds gedoen.

13 Dir wësst, datt ech iech am Ufank wéinst menger physischer Krankheet d'gutt Noriicht fir d'éischt verkënnegt hat

14 an och wa mäi physischen Zoustand iech op d'Prouf gestallt huet, hutt dir mech net verworf. Dir hutt mech villméi opgeholl, wéi wann ech en Engel vu Gott wier oder esouguer Christus Jesus selwer.

15 Wat ass da mat ärer Freed geschitt? Ech kann iech bezeien: Wann et méiglech gewiescht wier, dann hätt dir iech d'Aen ausgerappt, fir mir se ze ginn.

16 Sinn ech éieren äre Feind ginn, well ech iech d'Wourecht soen?

17 Si beméie sech ëm iech, mee net mat gudder Absicht. Si wëllen iech isoléieren, fir datt dir iech ëm si beméit.

18 Et ass ëmmer gutt, fir sech ëm eppes Guddes ze beméien, an dat net nëmme wann ech bei iech sinn.

19 Meng léif Kanner, ech leien nees an de Wéie fir iech, bis Christus an iech Form unhëlt.

20 Ech wënsche mir elo, bei iech ze sinn, fir mäin Toun z'änneren, well ech wéinst ärer menger Hänn kee Rot méi weess.

De Paul gebraucht d'Sara an d'Hagar als Illustratioun

21 Sot mir: Dir, déi dir ënnert dem Gesetz wëllt sinn, lauschtert dir net op d'Gesetz?

22 Et steet nämlech geschriwwen, datt den Abraham zwee Jongen hat, ee vun der Mod an ee vun der fräier Fra.

23 De Jong vun der Mod koum duerch eng natierlech Gebuert op d'Welt, mee de Jong vun der fräier Fra koum duerch e Versprieche op d'Welt.

- 24** Ech schwätzen emol bildlech: Déi zwou Frae sinn zwou Allianzen|Allianz. Déi eng Allianz koom vum Bierg Sinai a bréngt Kanner fir d'Sklaverei op d'Welt. Déi representéiert d'Hagar.
- 25** D'Hagar representéiert de Bierg Sinai an Arabien an entsprécht deem haitege Jerusalem, dat zesumme mat senge Kanner versklaavt ass.
- 26** Dat himmlescht Jerusalem ass awer fräi an ass d'Mamm vun eis alleguer.
- 27** Et steet nämlech geschriwwen: „Free dech, du onfruchtbar Fra, déi s du keng Kanner kriss! Fänk un ze jubiléieren an ze ruffen, du, déi s du keng Wéien hues! Déi verlosse Fra kritt nämlech méi Kanner wéi déi Fra, déi e Mann huet.“
- 28** Geschwëster, dir sidd Kanner vum Verspriechen, esou wéi den Isaak.
- 29** Mee genesou wéi deemools d'Kand, dat duerch eng natierlech Gebuert op d'Welt koom, dat Kand, dat duerch de Geesch op d'Welt koom, verfollegt huet, esou geschitt et och elo.
- 30** Mee wat seet d'Schrëft ? „Gehei d'Mod zesumme mat hirem Jong eraus, well de Jong vun der Mod gött op kee Fall zesumme mam Jong vun der fräier Fra lerwen.“
- 31** Geschwëster, dofir si mir net Kanner vun der Mod, mee vun der fräier Fra.

Galater 5

Bleift dofir an der Fräiheet standhaft

- 1** Bleift dofir standhaft an der Fräiheet, fir déi Christus eis fräi gemaach huet. Loosst iech net nees d'Jach vun der Sklaverei opleeën.
- 2** Passt op! Ech, de Paul, soen iech: Wann dir iech beschneide loosst, dann déngt iech Christus guer näischt.
- 3** Ech behaupten nees: Jiddwer Mann, dee sech beschneide léisst, ass dozou verflucht, dat ganzt Gesetz anzehalen.
- 4** Dir sidd vu Christus entfremt, well dir probéiert, iech duerch d'Anhale vum Gesetz ze rechtfäerdeg. Dir sidd vun der Gnod ofgefall.
- 5** Am Geesch erwaarde mir nämlech wéinst dem Glawen d'Hoffnung op Gerechtegkeet.
- 6** Wéinst Christus Jesus ass et nämlech egal, ob mir beschnidden|Beschneidungoderonbeschnidde|Onbeschnidden sinn; mee wat zielt ass de Glawen, deen duerch d'Léift wierkt.

7 Dir hat grouss Fortschrëttler gemaach. Wien huet iech dovunner ofgehalen, der Wourecht ze follegen?

8 Déi, déi iech iwwerriet hunn, sinn net vun deem ausgaangen, deen iech beruff hat.

9 E bëssen Deessem deet de ganzen Deeg opgoen!

10 Ech si vun iech duerch den Här iwwerzeegt, datt dir keng aner Meenung wäert hunn. Deen, deen iech doruechter bréngt, muss säin Uerteel droen, egal wien hien ass.

11 Geschwëster, wann ech nach ëmmer d'Beschneidung verkënnege géif, firwat ginn ech dann nach ëmmer verfollegt? Wann dat de Fall wier, da wier jo de Stolperstee vum Kräiz aus dem Wee geraumt!

12 Ech géif mir wënschen, datt déi, déi iech beonrouegen, esou wäit géife goen a sech selwer géife kastréieren!

Déngt iech géigesäiteg duerch d'Léift

13 Geschwëster, dir gouft nämlech zur Fräiheet beruff. Dir sollt just net är Fräiheet als Virwand gebrauchen, fir de Kierper zefriddenzestellen. Villméi déngt iech géigesäiteg duerch d'Léift!

14 Dat ganzt Gesetz ass nämlech an där enger Ausso resuméiert: „Hief däin Nächste gär wéi dech selwer.“

15 Wann dir een deen anere bässt a verdillegt, da gitt uecht, datt dir iech net géigesäiteg zerstiéiert.

D'Dote vum Kierper an d'Fruucht vum Geescht

16 Ech soen awer: Lieft duerch de Geescht. Esou stellt dir d'Begierlechkeete|Begierlechkeet vum Kierper net zefridden.

17 De Kierper begiert nämlech dat, wat géint de Geescht geet, an de Geescht begiert dat, wat géint de Kierper geet. Déi zwee schaffe géinteneen, esou datt dir net maache kënn, wat dir wëllt.

18 Wann dir awer vum Geescht geleet gitt, da sidd dir net ënnert dem Gesetz.

19 D'Dote vum Kierper sinn evident. Déi sinn: d'Bestietnes brieche, andeems ee friemgeet, onerlaabte Sex, Onmoraleschkeet, e verduerwent Liewen,

20 Gëtzendéngscht, Hexerei mat Drogegebrauch, Feindschaften, Streidereien, Näid, Roserei, Rivalitéiten, Ausernanersetzungen, Divisiounen,

21 Jalousie, Mord, Saufereien, exzessiivt Gefréiss a soss därgläichen. Ech soen iech et am Viraus, esou wéi ech iech et ewell deemools sot: Déijéineg, déi esou liewen, ierwen d'Kinnekräich vu Gott net.

- 22 D’Fruucht vum Geescht ass awer Léift, Freed, Fridden, Gedold, Frëndlechkeet, Guttheet, Trei,
- 23 Duussheet a Selbstbeherrschung. D’Gesetz ass net géint all dat.
- 24 Déi, déi zu Christus gehéieren, hunn de Kierper zesumme mat de Leidenschaften a Begierlechkeete gekräizegt.
- 25 Wa mir duerch de Geescht liewen, da loosst eis och dem Geescht nogoen.
- 26 Loosst eis net iwwerhiefléch sinn, andeems mir een deen anere provozéieren a jalous een op deen anere sinn.

Galater 6

Ditt jidderengem Guddes

- 1 Geschwëster, wann e Mënsch bei enger Iwwerriedung erwëscht gëtt, da sollt dir, déi dir geeschtlech sidd, mat engem Geescht vun der Duussheet en nees op de richtege Wee bréngen. Gitt op iech selwer uecht, datt dir net a Versuchung gerot.
- 2 Drot een deem anere seng Laascht. Esou erfëllt dir d’Gesetz vu Christus.
- 3 Wie mengt, eppes ze sinn, obwuel hien näischt ass, dee bedréit sech selwer.
- 4 Jidderee soll seng eegen Dote préiwen, da berout säin Houfert op sech selwer an net op de Verglach mat aneren.
- 5 Jidderee soll säin Deel vun der Laascht droen.
- 6 Wien am Wuert ënnerriicht gëtt, soll Habb a Gutt mat deem deelen, deen d’Wuert enseignéiert.
- 7 Loosst iech net irféieren! Gott léisst net de Geck mat sech maachen! Wat e Mënsch séit, dat hält en och eran.
- 8 Wie séit, fir sengem Kierper ze gefalen, deen hält aus sengem Kierper Verdierfnes eran. Wie séit, fir dem Geescht ze gefalen, deen hält aus dem Geescht éiwégt Liewen eran.
- 9 Loosst eis net midd ginn, fir dat Gutt ze maachen, well wa mir net noloossen, huele mir am richtege Moment eis Recolte eran.
- 10 Dofir solle mir, wa mir d’Geleeënheet dozou kréien, jidderengem Guddes doen, zumools deenen, déi zur Glawensfamill gehéieren.

Wéinst Christus ass et egal, ob mir beschnidden oder onbeschnidde sinn

- 11 KUCKT DÉI GROUSS BUSCHTAWEN, DÉI ECH IECH ELO MAT MENDER EEGENER HAND SCHREIWEN.

- 12 Déijéineg, déi äusserlech e gudden Androck maache wëllen, zwéngen iech, fir iech beschneiden ze loossen. Si maachen dat nëmmen, fir datt si net wéinst dem Kräiz vu Christus verfollegt ginn.
- 13 Déi, déi sech beschneide loossen, halen emol selwer d'Gesetz net an, mee si wëllen, datt dir iech beschneide loosst, fir datt si sech wéinst ärem Kierper bretze kënnen.
- 14 Et däerf op kee Fall sinn, datt ech mech iwwert iergendeppes bretzen, ausser iwwert d'Kräiz vun eisem Här Jesus Christus, duerch deen d'Welt mir gekräizegt gouf an ech der Welt.
- 15 Wéinst Christus Jesus ass et nämlech egal, ob mirbeschnidden|Beschneidung oder onbeschnidde|Onbeschnidden sinn, mee wat zielt ass eng nei Schöpfung.
- 16 Wien no dëser Regel leeft, op deem an op dem Israel vu Gott solle Fridde a Baarmhärzegkeet sinn.
- 17 Vun elo u soll kee mir méi Schwieregkeete maachen! Ech droen nämlech d'Läinzeche vum Här Jesus u mengem Kierper.
- 18 D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat ärem Geescht, Geschwëster. Amen.

Epheser

Epheser 1

1 Vum Paul, engem Apostel vum Jesus Christus duerch de Wëlle vu Gott, un déi Helleg, déi zu Ephesos sinn a wéinst Christus Jesus trei sinn:

2 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

Geeschlech Segen

3 Gelueft sief de Gott a Papp vun eisem Här Jesus Christus, deen eis duerch Christus mat jidder geschlechtem Segen am Himmel geseent huet.

4 Hien huet eis och geseent, andeems hien eis duerch Christus auserwilt huet, éier d'Welt erschafe gouf, fir datt mir helleg an ouni Feeler a senger Präsenz kéinte sinn. Aus Léift

5 huet hien eis duerch de Jesus Christus zur Adoptioun bestëmmt, fir seng Kanner ze ginn, esou wéi säi gudde Pleséier et gewollt huet.

6 Esou gött seng herrlech Gnod gelueft, mat där hien eis duerch deen, deen hie gär huet, geseent huet.

7 Wéinst senger hu mir duerch säi Blut Erléisung, d'Verzeiung vun eisen Iwwertriedungen, well hie Gnod am Iwwerfloss huet.

8 Déi Gnod huet hien eis duerch lauter Wäisheet an Asiicht räichlech geschenkt.

9 Hien huet eis d'Geheimnis vu sengem Wëlle bekanntgemaach, esou wéi säi gudde Pleséier et gewollt huet, wéi hie sech dat am Viraus duerch Christus virgeholl hat.

10 Gott verwalt nämlech d'Zäitaltere bis zu hirem vollstännegen Ofschloss, fir alles, wat am Himmel an op der Äerd ass, duerch hien, dat heescht duerch Christus, ënnert seng Leedung zesammenzebréngen.

11 Duerch hie goufe mir virausbestëmmt, fir Gott ze gehéieren, nom Plang vun deem, deen alles nom Virsaz vu sengem Wëlle realiséiert,

12 fir datt mir, déi mir scho virdrun op Christus gehofft haten, seng Herrlechkeet luewen.

13 Nodeems dir d'Botschaft vun der Wourecht, déi d'gutt Noriicht ass an déi iech Rettung bréngt, héieren hat an u Christus gegleeft hutt, gouft och dir mam versprochenen hellege Geescht versigelt,

14 deen en Akkont vun eiser Ierfschaft ass, bis Gott de Besët, deen hie kaf huet, erléist an dee Besët seng Herrlechkeet lueft.

De Paul seet Gott Merci a biet fir d'Epheser

15 Dat ass och de Grond, firwat ech – nodeems ech vun ärem Glawen un den Här Jesus a vun ärer Léift fir all déi Helleg héieren hunn –

16 net ophalen, Gott fir iech Merci ze soen, wann ech mech a menge Gebieder un iech erënneren.

17 Ech bieden, datt de Gott vun eisem Här Jesus Christus, de Papp vun der Herrlechkeet, iech geeschtlech Wäisheet an Offenbarung gött, fir datt dir hie kennt.

18 Ech bieden, datt d'Ae vun ärem Verstand erliicht ginn, fir datt dir erkennt, wat d'Hoffnung ass, zu där hien iech beruff huet, wat de Räichtum vu senger herrlecher Ierfschaft ass, déi op déi Helleg waart,

19 a wéi onbegrenzt grouss seng Muecht ass, déi sech un eis, déi mir gleewen, duerch d'mächtige Wierke vu senger Kraaft erweist.

20 Dës Kraaft huet a Christus gewierkt, wéi si hie vun den Doudegen operstoe gelooss huet an hien zu senger Rietser am Himmel sëtze gedoen huet.

21 Do steet hie wäit iwwert all Gewalt, Autoritéit, Muecht an Herrscher an iwwert jidder Numm, deen ernimmt gött, net nëmmen an dësem Zäitalter, mee och an deem, deen nach kënnt.

22 Dës Kraaft huet him alles ënnerworf an ënnert seng Féiss geluecht, an hien als Kapp iwwert alles gesat fir d'Gemeinschaft,

23 déi säi Läif ass an déi de vollstännegen Ausdrock vun deem ass, deen alles an allem féllt.

Epheser 2

Dout wéinst den Iwwertriedungen a Sënnen

1 Dir waart jo wéinst den Iwwertriedungen a Sënnen dout,

2 an deenen dir fréier gelieft hutt. Dir hutt jo nom Laf vun dëser Welt gelieft, laut dem Herrscher vun de geeschtleche Muechten, déi an der Loft regéieren, dem Geesch, deen elo duerch d'rebellesch Kanner wierkt.

3 Och mir hu fréier ënnert deene gelieft. Mir gongen de Begierlechkeete|Begierlechkeet vun eisem Läif no an hunn de Wëlle vun eisem Läif a vun eise Gedanke gemaach. Mir ware vun Natur aus Kanner, déi zur Roserei bestëmmt waren, genee wéi déi aner.

Lieweg duerch Christus

- 4 Mee Gott, dee räich u Baarmhärzegkeet ass, a wéinst senger grousser Léift, mat där hien eis gär huet,
- 5 huet eis zesumme mat Christus lieweg gemaach, och wa mir wéinst eisen Iwwertriedungen dout waren – duerch d’Gnod sidd dir gerett ginn.
- 6 Gott huet eis zesumme mat Christus operstoe gelooss an eis zesumme mat him eng Plaz am Himmel duerch Christus Jesus ginn,
- 7 fir an den zukünftigen Zäitaltere seng onbegrenzt räich Gnod a senger Guttheet fir eis duerch Christus Jesus ze weisen.
- 8 Dir sidd nämlech duerch d’Gnod wéinst dem Glawe gerett ginn an dat net vun iech selwer aus, mee et ass e Kaddo vu Gott.
- 9 Et ass net opgrond vu Wierker, fir datt kee sech brette kann.
- 10 Mir sinn nämlech säi Wierk. Mir sinn duerch Christus Jesus fir gutt Wierker erschafe ginn, déi Gott am Viraus virbereet huet, fir datt mir si ausliewe sollen.

Judd an Net-Judd ginn duerch Christus eent

- 11 Erënnert iech also drun, datt dir gebierteg Net-Judde waart a vun deenen, déi eng physesch Beschneidung duerch Mënschenhand hunn, „Onbeschnidder|Onbeschnidder“ genannt gouft;
- 12 dir waart zu där Zäit vu Christus getrennt, vun der Natioun Israel ausgeschloss a Friemer, wat d’Allianze|Allianz vum Versprieche ugeet. An der Welt hat dir keng Hoffnung a waart ouni Gott.
- 13 Mee elo sidd dir, déi dir fréier wäit ewech waart, duerch Christus Jesus nobäi bruecht ginn duerch d’Blutt vu Christus.
- 14 Hien ass nämlech eise Fridden; hien huet aus deenen zwee eent gemaach an huet d’Trennungsmauer, déi eis fréier vunenee getrennt huet, ofgerappt.
- 15 Duerch säi Läif huet hien d’Feindschaft zerstéiert, déi wéinst de Virschrëften an den Arrêtée vum Gesetz bestanen huet, fir duerch sech selwer aus deenen zwee een neie Mënsch ze schafen an esou Fridden ze bréngen
- 16 a fir déi zwee an engem Läif mat Gott duerch d’Kräiz ze versöhnen. Duerch d’Kräiz huet hien d’Feindschaft ëmbruecht.
- 17 Wéi hie koum, huet hie Fridde verkënnegt fir iech, déi dir wäit ewech waart, a fir déi, déi nobäi waren,
- 18 fir datt mir zwee wéinst senger duerch ee Geescht Zougang zum Papp hunn.
- 19 Elo sidd dir also net méi Friemer an Ausländer, mee dir sidd Matbierger ënnert den Hellegen a Membere vu Gott sengem Stot.

20 Dir gouft jo op dem Fëllement vun den Apostelen|Apostel an de Prophéite gebaut an den Ecksteen ass Christus Jesus selwer.

21 Duerch hie gëtt dat ganz Gebai zesummegehalen an et wiißt, fir en hellegen Tempel am Här ze ginn.

22 Duerch hie gitt och dir zu enger Wunnecht vu Gott gebaut, an där hien duerch de Geesch leeft.

Epheser 3

D'Net-Judden huelen um Versprieche deel

1 Et ass och dowéinst, datt ech, de Paul, e Prisonéier fir Christus Jesus fir iech Net-Judde sinn –

2 wann dir wierklech vun der Aufgab héieren hutt, déi ech krut, fir iech d'Gnod vu Gott ze verkënnegen.

3 Wéi ech déi Aufgab opgedroe krut, gouf mir d'Geheimnis duerch eng Offenbarung bekanntgemaach, esou wéi ech et scho kuerz geschriwwen hunn.

4 Wann dir dat hei liest, kënnt dir mäin Abléck an d'Geheimnis vu Christus verstoen.

5 Dëst Geheimnis gouf de Mënschen a fréiere Generatiounen net bekanntgemaach, esou wéi et elo sengen hellegen Apostelen|Apostel a Prophéiten duerch de Geesch gewise gouf.

6 Dëst Geheimnis ass, datt d'Net-Judde Matierwe sinn, zum nämmlechte Läif gehéieren an duerch Christus wéinst der gudder Noriicht u sengem Versprieche deeluelen.

De Paul ass en Dénger vun dëser gudder Noriicht

7 Ech gouf en Dénger vun dëser gudder Noriicht duerch de Kaddo vum gnädege Gott, deen hie mir opgrond vu senger mächtger Kraaft ginn huet.

8 Mir, deem mannste vun all den Hellegen, gouf dës Gnod ginn, fir den Net-Judden d'gutt Noriicht vum onbegräifliche Räichtum vu Christus ze verkënnegen

9 a fir jidderengem kloerzestellen, wat de geheimnisvolle Plang ass, deen zënter Éiwegkeet vu Gott, deen alles duerch de Jesus Christus erschafen huet, verstoppt gouf.

10 E gouf verstoppt, fir datt d'Gemeinschaft déi villsäiteg Wäisheet vu Gott bei den himmlesche Muechten an Autoritéiten elo bekanntmaache soll.

11 Dat huet dem éiwege Plang entsprach, deen hien duerch Christus Jesus, eisem Här, ausgeféiert huet.

De Paul biet fir d'Epheser

12 An him hu mir Courage an en zouversiichtlechen Zougang zu Gott duerch de Glawen u Christus.

13 Dofir bieden ech iech, de Kapp net hänken ze loosse wéinst de schwéieren Ëmstänn, déi ech wéinst ärer erdroen an déi fir är Verherrlechung sinn.

14 Dat ass och de Grond, firwat ech mech virum Papp vun eisem Här Jesus Christus hikhéien,

15 dee jidder Famill am Himmel an op der Äerd kennt.

16 Ech bieden, datt hien iech et opgrond vu sengem herrleche Räichtum erlaabt, am ënnerleche Mënsch duerch de Geescht mat Kraaft gestärkt ze sinn,

17 datt Christus an ärem ënnerleche Wiesen duerch de Glawe wunnt,

18 datt dir wéinst der Léift fest verwuerzelt an etabléiert gitt, fir datt dir zesumme mat all den Hellege verstoe kënn, wat d'Breet, d'Längt, d'Déift an d'Héicht sinn,

19 an datt dir d'Léift vu Christus, déi all Wëssen iwwertrëfft, verstoe kënn, fir datt dir vu Gott vollstänneg erfëllt kënn ginn.

20 Deem, dee capabel ass, onendlech vill méi ze maachen, wéi alles, wat mir hie froen oder eis virstelle kënnen, opgrond vun der Kraaft, déi an eis schafft,

21 deem sief Herrlechkeet duerch d'Gemeinschaft an duerch de Jesus Christus an alle Generatioune fir ëmmer an éiweg. Amen.

Epheser 4

Eenheet am Läif vu Christus an am Glawen

1 Ech, e Prisonéier fir den Här, ermunnen iech also dozou, op eng Manéier ze liewen, déi der Berufung entsprécht, zu där dir beruff gouft.

2 Lieft an totaler Bescheidenheet, Duussheet a Gedold, andeems dir een deen aneren an der Léift erdrot

3 an äifreg d'Eenheet vum Geescht duerch de Bond vum Fridde behaalt.

4 Et gött ee Läif an ee Geescht, geneesou wéi dir zu enger Hoffnung beruff gouft am Moment vun ärer Berufung.

5 Et gött een Här, ee Glawen, eng Daf

- ⁶ an ee Gott a Papp vu jidderengem, deen iwwert jidderee regéiert, duerch jidderee wierkt an a jidderengem vun eis ass.
- ⁷ All eenzele vun eis krut d'Gnod an deem Mooss, mat deem Christus eis se geschenkt huet.
- ⁸ Dofir seet d'Schrëft: „Hie giong an d'Héicht erop, huet Prisonéier a Gefaangenschaft geholl an huet de Mënsche Kaddoe gemaach.“
- ⁹ (Mee wat heescht d'Ausso „Hie giong erop“, ausser datt hie fir d'éischt an déi niddregst Deeler vun der Äerd erofgong?)
- ¹⁰ Deen, deen erofgong, ass och deen, dee méi héich wéi den allerhéchsten Himmel eropgong, fir datt hien alles erfëllt.)
- ¹¹ Hien ass et, dee verschidder als Apostelen|Apostel agesat huet, anerer als Prophéiten, anerer als Evangelisten|Evangelist, anerer als Hierten a Léiermeeschteren,
- ¹² fir déi Helleg fir d'Aarbecht vum Déngscht auszebilden. Dat déngt dozou, de Läif vu Christus z'encouragéieren.
- ¹³ Hien huet déi agesat, bis mir all d'Eenheet vum Glawen an d'Erkenntnes iwwert de Jong vu Gott erreechen a bis mir all e räife Mënsch ginn. D'Mooss vun dëser Maturitéit ass d'Perfektion vu Christus.
- ¹⁴ Esou si mir dann net méi ewéi Kanner, déi vun de Wellen hin- an hiergehait ginn a vu jidder Wand vun Doktrinn matgerappt ginn. Kanner ginn duerch d'Täuschunge vun de louse Mënsche matgerappt, déi mat hire Pläng irféiere wëllen.
- ¹⁵ Andeems mir mat Léift d'Wourecht soen, wuesse mir a jidder Hisiicht op Christus zou, deen de Kapp ass.
- ¹⁶ De ganze Läif gëtt vun him zesumme gesat an duerch all d'Gelenker, déi en ënnerstëtzen, zesummegehalen. All eenzelt Glidd schafft, fir säin Deel bäizedroen an esou bréngt en de Läif un d'Wuessen, fir datt de Läif sech selwer duerch d'Léift opbaut.

Leet den ale Mënsch of an ditt den neie Mënsch un

- ¹⁷ Dofir soen ech iech dat hei a behaapte mech duerch den Här drop: Liefert net méi esou, wéi de Rescht vun den Net-Judde liewen, deenen hir Gedanken onnëtz sinn.
- ¹⁸ Mat hirem Verstand tappe si am Däischteren a sinn dem göttleche Liewe friem wéinst der Ignoranz, déi an hinnen ass, an hire verbrueten Häerzer.
- ¹⁹ Si hunn all Gefill vu Schimmt verluer, well si sech engem verduerwene Liewen erginn hunn, fir mat Rangstegkeet all Zort vun Onmoraleschkeetauszeüben.

- 20 Dir awer hutt Christus net op dës Manéier kennegeléiert!
- 21 Gewëss hutt dir vun him héieren a gouft iwwert hien enseignéiert opgrond vun der Wourecht, déi am Jesus ass.
- 22 Dir gouft geléiert, den ale Mënsch mat sengem fréiere Verhalen ofzeleeën, deen duerch nidderrächteg Begierlechkeete|Begierlechkeet verduerwe gouf.
- 23 Amplaz dovu gouft dir geléiert, äre Verstand duerch de Geescht erneieren ze loossen
- 24 an den neie Mënsch unzedoen, dee geschafe gouf, fir an der Gerechtegkeet an an der Hellegkeet, déi op d'Wourecht baséiert, esou wéi Gott ze sinn.

Praktesch Uwendunge fir den neie Mënsch

- 25 Leet dofir d'Léien of! Jidderee soll sengem Nächstem d'Wourecht soen, well mir sinn all ee mam aneren ewéi Glidder vun engem Kierper verbonden.
- 26 Gitt rosen ouni ze sënnege! Loosst d'Sonn net iwwert ärer Roserei ënnergoen,
- 27 fir datt den Däiwel kee Fouss an d'Dier kritt.
- 28 Wie gestuel huet, däerf net méi klauen, villméi muss hien haart schaffen. Hie muss selwer schaffe goen an eng éierlech Aarbecht maachen. Esou huet hien eppes, fir mat engem ze deelen, deen eppes brauch.
- 29 Et därefe keng schiedlech Wieder aus ärem Mond kommen, mee nëmme gutt Wieder, déi deem hëllef, deen et brauch, fir datt si den Nolauschterer Guddes doen.
- 30 Maacht den hellege Geescht vu Gott net traureg, duerch deen dir fir den Dag vun der Erléisung versigelt gouft.
- 31 Leet all Gehäsegkeet, Ierger, Roserei, Gejäiz, Lästerungen an och all Form vu Béiswëllegkeet of.
- 32 Sidd awer frëndlech a baarmhärzeg mateneen, andeems dir een deem anere verzeit, grad ewéi Gott iech duerch Christus verzien huet.

Epheser 5

- 1 Imitéiert Gott, esou wéi Kanner, déi hie gär huet.
- 2 Lieft an der Léift, esou wéi Christus eis gär hat a sech fir eis als Affer u Gott hierginn huet als Sacrifice mat engem agreabelen Doft.

³ Onerlaabte Sex an och jidder Form vun Onmoraleschkeet a Rangstegkeetsollen emol net ënnert iech ernimmt ginn, esou wéi et sech fir Helleger gehéiert.

⁴ Schänterlecht, topegt a knaschtegt Geschwätz gehéiert sech och net. Villméi gehéiert sech awer Dankbarkeet.

⁵ Dat hei sollt dir nämlech wëssen: Déi, déi onerlaabte Sex hunn, déi Onreng an déi Rangsteg (déi Götzenubieder sinn) kréie keng lerschaft am Kinnekräich vu Christus a vu Gott.

⁶ Et soll keen iech mat eidele Wieder irféieren. Et ass nämlech wéinst all deem, datt d'Roserei vu Gott iwwert déijéineg kënnt, déi net follegen.

⁷ Ditt iech also net mat hinnen zesummen.

⁸ Dir waart nämlech fréier an der Däischtert, mee elo sidd dir duerch den Här am Liicht. Lieft also ewéi Kanner vum Liicht

⁹ (d'Fruucht vum Geescht besteet nämlech aus Guttheet, Gerechtegkeet a Wourecht),

¹⁰ andeems dir préift, wat dem Här gefält.

¹¹ Huel net un den onfruchtbaren Dote vun der Däischtert deel, mee bréngt si un d'Liicht.

¹² Et ass nämlech schänterlech, esouguer vun deem ze schwätzen, wat heemlech gedriwwe gött.

¹³ Alles, wat awer duerch d'Liicht entbléisst gött, ass kloer z'erkennen, well d'Liicht alles kloer ze erkenne gött.

¹⁴ Dofir gött gesot: „Gëff waakreg, du Schléifer, a stéi vun den Doudegen op! Christus gött dir Liicht.“

¹⁵ Gitt also uecht, wéi dir lieft, net esou wéi Toperten, mee wéi Weiser,

¹⁶ déi vu jidder Geleeënheet profitéieren, well dës Deeg béis sinn.

¹⁷ Sidd also net topeg, mee verstitt, wat de Wëlle vum Här ass.

¹⁸ Bedréinkt iech net mat Wäin, well dat zu liichtsënnegem Behuele féiert. Sidd villméi mam Geescht erfëllt.

¹⁹ Schwätzt ee mat deem anere mat Psalmen, Hymnen a Lueflidder. Sangt a lueft den Här mat ärem Häerz.

²⁰ Sot Gott, dem Papp, am Numm vun eisem Här Jesus Christus fir alles Merci.

Den Ëmgang mateneen

²¹ Uerdent iech aus déiwem Respekt viru Christus een deem aneren ënner!

- 22 Fraen, uerdent iech ären eegene Männer ënner wéi dem Här!
- 23 De Mann ass nämlech de Kapp vun der Fra, esou wéi Christus de Kapp vun der Gemeinschaft an de Retter vum Läif ass.
- 24 Esou wéi d'Gemeinschaft sech Christus ënneruerdent, esou sollen och d'Frae sech an allem hire Männer ënneruerdnen.
- 25 Männer, hutt är Frae gär, esou wéi Christus d'Gemeinschaft gär hat a sech fir si hierginn huet,
- 26 fir si helleg ze maachen, andeems hie si duerch d'Ënnerdauchen am Waasser an duerch d'Wuert reng gemaach huet.
- 27 Hien huet dat gemaach, fir si als herrlech Gemeinschaft viru sech ze stellen: eng Gemeinschaft ouni Flecken, Falen oder soss eppes, mee helleg an ouni Feeler.
- 28 Esou sollen och Männer hir Frae gär hunn ewéi hiren eegene Kierper. Wie seng Fra gär huet, huet sech selwer gär.
- 29 Et gött jo keen, dee jee säin eegene Kierper gehaast huet, mee hien ernäert a versuert en, esou wéi den Här et mat der Gemeinschaft mécht,
- 30 well mir Glidder vu sengem Läif, vu sengem Fleesch a senge Schanke sinn.
- 31 „Dowéinst verléisst e Mann säi Papp a seng Mamm, fir sech u seng Fra ze bannen. Déi Zweek ginn ee Läif.“
- 32 Dat ass e grousst Geheimnis, ech bezéien et awer op Christus an d'Gemeinschaft.
- 33 Wat awer elo all eenzele vun iech ugeet: All Mann soll seng Fra gär hunn ewéi sech selwer an d'Fra soll hire Mann respektéieren.

Epheser 6

- 1 Kanner, follegt ären Eltere wéinst dem Här, well dat richtig ass.
- 2 „Éier däi Papp an deng Mamm“, ass nämlech dat éischt Gebot mat engem Verspriechechen:
- 3 „fir datt et dir gutt geet a fir datt s du e laangt Liewen op der Äerd hues.“
- 4 Pappen, maacht är Kanner net rosen, mee zillt se an der Erzéiung an an der Léier vum Här.
- 5 Sklaven, follegt mat Respekt, Zidderen an engem éierlechen Häerz äre Meeschteren hei op der Äerd, esou wéi dir Christus follegt.

6 Follegt net, fir wëllen ze beandroocken, fir iech bäizeschmieren oder fir Mënschen ze gefalen, mee follegt ewéi Sklave vu Christus, déi de Wëlle vu Gott aus ganzem Häerz maachen.

7 Dénigt mat Äifer, wéi wann et fir den Här wier an net fir d'Mënschen.

8 Dir sollt wëssen, datt jiddereen, dee Guddes mécht, vum Här belount gött, sief hien e Sklav oder e fräie Mënsch.

9 Och dir Meeschteren, behandelt är Sklaven all d'selwecht. Haalt op, hinnen ze dreeën. Dir wësst jo, datt äre Meeschter am Himmel ass an hie jiddereen d'selwecht behandelt.

D'Wafferüstung vu Gott

10 An nach zum Schluss, meng léif Geschwëster, gitt duerch den Här a seng kräfteg Muecht gestärkt.

11 Ditt déi komplett Wafferüstung vu Gott un, fir datt dir dem Däiwel sengen Intrige widderstoe kënnt.

12 Eise Kampf ass nämlech net géint Fleesch a Blut, mee géint d'Gewalten, géint d'Muechten, géint déi onsichtbar Weltherrscher aus dësem däischteren Zäitalter a géint déi béis Geeschter am Himmel.

13 Dofir sollt dir d'ganz Wafferüstung vu Gott undoen, fir datt dir um béisen Dag widderstoe kënnt an, nodeems dir alles gemaach hutt, fir standhaft bleiwen ze kënnen.

14 Bleift standhaft, andeems dir d'Wourecht als Rimm ëm d'Taille an d'Gerechtegkeet als Broschtpanzer unditt,

15 a stréckt är Schong, fir datt dir bereet sidd, d'gutt Noriicht vum Friden ze verkënnegen.

16 Virun allem gräift nom Schëld vum Glawen, mat deem dir d'feiereg Feiler vum Béisen ofwieren a läsche kënnt.

17 Huelt den Helm vun der Rettung an d'Schwäert vum Geescht, dat d'Wuert vu Gott ass.

18 Maacht dat alles, andeems dir ëmmer mat jidder Ufro a Gebiet duerch de Geescht biet. Sidd doranner wuechtsam mat absoluter Ausdauer a mat Gebieder fir all déi Helleg.

19 Biet och fir mech, datt ech d'Wierder kréien, wann ech mäi Mond opmaachen, fir mat Verwoetheet d'Geheimnis vun der gudder Noriicht ze verkënnegen.

20 Fir dës gutt Noriicht sinn ech en Ambassadeur, deen a Ketten ass. Biet, datt ech se kéng verkënnegen, esou wéi ech et soll.

Gréiss

- 21 De Brudder Tychikos, deen ech gär hunn, an deen en treien Dénger fir den Här ass, verzielt iech alles, fir datt dir wësst, wéi et mir geet a wat ech maachen.
- 22 Ech hunn hien dowéinst bei iech geschéckt, fir datt dir wësse kënnt, wéi et eis geet, a fir datt hien är Häerzer encouragéiere kann.
- 23 Fridde sief mat de Geschwëster zesumme mat Léift a Glawe vu Gott, dem Papp, an dem Här Jesus Christus.
- 24 Gnod sief mat all deenen, déi eisen Här Jesus Christus mat enger onvergänglecher Léift gär hunn. Amen.

Philipper

Philipper 1

1 Vum Paul a vum Timothée, Dénger vum Jesus Christus, un all déi Helleg am Jesus Christus, déi zu Philippi sinn, an och un déi Eelst an d'Diakonen:

2 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

De Paul seet Gott Merci

3 Ech soe mengem Gott all Kéiers Merci, wann ech un iech denken.

4 An all menge Gebieder fir iech alleguer, bieden ech ëmmer mat Freed,

5 well dir vum éischten Dag u bis elo un der Verkënnung vun der gudder Noriicht deelhuelt.

6 Ech sinn och iwwerzeegt, datt deen, deen dat gutt Wierk an iech ugefaangen huet, et och bis op den Dag vum Jesus Christus op en Enn bréngt.

7 Et ass nëmme richtig fir mech, esou iwwert iech all ze denken, well dir mir um Häerz läit; ob ech am Prisong sinn oder ob ech d'gutt Noriicht verdeedegen a bestätegen, deelt dir all zesumme mat mir d'Gnod vu Gott.

8 Gott ass mäin Zeien, wéi ech no iech alleguer mat der Léift vum Jesus Christus verlaangeren.

9 Ech bieden, datt är Léift ëmmer méi räich u Kenntnes an un all Asiicht gött,

10 fir datt dir erkenne kënnt, op wat et ukënnt, esou datt dir reng an irreprochabel sidd um Dag vu Christus,

11 erfëllt mat der Fruucht vun der Gerechtegkeet, déi duerch de Jesus Christus kënnt, fir d'Éier an de Luef vu Gott.

D'gutt Noriicht gött wéinst dem Paul senger Gefaangenschaft gefuerdert

12 Geschwëster, dir sollt wëssen, datt meng Situatioun d'Verbredung vun der gudder Noriicht gefuerdert huet.

13 Et ass dem ganze Praetorium an och all den anere kloer ginn, datt ech wéinst Christus a Gefaangenschaft sinn.

14 Vill vun de Geschwëster hunn duerch meng Gefaangenschaft Vertrauen an den Här kritt an traue sech elo, ouni Angscht d'Wuert ze verkënnegen.

15 Gewëss gött et der en etlech, déi Christus aus Jalousie a Sträit verkënnegen, anerer awer mat gudder Absicht.

- 16 Déi eng verkënnege Christus aus Rivalitéit, net mat éierleche Motiver. Esou menge si mir Misär a menger Gefaangenschaft ze maachen.
- 17 Déi aner maachen et awer aus Léift, well si wëssen, datt ech fir d'Verdeedegung vun der gudder Noriicht agesat gouf.
- 18 Ma wat huet dat schonn ze soen? Wat zielt ass, datt Christus op all Manéier verkënnegt gëtt, sief et aus falschen oder éierleche Motiver. Doriwwer freeën ech mech a freeë mech och weiderhin.
- 19 Ech weess nämlech, datt är Gebieder an d'Hëllef vum Geescht vum Jesus Christus zu menger Rettung féieren.
- 20 Meng grouss Erwaardung an Hoffnung ass et, datt ech mech fir näischt schumme muss, mee datt ech wéi ëmmer esou och elo Christus ganz kéng a mengem Läif verherrelechen, ob ech liewen oder stierwen.
- 21 Christus ass nämlech mäi Liewen an den Doud mäi Gewënn.
- 22 Wann ech awer physesch weiderliewen, heescht dat fir mech fruchtbar Aarbecht. Ech weess net, wat ech wíele soll.
- 23 Ech sëtzen téschent zwee Still. Engersäits ass et mäi Wonsch, fir fortzegoen a bei Christus ze sinn, wat och vill besser wier,
- 24 anerersäits ass et besser fir iech, datt ech weiderhin um Liewe bleiwen.
- 25 Ech sinn heivunner iwzerzeegt: Ech weess, datt ech um Liewe bleiwen a bei iech bleiwen, fir ärem Progrès a fir der Freed vun ärem Glawen ze hëllefen.
- 26 Wann ech dann nees bei iech zeréckkommen, hutt dir all Grond wéinst dem Jesus Christus op mech houfreg ze sinn.

Behaalt d'Eenheet am Glawen

- 27 Verhaalt iech just op eng Manéier, déi der gudder Noriicht vu Christus wierdeg ass, fir datt ech – ob ech bei iech kommen an iech gesinn oder ob ech net do sinn – vun iech héieren, datt dir fest an engem Geescht stitt, datt dir eng Séil sidd, wann dir iech zesumme fir de Glawe vun der gudder Noriicht asetzt
- 28 an datt dir och keng Angscht virun äre Géigner hutt. Fir si ass dat e kloert Zeechen, datt si zerstéiert ginn, fir iech ass et awer en Zeechen, datt dir vu Gott gerett gitt.
- 29 Dir hutt nämlech de Privileeg krut, net nëmmen u Christus ze gleewen, mee och fir hien ze leiden.
- 30 Dir erlieft deeselwechte Kampf, deen dir u mir gesinn hutt an elo héiert dir, datt ech nach ëmmer am Gaang sinn, en z'erliewen.

Philipper 2

¹ Wann dir encouragéiert sidd, well dir Christus gehéiert; wann dir wéinst senger Léift getréischt sidd; wann dir Gemeinschaft duerch de Geescht a Matleed an Erbaarmen hutt,

² da vervollstännegt meng Freed, andeems dir gläichgesënnt sidd, déiselwecht Léift hutt, eestëmmeg sidd an d'selwecht denkt.

³ Maacht näischt aus Rivalitéit oder Éiergäiz. Villméi soll all eenzelendamiddeg sinn, een deen anere fir méi wichteg hale wéi sech selwer

⁴ an net nëmmen no sengen eegenen Interessie kucken, mee och no den Interessie vun aneren.

Hutt déiselwecht Astellung, déi och Christus Jesus hat

⁵ Hutt déiselwecht Astellung, déi och Christus Jesus hat:

⁶ Hie war a sengem Wiese Gott, mee hien huet net gemengt, datt hien un dëser Egalitéit mat Gott misst festhalen.

⁷ Villméi huet hien alles ofgeluecht, huet d'Konditioun vun engem Dénger ugeholl a koum a mënschlecher Gestalt.

⁸ Hie gouf och äusserlech als Mënsch ugesinn. Hien huet sech selwer erniddregt; hien huet Gott bis an den Doud gefollegt, esouguer bis an den Doud um Kräiz.

⁹ Dofir huet Gott hien héich erhuewen an huet him en Numm geschenkt, deen iwwert all aneren Numm steet,

¹⁰ fir datt sech virum Numm vum Jesus all Knéi béie muss am Himmel, op der Äerd oder ënnert der Äerd

¹¹ an all Mond bekenne muss, datt de Jesus Christus Här ass, zur Eier vu Gott, dem Papp.

Haalt um Wuert vum Liewe fest

¹² Meng léif Leit, dir hutt ëmmer gefollegt, net nëmme wéi ech bei iech war, mee nach vill méi elo, wou ech net bei iech sinn. Liefert dofir är Rettung mat Angscht an Zidderen aus!

¹³ Et ass jo Gott, deen an iech wierkt, deen iech de Wëllen an d'Wierke gött, fir dat ze maachen, wat him gefällt.

¹⁴ Maacht alles, ouni iech ze bekloen an ze diskutéieren,

15 fir datt dir irreprochabel a reng sidd, Kanner vu Gott, déi ouni Feeler sinn, matzen ënnert enger verduerwener a perverser Gesellschaft. Dir sollt ënnert dëse Leit als Liicht an der Welt schéngen.

16 Haalt um Wuert vum Liewe fest. Esou kann ech mech um Dag vu Christus mengen, well ech net ëmsoss gelaf sinn an och net ëmsoss geschafft hunn.

17 Och wann ech als Drénkaffer iwwert de Sacrifice an den Déngscht vun ärem Glawen ausgeschott ginn, sinn ech glécklech a freeë mech mat iech alleguer.

18 Esou sollt och dir glécklech sinn an iech mat mir freeën.

Den Timothée an den Epaphroditos als Beispiller

19 Ech hoffen awer am Här Jesus, den Timothée geschwë bei iech schécken ze kënnen, fir datt ech och encouragéiert ka ginn, wann ech gewuer ginn, wéi et iech geet.

20 Ech hunn nämlech soss keen, dee gläichgesënnt ass an deen esou éierlech ëm äert Wuel besuert ass.

21 All déi aner kucke just no hiren eegen Interessien, net no deene vu Christus Jesus.

22 Dir wësst awer, datt den Timothée sech bewisen huet: Wéi e Jong mat sengem Papp, esou huet hie mat mir zesummen der gudder Noriicht gedéngt.

23 Dofir hoffen ech, datt ech hien direkt bei iech schécke kann, soubal ech weess, wéi et ëm meng Situatioun steet.

24 Ech vertrauen op den Här, datt ech och selwer geschwë bei iech komme kann.

25 Ech hunn et awer fir néideg gehalen, den Epaphroditos bei iech zeréckzeschécken. Hien ass mäi Brudder, mäi Mataarbechter a mäi Matkämpfer, mee äre Buet, dee mir a menger Nout gehollef huet.

26 Hien huet nämlech no iech all verlaangert a war bedréckt, well dir héieren hat, datt hie krank wier.

27 Hie war och wierklech krank a wier bal gestuerwen. Gott hat awer Erbaarme mat him an net nëmme mat him, mee och mat mir, fir datt ech net géif am Leed ënnergoen.

28 Dofir hunn ech hie méi séier bei iech geschéckt, fir datt dir iech nees freeë kënnt, wann dir hie gesitt. Da sinn ech net méi traureg.

29 Huelt hien also am Numm vum Här mat ganzer Freed op. Haalt esou Männer wéi hien an Éieren,

30 well hie wier bal fir d'Wierk vu Christus gestuerwen. Hie war net ëm säi Liewe besuergt, fir mir déi Hëllef ze bréngen, déi dir selwer net leeschte konnt.

Philipper 3

Vertrau net op dat Kierperlecht

1 Zu gudder Lescht, léif Geschwëster, freet iech am Här! Et mécht mir keng Méi, fir iech datselwecht nach eng Kéier ze schreiwen, mee et déngt iech zu ärer Sécherheet.

2 Gitt uecht op d'Hënn; gitt uecht op déi béis Aarbechter; gitt uecht op déi, déi de Läif zerschneiden.

3 Mir si jo d'Beschneidung, déi Gott duerch de Geesch vu Gott ubiet. Eisen Houfert ass a Christus Jesus a mir vertrauen net op dat Kierperlecht,

4 obwuel ech selwer op dat Kierperlecht vertraue kéint. Wann een anere mengt, op dat Kierperlecht kënnen ze vertrauen, dann ëmsou méi ech:

5 Ech gouf den aachten Dag beschnidden; ech sinn aus dem Vollek Israel, vum Stamm Benyamin; ech sinn en Hebräer gebuer vun Hebräer, a wat d'Gesetz ugeet, sinn ech ePharisäer ;

6 wat den Äifer ugeet, war ech e Verfolger vun der Gemeinschaft; wat d'Gerechtegkeet vum Gesetz ugeet, sinn ech irreprochabel.

7 Mee alles, wat ech als Gewënn ugesinn hunn, betruuechten ech elo als Verloscht wéinst Christus.

8 Mee net nëmmen dat: Ech betruuechten och alles als Verloscht, wann ech et mam Gewënn, deen net z'iwwertreffen ass, vergläichen, Christus Jesus als mäin Här ze kennen. Wéinst senger hunn ech alles verluer a betruuechten et och als Dreck, fir datt ech Christus gewanne kann

9 an an him fonnt ka ginn. Ech hunn net meng eege Gerechtegkeet, déi dorauer kënnt, d'Gesetz anzehalen, mee meng Gerechtegkeet kënnt duerch d'Trei vu Christus, enger Gerechtegkeet, déi vu Gott kënnt opgrond vum Glawen.

10 Ech wëll Christus an d'Muecht vu senger Operstéiung kennen. Ech wëll säi Leed deelen, fir datt ech him a sengem Doud gläiche kann

11 an esou iergendwéi bei der Operstéiung vun den Doudegen dobäi sinn.

D'Zil vum himmlesche Ruff vu Gott

- 12 Net datt ech schonns esou wäit wier oder schonns vollkomme wier; ech striewen awer duerno, et ze ergräifen, well ech och vu Christus Jesus ergraff gi sinn.
- 13 Geschwëster, ech mengen net, datt ech et schonns ergraff hätt. Eppes steet awer fest: Ech vergiessen dat, wat vergaangen ass, a reechen no deem, wat viru mir läit.
- 14 Ech striewen nom Zil, de Präis vum himmlesche Ruff vu Gott ze gewannen, deen a Christus Jesus ass.
- 15 Dofir sollen all déi, déi räif sinn, esou denken. Wann dir eppes anesches denkt, da weist Gott iech dat.
- 16 Mir mussen nëmmen un deem festhalen, wat mir schonns erreecht hunn. Mir musse gläichgesënnt sinn.
- 17 Geschwëster, imitéiert mech a kuckt op déi, déi nom Beispill liewen, dat mir iech ginn hunn.
- 18 Et ginn der nämlech vill, déi als Feinde vum Kräiz vu Christus liewen. Ech hunn iech schonn dacks vun deene verzielt a soen iech et elo nees ënnert Tréinen.
- 19 Hiert Enn ass d'Zerstéierung. Hire Gott ass hire Bauch. Hir Eier ass hir Schan. Si si just ierdesch gesënnt.
- 20 Mee mir si Bierger vum Himmel, aus deem mir och eise Retter, den Här Jesus Christus, erwaarden.
- 21 Hie wäert eis aarmséileg Kierpere verwandelen, fir datt se sengem verherrlichte Kierper gläichen. Dat mécht hien duerch déi Kraaft, mat där hien alles ënnert seng Kontroll bréngé kann.

Philipper 4

- 1 Stitt dofir fest am Här, meng léif Geschwëster. Ech verlaangeren no iech, dir, déi dir meng Freed a meng Kréinung sidd an déi ech gär hunn.
- 2 Ech encouragéieren d'Evodia an ech encouragéieren och d'Syntychi, gläichgesënnt am Här ze sinn.
- 3 Jo, ech froen och dech, treie Sysygos, dese Fraen ze hëllefen, déi zesumme mat mir fir d'gutt Noriicht schwéier geschafft hunn. Si hunn och zesumme mam Clement a mam Rescht vu menge Mataarbechter geschafft, deenen hir Nimm am Buch vum Liewe stinn.
- 4 Freet iech ëmmer am Här! Ech widderhuele mech: Freet iech!

- 5 All Mënsch soll wëssen, wéi guttmiddeg dir sidd. Den Här ass nobäi.
- 6 Maacht iech iwwert näischt Suergen, mee bréngt a jidder Situatioun är Uleies duerch Gebiet an Demandë mat Dankbarkeet viru Gott.
- 7 De Fridde vu Gott, deen all Verstand iwwertrëfft, behitt dann är Häerzer a Gedanken a Christus Jesus.
- 8 Zu gudder Lescht, Geschwëster, denkt iwwert dat no, wat wouer, wat éierbar, wat gerecht, wat reng, wat schéin a wat luewenswäert ass. Wann et iergendeng Dugend, iergende Luef gëtt, dann denkt doriwwer no.
- 9 Maacht dat, wat dir vu mir geléiert, empfaangen an héieren hutt an u mir gesinn hutt. Dann ass de Gott vum Fridde mat iech.

De Paul seet de Philipper Merci fir hiren Don

- 10 Ech freeë mech besonnesch am Här, datt dir elo nees fir mech suerge wëllt. (Ech weess, datt dir nach ëmmer fir mech suerge wollt, mee nach keng Geleeënheet hat, fir et ze maachen.)
- 11 Ech soen dat net, well ech iergendeppes bréicht. Ech hunn nämlech geléiert, an egal wéi enger Situatioun zefridden ze sinn.
- 12 Ech ka bescheide liewen an ech kann och am Iwwerfloss liewen. An alles an an allem hunn ech geléiert, gesiedegt an hongereg ze sinn, am Iwwerfloss an an der Nout ze liewen.
- 13 Ech kann alles duerch Christus maachen, dee mir d’Kraaft dozou gëtt.
- 14 Trotzdeem hutt dir et gutt gemaach, fir mir a menger Nout ënnert d’Äerm ze gräifen.
- 15 Dir Philipper wësst, datt am Ufank vun der Verkënnegung vun der gudder Noriicht, wéi ech Mazedonien verlooss hat, keng Gemeinschaft, ausser iech, Debit a Credit mat mir gedeelt huet.
- 16 Wéi ech zum Beispill zu Thessaloniki war, hutt dir mir net nëmmen eng Kéier, mee zwou Kéieren dat geschéckt, wat ech gebraucht hunn.
- 17 Et geet mir net drëm, datt dir mir eppes gitt; mir geet et drëm, datt är gutt Dot räichlech Zënsen dréit.
- 18 Ech hunn alles kritt an hu méi wéi genuch. Mir feelt et un näischt, well ech vum Epaphroditos dat, wat dir geschéckt hat, krut. Ären Don ass e Parfum, dee gutt richt, en Affer, dat Gott zefriddestellt an dat hien unhëlt.
- 19 Mäi Gott gëtt iech alles, wat dir braucht, opgrond vu sengem herrleche Räichtum a Christus Jesus.
- 20 Eisem Gott a Papp sief d’Éier fir ëmmer an éiweg. Amen.

Gréiss

21 Gréisst jidder Hellegen a Christus Jesus! D'Geschwëster, déi bei mir sinn, gréissen iech.

22 All déi Helleg, besonnesch déi aus dem Caesar sengem Entourage, gréissen iech.

23 D'Gnod vum Här Jesus Christus sief mat iech alleguer. Amen.

Kolosser

Kolosser 1

1 Vum Paul, engem Apostel vum Jesus Christus duerch de Wëlle vu Gott, a vum Brudder Timothée,

2 un déi Helleg, d'trei Geschwëster a Christus, zu Kolossa: Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

Gebiet

3 Mir soe Gott, dem Papp vun eisem Här Jesus Christus, ëmmer Merci, wa mir fir iech bieden,

4 zënter mir vun ärem Glawen u Christus Jesus an ärer Léift fir all déi Helleg héieren hunn.

5 Mir soe Gott och Merci wéinst der Hoffnung, déi am Himmel op iech waart. Dovunner hat dir jo schon éischter héieren duerch d'Botschaft vun der Wourecht, der gudder Noriicht,

6 déi bei iech komm ass. Dës gutt Noriicht dréit net nëmmen uechter d'Welt Friichten, mee och ënnert iech dréit si Friichten zënter deem Dag, op deem dir si héieren an d'Gnod vu Gott an der Wourecht erkannt hutt.

7 Dir hutt d'gutt Noriicht vum Epaphras geléiert, dee mat eis déngt an dee mir gär hunn. Hien ass en treien Dénger vu Christus fir iech.

8 Den Epaphras huet eis och vun ärer Léift, déi dir duerch de Geescht krut, verzielt.

9 Dofir hu mir, zënter deem Dag, op deem mir dovunner héieren hunn, net opgehalen, fir iech ze bieden. Mir froe Gott, datt dir mat der Erkenntnes vu sengem Wëllen a mat aller geeschtlecher Wäisheet a Verständnes erfëllt gitt,

10 fir datt dir op eng Manéier lieft, déi dem Här wierdeg ass, an datt dir him an allem gefaalt. Dat maacht dir, andeems dir a jidder gudder Dot Friichte bréngt an an der Erkenntnes vu Gott wuesst,

11 gestärkt mat aller Kraaft, déi senger herrlecher Muecht entsprécht, fir datt dir an allem Gedold an Ausdauer hutt. Sot mat Freed

12 dem Papp Merci, deen eis capabel gemaach huet, Undeel un den Hellegen hir Ierfschaft, déi am Liicht ass, ze hunn.

13 Hien huet eis aus der Muecht vun der Däischtert gerett an huet eis an d'Räich vu sengem Jong, deen hie gär huet, versat.

14 Wéinst senger hu mir Erléisung, d'Verzeiung vun de Sënnen.

Duerch Christus gouf alles erschafen

- 15 Hien ass d'Bild vum onsichtbare Gott a priméiert iwwert der ganzer Schöpfung.
- 16 Duerch hie gouf nämlech alles erschafen – alles am Himmel an op der Äerd, dat Sichtbart an dat Onsichtbart, ob Tréin, ob Herrschaften, ob Gewalten oder Muechten – alles gouf duerch hien a fir hien erschafen.
- 17 Hien huet virun allem aneren existéiert an duerch hie besteet alles.
- 18 Hien ass de Kapp vum Läif, der Gemeinschaft; hien ass den Ufank an den Éischten, dee vun den Doudegen operstanen ass, esou datt hien an allem den Éischten ass.
- 19 Gott hat nämlech Gefalen drun, fir mat senger ganzer Natur an him ze wunnen
- 20 a fir alles mat sech selwer duerch hien ze versöhnen, sief et dat, wat op der Äerd oder am Himmel ass, andeems hien duerch hie Fridde geschloss huet duerch d'Blutt vu sengem Kräiz.
- 21 Fréier waart dir him friem a feindlech gesënnt, wat sech duerch är béis Dote gewisen huet.
- 22 Mee elo huet hien iech duerch den Doud vu sengem stierfleche Läif versöhnt, fir iech als helleg, ouni Feeler an ouni Schold a seng Präsenz trieden ze loossen,
- 23 wann dir tatsächlech am Glawe fest etabléiert sidd, standhaft bleift an iech net vun där Hoffnung ofbréng loosst, déi vun der gudder Noriicht kënnt, déi dir héieren hutt.

De Paul als Dénger vun der gudder Noriicht

- Dës gutt Noriicht ass der ganzer Schöpfung ënnert dem Himmel verkënnegt ginn an ech, de Paul, sinn hiren Dénger ginn.
- 24 Ech freeë mech, datt ech fir iech leiden. Ech ergänzen a mengem Kierper nach dat, wat un de Leide vu Christus felt, fir säi Kierper, deen d'Gemeinschaft ass.
- 25 Ech gouf en Dénger vun där Gemeinschaft, laut der Aufgab, déi Gott mir fir iech ginn huet, fir datt d'Wuert vu Gott erfëllt gëtt.
- 26 Dat Wuert ass d'Geheimnis, wat zënter Zäitalteren a Generatioune verstoppt war, wat awer elo sengen Hellege geoffenbaart gouf.
- 27 Gott wollt hinnen offenbaren, wéi herrlech a räich säi Geheimnis ënnert den Natioune wier: Déi herrlech Hoffnung ass nämlech, datt Christus an iech ass!

28 Mir verkënnegen hien, andeems mir all Mënsch zurechtweisen an all Mënsch mat aller Wäisheet léieren, fir all Mënsch a Christus Jesus vollkomme viru Gott ze bréngen.

29 Fir dëst Zil ze erreechen, schaffen ech haart, andeems ech duerch seng Kraaft kämpfen, déi mächtig a mir wierkt.

Kolossar 2

1 Ech wëll nämlech, datt dir wësst, wéi vill ech mech fir iech, fir déi zu Laodizea a fir all déi, déi mech nach net perséinlech gesinn hunn, asetzen.

2 Ech wëll, datt hir Häerzer encouragéiert ginn an an der Léift zesumme vereent ginn, an datt si de ganze Räichtum vun enger sécherer Asiicht an d'Erkenntnes vum Geheimnis vu Gott hunn, souwuel vum Papp, wéi vu Christus.

3 An him sinn all d'Schätz vun der Wäisheet an der Erkenntnes verstoppt.

4 Ech soen iech dat, fir datt dir vu kengem duerch Argumenter irgefieert gitt, déi sech iwwerzeegend unhéieren, mee falsch sinn.

5 Och wann ech physesch net bei iech sinn, sinn ech awer am Geescht bei iech. Ech freeë mech, äert geuerdent Liewen an d'Standhaftegkeet vun ärem Glawen u Christus ze gesinn.

Gitt Christus no

6 Esou wéi dir Christus Jesus, den Här, ugeholl hutt, esou gitt him och no.

7 Dir gouft an him fest verwuerzelt a gitt op hien, deen äert Fëllelement ass, gebaut an am Glawe sécher gemaach, esou wéi der et geléiert gouft. Wéinst dem Glawe soll är Dankbarkeet keng Grenze kennen.

8 Gitt uecht, datt dir iech vu kengem duerch eidel an täuschent Philosophien afänke loosst. Déi beroue just op mënschlechen Traditiounen an animistesche Muechten an net op Christus.

9 A Christus wunnt nämlech d'ganz Natur vu Gott a physescher Form.

10 Duerch hie sidd dir vervollstännegt ginn. Hien ass de Kapp vun all Gewalt an Autoritéit.

11 Duerch hie gouft dir ochbeschnidden|Beschneidung, net mat engerBeschneidung duerch mënschlech Hand, mee duerch d'Ofleeë vun der sënneger Natur vum Kierper duerch d'Beschneidung vu Christus.

- 12 Duerch d'Daf gouft dir zesumme mat him begruewen an duerch si gouft dir och mat him erwächt duerch de Glawen un d'Kraaft vu Gott, deen de Christus vun den Doudegen operstoe gelooss huet.
- 13 Dir, déi dir fréier an den Iwwertriedungen an an der Onbeschniddenheet|Onbeschnidden vun ärem Kierper dout waart, gouft mat Christus lieweg gemaach. Gott huet iech all är Iwwertriedunge verzien.
- 14 Hien huet de Scholdschäin géint eis geläscht, deem seng Fuerderunge géint eis waren, an huet en aus dem Wee geschaf, andeems hien en un d'Kräiz geneelt huet.
- 15 Hien huet de Gewalten an de Muechten d'Waffen aus der Hand geholl a si öffentlech ugeprangert, andeems hien duerch d'Kräiz iwwert si triumphéiert huet.
- 16 Dofir loosst iech vu kengem wéinst lessen oder Drénken oder wéinst dem Anhale vun engem Fest, dem Neimound oder de Sabbate|Sabbatveruerteelen.
- 17 Déi Saache sinn e Schiet vun deem, wat kënnt; mee d'Wierklechkeet ass Christus.
- 18 Loosst iech vu kengem, dee sech un askeeteschen Übungen an d'Ubiede vun Engelen|Engel hält, äre Präis virethalen. Esou eng Persoun verzielt an engem Stéck vu Visiounen, déi si net hat, an ass wéinst hire sënnege Gedanken iwwerhiefléch.
- 19 Si hält net um Kapp fest, vun deem de ganze Läif duerch Gelenker a Bänner versuert an zesummegehale gëtt an deen duerch d'Wierke vu Gott wisst.
- 20 Wann dir elo mam Christus den animisteschen Muechte vun der Welt gestuerwe sidd, firwat maacht dir esou, wéi wann dir nach an der Welt géift liewen? Dir leeft no de Virschrëften:
- 21 „Du solls dëst oder dat net upaken! Du solls dëst an dat net emol schmaachen! Du solls dëst an dat net emol beréieren!“
- 22 (Dat alles gëtt verbraucht an esou zerstéiert.) Et si just mënschlech Virschrëften a Léieren.
- 23 Dat alles gesäit no Wäisheet aus, well déi sech selwer eng Relioun mat askeeteschen Übungen a Kasteiunge virschreiwen. Mee dës Relioun ass näischt wäert, well se een net dovunner kann ofhalen, säi Kierper ze befriddegen.

Kolosser 3

Den alen an den neie Mënsch

- 1 Wann dir also mat Christus erwächt gouft, da sicht dat, wat uewen ass, do wou Christus ass an zur Rietser vu Gott sätzt.
- 2 Riicht är Gedanken op dat, wat uewen ass, an net op dat, wat op der Äerd ass,
- 3 well dir gestuerwe sidd an äert Liewe mat Christus a Gott verstoppt ass.
- 4 Da wa Christus, deen eist Liewen ass, geoffenbaart gött, gitt och dir mat him an der Herrlechkeet geoffenbaart.
- 5 Bréngt dofir alles ëm, wat un iech ierdesch gesënnt ass: onerlaabte Sex, Onmoraleschkeet, Leidenschaft, béis Begierlechkeeten|Begierlechkeeta Rangstegkeet, déi Gëtzendéngscht ass.
- 6 Wéinst all deem kënnt d’Roserei vu Gott iwwert all déi, déi net follegen.
- 7 Fréier sidd och dir all deem nogaangen, wéi dir nach dono gelieft hutt.
- 8 Mee leet elo dat alles op d’Säit: Roserei, Ierger, Béiswëllegkeet, Lästerungen an obszöönt Geschwätz aus ärem Mond.
- 9 Belitt een deen aneren net, well dir jo den ale Mënsch mat sengen Doten ausgedoen
- 10 an den neie Mënsch ugedoen hutt. Den neie Mënsch gött duerch Erkenntnes erneiert, fir datt hie sengem Schöpfer ëmmer méi gläicht.
- 11 Am neie Mënsch ginn et keng Griichen a keng Judden, keng Beschniddener|Beschneidung a keng Onbeschniddener|Onbeschnidden, keng Barbaren, keng Onziviliséierter, keng Sklaven, keng fräi Mënschen, mee a jidderengem ass Christus alles.
- 12 Dofir, als Auserwielter vu Gott, déi helleg a beléift sinn, ditt en Häerz vun Erbaarmen, Guttheet, Bescheidenheet, Duussheet a Gedold un,
- 13 andeems dir een deen aneren erdrot an een deem anere verzeit, wann een engem eppes virzwerfen huet. Geneesou wéi Christus iech verzien huet, esou sollt och dir verzeien.
- 14 Bei all deem dobäi ditt och nach d’Léift un, déi alles perfekt zesummebënnt.
- 15 De Fridde vu Gott soll an ären Häerzer regéieren, well dir als ee Läif zu dësem Fridde beruff gi sidd. Sidd och dankbar.

Den Ëmgang mateneen

- 16 D’Wuert vu Christus soll am Iwwerfloss an iech liewen, andeems dir an aller Wäisheet een deen anere léiert an encouragéiert mat Psalmen, Hymnen a Lueflidder. Sangt dem Här wéinst senger Gnod mat ären Häerzer.

- 17 Wat och ëmmer dir maacht, sief et duerch Wierder oder Wierker, maacht alles am Numm vum Här Jesus, andeems dir Gott, dem Papp, duerch hie Merci sot.
- 18 Fraen, uerdent iech ären eegene Männer ënner, esou wéi et sech am Här passt.
- 19 Männer, hutt är Frae gär a sidd net géint si verbattert.
- 20 Kanner, follegt an allem ären Elteren, well doriwwer freet sech den Här.
- 21 Pappen, kujenéiert är Kanner net, fir datt si net discouragéiert ginn.
- 22 Dénger, follegt an allem ären ierdesche Meeschteren. Follegt net, well dir opfalen an iech bei hinne bäischmiere wëllt, mee follegt mat éierlechem Häerz, well dir den Här respektéiert.
- 23 Wat och ëmmer dir maacht, maacht et mat ganzem Häerz, esou wéi wann et fir den Här wier an net fir d'Mënschen,
- 24 well dir wësst, datt dir eng lerschaft vum Här als Belounung kritt. Dir déngt nämlech dem Här Christus.
- 25 Wien Onrecht deet, dee kritt dat, wat hien un Onrecht gedoen huet, zeréck. D'Wichtigkeet vun der Persoun zielt net.

Kolosser 4

- 1 Meeschteren, behandelt är Dénger fair a gerecht. Dir wësst jo, datt och dir e Meeschter am Himmel hutt.

Weider Uweisungen

- 2 Bleift bestänneg am Gebiet, sidd dobäi dankbar a wuechtsam.
- 3 Biet och an engems fir eis, fir datt Gott eis eng Dier fir d'Botschaft opmécht, fir datt mir d'Geheimnis vu Christus verkënnege kënnen, wéinst deem ech och am Prisong sinn.
- 4 Biet, datt ech et kloer verkënnege kann, esou wéi ech et soll.
- 5 Sidd weis an ärem Ëmgang mat deene vu baussen, andeems dir vu jidder Geleeënheet profitéiert.
- 6 Dat, wat dir sot, soll ëmmer frëndlech sinn, mat Salz gewierzt. Dir sollt wëssen, wéi dir all Mënsch äntwere sollt.

Gréiss

- 7 Eise Brudder Tychikos, deen ech gär hunn an deen en treien Dénger ass a mat mir dem Här déngt, verzielt iech, wéi et mir geet.

- 8 Ech hunn hien dowéinst bei iech geschéckt, fir datt hie wesse kann, wéi et iech geet, a fir datt hien är Häerzer encouragéiere kann.
- 9 Ech hunn hien zesumme mam Onesimos geschéckt, deen en treie Brudder ass, dee mir gär hunn an deen och ee vun iech ass. Si verzielen iech alles, wat hei lass ass.
- 10 Den Aristarkos, dee mat mir am Prisong ass, gréisst iech. De Marc, dem Bar-Naba säi Koseng – wat hien ugeet, krut dir d’Uweisung: Wann hie bei iech kënnt, dann huet hien op –
- 11 an de Yeschua, dee Justus genannt gött, gréissen iech och. Vun de Judde sinn si déi eenzeg Mataarbechter fir d’Kinnekräich vu Gott. Si si mir Trouuscht.
- 12 Den Epaphras, deen och ee vun iech ass, gréisst iech och. Hien ass en Dénger vu Christus, deen ëmmer fir iech am Gebiet kämpft, fir datt dir standhaft bleift, räif sidd an erfëllt mam Wëlle vu Gott.
- 13 Ech ka bezeien, datt hien e groussen Äifer fir iech, fir déi zu Laodizea a fir déi zu Hierapolis huet.
- 14 De beléiften Dokter Luc an den Demas gréissen iech.
- 15 Gréisst och d’Bridder zu Laodizea, d’Nymphas an d’Gemeinschaft, déi sech bei hir doheem trëfft.
- 16 Nodeems iech dëse Bréif virgelies gouf, suert dofir, datt en och der Gemeinschaft zu Laodizea virgelies gött. Suert dofir, datt och dir de Bréif u Laodizea liest.
- 17 Sot dem Archippos: „Pass op, datt s du den Déngscht, deen s du vum Här krus, erfëlls.“
- 18 Dëse Grouss schreiwen ech selwer: PAUL. Erënnert iech u meng Fesselen. Gnod sief mat iech. Amen.

1. Thessaloniker

1. Thessaloniker 1

1 Vum Paul, vum Silvanus a vum Timothée un d'Gemeinschaft zu Thessaloniki, déi duerch Gott, de Papp, an den Här Jesus Christus besteet: Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

De Paul erënnert sech un d'Thessaloniker

2 Mir soe Gott ëmmer fir iech Merci, all Kéiers wa mir iech an eise Gebieder ernimmen.

3 Dann erënnere mir eis viru Gott, eisem Papp, un är trei Doten, un är Aarbecht, déi voller Léift ass, an un är onermiddlech Hoffnung op eisen Här Jesus Christus.

4 Geschwëster, Gott huet iech gär. Mir wëssen, datt hien iech auserwilt huet,

5 well eis gutt Noricht koom net eleng duerch Wieder bei iech, mee och duerch Kraaft, duerch den hellege Geescht a mat voller Gewëssheet. (Dir wësst jo wéi mir waren, wéi mir wéinst ärer ënnert iech waren.)

6 Dir hutt eis an och den Här imitéiert, well dir d'Wuert mat der Freed, déi aus dem hellege Geescht kënnt, opgeholl hutt, obschonns dir matzen a grousem Leed waart.

7 Esou gouft dir e Beispill fir all déi Gleeweg a Mazedonien an an Achaia.

8 Vun iech aus gouf jo dem Här seng Botschaft net nëmmen uechter Mazedonien an Achaia verkënnegt, mee och soss iwwerall. Äre Glawen u Gott huet sech iwwerall verbreet, esou datt mir et net néideg hunn, eppes ze soen.

9 Si selwer verzielen nämlech iwwert eis, wéi mir bei iech empfaange goufen a wéi dir iech vun de Gëtzen ewech zu Gott gedréit hutt, fir dem liewegen a richtege Gott ze déngen

10 a fir mat Freed op säi Jong ze waarden, deen aus dem Himmel kënnt an dee Gott vun den Doudegen operstoe gelooss huet. Säi Jong ass de Jesus, deen eis vun der Roserei, déi kënnt, erléist.

1. Thessaloniker 2

Dem Paul säin Déngscht zu Thessaloniki

1 Geschwëster, dir wësst jo selwer, datt eise Besuch bei iech net ëmsoss war.

- 2 Obwuel mir schonns zu Philippi gelidden haten a mësshandelt goufen, wéi dir et jo wësst, konnte mir iech, dank eisem Gott, ouni Angscht d'gutt Noriicht vu Gott verkënnegen trotz grousem Widderstand.
- 3 Eisen Appell un iech ass nämlech net aus der Irléier oder aus onrengen Absichten entstanen, an och net aus Falschheet.
- 4 Gott huet eis gepréift an huet eis fir wierdeg gehalten, fir d'gutt Noriicht uvertraut ze kréien. Dofir schwätze mir, net fir de Mënschen, mee fir Gott ze gefalen, deen eis Häerzer préift.
- 5 Wéi dir wësst, koume mir ni mat schmeechelege Rieden dohir an och net matrangstegen|rangsteg Absichten. (Gott ass Zeien!)
- 6 Mir hunn och ni d'Éier vun de Mënsche gesicht, weder vun iech nach vun aneren. Als Apostele vu Christus hätte mir iech eng Laascht kéinte sinn,
- 7 mee mir waren duuss ënnert iech wéi eng Mamm, déi fir hir Kanner suergt.
- 8 Mir haten iech esou an d'Häerz geschloss, datt mir net nëmmen d'gutt Noriicht vu Gott mat iech deele wollten, mee och eist Liewe selwer, well dir eis esou wichteg gi waart.
- 9 Geschwëster, dir erënnert iech jo un eis Aarbecht a Méi: Mir hunn Dag an Nuecht geschafft, fir iech net zur Laascht ze falen, an hunn iech d'gutt Noriicht vu Gott verkënnegt.
- 10 Dir an och Gott sidd Zeien, datt eist Verhalen iech Gleewege géigeniwwer helleg, gerecht an tadellos war.
- 11 Dir wësst och wéi mir jidderengem vun iech Mutt gemaach a jidderee getréischt hunn, genesou wéi e Papp dat mat senge Kanner mécht, a wéi mir iech opgefuerdert hunn,
- 12 fir op eng Manéier ze liewen, déi Gott wierdeg ass. Hie beriff iech fir säi Kinnekräich a fir seng Herrlechkeet.
- 13 Dofir soe mir Gott ëmmer nees Merci, datt dir, wéi dir d'Wuert vu Gott vun eis héieren hutt, et net als e Wuert vu Mënschen ugeholl hutt, mee als dat, wat et wierklech ass: d'Wuert vu Gott, wat an iech Gleewege schafft.
- 14 Geschwëster, dir hutt jo d'Gemeinschaften vu Gott a Judea, déi a Christus Jesus sinn, imitéiert, well dir datselwecht vun äre Landsleit erlidden hutt wéi si vun de Judden,
- 15 déi den Här Jesus an och hir eege Prophéiten ëmbruecht haten an eis verfollegt hunn. Si mësse Gott a si si Feinde vun alle Mënschen.
- 16 Si wollten eis drun hënneren, fir den Net-Judden ze soen, datt si gerett kéinte ginn. Esou maache si bestänneg d'Mooss vun hirer Sënn voll. Schlussendlech ass awer d'Roserei op si komm.

De Paul wëllt d'Geschwëster zu Thessaloniki gesinn

- 17 Mir awer, Geschwëster, wéi mir fir eng kuerz Zäit vun iech getrennt waren (physesch, net a Gedanken), hunn eis zudéifst gewënscht an alles dru gesat, fir iech nees ze gesinn.
- 18 Mir wollte bei iech kommen (ech, de Paul, hunn et méi wéi eng Kéier probéiert), mee de Satan huet eis dru gehënnert.
- 19 Wien ass dann eis Hoffnung, eis Freed oder eis Kroun, op déi mir houfreg virum Här Jesus kënne sinn, wann hien zeréckkënnert? Sidd dir dat net?
- 20 Dir sidd jo eis Eier an eis Freed!

1. Thessaloniker 3

- 1 Mir konnten et net méi aushalen an dofir hu mir et besser fonnt, eleng zu Athen zeréckgelooss ze ginn.
- 2 Mir hunn den Timothée geschéckt, deen eise Brudder, en Dénger vu Gott an eise Mataarbechter fir d'gutt Noriicht vu Christus ass. Mir hunn hie geschéckt, fir iech an ärem Glawen ze stäerken an z'encouragéieren.
- 3 Esou sollt dir vu kengem duerch dat, wat dir elo leiden an erdroe musst, aus der Rou bruecht ginn. Dir wësst jo selwer, datt mir dozou bestëmmt sinn.
- 4 Wéi mir nämlech bei iech waren, hate mir iech am Viraus gesot, datt mir duerch vill Misär misste goen, a wéi dir wësst, ass et och esou geschitt.
- 5 Dofir hunn ech hie bei iech geschéckt, wéi ech et net méi aushale konnt, fir iwwert äre Glawe Bescheed ze wëssen. Ech wollt wëssen, ob deen, dee verféiert, iech a Versuchung bruecht hätt, esou datt eis Aarbecht ëmsoss gewiescht wier.

Den Timothée bréngt dem Paul e gudden Bericht

- 6 Elo ass den Timothée vun iech bei eis hanneschkomm an huet eis d'gutt Noriicht vun ärem Glawen an ärer Léift iwwerbruecht. Hie sot och, datt dir eis ëmmer a gudder Erënnerung hätt an datt dir duerno verlaangere géift, fir eis ze gesinn, genesou wéi mir och no iech verlaangere.
- 7 Geschwëster, dofir ware mir an all eisem Misär an an all eiser Nout duerch iech getrëischt, an dat wéinst ärem Glawen.
- 8 Mir liewen elo op, well dir am Här standhaft sidd.
- 9 Wéi kënne mir Gott wéinst ärer genuch Merci soen, fir all déi Freed, déi mir wéinst ärer virun eisem Gott erliewen?

10 Dag an Nuecht biede mir aus ganzem Häerz dröms, fir iech nees perséinlech erëmze gesinn, fir un ärem Glawen dat nach z'ergänzen, wat feelt.

11 Gott, eise Papp, an eisen Här Jesus Christus sollen eise Wee bei iech zeréckféieren.

12 Den Här soll är Léift fireneen a fir all Mënsch wuessen a räich gi loossen, genee an deem Mooss wéi mir iech gär hunn.

13 Esou soll hien är Häerzer stäerken, fir datt si tadellos an der Hellegkeet viru Gott, eisem Papp, stoe kënnen, wann den Här Jesus Christus mat all sengen Hellege zeréckkënn.

1. Thessaloniker 4

De Wëlle vu Gott fir iech ass är Hellegung

1 Zu gudder Lescht, Geschwëster, froen a riede mir iech zou wéinst dem Här Jesus: Esou wéi dir vun eis d'Léier krut, wéi dir liewen a Gott gefale sollt, esou sollt dir ëmmer méi doranner wuessen.

2 Dir kennt jo d'Geboter, déi mir iech duerch den Här Jesus ginn hunn.

3 De Wëlle vu Gott fir iech ass nämlech är Hellegung: datt dir iech vun onerlaabtem Sex ewechhaalt.

4 Jidderee vun iech soll léieren, seng sexuell Bedierfnesser op eng helleg an éierbar Manéier an der Gitt ze halen

5 a sech net vu sexuelle Leidenschafte beherrschen ze loossen, esou wéi déi Natiounen, déi Gott net kennen.

6 Et soll keen an dëser Saach géint säi Brudder sënnegeen oder vun him profitéieren, well den Här bestrooft all déi, déi dat alles maachen, esou wéi mir iech et schonns virdru gesot hunn an iech gewarnt hunn.

7 Gott huet eis nämlech net dozou beruff, fir onreng ze sinn, mee fir helleg ze sinn.

8 Wien dofir dëst Gebot verwerft, verwerft net de Mënsch, mee Gott, deen eis säin hellege Geescht ginn huet.

9 Wat elo bridderlech Léift ugeet, hutt dir et net néideg, datt ech iech doriwwer schreiwen. Dir selwer sidd jo vu Gott geléiert ginn, een deen anere gär ze hunn,

10 an dir weist jo wierklech äre Geschwëster uechter ganz Mazedonien dës Léift. Geschwëster, mir fuerderen iech awer dozou op, dat ëmmer méi generéis ze maachen.

11 Strieft duerno, fir e rouegt Liewen ze féieren, fir iech ëm är eegen Affären ze këmmen a fir mat ären eegenen Hänn ze schaffen, esou wéi mir iech dozou opgefuerdert hunn.

12 Esou féiert dir en anstännegt Liewe virun deenen dobaussen a sidd op keen ugewisen.

D'Hoffnung op d'Operstéiung

13 Geschwëster, mir wëllen, datt dir iwwert déi Verstuerwen informéiert sidd, fir datt dir net esou trauert wéi déi aner Mënschen, déi keng Hoffnung hunn.

14 Mir gleewen nämlech, datt de Jesus gestuerwen an operstanen ass, an esou gleewe mir och, datt Gott duerch de Jesus déi Verstuerwe mat him matbréngt.

15 Mir soen iech dat hei duerch e Wuert vum Här: Mir, déi mir liewen an nach iwwereg bleiwe bis den Här kënnt, ginn deenen, déi verstuerwe sinn, net viraus.

16 Den Här selwer kënnt nämlech da vum Himmel erof, wann hien dem Äerzengel den Uerder gëtt, fir de Schofar vu Gott ze blösen an da stinn déi Doudeg a Christus fir d'éischt op.

17 Da gi mir, déi nach liewen an iwwereg bleiwen, zesumme mat hinnen an de Wolleken eenzock ewechgeholl, fir dem Här an der Loft ze begéinen. Esou si mir fir ëmmer beim Här.

18 Encouragéiert also een deen anere mat dëse Wieder.

1. Thessaloniker 5

1 Geschwëster, wat d'Zäiten an d'Zäitpunkten elo ugeet, wéini dat geschitt, brauch ech iech net ze schreiwen.

2 Dir selwer wësst jo ganz genee, datt den Dag vum Här wéi en Déif an der Nuecht kënnt.

3 Da wann d'Mënsche soen: „Mir sinn a Friden an a Sécherheet!“, kënnt op eemol Zerstäierung iwwert si esou wéi Wéien iwwert eng schwanger Fra, a si kënnen net virdu fortlafen.

4 Mee dir, Geschwëster, sidd net an der Däischtert, esou datt deen Dag iech wéi en Déif iwwerrompele kéint.

5 Dir sidd jo all Kanner vum Liicht a Kanner vum Dag, net vun der Nuecht oder der Däischtert.

- 6 Dofir solle mir net wéi déi aner schlofen, mee mir solle wuechtsam ananiichter sinn.
- 7 Mënschen, déi schlofen, schlofen nuets, an déi, déi sech voll lafe loossen, sinn nuets voll.
- 8 Mir gehéieren awer zum Dag an dofir solle mir aniichter sinn. Mir sollen de Broschtpanzer vum Glawen a vun der Léift undoen an als Helm d'Hoffnung op Rettung.
- 9 Gott huet nämlech net d'Roserei fir eis bestëmmt, mee villméi d'Rettung, déi mir duerch eisen Här Jesus Christus kréien.
- 10 Hien ass an eiser Plaz gestuerwen, fir datt mir zesumme mat him liewe kënnen, ob mir wuechtsam sinn oder schlofen.
- 11 Dofir encouragéiert a stäerkt een deen aneren, esou wéi dir et elo schonns maacht.

Weider Uweisunge fir d'Hellegung

- 12 Geschwëster, mir froen iech, déijéineg unzeerkennen, déi fir iech schaffen, déi iech am Här leeden an déi iech zurechtweisen.
- 13 Uecht si a bréngt hinne ganz vill Léift entgéint wéinst hirer Aarbecht. Liefert am Fridden ënnerteneen.
- 14 Geschwëster, mir fuerderen iech dësweideren op: Weist déi zurecht, déi onverantwortlech sinn! Encouragéiert déi, déi decouragéiert sinn! Hëlleft deenen, déi schwach sinn! Sidd mat jidderengem gedëlleg!
- 15 Suergt dofir, datt kee Béises mat Béisem zeréckbezilt! Strieft villméi ëmmer duerno, een deem aneren an och soss jidderengem Guddes ze doen!
- 16 Freet iech ëmmer!
- 17 Biet bestänneg!
- 18 Sot ënnert allen Ëmstänn Merci, well dat de Wëlle vu Gott fir iech ass duerch Christus Jesus!
- 19 Ënnerdréckt den hellege Geesch net!
- 20 Veruecht Prophezeiungen net,
- 21 mee préift alles an haalt um Gudde fest!
- 22 Haalt iech vum Béisen a jidder Form ewech!

E leschte Segen

- 23 De Gott vum Fridde soll iech an allen Hisiichten helleg maachen. Äre ganze Geesch, är ganz Séil an äre ganze Kierper soll hien tadellos erhalen, fir wann eisen Här Jesus Christus kënnt.

- 24 Deen, deen iech berifft, ass trei an hie mécht et och.
- 25 Geschwëster, biet fir eis!
- 26 Gréisst all d'Geschwëster mat enger helleger Bees!
- 27 Ech bieden iech am Numm vum Här, dëse Bréif all den hellege Geschwëster virzeliesen.
- 28 D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat iech. Amen.

2. Thessaloniker

2. Thessaloniker 1

1 Vum Paul, vum Silvanus a vum Timothée un d'Gemeinschaft zu Thessaloniki, déi a Gott, eisem Papp, an an dem Här Jesus Christus ass:

2 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

Encouragement an Zäite vun der Verfolgung

3 Geschwëster, mir musse Gott ëmmer wéinst ärer Merci soen, wat jo nëmmen ubruecht ass, well äre Glawen ëmmer méi wisst an d'Léift, déi jiddereen ee fir deen aneren huet, zouhëlt.

4 Dofir schwätze mir mat Houfert iwwert iech virun de Gemeinschafte vu Gott, well dir matzen an äre Verfolgungen a Leed, déi dir erdrot, am Glawe standhaft bleift.

5 De Beweis vum gerechten Uerteel vu Gott ass, datt dir fir wierdeg gehale gitt fir d'Kinnekräich vu Gott, woufir dir och leit.

6 An den Ae vu Gott ass et jo gerecht, deenen, déi iech Misär maachen, mat Misär zeréckzebezuelen,

7 an iech, déi dir zesumme mat eis Misär gemaach kritt, Rou ze schenken, wann den Här Jesus mat senge mächtigenEngelen|Engelvum Himmel erof sech mat Flamen a Feier ze erkenne gött.

8 Dann hëlt hie Revanche un deenen, déi Gott net kennen, an un deenen, déi der gudder Noriicht vun eisem Här Jesus Christus net follegen.

9 Si ginn da mat éiweger Zerséierung bestrooft: Si si getrennt vun der Präsenz vum Här a vu senger herrlecher Kraaft.

10 Si bezuelen d'Strof, wann hien op deem Dag kënnt, fir ënnert sengen Hellege verherrlecht ze ginn an ënnert deenen, déi gegleeft hunn, bewonnert ze ginn. Och dir sidd dobäi, well dir eiser Ausso gegleeft hutt.

11 Dofir biede mir och allzäit fir iech, datt eise Gott iech dëser Berufung fir wierdeg hält an datt hien all Wëllen, fir gutt ze sinn, an all trei Dot mat Muecht erfëllt,

12 fir datt den Numm vun eisem Här Jesus duerch iech verherrlecht ka ginn an dir duerch hie verherrlecht kënnt ginn, laut der Gnod vun eisem Gott an dem Här Jesus Christus.

2. Thessaloniker 2

D’Komme vum Här Jesus Christus

- 1 Geschwëster, wat elo d’Komme vun eisem Här Jesus Christus an eis Versammlung bei hien ugeet, esou froe mir iech,
- 2 datt dir iech net séier aus der Rou bréngen an och net erféiere loosst, wann duerch e Geescht, an enger Botschaft oder an engem Bréif, deen anscheinend vun eis wier, behaupt gëtt, den Dag vum Här wier schonns komm.
- 3 Loosst iech vu kengem op iergendeng Manéier irféieren. Deen Dag kënt nämlech net, éier d’Rebellioun géint d’Wourecht kënt an de Mënsch vun der Sënn, de Jong vum Verdierfnes, offenbar gëtt.
- 4 Dee widdersetzt sech allem an erhieft sech iwwert all sougenannte Gott an iwwert alles, wat ugebiet gëtt, esou datt hie sech, wéi Gott, an den Tempel vu Gott setzt a sech als Gott ausgëtt.
- 5 Kënt dir iech net drun erënneren, datt ech iech dat gesot hunn, wéi ech nach bei iech war?
- 6 Dir wësst och wat hien elo nach zeréckhält, fir datt hien eréischt zu senger Zäit offenbar gëtt.
- 7 Déi verstoppte Weeër vun der Gesetzlosegkeet si schonns um Wierk. Mee deen, dee si zeréckhält, mécht dat esoulaang, bis hien aus dem Wee geraumt ass.
- 8 Da kënt de Gesetzlose zum Virschäin, deen den Här duerch den Otem aus sengem Mond zerstéiert an duerch d’Herrlechkeet vu sengem Kommen op en Enn bréngt.
- 9 Hannert dem Komme vum Gesetzlosen steet de Satan mat sengem Wierken, mat allmégleche Kräften, Zeechen a falsche Wonner,
- 10 a mat jidder ongerechter Täuschung ënnert deenen, déi verluer ginn. Si gi verluer, well si d’Léift fir d’Wourecht, déi si hätt rette kënnen, net wollten unhuelen.
- 11 Dofir schéckt Gott hinnen eng Muecht, déi irféiert, fir datt si der Lige gleewen.
- 12 Esou ginn all déi gericht, déi der Wourecht net gegleeft hunn, mee sech un der Ongerechtegkeet gefreet hunn.

Sidd standhaft

- 13 Mir awer musse Gott ëmmer fir iech Merci soen, datt Gott iech vun Ufank u fir d’Rettung auserwilt huet, Geschwëster, déi den Här gär huet. Dës Rettung

geschitt duerch de Geescht, deen helleg mécht, an duerch de Glawen un d'Wourecht.

14 Hien huet iech duerch eis gutt Noriicht an dës Rettung beruff, fir datt dir d'Herrlechkeet vun eisem Här Jesus Christus kritt.

15 Geschwëster, sidd dofir standhaft an haalt un de Bräich fest, déi mir iech bäibruecht hunn, sief et duerch eis Rieden oder eise Bréif.

16 Eisen Här Jesus Christus selwer (a Gott, eise Papp), deen eis gär huet an eis éiwegen Trouscht a gutt Hoffnung duerch seng Gnod ginn huet,

17 soll är Häerzer tréischten an iech fir all gutt Wuert an Dot stäerken.

2. Thessaloniker 3

De Paul freet fir Gebiet

1 Zu gudder Lescht, Geschwëster, biet fir eis, datt dem Här seng Botschaft sech séier verbreet a geéiert gëtt, geneesou wéi et bei iech geschitt ass;

2 datt mir viru falschen a béise Mënsche gerett ginn, well net alleguer hu se Glawen.

3 Mee den Här ass trei an hie stäerkt iech a schützt iech virum Béisen.

4 Duerch den Här hu mir Zouversicht wéinst ärer, datt dir dat, wat mir iech befuel hunn, elo an och an Zukunft maacht.

5 Den Här soll är Häerzer dozou leeden, Gott gär ze hunn a standhaft a Christus ze sinn.

Eng Warnung viru Lidderegkeet

6 Geschwëster, am Numm vun eisem Här Jesus Christus befeele mir iech, fir iech vun all Geschwëster ewechzehalen, déi wéi Lidderhanesse liewen an net no de Bräich, déi si vun eis kritt hunn.

7 Dir wësst jo selwer wéi wichteg et ass, datt dir eis imitéiere sollt: Mir ware jo net liddereg, wéi mir bei iech waren,

8 an hunn och kengem säin lesse giess, ouni dofir ze bezuelen. Villméi hu mir eis Dag an Nuecht beméit an haart geschafft, fir datt mir kengem vun iech zur Laascht fale sollten.

9 Et war jo net esou, wéi wa mir kee Recht dozou gehat hätten, mee villméi wollte mir iech als Virbild déngen, fir datt dir eis imitéiere sollt.

10 Wéi mir nach bei iech waren, hu mir iech dat heite Gebot ginn: „Wien net schaffe wëllt, soll och net iessen.“

11 Et kënnt eis nämlech zu Oueren, datt der muncher vun iech wéi Lidderhanesse liewen: Si schaffen net, mee stiechen hir Nues an alles.

12 Esou Leit befeelen a rode mir duerch eisen Här Jesus Christus: Sidd bedächteg , gitt schaffen a verdéngt är eege Suen!

13 Geschwëster, dir sollt es awer net iwwerdrësseg ginn, fir Guddes ze maachen.

14 Wann een eisen Uweisungen aus dësem Bréif net follegt, da mierkt iech deen an hutt näischt mat him ze dinn, esou datt hie sech schumme muss.

15 Betruecht hien net als Feind, mee weist hien zurecht wéi e Brudder!

Gréiss

16 Den Här vum Fridde selwer soll iech a jidder Situatioun an op all Manéier Fridde ginn. Den Här sief mat iech alleguer.

17 DËSE GROUSS SCHREIWEN ECH, DE PAUL, SELWER. AN ALL MENGE BRÉIWER ASS DAT MÄIN ZEECHEN. DAT HEI ASS MENG HANDSCHRËFT.

18 D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat iech alleguer. Amen.

1. Timothée

1. Timothée 1

1 Vum Paul, engem Apostel vum Jesus Christus nom Gebot vu Gott, deen eise Retter ass, an dem Här Jesus Christus, deen eis Hoffnung ass,

2 un den Timothée, mengem treie Kand am Glawen: Gnod, Baarmhärzegheet a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Jesus Christus, eisem Här.

Eng Warnung viru falsche Léiermeeschteren

3 Wéi ech a Mazedonien gong, hat ech dech jo opgefuerdert zu Ephesos ze bleiwen, fir gewësse Leit ze verbidden, eng aner Léier z'enseignéieren.

4 Si solle sech net mat Seeërcher an onendleche Stammbeem befaassen, well déi zu Kontroverse féieren an dem Plang vu Gott net déngen, deen duerch de Glawen ausgeféiert gëtt.

5 D'Zil vun der Uweisung ass Léift, déi aus engem rengen Häerz, engem gudde Gewëssen an engem oprichtege Glawe staamt.

6 Verschidde Leit hunn dëse Léieren de Réck gedréit an hu sech onnëtzem Geschwätz zougewant.

7 Si wëlle Léiermeeschtere vum Gesetz sinn, och wa si keng Ahnung hunn vun deem, wat si soen, oder vun deem, op wat si sech behaupten.

8 Mir wëssen awer, datt d'Gesetz gutt ass, wann een et richtig gebraucht.

9 Mir verstinn dat hei dorënner: D'Gesetz gouf net fir déi Gerecht festgeluecht, mee fir déi Ongerecht an d'Rebellen, fir déi Gottlos an d'Sënner, fir déi, déi net fromm an net reliéis sinn, fir déi, déi hir Pappen a Mammen ëmbréngen, fir d'Mäerder,

10 fir déi, déi onerlaabte Sex hunn, fir déi Homosexuell, fir d'Sklavenhändler, fir d'Ligener, fir déi, déi e falschen Eed leeschten, a fir soss jiddereen, dee géint déi gesond Léier handelt,

11 laut der herrlecher gudder Noriicht vum geseente Gott, déi ech uvertraut krut.

D'Gnod vum Här fir de Paul

12 Ech soen deem, dee mir d'Kraaft ginn huet, Merci, Christus Jesus, eisem Här, dee mech fir trei gehalten huet a mech an den Déngscht gestallt huet,

13 obwuel ech virdu gelästert a verfollegt hunn an arrogant war. Mee ech krut Baarmhärzegkeet erweisen, well ech an der Onwëssenheet an am Onglawe gehandelt hunn.

14 D'Gnod vun eisem Här war iwerméisseg grouss zesumme mam Glawen a mat der Léift, déi duerch Christus Jesus kommen.

15 Op dës Ausso ass Verlooss a si verdéngt et, ganz ugeholl ze ginn: „Christus Jesus koum an d'Welt, fir Sënner ze retten“, vun deenen ech dee gréisste sinn.

16 Aus dësem Grond krut ech Baarmhärzegkeet erweisen, fir datt de Jesus Christus u mir, dem gréisste Sënner, seng immens Gedold ënner Beweis kéint stellen, zum Virbild fir déi, déi an Zukunft un hie gleewen, fir éiwegt Liewen ze kréien.

17 Dem Kinnek, deen éiweg, onstierflech an onsichtbar ass, dem eenzege weise Gott, sief Éier an Herrlechkeet fir ëmmer an éiweg. Amen!

18 Timothée, mäi Jong, ech vertrauen dir dëst Gebot un opgrond vun de Prophezeiungen, déi iwwert dech gemaach goufen, fir datt s du duerch dës Prophezeiungen de gudde Kampf kämpfs,

19 andeems du de Glawen an e gutt Gewësse behäls. Verschidde Leit hunn déi verworf an dofir ass hire Glawen zu Grond gaangen.

20 Dorënner sinn och den Hymenaeos an den Alexander, déi ech un de Satan ausgeliwert hunn, fir datt si léieren, net méi ze lästere.

1. Timothée 2

Uweisungen iwwert d'Ubiedung

1 Dofir fuerderen ech virun allem op, datt fir all Mënsch Gebieder an Ufroe bruecht solle ginn, datt Demandë gemaach ginn a Merci gesot gëtt,

2 och fir Kinneken a fir all déi, déi Autoritéit ausüben, fir datt mir an allerFrëmmegkeet an Anstand e rouegt a friddlecht Liewe féiere kënnen.

3 Dat ass gutt a gefält Gott, eisem Retter,

4 dee wëllt, datt all Mënsch gerett gëtt an zu der Erkenntnes vun der Wourecht kënnt.

5 Et gëtt nämlech ee Gott an ee Mëttelsmann tëschent Gott an de Mënschen, de Mënsch Christus Jesus,

6 dee sech fir jiddereen als Léisegeld hierginn huet. Dat gouf zur richteger Zäit bezeit.

- ⁷ Dowéinst gouf ech als Priedeger an Apostel agesat (ech soe wéinst Christus d'Wourecht a léien net!), als e Léiermeeschter vun den Net-Judden am Glawen an an der Wourecht.
- ⁸ Dofir wëll ech, datt d'Männer iwwerall bieden, andeems si helleg Hänn erhiewen ouni Roserei a Streidere.
- ⁹ Ech wëll och, datt d'Fraen, wa si bieden, sech einfach kleeden, mat Bescheidenheet an Anstand an net mat geträtzten Hoer, Gold, Pärelen oder deiere Kleeder.
- ¹⁰ Aplaz dovu sollen d'Frae sech mat gudden Dote kleeden, esou wéi et sech fir Frae passt, déi sech dozou bekennen, Gott unzebieden.
- ¹¹ Eng Fra soll eng bedächteg Haltung hunn, wa si léiert, a sech ganz enneruerdnen.
- ¹² Ech erlaben et enger Fra net, datt si enseignéiert an Autoritéit iwwert e Mann ausübt, aplaz dovu soll si sech bedächteg verhalten.
- ¹³ Den Adam gouf jo fir d'éischt erschafen an duerno d'Eva.
- ¹⁴ Den Adam gouf jo net irgeféiert, mee d'Eva gouf irgeféiert an huet esou d'Gebot iwwertrueden.
- ¹⁵ Mee d'Eva gëtt duerch d'Gebuert vum Kand gerett a wa seng Nokommen am Glawen, an der Léift an an der Hellegung en anstänneg Liewe féieren, ginn och si gerett.

1. Timothée 3

Den Déngscht vun Eelsten an Diakonen

- ¹ Hei ass eng Ausso, op déi Verlooss ass: „Wann een den Déngscht vun engem Eelsten ustriift, da wënscht hie sech eng gutt Aufgab.“
- ² Dofir muss den Eelsten ee sinn, un deem näischt auszesetzen ass, deen de Mann vun enger eenzeger Fra ass, dee sober ass, Selbstbeherrschung huet, moderéiert lieft, gaaschtfreundlech ass, deen enseignéiere kann,
- ³ dee keen Drénker a kee Kläpper ass, deen net op onéierleche Verdéngscht aus ass, dee guttmiddeg an net streidereg ass an d'Suen net gär huet.
- ⁴ Hie muss säin eegene Stot gutt féieren a Kanner hunn, déi him ganz respektvoll follegen.
- ⁵ Wann e Mann säin eegene Stot net ka féieren, wéi soll hien da fir d'Gemeinschaft vu Gott suergen?

- 6** Hien dāerf keen Neibekéierte sinn, fir datt hien net iwverhiefflech gëtt an esou ënnert datselwecht Geriicht ewéi den Däiwel fält.
- 7** Zudeem muss hien e gudden Ruff bei deenen hunn, déi baussent der Gemeinschaft sinn, fir datt hien net a Verruff kënnt an an dem Däiwel seng Fal fält.
- 8** Geneesou mussen d'Diakonen éierbar sinn. Si dāerfe keng Heuchler sinn, dem Wäin net verfall sinn an net op onéierleche Verdéngscht aus sinn.
- 9** Si müsse mat engem rengen Gewëssen um Geheimnis vum Glawe festhalen.
- 10** Och müsse si fir d'éischt gepréift ginn an dann eréischt, wann hinnen näischt virzeweifen ass, dāerfe si déngen.
- 11** Geneesou mussen och d'Fraen éierbar sinn. Si dāerfen net schlecht iwwert d'Leit schwätzen, si müsse sober an och an allem zouverlässeg sinn.
- 12** D'Diakone mussen de Mann vun enger eenzeger Fra sinn an hir Kanner an hiren eegene Stot gutt féieren.
- 13** Déi, déi gutt als Diakone gedéngt hunn, kréien en héije Rang an eng grouss Zouversicht am Glawen u Christus Jesus.
- 14** Ech schreiwen dir dat alles an der Hoffnung, datt ech geschwë bei dech komme kann.
- 15** Wann ech awer sollt Verspéidung hunn, da weess du, wéi ee sech am Stot vu Gott verhale soll, deen d'Gemeinschaft vum liewege Gott ass, d'Sail an d'Stäip vun der Wourecht.
- 16** Ouni Zweifel ass d'Geheimnis vun der Frëmmegkeet grouss: Am Läif huet Gott sech ze erkenne ginn, Duerch de Geescht gouf hien als gerecht bewisen, Vun Engelen|Engel gouf hie gesinn, Ënnert den Net-Judde gouf hie verkënnegt, Uechter d'Welt gouf un hie gegleeft, An d'Herrlechkeet gouf hien eropgeholl.

1. Timothée 4

Uweisung fir den Timothée

- 1** De Geescht seet eis ausdrécklech, datt verschidde Leit an den zukünftigen Zäite vum Glawen offalen. Si lauschten op verluge Gesichter a Léiere vun Dämonen
- 2** wéinst der Schänhellegkeet vu Ligener, deenen hiert Gewësse vun engem Brandmol gezechent ass.
- 3** Si verbidden d'Bestietnes a fuerderen, datt een op d'lesse verzichte soll, lessen, dat Gott erschafen huet an dat vun den Treien, déi d'Wourecht kennen, mat Dankbarkeet entgéintgeholl soll ginn.

- ⁴ Alles, wat Gott erschafen huet, ass gutt an näischt ass verwerflech, wann et mat Dankbarkeet entgéintgeholl gëtt,
- ⁵ well d'Wuert vu Gott an d'Gebiet et helleg maachen.
- ⁶ Wann s du d'Geschwëster op all dat opmierksam méchs, da bass du e gudden Dénger vum Jesus Christus, en Dénger, deen an de Wieder vum Glawen an an der gudder Léier, däers du nogees, ausgebilt ginn ass.
- ⁷ Hief näischt mat profane Seeërcher an Alfraegeschichten ze dinn. Schaff un dir, fir efrommt|fromm Liewen ze féieren.
- ⁸ Den Training vum Kierper ass nëmme fir eng kuerz Zäit nätzlech, mee e frommt Liewen ass fir ëmmer nätzlech, well et enthält d'Vesprieche vum Liewe fir d'Géigewaart an och fir d'Zukunft.
- ⁹ Op dës Ausso ass verlooss a si verdéngt et, ganz ugeholl ze ginn
- ¹⁰ (an dofir schaffe mir och schwéier a kréien nach Virwërf gemaach): Mir hoffen op de liewege Gott, deen de Retter vun alle Mënschen ass, besonnesch vun deenen, déi gleewen.
- ¹¹ Befeel a léier dat alles.
- ¹² Et soll kee wéinst denger Jugend op dech erfokucken. Am Géigendeel, sief de Gleewegen e Virbild an dengem Schwätzen, an dengem Behuelen, an denger Léift, an dengem Geesch, an dengem Glawen an an dengem Anstand.
- ¹³ Konzentrier dech drop, de Leit ëffentlech virzeliesen, si z'encouragéieren an ze léieren, bis ech do sinn.
- ¹⁴ Vernoléisseg net deng Gof, déi s du duerch eng Prophezeiung krus, wéi de Rot vun den Eelsten hir Hänn op dech geluecht hunn.
- ¹⁵ Konzentrier dech op all dat, lief duerno, fir datt jiddereen däi Fortschrëtt kloer ka gesinn.
- ¹⁶ Gëff op dech selwer an op d'Léier uecht. Hal dech drun, well s du dech selwer an deng Nolauschterer retts, andeems du dat méchs.

1. Timothée 5

Uweisungen iwwert den Ëmgang mat verschiddene Leit

- ¹ Weis en eelere Mann net zurecht, mee schwätz mat him, wéi wann hien däi Papp wier. Schwätz mat de jonke Männer, wéi wa si deng Bridder wieren.

- 2 Schwätz mat den eelere Fraen, wéi wa si deng Mamm wieren, a mat de jonke Fraen, wéi wa si deng Schwëstere wieren. Maach dat mat allem Anstand.
- 3 Ënnerstëtzt déi Witfraen, déi wierklech an Nout sinn.
- 4 Mee wann eng Witfra Kanner oder Enkelkanner huet, da sollen déi fir d'éischt léieren, hir Flicht géigeniwwer hirer Famill z'erfëllen, andeems si hiren Elteren dat zeréckginn, wat si vun hinne kritt hunn, well dat Gott esou gefält.
- 5 Déi Witfra, déi wierklech Hëllef brauch an déi kee méi huet, setzt hir Hoffnung a Gott a bleift Dag an Nuecht viru Gott, fir hien am Gebiet ëm Hëllef ze froen.
- 6 Mee déi Witfra, déi fir de Pleséier lieft, ass schonns dout, och wa si nach lieft.
- 7 Befeel hinnen dat alles, fir datt un hinnen näischt aussetzen ass.
- 8 Wann awer een net fir seng eege Famill suergt a besonnesch net fir d'Leit aus sengem Stot, da leegent deen de Glawen an ass méi schlëmm wéi en Ongleewegen.
- 9 Eng Witfra soll nëmmen op d'Lëscht ageschriwwe ginn, wa si iwwert siechzeg Joer ass an d'Fra vun engem eenzege Mann war.
- 10 Si soll och wéinst hire gudde Wierker e gudde Ruff hunn: wa si Kanner groussgezillt huet, wa si Frieme Gaaschfrëndlechkeet erweisen huet, wa si den Hellegen d'Féiss gewäsch huet, wa si de Bedréckte gehollef huet, wa si sech fir all gutt Dot hierginn huet.
- 11 Déi jonk Witfrae sollen awer net ageschriwwe ginn, well wann hir physesch Leidenschaft si vu Christus entfremt, wëlle si sech bestueden.
- 12 Esou maache si sech schëlleg, well si hiert éischt Versprieche briechen.
- 13 Si léieren och liddereg ze sinn, andeems si vun Haus zu Haus zéien. Si léieren net nëmme liddereg ze sinn, mee och ze traatschen, hir Nues an alles ze stiechen a vun all deem ze schwätzen, wat si näischt ugeet.
- 14 Dofir wëll ech, datt déi jonk Witfrae sech nees bestueden, Kanner kréien, hire Stot gutt féieren an esou dem Feind keng Geleeënheet ginn, eis eppes virzwerfen.
- 15 Et hunn der schonn e puer dem Glawen de Réck gedréit, fir dem Satan nozegen.
- 16 Wann e gleewege Mann oder eng gleeweg Fra Witfraen an der Famill huet, da solle si fir si suergen. Si sollen der Gemeinschaft keng Laascht sinn, fir datt d'Gemeinschaft fir déi Witfraen, déi wierklech Hëllef brauchen, suerge kann.

- 17 Déi Eelst, déi gutt leeden, si wierdeg geéiert ze ginn an en Honoraire ze kréien, zemools déi, deenen hir Aarbecht et ass, ze priedegen an ze léieren.
- 18 D'Schrëft seet jo: „Du solls dem Uess beim Dresche kee Maulkuerf undoen“, an: „Den Aarbechter ass säi Loun wäert.“
- 19 Huel keng Uklo géint en Eelsten un, et sief dann, et ginn zwee oder dräi Zeien.
- 20 Weis déi, déi sënnege, viru jidderengem zurecht als Warnung fir déi aner.
- 21 Ech beschwieren dech viru Gott, dem Här Jesus Christus an den auserwielten Engelen|Engel, dës Fuerderungen ouni Viruerteeler anzehalen. Maach näischt aus Favoritismus.
- 22 Sief net vireileg, fir engem d'Hänn opzeleeën. Hief keen Undeel un den aneren hire Sënnen. Hal dech selwer reng.
- 23 Dréink net nëmme Waasser, mee och e bëssche Wäin fir däi Mo an deng heefeg Kränkten.
- 24 D'Sënne vu munche Leit sinn evident an déi ginn hinnen an d'Gericht viraus. Bei anere komme se eréischt méi spéit no.
- 25 Geneesou sinn och déi gutt Doten evident an esouguer wa si et net sinn, kënnen se net verstoppt bleiwen.

1. Timothée 6

- 1 Déi, déi d'Jach vun der Sklaverei droen, müssen hir Meeschtere fir wierdeg halen, fir ganz an Éiere gehalen ze ginn, fir datt den Numm vu Gott an d'Léier net a Verruff kommen.
- 2 Déi, déi gleeweg Meeschteren hunn, sollen net op si erofkucken, well si Bridder sinn. Am Géigendeel, si sollen hinnen ëmsou méi déngen, well déi, déi dovunner profitéieren, gleeweg a beléift sinn. Léier d'Leit dat alles an encouragéier si, alles anzehalen.

Géint falsch Léiermeeschteren an d'Léift fir d'Suen

- 3 Wann een eppes aneres léiert an net mat de gesonde Wiederer vun eisem Här Jesus Christus an der Léier, déi derFrëmmegkeet entsprécht, averstanen ass,
- 4 dann ass hien agebild. Hie versteet näischt, mee huet e krankhafte Wonsch, fir ze diedegen an iwwert Wiederer ze streiden. Dorauser entsti Jalousie, Sträit, Lästerungen, béis Verdächtigungen

5 a stänneg Oneenegkeeten téschent Leit, deenen hiert Denke verduerwen ass an deenen d'Wourecht virenthale gëtt. Si mengen d'Frëmmegkeet wier just do, fir Gewënn ze maachen. Zéi dech vun esou Leit zeréck!

6 Allerdéngs bréngt d'Frëmmegkeet e grouse Gewënn fir deen, dee mat deem zefridden ass, wat hien huet.

7 Mir hu jo näischt mat an d'Welt bruecht an et läit op der Hand, datt mir näischt kënne mat eraushuelen.

8 Wa mir lessen a Gezei hunn, solle mir domadden zefridde sinn.

9 Déijéineg, déi räich wëlle ginn, falen a Versuchung, an eng Fal, an a vill topeg a schiedlech Passiounen, déi d'Mënschen an de Ruin an an den Ënnergang stierzen.

10 D'Léift fir d'Suen ass nämlech eng Wuerzel vun allem Béisen. Munch Leit, déi d'Sue begiert hunn, si vum Glawen ofkomm an hu sech selwer vill Péng ugedoen.

Dem Paul seng Fuerderung un den Timothée

11 Mee du, e Mann vu Gott, laf vun all deem fort! Jo der Gerechtegkeet, der Frëmmegkeet, der Trei, der Léift, der Ausdauer an der Duussheet no!

12 Kämpf de gudde Kampf vum Glawen! Ergräif d'éiweg Liewen, zu deem s du beruff gi bass. Du has dech jo mat engem gudde Bekenntnes viru villen Zeien dozou bekannt.

13 Viru Gott, deen allem Liewe gëtt, a viru Christus Jesus, dee virum Pontius Pilatus mat engem gudde Bekenntnes bezeit huet, fuerderen ech dech op,

14 dëst Gebot onbefleckt an tadellos anzehalen, bis eisen Här Jesus Christus erschéngt.

15 Gott, de geseenten an eenzegen Herrscher, de Kinnek vun de Kinneken an den Här vun den Hären, léisst de Jesus Christus zum richtege Moment erschéngen.

16 Hien ass deen, deen eleng Onstierflechkeet besëtzt, deen an onzougängechem Liicht leeft an deen nach kee Mënsch gesinn huet oder gesi kann. Him sief Éier an éiweg Muecht! Amen.

17 Befeel de Räichen an dëser Welt, net iwwehieflech ze sinn an hir Hoffnung net op den onséchere Rächtum ze setzen, mee op de liewege Gott, deen eis alles räichlech gëtt, fir ze genéissen.

18 Befeel hinnen, Guddes ze maachen, räich u gudden Doten ze sinn, generéis ze sinn a mat aneren ze deelen.

19 Esou sammele si sech eng gutt Grondlag fir d'Zukunft un, fir datt si d'éiweg Liewe kënnen ergräifen.

²⁰ Timothée, hal dat an, wat dir uvertraut gouf, andeems du dech vu gottlosem an topegem Geschwätz a vun de Widderspréich vun der sougenannter „Erkenntnes“ ewechhäs.

²¹ Munch Leit hu sech zu dëser „Erkenntnes“ bekannt a si vum Glawen ofgefall. Gnod sief mat dir. Amen.

2. Timothée

2. Timothée 1

1 Vum Paul, engem Apostel vum Jesus Christus duerch de Wëlle vu Gott a laut dem Versprieche op Liewen duerch Christus Jesus,

2 un den Timothée, mäi Jong, deen ech gär hunn: Gnod, Baarmhärzegkeet a Fridde vu Gott, dem Papp, a Christus Jesus, eisem Här.

De Paul fuerdert den Timothée op, sech net ze schummen

3 Ech soe Gott Merci, deem ech mat engem rengen Gewëssen déngen, genesou wéi meng Virfueren dat gemaach hunn. Ech soen him Merci, wann ech Dag an Nuecht bestänneg a meng Gebieder un dech denken.

4 Ech erënnere mech un deng Tréinen a verlaangeren dono, dech nees ze gesinn, fir datt ech mat Freed erfëllt ka ginn.

5 Ech erënnere mech un d'äin oprichtege Glawen, dee fir d'éischt an denger Groussmamm Loïs an dunn an denger Mamm Eunike gelieft huet, an ech si mer sécher, datt en och elo an dir lieft.

6 Dofir erënnere dich drun, d'Gof vu Gott – déi an dir ass, well ech meng Hänn op dech geluecht hat – nees opliewen ze loossen,

7 well Gott huet eis net e Geescht vun der Feigheet ginn, mee ee vu Kraaft, Léift a gesondem Verstand.

8 Schumm dech also net, fir iwwert eisen Här auszeseen, a schumm dech och net wéinst menger, sengem Prisonéier. Mee leit du zesumme mat mir fir d'gutt Noriicht laut der Kraaft vu Gott.

9 Gott huet eis gerett an eis mat engem hellege Ruff beruff an dat net opgrond vun eise Wierker, mee opgrond vu sengem eegene Plang a senger Gnod, déi hien eis duerch Christus Jesus geschenkt hat, éier d'Zäitalteren ugefaangen hunn.

10 Seng Gnod ass elo duerch d'Erschéngung vun eisem Retter, Jesus Christus, offenbar ginn, deen den Doud zerstéiert huet an deen duerch d'gutt Noriicht d'Liewen an d'Onstierflechkeet un d'Liicht bruecht huet.

11 Fir dës gutt Noriicht sinn ech als Priedeger, Apostel a Léiermeeschter fir d'Net-Judden agesat ginn.

12 Dowéinst leiden ech, mee ech schomme mech net, well ech weess, op wien ech vertraut hunn. Ech sinn iwwerzeegt, datt hien d'Muecht huet, fir op dat, wat hie mir uvertraut huet, bis op deen Dag opzepasst.

- 13 Hal um Virbild vun der gesonder Léier fest, déi s du vu mir héieren hues, a maach dat am Glawen an an der Léift, déi a Christus Jesus sinn.
- 14 Bewaach déi gutt Léier, déi dir uvertraut gouf duerch den hellege Geesch, deen an eis leeft.
- 15 Du weess jo, datt jiddereen aus der Provënz Klengasien mech verlooss huet, och de Phygelus an den Hermogenes.
- 16 Den Här hief Erbaarme mam Stot vum Onesiphoros, well hie mech dacks opgemontert huet a sech net wéinst menger Haft geschummt huet.
- 17 Am Géigendeel, wéi hien zu Roum ukoum, huet hien iwwerall no mir gesicht an huet mech fonnt.
- 18 (Den Här soll sech senger erbaarmen op deem Dag.) Du weess jo selwer am beschten, wéi vill hie mir zu Ephesos gedéngt huet.

2. Timothée 2

Dem Paul seng Opfuerderungen un den Timothée

- 1 Mäi Jong, sief du dofir staark duerch d'Gnod, déi a Christus Jesus ass.
- 2 Vertrau dat, wat s du vu mir viru villen Zeien héieren hues, gleewege Leit un, déi och capabel wäerte sinn, fir anerer ze léieren.
- 3 Erdro Leed wéi e gudden Zaldot vum Jesus Christus.
- 4 Et gëtt keen Zaldot, deen am Déngscht steet, dee sech an zivil Affären amëscht, well hie jo deem gefale wëllt, deen hie rekrutéiert huet.
- 5 Geneesou kann en Athlet de Präis just gewannen, wann hien no de Regele kämpft.
- 6 De Bauer, dee schwéier geschafft huet, soll als Éischten eppes vum Ertrag kréien.
- 7 Denk iwwert dat no, wat ech dir soen, well den Här erméiglecht dir et, alles ze verstoen.
- 8 Denk drun: De Jesus Christus, en Nokomme vum David, gouf vun den Doudegen erwächt laut menger gudder Noriicht.
- 9 Wéinst dëser gudder Noriicht leiden ech an dat geet esou wäit, datt ech wéi e Verbriecher an de Prisong gehäit ginn. Mee d'Wuert vu Gott kann net gefesselt ginn.
- 10 Dofir erdroen ech alles fir déi Auserwielten, fir datt och si d'Rettung kënnen kréien, déi duerch Christus Jesus mat éiweger Herrlechkeet kënnen.

- 11 Op dës Ausso ass verlooss: „Wa mir mat him gestuerwe sinn, da liewe mir och mat him;
- 12 wa mir Ausdauer hunn, da regéiere mir och mat him; wa mir hie verleegegen, da verleegegen hien och eis;
- 13 och wa mir ontrei sinn, bleift hien dach trei, well hie sech selwer net verleegegen kann.“

Bewär dech viru Gott

- 14 Erënner si un dat alles. Warn si virum Här, net iwwert Wieder ze streiden, well dat soss näischt bréngt, wéi d'Nolauschterer an d'Verdierfnes ze féieren.
- 15 Strief dono, dech viru Gott ze bewären als Aarbechter, dee sech net brauch ze schummen, deen d'Wuert vun der Wourecht richteg interpretéiert.
- 16 Hal dech vu gottlosem an topegem Geschwätz ewech, well dat nach méi an d'Gottlosegkeet féiert.
- 17 Hiert Geschwätz breet sech wéi Kriibs aus. Zu deene gehéieren den Hymenaeos an de Philetos,
- 18 déi vun der Wourecht ofkomm sinn, andeems si behaupt hunn, datt d'Operstéiung ewell geschitt wier, wat de Glawe vu verschiddene Leit zerstéiert.
- 19 Trotzdem bleift dat zolidd Fëllement vu Gott bestoen an dréit dëse Sigel: „Den Här kennt déi, déi him gehéieren“, an: „Jiddereen, deen den Numm vum Här ernimmt, muss vun der Ongerechtegkeet ewechbleiwen.“
- 20 An engem groussen Haus ginn et jo net nëmme Behälteren aus Gold a Sëlwer, mee och aus Holz an Toun. Déi eng ginn éierbar gebraucht, déi aner onéierbar.
- 21 Dofir, wann ee sech vum Onéierbare reneegt, da gëtt hien e Behälter, deen helleg gemaach gouf, fir den Haushär nätzlech ass a fir den éierbare Gebrauch bestëmmt ass, bereet fir all Zort gutt Doten.
- 22 Laf virun de jugendleche Begierlechkeete|Begierlechkeet fort a strief no der Gerechtegkeet, dem Glawen, der Léift, dem Fridden, zesumme mat deenen, déi dem Här aus engem rengen Häerz zouruffen.
- 23 Hief näischt mat topegen an dommen Diskussiounen ze dinn; du weess jo, datt si zu Sträit féieren.
- 24 Dem Här säin Dénger däerf net streiden. Hie muss villméi duuss mat jidderengem sinn. Hie muss amstand sinn, fir d'Leit ze léieren. Hie muss de Leit hiert béist Handelen erdroen.
- 25 Hie muss duuss sinn, wann hien d'Géigner verbessert. Villäicht erméiglecht Gott hinnen et, datt siëmkéieren an esou d'Wourecht erkennen.

²⁶ Esou kéime si dann zur Besënnung, fir aus der Fal vum Däiweil z'entkommen, nodeems si vun him gefaange goufen, fir säi Wëllen ze maachen.

2. Timothée 3

An de leschten Deeg brieche schwéier Zäiten un

- ¹ Dat hei solls du awer wëssen: An de leschten Deeg brieche schwéier Zäiten un.
- ² D'Mënsche sinn dann egoistes, op d'Suen aus, bretzeg, iwwehieflech, si lästere, follegen den Elteren net, sinn ondankbar, gottlos,
- ³ ouni Léift, si wëlle sech net vereenegen, si si Beschësser, ouni Selbstbeherrschung, grausam, géint dat Gutt,
- ⁴ Verréider, kéng an opgeblosen. Si hunn de Pleséier gär am plaz vu Gott.
- ⁵ Dobäi droe si de Schäin vun der Frëmmegkeet, d'Kraaft dovunner verleege si awer. Hal dech vun esou Leit ewech!
- ⁶ Zu deene gehéieren och déi, déi sech an d'Stéit eraschläichen a liichtgleeweg Fraen afänken. Déi Frae gi vun der Laascht vun hire Sënnen erdréckt a vun allerlee Passiounen geleet.
- ⁷ Esou Frae léieren an engem Stéck a si kënnen ni zur Erkenntnes vun der Wourecht kommen.
- ⁸ Geneesou wéi de Yannis an de Yambris sech dem Moses widdersat hunn, esou widdersetze sech dës Leit der Wourecht. Dese Leit hiert Denken ass verduerwen a wat de Glawen ugeet, besti si d'Prouf net.
- ⁹ Mee si kommen net wäit, well hir Topegkeet jidderengem an d'Ae spréngt, esou wéi et och bei dësen zwee de Fall war.

Dem Paul seng Uweisung un den Timothée

- ¹⁰ Du awer kens meng Léier, mäi Liewensstil, mäin Zil, mäi Glawen, meng Gedold, meng Léift, meng Ausdauer
- ¹¹ an och d'Verfolgungen an d'Leed, déi ech zu Antiochia, zu Ikonion an zu Lystra erlieft hunn. Wat hunn ech Verfolgungen erdroen! An dach huet den Här mech aus hinnen all gerett.
- ¹² Geneesou gött jiddereen, deen duerch Christus Jesus efrommt|frommLiewe féiere wëllt, verfollegt.
- ¹³ Béis Mënschen a Schwindler ginn nämlech nach ëmmer méi béis. Si féieren anerer ir a ginn och selwer irgeféiert.

14 Mee du, hal du dech un all dat, wat s du geléiert hues, a vun deem s du iwwerzeegt goufs. Du weess jo, wien dech geléiert huet.

15 Zënter denger Kandheet kenns du d'helleg Schrëften, déi dir d'Wäisheet kënne ginn, déi zur Rettung féiert duerch de Glawen u Christus Jesus.

16 AllSchrëft ass vu Gott inspiréiert an ass nützlich, fir ze beléieren, fir z'iwwerzeegen, fir ze verbessern a fir an der Gerechtegkeet z'ezéien,

17 esou datt de Mënsch vu Gott geléiert a fir all gutt Dot equipéiert ass.

2. Timothée 4

1 Ech beschwieren dech viru Gott a Christus Jesus, deen déi Lieweg an déi Doudeg riicht, wann hien a sengem Kinnekräich erschénkt:

2 Priedeg d'Wuert! Sief prett, ob et geleeën oder ongeleeë kënnt! Weis zurecht, besser an encouragéier d'Leit, andeems du si mat elauter Gedold léiers!

3 D'Zäit kënnt nämlech an där d'Leit déi gesond Léier net unhuelen. Mee si sammele sech Léiermeeschteren no hiren eegene Virstellungen un, well et an hiren Ouere kribbelt, fir dat ze héieren, wat si wëllen.

4 Si dréien hir Ouere vun der Wourecht ewech a gi Seeërcher no.

5 Du awer sief an allemaniichter, erdro Leed, maach d'Aarbecht vun engem Evangelist, erfëll d'äin Déngscht!

6 Ech ginn nämlech schonns als Drénkaffer ausgeschott a meng Zäit ass komm, fir fortzagoen.

7 Ech hunn de gudde Kampf gekämpft. Ech sinn d'Course bis zum Schluss gelaf. Ech hunn de Glawe bäibehalen.

8 An elo waart d'Kroun vun der Gerechtegkeet op mech, déi den Här, de gerechte Riichter, mir op deem Dag gëtt, an net nëmme mir eleng, mee och all deenen, déi säin Erschéngé gär hunn.

Perséinlech Bemierkungen

9 Tommel dech, fir séier bei mech ze kommen.

10 Den Demas huet mech aus Léift zu dëser Welt verlooss. Hien ass op Thessaloniki gaangen. De Kreskens ass a Galatien an den Titus an Dalmatien gaangen.

11 Nëmme de Luc ass nach bei mir. Bréng de Marc mat. Hien ass mir eng Hëllef am Déngscht.

- 12 Den Tychikos hunn ech op Ephesos geschéckt.
- 13 Bréng de Mantel, deen ech zu Troia beim Karpus leie gelooss hunn, an d'Bicher mat, besonnesch d'Pergamenter, wann s du bei mech kënns.
- 14 Den Alexander, de Schmadd, huet mir vill Béises ugedoen. Mee den Här wäert hien, sengen Doten entspreechend, ausbezuelen.
- 15 Huel dech virun him an Uecht, well hie sech ëmmer géint eis Botschaft gestallt huet.
- 16 Et ass kee fir mech agetruede bei menger éischer Verdeedegung, mee jiddereen huet mech verlooss. Dat soll awer net géint si gehale ginn.
- 17 Den Här awer stoung mir bäi an huet mech gestärkt, fir datt ech d'Botschaft ganz verkënnege kéint an all d'Net-Judde se héiere kéinten. Esou gouf ech aus der Schnëss vum Léiw gerett.
- 18 Den Här rett mech viru jidder béiser Dot a bréngt mech a Sécherheet a säin himmlescht Kinnekräich. Him sief d'Éier fir ëmmer an éiweg. Amen.

Gréiss

- 19 Gréiss d'Priska an den Aquila an dem Onesiphoros säi Stot.
- 20 Den Erastos ass zu Korinth bliwwen an den Trophimosus hunn ech misse krank zu Miletus zeréckloossen.
- 21 Tommel dech, fir virum Wanter heihinner ze kommen. Den Eubulus, de Pudens, de Linus, d'Claudia an all d'Geschwëster gréissen dech.
- 22 Den Här Jesus Christus sief mat dengem Geescht. Gnod sief mat iech. Amen.

Titus

Titus 1

1 Vum Paul, engem Dénger vu Gott an Apostel vum Jesus Christus. Ech gouf geschéckt, fir déi Auserwielte vu Gott zum Glawen an zur Erkenntnes vun der Wourecht, déi derFrëmmegkeet entsprécht, ze féieren.

2 Déi baséiere sech op d'Hoffnung op éiwegt Liewen, dat Gott, deen net léie kann, virum Ufank vun den Zäite versprach huet.

3 Zur richteger Zäit huet Gott seng Botschaft bekanntgemaach duerch eng Botschaft, déi ech uvertraut krut laut dem Gebot vu Gott, eisem Retter.

4 Un den Titus, engem treie Kand opgrond vum gemeinsame Glawen: Gnod, Baarmhärzegkeet a Fridde vu Gott, dem Papp, an dem Här Jesus Christus, eisem Retter.

Dem Titus seng Aarbecht op Kreta

5 Ech hat dech zu Kreta gelooss, fir datt s du dat, wat nach ze maachen ass, an d'Rei bréngs an an all Stad Eelsten ernenns, esou wéi ech der befuel hat.

6 En Eelste muss e gudde Ruff hunn, de Mann vun enger eenzeger Fra sinn, trei Kanner hunn, deenen net ka virgeworf ginn, verkommen oder rebellesch ze sinn.

7 En Eelste muss nämlech irreprochabel sinn, well hien de Verwalter vu Gott ass. Hien däerf net arrogant sinn an och net séier rose ginn. Hien däerf keen Drénker an och kee Kläpper sinn. Hien däerf och net op onéierleche Verdéngscht aus sinn.

8 Am Géigendeel, hie muss gaaschtfrëndlech sinn, dat Gutt gär hunn, verstänneg, gerecht an helleg sinn a sech selwer an der Gitt hunn.

9 Hie muss un der zouverlässeger Botschaft, esou wéi hie si geléiert gouf, festhalen. Esou ass hie capabel, duerch déi gesond Léier aner Leit z'encouragéieren an och déi ferm op d'Plaz ze setzen, déi der Léier widdersprieche.

10 Et gött der nämlech vill, déi rebelléieren, déi topeg schwätzen an déi aner Leit irféieren, zemools ënnert deene vun derBeschneidung.

11 Déi mussen de Mond gestoppt kréien, well si ganz Stéit op d'Kopp geheien, andeems si d'Leit dat léieren, wat si net sollen, an dat fir en onéierleche Gewënn.

12 Ee vun hiren eegene Prophéite sot: „Kreter sinn ëmmer Ligener, béis Kreaturen, liddereg Fréisser.“

13 Dës Ausso ass wouer. Setz si dofir ferm op d'Plaz, fir datt hire Glawe gesond ka ginn.

14 Si solle sech net op jüddesch Seeërcher a Virschräfte vu Leit aloossen, déi d'Wourecht verwerfen.

15 Fir déi Reng ass alles reng, mee fir déi Onreng an Ongleeweg ass näischt reng. Souguer hire Verstand an hiert Gewesse sinn onreng.

16 Si behaupten, Gott ze kennen, mee duerch hir Dote verleege si hien. Si sinn abscheilech, follegen net a si fir kee gutt Wierk ze gebrauchen.

Titus 2

Verkënneg dat, wat der gesonder Léier entsprécht

1 Mee verkënneg du dat, wat der gesonder Léier entsprécht.

2 Eeler Männer sollenaniichter, éierbar a verstänneg sinn. Si sollen och e gesunde Glawen an eng gesond Léift an Ausdauer hunn.

3 Geneesou sollen eeler Frae sech éierbar behuelen. Si däerfen net schlecht iwwert aner Leit schwätzen, dem Wäin net verfall sinn a mussen dat enseignéieren, wat gutt ass.

4 Esou kënne si déi jonk Frae léieren, fir hir Männer an hir Kanner gär ze hunn,

5 verstänneg a reng ze sinn, de Stot gutt ze féieren, sech hire Männer ënnerzeuern, fir datt d'Botschaft vu Gott net a Verruff kënnt.

6 Lee geneesou deene jonke Männer un d'Häerz, verstänneg ze sinn.

7 An allem solls du dech als Virbild vu gudden Doten erweisen. Wann s du d'Leit léiers, solls du Integritéit, Anstand, Onbestiechlechkeet

8 an eng gesond Botschaft, déi irreprochabel ass, ënner Beweis stellen. Esou gött de Géigner blaméiert, well hien näischt Schlechtes iwwert eis soe kann.

9 Encouragéier d'Dénger, fir hire Meeschteren ze follegen an an allem zefriddestellend ze schaffen, ouni ze widdersprieche.

10 Si däerfen näischt ënnerschloen. Am Géigendeel, si solle beweisen, datt si an allem vertrauenswierdeg an trei sinn, fir datt si an allem d'Léier iwwert Gott, eise Retter, an Éieren halen.

11 D'Gnod vu Gott, déi Rettung bréngt, ass nämlech alle Mënschen erschéngen.

12 Si léiert eis, op Gottlosegkeet a weltlech Begierlechkeeten|Begierlechkeet ze verzichten a sober, gerecht afromm an dësem Zäitalter ze liewen,

13 andeems mir déi geseenten Hoffnung erwaarden, d'herrlecht Erschéngung vun eisem grouse Gott a Retter, Jesus Christus.

14 Hien huet sech wéinst eiser hierginn, fir eis vun all Gesetzlosegkeet ze erlësen a fir e Vollek ze rengen, dat hie fir sech selwer auserwilt huet, an dat äifreg ass, gutt Doten ze maachen.

15 Verkënneg dat alles. Encouragéier a weis zurecht mat voller Autoritéit. Et soll keen op dech erofkucken.

Titus 3

Dat Richtegt maachen

1 Erënner si drun, fir sech den Herrscher an den Autoritéiten ënnerzeuerdnen, ze follegen, fir all gutt Dot bereet ze sinn,

2 keen a Verruff ze bréngen, net streidereg, mee guttmiddeg ze sinn, an zu jidder Mënsch ëmmer héiflech ze sinn;

3 well och mir ware fréier onverstänneg, hunn net gefollegt a goufen irgeféiert. Mir hu verschiddene Passiounen an dem Plesier gedéngt. Mir hunn eist Liewen am Béisen an am Naid verbruecht. Mir goufe gehaast a mir hunn een deen anere gehaast.

4 Mee wéi d'Guttheit an d'Léift vu Gott, eisem Retter, fir d'Mënschheet erschéngen ass,

5 huet hien eis gerett – net wéinst gerechten Doten, déi mir gemaach hunn, mee opgrond vu senger Baarmhärzegkeet, duerch d'Bad vun der neier Gebuert an d'Erneierung, déi duerch den hellege Geescht kënn.

6 Deen huet hie räichlech iwwert eis ausgeschott duerch de Jesus Christus, eise Retter,

7 fir datt mir, nodeems mir duerch seng Gnod gerecht gemaach goufen, lerwe kéinte ginn, laut der Hoffnung op éiweg Liewen.

8 Op dës Ausso ass verlooss. Ech wëll, datt s du op dat alles häls, fir datt déi, déi op Gott vertraut hunn, dorop beduecht sinn, fir gutt Doten ze maachen. Dat ass éierbar an déngt der Mënschheet.

9 Vermeit awer topeg Kontroversen, Stammbeem, Ausernanerungen a Streidereien iwwert d'Gesetz, well si onnütz a sënnslos sinn.

10 Warn eng Persoun, déi Trennunge provoziert, eng Kéier, dann eng zweete Kéier an duerno hief näischt méi mat hir ze dinn.

11 Du weess jo, datt esou eng Persoun verduerwen ass. Si sënnegt a veruerteelt sech selwer.

Lescht Uweisungen

12 Wann ech den Artemas an den Tychikos bei dech schécken, dann tommelech dech, fir bei mech op Nikopolis ze kommen. Ech hu mech nämlech entscheet, fir de Wanter do ze verbréngen.

13 Schéck de Sinas, deen Expert am Gesetz ass, an den Apollos séier op de Wee. Suerg dofir, datt et hinnen un näischt feelt.

14 Eis Leit solle léieren, sech do fir gutt Doten anzesetzen, wou Leit wierklech an der Nout sinn, fir datt si net onproduktiv sinn.

15 Jiddereen, dee bei mir ass, gréisst dech. Gréiss eis Frënn am Glawen. Gnod sief mat iech alleguer. Amen.

Philemon

Philemon 1

1 Vum Paul, engem Prisonéier vu Christus Jesus, a vum Brudder Timothée un eise léiwe Mataarbechter Philemon,

2 un eist léift Apfia, un den Archippos, deen en Zaldot mat eis ass, an un d'Gemeinschaft, déi sech bei dir doheem trëfft:

3 Gnod sief mat iech a Fridde vu Gott, eisem Papp, an dem Här Jesus Christus.

De Paul seet Gott Merci fir de Philemon

4 Ech soe mengem Gott allzäit Merci, wann ech mech a menge Gebieder un dech erënneren,

5 well ech vun denger Léift a vun dengem Glawen héieren hunn, déi s du fir den Här Jesus a fir all déi Helleg hues.

6 Ech bieden, datt de Glawen, deen s du deels, effikass ass, fir datt s du alles Guddes erkenns, wat an eis ass duerch Christus Jesus.

7 Brudder, du hues eis vill Freed an Trouscht duerch deng Léift bruecht, well d'Häerzer vun den Hellegen duerch dech erfrëscht goufen.

De Paul freet de Philemon, fir den Onesimos als Brudder opzehuelen

8 Dofir kéint ech dir, ouni ze zécken, a Christus befeelen, deng Flicht ze maachen,

9 mee ech bieden dech léiwer an aller Léift, well ech deen heite sinn: de Paul, en ale Mann an elo och e Prisonéier vum Jesus Christus.

10 Ech bieden dech wéinst mengem Jong Onesimos, deem säi Papp ech während menger Haft gi sinn.

11 Virdu war hien dir onnëtz, mee elo ass hien dir a mir nëtzlech.

12 Ech schécken hie bei dech zeréck. Huel hien op wéi mäin eegent Häerz.

13 Ech wollt hien hei bei mir halen, fir datt hie mir während menger Haft wéinst der gudder Noriicht an denger Plaz dénge kéint.

14 Mee ech wollt näischt ouni däin Accord maachen, fir datt deng gutt Dot net erzwongen, mee aus fräie Stécker geschitt.

15 Villäicht war et jo dowéinst, datt den Onesimos eng Zäitche vun dir getrennt gouf, fir datt s du hie fir éiweg erëmkréichs.

- 16 Hie kënnt elo net méi als Sklav zeréck, mee als méi wéi e Sklav, nämlech als e Brudder, deen ee gär huet. Dat ass hie besonnesch fir mech, ma wéi vill méi da fir dech, souwuel als Mënsch wéi och am Här!
- 17 Wann s du mech als Partner betruechts, dann huel hien op, wéi wann ech et wier.
- 18 Wann hien dir Onrecht gedoen huet oder dir iergendeppes schëlleg ass, da setz dat op meng Rechnung!
- 19 Ech, de Paul, schreiwen dat hei mat menger eegener Hand: ECH BEZUELEN ET ZERÉCK. (Natierlech ernimmen ech net, datt s du mir eppes schëlleg bass, nämlech dech selwer.)
- 20 Jo Brudder, wéinst dem Här wëll ech vun dir profitéieren! Erfrësch mäin Häerz am Här!
- 21 Ech schreiwen dir, well ech mir sécher sinn, datt s du follegs an datt s du och méi méchs, wéi ech dech froen.
- 22 Nach eppes: Maach och d'Friemekummer fir mech an d'Rei. Ech hoffen nämlech, datt ech duerch är Gebieder iech zeréckgeschenkt ginn.

Gréiss

- 23 Et gréissen dech den Epaphras, mäi Matprisonéier wéinst Christus Jesus,
- 24 de Marc, den Aristarkos, den Demas an de Luc, meng Mataarbechter.
- 25 D'Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat ärem Geesch! Amen.

Hebräer

Hebräer 1

De Jong ass méi héich wéi d'Engelen

- 1 An der Vergaangenheet huet Gott zu verschiddenen Zäiten an op verschidde Manéieren duerch d'Prophéite mat eise Virfuere geschwat.
- 2 An dëse leschten Deeg huet hien duerch säi Jong mat eis geschwat, deen hien als Ierwe vun allem bestëmmt huet an duerch deen hien och den Universum gemaach huet.
- 3 De Jong ass d'Ausstrahlung vu senger Herrlechkeet a representéiert genee säi Wiesen. Hien dréit alles duerch säi mächtegt Wuert. Nodeems hien duerch sech selwer d'Rengege vun eise Sënne bewierkt hat, huet hie sech zur Rietser vun der Majestéit am héchsten Himmel gesat.
- 4 Esou ass hie vill méi héich wéi d'Engele|Engel ginn, well hie wéinst der Ierfschaft en Numm kritt huet, dee vill méi héich ass wéi hiren.
- 5 Zu wéi engem vun den Engelen huet Gott nämlech jee gesot: „Du bass mäi Jong! Haut sinn ech däi Papp ginn“? An och: „Ech ginn e Papp fir hien an hie gëtt e Jong fir mech“?
- 6 An nees, wann hie säin Éischtgebuerenen an d'Welt bréngt, seet hien: „All d'Engele vu Gott mussen hien ubieden.“
- 7 Vun den Engele seet hien: „Hie mécht seng Engele wéi de Wand a seng Dénger wéi Feierflamen.“
- 8 Mee vum Jong seet hien: „Däin Troun, Gott, ass fir ëmmer an éiweg. Den Zepter vun dengem Kinnekräich ass e gerechten Zepter.“
- 9 Du hues Gerechtegkeet gär an haass Gesetzlosegkeet. Dofir huet Gott, däi Gott, dech mam feierlechen Ueleg gesalleft, fir datt s du iwwert denge Begleeder stees.“
- 10 An och: „Am Ufank hues du, Här, d'Fëllement vun der Äerd geluecht. Den Himmel ass d'Wierk vun dengem Hänn.“
- 11 Si verginn, mee du bleifs. Esou wéi Kleeder al ginn, gi si et och.
- 12 Wéi e Mantel rulls du si op a wiessels si aus. Mee du bleifs deeselwechten an deng Jore ginn ni op en Enn.“
- 13 Zu wéi engem vun den Engelen huet hie jee gesot: „Setz dech zu menger Rietser, bis ech aus denge Feinden eng Foussbänk fir dech maachen“?

14 Sinn si net all Geeschter, déi am Déngscht vu Gott stinn a geschéckt ginn, fir deenen ze déngen, déi d'Rettung ierwen?

Hebräer 2

Eng Warnung uechtzeginn

1 Dofir musse mir ëmsou méi op dat, wat mir héieren hunn, uechtginn, fir datt mir net dovunner ofkommen.

2 Wann d'Wuert, dat duerch Engele|Engel geschwat gouf, verbindlech war an all Iwwerriedung a Verstouss e gerechte Loun krut,

3 wéi wëlle mir dann entkommen, wa mir esou eng grouss Rettung ignoréieren? Dës Rettung gouf fir d'éischt duerch den Här verkënnegt a gouf eis duerno vun deene bestätegt, déi hien héieren hunn.

4 Gott huet och zesumme mat hinnen déi Rettung bezeit duerch Zeechen, Wonner a verschidde mächtig Doten an duerch Gowe vum hellege Geesch, déi hien opgrond vu sengem Wëlle verdeelt huet.

Gott huet dem Jong alles ënnerworf

5 Hien huet net den Engelen déi zukünfteg Welt, vun där mir schwätzen, ënnerworf.

6 Iergendeen huet awer iergendwou bezeit: „Wat ass de Mënsch, datt s du senger gedenks, oder de Jong vum Mënsch, datt s du dech senger unhëls?“

7 Du hues hie fir eng kuerz Zäit méi niddreg gestallt wéi d'Engelen. Du hues hie mat Herrlechkeet an Eier gekréint.

8 Du hues him nämlech alles ënnerworf an him alles ënnert d'Féiss geluecht.“ Wéi hien him alles ënnerworf huet, gouf et näischt, wat him net ënnerworf war. Mee elo gesi mir nach net, datt him alles ënnerworf ass.

9 Mir gesinn awer de Jesus, dee fir eng kuerz Zäit méi niddreg gestallt gouf wéi d'Engelen an deen elo mat Herrlechkeet an Eier gekréint gouf, well hien den Doud erlidden huet, fir datt hien duerch d'Gnod vu Gott den Doud fir jiddereen erliewe géif.

10 Et war ubruecht, datt hien (fir deen an duerch deen alles existéiert) den Auteur vun hirer Rettung duerch Leiden un d'Zil bruecht huet, andeems hie vill Nokommen an d'Herrlechkeet geféiert huet.

11 Deen, deen hellegt, an déi, déi gehellegt ginn, stamen nämlech all vun engem of. Dofir genéiert hie sech net, fir si Geschwëster ze nennen.

12 Hie seet: „Ech verkënnegge meng Geschwëster däin Numm. Matzen an der Versammlung wëll ech dech luewen.“

13 An och: „Ech vertrauen op hien.“ An och: „Kuck! Ech an d’Kanner, déi Gott mir ginn huet.“

14 D’Kanner bestinn aus Fleesch a Blut an dofir gouf hien och esou wéi si, fir datt hien duerch säin Doud deen zerstéiere kéint, deen d’Muecht iwwert den Doud huet, dat heescht den Däiwel.

15 Esou huet hien déi erléist, déi wéinst der Angscht virum Doud hiert ganz Liewe versklaavt waren.

16 Et ass jo kloer, datt hie sech net den Engelen hirer unhëlt, mee hien hëlt sech den Nokomme vum Abraham un.

17 Dofir huet hien a jidder Hisiicht senge Geschwëster misse gläichen, fir e baarmhärzegen an treien Hauptpriister am Déngscht vu Gott ze sinn, fir datt hie fir d’Sënn vum Vollek géif béissen.

18 Hie selwer huet nämlech gelidden, wéi hie gepréift gouf an dofir kann hien deenen hëllef, déi gepréift ginn.

Hebräer 3

De Jesus ass méi héich wéi de Moses

1 Dofir, helleg Geschwëster, déi dir un enger himmlescher Berufung deelhuelt, kuckt op den Apostel an Hauptpriister, de Messias Jesus, dee mir bekennen.

2 Hie war deem trei, deen hien ernannt huet, genee wéi de Moses dem ganzen Haus vu Gott trei gedéngt huet.

3 De Jesus gouf nämlech mat enger méi grousser Herrlechkeet wéi de Moses gewierdegt, genee wéi deen, deen d’Haus gebaut huet, méi Éier kritt wéi d’Haus selwer.

4 All Haus gëtt jo vun iergendengem gebaut, mee deen, deen alles gebaut huet, ass Gott.

5 De Moses war jo en treien Dénger am ganzen Haus vu Gott, fir iwwert dat auszesoen, wat nach verkënnegt géif ginn.

6 De Messias war awer als Jong trei iwwert sengem Haus. Mir si säin Haus, wa mir bis zum Enn de Courage behalen an an eiser zouversiichtlecher Hoffnung standhaft bleiwen.

Haalt un ärer Zouversiicht fest

7 Dofir seet den hellege Geescht: „Haut, wann dir seng Stëmm héiert,

8 da loosst är Härzer net verbruet ginn, esou wéi si et an der Rebellioun gemaach hunn, um Dag vun der Pruf an der Wüst.

- ⁹ Är Pappen hu mech do op d’Prouf gestallt. Si hu mech erausgefuerdert; si hu meng Dote während véierzeg Joer gesinn.
- ¹⁰ Dofir war ech mat där Generatioun rosen a sot: ‚Hir Häerzer ginn ëmmer irgeféiert. Si hu meng Weeër net kannt.‘
- ¹¹ Esou hunn ech a menger Roserei geschwuer: ‚Op kee Fall gi si a meng Rou eran!‘“
- ¹² Gitt also uecht Geschwëster, datt et a kengem vun iech e béisst, ongleewegt Häerz gött, dat vum liewege Gott offält.
- ¹³ Villméi, encouragéiert een deen aneren all Dag, esoulaang en nach „haut“ genannt gött, fir datt kee vun iech wéinst dem Bedruch vun der Sënn verbruet gött.
- ¹⁴ Mir hunn nämlech Undeel um Messias, wa mir bis un d’Enn un eiser Zouversiicht festhalen, déi mir am Ufank haten.
- ¹⁵ Esou wéi geschriwwe steet: „Haut, wann dir seng Stëmm héiert, da loosst är Häerzer net verbruet ginn, esou wéi si et an der Rebellioun gemaach hunn.“
- ¹⁶ Wien hat héieren an awer rebelléiert? Waren et net all déi, déi duerch de Moses aus Ägypten ausgezu waren?
- ¹⁷ A mat wem war hie véierzeg Joer laang rosen? War et net mat deenen, déi gesënnegt haten, mat deenen, deenen hir Läichen an der Wüst leie bliwwe sinn?
- ¹⁸ Wem hat hie geschwuer, datt si net a seng Rou kéimen? War et net deenen, déi net gefollegt haten?
- ¹⁹ Mir gesinn also, datt si wéinst dem Onglawen net eragoe konnten.

Hebräer 4

Rou fir déi Gleeweg

- ¹ Mir sollen Angscht hunn, datt et bei kengem vun iech esou ausgeséich, wéi wann hie vun där Rou ausgeschloss géif ginn, esoulaang d’Versprieche, fir a seng Rou eranzegoen, nach besteet.
- ² Mir krute jo d’gutt Noriicht verkënnegt, geneesou wéi si. Mee d’Botschaft, déi si héieren haten, hat hinnen näischt genotzt, well si dat, wat si héieren haten, net mat Glawe verbonnen haten.
- ³ Mir, déi mir gleewen, ginn awer an dës Rou eran. Esou wéi hie sot: „Esou hunn ech a menger Roserei geschwuer: ‚Op kee Fall gi si a meng Rou eran!‘“ An dach ware seng Wierker zënter der Grënnung vun der Welt ofgeschloss.

- ⁴ Et steet nämlech iergendwou iwwert de siwenten Dag geschriwwen: „Gott huet um siwenten Dag vun all senge Wierker gerout.“
- ⁵ An nees sot hien an deem Text: „Op kee Fall gi si a meng Rou eran!“
- ⁶ Dofir steet et nach fir munchen aus, an d’Rou eranzegoen. Déijéineg, déi fréier d’gutt Noriicht verkënnegt kruten, gOUNGEN net eran, well si net gefollegt haten.
- ⁷ Och wann hien esou laang duerno duerch den David geschwat huet, huet hien e bestëmmten Dag festgeluecht an zwar „haut“. Esou wéi geschriwwen steet: „Haut, wann dir seng Stëmm héiert, da loosst är Häerzer net verbruet ginn.“
- ⁸ Wann de Yoschua hinne Rou ginn hätt, dann hätt Gott jo net vun engem aneren Dag geschwat.
- ⁹ Also steet eng Sabbat-Rou fir d’Vollek vu Gott nach aus.
- ¹⁰ Wien nämlech a seng Rou erageet, dee rout och selwer vu senge Wierker, esou wéi Gott vu senge gerout huet.
- ¹¹ Dofir solle mir eis beméien, fir an déi Rou eranzegoen, fir datt kee fält, well hien d’Beispill vun deenen nomécht, déi net gefollegt hunn.
- ¹² D’Wuert vu Gott ass lieweg a mächtig. Et ass méi schaarf wéi all zweeschneidegt Schwäert. Et geet duerch, bis et Séil a Geescht, Muerch a Schank trennt. Et kann och d’Gedanken an d’Intentione vum Häerz riichten.
- ¹³ Keng Kreatur ass viru Gott verstoppt. Alles ass plakeg an entbléisst virun den Ae vun deem, deem mir Rechenschaft ofleeë mussen.

De Jesus ass de groussen Haaptpriister

- ¹⁴ Mir hunn e groussenHaaptpriister, deen duerch den Himmel gaangen ass, an zwar de Jesus, de Jong vu Gott. Loosst eis also un eisem Bekenntnis festhalen.
- ¹⁵ Mir hunn nämlech en Haaptpriister, dee sech mat eise Schwächten identifiziéiere kann. Hie gouf jo an allem esou wéi mir op d’Prouf gestallt, mee ouni ze sënnegeen.
- ¹⁶ Loosst eis dofir mat Zouversicht un den Troun vun der Gnod erunrieden, fir datt mir Baarmhärzegheet kréien a Gnod fannen, an Zäiten, wou mir Hëllef brauchen.

Hebräer 5

- 1 AllHaauptpriister, deen aus de Mënschen erausgesicht gëtt, gëtt ernannt, fir d'Mënsche viru Gott ze representéieren, fir datt de Priister Gowen a Sacrificer fir d'Sënnen affere kann.
- 2 Hie ka matleedeg ëmgoe mat deenen, déi näischt wëssen, a mat deenen, déi irgeféiert goufen, well hie selwer a villen Hisiichte schwaach ass.
- 3 Wéinst senger Schwächt muss hien och fir seng eege Sënnen Affer bréngen, esou wéi hien et och fir d'Vollek mécht.
- 4 Et hëlt och keen dës Eier fir sech selwer, mee villméi gëtt hie vu Gott beruff, genesou wéi den Aaron et gouf.
- 5 Geneesou huet deMessias sech net selwer verherrlecht, fir Haauptpriister ze ginn. Villméi war et deen, deen zu him sot: „Du bass mäi Jong. Haut sinn ech däi Papp ginn.“
- 6 Op enger anerer Plaz seet hien: „Du bass fir ëmmer Priister, nom Uerde vum Melchizedek.“
- 7 Während sengem Liewen op der Äerd huet de Messias Gebieder an Uleissen ënnert haardem Kräischen an Tréine virun dee bruecht, deen amstand war, fir hie virum Doud ze retten. Hie gouf erhéiert, well hie Gott an Éiere gehalen huet.
- 8 Och wann hie säi Jong war, huet hien duerch dat, wat hie gelidden huet, geléiert ze follegen.
- 9 Nodeems hien d'Zil erreecht hat, gouf hien d'Quell vun der éiweger Rettung fir all déi, déi him follegen.
- 10 Hie gouf vu Gott zum Haauptpriister ernannt nom Uerde vum Melchizedek.

Eng Warnung net ofzefalen

- 11 Mir hunn nach vill doriwwer ze soen, mee et ass schwéier, dat z'erklären, well dir iech net midd maache wëllt, fir ze verstoen.
- 12 Dir misst no all där Zäit Léiermeeschtere sinn, mee aplaz dovunner braucht dir nees een, deen iech déi éischt elementar Prinzipie vun den Aussoe vu Gott bäibréngt. Dir gouft wéi déi, déi Mëllech brauchen an net fest lessen.
- 13 Jiddereen, deen nach Mëllech zou sech hëlt, ass jo nach e Puppelchen an ass dofir an der gerechter Botschaft onerfueren.
- 14 Fest lessen ass fir déi Räif, fir déi, deenen hiert Uerteelsverméigen duerch de Gebrauch trainéiert ginn ass, fir datt si dat Gutt vum Béisen ënnerscheede kënnen.

Hebräer 6

- ¹ Dofir solle mir déi elementar Botschaft vumMessias hannert eis loossen an duerno striewen, räif ze sinn. Mir sollen net nees d'Fëllement leeën, dat aus derËmkéier vun den Doten, déi an den Doud féieren, aus dem Glawen u Gott,
- ² aus der Léier iwwert d'Wäschritualer, iwwert d'Hänn opleeën, iwwert d'Operstéiung vun den Doudegen an iwwert dat éiwegt Geriicht besteet.
- ³ Dat alles wäerte mir maachen, wa Gott et erlaabt.
- ⁴ Et ass nämlech onméiglech déijéineg, déi eng Kéier bei d'Liicht bruecht goufen, déi d'himmlesch Gof geschmaacht hunn, déi en Undeel um hellege Geescht kritt hunn,
- ⁵ déi d'gutt Wuert vu Gott an d'Muechte vum kommenden Zäitalter geschmaacht hunn
- ⁶ an dann ofgefall sinn, nees dozou ze bréngen ëmzekéieren. Esou kräizege si de Jong vu Gott nees fir sech selwer a bréngen ëffentlech Schan iwwert hien.
- ⁷ De Reen fält dacks op de Buedem a sickert eran, wat nätzlech Planze fir déi ervirbréngt, déi geakert hunn. De Buedem kritt op dës Manéier e Sege vu Gott.
- ⁸ Wann de Buedem awer Dären an Dëschtelen ervirbréngt, ass en onnëtz an drop an drun, fir verflucht ze ginn. Um Enn gëtt e verbrannt.
- ⁹ Och wa mir elo esou schwätzen, léif Frënn, si mir an ärem Fall vu Besserem iwwerzeegt, wat mat der Rettung ze dinn huet.
- ¹⁰ Gott ass nämlech net esou ongerecht, fir äert Wierk ze vergiessen. Hie vergësst net d'Aarbecht vun der Léift, déi dir sengem Numm erweisen hat, wéi dir den Helleger gedéngt hutt an elo och nach ëmmer déngt.
- ¹¹ Mir wëllen, datt all eenzele vun iech mat der Gewëssheet op d'Hoffnung bis zum Schluss deeselwechte Fläiss beweist,
- ¹² fir datt dir net liddereg gitt, mee déi imitéiert, déi duerch Glawen a Gedold d'Vesprieche ierwen.

D'Vesprieche vu Gott änneren net

- ¹³ Wéi Gott demAbraham e Versprieche gemaach huet, huet hie bei sech selwer geschwuer, well hie kee Gréissere wéi sech selwer hat, bei deem hie schwiere konnt.
- ¹⁴ Hie sot: „Ech wëll dech sécherlech seenen an ech wëll deng Nokomme sécherlech onzieleg maachen.“

15 Nodeems den Abraham gedëlleg gewaart hat, huet hien erlieft, wéi d'Veersprieche an Erfëllung gong.

16 D'Mënsche schwiere jo bei engem Gréisseren, wéi si et sinn. En Eed, deen als Bestätegung ofgeluecht gëtt, zitt e Schlusstréch ënnert all Sträit.

17 Gott wollt d'onverännerbar Natur vu senger Entscheidung den Ierwe vum Versprieche nach méi ënner Beweis stellen an dofir huet hien d'Veersprieche mat engem Eed versigelt.

18 Hien huet dat gemaach, fir datt duerch zwee onverännerbar Fakten, an deene Gott net ka léien, mir, déi mir geflücht sinn, staark encouragéiert kënne ginn, fir d'Hoffnung, déi virun eis läit, z'ergräifen.

19 Mir hunn dës Hoffnung als sécheren a festen Anker fir eis Séilen. Si ass eng Hoffnung, déi an d'Hellegtum bis hannert de Riddo erageet,

20 wou de Jesus an eiser Plaz als Virleefer eragaangen ass, well hie fir ëmmerHaaptpriister nom Uerde vum Melchizedek ginn ass.

Hebräer 7

De Priister Melchizedek

1 Dëse Melchizedek, Kinnek vu Salem a Priister vum allerhéchste Gott, ass dem Abraham op sengem Wee zeréck vun der Schluecht vun de Kinneke begéint an huet hie geseent.

2 Den Abraham huet him en Zéngtel vun allem ginn. Éischtens bedeit säin Numm „Kinnek vun der Gerechtegheet“ an dann ass hien och Kinnek vu Salem, wat „Kinnek vum Fridde“ bedeit.

3 Fir de Melchizedek gouf kee Papp, keng Mamm, kee Stammam, keng Gebuert a keen Doud festgehalten. Hie gläicht dem Jong vu Gott andeems hie fir ëmmer e Priister bleift.

4 Denkt dach nëmmen driwwer no, wéi grouss hie war! Esouguer de Patriarch Abraham huet him en Zéngtel vun der Bät ginn!

5 D'Nokomme vum Levi, déi Priister gi sinn, hunn am Gesetz e Gebot, fir en Zéngtel vum Vollek, dat heescht vun hire Bridder, anzesammelen, obwuel si selwer Nokomme vum Abraham sinn.

6 Deen, deen net vun hinnen ofstaamt, huet en Zéngtel vum Abraham ugeholl an huet dee geseent, deem d'Veersprieche gemaach gouf.

7 Et steet ausser Fro, datt dee manner Dichtege vun deem méi Dichtege geseent gëtt.

8 An deem heite Fall kréie stierflech Mënschen en Zéngtel, mee an deem anere Fall kritt deen den Zéngtel, iwwert dee bezeit gött, datt hie lieft.

9 Et kéint ee soen, datt de Levi, deen den Zéngtel kritt, den Zéngtel duerch den Abraham bezuelt hat.

10 Hie war jo nach am Kierper vu sengem Virfueren, wéi de Melchizedek him begéint ass.

De Jesus ass ewéi de Melchizedek

11 Wann also duerch d'levitescht Priisteramt d'Perfektion komm wier (ënnert de Priister krut d'Vollek jo d'Gesetz), firwat wier et dann néideg gewiescht, datt een anere Priister nom Uerde vum Melchizedek an net nom Uerde vum Aaron ervirkomme soll?

12 Wann d'Priisteramt verännert gött, dann ass och noutgedrongen eng Verännerung am Gesetz.

13 Deen, iwwert deen dat alles gesot gött, ass aus engem anere Stamm an et huet nach ni een aus deem Stamm beim Altar gedéngt.

14 Et läit jo op der Hand, datt eisen Här aus dem Stamm Juda staamt, e Stamm vun deem de Moses näischt iwwert d'Priisteramt gesot huet.

15 Et gött nach méi evident, wann en anere Priister, nom Uerde vum Melchizedek, ervirkënnt.

16 Dee gouf net wéinst engem Gebot iwwert mënschlech Nokommenschaft e Priister, mee duerch d'Muecht vun engem onzerstéierbare Liewen.

17 Et gött nämlech iwwert hie bezeit: „Du bass fir ëmmer Priister, nom Uerde vum Melchizedek.“

18 Engersäits gött dat fréiert Gebot op d'Säit geluecht, well et schwaach an ineffikass ass

19 (well d'Gesetz huet näischt perfekt gemaach), anerersäits gött eng besser Hoffnung ageféiert, duerch déi mir méi no u Gott kommen.

20 Dat ass net ouni en Eed geschitt. (Déi aner goufen ouni en Eed Priister,

21 mee hie gouf Priister duerch den Eed vun deem, deen zu him gesot huet: „Den Här huet geschwuer an hien ännert seng Meenung net: Du bass fir ëmmer Priister, nom Uerde vum Melchizedek.“)

22 Dofir ass de Jesus ëmsou méi zum Garant vun enger besserer Allianz ginn.

23 Et goufe jo vill Priister, well den Doud si dru gehënnert huet, fir weider am Amt ze bleiwen.

24 De Jesus awer bleift permanent am Priisteramt, well hie fir ëmmer lieft.

²⁵ Dofir kann hie fir ëmmer déi retten, déi duerch hie bei Gott kommen, well hien éiweg lieft, fir fir si anzetrieden.

²⁶ Et ass nämlech ubruecht, datt mir esou eenHaaptpriister hunn: een, deen helleg, onschëlleg, onbefleckt a vu Sënner getrennt ass an dee méi héich wéi den Himmel ginn ass.

²⁷ Hie brauch net Dag fir Dag Affer ze bréngen, esou wéi d'Haaptpriister Affer brénge musse fir d'éischt fir hir eege Sënnen an da fir d'Sënne vum Vollek. Hien huet dat ee fir alle Mol gemaach, wéi hie sech selwer geaffert huet.

²⁸ D'Gesetz mécht Männer zu Haaptpriister, déi Schwaachheeten a sech droen; mee den Eed, deen no der Aféierung vum Gesetz gemaach gouf, setzt de Jong an, dee fir ëmmer vollkomme gemaach gouf.

Hebräer 8

De Jesus ass de Mëttelsmann vun enger besserer Allianz

¹ Hei ass den Haaptpunkt, vun deem wat gesot gouf: Mir hunn esou eenHaaptpriister, dee sech zur Rietser vum Troun vun der Majestéit am Himmel gesat huet.

² Hien déngt do am Hellegtum, am richtege Zelt vum Treffen, dat vum Här opgeriicht gouf an net vum Mënsch.

³ All Haaptpriister gëtt jo agesat fir Gowen a Sacrificer ze bréngen. Dofir ass et néideg, datt och deen eppes huet, fir ze offeren.

⁴ Wann hien awer op der Äerd wier, da wier hie kee Priister, well déi Priister d'Gowe opgrond vum Gesetz offeren.

⁵ Si déngen enger Kopie an engem Schiet vum Original aus dem Himmel. Wéi de Moses drop an dru war, d'Zelt vum Treffen fäerdegezstellen, gouf hie vu Gott gewarnt: „Gëff uecht, datt s du alles nom Muster méchs, dat dir um Bierg gewise gouf.“

⁶ Elo krut hien awer méi en héijen Déngscht opgedroen, well hien de Mëttelsmann vun enger bessererAllianz ass, déi als Gesetz gi gouf an op besser Versprieche baséiert.

⁷ Wann un der éischer Allianz näischt gefeelt hätt, dann hätt et kee Grond ginn, no enger zweeter ze sichen.

⁸ Gott weist awer, datt eppes dru felt, wann hien zu hinne seet: „Kuck, d'Zäit kënnt', seet den Här, ‚an där ech eng nei Allianz mam Haus Israel a mam Haus Juda schléissen.

⁹ Dës Allianz gëtt net esou, wéi d'Allianz, déi ech mat hire Virfuere geschloss hat, wéi ech si mat der Hand geholl hat, fir si aus Ägypten ze féieren. Si si menger Allianz nämlech net trei bliwwen an dofir hunn ech mech net ëm si gekëmmert', seet den Här.

¹⁰ ‚Mee déi hei ass d'Allianz, déi ech no deenen Deeg mam Haus Israel schléissen', seet den Här. ‚Ech leeë meng Gesetzer an hire Verstand a schreiw si op hir Häerzer. Ech sinn dann hire Gott a si si mäi Vollek.

¹¹ Da beléiert kee méi säin Nächstes a säi Brudder, andeems hie seet: „Léier den Här kennen“, well jidderee mech da kennt, vum Onwichtigste bis zum Dichtigste vun hinnen.

¹² Ech sinn nämlech géintwärt hiren ongerechten Dote baarmhärzeg an ech erënnere mech net méi un hir Sënn.“

¹³ Andeems hien d'Wuert „nei“ gebraucht, mécht hien déi éischt Allianz zur „aler“. Wat al gëtt a vereelzt, ass kuerz virum Verschwannen.

Hebräer 9

Regele vum Déngscht vun der éischer Allianz

¹ Déi éischt Allianz hat jo Regele fir den Déngscht an eng helleg, ierdesch Plaz.

² Et gouf en Zelt opgeriicht. Am éischten Deel, deen déi helleg Plaz genannt gouf, stoungen de Liichter, den Dësch an d'Ausstellungsbrout.

³ Hannert dem zweete Ridde war en Zelt, dat déi allerhellegst Plaz genannt gouf.

⁴ Do stoungen de gëllene Weirauchaltor an d'Lued vun der Allianz, déi ganz mat Gold iwwerzu war. An der Lued waren e gëllene Krou, dee mat Manna gefëllt war, dem Aaron säi Staf, dee gebléit hat, an d'Tafele vun der Allianz.

⁵ Iwwert der Lued waren d'Trounwiechter vun der Herrlechkeet, déi hire Schiet iwwert de Bousdeckel geworf hunn. Mir kënnen awer elo net doriwwer op all Einzelheet agoen.

⁶ Nodeems alles esou opgeriicht gouf, ginn d'Priister ëmmer an dat éischt Zelt eran, fir hir Déngschter ze verrichten.

⁷ Mee nëmmen denHaaptpriister geet eemol d'Joer an dat zweet Zelt eran. Hie mécht dat och ni ouni Blut, dat hie fir sech a fir d'Volk, fir d'Sënnen, déi si am Onwësse gemaach hunn, affert.

⁸ Esou weist den hellege Geescht däitlech, datt de Wee fir an déi allerhellegst Plaz nach net op war, esoulaang dat éischt Zelt nach steet.

⁹ Dat Zelt ass e Symbol fir déi haiteg Zäit, an där Gowen an Affer bruecht ginn, déi d'Gewesse vun deem, deen den Déngscht mécht, net kënne perfekt maachen.

¹⁰ Dobäi geet et nëmmen ëm lessen, Gedrénks a verschidde Wäschritualer – Regele fir dat Physescht, déi operluecht goufe bis zu där Zäit, an där hien alles nei regelt.

D'Blutt vum Messias

¹¹ DeMessias koum awer als Haaptpriister vum Gudden, wat nach kënnt. Hie goug duerch dat méi erhuewent a méi perfekt Zelt, dat net vu Mënschenhand gemaach gouf (dat heescht, et ass net vun dëser Schöpfung),

¹² a goug ee fir alle Mol an déi allerhellegst Plaz eran. Hien huet dat net duerch d'Blutt vu Geessebéck oder Kaalwer gemaach, mee duerch säin eegent Blut, nodeems hien eng éiweg Erléisung geséichert hat.

¹³ Wann also d'Blutt vu Stéieren a Geessebéck an d'Äsche vun enger jonker Kou, déi iwwert déi gespréngelt ginn, déi zeremoniell onreng sinn, esou hellegt, datt dat Physescht reng ass,

¹⁴ ëm wéi vill méi wäert dann d'Blutt vu Christus, dee sech duerch den éiwege Geescht Gott als Affer ouni Feeler hierginn huet, är Gewesse vun den Dote rengen, déi zum Doud féieren, fir dem liewege Gott kënnen ze déngen?

¹⁵ Dofir ass hien de Mëttelsmann vun der neier Allianz, fir datt déi, déi beruff sinn, déi versprochen éiweg lerschaft kënne ginn. En Doud ass jo geschitt, dee si vun den Iwwertriedungen, déi ënnert der éischer Allianz begaange goufen, erléist.

¹⁶ Am Fall vun engem Testament muss den Doud vun deem, deen et opgesat huet, bewise ginn,

¹⁷ well d'Testament nëmmen am Fall vum Doud a Kraaft trëtt. Et trëtt ni a Kraaft, esoulaang deen, deen et opgesat huet, nach leeft.

¹⁸ Dofir ass déi éischt Allianz och net ouni Blut a Kraaft getrueden.

¹⁹ Nodeems de Moses all de Leit all Gebot vum Gesetz verkënnegt hat, huet hien d'Blutt vun de Kaalwer an de Geessebéck geholl, zesumme mat Waasser, scharlachrouder Woll an Isop, huet de Schrëftrullo an all d'Leit gespréngelt

²⁰ a sot: „Dat hei ass d'Blutt vun der Allianz, déi Gott iech befuel huet anzehalen.“

- 21** Geneesou huet hien och d'Zelt an dat ganzt Geschir vum Déngscht mam Blut gespréngelt.
- 22** Bal alles gëtt opgrond vum Gesetz duerch Blut gerengelt. Ouni d'Vergëisse vu Blut gëtt et keng Verzeiung.
- 23** Et war néideg, datt d'Kopië vun allem aus dem Himmel duerch dës Sacrificer gerengelt géifen, mee dat Himmlescht selwer huet mat bessere Sacrificer wéi dës gerengelt misse ginn.
- 24** De Messias gong jo net an d'Hellegtum eran, dat vu Mënschenhand gemaach gouf an eng Kopie vum Richtegen ass, mee hie gong an den Himmel selwer eran, fir an eiser Plaz an der Präsenz vu Gott z'erschéngen.
- 25** Hien huet dat net gemaach, fir sech dacks ze afferen, esou wéi den Haaptpriester Joer fir Joer mat Blut, dat net säin eegent ass, an déi helleg Plaz erageet.
- 26** Soss hätt hien nämlech dacks misse säit der Grënnung vun der Welt leiden. Mee elo ass hien ee fir alle Mol zum Schluss vun den Zäitalteren erschéngen, fir duerch de Sacrifice vu sech selwer d'Sënn ewechzehuelen.
- 27** Esou wéi et de Mënsche bestëmmt ass, fir eemol ze stierwen an duerno geriicht ze ginn,
- 28** esou gouf och de Messias eemol geaffert, fir d'Sënn vu villen op sech ze huelen. Da kënnt hien eng zweete Kéier zeréck, net als Affer fir d'Sënn, mee fir déi ze retten, déi mat Spannung op hie waarden.

Hebräer 10

De Messias affert ee Sacrifice fir all Zäit

- 1** D'Gesetz enthält e Schiet vun deem Gudden, wat nach kënnt, an ass net d'Duerstellung selwer vun deem Richtegen. D'Gesetz kann nämlech ni déijéineg duerch déiselwecht Sacrificer perfekt maachen, déi si ëmmer nees Joer fir Joer bréngen.
- 2** Hätt ee soss net opgehale mat Afferen? Wann déi, déi de Gottesdéngscht ausféieren, ee fir alle Mol gerengelt gi wieren, dann hätte si keng Sënn méi op hirem Gewëssen.
- 3** Am Géigendeel, an deene Sacrificer ass Joer fir Joer eng Erënnerung un d'Sënn.
- 4** Et ass nämlech onméiglech, duerch d'Blut vu Stéieren a Geessebéck d'Sënn ewechzehuelen.

- 5 Dofir sot hien, wéi hien an d'Welt koum: „Sacrificer an Affer wollts du net, mee e Kierper hues du fir mech virbereet.
- 6 Du hues kee Gefalen u Brandaffer a Sënnaffer.
- 7 Du sot ech: „Kuck, ech si komm
(esou steet et am Schrëfrullo vum Buch iwwert mech geschriwwen), fir däi Wëllen ze maachen, Gott.“
- 8 Virdu sot hien: „Sacrificer, Affer a Brandaffer fir d'Sënn wollts du net; du has kee Gefalen drun.“ Alles dat gött jo opgrond vum Gesetz geaffert.
- 9 Du sot hien: „Kuck, Gott! Ech si komm, fir däi Wëllen ze maachen.“ Hien hëlt dat éischt ewech, fir dat zweet a Kraaft ze setzen.
- 10 Duerch dëse Wëlle si mir gehellegt ginn duerch den Affer vum Läif vum Jesus, dem Messias, an dat ee fir alle Mol.
- 11 All Dag steet de Priister do, säin Déngscht auszuféieren. Hien affert dacks déiselwecht Sacrificer, déi ni d'Sënn ewechhuele kënnen.
- 12 Mee nodeems hien ee Sacrifice fir d'Sënn fir all Zäit geaffert hat, huet hie sech zur Rietser vu Gott gesat.
- 13 Zënterhier waart hien drop, datt seng Feinden zu senger Foussbänk fir seng Féiss gemaach ginn.
- 14 Duerch een eenzegen Affer huet hien nämlech fir ëmmer déi perfekt gemaach, déi gehellegt ginn.
- 15 Den hellege Geescht bezeit dat och fir eis, well hie scho virdu gesot huet:
- 16 „Mee dat hei ass déi Allianz, déi ech no där Zäit mat hinne schléissen“, seet den Här. „Ech leeë mäi Gesetz op hir Häerzer a schreiwen et an hire Verstand.
- 17 Ech erënnere mech dann net méi un hir Sënn an un hir Gesetzlosegkeet.“
- 18 Wa Sënne verzie ginn, da gött et keen Affer méi fir d'Sënn.

Eng Opfuerderung, net wankelmiddeg ze sinn

- 19 Geschwëster, dofir hu mir wéinst dem Jesus sengem Blut Zouversicht, fir an déi hellegst Plaz eranzegoen.
- 20 De Jesus huet eis och en neien a liewege Wee duerch de Riddo opgemaach, dat heescht duerch säi Läif.
- 21 Mir hunn och e grouse Priister iwver d'Haus vu Gott.
- 22 Loosst eis dofir mat engem oprichtegen Häerz erunrieden, duerch d'Gewëssheet, déi duerch de Glawe kënn, nodeems eis Häerzer vun engem

schlechte Gewässe gerengegt goufen an eis Lâiwer mat rengem Waasser gewäsch goufen.

23 Loosst eis, ouni wankelmiddeg ze ginn, um Bekenntnes vun der Hoffnung festhalten, well deen, deen d’Versprieche ginn huet, ass trei.

24 Loosst eis doriwwer nodenken, wéi mir een deen aneren zur Léift an zu gudden Doten encouragéiere kënnen.

25 Mir sollen och net vun eise Versammlungen ewechbleiwen, esou wéi muncher sech dat zur Gewunnecht gemaach hunn, mee villméi solle mir eis géigesäiteg encouragéieren an dat ëmsou méi wann dir gesitt, datt den Dag méi no kënnt.

26 Wa mir nämlech bewosst weider sënnegeen, nodeems mir d’Kenntnes vun der Wourecht kritt hunn, bleift kee Sacrifice méi fir d’Sënnegeen iwwereg.

27 Et bleift da just nach déi schrecklech, gewëss Erwaardung vum Geriicht a vun der Glous vum Feier, dat d’Géigner opfrësst.

28 Wien d’Gesetz vum Moses verworf huet, gëtt ouni Erbaarmen op d’Ausso vun zwee oder dräi Zeien hinn ëmbruecht.

29 Mengt dir net, datt deen, deen de Jong vu Gott mat Féiss getrëppelt huet, deen d’Blutt vun der Allianz, duerch dat hie gehellegt gouf, profanéiert huet an deen de Geesch vum der Gnod beleidegt huet, eng vill méi schlëmm Strof verdéngt hätt?

30 Mir kennen deen, dee sot: „Et ass u mir, fir mech ze rächen, an u mir, fir zeréckzebezuelen“, seet den Här.“ A weider: „Den Här riicht säi Vollek.“

31 Et ass schrecklech, an d’Hänn vum liewege Gott ze falen!

32 Erënnert iech dach un déi fréier Deeg, an deenen dir no ärer Erliichtung e schroe Leidenskampf erdroen hutt.

33 Engersäits gouft dir duerch Beleidegungen a Leed ëffentlech erniddregt; anerersäits gouft dir zu Partner mat deenen, déi och esou behandelt goufen.

34 Dir hutt iech mat mir identifiziéiert, wéi ech Prisonéier war. Wéi äre Besëtz confiscéiert gouf, hutt dir et mat Freed akzeptéiert, well dir wusst, datt dir am Himmel e besseren an dauerhafte Besëtz hutt.

35 Gehäit also är Zouversiicht net ewech, déi eng grouss Belounung mat sech bréngt.

36 Dir braucht Ausdauer, fir datt dir dat, wat versprach gouf, och kritt, nodeems dir de Wëlle vu Gott ausgeféiert hutt.

37 „Nach eng ganz kuerz Zäit an da kënnt deen, dee komme soll, an e léisst net op sech waarden.

38 De Gerechte lieft duerch de Glawen a wann hie sech zeréckzitt, dann hunn ech keng Freed un him.“

39 Mir gehéieren awer net zu deenen, déi sech zeréckzéien an zerstéiert ginn. Villméi gehéiere mir zu deenen, déi gleewen, an hir Séile gerett kréien.

Hebräer 11

De Glawen

1 Glawen ass awer eng Zouversicht op dat, op wat een hofft, an eng Iwwerzeegung vun deem, wat een net gesäit.

2 Wéinst deem Glawe goufen eis Virfuere vu Gott unerkant.

3 Duerch de Glawe versti mir, datt den Universum duerch d'Wuert vu Gott erschafe gouf, fir datt mir verstinn, datt dat, wat ee gesäit, net aus deem erschafe gouf, wat sichtbar ass.

4 Duerch de Glawen huet den Abel e bessere Sacrifice wéi de Kain viru Gott bruecht. De Sacrifice war d'Unerkennung, datt hie gerecht war. Gott huet och seng Gowen unerkant. Och wann den Abel elo dout ass, schwätzt hie weider duerch säi Glawen.

5 Duerch de Glawe gouf den Hensch ewechgeholl, fir datt hien den Doud net erliewe sollt. Hie war net ze fannen, well Gott hien ewechgeholl hat. Éier hien ewechgeholl gouf, gouf iwwert hie bezeit, datt Gott Gefalen un him hat.

6 Ouni Glawen ass et onméiglech, fir Gott ze gefalen. Wien bei Gott kënnt, muss gleewen, datt et hie gött an datt hien déi belount, déi hie sichen.

7 Duerch de Glawen huet den Noach duerch eng göttlech Angscht eng Arch gebaut, fir säi Stot ze retten, nodeems hie vu Gott iwwert Allerhand gewarnt gouf, dat nach ni gesi gi war. Duerch de Glawen huet hien d'Welt veruerteelt a gouf en Ierwe vun der Gerechtegkeet, déi duerch Glawe kënnt.

8 Duerch de Glawen huet den Abraham gefollegt, wéi hie beruff gouf, fir op eng Plaz ze goen, déi hien als Ierfschaft kréie sollt. Hien huet sech op de Wee gemaach, ouni ze wëssen, wou hien higoe géif.

9 Duerch de Glawen huet hien am versprachene Land als Frieme gelieft. Hien huet mam Isaak a mam Jakob, déi zesumme mat him och Ierwe vum nämmelechte Versprieche waren, an Zelter gelieft.

10 Hien huet mat Freed op déi Stad gewaart, déi Fëllementer huet a vun där Gott hien Architekt a Baumeschter ass.

- 11 Duerch de Glawe konnt d'Sara schwanger ginn an e Kand op d'Welt setzen, och wann hatt keng Kanner méi konnt kréien, well hatt deen als trei ugesinn huet, deen d'Vesprieche ginn hat.
- 12 Dofir koume vun deem enge Mënsch, deen esou gutt ewéi dout war, Nokommen, esou onzieleg wéi d'Stären am Himmel an ewéi de Sand um Mier, deen net ze zielen ass.
- 13 All dës Leit sinn am Glawe gestuerwen. Si kruten net dat, wat versprach gouf, mee hunn dat alles vu wäitem gesinn a begréisst. Si hunn zouginn, datt si Friemer a just fir eng kuerz Zäit Awunner op der Äerd sinn.
- 14 Leit, déi esou schwätzen, ginn ze verstoen, datt si eng Heemecht sichen.
- 15 Wa si déi ganz Zäit un déi Heemecht géifen denken, déi si verlooss hunn, dann hätte si jo Geleeënheet zeréckzegoen.
- 16 Tatsächlech verlaangere si no enger besserer Heemecht, an zwar enger himmlescher. Dofir genéiert Gott sech net, fir hire Gott genannt ze ginn, well hien eng Stad fir si virbereet huet.
- 17 Duerch de Glawen huet den Abraham, wéi hien op d'Prouf gestallt gouf, den Isaak geaffert. Hie krut d'Vespriechen a war am Gaang, säin eenzege Jong ze afferen,
- 18 och wann hie gesot krut: „Duerch den Isaak gëtt däin Nokomme genannt“,
- 19 well hien drop gezielt huet, datt Gott hie vun den Doudegen operstoe kéint loossen. Den Abraham krut den Isaak an engem gewëssene Sënn och nees vum Doud zeréck.
- 20 Duerch de Glawen huet den Isaak de Jakob an den Esau geseent, am Hibleck op d'Zukunft.
- 21 Duerch de Glawen huet de Jakob, wéi hien um Stierwe louch, dem Yossef seng béid Jonge geseent an huet Gott ugebiet, wéi hie sech op d'Spëtz vu sengem Staf gestäipt huet.
- 22 Duerch de Glawen huet de Yossef den Exodus vun den Israeliten ernimmt, wéi hien um Stierwe louch an huet Uerdere ginn, wat mat senger Schanke sollt geschéien.
- 23 Duerch de Glawe gouf de Moses, wéi hien op d'Welt koom, dräi Méint laang vu sengen Eltere verstoppt. Si hunn nämlech gesinn, datt d'Këndche schéi war, a si haten och keng Angscht virum Kinnek sengem Gebot.
- 24 Duerch de Glawen huet de Moses, wéi hien erwuesse war, refuséiert de Jong vum Pharao senger Duechter genannt ze ginn.
- 25 Hie wollt léiwer zesumme mam Vollek vu Gott leiden, wéi sech um vergängleche Pleséier vun der Sënn ze erfreen.

- 26 Hien huet gemengt, wéinst dem Messias beleidegt ze ginn, wier e gréissere Räichtum, wéi déi ganz Schätz an Ägypten, well hie seng Aen op d'Belounung geriicht hat.
- 27 Duerch de Glawen huet hien Ägypte verlooss, ouni Angscht virun der Roserei vum Kinnek ze hunn. Hien huet duergehalen, wéi wann hien den Onsichtbare géif gesinn.
- 28 Duerch de Glawen huet hien d'Passa agehalen an d'Zarge vun den Diere mat Blut gesprézt, fir datt den Zerstéierer déi Éischtgebueren net géif upaken.
- 29 Duerch de Glawen ass d'Vollek wéi op dréchenem Buedem duerch d'Rout Mier gaangen. D'Ägypter hu probéiert, datselwecht ze maachen, a sinn ënnergaangen.
- 30 Duerch de Glawe sinn d'Mauere vu Jericho an e Koup gefall, nodeems d'Vollek während siwen Deeg am Krees ëm d'Stad marchéiert war.
- 31 Duerch de Glawen ass d'Houer Rachab net zesumme mat den Ongleewege gestuerwen, well si d'Spiounen am Fridden opgeholl huet.
- 32 Wat soll ech nach weider soen? D'Zäit geet net duer, fir vum Gideon, vum Barak, vum Samson, vum Yeftach, vum David, vum Samuel a vun de Prophéiten ze verzielen.
- 33 Duerch de Glawen hu si Kinnekräicher eruewert, hu gerecht Dote gemaach, hunn dat, wat versprach gouf, krut, hunn d'Mailer vun de Léiwe gestoppt,
- 34 hunn d'Muecht vum Feier geläsch, sinn der Spézt vum Schwäert entkomm, goufe staark, nodeems si schwaach waren, goufe mächtig am Kampf an hu friem Armée fortlafe geden.
- 35 Frae kruten hir Doudeg duerch d'Operstéiung zeréck. Anerer goufe gefoltert, well si refuséiert hunn, fräigelooss ze ginn, fir datt si eng besser Operstéiung kréichen.
- 36 Anerer hu Spott an d'Gäissel erlieft an esouguer Fesselen a Prisong.
- 37 Si goufe gestengegt, an zwee geseet, op d'Prouf gestallt an duerch d'Schwäert ëmbruecht. Si sinn a Schofspelzer an a Geessepelzer doruechter gezunn. Si waren an der Nout, bedréckt a goufe mësshandelt.
- 38 (D'Welt war hirer net wierdeg.) Si sinn an der Wüst an an de Bierger ronderëm geiert an hunn an Hielen a Lächer am Buedem gelieft.
- 39 All dës Leit goufe fir hire Glawen unerkannt, mee si kruten net dat, wat versprach gouf.
- 40 Gott hat nämlech eppes Besseres fir eis virausgesinn, fir datt si net ouni eis perfekt gemaach géife ginn.

Hebräer 12

Leet all Sënn of

- 1 Dofir solle mir, well mir esou eng grouss Wollek vun Zeien hunn, déi eis akreesen, all Laascht an all Sënn, an där mir eis esou einfach verfänke loossen, ofleeën. Loosst eis mat Ausdauer d'Course lafen, déi virun eis läit,
- 2 andeems mir eis Aen op de Jesus fixéieren, deen den Auteur vum Glawen ass an deen en och vervollstännegt. De Jesus huet och wéinst der Freed, déi virun him louch, d'Kräiz erdroen, ouni op d'Schan ze uechten an huet sech zur Rietser vum Troun vu Gott gesat.
- 3 Denkt iwwert deen no, deen esou eng Feindschaft vu Sënner géint sech erlieft huet, fir datt dir net midd gitt an de Courage net verléiert.
- 4 Dir hutt an ärem Kampf géint d'Sënn net esou wäit widderstanen, datt dir blutt.
- 5 Dir hutt den Zousproch vergiess, deen zu iech als Kanner schwätzt: „Mäi Kand, mëssuecht d'Erzéiung vum Här net. Sief och net decouragéiert, wann s du vun him zurechtgewise gëss.
- 6 Den Här weist nämlech deen zurecht, deen hie gär huet, a bestrooft all Kand, dat hien unhëlt.“
- 7 Huelt är Disziplin vu Gott un; hie behandelt iech jo ewéi Kanner. Gouf et da jeemools e Kand, dat net vum Papp zurechtgewise gouf?
- 8 Wann dir awer keng Erzéiung kritt, wat awer jidderee kritt, da sidd dir Baascherten an net déi legitim Kanner.
- 9 Zudeem hate mir physesch Pappen, déi eis verbessert hunn, a mir hu si respektéiert. Sollte mir eis dann net ëmsou méi dem Papp vun de Geeschter ënneruerdnen, fir ze liewen?
- 10 Si hunn eis fir eng kuerz Zäit esou zurechtgewisen, wéi si et fir gutt fonnt hunn. Hien huet eis awer fir eist Bescht zurechtgewisen, fir datt mir u senger Hellegheet deelhuefen.
- 11 Wa mir zurechtgewise ginn, da kënt dat eis net esou wéi Freed vir, mee ewéi Leed. Mee duerno bréngt se an deenen, déi zurechtgewise goufen, d'friddlech Fruucht vun der Gerechtegheet ervir.
- 12 Dofir stäerkt är latscheg Hänn an är schwaach Knéien
- 13 a maacht gerued Weeër fir är Féiss, fir datt är schlamm Glidder sech net nach verrenken, mee villméi geheelt ginn.

- 14 Strieft nom Fridde mat jidderengem an och no der Hellegkeet, well ouni déi keen den Här gesäit.
- 15 Suergt dofir, datt et kengem un der Gnod vu Gott feelt, fir datt keng batter Wuerzel opkënnt, déi Problemer mécht a vill aner Leit esou ustécht.
- 16 Suergt dofir, datt keen ënnert iech onerlaabte Sex huet oder eng gottlos Persoun ass, esou wéi den Esau, dee fir eng Moolzecht seng Rechter als Éischtgebuerene verkaf huet.
- 17 Dir wësst jo wéi hien duerno verstouss gouf, wéi hien de Sege wollt ierwen, well hie keng Geleeënheet fonnt hat, fir ëmzekéieren, och wann hie se ënnert Tréine gesicht hat.
- 18 Dir sidd nämlech net bei de Bierg komm, dee beréiert ka ginn, bei e Feier, dat flaamt, bei d'Däischtert, bei de Stuerm,
- 19 bei de Schall vum Schofar a bei eng Stëmm, där hir Wieder d'Nolauschterer dozou bruecht hunn ze biedelen, datt hinnen kee Wuert méi sollt gesot ginn.
- 20 Si konnten dat, wat hinne befuel gouf, net aushalen: „Wann esouguer en Déier dëse Bierg beréiert, da soll et gestengegt ginn.“
- 21 Dat, wat de Moses gesinn huet, war esou schrecklech, datt hie gesot huet: „Ech ziddere vun Angscht.“
- 22 Dir awer sidd bei de Bierg Zion komm, an d'Stad vum liewege Gott, deem himmlesche Jerusalem, bei eng feierlech Versammlung vun onzielegen Engelen|Engel,
- 23 a bei d'Veversammlung vun den Éischtgebuerenen, déi am Himmel opgeschriwwe sinn, bei Gott, deen de Riichter iwwert jiddereen ass, bei deene Gerechten hir Geeschter, déi vollkomme gemaach goufen,
- 24 bei de Jesus, deen de Mëttelsmann vun der neier Allianz ass, a bei d'Blutt, dat gesprënselt gouf an dat iwwert eppes Besseres schwätzt, wéi d'Blutt vum Abel.
- 25 Gitt uecht, datt dir net deen, dee schwätzt, refuséiert! Wann déi net entkomm sinn, déi dee refuséiert haten, dee si op der Äerd gewarnt hat, ëm wéi vill manner wäerte mir dann entkommen, wa mir eis vun deem ewechdréien, deen aus dem Himmel schwätzt!
- 26 Deemools huet seng Stëmm d'Äerd ziddere gedoen, mee elo huet hie versprach: „Nach eemol loossen ech net nëmmen d'Äerd zidderen, mee och den Himmel.“
- 27 De Saz „nach eemol“ weist drop hin, datt dat, wat ziddere gedoe gëtt (dat heescht, dat, wat erschafe gouf), och ewechgeholl gëtt, fir datt dat, wat net un d'Ziddere bruecht ka ginn, bleift.

²⁸ Loosst eis dofir dankbar sinn, well mir e Kinnekräich kréien, dat net un d'Ziddere bruecht ka ginn. Loosst eis dankbar sinn, fir esou mat Respekt an Angscht en Déngscht u Gott ze afferen, deen him gefält.

²⁹ Eise Gott ass nämlech en onersietlecht Feier.

Hebräer 13

Weider Fuerderungen

¹ Bleift fest an der Léift fir d'Geschwëster!

² Vernoléissegd d'Gaaschtfrëndschaft géintiwuer den Onbekannten net, well esou hu verschidde Leit, ouni et ze wëssen, Engelen|Engel als Gäscht empfaangen.

³ Erënnert iech un d'Prisonéier, wéi wann dir selwer mat hinnen agespaart wiert. Erënnert iech och un déi, déi mësshandelt ginn, wéi wann dir selwer am Läif mësshandelt géift ginn.

⁴ D'Bestietnes soll a jidder Hisiicht an Éiere gehale ginn. D'Bett vun de Bestuete soll onbefleckt sinn. Gott riicht nämlech déi, déi onerlaabte Sex hunn an am Bestietnes friemginn.

⁵ Äre Liewensstil soll fräi vun der Léift fir d'Sue sinn. Sidd mat deem zefridden, wat dir hutt. Hie selwer huet jo gesot: „Ech verloossen dech ni a verstoussen dech ni.“

⁶ Dofir kënne mir mat Zouversiicht soen: „Den Här ass meng Hëllef. Ech brauch keng Angscht ze hunn. Wat kann e Mënsch mir schonn undoen?“

⁷ Erënnert iech un déi, déi iech leeden, déi iech d'Wuert vu Gott verkënnegt hunn. Denkt iwwert d'Resultat vun hirem Behuelen no an imitéiert hire Glawen.

⁸ De Jesus, de Messias, ass deeselwechte gëschter, haut a fir ëmmer.

⁹ Loosst iech net vun allerlee onbekannte Léieren irféieren. Et ass nämlech gutt, d'Häerz duerch d'Gnod ze stäerken an net duerch d'lessen. Et huet deenen, déi all deem nogaange sinn, näischt genotzt.

¹⁰ Mir hunn en Altar vun deem déijéineg, déi am Tempel déngen, net iessen däerfen.

¹¹ Den Hauptpriister bréngt d'Blutt vun den Déieren als Sënnaffer an déi hellegst Plaz eran, mee hir Kadavere gi baussent dem Lager verbrannt.

¹² Dofir huet de Jesus och baussent der Paart gelidden, fir datt hien d'Vollek duerch säin eegent Blut hellege kéint.

- 13 Loosst eis also baussent dem Lager bei hie goen a seng Schan och erdroen.
- 14 Mir hunn nämlech keng permanent Stad hei, mee mir sichen d'Stad, déi nach kënnt.
- 15 Loosst eis also wéinst senger Gott bestänneg e Sacrifice vun der Ubiedung bréngen. Dat sinn d'Wierder vun eise Lëpsen, déi säin Numm bekennen.
- 16 Vernoléisseg net, Guddes ze doen an dat ze deelen, wat dir hutt. Gott huet Gefalen un esou Sacrificer.
- 17 Follegt deenen, déi iech leeden, an uerdent iech hinnen ënner. Si waachen nämlech iwwert är Liewen, wéi Leit, déi Rechenschaft mussen ofleeën. Si sollen dat mat Freed maachen, ouni ze knouteren, well dat iech näischt bréngt géif.
- 18 Biet fir eis. Mir sinn dovunner iwwerzeegt, datt mir e gutt Gewëssen hunn a mir wëllen eis an allem, wat mir maachen, éierbar behuelen.
- 19 Ech froen iech ganz besonnesch drëms ze bieden, datt ech séier nees bei iech zeréckkomme kann.
- 20 De Gott vum Fridden, deen de groussen Hiert vun de Schof, eisen Här Jesus, vun den Doudegen zeréckbruecht huet duerch d'Blutt vun der éiwegerAllianz,
- 21 soll iech mat allem, wat gutt ass, ausrüsten, fir säi Wëllen auszuféieren. Hie soll an iech dat bewierken, wat him gefält, duerch de Jesus, de Messias. Him sief d'Herrlechkeet fir ëmmer an éiweg. Amen.
- 22 Geschwëster, ech bieden iech: Huelt dach déi Wieder un, déi iech encouragéiere sollen. Ech hunn iech jo nëmme kuerz geschriwwen!
- 23 Dir sollt wëssen, datt de Brudder Timothée fräigelooss gouf. Wann hie geschwë kënnt, bréngen ech hie mat, wann ech bei iech kommen.
- 24 Gréisst all déi, déi iech leeden, an all déi Helleg. Déi Helleg aus Italien gréissen iech.
- 25 Gnod sief mat iech all. Amen.

Jacques

Jacques 1

1 De Jacques, en Dénger vu Gott a vum Här Jesus Christus, un déi zwielef Stämm an der Diaspora : Sidd gegréisst!

D'Prouf vun ärem Glawen

2 Meng Geschwëster, betruecht et als eng gelleg Freed, wann dir op verschidde Manéieren op d'Prouf gestallt gitt,

3 well dir wësst, datt d'Prouf vun ärem Glawen Ausdauer ervirbréngt.

4 Déi Ausdauer soll awer vollstänneg wierken, fir datt dir räif a vollkomme sidd an datt et iech un näischt feelt.

5 Wann et engem vun iech u Wäisheet feelt, da soll hie Gott froen, dee jidderengem generéis gött, ouni iergende Virwurf ze maachen, an hie kritt se.

6 Hie soll awer am Glawe froen, ouni ze zweiwelen, well wien zweiwelt, ass ewéi eng Mierwell, déi vum Wand gedriwwen an hin an hier gehäit gött.

7 Esou e Mënsch soll net mengen, datt hien eppes vum Här kritt,

8 well hie wankelmiddeg an onbestänneg an all senge Weeër ass.

9 De Brudder aus niddregem Stand soll awer op seng héich Positioun houfreg sinn;

10 de Räiche soll op seng niddreg Positioun houfreg sinn, well hien enges Daags ewéi eng wëll Blumm verwielecht.

11 D'Sonn geet nämlech mat enger gliddeger Hëtzt op a verdréchent d'Gras. D'Bléi fällt erof an der Blumm hir Schéinheet ass futti. A genee esou vergeet och de Räiche mat allem, wat hie mécht.

12 Geseent ass de Mann, deen d'Versuchung aushält, well wann hie sech bewisen huet, kritt hien d'Kroun vum Liewen, déi den Här deene versprach huet, déi hie gär hunn.

13 Et soll kee soen, wann hie verféiert gött: „Ech gi vu Gott verféiert.“ Gott kann nämlech net vum Béise verféiert ginn an hie selwer verféiert och keen.

14 Mee jidderee gött verféiert, wann hie vu sengen eegene Begierlechkeeten|Begierlechkeet ugezunn a gelackelt gött.

15 Wann d'Begierlechkeet hie bis ergraff huet, bréngt si Sënn ervir, an d'Sënn bréngt den Doud ervir, wann déi sech bis ganz entwéckelt huet.

16 Loosst iech net irféieren, meng léif Geschwëster!

17 All gutt Gof an all perfekte Kaddo kënnt vun uewen erof, vum Papp vun den Himmelslichter, bei deem et weder Verännerung gëtt nach Wiessel oder Ännerung vum Schiet.

18 No sengem Wëllen huet hien eis duerch d'Wuert vun der Wourecht ervirbruecht, fir datt mir esou eppes wéi d'Éischtfruucht vu senge Kreature wieren.

Setzt d'Wuert an Doten ëm

19 Meng léif Bridder, jidderee soll séier sinn, fir nozelauschteren, lues sinn, fir ze schwätzen, a lues sinn, fir rosen ze ginn,

20 well e rosene Mënsch bréngt net d'Gerechtegkeet, déi Gott wëllt, ervir.

21 Leet dofir all onmoralesche Knascht an all Rescht vu Béiswëllegkeet of an huet d'Wuert mat Duussheet un, dat an iech ageplant gouf an dat et fäerdegbréngt, fir är Séilen ze retten.

22 Setzt awer d'Wuert an Doten ëm a lauschtert net just no, well soss bedréit dir iech selwer.

23 Wien d'Wuert héiert, mee et net an Doten ëmsetzt, deen ass ewéi e Mënsch, dee säin eegent Gesiicht am Spigel ukuckt:

24 Nodeems hie sech gekuckt huet, geet hie fort a gläich drop vergësst hien, wéi hien ausgesinn huet.

25 Mee wien an dat perfekt Gesetz vun der Fräiheet erakuckt, deem trei bleift an och net vergësst, wat hien héieren huet, mee dat mécht, wat et verlaangt, dee gëtt an deem, wat hie mécht, geseent.

26 Wann ee vun iech mengt, hie wierfromm, ma hien hält seng Zong net am Zam, da bedréit hie säin eegent Häerz a seng Frëmmegkeet ass onnëtz.

27 Reng an onbefleckt Frëmmegkeet viru Gott, dem Papp, ass déi hei: sech ëm Weesekanner a Witfraen an hirer Nout ze bekëmmere a sech net vun der Welt verdierwen ze loossen.

Jacques 2

Haalt de Glawe fräi vu Favoritismus

1 Meng Bridder, haalt de Glawen un eisen herrlechen Här Jesus Christus fräi vu Favoritismus.

2 Stellt iech vir, et kéim e Mann mat gëllene Réng an elegante Kleeder an ärSynagog an et kéim och en aarme Mann mat knaschtege Kleeder eran

- ³ an dir géift just mat Respekt op dee mat den elegante Kleeder kucken an zu him soen: „Setzt lech hei op déi gutt Plaz“, an zum aarme Mann soen: „Stell dech dohinner“, oder: „Setz dech nieft meng Foussbänk“.
- ⁴ Wier dann net Diskriminatioun an ärer Mëtt an dir wiert esou zu Riichter mat falsche Motive ginn?
- ⁵ Lauschtert no, meng léif Geschwëster: Huet Gott net déi Aarm an dëser Welt auserwilt, fir räich am Glawen an lerwe vum Kinnekräich ze sinn, dat hien deene versprach huet, déi hie gär hunn?
- ⁶ Ma dir hutt den Aarme veruecht. Sinn et net déi Räich, déi iech ënnerdrécken an iech viru Geriicht schleefen?
- ⁷ Sinn si et net, déi iwwert de gudden Numm lästeren, deen och dir drot?
- ⁸ Wann dir wierklech dat kinneklecht Gesetz: „Hief däin Nächste gär wéi dech selwer“, laut der Schrëft anhaalt, dann handelt dir richtig.
- ⁹ Wann dir awer Favoritismus tëschent de Mënsche weist, da sënnegt dir a gitt als Iwwertrieder vum Gesetz schëlleg gesprach.
- ¹⁰ Wien nämlech d'ganz Gesetz anhält, mee géint ee Gebot verstéisst, deen huet sech um ganze Gesetz schëlleg gemaach.
- ¹¹ Deen, dee sot: „Briech d'Bestietnes net, andeems du friemgees“, sot jo och: „Ermort keen.“ Wann s du zwar net am Bestietnes friemgees, mee een ermorts, da gëss du zum Gesetzesiwwertrieder.
- ¹² Schwätzt an handelt esou wéi Leit, déi vum Gesetz vun der Fräiheet, geriicht solle ginn.
- ¹³ D'Geriicht huet nämlech keen Erbaarme mat deem, dee keen Erbaarme gewisen huet. D'Erbaarmen triumphéiert iwwert d'Geriicht.

Glawen an Doten

- ¹⁴ Meng Geschwëster, wat fir e Wäert huet et, wann ee seet, en hätt Glawen, mee e mécht keng Doten? Kann éieren esou ee Glawen hie retten?
- ¹⁵ Wann e Brudder oder eng Schwëster net dat Néidegt u Gezei huet an ouni dat deeglecht lessen ass
- ¹⁶ an ee vun iech seet zu him: „Géi am Fridden, werm dech an iess dech sat“, mee dir gitt him net dat Néidegst, wat hie fir ze lieve brauch, wat notzt dat him?
- ¹⁷ Esou ass och de Glawen ouni Doten a sech selwer dout.
- ¹⁸ Elo kéint ee soen: „Du hues Glawen, mee ech hunn Doten Opweises.“ Weis du mir däi Glawen ouni deng Doten an da weisen ech dir mäi Glawen duerch meng Doten.

- 19 Du gleefs, datt et een eenzege Gott gëtt. Gutt esou! Och d'Dämone gleewen et an zidderen!
- 20 Du Topert! Wëlls du agesinn, datt Glawen ouni Doten dout ass?
- 21 Gouf net eise PappAbraham duerch Dote gerechtgesprach, wéi hie säi Jong, den Isaak, umAltor geaffert huet?
- 22 Gesäis du, datt de Glawen zesumme mat sengen Dote gewierkt huet an datt duerch d'Doten de Glawe vollkomme gemaach gouf?
- 23 Esou huet sech d'Schrëft erfëllt, déi seet: „Den Abraham huet Gott gegleeft an dat gouf him als Gerechtegheet ugerechent.“ Hie gouf „Frënd vu Gott“ genannt.
- 24 Dir gesitt also, datt e Mënsch duerch hir Dote gerechtgesprach gëtt an net just duerch de Glawen.
- 25 War et net datselwecht mat der Houer Rachab? Gouf si net duerch seng Dote gerechtgesprach, wéi si d'Buete gaaschtfrëndlech opgeholl huet a si op engem anere Wee fortgeschéckt huet?
- 26 Esou wéi e Kierper ouni Geescht dout ass, esou ass och de Glawen ouni Doten dout.

Jacques 3

D'Zong zähmen

- 1 Meng Geschwëster, et sollen der net vill vun iech Léiermeeschtere ginn, well dir wësst, datt mir méi streng geriicht ginn.
- 2 Mir alleguer falen nämlech dacks. Wien net duerch seng eege Wieder un d'Fale kënnt, ass e vollkommene Mënsch a kann och säi ganze Kierper am Zam halen.
- 3 Kuckt, mir doen de Päerd d'Gebëss an d'Maul un, fir datt si eis follegen, an esou féiere mir dat ganz Déier.
- 4 Kuckt och d'Schëffer: Obwuel si esou grouss sinn a vu staarkem Wand gedriwwe ginn, gi si vun engem ganz klengen Rudder gesteiert, wouhin de Steiermann wëllt.
- 5 Geneesou ass d'Zong e klengt Glidd, dat ugëtt, Grousses ze leeschten. Kuckt, e klengt Feier kann och e risege Bësch a Brand setzen!
- 6 Och d'Zong ass e Feier, eng Welt vun Ongerechtegheet. D'Zong ass also dat ënnert eise Glidder, dat eist ganz Wiese befleckt an de Laf vum Liewen a Brand stécht a selwer vun derGehenna a Brand gestach gëtt.

7 All méiglech Aart vu wëllen Déieren, Vigel, Reptilien a Mieresdéiere gëtt a gouf scho vum Mënsch gezähmt.

8 Ma kee Mënsch kann d'Zong zähmen. Si ass en Iwwel, deen een net ënner Kontroll kritt. Si ass voll vun déidlechem Gëft.

9 Mat hir luewe mir eise Gott a Papp a mat hir verfluche mir Mënschen, déi nom Bild vu Gott erschafe goufen.

10 Aus dem nämmlechte Mond komme Segen a Flich eraus. Meng Geschwëster, esou däerf et net sinn.

11 Spruddelt dann eng Quell aus deemselwechte Lach séisst a battert Waasser eraus?

12 Meng Geschwëster, kann e Figebam Oliven ervirbréngen? Oder e Riefstack Figen? Esou kann och aus kenger Quell Salz- a Séisswaasser kommen.

Zwou Zorte Wäisheet

13 Wien ënnert iech ass weis an intelligent? Dee soll duerch säi gutt Behuele weisen, datt seng Doten mat weiser Duussheet gemaach ginn.

14 Wann dir awer batter Jalousie a Rivalitéit an ärem Häerz hutt, da bretzt iech net, well esou verleegent dir d'Wourecht.

15 Dës Wäisheet ass net déi, déi vun uewen erfëkënt, mee si ass ierdesch, sënnelech an dämonesch.

16 Do, wou nämlech Jalousie a Rivalitéit bestinn, do gëtt et och Duercherneen a béis Doten vu jidder Zort.

17 Mee d'Wäisheet, déi vun uewe kënt, ass fir d'éischt emol reng, da friddlech, guttmiddeg, kulant, voll Erbaarmen a gudde Friichten, onparteiesch an net schäinhelleg.

18 Déi, déi Fridde stëften, séien am Fridden an de Som vun der Gerechtegkeet gëtt geséit.

Jacques 4

Ënnerwerft iech Gott

1 Vu wou kommen déi Konflikter a Streidereien ënnert iech hier? Komme si net aus äre Leidenschaften, déi an äre Glidder kämpfen?

2 Dir begiert a kritt awer näischt. Dir ermort a sidd jalous a kënt nawell net kréien. Dir streit a kämpft, ma kritt awer näischt, well dir net frot.

3 Dir frot a kritt awer net, well dir mat schlechten Absichte frot, fir et fir är Leidenschaften ze verbëtzen.

- 4 Dir Männer a Fraen, déi dir friemgitt! Wësst dir net, datt Frëndschaft mat der Welt Feindschaft géintiwuer Gott ass? Wien also e Frënd vun der Welt wëllt sinn, dee mécht sech zum Feind vu Gott.
- 5 Oder mengt dir, datt d'Schrëft ëmsoss seet, datt Gott mat Jalousie nom Geescht verlaangert, deen hien an eis wunne gelooss huet?
- 6 D'Gnod, déi hie gëtt, ass méi grouss. Dofir gëtt gesot: „Gott widdersteet den Houfregen, mee den Damiddege|damiddeg gëtt hie Gnod.“
- 7 Dofir, ënnerwerft iech Gott! Widderstitt dem Däiwel an hie leeft virun iech fort.
- 8 Kommt méi no bei Gott, da kënnt hie méi no bei iech. Wäscht är Hänn, dir Sënner, a rengelt är Häerzer, dir Wankelmiddeg!
- 9 Jéimert, trauert a kräischt! Äert Laache soll sech an Trauer verwandelen an är Freed an Trouschtmiddegekeit .
- 10 Erniddregt iech virum Här, dann erhieft hien iech.
- 11 Geschwëster, schwätzt net schlecht een iwwert deen aneren! Wie schlecht iwwert e Brudder schwätzt a säi Brudder veruerteelt, dee schwätzt schlecht iwwert d'Gesetz a veruerteelt d'Gesetz. Mee wann s du d'Gesetz veruerteels, da bass du net een, deen d'Gesetz anhält, mee e Riichter vum Gesetz.
- 12 Et gëtt nëmmen een, deen d'Gesetz ginn huet: deen, dee retten a zerstéiere kann. Mee wie bass du, datt s du en anere veruerteels?

Maacht Guddes haut

- 13 Lauschtert emol gutt no, dir, déi dir sot: „Haut oder muer gi mir an dës oder déi Stad, bleiwen e Joer do, maache Geschäfte a Gewënn.“
- 14 Dir wësst dach net emol, wat muer geschitt! Wat ass dann äert Liewen? Et ass just ewéi Donst, dee fir eng kuerz Zäit ze gesinn ass, mee sech dann opléisst.
- 15 Dir sollt léiwer soen: „Wann den Här wëllt, da wäerte mir liewen an dëst oder dat maachen.“
- 16 Mee elo bretzt dir iech an ärer Arroganz. All Gebretz vun där Zort ass béis.
- 17 Wien also weess, Guddes ze maachen, mee et net mécht, dee sënnegt.

Jacques 5

Eng Warnung un déi Räich

- 1 Lauschtert emol gutt no, dir Räicher! Jéimert a kräischt iwwert äre Misär, deen iwwert iech kënnt.

- 2** Äre Räichtum verfault. Är Kleeder goufe vun de Matte gefriess.
- 3** Äert Gold an äert Sëlwer si verrascht. De Rascht ass Zeie géint iech a frësst är Kierpere wéi Feier. Dir hutt Schätz fir déi lescht Deeg zesummegeraf!
- 4** Kuckt! De Loun vun den Doléiner, déi är Felder geméint hunn, de Loun, deen dir hinne virenthalen hutt, jäizt zum Himmel. D'Gejäiz vun deenen, déi geméint hunn, ass dem Här vun den himmleschen Arméien zu Ouer komm.
- 5** Dir hutt op der Äerd am Pleséier an am Luxus gelieft; dir hutt är Häerzer gemäscht, ewéi fir um Schluechtdag.
- 6** Dir hutt de Gerechte veruerteelt an ermort. Hien huet sech net gewiert.

Waart gedëlleg op dem Här säi Kommen

- 7** Dofir sidd gedëlleg Bridder, bis datt den Här kënnt. Kuckt, och de Bauer waart op déi wäertvoll Fruucht aus dem Buedem a waart gedëlleg drop, bis datt si den Hierscht- an de Fréijoersree kritt.
- 8** Sidd och dir gedëlleg, stäerkt är Häerzer, well dem Här säi Kommen ass nobäi!
- 9** Geschwëster, beklot iech net iwwerteneen, fir datt dir net geriicht gitt! Kuckt, de Riichter steet scho virun der Dier!
- 10** Meng Geschwëster, huet iech am Leiden an an der Gedold e Beispill un de Prophéiten, déi am Numm vum Här geschwat hunn.
- 11** Kuckt! Déi, déi ausgehalen hunn, hale mir fir geseent. Dir hutt vun der Ausdauer vum Hiob héieren an dir hutt d'Enn gesinn, dat den Här erbäigeféiert huet; den Här ass nämlech voll Matgefill a Baarmhärzegkeet.
- 12** Mee virun allem, meng Geschwëster, schwiert net, weder beim Himmel nach bei der Äerd nach mat soss engem Eed. Äre Jo soll e Jo sinn an ären Neen en Neen, fir datt dir net ënnert d'Gericht faalt.

D'Gebiet am Glawen

- 13** Ass een ënnert iech am Leed? Da soll hie bieten. Ass ee gudder Déng? Da soll hie Lueflidder sängen.
- 14** Ass een ënnert iech krank? Da soll hien déi Eelst vun der Gemeinschaft ruffen a si sollen iwwert hie bieten an hien am Numm vum Här mat Ueleg salafen.
- 15** D'Gebiet am Glawe rett dann de Kranken an den Här riicht hien op. Wann hie Sënne begaangen huet, da ginn déi him verzielen.
- 16** Bekennt een deem aneren är Iwwertriedungen a biet ee fir deen aneren, fir datt dir geheelt gitt. D'effikast Gebiet vun engem Gerechte ka viles bewierken.

17 Den Elia war e Mënsch mat der nämmlechter Natur wéi mir an hien huet mat Äifer gebiet, datt et net reene sollt, an et huet dräi Joer a sechs Méint laang net am d'Land gereent.

18 Dunn huet hien nees gebiet an den Himmel huet et erëm reene gelooss an d'Äerd huet Fruucht gedroen.

19 Geschwëster, wann ee vun iech vun der Wourecht ofkënnt an et bréngt een hie bei d'Wourecht zeréck,

20 da soll hie wëssen: Wien e Sënner, deen op sengem falsche Wee war, bei d'Wourecht zeréckbréngt, dee rett dem Sënner seng Séil virum Doud an deckt eng Onmass Sënnen zou.

1. Péitrus

1. Péitrus 1

¹ Vum Péitrus, engem Apostel vum Jesus Christus, un déi Auserwielt, déi als Friemer a Pontus, Galatien, Kappadokien, Klengasien a Bithynien an der Diaspora liewen.

² Dir gouft nom Virauswësse vu Gott, dem Papp, auserwielt an duerch de Geescht helleg gemaach, fir him ze follegen a fir vum Blut vum Jesus Christus gesprënselt ze ginn. Gnod a Fridde sollt dir am Iwwerfloss kréien.

Eng lieweg Hoffnung

³ Gelueft sief de Gott a Papp vun eisem Här Jesus Christus! Hien huet eis opgrond vu senger grousser Baarmhärzegheet eng nei Gebuert ginn, fir datt mir duerch d'Operstéiung vum Jesus Christus vun den Doudegen eng lieweg Hoffnung hunn,

⁴ fir eng Ierfschaft ze kréien, déi onvergänglich an onbefleckt ass, déi net vergeet an déi am Himmel fir iech versuergt gött.

⁵ Dir gitt vun der Muecht vu Gott duerch de Glawe behitt, fir eng Rettung ze kréien, déi prett ass, fir um Enn vun der Zäit opgedeckt ze ginn.

⁶ Doriwwer fret dir iech, och wann dir elo fir eng kuerz Zäit, wann et si muss, wéinst verschidde Prouwen traureg sidd.

⁷ Dat geschitt, fir datt d'Prouf vun ärem Glawen, déi méi wäertvoll ass wéi Gold, dat vergeet, och wann et am Feier gepréift gött, als Resultat Luef, Herrlechheet an Éier huet, wann de Jesus Christus erkennbar gemaach gött.

⁸ Ouni hie gesinn ze hunn, hutt dir hie gär. Och elo gesitt dir hien net, mee dir vertraut op hien a fret iech mat enger onbeschreiflecher an herrlecher Freed,

⁹ well dir d'Zil vun ärem Glawe kritt: d'Rettung vun äre Séilen.

¹⁰ D'Prophéiten, déi vun der Gnod, déi fir iech bestëmmt war, prophezeit hunn, hunn iwwert dës Rettung nogesicht an nogefuerscht.

¹¹ Si hu probéiert erauszefannen, op wat fir eng Zäit an op wéi eng Ëmstänn de Geescht vum Messias, deen an hinne war, hindeite géif, wéi hien d'Leiden, déi fir de Messias bestëmmt waren, an d'Herrlechkeeten, déi duerno komme géifen, virausgesot huet.

¹² Et gouf hinne gewisen, datt si net sech selwer, mee iech an all deem gedéngt hunn, wat iech elo verkënnegt gouf. Dat alles gouf iech vun deene verkënnegt, déi iech d'gutt Noriicht duerch den hellege Geescht, dee vum

Himmel geschéckt gouf, gepriedegt hunn. D'Engele|Engel wënsche sech, fir doran en Abléck ze kréien.

Sidd helleg

13 Dofir sollt dir, andeems dir äre Verstand op Aktioun virbereet ananiichterbleift, är ganz Hoffnung op d'Gnod setzen, déi iech bruecht gött, wann de Jesus Christus erkennbar gemaach gött.

14 Wéi Kanner, déi follegen, sollt dir iech net deBegierlechkeeten|Begierlechkeet upassen, déi iech fréier an ärem Onwësse beherrscht hunn.

15 Am Géigendeel, dir sollt an ärem ganze Behuelen helleg sinn, esou wéi deen, deen iech beruff huet, och helleg ass.

16 Et steet nämlech geschriwwen: „Sidd helleg, well ech helleg sinn.“

17 Wann dir deen als Papp urufft, dee jiddereen no senge Wierker onparteesch riicht, da leeft während ärem Openthalt op der Äerd a grousem Respekt.

18 Sidd iech bewosst, datt dir net mat vergängleche Saachen, esou wéi Sëlwer oder Gold, vun ärem sënlose Behuelen, dat dir vun äre Virfuere geierft hutt, erléist gi sidd,

19 mee duerch dat wäertvollt Blut vu Christus, dee wéi e Lamm ouni Feeler a Flecken ass.

20 Hie war virausbestëmmt, éier d'Welt erschafe gouf, mee gouf wéinst ärer um Enn vun den Zäiten erkennbar gemaach.

21 Duerch hie gleeft dir u Gott, deen hie vun den Doudegen operstoe gelooss a verherrlecht huet, fir datt äre Glawen an är Hoffnung a Gott wieren.

22 Elo, wou dir är Séile gereengegt hutt, andeems dir duerch de Geescht der Wourecht gefollegt hutt, fir datt dir eng oprichteg Léift fir d'Geschwëster hutt, sollt dir onermiddlech een deen anere mat engem rengem Häerz gär hunn.

23 Dir gouft nämlech nei gebuer, net aus vergänglechem, mee aus onvergänglechem Som, duerch dat liewegt an éiwegt Wuert vu Gott.

24 Et steet nämlech geschriwwen: „All Läif ass ewéi d'Gras, all Herrlechkeet vum Mënsch ass ewéi eng Blumm am Gras. D'Gras verdréchent an d'Blumm fällt erof,

25 mee d'Wuert vum Här bleift fir ëmmer bestoen.“ Et ass dëst Wuert, dat iech als gutt Noriicht verkënnegt gouf.

1. Péitrus 2

1 Dofir sollt dir all Béiswëllegkeet an all Bedruch, Schaihnellegkeet, Näid an all Beschass ofleeën

2 a wéi neigebuere Puppelcher no der onverfälschter Mëllech vum Wuert verlaangeren, fir datt dir duerch si un d'Rettung eruwuesst,

3 wann dir wierklech geschmaacht hutt, datt den Här gutt ass.

De liewege Steen an déi lieweg Steng

4 Dir kommt bei hien, deen e liewege Steen ass a vun de Mënsche verworf gouf, mee vu Gott auserwilt a geéiert gouf

5 an esou gitt dir selwer ewéi lieweg Steng zu engem geeschtlechen Haus, engem hellege Priisteramt, opgebaut, fir geeschtlech Affer ze bréngen, déi duerch de Jesus Christus gär vu Gott ugeholl ginn.

6 Et steet an der Schrëft : „Kuckt, ech leeën e Steen an Zion, en Ecksteen, deen auserwilt a wäertvoll ass. Wien un hie gleeft, gött ni enttäuscht.“

7 D'Éier ass also fir iech, déi dir gleeft, mee fir déi, déi net gleewen, gëllt dat hei: „De Steen, deen d'Steemetzer verworf hunn, ass zum Eckstee ginn“,

8 an: „e Steen, fir driwwer ze trëllen, an e Fiels vun der Beleidigung.“ Si trëllen, well si dem Wuert net follegen, esou wéi et fir si bestëmmt war.

9 Dir awer sidd eng auserwielte Famill, e kinneklecht Priisteramt, eng helleg Natioun, e Vollek, dat him gehéiert, fir datt dir d'Dugende vun deem verkënnege kënnt, deen iech aus der Däischtert a säi wonnerbart Licht beruff huet.

10 Soss waart dir kee Vollek, mee elo sidd dir d'Volek vu Gott; fréier hat dir keng Baarmhärzegkeet erwise kritt, mee elo hutt dir Baarmhärzegkeet kritt.

11 Léif Frënn, ech fuerderen iech als Ausländer a Friemer op, fir iech vun de kierperleche Begierlechkeeten|Begierlechkeet, déi géint d'Séil krichen, ze enthalen.

12 Äert Behuelen ënnert den Natioune soll éierbar sinn, fir datt si, och wa si iech elo als Mëssdéideger schlecht maachen, är gutt Wierker gesinn a Gott um Dag, op deem hien d'Mënschen inspizéiert, verherrlechen.

Uerdent iech jidder Autoritéit ënner

13 Uerdent iech, wéinst dem Här, jidder Autoritéit vum Mënsch ënner: dem Kinnek, well hien iwwert jidderengem steet,

14 oder de Gouverneuren, déi vun him geschéckt gi sinn, fir d'Mëssdéideger ze bestrofen a fir déi ze luewen, déi dat Richtegt maachen.

15 Et ass nämlech de Wëlle vu Gott, datt dir déi topeg an onverstänneg Mënschen dozou bréngt, fir de Mond ze halen, andeems dir dat Richtegt macht.

- 16 Uerdent iech wéi Leit ënner, déi fräi sinn, net andeems dir är Fräiheet als Deckmantel fir dat Béist gebraucht, mee uerdent iech als Dénger vu Gott ënner.
- 17 Éiert jiddereen. Hutt d'Geschwëster gär. Fäert Gott. Éiert de Kinnek.
- 18 Dénger solle sech an allem Respekt hire Meeschteren ënneruerdnen, net nëmmen de gudden a guttmiddegen, mee och de skrupellosen.
- 19 Et ass nämlech luewenswäert, wann e Mënsch am Hibleck op Gott Leed erdréit, andeems hie wéinst Ongerechtegheet leit.
- 20 Gitt dir éiere gelueft, wann dir wéinst der Sënn zerschloe gitt an et erdrot? Wann dir awer Guddes maacht an dowéinst leide musst, an et erdrot, dann ass dat luewenswäert viru Gott.
- 21 Dozou sidd dir nämlech beruff ginn, well och Christus fir eis gelidden huet an eis e Virbild hannerlooss huet, fir datt dir a senge Foussspure goe kéint.
- 22 „Hien huet keng Sënn begaangen, nach gouf Bedruch a sengem Mond fonnt.“
- 23 Christus gouf vernannt, huet selwer awer kee vernannt. Hien huet gelidden, ouni engem ze dreeën, mee huet deem, dee gerecht uerteelt, alles iwwerlooss.
- 24 Hie selwer huet eis Sënnen a sengem Kierper um Holz gedroen, fir datt mir, déi mir de Sënn gestuerwe sinn, fir d'Gerechtegheet lieve kéinten. Duerch seng Wonne gouft dir geheelt.
- 25 Dir waart nämlech ewéi Schof, déi irgeféiert goufen. Elo sidd dir awer bei den Hiert an de Wiechter vun äre Séilen zeréckbruecht ginn.

1. Péitrus 3

- 1 Geneesou sollen d'Frae sech hiren eegene Männer ënneruerdnen, fir datt si, och wa muncher dem Wuert net follegen, duerch d'Behuele vun hire Frae gewonne kënnen ginn, ouni datt déi e Wuert soen.
- 2 Si gesi jo äert keuscht a respektvollt Behuelen.
- 3 Är Schéinheet soll net aus dem Äusserleche bestoen, esou wéi elegant Coiffuren, Kleeder oder gëlle Bijouen.
- 4 Är Schéinheet soll villméi ënnerlech, am bannenzege Wiesen, sinn. Si ass déi onvergänglich Schéinheet vun engem duussen a friddleche Geescht, deen an den Ae vu Gott ganz wäertvoll ass.

⁵ Esou hunn och fréier déi helleg Fraen, déi hir Hoffnung a Gott haten, sech schéi gemaach, andeems si sech hire Männer ënnergeuerdent hunn.

⁶ Esou huet och d'Sara dem Abraham gefollegt, andeems hatt hien Här genannt huet. Dir sidd och seng Kanner, wann dir dat Richtegt maacht an iech vu kengem aschüchtere loosst.

⁷ Geneesou sollen och d'Männer mat Versteesdemech zesumme mat hire Frae liewen, wéi mat engem physesch méi schwache Geschlecht, an hinnen Eier erweisen, well och si sinn lerwe vun der Gnod vum Liewen. Esou steet äre Gebieder näischt am Wee.

Wéinst der Gerechtegheet leiden

⁸ Schlussendlech sollt dir all gläichgesënnt a matleedeg sinn, bridderlech Léift a Matgefill hunn a frëndlech sinn.

⁹ Dir sollt net Béises mat Béisem oder Frechheet mat Frechheet zeréckbezuelen. Aplaz dovunner sollt dir seenen, well dir wësst, datt dir dozou beruff gi sidd, fir e Segen ze ierwen.

¹⁰ Et steet nämlech geschriwwen: „Wien d'Liewe gär huet a gutt Deeg gesi wëllt, soll seng Zong dovunner ofhalen, Béises ze soen a seng Lëpsen dovunner ofhalen ze bedréien.

¹¹ Hie muss sech vum Béisen ewechdréien a Guddes maachen. Hie muss Fridde sichen an em nojoen.

¹² D'Ae vum Här kucken nämlech op déi Gerecht a seng Ouere lauschteren op hiert Gebiet. Mee d'Gesicht vum Här ass géint déi gericht, déi Béises maachen.“

¹³ Wien deet iech scho Béises un, wann dir dem Gudden nogitt?

¹⁴ Falls dir awer wéinst der Gerechtegheet leide sollt, sidd dir geseent. „Fäert net dat, wat si fäerten, a sidd net beonrouegt.“

¹⁵ Hellegt awer den Här als Gott an ären Härzer. Sidd ëmmer bereet, deene Ried an Äntwert ze stoen, déi iech nom Grond vun der Hoffnung froen, déi an iech ass. Maacht dat mat Damiddegheet|damiddeg a Respekt.

¹⁶ Behaalt esou e rengt Gewëssen. Esou ginn déi jéineg blaméiert, déi iech als Béiser a Verruff bréngen, wa si iech wéinst ärem gudde Behuelen a Christus Béises nosoen.

¹⁷ Et ass nämlech besser, wann dat de Wëlle vu Gott ass, fir gutt Doten ze leide wéi fir béis Doten.

¹⁸ Christus huet nämlech eemol wéinst de Sënne gelidden, de Gerechte fir déi Ongerecht, fir iech bei Gott ze bréngen. Am Läif gouf hien ëmbruecht, duerch de Geescht gouf hien awer lieweg gemaach.

19 Duerch de Geescht goug hien och hin an huet de Geeschter am Prisong gepriedegt.

20 Dës Geeschter hate viru laanger Zäit net gefollegt, wéi Gott zur Zäit vum Noach gedëlleg gewaart huet, wéi d'Arch gebaut gouf. An der Arch goufen der wéineg, just aacht Persounen, duerch d'Waasser erduerch gerett.

21 Dat ass e Symbol vun der Daf, déi eis elo duerch d'Operstéiung vum Jesus Christus rett (déi net d'sënneg Natur ewechhëlt, mee eng Ufro u Gott fir e rengt Gewëssen ass).

22 Christus ass an den Himmel eropgefuer a sëtzt elo zur Rietser vu Gott. D'Engelen|Engel, d'Gewalten an d'Muechte goufen him ënnergeuerdent.

1. Péitrus 4

Fir Gott liewen

1 Christus huet nämlech physesch fir eis gelidden an dofir sollt dir iech mat d'ärselwechter Astellung equipéieren. Wien nämlech physesch gelidden huet, huet mat der Sënn Schluss gemaach,

2 fir datt hien an där Zäit, déi him nach am Kierper bleift, net méi no de Begierlechkeete|Begierlechkeet vum Mënsch lieft, mee nom Wëlle vu Gott.

3 Mir hunn nämlech genuch vun eisem fréiere Liewen domat verbruecht, fir de Wëlle vun den Natiounen ze maachen. Mir hunn deemools an engem verduerwene Liewen, an de Begierlechkeeten, am Soff, am exzessive Gefeéss, an de Saufereien an an den abscheileche Gëtzendéngschter gelieft.

4 Elo si si schockéiert, datt dir net méi bei hirer onbänneger Verkommenheet matmaacht, an dofir maache si iech erof.

5 Si mussen awer deem Rechenschaft ofleeën, dee prett ass déi Lieweg an déi Doudeg ze riichten.

6 Dofir ass d'gutt Noriicht esouguer den Doudege gepriedegt ginn, fir datt si am Kierper wéi Mënsche geriicht ginn, mee duerch Gott am Geescht liewen.

7 D'Enn vun allem ass nobäi: Sidd also verstänneg ananiichter fir d'Gebieder.

8 Virun allem hutt eng konstant brudderlech Léift ee fir deem aneren, well d'Léift eng Onmass Sënnen zoudeckt.

9 Sidd gaaschtfrëndlech ee mat deem aneren, ouni iech ze bekloen.

10 Jidderee soll déi Gof gebrauchen, déi hie krut, fir een deem aneren ze déngen. Esou ass hien e gudde Verwalter vun der villfältiger Gnod vu Gott.

11 Wann ee schwätzt, da wéi ee mat de Wieder vu Gott; wann een déngt, da wéi een, deen duerch d’Kraaft déngt, déi vu Gott kënnt. Esou gëtt Gott duerch de Jesus Christus an allem verherrlecht. Him gehéiert all Herrlechkeet a Muecht fir ëmmer an éiweg. Amen.

Als Chrëscht leiden

12 Léif Frënn, sidd net iwwerrascht, wann dir d’Feier spiert, dat als Prouf iwwert iech komm ass, wéi wann iech eppes Gelungenes geschéie géif.

13 Freet iech awer, esou wäit dir un de Leide vu Christus deelhuele kënnt, fir datt dir iech ëmsou méi freeë kënnt, wa seng Herrlechkeet erkennbar gemaach gëtt.

14 Wann dir beleidegt gitt wéinst dem Numm vu Christus, da sidd dir geseent, well de Geescht vun der Herrlechkeet a vu Gott op iech rout. Bei hinne gëtt hie gelästert, mee bei iech gëtt hie verherrlecht.

15 Et soll kee vun iech als Mäerder, als Déif, als Mëssdéideger oder als Opstëppler leiden.

16 Wann awer een als Chrëscht leide muss, da soll hie sech net schummen, mee Gott domat verherrlechen.

17 D’Zäit ass nämlech do, datt d’Gericht beim Haus vu Gott ufänkt. Wann et fir d’éischt bei eis ufänkt, wat ass dann d’Enn vun deenen, déi der gudder Noriicht vu Gott net follegen?

18 Et steet geschriwwen: „Wann de gerechte Mënsch knapps gerett gëtt, wat geschitt da wuel mam gottlose Mënsch a mam Sënner?“

19 Dofir mussen déi, déi nom Wëlle vu Gott leiden, hir Séilen engem treie Schöpfer uvertrauen, während si Guddes maachen.

1. Péitrus 5

Un déi Eelst an un déi jonk Leit

1 Ech, deen ech och en Eelsten an en Aenzeie vun de Leide vu Christus sinn an och un der Herrlechkeet deelhuele, déi nach opgedeckt gëtt, ermunnen déi Eelst ënnert iech dozou:

2 Hitt d’Häerd vu Gott, déi ënnert iech ass. Waacht iwwert se, net well dir dozou gezwonge gitt, mee maacht et fräiwëlleg – och net fir en onéierleche Gewënn, mee mat Äifer.

3 Behuelt iech net ewéi Herrscher iwwert deen Undeel, deen iech uvertraut gouf, mee sidd Virbiller fir d’Häerd.

- 4 Wann dann den ieweschten Hiert erschéngt, kritt dir d’Kroun vun der Herrlechkeet, déi ni verwielegt.
- 5 Dat gëllt och fir déi méi jonk Leit: Uerdent iech den Eelsten ënner. Uerdent iech alleguer een deem aneren ënner a kleet iech mat Damiddegkeet|damiddegan. Et steet nämlech geschriwwen: „Gott widdersteet den Houfregen, mee den Damiddege gëtt hie Gnod.“
- 6 Erniddregt iech also ënnert déi mächtig Hand vu Gott, fir datt hien iech zur richteger Zäit erhiewe kann,
- 7 andeems dir all är Suergen op hie werft, well hie sech ëm iech këmmert.
- 8 Siddaniichter ! Waacht! Äre Géigner, den Däiwel, geet ronderëm wéi e Léiw, dee brëllt, a sicht, wien e friesse kann.
- 9 Widderstitt him, andeems dir fest an ärem Glawe stitt! Dir wësst jo, datt är Geschwëster uechter d’Welt duerch déiselwecht Leide ginn.
- 10 Nodeems dir fir eng kleng Zäit gelidden hutt, mécht de Gott vun all Gnod, deen iech duerch Christus Jesus a seng éiweg Herrlechkeet beruff huet, iech vollkommen; hie stäerkt a kräftegt iech a stellt iech op feste Grond.
- 11 Him sief d’Herrlechkeet an d’Herrschaft fir ëmmer an éiweg. Amen.

Gréiss

- 12 Ech hunn iech kuerz duerch de Silvanus geschriwwen, deen ech als treie Brudder betruechten, an hunn iech ermunnt an hu bezeit, datt d’Gnod vu Gott, an där dir stitt, déi richteg ass!
- 13 D’Gemeinschaft aus Babylon, déi zesumme mat iech auserwielt ass, an och de Marc, dee wéi mäi Jong ass, gréissen iech.
- 14 Gréisst een deen anere mat enger frëndschaflecher Bees. Fridde sief mat iech all, déi dir a Christus sidd. Amen.

2. Péitrus

2. Péitrus 1

1 Vum Schimon-Péitrus, engem Dénger an Apostel vum Jesus Christus, un déi, déi deeselwechte Glawe wéi mir kruten duerch d'Gerechtegkeet vun eisem Gott a Retter, dem Jesus Christus:

2 Gnod a Fridde sollt dir duerch d'Erkenntnes vu Gott an dem Jesus, eisem Här, am Iwwerfloss kréien.

Stellt är Berufung a Wiel sécher

3 Seng göttlech Muecht huet eis alles ginn, wat d'Liewen an d'Frëmmegkeetugeet, duerch d'Kenntnes vun deem, deen eis duerch Herrlechkeet a Guttheet beruff huet.

4 Wéinst dëser Herrlechkeet a Guttheet huet hien eis wäertvoll a grouss Versprieche gemaach, fir datt dir duerch déi Versprieche Undeel un der göttlecher Natur kënnst huelen, well dir dem Verdierfnes, dat wéinst der Begierlechkeet an der Welt ass, entkomme konnt.

5 Dofir beméit iech ganz äifreg dorëm, fir mat ärem Glawen d'Dugend ze verbannen, mat der Dugend d'Wäisheet,

6 mat der Wäisheet d'Selbstbeherrschung, mat der Selbstbeherrschung d'Ausdauer, mat der Ausdauer d'Frëmmegkeet,

7 mat der Frëmmegkeet d'bridderlech Léift a mat der bridderlecher Léift d'Léift selwer.

8 Wann dës Eegenschafte wierklech an iech am Iwwerfloss bestinn, dann hale si iech dovunner of, onnëtz oder onfruchtbar ze sinn, wat d'Kenntnes iwwert eisen Här Jesus Christus ugeet.

9 Wien dës Eegenschaften net huet, ass blann. Säi Verstand ass begrenzt, well hie vergiess huet, datt hie vu senge fréiere Sënne gerengegt gouf.

10 Dofir, Geschwëster, gitt iech ëmsou méi drun, fir är Berufung an är Wiel sécherzestellen. Wann dir dat alles maacht, faalt dir ni.

11 Op dës Manéier kritt dir nämlech räichlech den Zougang an d'eiwegt Kinnekräich vun eisem Här a Retter, dem Jesus Christus, bewëllegt.

Dat prophéitescht Wuert

12 Dofir loossen ech net no, iech ëmmer dorunner z'erënnere, obwuel dir dat alles scho wësst a fest an der Wourecht, déi dir hutt, verwuerzelt sidd.

- 13 Esoulaang ech nach an dësem Zelt sinn, halen ech et fir richtig, fir iech waakreg ze rëselen, andeems ech iech drun erënneren.
- 14 Ech weess nämlech, dat ech geschwë mäin Zelt ofrappen, esou wéi eisen Här Jesus Christus et mir gewisen huet.
- 15 Ech wëll awer dofir suergen, datt dir no mengem Doud ëmmer eng Erënnerung dorun hutt.
- 16 Mir sinn nämlech kenge raffinéiert ausgeduechte Mythossen nogaangen, wéi mir iech d'Muecht an d'Komme vun eisem Här Jesus Christus verkënnegt hunn, mee mir waren Aenzeie vu senger Majestéit.
- 17 Wéi hien nämlech Eier an Herrlechkeet vu Gott, dem Papp, krut, kouw eng Stëmm aus der majestéitescher Herrlechkeet an huet zu him gesot: „Dat hei ass mäi Jong, deen ech gär hunn. Ech hunn un him Gefale fonnt.“
- 18 Mir selwer hunn dës Stëmm, déi aus dem Himmel kouw, héieren, wéi mir zesumme mat him um hellege Bierg stoungen.
- 19 Dat prophéitescht Wuert ass fir eis awer méi gewëss, wéi dës Stëmm. Dir géift gutt drun doen, op dat Wuert ze lauschteren. Et ass nämlech wéi e Liicht, dat an enger däischerer Plaz schéngt, bis den Dag ubrécht an de Mueresstär an ären Häerzer opgeet.
- 20 Virun allem musst dir dat hei verstoen: Keng Prophezeiung an der Schrëft entsteet aus enger eegener Interpretatioun.
- 21 Prophezeiung kouw nämlech nach ni duerch de Wëlle vum Mënsch, mee helleg Männer vu Gott hunn esou geschwat, wéi si vum hellege Geescht geleet goufen.

2. Péitrus 2

Gott zerstéiert falsch Léiermeeschteren

- 1 Et goufen awer och falsch Prophéiten ënnert dem Vollek, geneesou wéi et och ënnert iech an Zukunft falsch Léiermeeschtere ginn, déi heemlech falsch Léieren, déi zerstéieren, aféieren an déi esouguer den Här, dee si kaf huet, leegnen. Doduerch bréngt si séier d'Zerstéierung iwwert sech selwer.
- 2 Et ginn der vill hirem verduerwene Liewen no. Wéinst deene gött de Wee vun der Wourecht a Verruff bruecht.
- 3 Si wëlle wéinst hirer Rangstegkeet mat erfongte Geschichte vun iech profitéieren. Hiert Geriicht, dat viru laanger Zäit virausbestëmmt gouf, léisst net op sech waarden an hir Zerstéierung schléift net.

- 4 Gott huet d'Engelen|Engel, déi gesënnegt haten, net verschount, mee huet si an d'Ënnerwelt gehäit an hält si do a Ketten an der Däischtert fest bis zum Geriicht.
- 5 Hien huet déi al Welt net verschount, mee huet nëmmen den Noach, de Priedeger vun der Gerechtegheet, deen ee vun aacht war, geschützt, wéi hien d'Flut op déi gottlos Welt komme gelooss huet.
- 6 Hien huet d'Stied Sodom a Gomorra zu Äsche verbrannt, wéi hie si zur Zerstéierung veruerteelt huet a si esou zu engem Beispill fir déi zukünfteg Gottlos gemaach huet.
- 7 Hien huet de gerechte Lot, dee wéinst dem verduerwene Liewe vun de gesetzlose Mënsche bedréckt war, gerett.
- 8 (Wéi hien nämlech Dag fir Dag ënnert hinne gelieft huet, war d'gerecht Séil vun dësem Gerechte wéinst de gesetzlosen Doten, déi hie gesinn an héieren huet, gepéngt.)
- 9 Wa Gott dat alles gemaach huet, da weess den Här, wéi hien déi Fromm aus der Prouf rette kann a wéi hien déi Ongerecht festhale ka fir d'Bestrofung um Dag vum Geriicht.
- 10 Dat gëllt besonnesch fir déi, déi den onreng Begierlechkeete|Begierlechkeet vum Läif noginn an déi Autoritéit veruechten. Si si kéng an arrogant an hu keng Angscht, fir déi herrlech Engelen ze lästern.
- 11 Mee Engelen, déi méi staark a méi mächtig wéi si sinn, bréngen emol kee frecht Uerteel géint si virun den Här.
- 12 Dës Mënsche sinn ewéi onverstänneg Déieren aus der Natur, déi dofir gemaach goufen, fir agefaangen an zerstéiert ze ginn. Si schwätze béis iwwert dat, wat si net verstinn, a kommen an hirer eegener Zerstéierung ëm.
- 13 Si kréien de Loun fir d'Ongerechtegheet. Si mengen, en Dag voller Orgie wier e Plesier. Si sinn en Hohn an eng Schan, well si hiren eegene Bedruch genéissen, wa si mat iech feieren.
- 14 Si sinn ëmmer op der Sich no Fraen, fir kënne friemzgoen, an halen net op ze sënnegen. Si féiere labil Mënschen ir. Si hunn hir Häerzer an der Rangstegheet geübt, dës verfluchte Kanner!
- 15 Si hunn de riichte Wee verlooss an hu sech irféiere gelooss, well si dem Wee vum Bilam, dem Jong vum Beor, nogaange sinn, deen de Loun vun der Ongerechtegheet gär hat.
- 16 Hie gouf awer wéinst senger eegener Gesetzlosegheet zurechtgewisen: E stomme Kéizeniesel hat jo mat enger mëschlechter Stëmm geschwat an hat esou de Prophéit vu senger Verrécktheit ofgehalen.

17 Dës Leit sinn ewéi Quellen ouni Waasser, wéi Wolleken, déi vun engem Stuerm gedriwwen ginn. Fir si ass déi déifsten Däischtert fir ëmmer bestëmmt ginn.

18 Andeems si eidel an opgeblose Rieden halen, lackele si mat physesche Begierlechkeeten a mat engem verduerwene Liewe Leit un, déi tatsächlech deenen entkomm sinn, déi am Iertum liewen.

19 Si versprieche hinne Fräiheet, mee si si selwer dem Verdierfnes versklaavt. E Mënsch ass nämlech Sklav vun deem, wat hie beherrscht.

20 Wa si sech nees am Knascht vun der Welt verstrécken an dovunner iwwerwältegt ginn, nodeems si virun deem Knascht duerch d'Erkenntnes vun eisem Här a Retter, dem Jesus Christus, geflücht sinn, dann ass dee leschten Zoustand méi schlëmm fir si wéi deen éischten.

21 Et wier besser fir si gewiescht, wa si de Wee vun der Gerechtegheet ni kannt hätten, wéi en erkannt ze hunn an duerno dem hellege Gebot, dat hinnen uvertraut gouf, de Réck ze dréien.

22 D'Spréchwuert ass an hirem Fall wouer: „Den Hond kënnt bei säin eegene Katz zeréck; eng Sau, déi gewäsch ass, wenzelt sech nees am Bulli.“

2. Péitrus 3

Den Dag vum Här

1 Léif Frënn, dat hei ass elo den zweete Bréif, deen ech iech schreiwen. An deenen zwee wëll ech äre gesonde Verstand unhand vun enger Erënnerung waakreg rëselen,

2 fir datt dir iech un déi Wieder, déi duerch d'helleg Prophéite virausgesot goufen, an un d'Gebot vun eisem Här a Retter, dat duerch eisApostele|Apostel vermëttelt gouf, erënnert.

3 Verstitt fir d'éischt dat hei: An de leschten Deeg komme Spottmécher, déi no hiren eegeneBegierlechkeete|Begierlechkeet liewen.

4 Si soen: „Wou bleift dat ‚Kommen‘, dat hie versprach hat? Zënter eis Virfuere gestuerwe sinn, ass alles esou bliwwen, wéi et säit dem Ufank vun der Schöpfung war.“

5 Absichtlech vergiesse si dat hei: Duerch d'Wuert vu Gott huet den Himmel viru laangem existéiert an d'Äerd gouf aus Waasser an duerch Waasser zesummegeat.

6 Duerch Waasser gouf d'Welt deemools zerstéiert, wéi si mat Waasser iwwerschwemmt gouf.

- 7 Mee den Himmel an d'Äerd, déi elo duerch dat nämmlecht Wuert verschount ginn, gi bis den Dag vum Geriicht an der Zerstéierung vu gottlose Mënsche fir d'Feier reservéiert.
- 8 Léif Frënn, vergiesst awer net dat hei: Fir den Här ass een Dag ewéi dausend Joer an dausend Joer sinn ewéi een Dag.
- 9 Den Här zéckt net, wat seng Versprieche ugeet, esou wéi en etlech mengen, datt hien zécke géif. Neen, hien ass gedëlleg mat eis, well hien net wëllt, datt iergendeen zu Grond geet, mee datt jiddereen ëmkéiert.
- 10 Den Dag vum Här kënnt ewéi en Déif an der Nuecht. Op deem Dag verschwënnt den Himmel mat grousem Kaméidi. D'Elementer léise sech am Feier op. D'Äerd an alles, wat drop ass, gött verbrannt.
- 11 Alles gött op dës Manéier zerstéiert. Wat fir eng Zort Leit sollt dir dowéinst sinn? Dir sollt der sinn, déi en hellegt afrommt|fromm Liewe féieren,
- 12 andeems dir d'Komme vum Dag vu Gott erwaart a beschleunegt. Deen Dag ass de Grond, firwat den Himmel verbrannt an zerstéiert gött an d'Elementer sech a grousser Hëtzt opléisen.
- 13 Opgrond vu sengem Versprieche waarde mir awer op en neien Himmel an eng nei Äerd, an deenen d'Gerechtkeet wunnt.
- 14 Dofir léif Frënn, well dir op dat alles waart, gitt iech drun, fir datt dir onbefleckt an tadellos a sengem Fridde virfonnt gitt.
- 15 Betruecht d'Gedold vun eisem Här als Rettung, genesou wéi eise léiwe Brudder Paul iech dat geschriwwen huet opgrond vun der Wäisheet, déi him gi gouf.
- 16 Och an all sengen anere Bréiwer schwätzt hien dovunner. A senge Bréiwer ass munches schwéier ze verstoen. Ongeléiert a labil Leit verdréien dat alles, genesou wéi si de Rescht vun der Schrëft fir hir eegen Zerstéierung verdréien.
- 17 Dofir léif Frënn, dir gouft virgewart! Gitt also uecht, fir datt dir net duerch de Feeler vun de Gesetzlosen irgeféiert gitt an esou vun ärer eegener Standhaftegkeet offaalt.
- 18 Wuesst an der Gnod an an der Kenntnes vun eisem Retter, dem Jesus Christus. Him sief d'Éier elo wéi och an all Éiwegkeet. Amen.

1. Jean

1. Jean 1

D'Wuert vum Liewen

- 1** Mir verkënnegen iech dat, wat vun Ufank u war, wat mir héieren hunn, wat mir mat eisen eegenen Ae gesinn hunn, wat mir ugekuckt hunn a wat eis Hänn beréiert hunn: d'Wuert vum Liewen.
- 2** (D'Liewen ass erschéngen a mir hunn et gesinn. Mir bezeien et a verkënnegen iech dat éiwégt Liewen, dat mam Papp war a bei eis erschéngen ass.)
- 3** Dat, wat mir gesinn an héieren hunn, verkënnegen mir iech, fir datt och dir Gemeinschaft mat eis hutt. Mir hu Gemeinschaft mam Papp a mat sengem Jong, dem Jesus Christus.
- 4** Mir schreiwen iech dat alles, fir datt är Freed vollstänneg ass.

Am Liicht ass Liewen

- 5** Dat hei ass de Message, dee mir vun him héieren hunn an dee mir iech verkënnegen: Gott ass Liicht an an him gëtt et guer keng Däischtert.
- 6** Wa mir soen, mir hätte Gemeinschaft mat him, mee an der Däischtert liewen, da léie mir a maachen net dat, wat der Wourecht entsprécht.
- 7** Mee wa mir am Liicht liewen, esou wéi hien am Liicht ass, dann hu mir Gemeinschaft mateneen an d'Blutt vu sengem Jong, dem Jesus Christus, rengelt eis vun all Sënn.
- 8** Wa mir soen, mir hätte keng Sënn, da bedréie mir eis selwer an d'Wourecht ass net an eis.
- 9** Wa mir eis Sënnen zouginn, dann ass hien trei a gerecht: Hie verzeit eis d'Sënnen a rengelt eis vun all Ongerechtegkeet.
- 10** Wa mir soen, mir hätten net gesënnegt, da maache mir Gott zum Ligener a säi Wuert ass net an eis.

1. Jean 2

- 1** Meng Kanner, ech schreiwen iech dat alles, fir datt dir net sënnegt. Wann awer ee sënnegt, dann hu mir e Begleeder beim Papp: de Jesus Christus, de Gerechten.

² Hien ass d'Boussaffer fir eis Sënnen, awer net nëmme fir eis Sënnen, mee och fir déi vun der ganzer Welt.

³ Heirun erkenne mir, datt mir hie kennen: wa mir seng Geboter anhalen.

⁴ Wie seet: „Ech kennen hien“, mee seng Geboter net anhält, deen ass e Ligener an d'Wourecht ass net an him.

⁵ Wann awer ee säi Wuert anhält, dann ass d'Léift vu Gott sécherlech an him vollstänneg ginn. Da wësse mir, datt mir an him sinn.

⁶ Wie behaupt, datt hien an him bleift, dee muss genee dee Wee goen, deen hie gaangen ass.

Dat neit Gebot

⁷ Geschwëster, ech schreiwen iech keen neit Gebot, mee en aalt Gebot, dat dir vun Ufank un hat. Dëst aalt Gebot ass d'Wuert, dat dir vun Ufank un héieren hutt.

⁸ Anerersäits schreiwen ech iech en neit Gebot, dat an him an och an iech Wierklechkeet ass, well d'Däischtert vergeet an dat richtegt Liicht scho schéngt.

⁹ Wie seet: „Ech sinn am Liicht“, mee säi Brudder haasst, deen ass nach ëmmer an der Däischtert.

¹⁰ Wie säi Brudder gär huet, bleift am Liicht an an him gëtt et kee Grond ze falen.

¹¹ Mee wie säi Brudder haasst, deen ass an der Däischtert a lieft an der Däischtert. Hie weess och net, wou hien higeet, well d'Däischtert seng Ae blann gemaach huet.

¹² Ech schreiwen iech, Kanner, well är Sënnen iech wéinst sengem Numm verzie gi sinn.

¹³ Ech schreiwen iech, Pappen, well dir deen erkannt hutt, dee vun Ufank un ass. Ech schreiwen iech, jonk Männer, well dir de Béisen iwwerwonnen hutt. Ech schreiwen iech, Kanner, well dir de Papp erkannt hutt.

¹⁴ Ech hunn iech geschriwwen, Pappen, well dir deen erkannt hutt, dee vun Ufank un ass. Ech hunn iech geschriwwen, jonk Männer, well dir staark sidd an d'Wuert vu Gott an iech bleift an dir de Béisen iwwerwonnen hutt.

Hutt net d'Welt gär

¹⁵ Hutt net d'Welt gär an och net all dat, wat an der Welt ass. Wann e Mënsch d'Welt gär huet, ass d'Léift vum Papp net an him.

¹⁶ Alles, wat an der Welt ass – d'Begierlechkeet vum Kierper, d'Begierlechkeet vun den Aen an d'Bretzen iwwert säi Liewen – ass nämlech net vum Papp, mee vun der Welt.

17 D'Welt mat hire Begierlechkeete vergeet, mee wien de Wëlle vu Gott mécht, dee bleift fir éiweg.

Hitt iech virun Antichrëschten

18 Kanner, déi lescht Stonn huet geschloen! Esou wéi dir héieren hutt, datt den Antichrëscht kënnt, esou sinn och elo schonns vill Antichrëschte komm. Dorunner erkenne mir, datt et déi lescht Stonn ass.

19 Si si vun eis ausgaangen, mee si ware keng vun eis. Wa si nämlech vun eis gewiescht wieren, wiere si bei eis bliwwen; mee si si fortgaangen, fir bloussgestallt ze ginn, well si net alleguer vun eis sinn.

20 Dir awer hutt eng Salbung vum Hellege kritt an dir kennt alles.

21 Ech hunn iech net geschriwwen, well dir d'Wourecht net kennt, mee well dir se kennt. Dir wësst, datt aus der Wourecht keng Lige kënnt.

22 Ass net deen e Ligener, dee leegent, datt de Jesus de Christus ass? Deen, deen de Papp an de Jong leegent, ass en Antichrëscht.

23 Jiddereen, deen de Jong verleegent, huet och de Papp net. Deen, deen de Jong unerkennt, huet och de Papp.

24 Wat iech elo ugeet, soll dat an iech bleiwen, wat dir vun Ufank un héieren hutt. Wann dat, wat dir vun Ufank un héieren hutt, an iech bleift, da bleift och dir am Jong an am Papp.

25 Dat hei ass d'Vespriechen, dat hien eis ginn huet: d'éiwegt Liewen.

26 Ech hunn iech dat alles iwwert déi, déi iech wëllen irféieren, geschriwwen.

27 Wat iech elo ugeet, bleift d'Salbung, déi dir vun him kritt hutt, an iech. Dir sidd et och net néideg, datt een iech léiert, well déi nammlecht Salbung léiert iech alles. Si ass d'Wourecht a keng Ligen. Bleift dir an him, grad ewéi d'Salbung iech et geléiert huet.

Kanner vu Gott

28 An elo, Kanner, bleift an him, fir datt mir an deem Moment, an deem hien erschéngt, Zouversiicht kënnen hunn an eis esou net virun him schumme mussen, wann hie kënnt.

29 Wann dir wësst, datt hie gerecht ass, da wësst dir och, datt jiddereen, dee mécht, wat der Gerechtegkeet entsprécht, aus him gebuer ass.

1. Jean 3

1 Kuckt, wat fir eng grouss Léift de Papp eis geschenkt huet: Mir gi Kanner vu Gott genannt! Dofir kennt d'Welt eis net, well si hien net erkannt huet.

- ² Léif Frënn, mir sinn elo Kanner vu Gott a mir kruten nach net gewisen, wat mir an Zukunft sinn. Mir wëssen awer, datt mir esou sinn ewéi hien, wann hien erschéngt, well mir hien esou gesinn, wéi hien ass.
- ³ Jiddereen, deen dës Hoffnung op hien huet, rengt sech selwer, esou wéi och hie reng ass.
- ⁴ Jiddereen, dee sënnegt, brécht d'Gesetz. Sënn ass Gesetzlosegkeet.
- ⁵ Dir wësst, datt hien erschéngen ass, fir eis Sënnen ewechzehuelen. An him gött et keng Sënn.
- ⁶ Jiddereen, deen an him bleift, sënnegt net. Deen, dee sënnegt, huet hie weder gesinn nach erkannt.
- ⁷ Kanner, loosst iech vu kengem irféieren. Deen, dee mécht, wat der Gerechtegkeet entsprécht, ass gerecht, geneesou wéi hie gerecht ass.
- ⁸ Deen, dee sënnegt, ass vum Däiwel, well den Däiwel vun Ufank u gesënnegt huet. Dowéinst ass de Jong vu Gott erschéngen, fir datt hien dem Däiwel seng Wierker zerstéiert.
- ⁹ Deen, deen aus Gott gebuer ass, sënnegt net, well säi Som an him bleift. Hie kann net sënnege, well hien aus Gott gebuer ass.
- ¹⁰ Esou kënnen d'Kanner vu Gott an d'Kanner vum Däiwel erkannt ginn: Wien net mécht, wat der Gerechtegkeet entsprécht, ass net vu Gott, nach ass dee vu Gott, dee säi Brudder net gär huet.

Hutt een deen anere gär

- ¹¹ Dat hei ass nämlech de Message, deen dir vun Ufank un héieren hutt: Mir sollen een deen anere gär hunn
- ¹² an et net esou maachen ewéi de Kain. Hie war e Kand vum Béisen an huet säi Brudder ëmbruecht. Firwat huet hien en ëmbruecht? Ma well seng Dote béis waren, während sengem Brudder seng gerecht waren.
- ¹³ Meng Geschwëster, wonnert iech net, wann d'Welt iech haast.
- ¹⁴ Mir wëssen, datt mir vum Doud an d'Liewen eriwergaange sinn, well mir d'Geschwëster gär hunn. Wien de Brudder net gär huet, bleift am Doud.
- ¹⁵ Jiddereen, dee säi Brudder haast, ass e Mäerder an dir wësst, datt a kengem Mäerder éiwegt Liewe bestoe kann.
- ¹⁶ Heirun erkenne mir d'Léift: datt hie säi Liewe fir eis hierginn huet. Esou sollen och mir eist Liewe fir d'Geschwëster hierginn.
- ¹⁷ Wann ee weltleche Besëtzt huet a gesäit, datt säi Brudder eppes brauch, an him säin Häerz verschléisst, wéi kann d'Léift vu Gott dann an him sinn?

18 Meng Kanner, loosst eis net een deen anere mat Wierder oder mat Geschwätz gär hunn, mee mat Dot a Wourecht.

19 Heirun erkenne mir, datt mir aus der Wourecht sinn, an esou kënne mir eist Gewësse virun him vergewësseren:

20 Wann eist Gewëssen eis veruerteelt, dann ass Gott méi grouss wéi eist Gewëssen, an hien ass deen, deen alles weess.

21 Léif Geschwëster, wann eist Gewëssen eis net veruerteelt, dann hu mir Zouversiicht viru Gott,

22 an egal ëm wat mir hie froen, dat kréie mir vun him, well mir seng Geboter anhalen an dat maachen, wat him gefält.

23 Dat hei ass säi Gebot: Mir sollen un den Numm vu sengem Jong, dem Jesus Christus, gleewen an een deen anere gär hunn, esou wéi hien eis et befuel huet.

24 Wie seng Geboter anhält, bleift an him an hien an him. Heirun erkenne mir, datt hien an eis bleift: duerch de Geescht, deen hien eis ginn huet.

1. Jean 4

Préift d'Geeschter

1 Léif Geschwëster, gleeft net all Geescht, mee préift d'Geeschter, ob se vu Gott sinn. Et sinn nämlech vill falsch Prophéite schonn an d'Welt erausgaangen.

2 Heirun erkennt dir de Geescht vu Gott: All Geescht, deen unerkennt, datt de Jesus Christus als Mënsch komm ass, ass vu Gott

3 an all Geescht, deen net bekennt, datt de Jesus Christus als Mënsch komm ass, ass net vu Gott. Dat ass de Geescht vum Antichrëscht. Dir hutt héieren, datt e komme soll, an en ass schonn an der Welt.

4 Kanner, dir sidd vu Gott an dir hutt d'falsch Prophéiten iwwerwonnen, well deen, deen an iech ass, ass méi staark wéi deen, deen an der Welt ass.

5 Si sinn aus der Welt. Dofir schwätze si wéi d'Welt an d'Welt lauschtert op si.

6 Mee mir si vu Gott. Deen, dee Gott kennt, lauschtert op eis; deen, deen net vu Gott ass, lauschtert net op eis. Dorunner erkenne mir de Geescht vun der Wourecht an de Geescht vum Iertum.

D'Léift kënnt vu Gott

7 Léif Geschwëster, loosst eis een deen anere gär hunn, well d'Léift vu Gott kënnt. Jiddereen, dee Léift huet, ass aus Gott gebuer a kennt Gott.

- 8 Wie keng Léift huet, kennt Gott net, well Gott Léift ass.
- 9 Esou ass d'Léift vu Gott ënnert eis gewise ginn: Gott huet säin eenzege Jong an d'Welt geschéckt, fir datt mir duerch hie liewe kënnen.
- 10 Dat hei ass d'Léift: net datt mir Gott gär haten, mee datt hien eis gär hat a säi Jong als Affer geschéckt huet, fir fir eis Sënnen ze béissen.
- 11 Léif Geschwëster, wa Gott eis op dës Manéier gär hat, da solle mir och een deen anere gär hunn.
- 12 Et huet nach ni ee Gott gesinn. Wa mir een deen anere gär hunn, bleift Gott an eis a seng Léift ass an eis vervollstännegt ginn.
- 13 Esou wësse mir, datt mir an him bleiwen an hien an eis: Hien huet eis vu sengem Geescht ginn.
- 14 Mir hu gesinn a mir bezeien, datt de Papp de Jong als Retter vun der Welt geschéckt huet.
- 15 Wie bekennt, datt de Jesus de Jong vu Gott ass, an deem bleift Gott an hien a Gott.
- 16 Mir hunn d'Léift, déi Gott fir eis huet, erkannt a mir vertrauen drop. Gott ass Léift, an deen, deen an der Léift bleift, bleift a Gott a Gott an him.
- 17 Esou gouf d'Léift ënnert eis vervollstännegt: Mir sinn esou wéi hien an dëser Welt an esou kënnen mir um Dag vum Geriicht zouversiichtlech sinn.
- 18 An der Léift gëtt et keng Angscht. Vollkomme Léift verdreift d'Angscht, well Angscht mat Bestrofung ze dinn huet. Mee wien Angscht huet, gouf net duerch d'Léift vervollstännegt.
- 19 Mir hunn hie gär, well hien eis fir d'éischt gär hat.
- 20 Wie seet, datt hie Gott gär hätt, mee säi Brudder haasst, ass e Ligener. Wéi kann nämlech een, dee säi Brudder net gär huet, deen hie gesäit, Gott gär hunn, deen hien net gesäit?
- 21 Dëst Gebot hu mir vun him: Wie Gott gär huet, soll och säi Brudder gär hunn.

1. Jean 5

Glawen un de Jong vu Gott

- 1 Jiddereen, dee gleeft, datt de Jesus de Christus ass, ass aus Gott gebuer. Jiddereen, deen de Papp gär huet, huet och dee gär, deen aus him gebuer gouf.

- ² Esou erkenne mir, datt mir d’Kanner vu Gott gär hunn: wa mir Gott gär hunn a seng Geboter anhalen.
- ³ Dat hei ass nämlech d’Léift fir Gott: Mir hale seng Geboter an a seng Geboter si keng Laascht.
- ⁴ Deen, deen aus Gott gebuer ass, iwwerwënnt nämlech d’Welt. Dat hei ass d’Victoire, déi d’Welt iwwerwonnen huet: eise Glawen.
- ⁵ Wien ass deen, deen d’Welt iwwerwënnt? Deen, dee gleeft, datt de Jesus de Jong vu Gott ass.
- ⁶ Hie war deen, deen duerch Waasser a Blut kouw: de Jesus Christus. Hie kouw net eleng duerch Waasser, mee duerch Waasser a Blut. De Geescht bezeit dat, well de Geescht d’Wourecht ass.
- ⁷ Et sinn der nämlech dräi, déi bezeien:
- ⁸ de Geescht, d’Waasser an d’Blut, an déi dräi si sech eens.
- ⁹ Wa mir dem Mënsch seng Ausso unhuelen, dann ass d’Ausso vu Gott ëmsou méi wäertvoll, well déi d’Ausso vu Gott ass, déi hien iwwert säi Jong gemaach huet.
- ¹⁰ Wien dem Jong vu Gott vertraut, dréit d’Ausso a sech selwer. Wie Gott net gleeft, mécht hien zum Ligener, well hien der Ausso, déi Gott iwwert säi Jong gemaach huet, net gegleeft huet.
- ¹¹ Dat hei ass d’Ausso: Gott huet eis éiwégt Liewe ginn an dëst Liewen ass a sengem Jong.
- ¹² Wien de Jong huet, huet d’Liewen; wien de Jong vu Gott net huet, huet d’Liewen net.

Dir hutt éiwégt Liewen

- ¹³ Ech schreiwen iech, déi dir un de Numm vum Jong vu Gott gleeft, dat alles, fir datt dir wësst, datt dir éiwégt Liewen hutt an datt dir un den Numm vum Jong vu Gott gleeft.
- ¹⁴ Dat hei ass d’Zouversicht, déi mir an hien hunn: Wa mir fir eppes froen, wat sengem Wëllen entsprécht, da lauschtert hien op eis.
- ¹⁵ Wa mir wëssen, datt hien op eis lauschtert, da wësse mir, datt mir hunn, egal ëm wat mir hie gefrot hunn.
- ¹⁶ Wann ee säi Brudder eng Sënn begoe gesäit, déi awer net zum Doud féiert, da soll hie bieden. Gott gött deem Liewen, deem seng Sënn net zum Doud féiert. Et gött eng Sënn, déi zum Doud féiert, an ech soen net, datt hie fir déi biede soll.

17 All Ongerechtegkeet ass Sënn, mee et gött och eng Sënn, déi net zum Doud féiert.

18 Mir wëssen, datt keen, deen aus Gott gebuer ass, sënnegt. Mee Gott behitt deen, deen aus him gebuer gouf, an de Béise kann him näischt zu Leeds doen.

19 Mir wëssen, datt mir vu Gott sinn an datt d'ganz Welt dem Béisen ënnerdoen ass.

20 Mir wëssen awer och, datt de Jong vu Gott komm ass an datt hien eis Verstand ginn huet, fir datt mir de wahrhaftege Gott erkenne kënnen. Mir sinn am wahrhaftege Gott, a sengem Jong, dem Jesus Christus. Hien ass de wahrhaftege Gott an d'eiwegt Liewen.

21 Kanner, hitt iech viru Gëtzen! Amen.

2. Jean

2. Jean 1

¹ Vum Eelsten un déi auserwielte Meeschtesch an hir Kanner, déi ech wéinst der Wourecht gär hunn, an net nëmmen ech, mee och déi, déi d'Wourecht erkannt hunn,

² wéinst der Wourecht, déi an eis bleift an éiweg mat eis ass.

³ Gnod, Baarmhärzegheet a Fridde vu Gott, dem Papp, a vum Här Jesus Christus, dem Jong vum Papp, solle mat eis si wéinst der Wourecht an der Léift.

Dat neit Gebot

⁴ Ech hu mech immens gefreet, datt ech der ënnert denge Kanner fonnt hunn, déi an der Wourecht liewen, esou wéi mir et vum Papp befuel kruten.

⁵ Meeschtesch, ech bieden dech elo (et ass jo net, wéi wann ech en neit Gebot géif schreiwen, mee dat, wat mir vun Ufank un haten), datt mir een deen anere gär hunn.

⁶ Dat hei ass d'Léift: datt mir no senge Geboter liewen. Dat ass d'Gebot, esou wéi dir et vun Ufank un héieren hutt, datt dir doranner liewe sollt.

Passt op falsch Léieren op

⁷ Et si vill Verféierer an d'Welt erausgaangen, déi net bekennen, datt de Jesus Christus am Kierper komm ass. Esou een ass e Schwindler an en Antichrëscht.

⁸ Gitt op iech uecht, datt mir net dat verléieren, fir dat mir geschafft hunn, mee datt mir de ganze Loun kréien.

⁹ Jiddereen, deen d'Gebot iwwertrëtt an net an der Léier vu Christus bleift, huet Gott net; wien an der Léier vu Christus bleift, huet souwuel de Papp wéi och de Jong.

¹⁰ Sollt iergendee bei iech kommen an dës Léier net bréngen, da loosst hien net an d'Haus a sot him net emol Moien.

¹¹ Wien hie begréisst, hëlt nämlech u senge béisen Doten deel.

¹² Ech hätt iech nach vill ze schreiwen, ma ech wollt et net mat Papyrus an Tënt maachen. Amplaz dovun hoffen ech, bei iech ze kommen a perséinlech mat iech ze schwätzen, fir datt eis Freed vollkomme ka sinn.

¹³ D'Kanner vun denger auserwielte Schwëster gréissen dech. Amen.

3. Jean

3. Jean 1

¹ Vum Eelsten un de Gaius, deen ech oprichteg wéinst der Wourecht gär hunn.

Gaius

² Léiwe Brudder, ech bieden, datt et dir an allem gutt geet an datt s du bei gudder Gesondheet bass, genesou wéi et denger Séil gutt geet.

³ Ech hu mech nämlech immens doriwwer gefreet, wéi Bridder koumen an iwwert d'Wourecht, déi an dir ass, ausgesot hunn. Si hu verzielt, wéi s du an der Wourecht liefs.

⁴ Et war mir och eng immens grouss Freed, fir ze héieren, datt meng Kanner an der Wourecht liewen.

⁵ Léiwe Brudder, dat, wat s du méchs, méchs du trei fir d'Bridder a fir Friemer.

⁶ Si hu virun der Gemeinschaft iwwert deng Léift ausgesot. Du dees gutt drun, si esou fir hir Weiderrees auszestafféieren, wéi et Gott wierdeg ass.

⁷ Si sinn nämlech wéinst sengem Numm ausgezunn, ouni eppes vun Ongleewegen unzehuelen.

⁸ Dowéinst solle mir esou Leit bei eis ophuelen, fir datt mir Mataarbechter fir d'Wourecht ginn.

Diotrephes

⁹ Ech hunn der Gemeinschaft geschriwwen, mee den Diotrephes, deen ënnert hinnen ëmmer den Éische wéilt sinn, hëlt eis net un.

¹⁰ Dofir, falls ech komme sollt, bréngen ech alles, wat hie mécht, zur Sprooch: Hie stëppelt mat béise Wieder géint eis an hie gëtt sech domat nach net zefridden; hien hëlt och nach d'Bridder net bei sech op a verbitt et deenen och nach, déi et wéilte maachen, andeems hie si aus der Gemeinschaft erausgehät.

Demetrius

¹¹ Léiwe Brudder, imitéier net dat Béist, mee dat Gutt. Wie Guddes deet, ass vu Gott; wie Béises deet, huet Gott net erkannt.

¹² Jidderee seet gutt iwwert den Demetrius aus, esouguer d'Wourecht selwer. Och mir bezeien dat an dir wësst, datt eis Ausso wouer ass.

Gréiss

13 Ech hunn dir nach vill ze schreiwen, mee ech wëll dir léiwer net mat Tënt a Stëft schreiwen.

14 Ech hoffen, datt ech dech geschwënn ze gesi kréien an datt mir ënnert véier Ae schwätze kënnen. Fridde sief mat dir! D'Frënn gréissen dech. Gréiss och all Frënd perséinlech.

Judas

Judas 1

¹ Vum Judas, deen en Dénger vum Jesus, dem Messias, an de Brudder vum Jacques ass. Un déi, déi beruff sinn an déi vu Gott, dem Papp, gehellegt gi sinn a fir de Jesus, de Messias, versuergt ginn.

² Erbaarmen, Fridden a Léift sollt dir am Iwwerfloss kréien.

Gott riicht déi Gottlos

³ Léif Frënn, ech war äifreg am Gaang, fir iech iwwert eis gemeinsam Rettung ze schreiwen, an hunn et dobäi fir néideg gehalen, fir iech ze schreiwen an iech opzefuerderen, fir de Glawen ze kämpfen, deen ee fir alle Mol den Hellegen iwwerliwwert gouf.

⁴ Et hu sech nämlech verschidde Männer onbemierkt ageschlach, déi schonn zënter laangem fir d'Gericht bestëmmt sinn. Si si gottlos, well si d'Gnod vun eisem Gott an e verduerwent Liewe verwandelen an den eenzege Meeschter, Gott, an eisen Här, de Messias Jesus, verleegegen.

⁵ Obwuel dir dat alles scho virdu wousst, wëll ech iech drun erënneren, datt den Här, nodeems hien d'Vollek aus Ägypte gerett hat, duerno déi zerstéiert huet, déi net geleeft hunn.

⁶ D'Engelen|Engel, déi hiren Herrschaftsberäich net respektéiert hunn, mee hir eege Wunnecht verlooss hunn, huet hien an der Däischtert an éiweg Kette geluecht, fir si do fir d'Gericht vum groussen Dag ze versuerge.

⁷ Esou war et fir Sodom a Gomorra an d'Nopeschstied: Déi sinn op eng ähnlech Manéier ewéi si e Beispill ginn. Si erliewen elo d'Strof vum éiwege Feier, well si onerlaabte Sex haten an op der Sich no frieme Wiese waren.

⁸ Geneesou sinn dës Männer Dreemer, déi de Läif onreng maachen, Autoritéit verwerfen an déi herrlech Engele lästere.

⁹ Esouguer den Äerzengel Michael huet sech net getraut, fir den Däiwel ze veruerteelen an ze lästere, wéi hie mat him iwwert dem Moses seng Läch gediedegt an diskutéiert huet, mee hie sot: „Den Här soll dech bestrofen!“

¹⁰ Mee dës Männer lästere iwwert alles, wat si net verstinn. Si ginn duerch dat zu Grond, wat si instinktiv wéi domm Déiere verstinn.

¹¹ Wéi schrecklech ass et fir si, well si de Wee vum Kain gaange sinn a sech fir Suen op den Iertum vum Bilam gestierzt hunn an esou an der Rebellioun vum Korach stierwen.

12 Dës Männer si wéi geféierlech Riffer op äre Gemeinschaftsiessen. Si feieren zesumme mat iech, mee hu keng Skrupelen, fir nëmmen no sech selwer ze kucken. Si sinn ewéi Wolleken ouni Waasser, déi vum Wand fortgedriwwe ginn; ewéi Beem, déi am spéiden Hierscht keng Friichten droen an erausgerappt ginn. Dofir stierwe si zweemol.

13 Si sinn ewéi wëll Welle vum Mier, déi hir eege Schan ewéi Schaum erospullen; ewéi Stären, déi sech net un hir Bunn halen, fir déi déi däischterst Däischtert fir ëmmer reservéiert ginn ass.

14 Vun deenen huet och den Henoah, deen de siwenten nom Adam war, propheet: „Kuck! Den Här kënnt mat Zéngtausende vu sengen Hellegen,

15 fir iwwert jidderee Geriicht ze halen a fir déi Gottlos wéinst hire gottlosen Doten ze bestrofen, déi si gemaach hunn, a wéinst all den haarde Wieder, déi déi gottlos Sënner géint hie gesot hunn.“

16 Dës Männer sinn der, déi knouteren, déi kloen an déi fir hir eege Leidenschaft liewen. Hir Mënner halen opgeblose Rieden a si blimmelen de Leit fir hir eegen Zwecker.

Erhaalt iech an der Léift vu Gott

17 Léif Frënn, erënnert iech un dat, wat d'Apostele|Apostel vun eisem Här Jesus, dem Messias, gesot hunn.

18 Déi soten zu iech: „Um Enn vun der Zäit ginn et Leit, déi de Geck maachen an déi fir hir eege gottlos Leidenschaft liewen.“

19 Dës Männer verursaachen Trennungen, sinn ierdesch gesënnt an hunn de Geescht net.

20 Dir awer, léif Frënn, andeems dir op ären hellegste Glawe baut an duerch den hellege Geescht biet,

21 erhaalt iech esou an der Léift vu Gott, während dir op d'Baarmhärzegkeet vun eisem Här Jesus, dem Messias, waart, déi éiweg Liewe bréngt.

22 Hutt Erbaarme mat munche Leit a gebraucht dofir Ënnerscheidungsverméigen.

23 Rett anerer mat Angscht, andeems dir si aus dem Feier erauszitt, woubäi dir d'Kleed haasse sollt, dat vum Kierper onreng gemaach gouf.

Luef

24 Deem, deen iech vum Falen ofhale kann an deen iech tadellos mat grousser Freed viru senger herrlecher Präsenz triede loosse kann,

25 deem eenzege wise Gott, eisem Retter, sief Herrlechkeet a Majestéit, Muecht an Autoritéit elo wéi och an all Éiwegkeet. Amen.

Offenbarung

Offenbarung 1

Virwuert

1 Dat hei ass d'Offenbarung vum Jesus Christus, déi Gott him ginn huet, fir sengen Dénger ze weisen, wat geschwë geschéie muss. Hien huet d'Offenbarung duerch säin Engel verkënnegt, deen hie bei säin Dénger Jean geschéckt huet.

2 De Jean huet iwwert alles ausgesot, wat hie gesinn huet: iwwert d'Wuert vu Gott an d'Ausso iwwert de Jesus Christus.

3 Geseent ass deen, deen dës prophéitesch Wierder liest an op se lauschtert. Geseent ass deen, deen anhält, wat dra geschriwwe steet. Déi festgeluechten Zäit ass nämlech nobäi!

Gréiss un déi siwe Gemeinschaften

4 Vum Jean un déi siwe Gemeinschaften, déi a Klengasien sinn: Gnod sief mat iech a Fridde vun deem, deen ass, dee war an dee kënnt, a vun de siwe Geeschter, déi viru sengem Troun sinn.

5 Gnod sief mat iech a Fridde vum Jesus Christus, dem treien Zeien, dem Éischtgebuerene vun den Doudegen an dem Herrscher iwwert d'Kinneken op der Äerd. Deem, deen eis gär huet, deen eis duerch säin eegent Blut vum eise Sënne reng gewäsch huet

6 an deem eis zu engem Kinnekräich gemaach huet, Priister fir säi Gott a Papp, deem sief Herrlechkeet a Muecht fir ëmmer an éiweg. Amen.

7 Kuck! Hie kënnt mat de Wolleken! All A gesäit hien dann, och déi, déi hien duerchbuert hunn. All d'Stämm vun der Welt trauerer da wéinst senger. Dat ass ganz gewëss!

8 „Ech sinn den Alpha an den Omega“, seet Gott, den Här, „ech sinn deen, deen ass, dee war an dee kënnt: den Allmächtigen.“

Den Optrag un de Jean

9 Ech, de Jean, äre Brudder a Partner am Leed, am Kinnekräich an an der Ausdauer, déi mir wéinst dem Jesus Christus hunn, war op der Insel, déi Patmos heescht, wéinst dem Wuert vu Gott an der Ausso iwwert de Jesus Christus.

10 Um Dag vum Här gouf ech vum Geescht ergraff. Hannert mir hunn ech eng haart Stëmm wéi eSchofar héieren,

- 11 déi sot: „Ech sinn den Alpha an den Omega, den Éischten an de Leschten. Schreif dat, wat s du gesäis, op e Schrëftrullo a schéck en un déi siwe Gemeinschaften a Klengasien: un Ephesos, Smyrna, Pergamon, Thyatira, Sardis, Philadelphia an u Laodizea.“
- 12 Ech hu mech ëmgedrëit, fir d'Stëmm ze gesinn, déi mat mir geschwat huet. Wéi ech dat gemaach hunn, hunn ech siwe gëlle Liichtere gesinn.
- 13 Matzen ënnert de siwe Liichtere war een ewéi deJong vum Mënsch, deen e Kleed bis un d'Féiss unhat an e gëllene Rimm ëm seng Broscht.
- 14 D'Hoer op sengem Kapp ware wäiss ewéi Woll, wäiss ewéi de Schnéi a seng Ae waren ewéi eng Feierflam.
- 15 Seng Féiss waren ewéi poléiert Bronze, déi am Uewe glousen. Seng Stëmm war ewéi d'Dausche vu Waassermassen.
- 16 Hien hat siwe Stären a senger rietser Hand. Aus sengem Mond koum en zweeschneidegt Schwäert. Säi Gesiicht war ewéi d'Sonn, wa si am stäerkste liicht.
- 17 Wéi ech hie gesinn hunn, sinn ech him ewéi en Doudege virun d'Féiss gefall. Hien huet seng riets Hand op mech geluecht a sot zu mir: „Hief keng Angscht! Ech sinn den Éischten an de Leschten,
- 18 de Liewegen. Ech war dout, mee kuck, elo liewen ech fir ëmmer an éiweg. Amen. Ech hunn d'Schlëssele vum Doud a vumHades.
- 19 Schreif dat op, wat s du gesinn hues, dat, wat ass a wat nach duerno geschitt.
- 20 Dat hei ass déi mysteriéis Bedeutung vun de siwe Stären, déi s du a menger rietser Hand gesinn hues, a vun de siwe gëlle Liichteren: Déi siwe Stäre sinn Engele vun de siwe Gemeinschaften an déi siwe Liichteren, déi s du gesinn hues, sinn déi siwe Gemeinschaften.

Offenbarung 2

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Ephesos

- 1 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Ephesos: Deen, deen déi siwe Stären a senger rietser Hand hält an dee matzen ënnert de siwe gëlle Liichtere geet, seet dat hei:
- 2 Ech kennen deng Doten, deng Aarbecht an deng Ausdauer. Ech weess, datt s du déi net erdroe kanns, déi béis sinn. Du hues déijéineg, déi sech Apostelen|Apostel nennen, mee keng sinn, gepréift an hues erausfonnt, datt si Ligener sinn.

3 Du hues Ausdauer an hues wéinst mengem Numm vill erdroen, ouni midd ze ginn.

4 Ech werfen dir dat hei awer vir: Du hues deng éischt Léift verlooss!

5 Erënner dech drun, aus wéi enger Héicht s du gefall bass a kéier ëm. Maach déi Doten, déi s du am Ufank gemaach hues. Soss kommen ech séier bei dech an huelen däi Liichter vu senger Plaz ewech, et sief dann, du kéiers ëm.

6 Dat hei schwätzt awer fir dech: Du haass den Nikolaitaner hir Doten; Doten, déi och ech haassen.

7 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet. Wie gewënnt, deem ginn ech vum Bam vum Liewen z'iessen, dee matzen am Paradäis vu Gott steet.

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Smyrna

8 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Smyrna: Den Éischten an de Leschten, deen dout war an elo leeft, seet dat hei:

9 Ech kennen deng Doten, däi Leed an däin Aarmut (an dach bass du räich) an ech kennen d'Lästerungen, déi vun deene kommen, déi sech Judden nennen, mee keng sinn. Si sinn nämlech aus der Synagog vum Satan.

10 Hief keng Angscht virun deem, wat s du erleide wäerts. Den Däiwel wäert muncheree vun iech an de Prisong geheien, fir datt dir gepréift gitt. Zéng Deeg laang wäert dir leiden. Sief trei bis an den Doud an da ginn ech dir d'Kroun vum Liewen.

11 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet. Wie gewënnt, deem kann den zweeten Doud näischt undoen.

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Pergamon

12 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Pergamon: Deen, deen dat schaarft zweeschneidegt Schwäert huet, seet dat hei:

13 Ech weess, wat s du méchs a wou s du wunns, nämlech do, wou dem Satan säin Troun ass. Ma dach häls du u mengem Numm fest a verleegens meng Trei net, esouguer net zu der Zäit vum Antipas, mengem treien Zeien, dee bei iech ëmbruecht gouf op där Plaz, wou de Satan wunnt.

14 Ech werfen dir awer Verschiddenes vir: Bei dir ginn et Leit, déi sech un d'Léier vum Bilam halen. De Bilam hat jo de Balak geléiert, fir d'Israeliten dozou ze verféieren, dat z'iessen, wat de Gëtze geaffert gouf, an onerlaabte Sex ze hunn.

15 Geneesou ginn et Leit bei dir, déi sech un d'Léier vun den Nikolaitaner halen.

16 Kéier dofir ëm! Wann net, kommen ech séier bei dech a féiere mam Schwäert aus mengem Mond Krich géint si.

17 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet. Wie gewënnt, deem ginn ech vum verstoppteManna z'iessen. Ech ginn him och e wäisse Steen an am Stee steet en neien Numm geschriwwen, dee kee kennt, ausser deem, deen e kritt.

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Thyatira

18 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Thyatira: De Jong vu Gott, deem seng Aen ewéi Feierflamen a seng Féiss ewéi poléiert Bronze sinn, seet dat hei:

19 Ech kennen deng Doten, deng Léift, deng Trei, däin Déngscht an deng Ausdauer. Ech weess och, datt s du elo méi Dote méchs ewéi am Ufank.

20 An awer werfen ech dir dat hei vir: Du léis d'Isebel, déi Fra, déi sech eng Prophéitin nennt, gewäerden. Si léiert a verféiert meng Dénger dozou, onerlaabte Sex ze hunn an dat z'iessen, wat de Gëtze geaffert gouf.

21 Ech hunn hir Zäit ginn, fir ëmzekéieren, mee si wëllt net vum onerlaabte Sex ofloossen.

22 Kuck! Ech geheie si op e Krankebett. Déi, déi zesumme mat hir friemginn, geheien ech a grouss Nout, ausser si kéieren ëm vun hiren Doten.

23 Ech bréngen hir Kanner ëm. Da wëssen d'Gemeinschaften, datt ech dee sinn, deen d'Gedanken an d'Gefiller préift. All eenzele vun iech behandelen ech opgrond vun deem, wat hie gemaach huet.

24 Dem Rescht vun iech, déi dir zu Thyatira sidd, déi net un dëser Léier festhalen an déi net déi sougenannten déif Geheimnisser vum Satan kannt hunn, leeën ech keng aner Laascht op.

25 Haalt un deem fest, wat dir hutt, bis ech kommen.

26 Wie gewënnt a meng Wierker bis un d'Enn mécht, deem ginn ech Autoritéit iwwert d'Natiounen.

27 Hie regéiert si da mat engem eisene Staf, esou wéi den Aulebäcker säi Geschir a kleng Stécker brécht an esou wéi ech och Autoritéit vu mengem Papp krut.

28 Ech ginn him de Mueresstär.

29 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet.

Offenbarung 3

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Sardis

- 1 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Sardis: Deen, deen déi siwe Geeschter vu Gott an déi siwe Stärren huet, seet dat hei: Ech kennen deng Doten. Du hues de Ruff, datt s du lieweg bass, mee du bass dout.
- 2 Göff waakreg a stäerk dat, wat bleift a wat gläich ewechgehäit gött. Ech hunn nämlech gemierkt, datt deng Dote viru Gott net komplett sinn.
- 3 Erënner dech also un dat, wat s du kritt an héieren hues. Hal et an a kéier ëm! Wann s du net waakreg göss, kommen ech wéi en Déif an du weess net, zu wéi enger Stonn ech bei dech kommen.
- 4 Du hues awer e puer Leit zu Sardis, déi hir Kleeder net besabbelt hunn. Si wäerte mat mir a wäisse Kleeder liewen, well si wierdeg sinn.
- 5 Wie gewënnt, gött a wäiss gekleet. Säin Numm läschen ech ni aus dem Buch vum Liewen aus. Ech bekenne säin Numm viru mengem Papp a viru sengen Engelen.
- 6 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet.

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Philadelphia

- 7 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Philadelphia: Den Hellegen, de Wahrhaftegen, deen de Schlëssel vum David huet, deen Dieren opmécht, déi keen zoumaache kann, a wann ech Dieren net opmaachen, da mécht kee se op, seet dat hei:
- 8 Ech kennen deng Doten. Kuck, ech hu virun dir eng Dier opgemaach, déi kee méi zoumaache kann. Du hues nämlech wéineg Kraaft an hues trotzdeem mäi Wuert agehalen a mäin Numm net verleegent.
- 9 Pass op! Déi Leit aus der Synagog vum Satan, déi soen, si wiere Judden, mee keng sinn a léien, bréngen ech dozou, bei dech ze kommen a sech virun denge Féiss nidderzewerfen. Si erkennen dann, datt ech dech gär hat.
- 10 Du hues dech u mäi Wuert gehalen, fir standhaft ze bleiwen, an dofir halen ech dech ewech vun der Zäit vun der Prouf, déi iwwert d'ganz Welt kënnt, fir d'Bewunner vun der Äerd ze préiwen.
- 11 Pass op! Ech komme stënterlech! Hal un deem fest, wat s du hues, fir datt keen deng Kroun kritt.
- 12 Wie gewënnt, maachen ech zu enger Sail am Tempel vu mengem Gott an hie geet net méi do eraus. Ech schreiwen dann den Numm vu mengem Gott an den Numm vun der Stad vu mengem Gott, dem neie Jerusalem, dat aus

dem Himmel erof a vu mengem Gott kënnt, op hien. Och mäin neien Numm schreiwen ech dann op hien.

13 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet.

Un den Engel vun der Gemeinschaft zu Laodizea

14 Schreif dat hei un den Engel vun der Gemeinschaft zu Laodizea: Den Amen, den treien a wahrhaftegen Zeien, den Ursprung vu Gott senger Schöpfung seet dat hei:

15 Ech kennen deng Doten. Du bass weder kal nach waarm. Ech wéilt, du wiers kal oder waarm!

16 Du bass awer wootlech, weder kal nach waarm, an dofir späizen ech dech aus mengem Mond.

17 Du sees nämlech: ‚Ech si räich; ech si steeräich a mir feelt et un näischt!‘ Mee du weess net, datt s du miserabel an erbäermlech bass, aarm, blann a plakeg.

18 Ech roden dir, Gold vu mir ze kafen, dat am Feier geläitert gouf, fir datt s du räich kanns sinn. Ech roden dir och, wäisst Gezei vu mir ze kafen, fir datt s du gekleet kanns sinn an datt d’Schan vun denger Bléisst net opgedeckt gëtt. Kaf och Sallef, fir deng Aen ze sallafen, fir datt s du gesäis.

19 Wien ech gär hunn, weisen ech zurecht a verbesseren ech. Sief also äifreg a kéier ëm!

20 Kuck! Ech sti virun der Dier a klappen. Wie meng Stëmm héiert an d’Dier opmécht, bei dee kommen ech eran an iessen zesumme mat him an hie mat mir.

21 Wie gewënnt, deem erlaben ech, zesumme mat mir op mengem Troun ze sëtzen, grad ewéi ech gewonnen hunn a mech mat mengem Papp op säin Troun gesat hunn.

22 Wien Oueren huet, soll op dat lauschteren, wat de Geescht zu de Gemeinschaften ze soen huet.“

Offenbarung 4

Den Troun am Himmel

1 Duerno hunn ech eropgekuckt a kuck! Eng Dier gouf am Himmel opgemaach. Déi éischt Stëmm, déi ech héieren hunn an déi mat mir geschwat huet, war ewéi eSchofar. Si sot: „Komm heihinner! Da weisen ech dir, wat duerno geschéie muss.“

- 2** Eenzock gouf ech vum Geescht ergraff. Et stoung en Troun am Himmel an et souz een um Troun.
- 3** Deen, deen do souz, huet ewéi Jaspis a Karneol ausgesinn an et war e Reebou ëm den Troun, deen ewéi e Smaragd ausgesinn huet.
- 4** Ëm den Troun ware véieranzwanzeg weider Tréin. Op deenen Tréin souze véieranzwanzeg Eelst. Déi hate wäiss Kleeder un a gëlle Krounen op hire Käpp.
- 5** Vum Troun aus huet et geblëtzt, gedonnert a gedauscht. Siwe Fakelen hu virum Troun gebrannt; si sinn déi siwe Geeschter vu Gott.
- 6** Virum Troun war eppes ewéi e gliesent Mier, dat ewéi Kristall ausgesinn huet. An der Mëtt, ëm den Troun, ware véier Liewewiese voller Ae vir an hannen.
- 7** Dat éischt Liewewiese war ewéi e Léiw, dat zweet Liewewiesen ewéi e Buddi, dat drëtt Liewewiesen hat d’Gesicht vun engem Mënsch an dat véiert Liewewiese war ewéi en Adler, dee geflunn ass.
- 8** All eenzelt vun de véier Liewewiesen hat sechs Filleken. Si ware baussen a banne mat Ae bedeckt. Dag an Nuecht hu si net opgehale ze soen: „Helleg, helleg, helleg ass den Här, allmächtege Gott, dee war, deen ass an dee kënnt.“
- 9** All Kéiers wann d’Liewewiesen deem, deen um Troun sëtzt, dee fir ëmmer an éiweg lieft, Herrlechkeet, Eier an Dankbarkeet erweisen,
- 10** werfe sech déi véieranzwanzeg Eelste virum deem, deen um Troun sëtzt, nidder a bieden deem un, dee fir ëmmer an éiweg lieft. Si leeën hir Kroune virum Troun nidder a soen:
- 11** „Du bass wierdeg, eisen Här an hellege Gott, fir Herrlechkeet, Eier a Muecht ze kréien, well s du alles erschafen hues. Duerch däi Wëllen existéiert alles a gouf alles erschafen.“

Offenbarung 5

De Schrëftrullo an d’Lamm

- 1** Ech hunn e Schrëftrullo an der rietser Hand vun deem, deen um Troun souz, gesinn. De Rullo war bannen a bause voll geschriwwen a mat siwe Sigele versigelt.
- 2** Ech hunn e staarken Engel gesinn, dee mat haarder Stëmm verkënnegt huet: „Wien ass wierdeg, fir de Rullo opzemaachen a fir seng Sigelen opzebriechen?“

³ Et gouf awer kee Mënsch am Himmel, op der Äerd oder ënnert der Äerd, deen de Rullo opmaachen oder dra kucke konnt.

⁴ Ech hu vill gekrasch, well kee wierdeg war, fir de Rullo opzemaachen an en ze liesen oder fir och nëmmen drop ze kucken.

⁵ Ee vun den Eelste sot zu mir: „Kräisch net! De Léiw vum Stamm Juda, d'Wuerzel vum David, huet gewonnen; dofir kann hien de Rullo opmaachen an déi siwe Sigelen opbriechen.“

⁶ Ech hunn e Lamm gesinn, dat ausgesinn huet, wéi wann et geschluecht gi wier. Et stoung matzen tëschent dem Troun an de véier Liewewiesen a matzen ënnert den Eelsten. D'Lamm hat siwen Haren a siwen Aen. Déi sinn déi siwe Geeschter vu Gott, déi an d'ganz Welt geschéckt goufen.

⁷ D'Lamm goug no vir an huet de Rullo aus der rietser Hand vun deem geholl, deen um Troun souz.

⁸ Nodeems et de Rullo geholl hat, hunn déi véier Liewewiesen an déi véieranzwanzeg Eelst sech virum Lamm niddergeworf. Si haten all Harfen a gëlle Schossele voller Weirauch, déi d'Gebieder vun den Hellege sinn.

⁹ Si hunn en neit Lidd gesongen: „Du bass wierdeg, fir de Rullo ze huelen, fir d'Sigelen opzebriechen. Du goufs nämlech geschluecht. Du hues eis mat dengem Blutt fir Gott kaf, aus all Stamm, Sprooch, Vollek an Natioun.

¹⁰ Du hues eis zu Kinneken a Priister fir eise Gott gemaach. Mir wäerten op der Äerd regéieren.“

¹¹ Dunn hunn ech gekuckt an ech hunn d'Stëmm vu villen Engelen ëm den Troun héieren, zesumme mat de Liewewiesen an den Eelsten. Si waren zu Zéngdausenden an Zéngdausenden, Dausenden an Dausenden.

¹² Mat enger haarder Stëmm sote si: „Wierdeg ass d'Lamm, dat geschluecht gouf, fir Muecht, Räichtum, Wäisheet, Kraaft, Éier, Herrlechkeet a Luef ze kréien!“

¹³ All Liewewiesen, dat am Himmel, op der Äerd, ënnert der Äerd an am Mier ass, jo alles, wat an hinnen ass, hunn ech dunn héiere soen: „Luef, Éier, Herrlechkeet a Muecht fir deen, deen um Troun sëtzt, a fir d'Lamm, fir ëmmer an éiweg. Amen.“

¹⁴ Déi véier Liewewiese soten: „Amen.“ Déi Eelst hu sech niddergeworf an hien ugebiet.

Offenbarung 6

D'Sigelen

- 1** Ech hu gesinn, wéi d'Lamm ee vun de siwe Sigel opgebrach huet. Dunn hunn ech eent vun de véier Liewewiese mat enger Stëmm ewéi Donner héiere soen: „Komm!“
- 2** Ech hu gekuckt an do war e wäisst Päerd. Deen, deen um Päerd souz, hat e Bou an hie krut eng Kroun. Hien ass als Gewënner erausgeridden, fir ze gewannen.
- 3** Wéi d'Lamm den zweete Sigel opgebrach huet, hunn ech dat zweet Liewewiesen héiere soen: „Komm!“
- 4** Et kouw een zweet Päerd eraus, dat feierrou war. Deen, deen drop souz, krut d'Muecht, fir der Äerd de Fridde ze huelen, fir datt d'Mënschen een deen anere massakréieren. Hie krut e groust Schwäert.
- 5** Wéi d'Lamm den drëtte Sigel opgebrach huet, hunn ech dat drëtt Liewewiesen héiere soen: „Komm!“ Ech hu gekuckt an hunn e schwaarzt Päerd gesinn. Deen, deen um Päerd souz, hat eng Wo an der Hand.
- 6** Ech hunn eng Stëmm matzen ënnert de véier Liewewiesen héiere soen: „E Liter Weess fir enDenar ! Dräi Liter Geesch fir en Denar! Pak den Ueleg an de Wäin net un!“
- 7** Wéi hien de véierte Sigel opgebrach huet, hunn ech d'Stëmm vum véierte Liewewiesen héiere soen: „Komm!“
- 8** Ech hu gekuckt an hunn e blatzegt Päerd gesinn. Deen, deen drop souz, huet Doud geheescht. DenHades gong him no. Hie krut Muecht iwwert e véierel vun der Äerd, fir mam Schwäert, duerch Hongersnout a Pescht an unhand vu wëllen Déieren d'Mënschen ëmzebréngen.
- 9** Wéi d'Lamm de fënnefte Sigel opgebrach huet, hunn ech ënnert demAltord'Séile vun deene gesinn, déi wéinst dem Wuert vu Gott a wéinst hirer Ausso higericht goufen.
- 10** Si hu mat haarder Stëmm geruff: „Hellegen a wahrhaftegen Här, wéi laang dauert et nach, bis du riichts an eist Blutt un de Bewunner vun der Äerd rächs?“
- 11** Jidderee krut e wäisst Kleed. Si kruten all gesot, datt si sech nach eng Zäitche gedëllege sollten, bis datt d'Zuel vun hire Matdenger an hire Geschwëster, déi nach missten ëmbruecht ginn, vollzieleg wier.
- 12** Ech hunn nogekuckt, wéi d'Lamm de sechste Sigel opgebrach huet. Et gouf e groust Äerdbiewen. D'Sonn gouf esou schwaarz ewéi e Sak, deen aus Hoer gewieft gouf. De Mound gouf rout ewéi Blutt.
- 13** D'Stäre sinn aus dem Himmel op d'Äerd gefall, esou wéi e Figebam seng spéit Fige fale léisst, wann e vun engem staarke Wand gerëselt gött.

14 Den Himmel ass verschwonnen ewéi e Rullo, deen opgerullt gëtt. All Bierg an all Insel gouf vu senger Plaz verréckelt.

15 Dunn hunn d’Kinneken op der Äerd, déi Dichteg, d’Kommandanten, déi Räch, déi Mächtig, jidder Sklav a jidder Fräie sech an den Hielen an ënnert de Fielsen an de Bierger verstoppt.

16 Si soten zu de Bierger an zu de Fielsen: „Faalt op eis a verstoppt eis virun der Präsenz vun deem, deen um Troun sëtzt, a virun der Roserei vum Lamm!“

17 De groussen Dag vu senger Roserei ass nämlech komm. Wie kann em widerstoen?“

Offenbarung 7

Honnertvéieravéierzegtausend aus all de Stämm vun Israel gi versigelt

1 Duerno hunn ech véierEngele|Engel gesinn, déi un de véier Ecker vun der Äerdstoungen. Si hunn déi véier Wandrichtungen zeréckgehalen, fir datt de Wand net iwwert Land a Mier oder géint iergendee Bam bléist.

2 Ech hunn nach en Engel gesinn, deen aus dem Osten eropkoum an deen de Sigel vum liewege Gott hat. Deen Engel huet mat enger haarder Stëmm de véier Engelen, déi d’Muecht kruten, der Äerd an dem Mier ze schueden, zougeruff:

3 „Schuet weder der Äerd nach dem Mier nach de Beem, bis mir den Dénger vun eisem Gott de Sigel op d’Stir gedréckt hunn!“

4 Ech hunn d’Zuel vun deenen, déi versigelt goufen, héieren. Et goufen der honnertvéieravéierzegtausend aus all de Stämm vun Israel versigelt:

5 zwielefdausend aus dem Stamm Juda, zwielefdausend aus dem Stamm Ruben, zwielefdausend aus dem Stamm Gad,

6 zwielefdausend aus dem Stamm Ascher, zwielefdausend aus dem Stamm Naftali, zwielefdausend aus dem Stamm Manasseh,

7 zwielefdausend aus dem Stamm Schimon, zwielefdausend aus dem Stamm Levi, zwielefdausend aus dem Stamm Issaschar,

8 zwielefdausend aus dem Stamm Sebulun, zwielefdausend aus dem Stamm Yossef, zwielefdausend aus dem Stamm Benyamin.

Déi Onmass Leit a wäisse Kleeder

9 Duerno hunn ech eng Onmass Leit gesinn, déi keen ziele konnt. D’Leit waren aus all den Natiounen, all de Stämm, all de Vëlker an all de Sproochen. Si stoungen virum Troun a virum Lamm. Si hate wäiss Kleeder un an hate Palmenäscht am Grapp.

- 10 Si hu mat haarder Stëmm geruff: „D’Rettung gehéiert eisem Gott, deen um Troun sëtzt, an och dem Lamm!“
- 11 All d’Engele stoungen ëm den Troun, ëm déi Eelst an déi véier Liewewiesen. Si hu sech virum Troun niddergeworf an hu Gott ugebiet:
- 12 „Amen! Luef, Herrlechkeet, Wäisheet, Dank, Éier, Muecht a Kraaft sief eisem Gott fir ëmmer an éiweg. Amen!“
- 13 Ee vun den Eelsten huet mech gefrot: „Wie sinn dës Leit, déi a wäisse Gewänner gekleet sinn? Vu wou komme si hier?“
- 14 Ech hunn him geäntwert: „Här, du weess et.“ Du sot hien zu mir: „Dat hei sinn déi, déi aus der grousser Nout kommen. Si hunn hir Kleeder gewäsch an am Blut vum Lamm wäiss gemaach.“
- 15 Dofir si si virum Troun vu Gott. Si déngen him Dag an Nuecht a sengem Tempel. Deen, deen um Troun sëtzt, wunnt ënnert hinnen.
- 16 Si ginn ni méi hongereg oder duuschtereg. D’Sonn deet si ni méi leiden an och keng gliddeg Hëtzt.
- 17 D’Lamm, dat an der Mëtt vum Troun ass, hitt si a féiert si bei lieweg Waasserquellen. Gott wëscht dann all Tréin aus hiren Aen.“

Offenbarung 8

De siwente Sigel

- 1 Wéi d’Lamm de siwente Sigel opgebrach huet, war am Himmel eng hallef Stonn Rou.
- 2 Dunn hunn ech déi siwen Engele|Engel gesinn, déi viru Gott stoungen. Si krute siwe Schofaren|Schofar.
- 3 En aneren Engel koum an huet sech mat engem gëllene Rauchfaass virun den Altor gestallt. Hie krut vill Weirauch, deen hie mat de Gebieder vun den Hellegen op dem gëllenen Altor virum Troun affere sollt.
- 4 Den Damp vum Weirauch mat de Gebieder vun den Hellege gong aus dem Engel senger Hand viru Gott erop.
- 5 Dunn huet den Engel d’Rauchfaass geholl, et mat Feier vum Altor gefëllt an et op d’Äerd gehäit. Et huet gedauscht, gedonnert a geblëtzt an et gouf en Äerdbiewen.

D’Schofaren

- 6 Déi siwen Engelen, déi déi siwe Schofaren haten, hu sech prett gemaach, fir se ze blosen.

- 7 Den éischten Engel huet säi Schofar geblosen. Du goufe Knëppelsteng a Feier mat Blut vermëscht op d'Äerd gehäit. En Drëttel vun der Äerd gouf verbrannt, en Drëttel vun de Beem goufe verbrannt an all dat gréngt Gras gouf verbrannt.
- 8 Den zweeten Engel huet säi Schofar geblosen. Du gouf eppes ewéi e grouse Bierg, dee gebrannt huet, an d'Mier gehäit. En Drëttel vum Mier gouf zu Blut,
- 9 en Drëttel vun de Liewewiesen am Mier si futtigaangen an en Drëttel vun de Schëffer goufen zerstéiert.
- 10 Den drëttten Engel huet säi Schofar geblosen. E grouse Stär ass aus dem Himmel gefall, deen ewéi eng Fakel gebrannt huet. En ass op en Drëttel vun de Flëss an de Waasserquelle gefall.
- 11 De Stär huet Batteralzem geheescht. Een Drëttel vum Waasser gouf ewéi Batteralzem an et si vill Mënsche wéinst dem Waasser gestuerwen, well et batter gemaach gouf.
- 12 De véierten Engel huet säi Schofar geblosen. En Drëttel vun der Sonn, en Drëttel vum Mound an en Drëttel vun de Stär goufe getraff, esou datt en Drëttel vun hinnen däischer gemaach gouf. En Drëttel vum Dag ass verschwonnen an och en Drëttel vun der Nuecht.
- 13 Ech hu gekuckt an hunn en Adler héich am Himmel fléien héieren, dee mat haarder Stëmm geruff huet: „Wéi schrecklech, wéi schrecklech, wéi schrecklech fir d'Bewunner vun der Äerd, wéinst den dräi leschten Engelen, déi nach hir Schofare blosen!“

Offenbarung 9

- 1 De fënneften Engel huet säi Schofar geblosen. Ech hunn e Stär, dee vum Himmel op d'Äerd gefall war, gesinn an e krut de Schlëssel fir de Schacht vun der onendlecher Déift.
- 2 Hien huet de Schacht vun der onendlecher Déift opgespaart an et koum Damp aus dem Schacht, ewéi den Damp aus engem groussen Héichuewen. D'Sonn an d'Loft goufen däischer wéinst dem Damp aus dem Schacht.
- 3 Aus dem Damp koume Wanderheesprénger iwwert d'Äerd. Si krute Muecht, esou wéi d'Skorpione se op der Äerd hunn.
- 4 Si krute befuel, weder dem Gras nach dem Gréngs nach de Beem ze schueden. Si duerften nëmmen deene Mënsche schueden, déi de Sigel vu Gott net op hirer Stir haten.

- 5 D'Wanderheesprénger hu keen dærfen ëmbréngen, mee hunn d'Mënschen dærfen während fënnef Méint quälen. Hir Qual war ewéi d'Qual vun engem Skorpioun, wann deen e Mënsch pickt.
- 6 Während där Zäit sichen d'Mënschen den Doud, mee fannen en net. Si wënsche sech ze stierwen, mee den Doud entwëscht hinnen.
- 7 D'Wanderheesprénger hunn ewéi Päerd ausgesinn, déi op de Krich virbereet goufen. Op hire Käpp hate si eppes, dat ewéi Krounen aus Gold ausgesinn huet. Hir Gesiichter hunn ewéi mënschlech Gesiichter ausgesinn.
- 8 Hir Hoer waren ewéi Fraenhoer. Hir Zänn waren ewéi d'Zänn vu Léiwen.
- 9 Si hate Broschtpanzeren un, déi ewéi Broschtpanzeren aus Eise waren. D'Geräisch vun hire Filleke war ewéi d'Geräisch vu Ween mat ville Päerd, déi sech an de Kampf stierzen.
- 10 Si hate Schwänz mat Stachele wéi Skorpiounen. An hire Schwänz hate si d'Muecht, fir de Mënsche während fënnef Méint ze schueden.
- 11 Hire Kinnek war den Engel aus der onendlecher Déift. Säin Numm op Hebräesch ass „Awadon“ an op Griichesesch „Apollyon“ .
- 12 Den éischte „Wéi schrecklech“ ass eriwwer. Et kommen nach zwee „Wéi schrecklech“.
- 13 De sechsten Engel huet säi Schofar geblosen. Ech hunn eng Stëmm héieren, déi aus de véier Hare vum gëllenen Altar, dee viru Gott steet, erauskoum.
- 14 D'Stëmm sot zum sechsten Engel, deen de Schofar hat: „Looss déi véier Engelen fräi, déi beim groussen Floss Euphrat gefesselt sinn.“
- 15 Du goufen déi véier Engelen, déi op dës Stonn, dësen Dag, dëse Mount an dëst Joer virbereet goufen, fräigelooss, fir en Drëttel vun der Mënschheet ëmzebréngen.
- 16 D'Zuel vun de Reider vun der Arméi war vill Dausende mol Dausenden. Ech hunn hir Zuel héieren.
- 17 An der Visioun hunn d'Päerd an hir Reider esou ausgesinn: D'Reider hate Broschtpanzeren un, déi rout ewéi Feier, blo ewéi Jacinthen a giel ewéi Schwiefel waren. D'Käpp vun de Päerd waren ewéi Käpp vu Léiwen. Aus hire Mailer koume Feier, Damp a Schwiefel.
- 18 En Drëttel vun der Mënschheet gouf duerch dës dräi Ploen ëmbruecht, duerch d'Feier, duerch den Damp an duerch de Schwiefel, déi aus hire Mailer koumen.

19 D'Muecht vun de Päerd war an hire Mailer an an hire Schwänz. Hir Schwänz sinn nämlech ewéi Schlaangen, déi Käpp hunn, mat deene si schueden.

20 De Rescht vun der Mënschheet, deen net vun dese Ploen ëmbruecht gouf, ass net ëmgekéiert, ewech vun de Wierker vun hiren Hänn. D'Mënschheet huet net opgehale, Dämonen a Götzen aus Gold, Sëlwer, Messeng, Steen an Holz unzebidden. Dës Gëtze kënnen weder gesinn nach héieren nach goen.

21 Si ass och net ëmgekéiert, ewech vun hirem Morden, hirer Hexerei mat Drogegebrauch, vum onerlaabte Sex a vun hiren Déifstäl.

Offenbarung 10

Den Engel an de kleng Schrëftrullo

1 Ech hunn nach e mächtigen Engel gesinn, dee vum Himmel erofkoom. Hie war an enger Wollek gekleet, mat engem Reebou iwwer dem Kapp. Säi Gesiicht war ewéi d'Sonn a seng Been ewéi Feiersailen.

2 A senger Hand hat hien e kleng Schrëftrullo, deen op war. Hien huet säi rietse Fouss op d'Mier gestallt an säi lénke Fouss op d'Land.

3 Hien huet mat enger haarder Stëmm geruff, esou wéi e Léiw, dee brëllt. Nodeems hie geruff hat, hu siwen Donnerschléi hir Stëmmen erhuewen.

4 Wéi déi siwen Donnerschléi geschwat hunn, wollt ech alles nidderschreiwen. Mee ech hunn eng Stëmm aus dem Himmel héieren: „Versigel dat, wat déi siwen Donnerschléi gesot hunn, mee schreif et net niddere.“

5 Dunn huet den Engel, deen ech um Mier an um Land gesinn hat stoen, seng riets Hand an den Himmel erhuewen.

6 Hien huet op dee geschwuer, dee fir ëmmer an éiweg lieft, deen den Himmel an alles, wat dran ass, an d'Äerd an alles, wat drop ass, an d'Mier an alles, wat dran ass, gemaach huet: „D'Zäit ass ofgelaf.“

7 Mee zu där Zäit wann de siwente Engel prett ass, fir säi Schofar ze blösen, gött d'Geheimnis vu Gott ofgeschloss, d'gutt Noriicht, déi hie sengen Dénger, de Prophéiten, verkënnegt hat.“

8 Dunn huet d'Stëmm, déi ech aus dem Himmel héieren hat, nees mat mir geschwat: „Géi an huel de klengen oppene Rullo, deen an der Hand vum Engel ass, deen um Mier an um Land steet.“

9 Ech gong bei den Engel an hunn hie gefrot, fir mir de kleng Rullo ze ginn. Hie sot zu mir: „Huel en an iess en! An dengem Mo ass e batter, mee an dengem Mond ass e séiss ewéi Hunneg.“

10 Ech hunn de klenge Rullo aus dem Engel senger Hand geholl an hunn e giess. A mengem Mond war e séiss ewéi Hunneg. Mee nodeems ech e giess hat, gouf mäi Mo batter.

11 Du gouf mir gesot: „Du muss nees iwwert vill Vëlker, Natiounen, Sproochen a Kinneke prophezeien.“

Offenbarung 11

Déi zwee Zeien

1 Du krut ech eng Rutt ewéi e Staf, fir ze moossen. Den Engel stoung op a sot: „Stéi op a mooss den Tempel vu Gott an den Altor. Ziel déi, déi Gott dran ubieden.

2 Looss den Haff, dee baussent dem Tempel ass, ewech a mooss en net. Den Haff gouf nämlech den Natioune ginn. Si zertrëppelen déi helleg Stad zweeavéierzeg Méint laang.

3 Ech ernenne meng zwee Zeien. Si prophezeien dausendzweehonnertsiechzeg Deeg laang an hu Säck un.“

4 Dës Zeie sinn déi zwee Olivebeem an déi zwee Lichtenen, déi virum Här vun der Äerd stinn.

5 Wann een hinne schuede wëllt, da kënnt Feier aus hirem Mond a verschlénkt hir Feinden; wann also een hinne schuede wëllt, muss hien esou ëmbruecht ginn.

6 Dës Zeien hunn d’Muecht, den Himmel zouzemaachen, fir datt et während där Zäit, an där si prophezeien, net reent. Si hunn och d’Muecht, d’Gewässer a Blutt ze verwandelen an d’Äerd mat allméiglech Ploen ze schloen, esou dacks wéi si wëllen.

7 Wann d’Zeie mat hirer Ausso fäerdeg sinn, kricht d’Déier, dat aus der onendlecher Déift eropkënnt, géint si. Et gewënnt da géint si a bréngt si ëm.

8 Hir Läiche leien dann op der Strooss vun der grousser Stad. D’Stad gëtt am geeschtleche Sënn „Sodom“ an „Ägypten“ genannt an ass och do, wou hiren Här gekräizegt gouf.

9 Während dräi Deeg an engem hallwe gesinn d’Mënschen aus all de Vëlker, Stämm, Sproochen an Natiounen hir Läichen. Si loossen net zou, datt hir Läiche begruewe ginn.

10 D’Bewunner vun der Äerd freeë sech, feieren a schécken een deem anere Kaddoe wéinst hirer, well dës zwee Prophéiten d’Bewunner vun der Äerd gepéngt haten.

11 Mee no dräi Deeg an engem hallwe koum den Otem vum Liewe vu Gott a si; si stoungen op hire Féiss. Eng grouss Angscht koum iwwert déijéineg, déi de Prophéiten nogekuckt hunn.

12 Dunn hunn d'Prophéiten eng haart Stëmm aus dem Himmel zu hinnen héiere soen: „Kommt heihinner!“ Du si si an enger Wollek an den Himmel eropgefuer. Hir Feinden hunn hinnen nogekuckt.

13 An deem Abléck gouf et e groust Äerdbiewen an en Zéngtel vun der Stad ass an e Koup gefall. Siwendausend Mënsche koume wéinst dem Äerdbiewen ëm d'Liewen. De Rescht krut et mat der Angscht ze dinn an huet dem Gott vum Himmel d'Éier ginn.

14 Den zweeten „Wéi schrecklech“ ass eriwwer. Den drëtten „Wéi schrecklech“ kënnt geschwënn.

De siwente Schofar

15 De siwenten Engel huet säi Schofar geblosen. Et koumen dunn haart Stëmmen aus dem Himmel, déi soten: „D'Kinnekräicher vun dëser Welt sinn d'Kinnekräich vun eisem Här a vu sengem Messias ginn. Hie regéiert fir ëmmer an éiweg.“

16 Dunn hunn déi véieranzwanzeg Eelst, déi viru Gott op hiren Tréin setzen, sech niddergeworf a Gott ugebiet:

17 „Mir soen dir Merci, Här, allmächtige Gott, deen ass, dee war an dee kënnt, datt s du deng grouss Muecht ergraff hues an ugefaangen hues ze regéieren.“

18 D'Natiounen ware rosen, mee dunn ass deng Roserei komm. D'Zäit ass komm, fir déi Doudeg ze riichten a fir deng Dénger, deng Prophéiten, deng Helleger an déi, déi däin Numm respektéieren, souwuel déi Onwichtig wéi déi Dichtig, ze belounen. D'Zäit ass komm, fir déi ze zerstéieren, déi d'Äerd zerstéieren.“

19 Du gouf den Tempel vu Gott am Himmel opgemaach an d'Lued vu senger Allianz|Lued vun der Allianz ass am Tempel erschéngen. Et huet geblëtzt, gedauscht a gedonnert. Et ass en Äerdbiewe geschitt a grouss Knéppelsteng si gefall.

Offenbarung 12

D'Fra an den Draach

1 Et ass e groust Zeechen am Himmel erschéngen: Eng Fra war mat der Sonn agekleet; si hat de Mound ënnert hire Féiss an op hirem Kapp hat si eng Kroun aus zwielef Stären.

- 2 Si war schwanger an huet wéinst de Wéien an der Péng vun der Gebuert Kreesch gedoen.
- 3 Et ass en anert Zeechen am Himmel erschéngen: e risege feierrouden Draach, dee siwe Käpp an zéng Haren hat. Op senge Käpp hat hie siwe Krounen.
- 4 Sâi Schwanz huet en Drëttel vun de Stären aus dem Himmel gekiert a si op d'Äerd gehäit. Den Draach stoung virun der Fra, déi prett war e Kand op d'Welt ze setzen. Hie wollt hiert Kand, esoubal et gebuer wier, opfriesen.
- 5 Si huet e Kand op d'Welt gesat, e Jong, dee mat engem eisenen Zepter all d'Natioune vun der Welt hidde sollt. Hiert Kand gouf awer eenzock bei Gott a bei säin Troun geholl.
- 6 D'Fra ass an d'Wüst geflücht, wou si eng Plaz hat, déi vu Gott virbereet gi war, fir datt si do während dausendzweehonnertsiechzeg Deeg versuergt kéint ginn.
- 7 Et war Krich am Himmel. De Michael a seng Engelen|Engel hu géint den Draach gekämpft. Den Draach a seng Engelen hunn och gekämpft,
- 8 mee si konnten net gewinnen. Et war also keng Plaz méi fir hien a seng Engelen am Himmel iwwereg.
- 9 Du gouf de groussen Draach erausgehäit, déi al Schlaang, déi Däiwel oder Satan genannt gëtt an déi d'ganz Welt irféiert. Den Draach gouf op d'Äerd gehäit a seng Engele goufe mat him erofgehäit.
- 10 Dunn hunn ech eng haart Stëmm am Himmel héiere soen: „Elo sinn d'Rettung, d'Muecht an d'Kinnekräich vun eisem Gott an d'Autoritéit vu sengem Messias komm. Deen, deen eis Geschwëster Dag an Nuecht virun eisem Gott uklot, ass nämlech erofgehäit ginn.
- 11 Dës Geschwëster hu wéinst dem Blut vum Lamm a wéinst deem, wat si an hirer Zeienausso gesot hunn, géint hie gewonnen. Si haten hir Liewen net esou gär, datt si Angscht haten ze stierwen.
- 12 Free dech dofir, o Himmel, an dir, déi dir dra wunnt! Wéi schrecklech ass et fir déi, déi op der Äerd an am Mier liewen! Den Däiwel ass nämlech bei iech erofkomm an ass schrecklech rosen, well hie weess, datt hie just nach wéineg Zäit huet.“
- 13 Wéi den Draach realiséiert huet, datt hien op d'Äerd gehäit gi war, huet hien d'Fra, déi de Jong op d'Welt gesat hat, verfollegt.
- 14 Mee d'Fra krut zwee Filleke vun engem groussen Adler, fir datt si an d'Wüst fléie kéint. Si flitt op déi Plaz, wou si während enger Zäit, zwou Zäiten an enger hallwer Zäit ewech vun der Präsenz vun der Schlaang versuergt gëtt.

15 D'Schlaang huet hannert der Fra Waasser ewéi e Floss aus hirer Strass gespaut, fir si mam Stroum ewechzerappen.

16 Mee d'Äerd ass der Fra zu Hëllef komm; de Buedem huet säi Mond opgemaach an huet de Floss, deen den Draach aus senger Maul gespaut hat, erofgeschléckt.

17 Den Draach gouf iwwer d'Fra rosen a gong fort, fir mam Rescht vun hire Kanner Krich ze féieren. Hir aner Kanner sinn déi, déi d'Geboter vu Gott anhalen an un der Ausso iwwert de Messias Jesus festhalen.

Offenbarung 13

D'Déier aus dem Mier

1 Du stoung ech um Sand beim Mier. Ech hunn en Déier aus dem Mier komme gesinn. Et hat siwe Käpp an zéng Haren an op sengen Hare waren zéng Krounen. Op senge Käpp waren Nimm, déi Gott gelästert hunn.

2 D'Déier, wat ech gesinn hunn, war ewéi e Leopard; seng Féiss waren ewéi d'Féiss vun engem Bier a seng Maul ewéi d'Maul vun engem Léiw. Den Draach huet dem Déier seng Muecht, säin Troun a grouss Autoritéit iwwerdroen.

3 Ee vum Déier senge Käpp huet esou ausgesinn, ewéi wann en eng déidlech Wonn drop hätt. Seng déidlech Wonn gouf geheelt. D'ganz Welt huet gestaunt a gong dem Déier no.

4 Si hunn den Draach, deen dem Déier Muecht ginn hat, ugebiet a si hunn d'Déier ugebiet a soten: „Wien ass ewéi d'Déier? Wie ka géint et an de Krich goen?“

5 D'Déier krut eng Maul aus deem nëmme getéint a gelästert gouf. Et krut d'Autoritéit, fir zweeavéierzeg Méint laang esou weiderzefueren.

6 Et huet seng Maul opgemaach, fir géint Gott ze lästeren, fir géint säin Numm, seng Wunnecht a géint déi, déi am Himmel liewen, ze lästeren.

7 Him gouf et och erlaabt, géint déi Helleg an de Krich ze goen a fir géint si ze gewannen. Et krut och Muecht iwwert all Stamm, Vollek, Sprooch an Natioun.

8 Jiddereen, deen op der Äerd wunnt, biet et dann un, jiddereen, deem säin Numm net am Buch vum Liewen opgeschriwwen gouf. Dëst Buch gehéiert dem Lamm, dat virun dem Erschafe vun der Welt geschluecht gouf.

9 Wien Oueren huet, fir ze lauschten, soll nolauschten!

10 Wie fir d’Gefaangenschaft bestëmmt ass, kënt och an d’Gefaangenschaft. Wie mam Schwäert ëmbréngt, gött och mam Schwäert ëmbruecht. Dës Situatioun verlaangt Ausdauer an Trei vun den Hellegen.

D’Déier aus der Äerd

11 Dunn hunn ech en anert Déier aus der Äerd eropkomme gesinn. Et hat zwee Haren ewéi e Lamm an huet ewéi en Draach geschwat.

12 Et üübt d’ganz Muecht vum éischten Déier a sengem Numm aus. Et bréngt d’Welt a jiddereen, deen drop wunnt, dozou, dat éischt Déier, deem seng déidlech Wonn geheelt gouf, unzebidden.

13 Dat zweet Déier mécht grouss Zeechen, andeems et Feier virun de Mënschen aus dem Himmel op d’Äerd falen deet.

14 Et féiert meng Bewunner vun der Äerd ir duerch d’Zeechen, déi et am Numm vum Déier mécht. Et schreift de Bewunner vun der Äerd vir, eng Statu vum Déier ze maachen, dat vum Schwäert verletzt gouf, mee dat nees lieweg gouf.

15 Dat zweet Déier krut d’Muecht, der Statu vum éischten Déier Liewen ze ginn, esou datt si schwätze konnt. Et konnt och jiddereen, deen d’Statu vum Déier net ugebiet huet, ëmbréngé loossen.

16 Et forcéiert och jiddereen (déi Onwichtig an déi Dichtig, déi Räich an déi Aarm, déi Fräi an d’Sklaven), eng Markéierung op senger rietser Hand oder op senger Stir ze droen.

17 Et mécht dat, fir datt kee kafen oder verkafe kann, et sief dann, hien huet d’Markéierung op sech, entweder den Numm vum Déier oder d’Nummer vu sengem Numm.

18 Hei ass Wäisheet verlaangt: Wien Asiicht huet, soll den Zuelewäert vum Déier rechnen. D’Zuel ass nämlech d’Nummer vun der Mënschheet a seng Zuel ass sechshonnertsechsisiechzeg.

Offenbarung 14

D’Lamm an déi honnertvéieravéierzegtausend Mënschen

1 Ech hu gekuckt an d’Lamm stoung um Bierg Zion a mat him waren honnertvéieravéierzegtausend Mënschen, op deenen hirer Stir säin Numm a sengem Papp säin Numm geschriwwen war.

2 Ech hunn e Geräisch aus dem Himmel héieren, ewéi d’Geräisch vun dauschendem Waasser an ewéi d’Geräisch vun engem gewaltegen Donner. Ech hunn de Klang vun Harfespiller héieren, déi op hiren Harfe gespillt hunn.

³ Si hunn en neit Lidd virum Troun, virun de véier Liewewiesen a virun den Eelste gesongen. Et konnt keen d'Lidd léieren ausser déi honnertvéieravéierzegtausend, déi vun der Äerd fräikaaft goufen.

⁴ Si sinn déijéineg, déi sech net mat Frae beschmotzt hunn, well si reng sinn. Si sinn déijéineg, déi dem Lamm iwwerall do noginn, wou et higeet. Si goufen aus de Mënsche fräikaaft als Éischtfruucht fir Gott a fir d'Lamm.

⁵ Op hire Lëpse war keng Ligen ze fannen, well si onschëlleg sinn.

Déi dräi Engelen

⁶ Dunn hunn ech en aneren Engel gesinn héich am Himmel fléien. Hien hat eng éiweg gutt Noriicht, fir de Bewunner op der Äerd ze verkënnegen, jidder Natioun, Stamm, Sprooch a Vollek.

⁷ Hie sot mat haarder Stëmm: „Fäert Gott a gitt him d'Éier, well d'Zäit vu sengem Geriicht ass komm! Biet deen un, deen den Himmel, d'Äerd, d'Mier an d'Waasserquelle gemaach huet!“

⁸ E weideren Engel koum duerno a sot: „Babylon ass gefall! Déi dichteg Stad ass gefall, well se all d'Natiounen dozou bruecht huet, vum Wäin ze drénken, deen aus hirer Loscht no onerlaabtem Sex bestanen huet.“

⁹ Den drëtten Engel koum duerno a sot mat haarder Stëmm: „Wien d'Déier a seng Statu ubiet a wie seng Markéierung op senger Stir oder op senger Hand gemaach kritt,

¹⁰ deen drénkt och de Wäin vun der Roserei vu Gott, deen onverwässert an de Kellech vu senger Roserei geschott gött. Dee gött mat Feier a Schwiefel virun den hellegen Engelen a virum Lamm gepéngt.

¹¹ Den Damp vun hirer Qual geet fir ëmmer an éiweg erop. Si, déi d'Déier a seng Statu ubieden an d'Markéierung vu sengem Numm ugeholl hunn, fannen Dag an Nuecht keng Rou.

¹² Hei ass Ausdauer vun den Hellege verlaangt, déi d'Geboter vu Gott anhalen an dem Jesus trei bleiwen.“

¹³ Dunn hunn ech eng Stëmm aus dem Himmel héiere soen: „Schreif op: Geseent sinn déi Doudeg, déi vun elo u wéinst dem Här stierwen. Jo, seet de Geescht, si solle raschte kënne vun hiren Aarbechten, well hir Dote ginn hinnen no.“

D'Recolte op der Äerd

¹⁴ Dunn hunn ech gekuckt an hunn eng wäiss Wollek gesinn. Op der Wollek souz een, deen ewéi de Jong vum Mënsch ausgesinn huet. Op sengem Kapp hat hien eng gëlle Kroun an am Grapp eng schaarf Séchel.

¹⁵ En aneren Engel koum aus dem Tempel an huet mat haarder Stëmm zu deem, deen op der Wollek souz, geruff: „Schéck deng Séchel aus an huel

d’Fruucht eran. D’Zäit ass nämlech komm, fir datt s du eranhëls, well d’Recolte op der Äerd zeideg ass.“

16 Deen, deen op der Wollek souz, huet seng Séchel iwwert d’Äerd geschwongen an d’Recolte op der Äerd gouf erageholl.

17 En aneren Engel koum aus dem Tempel am Himmel. Deen hat och eng schaarf Séchel.

18 E weideren Engel, dee Muecht iwwert d’Feier hat, koum vum Altar. Hien huet haart zu deem, deen déi schaarf Séchel hat, geruff: „Schéck deng schaarf Séchel aus a lies d’Drauwe vun de Riefstäck op der Äerd. D’Drauwe sinn nämlech zeideg.“

19 Den Engel huet dunn seng Séchel iwwert d’Äerd geschwongen an huet d’Drauwe vun de Riefstäck op der Äerd gelies. Hien huet se an de grouse Kelter vun der Roserei vu Gott geschott.

20 De Kelter gouf baussent der Stad getrueden. Blut koum aus dem Kelter eraus, bis un de Päerd hir Zeem erun, ongeféier dräihonnert Kilometer.

Offenbarung 15

Siwen Engele mat siwe Ploen

1 Dunn hunn ech en anert grousst a wonnerbart Zeechen am Himmel gesinn: siwen Engelen|Engel, déi déi siwe lescht Ploen haten. Mat deene Ploe gëtt d’Roserei vu Gott ofgeschloss.

2 Ech hunn och esou eppes ewéi e gliesent Mier gesinn, dat mat Feier vermëscht war. Déi, déi géint d’Déier, géint seng Statu, géint seng Markéierung a géint d’Zuel vu sengem Numm gewonnen hunn, stinn um Mier aus Glas an hunn Harfe vu Gott.

3 Si sungen dem Moses säi Lidd, dem Dénger vu Gott, an dem Lamm säi Lidd: „Grouss a wonnerbar sinn deng Doten, Här, allmächtege Gott! Gerecht an oprichtig sinn deng Weeër, Kinnek vun den Natiounen!

4 Wie soll dech net respektéieren, Här, an däin Numm net verherrlechen? Du eleng bass jo helleg. All d’Natioune wäerte virun dech kommen, fir dech unzebieden, well deng gerecht Dote sinn offenbar ginn.“

5 Duerno hunn ech gekuckt a gesinn, wéi den Tempel am Himmel, den Tabernakel vun der Ausso, opgemaach gouf.

6 Aus dem Tempel koumen déi siwen Engele mat de siwe Ploen. Si waren a rengem Léngent, dat geblénkt huet, gekleet an hate gëlle Rimmen ëm hir Broscht.

⁷ Dunn huet ee vun de véier Liewewiesen deene siwen Engele siwe gëlle Schossele ginn. Dës Schossele ware mat der Roserei vu Gott gefällt, dee fir ëmmer an éiweg lieft.

⁸ Du gouf den Tempel mat Damp vun der Herrlechkeet vu Gott a vu senger Muecht gefällt. Et konnt keen an den Tempel eragoen, bis déi siwe Ploe vun de siwen Engelen ofgeschloss waren.

Offenbarung 16

Déi siwe Schossele mat der Roserei vu Gott

¹ Dunn hunn ech eng haart Stëmm aus dem Tempel zu de siwen Engele|Engel héiere soen: „Gitt a schëtt d'Schossele mat der Roserei vu Gott iwwert d'Äerd aus.“

² Den éischten Engel gong du fort an huet seng Schossel iwwert d'Äerd ausgeschott. D'Mënschen, déi d'Markéierung vum Déier haten an déi seng Statu ugebiet hunn, krute béisaarteg a schlëmm Schwierien.

³ Den zweeten Engel huet seng Schossel an d'Mier ausgeschott. D'Mier ass ewéi d'Blutt vun engem Doudege ginn. All d'Liewewiesen am Mier si gestuerwen.

⁴ Den drëtten Engel huet seng Schossel an d'Flëss an an d'Waasserquellen ausgeschott. Si goufen zu Blut.

⁵ Dunn hunn ech den Engel vun de Gewässer héiere soen: „Du bass gerecht, well s du esou en Uerteel gesprach hues, den Hellegen, deen ass, dee war an dee kënnt.“

⁶ Du hues hinne Blut ginn, fir ze drénken, well si d'Blutt vun den Hellegen a vun de Prophéite ausgeschott hunn. Si hunn et verdéngt.“

⁷ Ech hunn eng Stëmm, déi vum Altor koom, héiere soen: „Jo, Här, allmächtege Gott, deng Uerteeler si wouer a gerecht.“

⁸ De véierten Engel huet seng Schossel iwwert d'Sonn ausgeschott an déi gouf ermächtigt, fir d'Mënsche mat Feier ze versengen.

⁹ Eng grouss Hëtzt huet d'Mënsche versengt. Si hunn den Numm vu Gott gelästert, deen d'Muecht iwwert dës Ploen huet. Si sinn net ëmgekéiert an hunn hien net verherrlecht.

¹⁰ De fënneften Engel huet seng Schossel iwwert den Troun vum Déier ausgeschott. Säi Kinnekräich gouf ganz däischter. D'Mënschen hu sech vu Péng hir Zongen zerbass.

- 11 Si hunn de Gott am Himmel wéinst hiner Péng an hire Schwiere gelästert. Si sinn net ëmgekéiert, ewech vun hiren Doten.
- 12 De sechsten Engel huet seng Schossel iwwert de grouse Floss Euphrat ausgeschott. D'Waasser am Floss ass ganz ausgedréchent, fir de Wee fir d'Kinneken aus dem Oste fräizemaachen.
- 13 Dunn hunn ech dräi onreng Geeschter gesinn, déi ewéi Fräschen aus der Maul vum Draach, aus der Maul vum Déier an aus der Maul vum falsche Prophét gespronge koumen.
- 14 Si sinn dämonesch Geeschter, déi Zeeche maachen. Si ginn duerch d'ganz Welt bei d'Kinneke vun der Äerd, fir si fir de Krich um groussen Dag vum allmächtege Gott ze versammelen.
- 15 („Kuck, ech kommen ewéi en Déif! Geseent ass deen, dee waakreg bleift a seng Kleeder unhält, fir datt hien net plakeg geet an ee seng Schimmt gesäit.“)
- 16 Si hu si op där Plaz versammelt, déi op Hebräesch „Har Megido“ heescht.
- 17 De siwenten Engel huet seng Schossel an d'Loft ausgeschott. Eng haart Stëmm kum aus dem Tempel am Himmel, déi vum Troun erfert sot: „Et ass geschitt!“
- 18 Et huet gedauscht, gedonnert a geblëtzt. Et ass e grousst Äerdbiewe geschitt. Esou e grousst a mächtegt Äerdbiewe war nach ni geschitt, zënter et Mënschen op der Äerd gëtt.
- 19 Déi grouss Stad gouf an dräi Deeler gespléckt. D'Stied vun den Natioune sinn an e Koup gefall. Babylon, déi Grouss, gouf viru Gott an Erënnerung geruff, fir datt hien hir de Kellech Wäin vu senger hefteger Roserei gëtt.
- 20 All Insel ass verschwonnen an d'Bierger waren net méi ze fannen.
- 21 Riseg Knëppelsteng sinn aus dem Himmel op d'Mënsche gefall. All Knëppelsteen huet ongeféier véierzeg Kilo gewien. D'Mënschen hu Gott wéinst der Plo vu Knëppelsteng gelästert, well d'Plo esou onmoosseg schro war.

Offenbarung 17

D'Fra, déi um Déier sëtzt

- 1 Du kum ee vun de siwenEngelen|Engel, déi déi siwe Schosselen haten, bei mech an huet mat mir geschwat: „Komm! Ech weisen dir d'Strof vun der grousser Houer, déi hire Sëtz iwwert vill Gewässer huet.“

- ² D’Kinneke vun der Äerd haten onerlaabte Sex mat hir. D’Bewunner vun der Äerd hu sech mam Wäin vun hirem onerlaabte Sex voll lafe gelooss.“
- ³ Hien huet mech duerch de Geescht an eng Wüst gedroen. Ech hunn eng Fra op engem scharlachroudem Déier gesi sëtzen. D’Déier war mat gotteslästerechen Nimm bedeckt an hat siwe Käpp an zéng Haren.
- ⁴ D’Fra war purpur- a scharlachrout gekleet. Si war mat Gold, Edelsteng a Pärele bedeckt. Am Grapp hat si e gëllene Kellech, dee mat abscheileche Saachen a mam Dreck vun hirem onerlaabtem Sex gefällt war.
- ⁵ Op hirer Stir stoung e geheimnisvollen Numm geschriwwen: „Babylon, déi Grouss, d’Mamm vun Houeren a vun dem Abscheileche vun der Äerd.“
- ⁶ Ech hu gesinn, datt d’Fra vum Blut vum den Hellegen, vum Blut vum deenen, déi iwwert de Jesus aussoen, voll war. Wéi ech si gesinn hunn, war ech ganz verwonnert.
- ⁷ Dunn huet den Engel mech gefrot: „Firwat bass du verwonnert? Ech erklären dir déi verstoppte Bedeitung vun der Fra a vum Déier mat siwe Käpp an zéng Haren, dat si dréit.“
- ⁸ D’Déier, dat s du gesinn hues, huet fréier gelieft, mee elo leeft et net méi. Et kënnt aus der onendlecher Déift erop, fir an d’Zerstéierung ze goen. D’Bewunner vun der Äerd, deenen hir Nimm säit dem Erschafe vun der Welt net am Buch vum Liewe geschriwwen sinn, staunen driwwer, wa si d’Déier gesinn, dat fréier gelieft huet an elo net méi leeft an awer nees leeft.
- ⁹ Hei ass Verstand mat Wäisheet verlaangt. Déi siwe Käpp si siwe Bierger, op deenen d’Fra sëtzt.
- ¹⁰ Si sinn och siwe Kinneken. Fënnef dovunner si scho gefall. Ee regéiert an deen aneren ass nach net komm. Wann dee siwente bis do ass, muss hie fir eng kuerz Zäit bleiwen.
- ¹¹ D’Déier, dat fréier gelieft huet an elo net méi leeft, ass selwer den aachte Kinnek. Hie gehéiert zu deene siwen a geet an d’Zerstéierung.
- ¹² Déi zéng Haren, déi s du gesinn hues, sinn zéng Kinneken, déi nach kee Kinnekräich kritt hunn, mee déi eng Stonn laang zesumme mam Déier Autoritéit als Kinneke kréien.
- ¹³ Dës Kinneke sinn enger Meenung: Si ginn dem Déier hir Muecht an hir Autoritéit.
- ¹⁴ Si zéie géint d’Lamm an de Krich. D’Lamm gewënnt géint si, well et den Här vum den Hären an de Kinnek vun de Kinneken ass. Déi, déi bei him sinn, si beruff, auserwielt an trei.“
- ¹⁵ Du sot den Engel zu mir: „D’Gewässer, déi s du gesinn hues, wou d’Houer sëtzt, si Vëlker, Mënschemassen, Natiounen a Sproochen.“

16 Déi zéng Haren an d'Déier, déi s du gesinn hues, haassen d'Houer. Si plëmme si, bis si plakeg ass. Si iessen hiert Fleesch a verbrennen et am Feier.

17 Gott huet hinnen nämlech un d'Häerz geluecht, säi Wëllen auszuféieren an enger Meenung ze sinn, fir hiert Kinnekräich dem Déier ze ginn, bis d'Wierder vu Gott sech erfëllen.

18 D'Fra, déi s du gesinn hues, ass déi grouss Stad, déi iwwert d'Kinneke vun der Welt regéiert.“

Offenbarung 18

Babylon ass gefall

1 Duerno hunn ech nach en Engel mat grousser Autoritéit aus dem Himmel gesi kommen. D'Äerd huet wéinst senger Herrlechkeet geliicht.

2 Hien huet mat enger mächtiger an haarder Stëmm geruff: „Babylon, déi Grouss, ass gefall! Si ass gefall an ass eng Wunneng fir Dämone ginn, e Prisong fir all onrenge Geesch an e Käfeg fir all onrengen a gehaasste Vull!

3 All d'Natiounen hunn nämlech de Wäin vun der Roserei gedronk, well si onerlaabte Sex haten. D'Kinneke vun der Welt haten onerlaabte Sex mat hir an d'Händler op der Äerd si wéinst hirem onmoossege Luxus räich ginn.“

4 Dunn hunn ech eng aner Stëmm aus dem Himmel héieren: „Komm aus hir eraus, mäi Vollek, fir datt s du net un hire Sënnen deelhëls a fir datt s du net déi nämmecht Ploen erdroe muss.

5 Hir Sënne sinn nämlech bis an den Himmel komm a Gott huet sech un hir Ongerechtegkeeten erënnert.

6 Bezuel si esou zeréck, ewéi si iech zeréckbezuelt huet; gitt hir dat Duebelt zeréck vun deem, wat si gemaach huet; am Kellech, dee si gemëscht huet, mëscht hir eng duebel Mooss.

7 Gitt hir esou vill Qual an Trauer, ewéi si sech selwer verherrlecht an am Luxus gelieft huet. Si seet nämlech zu sech selwer: ‚Ech regéieren ewéi eng Kinnigin. Ech si keng Witfra an erliewen ni Trauer.‘

8 Dowéinst kommen an engem Dag hir Ploen iwwert si: den Doud, d'Trauer an d'Hongersnout. Si gött ganz mat Feier verbrannt, well Gott, den Här, dee si riicht, ass mächtég.“

9 D'Kinneke vun der Welt, déi onerlaabte Sex mat hir haten an am Luxus mat hir gelieft hunn, kräischen an trauere wéinst hirer, wa si den Damp gesinn, wa si verbrennt.

10 Si stinn da wäit ewech aus Angscht virun hiner Qual a soen: „Wéi schrecklech! Wéi schrecklech! Du grouss Stad Babylon, du mächtég Stad! An enger Stonn ass nämlech däi Geriicht iwwert dech komm!“

11 D’Händler vun der Äerd kräischen an trauere wéinst hiner, well kee méi hir Wuer keeft.

12 Hir Wuer besteet aus Gold, Sëlwer, Edelsteng, Pärelen, rengem Léngent, purpurroudem Stoff, Seid, scharlachroudem Stoff, jidder Zort Zitrounenholz, jidder Zort Objeten aus Elfebeen, jidder Zort Objeten aus Edelholtz, Bronze, Eisen, Marber,

13 Kanéil, Haarzer, déi gutt richen, Essenz, Weirauch, Wäin, Olivenueleg, rengt Weessemiel a Kären, grouss a kleng Béischten, Päerd a Ween, Mënschen a Mënscheséilen.

14 Si soen: „Déi gutt Saachen, déi däin Häerz begiert huet, hunn dech all verlooss. Däi ganze Luxus an deng ganz Pruecht hunn dech verlooss. Du fënns si ni méi.“

15 D’Händler, déi dat alles verkaf hunn an dovunner räich gi sinn, stinn da wäit ewech aus Angscht virun hiner Qual. Si kräischen an trauerer a soen:

16 „Wéi schrecklech! Wéi schrecklech! Déi grouss Stad war a rengem Léngent, purpurrouden a scharlachroude Kleeder gekleet. Si war mat Gold, Edelsteng a Pärele bedeckt.

17 A just enger Stonn gouf esou e grouse Räichtum zerstéiert!“ All Steiermann, jiddereen, dee mam Schëff reest, Matrousen a jiddereen, deen an der Schëfffaart schafft, stoung wäit ewech.

18 Wéi si den Damp gesinn hunn, wéi d’Stad gebrannt huet, hu si gejaut: „Gouf et jeemools esou eng grouss Stad ewéi déi hei?“

19 Si hu Stëbs op hir Käpp gehäit an hu gejaut, wéi si gekrasch a getrauert hunn: „Wéi schrecklech! Wéi schrecklech! Déi grouss Stad, an där jiddereen, dee Schëffer um Mier hat, duerch hire Räichtum räich ginn ass! A just enger Stonn gouf si zerstéiert.

20 Feiert hiren Ënnergang, du Himmel, dir hellegApostelen|Apostel a Prophéiten! Gott huet iech nämlech un hir gerächt.“

21 Dunn huet e mächtigen Engel e Steen ewéi e Millesteen opgeraf an en an d’Mier gehäit. Hie sot: „Mat esou enger Wucht gëtt Babylon, déi grouss Stad, erofgehäit a si gëtt ni méi fonnt.

22 D’Musek vun Harfespiller, Museker, Flüttisten an Trompettiste sinn ni méi an dir ze héieren. Keen Handwierker vun egal wéi engem Handwierk ass jeemools méi an dir ze fannen. D’Geräisch vum Millesteen ass och ni méi an dir ze héieren.

²³ D'Liicht vun enger Luucht schéngt ni méi an dir. D'Stëmme vun engem Bräitchemann an enger Braut sinn ni méi an dir ze héieren. Deng Händler waren nämlech déi dichteg Männer vun der Äerd a wéinst denger Hexerei mat Drogegebrauch goufen all d'Natioune verféiert.

²⁴ D'Blutt vun de Prophéiten a vun den Hellegen, vu jidderengem, deen op der Äerd massakréiert gouf, gouf an hir fonnt.“

Offenbarung 19

Alleluja

¹ Duerno hunn ech en haart Gedäisch vun enger grousser Mass Leit am Himmel héieren. Si hu geruff: „Alleluja! Rettung, Herrlechkeet, Éier a Muecht gehéieren dem Här, eisem Gott!

² Seng Uerteeler si wahrhafteg a gerecht, well hien déi grouss Houer geriicht huet, déi d'Welt mat hirem onerlaabte Sex verduerwen huet. Hien huet den Doud vu sengen Dénger un hir gerächt.“

³ Nees sote si: „Alleluja! Hire Damp zitt fir ëmmer an éiweg erop.“

⁴ Déi véieranzwanzeg Eelst an déi véier Liewewiesen hu sech viru Gott, deen um Troun souz, niddergeworf an hunn hien ugebiet: „Amen! Alleluja!“

⁵ Eng Stëmm koum vum Troun: „Lueft eise Gott, all dir seng Dénger an dir, déi dir säin Numm respektéiert, vun deenen Onwichtigste bis zu deenen Dichtegsten!“

⁶ Ech hunn esou eppes ewéi d'Gedäisch vun enger grousser Mass Leit héieren, ewéi d'Dausche vu villem Waasser an ewéi d'Geräisch vu mächtegen Donnerschléi. Si soten: „Alleluja, well den Här, den allmächtege Gott, regéiert!

⁷ Kommt, mir freeën eis! Loosst eis jubiléieren an him d'Éier ginn, well d'Bestietnes vum Lamm ass komm! Seng Fra huet sech virbereet.

⁸ Si krut d'Erlaabnes a rengem Léngent, dat propper ass a liicht, gekleet ze sinn.“

(Dat rengt Léngent stellt déi gerecht Dote vun den Hellegen duer.)

⁹ Du sot den Engel zu mir: „Schreif op: Geseent sinn déi, déi op d'Hochzäitsfeier vum Lamm invitéiert gi sinn!“ Hie sot weider zu mir: „Dat hei sinn d'wahrhafteg Wieder vu Gott.“

¹⁰ Dunn hunn ech mech viru seng Féiss niddergeworf, fir hien unzebieden, mee hie sot zu mir: „Maach dat net! Ech dénge Gott zesumme mat dir a mat denge Geschwëster, déi un der Ausso vum Jesus festhalen. Biet Gott un! D'Ausso vum Jesus ass nämlech de Geesch vum der Prophezeiung.“

De Reider um wäisse Päerd

- 11 Dunn hunn ech gesinn, wéi den Himmel opgaangen ass. Kuck, et war e wäisst Päerd do! Deen, deen drop souz, huet Trei a Wahrhafteg geheescht. Gerecht riicht a kämpft hien am Krich.
- 12 Seng Ae waren ewéi eng Feierflam an op sengem Kapp hat hie lauter Krounen. Hien hat Nimm op sech geschriwwen an och en Numm, dee kee kannt huet, ausser hie selwer.
- 13 Hie war an engem Kleed gekleet, dat a Blut gezappt gi war. Säin Numm ass d'Wuert vu Gott.
- 14 D'Arméien am Himmel, déi a rengem, wäissem a propperem Léngent gekleet waren, koumen him op wäisse Päerd no.
- 15 Aus sengem Mond kum e schaarft Schwäert, mat deem hien d'Natioune schléit. Hien hitt si da mat engem eisenen Zepter. Hien zertrëtt de Kelter vun der schrecklecher Roserei vum allmächtege Gott.
- 16 Op sengem Kleed an uewen op sengem Been huet hien en Numm geschriwwen: Kinnek vun de Kinneken an Här vun den Hären.
- 17 Dunn hunn ech en Engel an der Sonn stoe gesinn. Hien huet mat haarder Stëmm all de Vigel, déi am Himmel fléien, zougeruff: „Kommt a versammelt iech fir d'Festiese vum grouse Gott.
- 18 Kommt a friesst d'Fleesch vu Kinneken, d'Fleesch vu Kommandanten, d'Fleesch vu mächtege Mënschen, d'Fleesch vu Päerd an hire Reider an d'Fleesch vu jidderengem, souwuel fräi ewéi versklaavt, onwichtig ewéi dichteg.“
- 19 Ech hunn d'Déier, d'Kinneke vun der Äerd an hir Armée gesi sech versammelen, fir Krich géint deen, deen um Päerd souz, a géint seng Arméi ze féieren.
- 20 D'Déier gouf awer gefaangen a mat him de falsche Prophét, deen a sengem Numm Zeeche gemaach hat. Mat deenen Zeechen huet hien déi irgeféiert, déi d'Markéierung vum Déier kruten an déi seng Statu ugebiet hunn. D'Déier an de falsche Prophét goufe lieweg an de Feierséi, dee mat Schwiefel brennt, gehät.
- 21 De Rescht gouf duerch d'Schwäert ëmbruecht, dat aus dem Mond vun deem kum, deen um Päerd souz. All d'Vigel konnte sech un de Läiche sat friessen.

Offenbarung 20

Déi dausend Joer

¹ Dunn hunn ech en Engel aus dem Himmel gesi kommen, deen de Schlëssel fir déi onendlech Déift an eng grouss Ketten a senger Hand hat.

² Hien huet den Draach, déi al Schlaang, déi den Däiwel an de Satan ass, ergraff an huet e fir dausend Joer gefesselt.

³ Den Engel huet den Draach an déi onendlech Déift gehäit an huet se iwwert him zougespaart a versigelt, fir datt hien d'Natiounen net méi irféiert, bis déi dausend Joer ëm sinn. Mee duerno muss hie fir eng kuerz Zäit fräigelooss ginn.

⁴ Dunn hunn ech Tréin gesinn an déi, déi drop souzen, kruten d'Muecht, fir ze riichten. Ech hunn d'Séile vun deene gesinn, déi wéinst hirer Ausso iwwert de Jesus a wéinst dem Wuert vu Gott gekäppt gi waren. Si hate weder d'Déier nach seng Statu ugebiet an haten och net seng Markéierung op hir Stiren oder op hir Hänn kritt. Si hu während dausend Joer mam Messias gelieft a regéiert.

⁵ Déi iwwereg Doudeg goufen net nees lieweg, bis déi dausend Joer eriwwer waren. Dat ass déi éischt Operstéiung.

⁶ Geseent an helleg ass deen, deen un der éischer Operstéiung deelhält. Iwwert déi huet den zweeten Doud keng Muecht, mee si gi Priister fir Gott a fir de Messias a regéiere während dausend Joer mat him.

Gott riicht den Däiwel

⁷ Wann déi dausend Joer eriwwer sinn, gött de Satan aus sengem Prisong fräigelooss.

⁸ Hie geet dann eraus, fir d'Natiounen irzeféieren, déi an de véier Himmelsrichtunge sinn (Gog a Magog), fir si fir de Krich zesammenzebréngen. Si sinn net ze zielen, esou wéi de Sand um Mier.

⁹ Si koumen op de breede Plateau vun der Äerd erop an hunn den Zaldotecamp vun den Hellegen a vun der beléifter Stad belagert. Mee Feier koum vu Gott aus dem Himmel erof an huet si ganz verschlongen.

¹⁰ Den Däiwel, dee si irgeféiert hat, gouf an de Feier- a Schwiefelséi gehäit, wou d'Déier an de falsche Prophéit sinn. Si ginn Dag an Nuecht fir ëmmer an éiweg gepéngt.

Déi Doudeg gi geriicht

¹¹ Dunn hunn ech e grouse wäissen Troun gesinn an deen, deen drop souz. Äerd an Himmel si viru senger Präsenz fortgelaf an et gouf keng Plaz fir si fonnt.

¹² Ech hunn déi Doudeg, déi Onwichtig an déi Dichtig, viru Gott stoe gesinn. Bicher goufen opgeschloen. En anert Buch, dat d'Buch vum Liewen ass, gouf

opgeschloen. Déi Doudeg goufen opgrond vun hiren Dote geriicht, no deem, wat an de Bicher geschriwwe stoung.

13 D'Mier huet déi Doudeg, déi dra waren, erausginn. Den Doud an den Hades hunn déi Doudeg, déi an hinne waren, erausginn. All déi Doudeg goufe geriicht, all eenzelen opgrond vu sengen Doten.

14 Du goufen den Doud an den Hades an de Feierséi gehäit. De Feierséi ass den zweeten Doud.

15 Wiem säin Numm net am Buch vum Liewen ageschriwwe stoung, gouf an de Feierséi gehäit.

Offenbarung 21

Dat neit Jerusalem

1 Dunn hunn ech en neien Himmel an eng nei Äerd gesinn. Den éischten Himmel an déi éischt Äerd ware vergaangen. D'Mier gouf et och net méi.

2 Ech hunn déi helleg Stad, dat neit Jerusalem, vu Gott aus dem Himmel erofkomme gesinn. Si war ewéi eng Braut, déi sech fir hire Mann schéi gemaach huet.

3 Ech hunn eng haart Stëmm vum Himmel aus héiere soen: „Kuck! Den Tabernakel vu Gott ass bei de Mënschen. Hie wunnt ënnert hinnen a si si säi Vollek. Gott selwer ass bei hinnen an hien ass dann hire Gott.

4 Gott wëscht all Tréin vun hiren Aen. Et gött dann och keen Doud, keng Trauer, keng Kreesch a keng Péng méi. Wat fréier war, ass nämlech vergaangen.“

5 Deen, deen um Troun souz, sot: „Kuck! Ech maachen alles nei.“ Hie sot och zu mir: „Schreif dat op, well dës Wieder wouer an zouverlässeg sinn.“

6 Du sot hien zu mir: „Et ass geschitt! Ech sinn den Alpha an den Omega , den Ufank an d'Enn. Wien duuschtereg ass, dee loossen ech fir näischt aus der Quell vum liewege Waasser drénken.

7 Wie gewënnt, ierft alles. Ech sinn da säi Gott an hien ass mäi Kand.

8 D'Feiglingen, déi Ongleeweg, déi Abscheilech, d'Mäerder, déi, déi onerlaabte Sex hunn, d'Hexemeeschteren, d'Götzenubieder an all d'Ligener hunn hiren Undeel am Séi, dee mat Feier a Schwiefel brennt. Dat ass den zweeten Doud.“

9 Du koum ee vun de siwen Engelen|Engel, déi déi siwe Schossele mat de siwe leschte Ploe gefällt haten, bei mech an huet mat mir geschwat: „Komm! Ech weisen dir d'Braut, dem Lamm seng Fra.“

- 10 Duerch de Geescht huet hie mech op e groussen an héije Bierg fortgedroen. Hien huet mir déi grouss Stad, dat hellegt Jerusalem, gewisen, wéi si vu Gott aus dem Himmel erfokoum.
- 11 D'Stad huet mat der Herrlechkeet vu Gott geliicht. Hiert Liicht war ewéi e ganz wäertvollen Edelsteen, eppes ewéi e Jaspissteen, dee kloer ewéi Kristall war.
- 12 D'Stad hat och eng grouss an héich Mauer mat zwielef Paarten an zwielef Engele bei de Paarten. Op den zwielef Paarte waren déi zwielef Nimm vun den Zwielef Stämm vun der Natioun Israel geschriwwen.
- 13 Op der Ostsäit waren dräi Paarten, op der Nordsäit dräi Paarten, op der Südsäit dräi Paarten an op der Westsäit dräi Paarten.
- 14 D'Mauer vun der Stad hat zwielef Grondsteng an op hinne waren déi zwielef Nimm vum Lamm sengen Apostelen|Apostel.
- 15 Den Engel, dee mat mir geschwat huet, hat e gëllene Staf, fir d'Stad, seng Paarten a seng Mauer ze moossen.
- 16 D'Stad ass véiereckeg ugeluecht a genesou laang wéi breet. Den Engel huet d'Stad mam Staf gemooss. D'Längt, d'Breet an d'Héicht si gläich: zwielefdausend Stadien .
- 17 Hien huet d'Mauer och gemooss. Déi war honnertvéieravéierzeg lelen héich, laut Mënshemooss, wat och d'Mooss ass, dat en Engel gebraucht.
- 18 D'Mauer war aus Jaspis gebaut an d'Stad war aus purem Gold, ewéi kloert Glas.
- 19 D'Grondsteng vun der Stadmauer ware mat allméiglechen Edelsteng gerëscht: den éischte Grondstee mat Jaspis, den zweete mat Saphir, den drëtte mat Chalcedon, de véierte mat Smaragd,
- 20 de fënnefte mat Sardonyx, de sechste mat Karneol, de siwente mat Chrysolith, den aachte mat Berril, den néngte mat Topas, den zéngte mat Chrysopras, den eelefte mat Hyazinth an den zwielefte mat Amethyst.
- 21 Déi zwielef Paarte waren zwielef Pärelen. All eenzel Paart war aus enger Pärrel gemaach. D'Hauptstrooss vun der Stad war aus purem Gold, esou kloer wéi Glas.
- 22 Ech hu keen Tempel an der Stad gesinn, well den Här, den allmächtege Gott, an d'Lamm hiren Tempel sinn.
- 23 D'Stad brauch och keng Sonn a kee Mound, fir si ze belichten, well d'Herrlechkeet vu Gott d'Stad belicht. D'Lamm ass hir Luucht.

24 D'Natioune liewen am Liicht vun der Stad. D'Kinneke vun der Äerd bréngen hir Pruecht an d'Stad.

25 Hir Paarte ginn de ganzen Dag net zougemaach, well et keng Nuecht do gëtt.

26 Si bréngen d'Pruecht an d'Éier vun den Natioune an d'Stad.

27 Et geet op kee Fall eppes, wat net helleg ass, an d'Stad an och keen, deen abscheilech Dote mécht oder litt. Nëmme déi ginn eran, déi am Lamm sengem Buch vum Liewen ageschriwwe sinn.

Offenbarung 22

De Floss aus liewegem Waasser

1 Dunn huet den Engel mir e rengen Floss aus liewegem Waasser gewisen, kloer ewéi Kristall, dee vum Troun vu Gott a vum Lamm ausgaangen ass.

2 En ass duerch d'Mëtt vun der Haaptstrooss gefloss an op all Säit vum Floss stoung e Bam vum Liewen. All Bam huet zwielef Zorten Uebst gedroen, eng Zort pro Mount. D'Blieder vum Bam déngen zur Heelung vun den Natioune.

3 Et gëtt dann näischt méi, wat ënnert dem Fluch steet. Den Troun vu Gott a vum Lamm ass an der Stad a seng Dénger bieden hien un.

4 Si gesi säi Gesiicht a säin Numm steet op hire Stiren.

5 D'Nuecht besteet net méi: Si brauche keng Luucht an och net d'Liicht vun der Sonn, well Gott, den Här, hinne Liicht gëtt. Si regéiere fir ëmmer an éiweg.

6 Du sot den Engel zu mir „Op dës Wierder ass Verlooss a si si wouer. Den Här, de Gott vun den hellege Prophéiten, huet säin Engel geschéckt, fir sengen Dénger dat ze weisen, wat geschwë geschéie muss.“

7 „Pass op! Ech komme stënterlech! Geseent ass deen, deen d'prophéitesch Wierder vun dësem Rullo anhält.“

8 Ech, de Jean, hunn dat alles gesinn an héieren. Nodeems ech alles héieren a gesinn hat, hunn ech mech virun d'Féiss vum Engel, dee mir dat alles gewisen hat, niddergeworf.

9 Mee dee sot zu mir: „Maach dat net! Ech déngen zesumme mat dir, mat denge Bridder, d'Prophéiten, a mat deenen, déi d'Wierder vun dësem Rullo anhalen. Biet Gott un!“

Komm, Här Jesus

10 Du sot den Engel zu mir: „Versigel d'prophéitesch Wierder vun dësem Rullo net. D'Zäit ass nämlech nobäi.“

- 11 Wien ongerecht ass, soll weider ongerecht sinn; wien onreng ass, soll weider onreng sinn; wie gerecht ass, soll weider gerecht sinn; wien helleg ass, soll weider helleg sinn.“
- 12 „Pass op! Ech komme stënterlech! Meng Belounung ass bei mir, fir jidderengem dat ze ginn, wat deem entsprécht, wat hie gemaach huet.
- 13 Ech sinn den Alpha an den Omega , den Ufank an d’Enn, den Éischten an de Leschten.“
- 14 Geseent sinn déi, déi seng Geboter anhalen, fir datt si Recht op de Bam vum Liewen hunn an duerch d’Paarten an d’Stad därerfe goen.
- 15 Baussent der Stad sinn d’Hënn, d’Hexemeeschteren, déi, déi onerlaabte Sex hunn, d’Mäerder, d’Gëtzenubieder an déi, déi Lige gär hunn a se verzielen.
- 16 „Ech, de Jesus, hu mäin Engel geschéckt, fir bei iech iwwert all dat auszesoen, wat d’Gemeinschaften ugeet. Ech sinn d’Wuerzel an den Nokomme vum David, den helle Mueresstär.“
- 17 De Geescht an d’Braut soen: „Komm!“ Wien dat hei héiert, soll soen: „Komm!“ Wien duuschtereg ass, soll kommen; wie wëllt, soll fir näischt dat liewegt Waasser drénken.
- 18 Ech bezeie viru jidderengem, deen déi prophéitesch Wierder vun dësem Rullo héiert: Wien eppes zu all deem derbäimécht, deem mécht Gott d’Ploen, déi an dësem Rullo stinn, och derbäi.
- 19 Wien eppes vun de prophéitesche Wierder vun dësem Rullo ewechhëlt, deem hëlt Gott säin Undeel um Bam vum Liewen, an der helleger Stad a vun all deem, wat an dësem Rullo geschriwwe steet, och ewech.
- 20 Deen, deen iwwert dat alles ausseet, bezeit: „Jo, ech komme stënterlech.“ Amen. Jo, komm, Här Jesus!
- 21 D’Gnod vun eisem Här Jesus Christus sief mat iech all. Amen.

Esclarecimento

Trata-se de iniciativa particular, com os seguintes objetivos: (i) colaborar para divulgação dos diversos textos bíblicos disponíveis, e, (ii) facilitar o acesso a esses textos, inclusive por meio de download.

Todo esforço em tornar a Palavra de Deus acessível a todos, em quaisquer localidades e falantes das mais diversas línguas, precisa ser um objetivo de todos os que são guiados pelo Espírito Santo. Ele inspirou o profeta Jeremias a dizer “não ensinará jamais cada um ao seu próximo, nem cada um ao seu irmão, dizendo: Conhece ao SENHOR, porque todos me conhecerão, desde o menor até ao maior deles, diz o SENHOR” (Jer. 31:34).

Jesus, também, falou assim: “e será pregado este evangelho do reino por todo o mundo, para testemunho a todas as nações” (Mat. 24:14).

Muitas organizações foram constituídas com o propósito de fazer a Bíblia disponível nas diversas línguas. Não é uma tarefa simples. Anos de trabalho, dedicação e entrega são necessários para esta tão extraordinária missão.

O texto deste trabalho está disponível na internet, em páginas eletrônicas de organizações que produzem ou divulgam bíblias, sem acréscimos de notas ou comentários. Assim, reconhecendo e respeitando os direitos que possuem sobre seus trabalhos, incumbe a todos os que amam a Palavra de Deus, o esforço em contribuir para amplificar sua divulgação.

Se possível, faça download do texto, para que sejamos, também, guardiões da Bíblia, e, com isso, preservando-a para as futuras gerações.

Divulga a Palavra de Deus, ela mostra o Caminho e permite a todos, que se conheça Sua vontade, em todos os lugares e épocas.

Marcel da Glória Pereira
2021, Vitória/ES - Brasil